Compte rendu des séances publiques
N° 10 – Session ordinaire 2004-2005

35e séance, mardi 31 mai 2005
36e séance, mercredi 1er juin 2005
37e séance, jeudi 2 juin 2005
38e séance, mercredi 8 juin 2005

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

# La campagne d'information sur le référendum continue

**La Chambre des Députés vient de décider de maintenir la date du 10 juillet 2005 pour le Référendum luxembourgeois sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe, et nous avançons à grands pas vers ce moment décisif. Dans le cadre de la campagne d'information du Parlement, vous trouverez dans ce Compte rendu les premières impressions sur les réunions d'information organisées par la Chambre à travers le pays.**
**De plus, il contient un débat entre parlementaires sur le Référendum et le Traité.**

## «D'Chamber kënnt bei Iech»

*Le Traité, ça se discute*



*Une audience intéressée à Mamer*

**Depuis début juin, la Chambre des Députés organise des réunions d'information sur le Traité dans diverses localités du pays. Une façon inédite d'approfondir le dialogue entre citoyens et politiciens.**

Le moins qu'on puisse dire, c'est que le nouveau Traité fait bouger les gens. L'afflux aux réunions publiques organisées à travers le pays par la Chambre des Députés est tellement fort qu'il ne suffit plus d'ajouter des chaises: il faut carrément déplacer les débats dans des salles plus grandes. Ainsi, à Mersch et à Mamer, les deux premières stations de cette randonnée parlementaire, on a à chaque fois compté plusieurs centaines de personnes qui sont venues s'informer.

Sur la tribune: le modérateur de la soirée, M. Maurice Molitor, entouré des membres des cinq groupes parlementaires qui sont représentés à la Chambre ainsi que du porte-parole du Comité pour le non. Dans la salle: des citoyennes et citoyens de tous les âges et de tous les bords. Les uns veulent s'informer sur des questions précises, les autres viennent comparer les différentes prises de position sur le Traité. D'aucuns demandent même, texte à l'appui, des explications sur la portée de certains articles.

**Le social en point de mire**

Comme lors des trois auditions à l'Hôtel de la Chambre, la politique sociale est un point central des réunions. Les membres du Comité pour le non déplorent que le Traité constitutionnel rende impossible un nivellement vers le haut des politiques sociales: M. Claude Simon a notamment évoqué le droit à la pension, le revenu minimum garanti ou encore l'harmonisation des rémunérations. Les adeptes du oui, et parmi eux la majorité des hommes politiques présents, ont par contre insisté sur le fait que le texte donne justement une nouvelle marge de manœuvre dans le domaine social. Ainsi, l'ancien membre de la Convention européenne M. Jacques Santer a souligné que contrairement à la Constitution luxembourgeoise, le droit de grève est ancré dans la Charte.

L'élargissement de l'Union européenne et l'adhésion de la Turquie sont également des sujets qui reviennent dans toutes les réunions. Le député Aly Jaerling a soutenu que la Turquie, si elle faisait partie de l'Union, aurait un poids considérable dans les décisions politiques vu son importance démographique. La députée Lydie Err a par contre souligné que les limites de l'Europe ne doivent pas être fixées par le seul critère géographique: «L'essentiel est qu'un pays remplisse les critères démocratiques et que tous les États membres soient d'accord.» Et son collègue Claude Meisch de rappeler: «Pendant 40 ans, nous avons prêché la réunification aux pays de l'Est, maintenant il faut être conséquent.» Si pour M. Marc Thill du Comité pour le non, l'élargissement est plutôt comparable à une annexion, un citoyen a plaidé: «Au Luxembourg, nous sommes déjà en train de nouer des liens avec les nouveaux pays, comme la République tchèque. Continuons! Nos enfants devraient pouvoir vivre dans une Europe où nous nous entraidons les uns les autres.»

**Le danger des délocalisations**

Enfin, le problème des délocalisations est également revenu dans les débats. Le danger de transferts partiels ou complets d'entreprise vers les pays de l'Europe de l'Est a été évoqué. D'aucuns ont cependant souligné que le véritable enjeu serait les délocalisations vers les grands pays à l'extérieur de l'Union, comme l'Inde ou la Chine, et que le Luxembourg a fait fortune notamment avec des entreprises qui sont venues de l'étranger.

S'il n'est pas toujours facile de faire la part des choses entre des informations et prises de positions contradictoires, les réunions donnent cependant aux auditeurs et auditrices l'occasion de se faire une idée des implications du nouveau Traité et des évolutions qui se dessinent à l'horizon européen. En même temps, elles leur permettent de se rendre compte que le Traité n'est qu'un élément d'une nouvelle politique européenne. Ou, comme l'a dit le député Charles Goerens: «La Constitution et l'Europe, c'est un peu comme un match de football: il faut des règles, mais elles sont une condition, pas une garantie pour la qualité du match.»



*Des centaines d'auditeurs et d'auditrices à Mersch*

# "Bei alle Kontroversen: Europa ass endlech zum Thema ginn"

## *E Sträitgespréich ënner Deputéiert de 6. Juni 2005*

**Wéi ee Stellewäert huet de Referendum vum 10. Juli zu Lëtzebuerg, nodeems Frankräich an Holland Neen zum Traité constitutionnel gesot hunn? Wéi geet et mam Traité constitutionnel virun? D'Europadeputéiert Lydie Polfer (DP) an déi zwee national Parlamentarier François Bausch (DÉI GRÉNG) a Gast Gibéryen (ADR) hunn dozou ganz ënnerschiddlech Meenungen.**



*Gast Gibéryen, Dir waart Member vum Konvent. Firwat sidd Dir elo géint den Traité?*

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Wie Member vum Konvent war, war domat net automatesch fir den Traité. Am Konvent waren och Leit, déi géint deen Traité geschwat hunn a géint dat Dokument, dat herno festgehale gouf. Dat ass och just symbolesch ënnerschriwwe ginn, fir ze soen: Hei ass d'Ofschlossdokument, wat am Konvent erschafft ginn ass. Duerno hat eis Partei eng éischter positiv Approche, well mer eis méi op den éischte Volet, deen am Konvent erschafft ginn ass, limitéiert hunn. Wéi den Traité, a virun allem den drëtten Deel, méi am Detail diskutéiert gouf, ass bei eis eng Korrektur gemaach ginn, an eise Kongress huet Neen zu deem Ganze gesot.

*Lydie Polfer, d'Sondagë weisen, datt beim Elektorat vun alle Parteien, notamment och vun der DP, vill Leit sinn, déi Nee soe wëllen. Wéi geet Är Partei domat ëm?*

**Mme Lydie Polfer** *(DP)*.- Wat mech am meeschte beonrouegt, dat ass, datt iwwert d'Parteien ewech - an dat huet ee jo och a Frankräich gesinn - déi Jonk net méi en Zil oder en Ideal an Europa gesinn. Déi Jonk, déi an deene leschten 20, 25 Joer an där doe Welt grouss gi sinn, hunn net méi dat Gefill, datt de Fridden näischt Sécheres ass, wat fir ëmmer garantéiert wär. Mä de Fait ass: Déi gesamt politesch Klass huet ze spéit ugefaangen, mat de Leit a mat der Jugend iwwer Europa ze schwätzen. Iwwert d'Resultat vum Referendum eraus ass et awer positiv, datt Europa elo wierklech zum Thema ginn ass.

*François Bausch, Déi Gréng si fréier géint Maastricht agetrueden, haut si se fir den Traité constitutionnel. Wéi ass et zu där Entwécklung komm?*

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Mir hunn deemools fonnt, dass hannevir ugefaange ginn ass: Et ass e Wirtschaftsraum geschafen a mat Maastricht verdéift ginn. Dee politesche Volet gouf net mat abezunn. Dat huet net zur sozialer Kohesioun bäigedroen. D'autant plus, wou nom Zesummebroch vun de fréieren Ostblockstaten d'Probabilitéit deemools scho grouss war, datt mer déi relativ séier géingen ophuelen an d'Unioun. De Paradox vun der Geschicht ass, datt grad déi éischte Kéier, wou mer op de Wee gi fir Europa e politesche Kader ze ginn, mer grad do de gréisste Widderstand kréien. Dat huet natierlech als Erklärung, datt all déi Suergen an Ängschten sech elo réischt ausdrécken, well d'Leit virdrun nach ni gefrot gi sinn.

Eng ganz Rei vun deenen Ängschte kann ech total novollzéien: par rapport zu der sozialer Situatioun, dem Chômage, den Delokalisatiounen, de Risike fir de Sozialstat. Wobäi een natierlech muss verurteelen, datt et nach ëmmer Leit gëtt, déi mordikus priedegen, datt d'Dereguléierung an den Ofbau vum Sozialstat dat Allheilmëttel wieren, fir zu enger besserer Zukunft ze kommen. De Risiko dovun ass, datt mer en Europa nom angelsächsesche Modell kréien. Et gëtt der awer och, déi d'Onzefriddenheet bei de Leit wëllen instrumentaliséiere fir politesch Zwecker. Dat féiert dozou, datt déi Ängschten nach méi grouss ginn. An doduerch entsteet de Reflex, fir sech op sech selwer zréckzezéien. Et wär awer extrem geféierlech, wa mer erëm eng Renationaliséierung vun der Politik géinge kréien. Bei deene 25 Länner vun Europa, do sinn der eng ganz Rei dobäi, déi och nach net op ganz stabile Féiss stinn. Alles dat riskéiert de Projet Europa futtzemaachen.

*De leschte Summer huet sech net nëmmen de Premier fir e Referendum zu Lëtzebuerg ausgeschwat, mä och d'Chamber huet eng Motioun an deem Sënn gestëmmt. Géift Der Iech haut nach eng Kéier dofir ausschwätzen?*



**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Absolut. Bei alle Kontroversen, déi et am Moment gëtt, sinn ech frou, datt emol eng Kéier am Fong iwwer Europa diskutéiert gëtt. Et muss een als Politiker bereet sinn, sech an där Zäit op d'Been ze setzen a fir seng Argumenter anzetrieden. Ech hoffen zwar, datt et e Jo gëtt. Mä fir mech war et och vun Ufank u kloer, datt och en Nee kéint dobäi erauskommen. Dat ass dann de Choix vun de Leit, an dee muss ee respektéieren.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Wann een éierlech ass, muss ee soen, datt een zu deem Zäitpunkt d'Situatioun ganz anescht ageschat huet. Ech géif och soen, datt déi grouss Debatt net duerch Lëtzebuerg entstanen ass, mä se ass duerch d'Ausland entstanen, virun allem duerch Frankräich. Vill Lëtzebuerger kucken d'franséisch Televisioun, an doduerch ass déi Debatt vläicht op Lëtzebuerg iwwergeschwappt an och op aner Länner, wat awer gutt ass. Et ass net duerch den negative Vote iwwert den Traité a Frankräich an an Holland, wou eng Kris an Europa entstanen ass, mä déi Diskussioun huet d'Kris, déi scho méi laang do ass, public gemeet. Wann d'Leit op eemol anescht denken an décidéiere wéi d'Politik, dann ass dat d'Kris. D'Politiker hunn et verpasst, mat de Leit ze schwätzen, an d'Leit si wahrscheinlech mat grousse Décisioune wéi d'Erweiderung oder d'Türkeifro net averstanen.

**Mme Lydie Polfer** *(DP)*.- Et ass schued, datt déi negativ Stëmmung sech op deen hei Text konzentréiert, well deen ass ganz einfach besser wéi dee vun Nice. An deem neien Traité hu mir fir Lëtzebuerg dat beschtméiglecht Resultat. Mir hunn eis sechs Europadeputéiert behalen, mir hunn op deene Punkten d'Unanimitéit behalen, wou mer se wollte behalen. Mir hunn erreecht, datt all d'Länner op déi nämlecht Aart a Weis an der Kommissioun vertruede wären.

Wat hu mir alleguer, d'Politiker an d'Länner, vun Energie, Aarbecht an Hoffnung an déi do Constitutioun gestach! Mä dat, wat elo geschitt ass, bedeit eng enorm Perte de crédibilité am Rescht vun der Welt. Et ass kee Signal vu Kohesioun a vu Stäerkt, wat mir no bausse ginn. Europa ass an enger ganz kritescher Situatioun. Dat hei ass déi gréisst politesch Entreprise, déi jee an Europa ënnerholl ginn ass, vu 450 Millioune Leit, déi wollten zesummen e politesche Projet realiséieren. Et hätt kënnen eng

## D'Chamber kënnt bei Iech

**Les prochaines réunions d'information et de discussion organisées par la Chambre des Députés dans le cadre du Référendum**

| | |
|---|---|
| Lundi 27 juin 2005 | Niederanven<br>Centre de loisirs «Am Sand» |
| Jeudi 30 juin 2005 | Echternach<br>Spiegelsaal |
| Vendredi 1er juillet 2005 | Redange<br>Salle polyvalente |
| Lundi 4 juillet 2005 | Dudelange<br>Centre sportif René Hartmann |
| Mercredi 6 juillet 2005 | Differdange<br>Hall polyvalent «La Chiers» |
| Vendredi 8 juillet 2005 | Remich<br>Centre sportif et scolaire «Gewännchen» |

Les réunions débuteront à 19.30 h.

## De Referendum op Chamber TV: Diskutéiert mat

**D'Deputéiert äntweren no der Sendung iwwer Internet-Chat op Är Froen.**

An dëse Wochen invitéiert d'Chamber all Freideg e Member vun enger vun de fënnef Parlamentsfraktiounen op Chamber TV, fir iwwert den Traité an de Referendum ze schwätzen.

Den Interview ass all Kéiers freides um 19.00 Auer a gëtt duerno (bis 23.00 Auer, ëmmer op der voller Stonn) rediffuséiert.

Folgend Deputéiert kommen nach un d'Rei:

| | |
|---|---|
| 24. Juni | Paul-Henri Meyers (CSV) |
| 1. Juli | ee Vertrieder vun der DP |
| 8. Juli | Ben Fayot (LSAP) |

Am Uschloss un déi éischt Diffusioun um 19.15 Auer kënnt Dir all Kéiers mat den Invitéen chatten:

Dir gitt iwwert den Internet-Forum vun der Chamber **www.chd.lu** schrëftlech Är Messagen a Froen duerch, an Dir kritt um selwechte Wee direkt eng Reaktioun.

Vergiesst net, Iech fir d'éischt ze enregistréieren!

*Approbation du Traité*
*établissant une Constitution pour l'Europe*

# Discussion et premier vote le mardi 28 juin 2005

Dans quelques jours, la Chambre des Députés va procéder au premier vote sur l'approbation du Traité constitutionnel. Ce vote s'inscrit dans la procédure retenue lors de la décision de consulter les électeurs et électrices par voie de référendum. En voici les étapes:

- 28 juin: discussion et vote du projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe
- 10 juillet: référendum
- dans le cas d'un oui: second vote en automne (tel que prévu par la Constitution pour chaque projet de loi).

Le 8 juin, la Chambre s'est engagée formellement, par le biais d'une résolution prise à l'unanimité, de respecter le résultat du référendum. Dans le cas d'un oui, elle procédera au second vote constitutionnel après un délai d'au moins trois mois. Si le non l'emporte, le second vote n'aura pas lieu, et en conséquence, la loi n'entrera pas en vigueur.

Le rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur le Projet de loi 5442 portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004 peut être consulté sur le site Internet de la Chambre des Députés (document parlementaire 5442[4]).

formidabel Saach sinn. Mir wäerten et leider wahrscheinlech net kréien.

*Zu Lëtzebuerg gëtt jo awer elo e Referendum ofgehalen. Wéi eng Valeur kann deen dann an dëser Situatioun hunn?*

**Mme Lydie Polfer** *(DP)*.- Zënter dem franséischen an dem holläneschen Neen ass d'Diskussioun eng ganz aner. Déi Constitutioun hei, déi wäert an dëser Form net a Kraaft trieden. Ech gesinn net, wéi Frankräich muer géing nei - positiv - doriwwer ofstëmmen, ech gesinn dat och net an Holland. Mir brauchen awer d'Unanimitéit, also muss een einfach realistesch sinn, sou Leed et engem deet. Mä dofir ass den Engagement fir de Jo awer net manner grouss. Wa mir no Frankräich an Holland als drëtte Pays fondateur an engem Referendum och Nee soen, da wär dat de Coup de grâce. Mä wa mir eis positiv géingen dozou ausdrécken, dat géif de Lëtzebuerger Vertrieder an Europa awer eng ganz aner Crédibilitéit ginn, fir Propositiounen ze maachen. An duerfir ass et wichteg ze weisen: Mir wëllen, datt et weidergeet. Well mir kënnen eis Intérêten nëmme gutt verteidegen, wann d'Décisiounen all zesumme ronderëm en Dësch geholl ginn. Dat war de grousse Fortschrëtt vun Europa, datt och kleng Länner wéi mir mat um Dësch sëtzen. Wann dat heite soll renégociéiert ginn, da fäerten ech, kréie mer méi Schwieregkeete fir eis Intérêten ze vertrieden.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Mat dësem Traité stëmme mer am Fong retroaktiv automatesch och alleguer deenen aneren Traitéen zou. A si ginn op Verfassungsniveau geholl; doduerch kënne mer se och net méi sou séier änneren.

**Mme Lydie Polfer** *(DP)*.- Ob mir et elo Verfassung nennen oder Traité constitutionnel: De Fakt ass, datt deen hei Text keng aner juristesch Valeur huet wéi en aneren Traité, zum Beispill dee vun Nice. En Traité, egal wéi mir en nennen, muss no internationalem Recht à l'unanimité ugeholl ginn.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Mä elo kréie mer eng Prozedur, déi an der Constitutioun virgesinn ass. Just bei technesche Korrekture geet et duer, wann e Conseil à l'unanimité zoustëmmt. Wa gréisser Ännerunge solle gemaach ginn, gëtt erëm e Konvent agesat. Duerfir wier deen neien Traité net méi sou séier ze änneren. An duerfir bleift de Referendum och wichteg fir Lëtzebuerg. Vun Dag zu Dag gewënnt den Nee hei un Terrain. Wa mer alleng als Lëtzebuerg Nee hei gesot hätten, wier et net gutt gewiescht, dann hätte mer eis politesch als klengt Land an Europa isoléiert. Mä elo wou zwee aner Länner Nee soen, wou d'Englänner hire Referendum en suspens gesat hunn, ass et wichteg, datt mer elo nom Inhalt kucken, an och als Lëtzebuerger Nee soen: Mir wëllen net dat doten Europa. An doduerch datt mer en zousätzlechen Nee kréien, verstäerke mer d'Verhandlungspositioun fir dat, wat duerno kënnt.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Et kann awer och net esou sinn, datt Frankräich an Holland fir de Rescht vun Europa ofstëmmen. Bei engem Ratifizéierungsprozess muss all eenzel Natioun fir sech selwer décidéieren, wat se zu deem Traité ze soen huet. Alles anescht wär en Entzuch vum Wahlrecht.

*Vill Leit froen: Firwat gëtt fir d'éischt de Vote am Parlament gemaach, an dann eréischt de Referendum?*

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hätt léiwer gehat, et wär anescht gewiescht, awer eis Verfassung erlaabt eis dat net. Mä et ass scho wichteg, datt d'Leit wëssen, wéi d'Parteien sech positionéieren zu deem Text, ier de Referendum ass. Et kënnt awer op dat nämlecht eraus, well an där Resolutioun, déi mer den 8. Juni nach ofgestëmmt hunn, engagéiere mer eis als Chamber, dat ze respektéieren, wat d'Leit am Referendum stëmmen. Mä all Biergerinnen a Bierger, déi den 10. Juli an d'Cabine ginn, mussen sech dann och bewosst sinn: Si entscheede selwer iwwert d'Schicksal vun der Constitutioun.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- De Referendum hätt missen décisiv sinn, sou wéi dat an anere Länner de Fall ass, dann hätt d'Parlament iwwerhaapt net méi brauchen ze décidéieren. Mir haten eng Proposition de loi deponéiert fir d'Verfassung an deem Sënn ze änneren. Hei gëtt jo mat deem Vote virun dem Referendum versicht, eng Beaflossung vum Wieler ze maachen. Wa mer den 12. Juli eng Chambersitzung iwwert den Traité gemaach hätten, dann hätte mer de Respekt vun dem Referendum direkt kënnen an engem Vote an der Chamber ëmsetzen.



## Forum Internet sur le Référendum

Dans le cadre du Référendum, la Chambre a mis en place sur son site un forum Internet. Grâce à ce service, elle veut vous aider à vous forger une opinion à propos de ce sujet. En même temps elle vous donne l'occasion d'échanger vos idées sur la construction européenne et de discuter avec d'autres des aspects qui vous préoccupent. La liste des sujets est actualisée régulièrement.

Le forum restera en ligne jusqu'au 16 juillet 2005. Ainsi vous aurez également l'occasion de vous prononcer sur le résultat du référendum.

Vous pouvez accéder au forum Internet en passant par le site de la Chambre

**http://www.chd.lu**



*Wat geschitt dann elo mam Traité, wann eng Rei Länner en net ratifizéieren?*

**Mme Lydie Polfer** *(DP)*.- Mir kënnen net nëmmen, mä mir musse mam Traité vun Nice weiderliewen. An dee gëtt eis och d'Moyenen. Mä do ass d'Partie 3 och schonn dran, si heescht just net esou. A mir hu manner Moyenë fir dat ze bekämpfen, wat de Leit net gefält. Et ass u sech eng schizophren Situatioun.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- An deem Kapitel si vill Saachen, wou ech léiwer gehat hätt, wann se erauskomm wieren. Ech setze mer och zum Zil, an Zukunft dofir ze kämpfen, datt do nach Saache geännert oder erausgeholl ginn. All déi positiv nei Elementer sinn am Fall vun engem Nee fort: d'Wäerter an d'Ziler, déi am Kapitel 1 beschriwwe ginn, déi e wichtege Schratt vun der europäescher politescher Constructioun duerstellen. Et sinn eben déi Saachen, déi am Konvent ausgeschafft gi sinn, déi eis Instrumenter ginn, fir datt Europa méi demokratesch, méi sozial, méi ekologesch gëtt.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Mir schwätzen awer hei iwwer eppes, wat net méi a Kraaft trëtt. An deem Fall fonctionnéiere mer weider op deene bestehenden Traitéen.

Et stellt een e relativ grousse Ecart fest tëschent der Classe politique an de Leit, déi solle bei deem Referendum matmaachen. Wann een an d'Zukunft kuckt: Wéi kann een Europa de Leit méi no bréngen?

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Mir wollten zënter Jore schonn ëmmer Ännerungen am Reglement virhuelen, fir méi iwwer Europapolitik ze diskutéieren. Wann den Text hei ënnert den Dësch fält, da fält och ee ganz wichtegt Element mat ënnert den Dësch: Dat ass, datt d'national Parlamenter am Virfeld scho méi e grousst Matsproocherecht kréien iwwert d'Gesetzer, déi an Europa ausgeschafft ginn. Da géif och d'Press sech méi aschalten an den Diskussiounsprozess, da géingen d'Lobbyen op Gesetzer opmierksam ginn, déi an der Ausaarbechtung sinn, d'Zivilgesellschaft géing sech améschen, an doduerch krit een eng aner Diskussioun. Mä och wa mer deen hei Text net kréien, mussen déi national Parlamenter sech vill méi mat Europapolitik beschäftegen an iwwert d'Joer méi intensiv mat de Leit iwwer Europa diskutéieren.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Woubäi ee muss soen, datt et de Parlamenter bis haut net verbuede war fir déi Aarbecht ze maachen. Et kann een och do d'Fro stellen: Firwat hu mer eis als Parlamenter net méi op dat Europapolitescht festgeleeëcht? Ebe well et och vläicht net esou populär war bei de Leit. Europa huet ze vill Saache reguléiert, déi net op den europäeschen Niveau gehéieren. Wann Europa gär virukënnt, muss et sech de Suerge vun de Leit unhuelen. An dat ass ganz kloer de Chômage an Europa an déi sozial Ofsécherung. A wann Europa net de Leit déi Garantie gëtt, kritt et och an Zukunft keng aner Texter méi duerch.

**Mme Lydie Polfer** *(DP)*.- Et ass jo net, datt virdrun net iwwer Europa geschwat ginn ass. Fir zu deem Traité do ze kommen, a während där ganzer Zäit vum Konvent, hate mer an deene leschte fënnef Joer an der Chamber regelméisseg Debatten, mä den Intérêt war einfach net do. Ech hunn als Ausseministerin ugefaangen, systematesch all Propositioun, déi vu Bréissel koum, net nëmme weider un déi aner Ministèren ze ginn, mä se och an d'Parlament gescheckt.

*Mä misst een net iwwert dee parlamentareschen a Regierungsniveau eraus aktiv ginn?*

**Mme Lydie Polfer** *(DP)*.- Deen Intérêt, deen Europa suscitéiert huet, och wann et net nëmmen am Positiven ass, dee musse mer lieweg halen an zesumme musse mer kucken, wéi mer da muer besser op d'Erausfuerderungen äntwere kënnen. Mir mussen éierlech mat de Leit iwwert d'Problemer vun där globaliséierter Welt schwätzen. D'Fro ass net, ob mer déi wëllen oder net: Se ass do. Wéi kënne mir eis am beschten an där Welt verteidegen, wéi kënne mer eis am beschten ofsécheren an de Leit eng Zukunft an där Welt garantéieren? Dat ass d'Erausfuerderung.

## Référendum: en savoir plus

Vous avez envie d'en savoir davantage sur le Traité constitutionnel, sur les travaux de la Convention ou encore sur le processus de ratification au Luxembourg ou en Europe? Vous trouverez des liens intéressants sur le site de la Chambre:

**http://www.chd.lu**

# NOUVELLES LOIS

## 4902 - Projet de loi

**portant approbation du Deuxième Protocole relatif à la Convention de La Haye de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, signé à La Haye, le 26 mars 1999**

La Convention de La Haye de 1954 constitue le premier instrument international à vocation universelle à être axé exclusivement sur la protection du patrimoine culturel. Elle s'applique aux biens meubles ou immeubles, y compris les monuments d'architecture, d'art ou d'histoire, les sites archéologiques, les oeuvres d'art, les manuscrits, les livres et autres objets d'intérêt artistique, historique ou archéologique, ainsi que les collections scientifiques de toute nature, sans égard quant à leur origine ou quant à leur propriétaire.

Les États Parties à la Convention bénéficient d'un réseau composé de plus de cent États qui se sont engagés à adopter des mesures préventives pour assurer cette protection non seulement en période d'hostilités (à ce stade, il est en général trop tard), mais également en temps de paix, par des mesures variées:

- sauvegarder et respecter les biens culturels en cas de conflit armé (cette obligation s'applique également aux conflits à caractère non international);
- envisager la possibilité d'octroyer une protection spéciale pour un nombre restreint de refuges destinés à abriter des biens culturels meubles en cas de conflit armé, de centres monumentaux et d'autres biens culturels immeubles de très haute importance en les inscrivant dans le «Registre international des biens culturels sous protection spéciale»;
- envisager la possibilité d'employer le signe distinctif de la Convention pour certains bâtiments et monuments importants;
- créer au sein des forces armées des unités spéciales chargées de la protection du patrimoine culturel;
- pénaliser les violations de la Convention et promouvoir largement la Convention auprès du grand public et des groupes cibles comme des professionnels du patrimoine culturel, des militaires ou des services chargés de faire respecter la loi.

Le Premier Protocole adopté par la Conférence de La Haye, entré en vigueur en même temps que la Convention de 1954, interdit aux États contractants d'exporter les biens culturels des territoires qu'ils occupent. De plus, ces États doivent prendre toutes les mesures nécessaires pour empêcher pareille exportation par qui que ce soit. Il s'agissait d'éviter des vols tels que ceux commis durant la Seconde Guerre mondiale ou encore ceux constatés au moment de l'occupation du Koweït par l'Irak.

Le Deuxième Protocole est le résultat des négociations entamées en 1991 par l'UNESCO, dont le texte final sous forme de Protocole a été adopté le 26 mars 1999. Ce Protocole apporte un certain nombre d'améliorations qui se résument comme suit:

- En ce qui concerne le régime général de protection, le Deuxième Protocole précise, d'une part, les mesures appropriées que les États Parties s'engagent à prendre aux termes de l'article 3 de la Convention de La Haye de 1954. D'autre part, il précise les conditions sous lesquelles des dérogations sont possibles sur le fondement d'une nécessité militaire impérative afin d'assurer une meilleure application de l'article 4 de la Convention de La Haye de 1954 concernant le respect des biens culturels.
- En ce qui concerne le régime de protection spéciale, le Deuxième Protocole introduit un régime de protection renforcée qui prévoit l'établissement d'une liste de biens culturels à placer sous protection renforcée. Conformément à l'article 4 du Deuxième Protocole, si un bien culturel est à la fois sous la protection spéciale et sous la protection renforcée, seules s'appliqueront, dans les relations entre les États Parties au Deuxième Protocole, ou entre un État Partie et un État qui accepte et applique le Deuxième Protocole, les dispositions relatives à la protection renforcée.
- La violation d'une disposition de la Convention de La Haye de 1954 et du Deuxième Protocole, tel que précisé à l'article 15 dudit Protocole, est érigée en infraction de droit international. Avec la signature du Deuxième Protocole, le Luxembourg s'est engagé à incriminer les faits visés et à prévoir des peines adéquates. Il est utile de préciser que le Deuxième Protocole ne limite pas la responsabilité pénale aux seuls auteurs directs des actes. Il échet de souligner que le Deuxième Protocole n'établit aucun lien formel avec la Cour Pénale Internationale qui définit elle-même la notion de crime de guerre et qui pose ellemême le principe de la responsabilité pénale individuelle pour ces crimes et ce sans égard aux dispositions constitutionnelles des États ayant procédé à la ratification du statut de la Cour Pénale Internationale.
- Le Deuxième Protocole contient un certain nombre de dispositions formelles se rapportant notamment à l'extension de la compétence territoriale des juridictions nationales (article 16, paragraphe 1[er], point (c)) et à la mise en œuvre du principe «extrader ou juger» (article 17, paragraphe 1[er]). Les États signataires s'engagent à s'accorder l'entraide et l'extradition pour les infractions à la Convention de La Haye de 1954 et ses Protocoles et ce conformément aux articles 18 et 19 du Deuxième Protocole. Il échet de souligner que les dispositions de l'article 20, paragraphe 2 du Deuxième Protocole priment la loi sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 18.01.2002

Rapportrice: Mme Nelly Stein

Travaux de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

(Président:
Monsieur Fred Sunnen):

| | |
|---|---|
| 28.05.2002 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi |
| 21.06.2002 | Examen du projet de loi |
| 28.10.2004 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 14.04.2005 | Examen du projet de rapport, de l'avis du Conseild'État et de l'avis du Parquet Général du Luxembourg |
| | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 28.04.2005

## 5178 - Projet de loi

**sur les réseaux et les services de communications électroniques**

Le projet de loi 5178 contient le cadre réglementaire applicable aux réseaux et services de communications, abstraction faite des dispositions concernant la gestion des fréquences radioélectriques, la protection de la vie privée dans les communications électroniques, l'accès des handicapés aux services, le cadre de l'Institut luxembourgeois de Régulation ainsi que les aspects liés aux normes techniques applicables dans le secteur des communications électroniques.

Le projet de loi transpose en droit luxembourgeois:

la directive 2002/19/CE du 7 mars 2002 relative à l'accès aux réseaux de communications électroniques et aux ressources associées, ainsi qu'à leur interconnexion (directive «accès»). Cette directive fixe les droits et obligations des entreprises qui exploitent des réseaux de communications électroniques, et de celles qui souhaitent y accéder. Elle établit un cadre pour les accords relatifs à l'accès et à l'interconnexion dans l'ensemble de l'Union européenne;

la directive 2002/20/CE du 7 mars 2002 relative à l'autorisation de réseaux et de services de communications électroniques (directive «autorisation»). Cette directive vise à établir un marché unique des services de communications électroniques en harmonisant les règles concernant l'autorisation de fourniture de ces services; elle supprime toute autorisation préalable à l'établissement des réseaux de communications électroniques et à la fourniture de services de communications électroniques. En dehors de la protection de la santé, de l'ordre public ou de la sécurité publique, les seules exceptions à ce principe concernent l'attribution des droits d'usage des fréquences et des numéros de téléphone, la rareté de ces ressources justifiant le maintien d'un régime plus contraignant;

la directive 2002/21/CE du 7 mars 2002 relative à un cadre réglementaire commun pour réseaux et services de communications électroniques (directive «cadre»). Cette directive fixe les dispositions pour les communications électroniques, en définissant le champ d'application de l'ensemble des textes du nouveau cadre juridique. Elle met en place une régulation à géométrie variable selon le niveau de concurrence atteint sur chacun des marchés et détaille les procédures permettant à une autorité de régulation d'imposer des obligations particulières à des entreprises désignées comme puissantes sur leur marché;

la directive 2002/22/CE du 7 mars 2002 concernant le service universel et les droits des utilisateurs au regard des réseaux et services de communications électroniques (directive «service universel»). Cette directive prévoit quatre composantes pour le service universel: service téléphonique entre points fixes, publiphonie, service de renseignement téléphonique et annuaire, dispositions en faveur des personnes handicapées et des personnes à faible revenu. La directive prévoit une révision périodique des obligations de service universel. Il appartient aux États membres de fixer le contenu précis des obligations de service universel. La directive élargit les possibilités de recourir, le cas échant, à plusieurs opérateurs pour assurer tout ou partie des obligations de service universel sur tout ou partie du territoire national. L'État membre a le droit de surveiller l'évolution des tarifs du service universel et de fixer des prescriptions en matière de tarifs, en vue d'assurer le caractère abordable du service universel;

la directive 2002/77/CE du 16 septembre 2002 relative à la concurrence dans les marchés des réseaux et des services de communications électroniques (directive «concurrence»). Cette directive, prise par la Commission en application de ses compétences propres en matière de concurrence, reprend le dispositif mis en place par la directive 90/388/CEE du 28 juin 1990 relative à la concurrence dans les marchés des services de télécommunication;

la décision 676/2002/CE du 7 mars 2002 relative à un cadre réglementaire pour la politique en matière de spectre radioélectrique dans la Communauté européenne (décision «spectre radioélectrique»). Cette décision introduit un cadre d'orientation et un cadre juridique afin d'assurer une coordination des politiques et l'harmonisation des conditions relatives à la disponibilité et à l'utilisation efficace du spectre radioélectrique, nécessaires pour l'instauration et le fonctionnement du marché intérieur dans des domaines de la politique communautaire tels que les communications électroniques, les transports, la recherche et le développement.

Ces textes sont issus d'un «paquet» de textes destinés à adapter le cadre réglementaire communautaire à l'évolution des marchés et des technologies. Les points-clés de ce nouveau cadre réglementaire sont les suivants:

- confirmation de l'objectif d'établir une concurrence effective sur l'ensemble du marché des communications électroniques;
- renforcement de la régulation sectorielle du secteur des communications électroniques et confirmation du rôle joué par les autorités réglementaires nationales (ARN) dans sa mise en œuvre;
- rapprochement des principes de la régulation et de ceux du droit de la concurrence;
- cadre réglementaire harmonisé pour l'ensemble des réseaux de communications électroniques (audiovisuel et télécommunications);
- renforcement au plan communautaire de la coordination des ARN;
- renforcement du pouvoir d'appréciation des ARN avec en contrepartie une procédure renforcée de consultation de la Commission et des ARN des autres États membres, ainsi qu'un droit de veto de la Commission sur certaines de leurs décisions.

Une simple modification du cadre réglementaire luxembourgeois actuel aurait signifié l'adaptation de la loi modifiée du 21 mars 1997 sur les télécommunications et de tous ses règlements grand-ducaux d'exécution aux nouvelles dispositions réglementaires communautaires. Eu égard aux différences fondamentales qui existent entre l'ancien et le nouveau cadre réglementaire, il a été jugé préférable d'abroger le cadre existant pour le remplacer par un texte nouveau.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre aux Communications, le 11.07.2003

Rapporteur: M. Lucien Thiel

Travaux de la Commission de la Fonction publique, de la Réforme administrative, des Media et des Communications

(Président:
Monsieur Lucien Thiel):

| | |
|---|---|
| 19.10.2004 | Examen du texte du projet de loi |
| | Désignation d'un rapporteur |
| 02.12.2004 | Examen des articles |
| | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 07.12.2004 | Continuation de l'examen des articles et de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 14.03.2005 | Examen du 2[e] avis complémentaire du Conseil d'État |
| | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 28.04.2005

Loi du 30 mai 2005, Mémorial A N° 73, p. 1144

## 5180 - Projet de loi portant:

**1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation;**

**2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

La loi du 21 mars 1997 sur les télécommunications a créé et organisé l'Institut Luxembourgeois des Télécommunications, qui se vit confier les missions de surveillance du marché. Ce texte a permis l'essor et le développement de l'Institut au cours des dernières années. Depuis sa création, en même temps que sa dénomination a été changée en Institut Luxembourgeois de Régulation, ses compétences ont été étendues par les lois du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité, du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux et du 6 avril 2001 relative à l'organisation du marché du gaz naturel. Il est à prévoir que ce domaine d'activités continuera de s'étendre à l'avenir.

Du fait de l'élargissement de ses fonctions, il devenait nécessaire de consacrer à l'Institut une organisation propre, distincte de la loi sur les télécommunications. C'est ce que se propose de faire le présent projet, du moins pour ce qui concerne le cadre, c'est-à-dire le statut, l'organisation et le fonctionnement de l'Institut. Quant aux missions de l'Institut, le projet se borne à renvoyer aux lois qui ont institué la séparation des opérateurs et des régulateurs, et qui, ce faisant, ont précisé le rôle dévolu au régulateur.

Dès à présent l'idée s'est imposée que la régulation fait appel à des compétences, des techniques propres, indépendantes des matières

sur lesquelles la surveillance s'exerce. Certes il faut des connaissances différentes pour la régulation dans le domaine de l'énergie et pour celle dans le domaine des télécommunications, mais il ne s'en recommande pas moins de réunir ces connaissances spéciales dans un même organisme plutôt que de constituer des organes de régulation séparés pour chaque catégorie d'opération.

Les fonctions conférées à de tels établissements publics font appel à des connaissances techniques spécifiques, et ont recours à un personnel disposant de qualifications particulières, rares sur le marché de l'emploi où leurs connaissances sont également recherchées par le secteur privé. Le projet tient compte de cette situation en offrant la possibilité de faire bénéficier certains membres du personnel clairement définis d'un supplément de rémunération et, en incluant la fonctionnarisation du personnel de première heure, conformément aux conditions et modalités prévues dans le cadre des projets de lois portant création ou réorganisation des administrations de l'État. Le personnel visé dans ce projet a activement participé à la mise sur pied du régulateur et a de ce fait acquis une expérience spécifiquement taillée sur les besoins de l'Institut, devenue indispensable à son bon fonctionnement.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre aux Communications, le 11.07.2003

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission de la Fonction publique, de la Réforme administrative, des Media et des Communications

(Président: Monsieur Lucien Thiel):

| | |
|---|---|
| 19.10.2004 | Examen du texte du projet de loi |
| | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 02.12.2004 | Examen des articles |
| 07.12.2004 | Examen des articles |
| | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 06.01.2005 | Examen des articles |
| | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 24.01.2005 | Continuation de l'examen des articles et de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 14.03.2005 | Examen du 2e avis complémentaire du Conseil d'État |
| | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 28.04.2005

Loi du 30 mai 2005, Mémorial A N° 73, p. 1162

## 5181 - Projet de loi

**- relatif aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques et**

**- portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle**

Les nouvelles technologies posent des problèmes quant à la protection de la vie privée des utilisateurs et quant au traitement de leurs données à caractère personnel. Ainsi, par exemple, l'Internet offre certes de nouvelles possibilités aux utilisateurs mais présente également de nouveaux dangers en ce qui concerne leur vie privée. Le développement transfrontalier des services de communications dépendra donc en grande partie de la certitude qu'auront les utilisateurs que ces services ne porteront pas atteinte à leur vie privée.

Conscients de ces problèmes, le Conseil et le Parlement européen ont adoptés des dispositions adéquates dans la directive 97/66/CE du 15 décembre 1997 concernant le traitement des données à caractère personnel et la protection de la vie privée dans le secteur des télécommunications. Cette directive a pour but d'harmoniser les dispositions nationales de protection des données afin d'éviter de créer des obstacles au marché intérieur des télécommunications. Elle tend à traduire les principes définis dans la directive 95/46/CE (transposée en droit national par la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel) en règles spécifiques applicables au secteur des télécommunications en renforçant d'une part la confidentialité des communications et d'autre part les dispositions relatives au stockage et au traitement automatisés de données relatives aux abonnés et aux utilisateurs.

Afin de tenir compte de l'évolution des marchés et des technologies des services de communications électroniques, la directive 2002/58/CE est destinée à remplacer la directive 97/66/CE. La directive 2002/58/CE du 12 juillet 2002 concernant le traitement des données à caractère personnel et la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques est dénommée directive «vie privée et communications électroniques». Cette directive ne vise pas à modifier profondément le contenu de la directive 97/66/CE, mais à adapter ses dispositions pour tenir compte des évolutions récentes dans le domaine des technologies des communications électroniques. Son but consiste à adopter des règles qui sont neutres sur le plan technologique, c'est-à-dire des règles qui n'imposent ni ne favorisent l'utilisation d'un type de technologie particulier ce qui implique que l'utilisateur jouit d'un même niveau de protection quelle que soit la technologie mise en œuvre pour la fourniture d'un service donné.

Vu le vide juridique total en la matière dû au retard qu'a pris le Luxembourg dans la transposition de la directive 97/66/CE et compte tenu de l'adoption de la directive «vie privée et communications électroniques», le présent projet de loi se propose de transposer à la fois les principes de base de la directive 97/66/CE et les dispositions nouvelles de la directive 2002/58/CE.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre aux Communications, le 11.07.2003

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission de la Fonction publique, de la Réforme administrative, des Media et des Communications

(Président: Monsieur Lucien Thiel):

| | |
|---|---|
| 19.10.2004 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du texte du projet de loi |
| 02.12.2004 | Examen des articles |
| 06.01.2005 | Discussion reportée à une date ultérieure |
| 24.01.2005 | Examen des articles |
| | Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 25.01.2005 | Continuation de l'examen des articles et de l'avis complémentaire du Conseil d'État |
| 12.04.2005 | Examen du 2e avis complémentaire du Conseil d'État |
| | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 28.04.2005

Loi du 30 mai 2005, Mémorial A N° 73, p. 1168

## 5275 - Projet de loi portant

**a) fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;**

**b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;**

**c) modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;**

**d) abrogation de la loi du 25 août 1971 portant création de la fonction de professeur de sciences économiques et sociales aux établissements d'enseignement secondaire;**

**e) modification de la loi du 22 juin 1989 portant modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;**

**f) modification de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;**

**g) modification de la loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;**

**h) modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail**

Le projet de loi fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique poursuit donc plusieurs buts, à savoir:

1. fondre dans un texte cohérent les différentes dispositions concernant les cadres du personnel des lycées et des lycées techniques,

2. harmoniser ces mêmes dispositions sur les points où elles divergeaient,

3. élargir les cadres du personnel par la création de nouvelles carrières dans l'administration,

4. intégrer dans les cadres du personnel des lycées et lycées techniques les fonctionnaires des services de psychologie et d'orientation scolaires,

5. permettre de résoudre un certain nombre de problèmes de carrière qui se sont présentés au courant des dernières années et qui ne peuvent être réglés de manière satisfaisante que par la modification d'autres lois.

Dépôt par Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, le 14.01.2004

Rapporteur: M. Fernand Diederich

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

(Président: M. Jos Scheuer):

| | |
|---|---|
| 15.02.2005 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| | Organisation des travaux |
| 01.03.2005 | Continuation de l'examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 16.03.2005 | Examen et adoption d'une série d'amendements |
| 10.05.2005 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 01.06.2005

## 5277 - Projet de loi

**modifiant et complétant la loi du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime**

Le présent projet de loi a pour objet de modifier et de compléter la loi du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales et complète ainsi la législation maritime luxembourgeoise. En effet, plusieurs conventions de l'Organisation Maritime Internationale (OMI), du Comité Maritime International (CMI) et de l'Organisation Internationale du Travail (OIT) auxquelles le Luxembourg a adhéré ont fait l'objet de modifications et de mises à jour importantes.

Parmi les conventions récemment signées figurent notamment la Convention internationale de 2001 sur la responsabilité civile pour les dommages dus à la pollution par les hydrocarbures de soute et la Convention internationale de 2001 sur le contrôle des systèmes antisalissure nuisibles sur les navires de l'OMI respectivement la Convention N° 178 concernant l'inspection des conditions de travail et de vie des gens de mer de l'OIT.

Parmi les protocoles signés par le Luxembourg figurent notamment le protocole de 1997 modifiant la Convention internationale de 1973 pour la prévention de la pollution par les navires, telle que modifiée par le protocole de 1978 y relatif, tel qu'amendé (Marpol Prot 97) de l'OMI, le protocole de 1992 modifiant la Convention internationale de 1969 sur la responsabilité civile pour les dommages dus à la pollution par les hydrocarbures, tel qu'amendé (CLC Prot 92) de l'OMI, le protocole de 1992 modifiant la Convention internationale de 1971 portant création d'un Fonds international d'indemnisation pour les dommages dus à la pollution par les hydrocarbures, tel qu'amendé (FIPOL Prot 92) de l'OMI ou encore le protocole de 1996 à la Convention de 1972 sur la prévention de la pollution des mers résultant de l'immersion des déchets (LDC 72) de l'OMI.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 15.01.2004

Rapporteur: M. Marc Angel

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

(Président: M. Ben Fayot):

| | |
|---|---|
| 30.03.2004 | Désignation d'un rapporteur |
| 07.03.2005 | Désignation d'un nouveau rapporteur |
| 11.04.2005 | Examen de l'avis du Conseil d'État |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 26.04.2005

## 5384 - Projet de loi

**portant modification de la loi du 18 avril 2004 relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard**

Le présent projet de loi a pour objet de modifier et de compléter la loi du 18 avril 2004 relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard en précisant le taux d'intérêt légal pour les créances non contractuelles ainsi que pour les créances découlant de certains contrats conclus entre particuliers.

En abrogeant purement et simplement la loi du 22 février 1984 relative au taux de l'intérêt légal, la loi précitée du 18 avril 2004 a supprimé la base légale permettant de déterminer le taux légal pour les transactions entre particuliers et les intérêts moratoires ordonnés par le tribunal en dehors du cadre des transactions entre professionnels et celles entre les professionnels et les consommateurs. En effet, la loi du 18 avril 2004 ne fixe que le taux d'intérêt applicable aux transactions commerciales, à savoir les transactions entre les entreprises et entre les entreprises et les pouvoirs publics, et celui applicable aux créances pouvant exister entre un professionnel et un consommateur.

Le projet sous rubrique entend combler les dispositions lacunaires de la loi du 18 avril 2004 en précisant que pour toutes les matières autres que celles visées dans la loi précitée aux chapitres I et II, à chaque fois qu'il est fait référence au taux d'intérêt légal, le taux visé est celui fixé par l'article 14 de la loi du 18 avril 2004, et en ajoutant que l'article 15 de ladite loi est applicable.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 30.09.2004

Rapportrice: Mme Christine Doerner

Travaux de la Commission juridique

(Président: Monsieur Patrick Santer):

| | |
|---|---|
| 13.04.2005 | Désignation d'un rapporteur |

| | |
|---|---|
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 20.04.2005 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 26.04.2005

## 5419 - Projet de loi

**portant approbation de la Convention-cadre de l'OMS pour la lutte anti-tabac, faite à Genève, le 21 mai 2003**

Le texte du projet se limite à un article unique approuvant la convention cadre de l'OMS pour la lutte antitabac.

Cette Convention a été adoptée le 21 mai 2003 à Genève lors de la 56e Assemblée mondiale de la Santé et signée par le Luxembourg le 16 juin 2003. Le fait qu'il s'agit en l'occurrence du premier traité international de santé publique dans l'histoire de l'Organisation Mondiale de la Santé (OMS) traduit la nécessité d'une coordination à l'échelle mondiale de la lutte contre le tabagisme, qu'il soit actif ou passif. Le tabagisme passif constitue une menace scientifiquement évidente pour la santé respiratoire, notamment des jeunes enfants, nourrissons et embryons.

La Convention est donc le premier instrument international de lutte contre le tabac. Son objectif principal est de promouvoir la santé publique dans un contexte mondial. Elle énonce des principes solides de santé publique et un cadre à l'intérieur duquel les parties à la convention seront tenues de mettre en œuvre des programmes complets de lutte antitabac et d'adopter des lois et mesures efficaces. La Convention souligne également les obligations de caractère transnational qui constitueront la base pour la coopération internationale sur toute une série de questions importantes dans la lutte antitabac.

Ainsi l'article 3 définit l'objectif de la Convention comme étant de «protéger les générations présentes et futures des effets sanitaires, sociaux, environnementaux et économiques dévastateurs de la consommation de tabac et de l'exposition à la fumée du tabac en offrant un cadre pour la mise en oeuvre de mesures de lutte antitabac par les Parties aux niveaux national, régional et international, en vue de réduire régulièrement et notablement la prévalence du tabagisme et l'exposition à la fumée du tabac».

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 10.12.2004

Rapportrice: Mme Lydia Mutsch

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

(Présidente: Madame Lydia Mutsch):

| | |
|---|---|
| 17.03.2005 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation et examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 26.04.2005 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 04.05.2005

## 5432 - Projet de loi portant approbation

**- de la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975**

**- de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002**

**- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004**

Le présent projet de loi a pour objet d'approuver la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975, ainsi que l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002. Ce dernier texte répond au souci de garantir la sécurité des informations relatives aux technologies développées et mises en œuvre dans le cadre des programmes spatiaux. Ces informations peuvent relever du secret défense et sont considérées comme «information classifiée». Même si ces dernières n'ont jusqu'à présent pas posé de problème dans le cadre des activités spatiales au niveau national, elles peuvent néanmoins soulever des difficultés particulières dans l'exécution de programmes spatiaux civils par des organisations internationales, comme l'ESA, ayant recours à ces données faisant l'objet d'une protection particulière au niveau national. Les résultats du groupe de travail, instauré en juin 2001, ont mené à l'Accord précité qui a uniformisé les règles de sécurité relatives à la protection et à l'échange d'informations sensibles entre l'Agence et ses États membres. S'y ajoute le règlement de sécurité adopté par le Conseil de l'ESA qui ne lie pas les États membres, mais qui vise à mettre en œuvre, au sein de l'ESA, les mesures concrètes et les différentes procédures lui permettant de respecter les termes de l'Accord de sécurité.

Finalement, le présent projet de loi approuve l'Accord entre le Gouvernement luxembourgeois et l'ESA relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'ESA et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 17.01.2005

Rapporteur: M. Marcel Oberweis

Travaux de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

(Président: Monsieur Fred Sunnen):

| | |
|---|---|
| 14.04.2005 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 26.04.2005 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 04.05.2005

## 5454 - Projet de loi

**arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire**

Témoignant de la volonté persistante des Gouvernements successifs «de doter les services judiciaires du personnel nécessaire pour évacuer dans des délais raisonnables le contentieux juridique toujours plus complexe et toujours plus important», le présent projet a pour objet d'arrêter un nouveau programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire portant sur la période comprise entre le 16 septembre 2005 et le 16 septembre 2009. Il entend ainsi poursuivre l'effort de recrutement initié par la loi du 24 juillet 2001 qui avait fixé un premier programme pluriannuel portant sur la période du 16 septembre 2001 au 16 septembre 2004.

Le projet prévoit l'engagement, hors numerus clausus et échelonné sur la période concernée, de 21 magistrats dont 8 pour les parquets, de 20 agents administratifs (11 rédacteurs et 9 employés) et, pour le Service Central d'Assistance Sociale (SCAS), d'un psychologue et de 6 agents de probation, un total sensiblement égal au programme précédent.

L'échelonnement du recrutement s'établira comme suit:

au 16 septembre 2005:

une chambre correctionnelle supplémentaire auprès de la Cour d'appel;

un premier avocat général au Parquet général;

un second juge de la jeunesse auprès du tribunal d'arrondissement de Luxembourg;

au 16 septembre 2006:

deux juges pour le tribunal d'arrondissement de Luxembourg;

un premier juge pour le tribunal d'arrondissement de Diekirch;

un substitut principal pour le Parquet près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg;

un substitut pour le Parquet près le tribunal d'arrondissement de Diekirch;

un psychologue et deux agents de probation pour le SCAS;

au 16 septembre 2007:

une chambre correctionnelle supplémentaire auprès du tribunal d'arrondissement de Luxembourg;

un premier substitut et un substitut pour le Parquet près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg;

deux agents de probation pour le SCAS;

au 16 septembre 2008:

deux juges pour le tribunal d'arrondissement de Luxembourg;

un substitut principal pour le Parquet près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg;

deux agents de probation pour le SCAS;

au 16 septembre 2009:

un juge pour le tribunal d'arrondissement de Diekirch;

un premier substitut et un substitut pour le Parquet près le tribunal d'arrondissement de Luxembourg.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 25.03.2005

Rapporteur: M. Patrick Santer

Travaux de la Commission juridique

(Président: M. Patrick Santer):

| | |
|---|---|
| 04.05.2005 | Désignation d'un rapporteur |
| | Présentation du projet de loi |

| | |
|---|---|
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 25.05.2005 | Examen et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 08.06.2005

## 5466 - Projet de loi

**portant approbation**

**- de la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, et du Règlement, faits à Washington le 2 décembre 1946**

**- du Protocole, fait à Washington le 19 novembre 1956, à la Convention internationale pour la réglementation de la baleine, faite à Washington le 2 décembre 1946**

La Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine et le règlement afférent ont pour but la sauvegarde des populations baleinières et leur protection contre une chasse exagérée.

La Commission Baleinière Internationale (CBI) est composée des représentants des États contractants (un membre par État). C'est un organe de gestion et de conservation des cétacés qui a pour mission d'élaborer des directives sur la chasse à la baleine et de fixer des quotas de capture. La CBI encourage aussi des études scientifiques sur les baleines, se charge de l'organisation de ces études, en analyse les résultats et les diffuse.

La CBI reconnaît trois formes de chasse à la baleine: la chasse commerciale, la chasse dans un but scientifique et la chasse pratiquée par les aborigènes pour leurs propres besoins. A noter que la chasse commerciale est soumise depuis 1986 à un moratoire de durée limitée. Une levée de ce moratoire est liée à des conditions définies qui doivent être préalablement remplies.

Depuis le moratoire sur la chasse commerciale, la Commission connaît une polarisation aiguë entre deux courants: celui des partisans de la chasse qui voudrait lever le moratoire, et celui des conservateurs, partisans d'une politique de protection des baleines.

L'adhésion du Luxembourg pourrait garantir une très faible majorité de voix du côté des conservateurs. Cette adhésion devrait cependant se faire avant la réunion annuelle de la Commission qui se tiendra du 13 au 27 juin 2005 à Ulsan en République de Corée.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 21.04.2005

Rapporteur: M. Marc Angel

Travaux de la Commission de l'Environnement

(Président: M. Roger Negri):

| | |
|---|---|
| 10.05.2005 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 02.06.2005 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 09.06.2005


# Chamber TV

**weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Walfer *um Kanal S29 / 367.25 Mhz*

Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Dikrech *um Kanal S19 / 287.25 MHZ*

Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

## Ordre du jour

**1.** Communications

**2.** Ordre du jour et dépôt d'une motion

**3.** Dépôt d'une proposition de loi

**4.** Heure de questions au Gouvernement

- Question N°43 du 31 mai 2005 de Madame Marie-Josée Frank relative au remboursement par les caisses de maladie des substituts nicotiniques et du bupropion utilisés dans le cadre du sevrage tabagique, adressée au Ministre de la Santé
- Question N°44 du 31 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à la création d'un statut pour les «assistants éducatifs à domicile», adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Question N°45 du 30 mai 2005 de Monsieur Marc Angel relative aux domiciliations de secours, adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Question N°47 du 31 mai 2005 de Madame Lydia Mutsch relative aux mesures décidées dans le cadre de l'assemblée générale de l'UCM en novembre 2004, adressée au Ministre de la Sécurité sociale
- Question N°46 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative aux «enseignants vacataires» décrits dans l'article 39 de la loi du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg, adressée au Ministre de l'Égalité des chances
- Question N°48 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative au paiement des indemnités auprès du Centre national de formation professionnelle continue, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi
- Question N°50 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative à l'indemnité de réemploi, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi
- Question N°49 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à la proposition de directive concernant l'aménagement du temps de travail, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi

**5.** Motion de Madame Anne Brasseur relative aux devoirs à domicile

*(Discussion - Vote)*

**6.** 5472 - Projet de loi portant

1. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est des Antilles Néerlandaises des 13 mai 2004 et 27 août 2004;
2. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est d'Aruba des 13 mai 2004 et 9 novembre 2004;
3. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;
4. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;
5. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Ile de Man des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;
6. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Turks et Caïcos des 23 novembre 2004 et 1er avril 2005;
7. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Anguilla des 23 novembre 2004 et 21 janvier 2005;
8. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Cayman des 23 novembre 2004 et 31 mars 2005;
9. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le territoire d'outre-mer du Royaume-Uni, Montserrat des 23 novembre 2004 et 7 avril 2005;
10. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Vierges Britanniques des 23 novembre 2004 et 11 avril 2005;
11. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

**7.** Débat de consultation sur l'évolution du chômage au Luxembourg

*(Exposé du Ministre du Travail et de l'Emploi - Débat - Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo et Claude Wiseler, Ministres.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eis eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

### 1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

1. **5472** Projet de loi portant approbation des accords conclus avec des territoires dépendants ou associés d'États membres de l'Union européenne relatifs à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts et portant modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Dépôt: Monsieur le Ministre du Trésor et du Budget, le 09.05.2005

2. **5473** Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 22 novembre 2004

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 17.05.2005

3. **5474** Projet de loi portant approbation de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), signée à La Haye, le 25 février 2005

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 17.05.2005

4. **5475** Projet de loi portant approbation de la Décision des représentants des Gouvernements des États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, concernant les privilèges et immunités accordés à l'Institut d'études de sécurité et au Centre satellitaire de l'Union européenne, ainsi qu'à leurs organes et aux membres de leur personnel, faite à Bruxelles, le 15 octobre 2001

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 17.05.2005

5. **5476** Projet de loi modifiant la loi du 6 avril 1999 relative à la construction d'une cité judiciaire au plateau du St-Esprit à Luxembourg

Dépôt: Monsieur le Ministre des Travaux publics, le 23.05.2005

6. **5477** Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une route reliant Luxembourg à Ettelbruck

Dépôt: Monsieur le Ministre des Travaux publics, le 23.05.2005

7. **5478** Projet de loi portant approbation de la Convention pour la sauvegarde du patrimoine culturel immatériel, adoptée par la Conférence générale de l'UNESCO à Paris, le 17 octobre 2003

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 25.05.2005

8. **5479** Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) - GALILEO entre la Communauté européenne et ses États membres et la République populaire de Chine, fait à Pékin, le 30 octobre 2003

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 25.05.2005

3) Ont été présents à la deuxième partie de la session ordinaire de 2005 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe qui s'est tenue à Strasbourg, du 25 au 29 avril 2005, M. Marcel Glesener, Président de la délégation, Mme Lydie Err, Vice-Présidente, et M. Charles Goerens, membres effectifs, MM. Norbert Haupert et Jean Huss ainsi que Mme Anne Brasseur, suppléants.

Après ouverture de la première séance par le Président de l'Assemblée, M. René van der Linden, il est procédé à la vérification des pouvoirs des nouveaux membres de l'Assemblée et à l'élection d'un Vice-Président de l'Assemblée au titre de la Fédération de Russie, Vice-Présidence qu'assumera M. Konstantin Kosachev, le siège de Vice-Président de Moldova restant vacant.

Après adoption du procès-verbal de la Commission permanente et approbation du rapport d'activité du Bureau et de la Commission permanente, l'Assemblée est passée à l'ordre du jour, dont les points culminants des huit séances étaient les suivants:

- les droits des enfants en institution: un suivi à la Recommandation 1601(2003) de l'Assemblée parlementaire,
- légalité de la détention de personnes par les États-Unis à Guantánamo Bay,
- la vulnérabilité croissante de l'Europe en matière d'énergie et les systèmes énergétiques et l'environnement avec l'intervention de M. Claude Mandil, Directeur exécutif de l'Agence internationale de l'énergie (AIE),
- programme nucléaire de l'Iran: nécessité d'une réaction internationale,
- accompagnement des malades en fin de vie,
- discrimination à l'encontre des femmes parmi les demandeurs d'emploi et sur le lieu de travail et discrimination à l'encontre des femmes et des jeunes filles dans les activités sportives,
- migration et intégration: un défi et une opportunité pour l'Europe,
- protection et assistance en faveur des enfants séparés demandeurs d'asile,
- référendums: vers de bonnes pratiques en Europe et
- pollution des mers.

En dehors de la communication de M. Adam Daniel Rotfeld, Ministre des Affaires étrangères de Pologne et Président du Comité des Ministres, l'Assemblée a écouté

- le discours de M. Svetozar Marović, Président de la Serbie-Monténégro et
- le discours de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre du Luxembourg et Président du Conseil de l'Union européenne.

Mme Ineta Ziemele a été élue juge à la Cour européenne des droits de l'homme au titre de la Lettonie, à compter du 27 avril 2005 jusqu'au 31 octobre 2007.

Une discussion selon la procédure d'urgence ainsi qu'un débat d'actualité ont eu lieu au cours de cette deuxième session de 2005, la première a eu pour sujet: «La liberté de la presse et les conditions de travail des journalistes dans les zones de conflits» et le second a porté sur «Le traité constitutionnel européen».

L'Assemblée a adopté quatre recommandations et huit résolutions en rapport avec les sujets à l'ordre du jour.

4) Par lettre du 23 mai 2005 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 11 au 14 avril 2005:

- résolution sur le projet de décision de la Commission modifiant, aux fins de son adaptation au progrès technique, l'annexe de la directive 2002/95/CE du Parlement européen et du Conseil du 27 janvier 2003 relative à la limitation de l'utilisation de certaines substances dangereuses dans les équipements électriques et électroniques,
- résolution sur le rôle de l'Union européenne dans la réalisation des objectifs du Millénaire pour le développement,
- résolution sur la demande d'adhésion à l'Union européenne présentée par la République de Bulgarie,
- position sur la demande d'adhésion à l'Union européenne de la République de Bulgarie,
- résolution sur la demande de la Roumanie de devenir membre de l'Union européenne,

- position sur la demande de la Roumanie de devenir membre de l'Union européenne,

- résolution sur les résultats du Conseil européen réuni à Bruxelles les 22 et 23 mars 2005,

- résolution sur l'état de l'intégration régionale dans les Balkans occidentaux,

- résolution sur le rapport annuel du Conseil au Parlement européen sur les principaux aspects et les choix fondamentaux de la PESC, y compris leurs implications financières pour le budget général des Communautés européennes - 2003,

- résolution sur la stratégie européenne de sécurité,

- résolution sur la lutte contre le dopage dans le sport,

- résolution sur le Bangladesh,

- résolution sur Lampedusa.

## 2. Ordre du jour et dépôt d'une motion

Wat elo den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, esou huet d'Presidentekonferenz an hirer Sitzung vum 26. Mee folgenden Ordre du jour proposéiert:

- Haut de Mëtteg hu mer eng Froestonn fir d'éischt un d'Regierung; duerno de Projet de loi 5472, verschidden Accorden iwwert d'Besteierung vun den Zënsen, dat nom Basismodell, an eng Consultatiounsdebatt iwwert d'Entwécklung vum Chômage hei zu Lëtzebuerg, an dat nom Modell zwee.

- Mar, e Mëttwoch, hu mer fir d'éischt de Projet de loi 5275 iwwert d'Enseignanten am Secondaire an am Secondaire technique; zweetens d'Chamberskonte vum Joer 2003; dann d'Presentatioun vun enger Lëscht vun dräi Kandidate fir de Poste vum President vun der Cour des Comptes a selbstverständlech och d'Ofstëmmen heiriwwer. Dann hu mer als véierte Punkt d'Nominatioun vun engem Réviseur d'entreprises fir d'Post an als leschte Punkt op eisem Ordre du jour figuréieren d'Naturalisatiounen.

- En Donneschdeg de Mëtteg féiert d'Chamber eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Industriebroochen am Süde vum Land.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

**Une voix**.- Neen, Här President.

**M. le Président**.- Ech gesinn, datt deen Ordre du jour net d'Unanimitéit heibanne mécht an ech gesinn, datt d'Madame Brasseur d'Wuert freet zum Ordre du jour. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert. Duerno den Här Adam.

**Mme Anne Brasseur** *(DP)*.- Här President, ech wollt d'Wuert froen zum Ordre du jour. D'DP-Fraktioun, déi hat gefrot en Débat d'actualité ze féieren iwwert d'Hausaufgaben. An dat wor an der Conférence des Présidents an d'Majoritéit wor net domat d'accord fir deen Débat d'actualité hei op den Ordre du jour ze huelen. Ech si gebiede ginn deen Débat d'actualité zréckzezéien a just eng Fro ze stellen.

Ech muss lech awer soen, datt ech mat där Virgehensweis net kann d'accord sinn, well bei enger Fro do ass et esou, dass den Deputéierten eng Fro stellt, de Minister äntwert, mä da kréie mer keen Débat iwwert de Sujet hei an der Chamber.

Ech sinn awer der Meenung, dass, wat d'Orientatioun ubelaangt, déi d'Regierung elo geholl huet iwwert d'Hausaufgaben, dat net déi Orientatioun ass, déi onst Schoulwiese brauch, an dass dofir d'Chamber sech misst domat ausernee setzen an dofir wier et gutt gewiescht, wa mer vun all Fraktioun d'Positioun kritt hätten.

Or, vu dass den Débat d'actualité wéinst Ursaachen, déi ech awer net weess, ofgelehnt ginn ass vun der Majoritéit, kéint heiriwwer net diskutéiert ginn. Ech fannen et awer ee ganz wichtege Sujet an dofir, Här President, wollt ech eng Motioun déposéieren an lech froen, den Ordre du jour ze modifiéieren, fir déi Motioun dann op den Ordre du jour dës Woch ze huelen.

Et ass eng Motioun déi freet, dass d'Madame Minister vun der Educatioun soll hir Positioun iwwert d'Hausaufgabe reconsidéréieren, mat engem ganzen Argumentaire dobäi, deen ech elo awer net développéieren, well da géif ech aus dem Kader vu menger Interventioun zum Ordre du jour erausgoen. Mä ech déposéieren déi Motioun. Déi dréit am Moment meng Ënnerschrëft, well ech wier ganz frou wa se och vun anere Fraktioune géif ënnerstëtzt ginn. Wann dat net sollt de Fall sinn, si mir selbstverständlech och bereet aner Ënnerschrëften drënner ze setzen.

***Motion***

*La Chambre des Députés,*

*- ayant analysé la lettre circulaire de printemps du Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle adressée au personnel enseignant et aux administrations communales concernant l'organisation scolaire 2005-2006, et plus particulièrement les dispositions relatives aux devoirs à domicile;*

*- approuvant la démarche visant un apprentissage autonome des élèves;*

*- convaincue que tout apprentissage ne peut se faire que moyennant des répétitions régulières;*

*- estimant que les devoirs à domicile sont indispensables pour tout apprentissage dès le plus jeune âge;*

*- étant persuadée que les plus jeunes doivent effectuer des devoirs écrits pour développer leur motricité fine;*

*- consciente du fait que le volume des travaux à domicile doit être adapté à l'âge des enfants et que les enfants doivent être amenés à les réaliser sans l'aide d'un adulte;*

*- estimant que les enseignants doivent garder la liberté pédagogique d'adapter le volume et la difficulté des devoirs aux besoins des élèves;*

*- considérant la nécessité de promouvoir et de développer l'offre d'aide aux devoirs à organiser par les communes;*

*invite Madame la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle à:*

*- reconsidérer sa position relative aux devoirs à domicile telle qu'exprimée dans la lettre circulaire de printemps concernant l'organisation scolaire 2005-2006;*

*- entamer une large discussion sur le sujet avec les milieux concernés.*

*(s.) Anne Brasseur.*

Mä, fir lech nach eng Kéier ze soen: D'DP-Fraktioun, déi freet eng Modifikatioun vum Ordre du jour, fir déi Motioun hei kënnen ze debattéieren iwwert d'Wichtegkeet vun den Hausaufgaben, an ech hoffen, dass d'Majoritéitsparteien hei där Demande vun der DP Rechnung droen.

Merci, Här President.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Madame Brasseur. Ech géif proposéieren, dass mer, ier mer elo déi aner Riedner zum Ordre du jour huelen, direkt d'Fro hei klären, wat mer mat där Motioun maachen. Normalerweis géif ech an d'Presidentekonferenz renvoyéieren; da géif d'Presidentekonferenz décidéieren, wéini dass mer iwwert déi Motioun hei debattéieren an ofstëmmen.

Vu datt awer d'Demande vun der Madame Brasseur ass, datt déi Motioun dës Woch soll op den Ordre du jour kommen, géif ech déi aner Fraktioune froen, wéi hir Haltung dozou ass, ob mer déi Motioun dës Woch op den Ordre du jour huelen oder ob mer se an d'Presidentekonferenz renvoyéieren, fir an enger nächster Woch zur Debatt ze kommen.

Wat ass d'Haltung vun de Fraktiounen dozou? Den Här Adam. Duerno den Här Fayot. Zu der Fro vun dëser Motioun?

**Une voix**.- Jo.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, mir géifen et och begréissen, wann effektiv déi Ännerung vum Ordre du jour wier a wann déi Motioun och dës Woch zu Wuert kéim. Ech mengen, déi Circulaire de printemps vun der Madame Minister ass eigentlech geduecht fir Kloerheet an d'Schoulen ze ginn. An an där Circulaire stinn awer ee ganze Koup Saachen, a mir betounen, net nëmme wat d'Hausaufgabe betrëfft, déi méi Onkloerheet schafen an de Schoulen, an dofir wier et scho gutt wa mer déi Saach kéinte méiglechst schnell op den Ordre du jour huelen an och décidéieren.

**M. le Président**.- Merci, Här Adam. Dann huet den Här Fayot d'Wuert gefrot. Här Fayot!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo, Här President, ech wëll elo emol fir den Abléck op Är Fro äntweren, déi Der gestallt hutt, ob mer déi Motioun sollen direkt huelen oder ob mer se solle vertagen op muer oder iwwermuer oder d'nächst Woch, jee nodeem wéi d'Presidentekonferenz dat géif décidéieren. Perséinlech mengen ech wär et besser, mir géifen dat direkt vidéieren, wa mer déi Motioun da vrun ons leien hunn, mat deem Argumentaire, deen d'Madame Brasseur duergeleeucht huet.

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Den Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, ons Fraktioun mengt och, datt et besser wier, mir kéinten déi Motioun duerchzéien an an dëser Woch nach diskutéieren. Ech mengen de Sujet ass relativ bekannt an dofir kann d'Chamber och direkt eng Décisioun huelen.

**M. le Président**.- Freet nach een d'Wuert? Dat ass net de Fall. Ech stelle fest, dass hei gefrot gëtt, dass déi Motioun hei esou schnell wéi méiglech soll op den Ordre du jour kommen, dës Woch. Den Här Fayot huet dat Wuert direkt gebraucht. Dat wëllt heeschen, dass mer, esoubal déi Motioun verdeelt ass, oder vläicht awer och no der Froestonn un d'Regierung, direkt dës Motioun debattéiere wäerten.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

***(Assentiment)***

Très bien, dann ass et esou décidéiert.

Déi Motioun gëtt elo verdeelt an dann, wann d'Froestonn eriwwer ass, debattéiere mer a stëmmen iwwert d'Motioun of.

Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

## 3. Dépôt d'une proposition de loi

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo, Här President, ech wollt eng Proposition de loi déposéiere fir steierlech Avantagë fir Instrumenter vun der Mikrofinanz. Dat heescht, méi prezis, der Befreiung vun der Taxe d'abonnement fir déi Instrumenter vun der Mikrofinanz, déi jo e ganz wichtegen Hiewel sinn an der Entwécklungspolitik. Ech mengen och, dass dat eng Zukunftsperspektiv ass fir déi Entwécklungspolitik, dofir also déi Proposition de loi.

*- Proposition de loi N°5480 portant modification a) de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée; b) de la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectifs.*

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Déi Proposition de loi hei gëtt un déi zouständeg Chamberkommissioun weidergeleet.

Mir kommen dann zum éischte Punkt vun eisem modifizéierten Ordre du jour, dat ass eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 78 vum Chamberreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit fir seng Fro ze stellen, respektiv virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit fir drop ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun. Als éischt hu mer d'Fro Nummer 43 vun der Madame Marie-Josée Frank iwwert de Remboursement vu Preparater, déi den Tubakentzuch ënnerstëtzen. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

## 4. Heure de questions au Gouvernement

### - Question N°43 du 31 mai 2005 de Madame Marie-Josée Frank relative au remboursement par les caisses de maladie des substituts nicotiniques et du bupropion utilisés dans le cadre du sevrage tabagique, adressée au Ministre de la Santé

**Mme Marie-Josée Frank** *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bekanntlech ass haut um 31. Mee de weltwäiten Dag ouni Tubak. Ech begréissen, datt d'Professionnels de santé sech virgeholl hunn d'Problematik vum Tubak ze thematiséieren. Si sinn opgeruff e Virbild fir Patienten ze sinn.

30% vun eiser Gesamtpopulatioun zu Lëtzebuerg soll fëmmen a bei de 18- bis 24-Jähreg lues a bestänneg zouhuelen. Tubak ass deen eenzege Konsumproduit, wou d'Halschecht vun de Consommateuren un de Suitë stierft, seet d'Weltgesondheetsorganisatioun. 600 Doudesfäll pro Joer fir Lëtzebuerg, dat ass dramatesch.

Nikotin ass eng Drog wéi eng aner. Beim Ophale kréien d'Fëmmerten Entzuchserscheinungen, déi anscheinend ganz désagréabel sinn, verbonne mat Schlofstéierungen, Kappwéi, Nervositéit, Zouhuele vum Gewiicht an esou weider. Fir dës Symptomer ze bekämpfen, si sou genannten Nikotinersatzproduiten entwéckelt ginn. Bekannte Beispiller sinn: Plooschteren, speziell Knätsch, Kamellen, och Akupunktur an anerer.

Statistike beweisen, datt bei der Uwendung vun esou Produiten de Succès duebel esou grouss ass wa Fëmmerte bereet sinn opzehalen. Bekanntlech ginn hei am Land dës Produiten net vun der Krankekeess rembourséiert, och wann den Dokter se verschriwwen huet. Also muss de Fëmmert dat aus senger eegener Täsch bezuelen.

Duerfir e puer Froen un eisen Här Minister: Ass de Minister bereet, datt d'Krankekeess d'Käschte vun dësen Nikotinersatzproduiten iwwerhuele wëllt? Dëst ass iwwregens och eng Fuerderung vun der Dokteschgewerkschaft AMMD. Wa jo, wéi séier, a wéi soll dat geschéien? An drëttens, sidd Dir bereet, eng Sensibiliséierungscampagne ze lancéieren, fir d'Fëmmerten iwwert déi méiglech Produiten, déi um Maart sinn, ze informéieren?

Ech soen lech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Frank. D'Wuert huet elo de Gesondheetsminister, den Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo!

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro vun der Madame Frank passt ganz genee an d'Thema vum Weltdag géint den Tubak, an dofir soen ech hir och Merci fir d'Fro. Et ass eng ganz gutt Geleeënheet fir ze ënnerstäichen, dass déi Bestriewunge vun der Regierung, fir d'Leit vum Tubak lasszekréien, sech net géint déi Leit riichten déi fëmmen, mä sech fir d'Gesondheet vun de Leit asetzen, déi nach net d'Fangere vum Tubak kënnen ewechloossen an déi nach fëmme mussen, well se net fräi si fir kënnen opzehalen.

Just e klenge Säitebléck op dat wat am Regierungsprogramm steet. Dir fannt do erëm, dass d'Regierung e Gesetz wëllt erabrénge fir de Schutz vun deenen, déi net fëmmen, ze verbesseren, gläichzäiteg awer d'Méiglechkeeten, fir deenen ze hëllefen, déi wëlle lasskomme vum Fëmmen, ze verbesseren iwwer Berodungsservicer, iwwer Therapieméiglechkeeten.

Mir sinn am Moment amgaang, eng ganz Rei vun Initiativë virzebereeden, ënner anerem um reglementaresch-gesetzleche Plang, wou et noutwendeg ass fir kloer Spillregelen ze schafen, anerersäits am Beräich vun der Berodung, Sensibiliséierung, an och vun der Zesummenaarbecht op enger ganzer Rei vu Gebidder. Ech konnt gëschter mat den zwee Kolleegen, dem Biltgens Fränz an dem Claude Wiseler, eng Initiativ virstellen, wou mer eis dofir asetzen, fir och op der Aarbechtsplaz déi ze schützen, déi net wëlle matfëmmen, wat e weidere Schrëtt ass an déi Richtung, déi mer eis am Regierungsprogramm virginn hunn.

De Projet de loi, deen ugekënnegt ass, wäert virun der Vakanz an d'Regierung goen an dann hoffentlech och deemnächst kënnen an der Chamber deponéiert ginn. Ech mengen, dat wat d'Madame Frank ugeschwat huet, ass, dass effektiv d'Zigarett net - wéi dat ganz oft fréier duergestallt ginn ass - en Zeeche vu Fräiheet ass, mä poulriicht an d'Ofhängegkeet eraféiert, an eng Ofhängegkeet, déi dozou féiert, dass een net méi Nee ka soe wann ee wëllt, och wann ee wéilt Nee soen.

Aus den Ëmfroe geet ervir, dass ëmmerhi 50% vun deenen 30% vun der Populatioun, déi nach fëmmen, ganz gär géifen dovu losskommen, wa se et kéinten. Dofir mengen ech, dass déi Ausso och eng ganz wichteg ass an eis soll motivéieren, fir eis net nëmmen drop ze beschränken, e béise Fanger ze maachen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Här Minister, Är Zäit ass elo gläich ofgelaf an Dir sidd nach net bei der Äntwert un d'Madame…

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir vertraut mir net! Ech wollt lech elo de Wee gi fir datt Dir kënnt ophale mat fëmmen, mä Dir gitt mer net d'Geleeënheet fir dat ze maachen.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Da musst Der lech tommelen, fir mech iwwerzeegt ze kréien. Dir hutt nach 30 Sekonnen Zäit.

**Une voix**.- Dat packt Der net, Här Di Bartolomeo.

**Une autre voix**.- Dir hutt nach Zäit, Här Minister!

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Neen, ech hunn der nach…

Fir deene Leit ze hëllefen, déi wëllen ophalen, awer net kënnen. D'Fondation contre le cancer, d'Ligue, bidde Consultatiounen un, an déi wäerte mer och weider ënnerstëtzen. Derniewent verlaangt d'Kohärenz, dass mer, wann et Mëttele gëtt, déi de Leit kënnen hëllefe fir opzehalen, déi och ënnerstëtzen.

Do gëtt et déi Medikamenter, déi awer net ouni Niewewierkunge sinn, déi ugebuede ginn, a wou ech der Madame Frank ka soen, dass ech d'Krankekeesen - well de Minister ass net eleng zoustänneg fir dat ze décidéieren - wäert chargéieren, fir d'Fro vum Remboursement op den Ordre du jour ze huelen, ze kucke wat am Ausland an deem dote Beräich leeft a mat den Erfahrungen am Ausland a selbstverständlech opgrond vu medezinescher Indikatioun ze envisagéieren, fir déi dote Produkter ze rembourséieren.

Ech wëll awer soen, dass dat keen Allheelmëttel ass an dass et ne e Wonnermëttel ass, mä dass d'Motivatioun fir opzehalen…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…eng Viraussetzung ass, fir kënnen opzehalen, an dass dat hei just en Hëllefsmëttel ka sinn, dat heescht d'Motivatioun ass dat Allerbescht an deen éischte Schrëtt fir kënnen opzehalen.

Ech soen lech villmools Merci, Här President, fir d'Gedold.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Als nächst Fro hu mer d'Fro Nummer 44 vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafe vun engem Statut fir d'«assistants éducatifs à domicile». Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

## - Question N°44 du 31 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à la création d'un statut pour les «assistants éducatifs à domicile», adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, dass et hautdësdags net ëmmer esou einfach ass, fir Famill, Bildung, Beruff kënnen ënner een Hutt ze kréien, fir déi verschidden Intérête kënnen och am Dagesoflaf esou organiséiert ze kréien, dass do jiddfereen sech erëmfënnt. Duerfir sinn am Laf vun deene leschte Jore vu Gemengen, vum Stat, vun A.s.b.l.en, vun aneren Träger ganz, ganz vill Strukture geschafe ginn: Crèchen, Foyer-scolairen, etc., etc..

Trotzdeem mierkt een, dass d'Demande ëmmer méi grouss ass wéi dat wat un Offer momentan besteet, an do war d'Iddi fir ze kucken, vläicht ouni d'Schafung vu gréissere weideren Infrastrukturen dozou ze kommen, ebe Leit dozou ze bewegen, éischter op aner Leit hir Kanner kënnen opzepassen, och doduerjer hir Kenntnisser an hir Fäegkeeten, déi se vläicht bei der Erzéiung vun deenen eegene Kanner bewisen hunn, kënnen an den Déngscht vun hire Matmënschen ze stellen, als sou genannten Tagesmütter kënnen aktiv ze ginn.

Elo ass et awer esou, dass do momentan kee klore Statut besteet, obschonn eng Rei vun Associatiounen d'Vermëttlung och maachen, an et ass esou, dass am Koalitiounsaccord och d'Iddi opgegraff ginn ass, fir do esou e Statut ze schafe respektiv fir d'Vermëttlung kloer Strukturen anzeféieren, déi souwuel op vläicht kommunaler wéi och regionaler Basis herno kënne funktionéieren, dass deen, deen esou eng Tagesmutter sicht, och weess, wouhin e sech ka wenden, an dass deen, deen als Tagesmutter oder vläicht Tagesvater da wëllt seng Déngschter ubidden, och weess, wou e vläicht eventuell Leit ka fannen, déi esou e Service nofroen.

Ech selwer hat virun enger Rei vu Méint eng Proposition de loi an deem dote Sënn hei déposéiert, an ech wollt d'Madame Familljeministesch froen, wéi wäit et mat hiren Iwwerleeungen do ass am Ministère, wéi wäit hire Projet do momentan ausgeschafft ass, fir ze kucken, ob mer do weiderkommen an deem doten Dossier, well ech der Meenung sinn, dass vill Leit dobaussen dorobber waarden.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Meisch. D'Wuert huet elo d'Madame Ministesch zoustänneg fir d'Famill.

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Här Meisch fir d'éischt Merci soe fir déi explizit Fro, déi hie gestallt huet. Dann ass et och méi liicht fir heirobber ze äntwerte wéi wann een nëmmen ee Saz kritt an een net richteg weess wat eigentlech soll gefrot ginn.

An deem heite Fall wëll ech soen, dass mer am Fong op zwee Niveauen amgaang sinn ze schaffen. Dat eent ass e Reglement wat mer huelen iwwert d'Maison-relaisen, wou Der eng Kéier och erëmfannt, dass méi liicht Iwwergäng geschafe ginn zu deene bestehenden Infrastrukturen, wat eng Kéier d'Crèchë sinn, wat eng Kéier d'Foyer d'accueil si vun de Schoulkanner, an och ze kucken, wéi wäit kann een nach do zum Beispill Dageseltere gëif ech léiwer dofir soen, fir net ëmmer erëm ze soen Dagesmammen, mä Dageseltere mat aschalten. Och zum Beispill am Fall wann e Kand krank gëtt, fir dass een dann net onbedéngt muss soen, ee vun den Eltere muss doheem bleiwe fir sech ëm dat Kand ze këmmeren, mä wéi gesot, dass een do méi eng fléissend Iwwergäng fënnt.

Dat Zweet dat ass, Dir frot wou mer dru si mat deem Projet iwwert d'Dageseltere selwer. Do ass bei eis am Haus dee Projet esou wäit gediehen, dass mer e konnten an de Conseil de Gouvernement ginn, an ech hoffen, dass mer do net ze vill Oppositioun kréien, esou dass ech, ouni allze vill optimistesch ze sinn, awer domadder rechnen, dass mer kënnte virun der grousser Vakanz deen ewell hei an der Chamber déposéieren.

Merci, Här President.

**M. le Président**.- Merci, Madame Jacobs. Déi nächst Fro ass d'Fro Nummer 45 vum Här Marc Angel iwwert d'Hëllefsservicer.

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Dat sinn ech jo och!

**M. le Président**.- Jo.

## - Question N°45 du 30 mai 2005 de Monsieur Marc Angel relative aux domiciliations de secours, adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration

**M. Marc Angel** *(LSAP)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm eng Problematik an dësem Land, déi besonnesch an der Stad bemierkbar gëtt, a ganz besonnesch hei zu Bouneweg. Et gëtt ëmmer méi Leit hei an dësem Land, déi keen Dag iwwert dem Kapp hunn, also keng Wunneng hunn. Automatesch hu si keen Domicile, also keng Adress. Wann déi Leit awer den RMG wëlle bezéien, da brauchen si esou eng Adress.

Et gëtt och Noutléisungen, an dat ass zum Beispill hei an der Stad de Foyer Ulysse, an och nach e puer aner Plazen am Land, wou esou Haiser sinn, wou déi Leit dann eng Adress kënne kréie fir hiren RMG ze kréien.

An deem Kontext wollt ech aus der Regierungserklärung een Extrait virliesen, an deem steet: «Le Gouvernement procédera à la réforme de la loi du 28 mai 1897 sur le domicile de secours et l'arrêté royal grand-ducal du 11 décembre 1846 sur la réorganisation et le règlement des bureaux de bienfaisance d'après les principes arrêtés au rapport du 3 juin 2003 qui a été soumis pour approbation aux Ministres de la Famille et de l'Intérieur.»

Wichteg ass och nach ze soen, dass «Il est proposé d'envisager le regroupement des offices sociaux en bureaux régionaux garantissant ainsi une meilleure efficacité.»

Also, do wollt ech d'Madame Ministesch froen, wat da festgehale ginn ass den 3. Juni 2003. Dat soll jo am Ministère de la Famille an am Intérieur aviséiert ginn. An do wollt ech froen, wéini mir vläicht en Avant-projet kënne kréie fir déi Reform vun deene Gesetzer aus dem 19. Jorhonnert.

Ech mengen, déi Iddi vun der Regionaliséierung ass ganz wichteg, well et kann een och net vun all kleng Gemeng verlaangen, datt si en Office social huet, deen esou gutt funktionéiert wéi an deene grousse Gemengen. An ech mengen déi ganz Reform ass och wichteg, well dat de Leit och Rechter gëtt. Bis elo gëtt et eng Obligation morale vun de Gemengen, mä wa mir dat Gesetz reforméieren, kréien déi Leit och Rechter vis-à-vis vun de Gemengen, an ech mengen dat wier eng gutt Saach.

Ech wollt froen, falls et nach e bësse méi laang géif dauere mat der Reform, ob een net eng aner Noutléisung kéint fannen, andeem een iergendeng legal Basis géing schafen, fir dass déi Leit wéi an der Belsch oder an anere Länner eng Adresse de référence an hire Gemenge kréien, an deene Gemengen, wou si opgewuess sinn a wou si scolariséiert gi sinn. Ech mengen, dat wier wichteg, dat géing och deene Leit mat der Regioun, déi si kennen, nees vläicht Kontakt ginn. Dofir wollt ech lech froen, wou Dir mat deene Projeten dru sidd.

Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet d'Madame Marie-Josée Jacobs, Ministerin fir d'Famill.

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann dem Här Angel leider net esou eng positiv Äntwert gi wéi dem Här Meisch, well dat ee Projet ass, deen enorm komplex ass, a wou een net an esou enger kuerzer Zäit elo eng Äntwert doriwwer fënnt.

Dat, wat am Regierungsprogramm drasteet, hat den Här Angel hei gesot. Ech denken, datt et wichteg ass och ze soen, datt mir do wëllen endlech festleeën, datt déi Leit, déi schlecht dru sinn, fir net ze soen insolvabel sinn, awer och nach d'Recht behalen elo an Zukunft ee Minimum vu Stroum a vun Hëtzt ze kréien.

Et ass en Aarbechtsgrupp, deen agesat gouf vun de Ministères de l'Intérieur a vun der Famille, fir eben iwwert deen Avant-projet, iwwert deen hei Rieds goung, ze schwätzen. Deen ass wéi gesot ganz komplex. Et geet do eng Kéier ëm d'Recht op Sozialhëllef, d'Recht net méi ofzehänke vun engem Office social oder vun engem Aarmebüro, wéi dat heiansdo heescht, mä wéi gesot fir do e richtegt Recht ze schafe mat engem Recours. Et géif och nach doranner bestoen, dass an deem Recht soll festgehal ginn, datt d'Leit sollen informéiert ginn an och administrativ begleet ginn an d'Affiliatioun an d'Sécurité sociale, eng Mise au travail, eventuell och Placementer an Institutiounen an och nach eng ganz Partie vun anere Punkten.

Dat Zweet, dat ass: Wien ass oder wie kann do Bénéficiaire dovunner sinn? Een drëtte Prinzip ass dee vun der Vereinfachung vun den Domiciles de secours; véiertens de Statut vun den Office-socialen; fënneftens och d'Bedeelegung vum Stat; a sechstens de Regroupement vun den Offices sociaux, vun deem den Här Angel elo geschwat huet.

Vu datt mir gesinn, datt dat also vill a komplizéiert Verhandlunge ginn, muss een och elo hei soen, datt als ganz groussen a wichtege Punkt awer och d'Autonomie communale heidra spillt, an datt et och wichteg ass, datt d'Gemenge mat op esou ee Wee ginn. Et ass elo hei gesot ginn, et ass virun allem zu Bouneweg, wou dat méi problematesch ass. Dat ass richteg, well eben do de Foyer Ulysse ass, deem seng Mataarbechter eng Kéier och vun dëser Plaz aus verdéngen, datt een hinne Merci seet fir déi Aarbecht, déi si do maachen. Mä awer och op anere Plazen am Lëtzebuerger Land an anere Gemengen gëtt dat dote gemaach a bestinn esou Infrastrukturen.

Et kann een natierlech ëmmer bedaueren, datt et der net méi sinn. Ech géing och vun dëser Plaz elo fir d'x-te Kéier en Appel maachen och un déi grouss Gemengen, besonnesch am Süden, ze kucken, datt mir méi Infrastrukturen esou zur Verfügung kréien, fir och deene Leit kënnen ze hëllefen.

Dann hu mir awer doriwwer eraus - an dat war och eng aner Fro vum Här Angel - gesot mat dem Intérieur a mat dem Ministère vun den Affaires étrangères a vun der Immigratioun ze kucken, ob et eng Méiglechkeet gëtt op méi engem einfache Wee ze kucken, datt déi Leit op eng Lëscht kënne kommen, datt si awer en Domicile kréien, iwwert dee si da vun enger Rei vun Hëllefe kënne profitéieren, well si iwwerhaapt do kënnen ageschriwwe ginn.

Mir wëssen, datt een den RMG nëmme ka kréien, wann een en Domicile fixe huet. Mir wëssen, datt een op anere Plazen och nëmme kann Hëllefe kréien, wann dat erreecht ass, sou datt mir dat probéieren ze maachen, mä ech denken awer, datt och näischt do ass, wat elo géing d'Gemengen ophalen, wa si wëlle mat op dee Wee goen, datt mir op anere Plaze sou Domicilen oder esou Plaze kënne festleeë fir eben deene Leit déi Méiglechkeet ze ginn, an domadder och ze verhënneren, datt wierklech awer och ze vill eng grouss Mass vu Leit mussen an der Stad sech aschreiwen, wat domadder och zu Problemer féiert do an deem Quartier, wou mir wëssen, datt dee souwisou ewell net einfach ass.

Also, jiddfereen ass niewent eis, déi mir eiser Responsabilitéit selbstverständlech bewosst sinn, do gefuerdert fir ze hëllefen, fir eng Hand mat unzeleeën, fir och déi Leit, déi keng grouss Lobby hunn, ze ënnerstëtzen, an net nëmmen déi, déi am haartste jäizen op der Strooss oder déi am meeschten nogelauschtert kréien. Dofir ass et wahrscheinlech ëmsou méi wichteg, dass awer jiddfereen sech beméit fir ze kucken och fir déi Leit eng digne an uerdentlech Äntwert ze fannen.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Fro Nummer fënnef. Mir inverséiere véier a fënnef, well dat d'Ministere besser arrangéiert.

Lo also d'Fro Nummer 47 vun der Madame Lydia Mutsch iwwert d'Generalversammlung vun der UCM. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Ech hu proposéiert ze inverséiere wéinst der Presenz vun de Ministeren.

## - Question N°47 du 31 mai 2005 de Madame Lydia Mutsch relative aux mesures décidées dans le cadre de l'assemblée générale de l'UCM en novembre 2004, adressée au Ministre de la Sécurité sociale

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 9. November 2004 huet d'Generalversammlung vun der Union des Caisses de Maladie eng Rei Mesuren décidéiert, mat der erklärter Absicht fir d'Entwécklung vun de Recetten a vun den Dépensen am Gréff ze behalen, awer och gläichzäiteg fir ee Changement an den Attitüden am Ëmgang mat eisem Gesondheetssystem ze bewierken.

Mengen Informatiounen no läit de Bilan vun de Krankekeese vum Joer 2004 elo vir. Ech wéilt als éischt vum Minister gäre wëssen, wéi dee Bilan ausgesäit a wéi eng Konklusioune senger Meenung no dorauser ze zéie sinn.

Des Weidere sinn déi ugeschwate Mesuren do iwwer een halleft Joer en vigueur, an ech wéilt och wëssen, ob a wéi si gegraff hunn a wéi hir Auswierkungen op d'Finanze vun eise Krankekeese sinn, awer och op d'Verhale vun den eenzelnen Acteuren zum Beispill am Ëmgang mat de Medikamenter - mir haten hei zum Beispill am Kader vun enger anerer Debatt iwwert den Abus vun Antibiotiquen oder anere Medikamenter geschwat -, an och wéi et mat den Efforten ass zum Beispill am Secteur hospitalier, wou jo och Aussoe gemaach gi waren.

Wat mech och géing interesséieren, dat wieren déi éischt Konklusioune vum Comité de pilotage, deen déi dote Mesurë jo sollt begleeden. Ausserdeem wier et och interessant hei gewuer ze ginn, ob de Conseil scientifique seng Aarbechte schonn opgeholl huet, well hie sollt jo ënner anerem Recommandatiounen de bonne pratique médicale ausschaffen.

Ofschléissend wéilt ech och gären de Minister froen, ob hien eis kéint soen, wéi eng Prioritéiten um Krankekeesenniveau fir d'Joer 2006 virgesi sinn.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Mutsch. Den Här Gesondheetsminister ass prett fir eng Äntwert; deen Här Gesondheetsminister, deen an dësem Fall schwätzt als Minister vun der Sécurité sociale.

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Dir kennt d'Geschicht: Am Oktober ware mir mat engem Defizit vu ronn 100 Millounen Euro an de Krankekeese konfrontéiert, an an der Generalversammlung vum 9. November, déi d'Madame Mutsch ugeschwat huet, sinn eng Rei vu Mesuren décidéiert ginn, fir den Equiliber vun de Krankekeesen am Joer 2005 erëm hierzestellen.

D'Madame Mutsch huet gefrot, wéi de Bilan fir 2004 ausgesäit. Effektiv läit dee Bilan an der Täschenzäit vir, an deen ass liicht, awer nëmme liicht méi gënschteg, wéi dat virge-

si war fir 2005. Mir ginn dovunner aus, dass mir mat deene Moossnamen, déi décidéiert gi sinn an déi zum Deel - an dat kann een elo scho soen - gräifen, op dee Bilan kommen, dee mir virausgesinn hunn, dat heescht ee fragilen Equiliber fir d'Joer 2005, wat ganz kloer zur Konklusioun féiert, dass och wann eng Rei vu Moossname gräifen net Entwarnung ka sinn an dass mer d'Entwécklung bei de Krankekeese ganz opmierksam am A musse behalen. Mir mussen, wann Elementer sech weisen, déi net normal sinn, dorop reagéieren.

D'Madame Mutsch huet eng Rei vu konkrete Froe gestallt. De Steiergrupp, deen d'Entwécklung bei de Keese soll dauernd am A behalen, an net nëmmen e puer Woche virun der Generalversammlung, dee fonctionnéiert. Deen ass a ronn 30 Sëtzungen an der Zwëschenzäit zesummekomm fir och d'Strategien ze entwéckelen, wéi mer an Zukunft mat de Krankekeese sollen ëmgoen. Wa gréisser Dossieren do sinn, gëtt dee Steiergrupp erweidert.

De Conseil scientifique, dee soll definéiere wat nëtzlech an noutwenneg am medezinesche Beräich ass, ass iwwer Règlement ministériel geschaf. D'Doktere wäerte bis Mëtt Juni hir Vertrieder eraginn. Dee Conseil scientifique huet awer informell schonn ugefaang mat schaffen, wäert also gutt Praktiken an der Verschreiwung an an der Behandlung vun de Krankheeten opzeechnen an déi, an dat ass wichteg, den Dokteren zoukomme loossen, fir dass se och déi bescht-méiglech Praktike kënnen applizéieren.

Eng flott Initiativ war dee gemeinsamen Appell vum Gesondheetsminister zesumme mat den Doktere, fir och schonn ouni Konklusioune vum Conseil scientifique sech op dat Nëtzlecht an dat Noutwennegt anzeschéissen.

Ganz gutt Aarbechte si geleescht gi bei der Beobachtung vun der Entwécklung vun de Krankmeldungen a mir sinn amgaang dee System ze perfektionéieren. Ech muss lech awer schonn elo soen, dass et, obwuel mer feststellen, dass ganz vill Doktere responsabel ëmginn, mer hei zu Lëtzebuerg konfrontéiert si mat - an ech zécken net fir dat esou auszeschwätzen - enger Minoritéit vu Krankeschäinsautomaten, wou een uewen 29 Euro agehäit a wou ënnen e Krankeschäin erauskënnt. An ech muss lech soen, déi Krankeschäinsautomaten, déi kréien de Stecker erausgezunn, well dat mat Medezin näischt méi ze dinn huet. Esou abusiv Praktiken treffen och beim Gros vun den Dokteren op wéineg Versteesdemech. Et gëtt natierlech och Beispiller, déi een op Assuréssäit ka bréngen.

Bei de Medikamenter, d'Madame Mutsch huet déi Fro gestallt, encouragéieren d'Resultater bei den Antibiotiquen, wou am Joer 2004 vis-à-vis vun 2003 de Konsum ëm 13% erofgaangen ass. Nodeem d'Campagne lancéiert war, am November, ass de Konsum ëm 18% gefall, a wéi se voll gegraff huet, am Dezember, ëm 35%. Dat wëllt net heeschen, dass d'Leit net méi déi Medikamenter kréien, déi se brauchen, mä datt se se nëmmen dann huelen, wa se se brauchen.

Déi nächst Prioritéit ass de Spidolssecteur, deen dynameschsten, dee mer am Juni wäerten ugoen a wou mer mam Secteur eng Rei vu Moossnamen ausgehandelt hunn, déi elo mussen implementéiert ginn.

Konklusioun - Här President, wann ech déi fënnef Sekonnen nach däerf hunn -: Encouragéierend Resultater, mä e ganz fragilen Equiliber, esou dass mer weider en Appell mussen un all Acteure lancéieren, fir am partnerschaftleche Geescht an am Responsabilitéitsgefill deen dote Wee weiderzegoen.

Ech soen lech en häerzleche Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass déi vun der Madame Viviane Loschetter iwwert d'Enseignants vacataires bei der Uni Lëtzebuerg. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

### - Question N°46 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative aux «enseignants vacataires» décrits dans l'article 39 de la loi du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg, adressée au Ministre de l'Égalité des chances

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Et ass eigentlech eng Fro aus dem Ressort vun der Uni Lëtzebuerg. Ech hat se awer bewosst un d'Chancëgläichheetsministesch gestallt, ebe fir déi horizontal Kompetenze vum Chancëgläichheetsministère ze ënnersträichen. Bon, ech stellen d'Fro, an da sinn ech gespaant wie mir dann drop äntwert.

Et ass esou, datt am Gesetz vun der Uni Lëtzebuerg am Artikel 39 drasteet, datt: «Les enseignants vacataires sont employés à plein temps auprès d'un autre employeur que l'université».

Elo wëssend datt et effektiv eng ganz Rei vu kompetente Frae sinn an och waren, déi eng Rei Coursë gehalen hunn, déi awer op anere Plazen, ënner anerem zum Beispill och zu Léiweng an der Éducateur-gradué-s-Schoul, waren, mä och déi an der Schoulmeeschterausbildung Coursë ginn hunn, déi awer op enger anerer Plaz kee plein temps haten, an déi duerch deen Artikel am Gesetz eben net méi kënnen e Vacatairesposten op der Uni Lëtzebuerg huelen, wat natierlech och den Taux vun de Fraen, dee schonn niddereg ass, op der Uni Lëtzebuerg nach erofdréckt, op jidde Fall net encouragéiert.

Dofir meng Fro un d'Chancëgläichheetsministesch, ob si net mengt, mat den horizontale Kompetenzen, déi de Chancëgläichheetsministère jo awer sollt hunn, sprich Mainstreaming, ob do net eppes, wat manifestement net an deem Sënn iwwerluecht gi war, kéint redresséiert ginn. Oder, d'Fro anescht gestallt, wat d'Chancëgläichheetsministesch gedenkt ze maachen, fir dass esou Saachen net méi virkommen.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Loschetter. Ech denken, dass de Minister zoustänneg fir d'Uni Lëtzebuerg déi horizontal Kompetenz huet, fir hei op d'Fro vun der Madame Loschetter ze äntwerten.

**M. François Biltgen**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- E puer Virbemierkungen, ier dass ech zum Haaptpunkt kommen.

Éischtens, hei geet et ëm e Gesetz, an dat Gesetz ass gestëmmt. Ech ka mech och net erënneren, dass Är Fraktioun, Madame Loschetter, déi Zäit géint dat Gesetz gestëmmt hätt wéinst deem dote Punkt. An och d'Madame Chancëgläichheetsministesch, déi selbstverständlech horizontal Kompetenzen huet, huet awer nach ëmmer Kompetenzen innerhalb vun eisem Rechtsstat. Dat heescht mat allem Engagement, deen se huet, deen ech kennen, ka si net, gradesou wéineg wéi ech, e Gesetz ausser Kraaft setzen. Dat elo mol scho fir d'éischt fir dee Punkt.

Zweetens, wat gewënscht war an deem Gesetz, dat war ganz einfach dat, dass e Vacataire, deen op der Uni ass - där mer der elo iwwregens relativ vill hunn, well mer déi vun der Vergaangenheet matgeholl hunn, an där mer der an der Zukunft och brauchen, well et gëtt der ëmmer manner a mir brauchen och an Zukunft Vacatairen, einfach fir och Leit ze hunn, zum Beispill där, déi am Privatsecteur sinn -, net nëmme soll vun der Uni ofhängeg sinn. Also keng Vacatairen, déi u sech e prekären Aarbechtskontrakt mat der Uni hunn, mä déi an iergendengem, se kënnen och Indépendant sinn iwwregens, déi eben en anere Beruff hu vun deem se liewen an dat heiten zousätzlech maachen. Dat war d'Iddi.

Recht hutt Der, wann Der sot, dass „plein temps" vläicht irreféierend ass. Do soen ech awer och, dass et nach ëmmer esou eppes gëtt am Liewe wéi eng Interpretatioun vun de Gesetzer, dee Moment wou se net wéi dinn a wou se konform sinn zu deem wat de Gesetzgeber wollt. Wat eis dozou an der Uni bréngt, wier selbstverständlech dat, de plein temps net op d'Spëtzt ze bréngen, fir ze soen: Du muss 40 Stonne schaffen. Mä ech kann lech och Beispiller gi vu Leit, déi net 40 Stonne schaffen, déi awer Vacataire sinn op der Uni. Dat heescht, mir maachen eng soupel Applikatioun vun deem dote Prinzip. Esou dass déi Suergen, déi Der hutt, déi sinn och an der Praxis gewaart.

Ech hu schonn e puermol hei an dësem Raum gesot, ech profitéieren nach eng Kéier dovu fir ze rappeléieren: Ech menge vill Leit, déi un der Uni interesséiert sinn, och denken och un de Ben Fayot, deen huet och gesot, mir sollen elo net ufänken, un deem Gesetz do hei an do épluchéieren ze goen. Mir sinn eis eens, dass mer virun Enn vun dëser Legislaturperiod sollen e Bilan zéie vun deem wat d'Gesetz bruecht huet an dann e Rapport do leien hunn, dass direkt déi nächst Regierung, déi nächst Chamber kann dat Gesetz adaptéieren. Woubäi ech mer och kéint virstellen, dass dat doten adaptéiert gëtt, an deem Sënn wéi ech virdru gesot hunn: E Vacataire soll ee sinn, deen net nëmme fir d'Uni schafft, mä deen aner Sources de revenu huet wéi déi vu senge Coursën, déi en op der Uni gëtt.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Madame Minister Jacobs!

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de l'Égalité des chances*.- Här President, ech wéilt just ee Wuert dobäi soen, fir déi Fro vun der Madame Loschetter, ob d'Chancëgläichheetsministesch awer kënnt intervenéieren. Ech denken, dass esou wéi an der Vergaangenheet, an och bei aneren Dossieren, wa mer mierken, datt iergendwou eppes ass oder gesot kréien, datt iergendwou Ongläichheete sinn, da kann ee selbstverständlech um Niveau vun deene verschiddene Ministèren de Leit dat soen, well ganz dacks ass dat jo do net gewosst.

Also wann Der esou Saache bemierkt - well da si mir och net déi Éischt, déi dat gesot kréien -, mä wann dat ass, dann ass et kloer, datt mer och probéieren ze hëllefen dat an d'Rei ze kréien, an net datt mer eis dofir net géingen interesséieren. Mä et bleift ëmmer, datt de Ministère an de Minister, deen zouständeg ass, selbstverständlech d'Responsabilitéit huet. A mat deenen horizontale Kompetenzen huet een net d'Recht fir engem anere virzeschreiwen, wat en ze maachen huet. Mä e ka probéieren, iwwer e gudde Wee an eng gutt Interventioun, awer de Leit ze hëllefen zu hirem Recht ze kommen.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Minister. Déi nächst Fro ass eng Fro vun der Fraktioun vum ADR. Den Här Jaerling wëllt vum Aarbechtsminister Informatioun hunn iwwert d'Ausbezuele vun Entschiedegunge beim Centre national de formation professionnelle continue. Elo ass awer de Minister de Moment net heibannen.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Oh, ech mengen, hie weess wat ech mengen.

***(Hilarité et interruptions)***

**M. le Président**.- All déi nächst Froen, déi kommen, sinn…

Ah, elo ass den Här Aarbechtsminister erëm do. Dann, Här Jaerling, hutt Dir d'Wuert.

***(Interruption et hilarité)***

### - Question N°48 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative au paiement des indemnités auprès du Centre national de formation professionnelle continue, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am CNFPC, dem Centre national de formation professionnelle continue, gëtt et eng Rei Weiderbildungsmesuren, déi mat enger Entschiedegung rémunéréiert ginn. Et ass mer elo zougedroe ginn, dass dës Entschiedegunge länger Zäit net bezuelt goufen an och nëmmen nach solle bis am Heemount dëst Joer bezuelt ginn.

D'Ursaache fir d'net Ausbezuele vun den Entschiedegunge solle bei engem Reglement leien, wat net rechtzäiteg verfaasst an och net publizéiert ginn ass. Des Weideren ass och d'Kompetenzopdeelung tëschent deenen zwee Ministèren net grad förderlich gewiescht, fir dass déi Entschiedegungen am Fong solle rechtzäiteg ausbezuelt ginn. Engersäits ass den Educatiounsministère zouständeg fir d'Weiderbildung an den Aarbechtsministère fir d'Ausbezuele vun den Entschiedegungen.

***(M. Laurent Mosar prend la Présidence)***

En Deel vun den Erwuessenen-Entschiedegunge sollen elo ausbezuelt gi sinn, déi vun de Jugendlechen awer nach net. Wann elo déi Entschiedegunge vum Heemount un net méi bezuelt solle ginn, fannen ech dat einfach schlëmm, et verstéisst och géint déi ugekënnegt Bildungsoffensiv an ass konträr zur ugekënnegter Idee vum lifelong learning. Déi Entschiedegungen haten enger Rei vu Jonken an Erwuessenen den Usporn ginn, fir sech weiderzebilden. Déi Entschiedegunge waren och besonnesch fir Familljen, déi net vill Revenuen hunn an deenen hir Kanner awer nach eng Weiderbildung onbedéngt brauchen, eng substantiell Ënnerstëtzung.

Et kann net sinn, dass dës Entschiedegungen elo aus pure Finanzgrënn ofgeschaaft ginn!

Dofir meng Froen un den Här Aarbechtsminister: Wéisou ass dat Reglement, fir déi Entschiedegunge kënnen auszebezuelen, esou laang net verfaasst ginn a publizéiert ginn, dass do Problemer entstane sinn? Sinn déi ausstehend Entschiedegungen all ausbezuelt? Wann Neen, wéini gi se ausbezuelt? Stëmmt et, dass déi Entschiedegungen ab dem Heemount 2005 net méi sollen ausbezuelt ginn? Wa Jo, kann den Här Aarbechtsminister mer soe firwat? Ass déi finanziell Situatioun vum Stat esou dramatesch, dass elo grad muss bei deene gespuert ginn, déi duerch eng Weiderbildung sollen eng Chance um Aarbechtsmaart kréien?

**M. le Président**.- Den Här Aarbechtsminister François Biltgen huet d'Wuert.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, zu dëser Fro hunn ech kee Problem um Fong ze äntwerten, ech hunn awer e Problem mat der Prozedur. An deem Sënn, dass genee dat dote mer gefrot goufen iwwer eng schrëftlech Fro vun der Madame Vera Spautz; eng schrëftlech Fro vun där ech muss zu menger Schan zouginn, dass mer se net - dat sinn och esou déi Avatarë vun der Présidence - dans les délais utiles schrëftlech beäntwert hunn, obwuel d'Madame Spautz meng mëndlech Äntwert krut. Mä schrëftlech ass se nach net erakomm. Dat war eng Fro vum 23. Mäerz. Ech ginn lech elo déi Äntwert.

Ech hunn elo just de Problem, eigentlech misst ech lech elo dann déi schrëftlech Äntwert hei virliesen op Franséisch. Et sief dann Dir géift mech dispenséieren dat virzeliesen, mä dat ass eng Saach, déi sech un d'Madame Spautz adresséiert, vu dass si awer hei Prioritéit huet. Wa se d'accord ass…

**Une voix**.- …dat Wuert „Heemount" iwwersetzen.

***(Hilarité)***

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Jo, de Juin, dat ass…

**M. le Président**.- Här Minister, ech géif proposéieren Dir géift…

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- An deen nächste Mount ass de Karschnatz - just fir lech ze informéiere wéi dat weidergeet.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Här Minister, ech géif da proposéieren Dir géift déi Äntwert a lëtzebuergescher Sprooch ginn. Ech ka mer virstellen, datt d'Madame Spautz och domadder d'accord ass.

**Une autre voix**.- Mir verstinn och Franséisch.

**M. le Président**.- Ech sinn dovunner iwwerzeegt.

**Mme Vera Spautz** *(LSAP)*.- Ech sinn domadder d'accord, well ech frou sinn endlech eng Äntwert dann ze kréien. Jo.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Dir hat se jo scho mëndlech kritt.

De Problem ass deen, dass mer effektiv hei verschidde Problemer hunn. Deen een ass deen, dass de Fonds pour l'Emploi eng Section spéciale huet fir d'Formation professionnelle, wat Misère mécht an deem Sënn, dass de Fonds pour l'Emploi do ass fir Demandeurs d'emploi ze ënnerstëtzen an d'Formation professionnelle awer nach aner Viséen huet. Dat leeft awer iwwert de Fonds pour l'Emploi mat deem Sënn, dass de Ministère de l'Éducation nationale u sech zouständeg ass an dat iwwer mäi Ministère muss ausbezuelt ginn. Dat heescht, mir sinn eigentlech just Payeur. Mir hunn näischt mat der Saach ze dinn, mir si just Payeur.

De Problem ass deen, dass mir an eisem Haus, wéi all Haiser, e Contrôleur financier sëtzen hunn, an dass et entgéint deem wat a verschidde Pressenorgane stoung, notamment an där allersatireschst, hei net Beamte vu mengem Haus dergéint ware fir eppes auszebezuelen, mä dass de Contrôleur financier gesot huet, hie kéint dat net méi ausbezuele, an en huet also meng Ënnerschréft réckgängeg gemaach, well keng Base légale, respektiv réglementaire virläit - op dee Punkt kommen ech nach eng Kéier zréck.

Mir hunn du laang verhandelt mam Contrôleur financier, a wéi mer bal eens waren, huet awer dunn d'Direction vum Contrôle financier gesot, dass se dat net kéint akzeptéieren.

Ech hunn dunn dat gemaach, wat ech net gäre maachen, mä ech soen dat dann direkt dem Här Grethen, da weess hie Bescheed, dass hie mech elo deemnächst convoquéiert, ech hunn dunn e „passer outre" gemaach, wat mer natierlech dann direkt d'Foudren unzéie kann vun der Comexbu a vun der Cour des Comptes. Ech sinn also absolut bereet, fir och déi Affär an d'Comexbu erklären ze kommen, well ech mengen do eng Partie Argumenter ze hunn, fir mäi „passer outre" ze erklären.

De Problem ass, dass déi Indemnités de formation schonn an deene vergaangene Joren ausbezuelt goufen ouni Base légale. Ech hunn du selwer nach d'Initiativ geholl an der viregter Regierung - d'Madame Brasseur weess sech drun ze erënneren - am PAN-3-Gesetz, wat mer am Joer 2003 gestëmmt hunn, fir eng Base légale ze schafen. Elo kënne mer endlech dat bezuelen, mir hunn d'Base légale. Mir hunn awer nach keng Base réglementaire.

Mir haten an enger éischter Phas e Projet de règlement ausgeschafft, deen awer och vum Statsrot negativ aviséiert gouf, an zënterhier hu mer nach eng ganz Partie Iwwerleeunge gemaach, déi mer och elo vläicht an der Debatt uginn, nämlech déi vum Problem vun der Employabilitéit vun de Leit, well ee vun de Problemer deen ass, dass wa mer Demandeur d'emploi denken, dass et do net drëm geet fir Leit ze beschäftegen einfach esou an enger Formatioun, mä dass et drëm geet duerch déi Formatioun se op eng Schaff ze kréien.

D'Formation professionnelle kann awer aner Viséeën hunn, an dat ass e bësselchen dee Punkt, dee mer hei hunn, den Ënnerscheed ze maachen, tëschent deem wat d'Formation professionnelle mécht an tëschent deem wat de Fonds pour l'Emploi ka maachen, well de Fonds pour l'Emploi, dee muss d'Leit kënnen op d'Aarbechtsplaz bréngen.

Dofir hu mir eng Partie Problemer och gehat mat verschidden Associatiounen, déi natierlech wollte Leit ausbilden, ouni dass déi elo direkt géifen op eng Schaff kommen, wat d'Schwieregkeet mat sech bréngt, dass een nëmme Sue ka kréie vum Fonds pour l'Emploi wann een Demandeur d'emploi ass. Da wa mer se zwéngen, sech als Demandeur d'emploi anzeschreiwen, da setze mer eise Chômage artificiel an d'Luucht, well déi Leit awer vläicht net onbedéngt - ech denken do si ganz vill Fraen nämlech do dobäi - wëlle schaffe goen, mä si wëllen awer weidergebilt gi fir vläicht spéiderhin eng Kéier dat ze maachen.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Dat sinn also déi Punkten, déi mer elo amgaange sinn ze léisen a mir hunn do en Aarbechtsgrupp agesat zwëschent dem Ministère vun der Éducation nationale an dem Ministère du travail. Mäi „passer outre" leeft elo bis de 15. Juli, dat heescht sämtlech Leit…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Här Minister, passez outre!

***(Hilarité)***

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Ech wëll Iech just soen, Här President, dass ech annerhallef Minutt virdru gespuert hunn. Ech hat alt gemengt ech kéint kompenséieren,…

***(Hilarité)***

…mä Dir sidd nach an deem ale Regime vun der Schoul, bei Iech gëtt et kee Kompenséieren. J'en prends acte.

Also nach eng Kéier, ech hunn e „passer outre" gemaach. D'Leit kréien dat ausbezuelt bis de 15. Juli. Bis dohinner hu mer nei Proposen um Dësch leien, an da wäerte mer och mam Contrôle financier wahrscheinlech en Accord fannen, fir dat doten auszebezuelen.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Ech ginn Iech awer nach déi schrëftlech Äntwert op der Madame Spautz hir Fro.

**M. le Président**.- Très bien. Déi nächst Fro ass déi vun dem Här Aly Jaerling iwwert d'Indemnité de réemploi, och un den Aarbechtsminister. Här Jaerling!

### - Question N°50 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative à l'indemnité de réemploi, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, wann eng Persoun, déi bei der ADEM ageschriwwen ass, eng Plaz unhëlt oder eng Persoun, déi entlooss gëtt, eng Plaz unhëlt, wou se manner verdéngt wéi op hirer ursprénglecher Plaz, dann huet se Urecht op en Ausgläich vun der ADEM, op d'Indemnité de réemploi.

Et gëtt Leit, déi eng Plaz unhuelen, souguer a Beschäftegungsmesuren, fir net doheem ze vergadderen an déi meeschtens de Mindestloun kréien an dofir op déi Indemnitéit ugewise sinn. Mir solle frou sinn, wann nach Leit bereet sinn dee Schrëtt ze maachen, an dofir sollte mer och dofir suergen, datt se dat wat se zegutt hunn och an engem räsonnabelen Délai kréien. Leider ass et awer esou, datt d'Ausbezuele vun där Indemnité de réemploi alt bis zu fënnef Méint hannendran ass, well anscheinend d'Servicer iwwerlaascht sinn.

Dofir meng Froen un den Här Aarbechtsminister: Ass d'Ausbezuele vun der Indemnité de réemploi duerch d'Iwwerlaaschtung vun de Servicer e Problem? Wa Jo, wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, datt d'Leit hir Suen an engem vernünftegen Délai zougestane kréien, an zwar wéi versprach all Mount? Oder gëtt et aner Ursaachen, wuerfir déi Indemnitéit net rechtzäiteg ausbezuelt gëtt?

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet nach eng Kéier an eng leschte Kéier den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Jo, den Här Jaerling stellt mer eng Fro iwwert d'Regelméissegkeet vum Ausbezuele vun der Indemnité de réemploi. Dat ass richteg, ech kréien dowéinst och regelméisseg Bréiwer. Ech hunn dofir och nach eng Kéier ganz kierzlech d'Direktioun vun der ADEM drop opmierksam gemaach - well dat leeft iwwert d'ADEM - mer ze soen, wuerfir et verschidde Mol méi laang dauert. Dat hänkt wierklech vun den Dossieren of.

Et ass selbstverständlech esou, dass mer ganz vill Dossieren hu vun där Aide de réemploi, et ass eng immens wichteg Moossnam fir Leit ze incitéiere schaffen ze goen, well mer oft de Problem hunn, a mir komme vläicht herno an der Debatt erëm drop zréck, dass och Leit net ëmmer, och Demandeurs d'emploi, interesséiert si schaffen ze goen, well se soen: „Ma eigentlech fir déi puer Suen! Elo maachen ech näischt an ech kréie Suen, a wann ech da Sue kréien, dat Wéineg wat ech méi kréien - oder heiansdo kréien ech manner, dofir ginn ech net." Dofir ass d'Aide de réemploi eng vun eisen am meeschten efficacë Mesuren. An dofir wiisst déi Zuel och steeteg vun den Indemnités de réemploi.

Dat huet eppes heiansdo domat ze dinn, wéini d'Dossieren erageereecht ginn; et huet och eppes domat ze dinn - dat ginn ech ganz gären zou an hoffen dann, dass d'Chamber mer Ënnerstëtzung gëtt an der nächster Debatt -, dass mer vläicht méi Leit - an dofir stinn ech awer an - méi Leit drop gesat hu fir den Demandeurs d'emploi ze hëllefen, wat mol nach net ëmmer duergeet, well ech nach regelméisseg Reklamatioune kréien. Nach haut hunn ech zwee Bréiwer kritt vun Demandeurs d'emploi, déi mer gesot hunn, si hätten eigentlech ni eng Assignatioun kritt. Gutt, dat ass net ëmmer richteg, wat d'Leit schreiwen, mä ech ginn deem awer ëmmer no. Mir hunn also versicht an der ADEM haaptsächlech d'Leit drop ze setzen, fir ze kucken dass mer deene Leit, déi eng Schaff sichen, kënnen hëllefen. Dofir kann dat Retardë kréien. Ech wäert mech mat der Direktioun vun der ADEM zesummesetzen, fir dat ze maachen.

An där schrëftlecher Fro, déi den Här Jaerling eraginn hat, huet e geschriwwen, ob gewënscht wär - ech wëll dorop agoen, well et schrëftlech war an doduerjer un d'Press gaangen ass -, ob geduecht fir déi Aide de réemploi ofzeschafen. Dat steet an Ärer schrëftlecher Fro dran.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Neen, dat war meng Fro vu virdrun.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Ah, okay! Dann äntwerten ech nach eng Kéier op déi Fro vu virdrun, ech kompenséieren erëm eng Kéier d'Zäit: Also dat ass Quatsch.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Dann eng lescht Fro, déi vun der Madame Loschetter iwwert d'Aarbechtszäit. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

### - Question N°49 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à la proposition de directive concernant l'aménagement du temps de travail, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Jo, ech hunn eng Fro iwwert d'Aarbechtszäitdirektiv, dat heescht Aménagement du temps de travail. Et ass ee vun de wichtegste sozialpoliteschen Dossieren, déi mer elo hei an der Présidence hunn.

Et ass och esou, datt eisen Aarbechtsminister am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence muss mat enger gewëssener Diplomatie un deen Dossier do erugoen. D'nächst Woch ass de Sozialsommet, wou ënner anerem och iwwert déi Aarbechtszäitdirektiv geschwat gëtt, an dofir wollt ech am Fong geholl profitéieren, fir haut am Kader vun der Chamber awer och eise Lëtzebuerger Aarbechtsminister ze froen, wéi dann d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung an deem Dossier ass.

An zwar wollt ech méi prezis wësse wéi wäit déi Lëtzebuerger Regierung zum „opt-out" steet; wat de Lëtzebuerger Aarbechtsminister d'nächst Woch um Sozialsommet wäert vertrieden; ob d'Lëtzebuerger Regierung dem Vote vum Europaparlament kann nogoen, oder wat fir eng Kompromësser d'Lëtzebuerger Regierung wäert maachen.

Zu därselwechter Direktiv wollt ech am Fong geholl och d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung wëssen zum Temps de garde. Et ass e bëssen onkloer fir eis, an dofir wollt ech déi Saach hei och nach ënnersträichen, a wär frou, wann den Aarbechtsminister eis eng Äntwert kéint ginn, well zu engem gewëssene Moment am Europaparlament zwee vun dräi Europadeputéierte vun der CSV - d'Madame Lulling an d'Madame Hennicot - an engem kruzialen Amendement géint d'Urechnung vum Temps de garde als Aarbechtszäit gestëmmt hunn, den Här Spautz awer net. Si hunn zwar herno fir de gesamte Bericht gestëmmt.

Dofir wollt ech am Fong geholl froen, wat d'Positioun ass. Sinn se do ëmmer enger Meenung? Gëtt do eng eenzeg Positioun vertrueden, a wat seet den Aarbechtsminister d'nächst Woch am Sozialsommet zu der Urechnung vum Temps de garde?

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Loschetter. Den Här François Biltgen, Aarbechtsminister, huet d'Wuert.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Jo, Här President, ech stelle mat Bestierzung fest, dass meng regelméisseg Efforten, zënter dass ech Minister sinn, fir an d'Kommissiounen ze goen an d'Kommissioune regelméisseg iwwert d'europäesch Dossieren ze ënnerhalen, einfach onfruchtbar sinn. Well ech nämlech dat doten elo, ech weess net wéi oft schonn, an der Aarbechtskommissioun en long et en large explizéiert hunn.

Mir sinn nämlech eis och eens gewiescht, dass ech den nächste Méindeg, 6. Juni, um 16 Auer zréckkomme fir Iech ze soen, wat do erauskënnt.

**Une voix**.- Dann ass et scho gelaf, Här Minister.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Jo, mä ech hu virdrun alles an der Kommissioun gesot.

Elo kommen natierlech eng Partie nei Momenter. Jo mä, wann Dir e bëssen Zeitunge gelies hätt, géift Der déi nei Momenter kennen, mä da soen ech Iech, wat an den Zeitunge steet.

Här President, ech brauch e bësse méi laang Zäit hei!

De Problem ass deen, et muss een nämlech wësse wéi eng Direktiv et ass. D'Aarbechtszäitdirektiv ass ee vun deene kruziale Punkte vum sozialen Europa, an do brauch een e bësselche méi Zäit wéi elo just hei sou aus der Hëft ze schéissen.

Also d'Aarbechtszäitdirektiv ass aus dem Joer 1994. An där Aarbechtszäitdirektiv ass virgesinn, dass d'Referenzperiod véier Méint ass, a währenddeem enger Referenzperiod vu véier Méint ee ka maximal 48 Stonne schaffen. Dat steet 1995 dran, allerdéngs steet 1995 dran, dass ee kann en „opt-out" maache vun där 48-Stonne-Woch.

„Opt-out", dat wëllt soen, de Patron an de Salarié kënnen eens ginn, fir méi laang ze schaffe wéi 48 Stonnen an der Woch. Dat war deemools geduecht fir d'Englänner. Allerdéngs steet an der Direktiv selwer «un État membre», an dat ka jiddferee sinn. Dat ass dat, wat elo Misère mécht, well notamment vun deenen neie Memberlänner eng Partie wëllen op deen „opt-out" goen.

Ech kommen nach eng Kéier op d'48-Stonne-Woch zréck. 48 Stonnen, dat wëllt net soen, dass keng Iwwerstonne méiglech sinn. Och no der Direktiv vun 1995 kann ee bis zu 72 Stonne schaffe pro Woch, virausgesat et kompenséiert een innerhalb vu véier Méint fir op 48 Stonnen zréckzekommen an der Referenzperiod.

An där Direktiv vun 1995, 1994 besser gesot - et ass 1994 - stoung awer och, dass d'Kommissioun misst e Rapport maachen iwwert den „opt-out" no zéng Joer. Dee Rapport huet d'Kommissioun gemaach, an an deem Rapport huet d'Kommissioun festgehalen, dass den „opt-out" net soll ofgeschaaft ginn, mä dass den „opt-out" soll verlängert ginn. Dat ass ee vun de Sträitpunkten tëschent de Sozialpartner, awer och tëschent de Länner, dass den „opt-out" soll verlängert ginn. Et muss een och wëssen, dass entre-temps déi Arrêtë SIMAP/Jaeger waren. D'Arrêts SIMAP/Jaeger, déi sech un…

Jo, wann et Iech net interesséiert, dann…

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wollt just d'Positioun vun der Regierung hunn, wa se d'nächste Kéier op de Sommet geet. Et ass jo léif, dass Dir eis dat erklärt, mä Dir äntwert net op meng Fro.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Also, elo wëll ech Iech mol soen, ech weess éischtens näischt vun engem Sommet. Ech kennen näischt vun engem Sommet. Wann ech Zäit hunn, géif ech Iech vläicht gären erklären ëm wat et geet. Well e Sommet gëtt et net, also ech kenne kee Sommet, wou ech elo misst goen.

Ech hunn allerdéngs iwwermar, an dofir sinn ech och ganz interesséiert, wann ech hei schwätzen, de Sozialministerrot, wou dee Punkt um Ordre du jour ass, an dat hunn ech Iech d'leschte Kéier an der Kommissioun erkläert. Dofir hunn ech Iech gesot, dass ech géif de 6., den nächste Méindeg, bei Iech komme fir ze soen, wat erauskomm ass.

Ech erklären Iech elo nach eng Kéier d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung, wéi ech se d'leschte Kéier an der Kommissioun erklärt hunn. Mä dofir brauch ech awer e bëssen Zäit. Well ech mengen, dass Dir net alles verstanen hutt.

Mä nach eng Kéier also, zënterhier sinn d'Arrêtë SIMAP/Jaeger komm.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Jo, lauschtert, de Minister ass amgaangen hei eng Fro ze erklären, déi ganz wäit gestreet ass. Entweder si mer elo d'accord, datt en dat a Rou mécht, an da lauschtere mer no, oder awer wann alles erkläert ass, da brauch de Minister dat net nach eng Kéier hei ze erklären.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Also, et muss een einfach wëssen, dass och zum Beispill a Frankräich déi Aarbechtszäitdirektiv een Element ënner ville war - well et war net nëmmen d'sozial Europa a Frankräich wat virstoung, et waren och ganz aner Saachen -, mä am soziale Europa war d'Aarbechtszäitdirektiv ee vun de kruziale Punkten. Dofir wann ech scho mierken, dass an der Kommissioun net alles verstane gëtt, wat ech gesot hunn, da sinn ech frou et elo hei nach eng Kéier ze erklären, well et ass wierklech e politesche Problem, dee wichteg ass.

Also, mir hunn engersäits den „opt-out"-Problem an dann hu mer SIMAP/Jaeger. Do huet d'Cour de Justice gesot, entgéint deem wéi d'Länner et normalerweis virdru gemaach hunn, dass solle Perioden, wou en Dokter, eng Infirmière oder soss Gesondheetspersonal am Spidol sinn, awer net schaffen, dass déi net solle als Aarbechtszäitperiod considéréiert ginn, mä als Roueperiod. Déi Arrêts SIMAP/Jaeger waren en zweet Element.

D'Kommissioun huet dunn déi zwou Saachen, an dat fannen ech richteg esou, matenee verknäppt, fir ze soen: Gutt, mat SIMAP/Jaeger komme mer de Länner entgéint, a mir soen méi Aarbechtszäit, déi Period wou d'Leit am Spidol schlofen oder wat och ëmmer, an

net schaffen, déi zielt net als Aarbechtszäitperiod, mä en contrepartie gi mer méi streng mam „opt-out“.

Déi Diskussioun, déi hate mer elo während ville Joren a Méint, wat mer domadder maachen, woubäi et natierlech zwee grouss Campë gëtt.

Et gëtt engersäits dee Camp, zu deem och Lëtzebuerg traditionell gehéiert, dee seet: „opt-out“, dat ass eng Häresie par rapport zum Aarbechtsrecht. Et muss ee wëssen, d'Aarbechtsrecht huet u sech ugefaangen, andeem ee gesot huet, et kann net sinn, dass den Employeur mam Salarié eens gëtt, well et ass een dee Staarken ent dee Schwaachen an de Salarié ass dee Schwaachen, also musse mer dee schützen. Mam „opt-out“, dass kënnen den Employeur an de Salarié eens gi fir méi wéi 48 Stonnen an der Moyenne ze schaffen, dat ass an deem Sënn eng Häresie. Et gëtt dee Camp, deen huet eng gewësse Minoritéit, an et gëtt deen anere Camp, dee seet Fräiheet, „freedom of choice“, wéi d'Engländer dat nennen, du muss këne bereet sinn ze schaffe wéi s de wëlls.

Eist Argument war ëmmer dat fir ze soen, majo hei ass d'Base légale „Sécurité&Santé“. Ech ginn ëmmer als Beispill de Fait, dass ech mer natierlech ka virstellen, dass ee mat 25 Joer vun der Uni kënnt an da bereet ass, bis 35 Joer 80 Stonnen d'Woch ze schaffen a keng Vakanz ze maachen. Entweder huet en da mat 35 Joer esou vill verdéngt, dass e kann an d'Karibik fuere bis zum Rescht vu sengem Liewen, oder - an dat ass leider méi oft fir mech de Fall - e schafft an engem Secteur wou en net dat verdéngt an ass mat 35 Joer gesondheetlech esou ugeschloen, dass en dann herno eng Belaaschtung gëtt fir eis Gesondheetssystemer. An ee vun deene wichtegsten Elementer am Lissabon-Prozess ass jo just, de Gesondheetssystem an d'Sozialsystemer laangfristeg ofzesécheren.

Zënterhier hu mer Blocage. D'Holländer hate versicht während hirer ganzer Présidence erauszekommen. Dat hat ech, mengen ech, och schonn hei an der Chamber, souguer och öffentlech an der Chamber gesot, net nëmmen an der Kommissioun. Déi haten e Virschlag gemaach, deen awer du vun alle Säite refuséiert ginn ass, notamment vun der Kommissioun.

Et muss een nämlech d'Prozedur kenne wéi et geet. D'Prozedur ass déi, dass d'Kommissioun um laangen Hiewel sëtzt. Mä mär hunn hei Codécision. Wat heescht dat? De Conseil an d'Parlament mussen eens ginn. Am Parlament geet et duer eng Majorité relative ze hunn, also eng Majoritéit vu 50%. Am Conseil muss een entweder eng Majorité qualifiée hunn oder, wann ee wëllt géint eng Propos goe vun der Kommissioun respektiv déi d'Kommissioun net matdréit, muss een eng Unanimitéit hunn.

Mat enger knapper Majoritéit, 53 géint 47%, ass d'Kommissioun ganz wäit gaang am „opt-out“, an deem Sënn dass se gesot huet, no dräi Joer gëtt et keen „opt-out“ méi. Dat ass also eng Positioun, déi ganz däitlech an deem Sënn ass vun deene Länner, déi éischter déi sozial Approche hunn, a ganz däitlech vun Ufank un - an do gouf et vill Deklaratiounen, déi Der konnt, wann Der lech e bëssen d'Méi gemaach hutt, an den Zeitungen, an der Télee a sou weider noliesen - vum Tony Blair a Konsorten, fir ze soen, dat kënnt fir eis iwwerhaapt net a Fro, dass den „opt-out“ ofgeschaf gëtt.

Elo läit de Ball erëm zréck, nach net direkt beim Conseil, mä fir d'éischt bei der Kommissioun, well d'Kommissioun muss sech ëmmer prononcéiere par rapport zu den Amendementer vum Europaparlament. D'Kommissioun muss da soen, entweder ech akzeptéieren dat Amendement oder ech akzeptéieren dat Amendement net. Wann d'Kommissioun en Amendement net akzeptéiert an de Conseil wëllt doriwwer ewechgoen an eng Positioun huele wou en dem Europaparlament Recht gëtt, muss en eng Unanimitéit hunn.

Elo muss een natierlech wëssen, dass dat onméiglech ass an deenen heite Froen, wa mer wëlle weiderkommen nëmme mat enger Majoritéit. Och déi ass schwiereg, well op deenen zwou Säite Minorité-deblocagë sinn.

De Problem ass also elo deen: Wat mécht d'Kommissioun? D'Kommissioun huet haut de Mëtten, wéi Der dat vläicht matkritt hutt, eng nei Propos op den Dësch geluecht an d'Kommissioun seet notamment fir den „opt-out“, dass no dräi Joer Schluss ass an dass awer kënne Länner, déi wierklech Schwieregkeeten hunn dat ëmzesetzen, eng Derogatioun bei der Kommissioun froen. Déi Propos ass elo eréischt de Mëtte just erauskomm. Déi Propositioun, do muss ech elo héiere wat en Donneschdeg d'Leit dozou soen.

D'Zil vun der Lëtzebuerger Présidence ass éischtens, e Kompromëss ze fannen, well wa mir en Accord politique an éischter Lecture hunn ënner Lëtzebuerger Présidence, da geet nämlech de Ball zréck bei d'Europaparlament an da kann d'Europaparlament erëm eng Kéier weiderschaffen un deem Dossier.

Wa keng éischt Lecture ofgeschloss gëtt ënner Lëtzebuerger Présidence, ass et net gesot, dass iwwerhaapt eppes duerno geschitt mat där Fro dass dann den „opt-out“ géif weiderfueren. Dat ass elo e bësselchen de Punkt. Selbstverständlech hätt ech gär esou e gutt wéi méigleche Kompromëss. Dat gëtt eis ganz Diskussioun, déi mer en Donneschdeg do féieren. Dofir ass et elo wichteg ze wëssen, wat déi eenzel Länner soen. Et muss een natierlech wëssen, dass d'Saach net méi einfach ginn ass doduerch dass d'Engländer Wahlen haten, quitte dass ech mat deemselwechte Minister do nach ze dinn hu wéi virdrun.

A Frankräich wësst Der wéi de Referendum ausgaangen ass. Dat stäerkt d'Positioun vu Frankräich an deem doten Dossier net. An ech weess och nach net - ech hu just héieren, dass en neie Premier do ass -, ech sinn nach net gewuer ginn, obwuel ech versicht hat et gewuer ze ginn, mä dat sinn ech iwwert d'Press bis elo nach net gewuer ginn, ob mäi Kolleeg nach ëmmer mäi Kolleeg ass.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Esou, Här Biltgen, Dir musst awer elo zum Schluss kommen. Dir hutt eis hei wierklech ganz...

***(Interruptions diverses et hilarité)***

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, gutt, Här President, da maache mer eng Kéier en Débat d'actualité iwwert...

**M. le Président**.- Jo, Här Minister.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wär souwisou ganz frou, also ech hu kee Problem fir net nëmmen an der Kommissioun ze schwätzen iwwer europäesch Dossieren, mä och am Plenum, well ech mengen, dass ee vun de Problemer mat dem Versteesdemech par rapport zur Europapolitik deen ass, dass mer net genuch iwwer Europapolitik schwätzen. Mä si ass just heiansdo méi komplex fir dass ee se kann an zwou Minutten ofhaken.

**M. le Président**.- Jo. Mä dofir hunn ech lech och zéng Minutte ginn an dofir soen ech lech och elo Merci, dass Der dat esou explizit behandelt hutt.

***(Interruptions diverses et hilarité)***

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wollt awer eigentlech soen, ech hunn dat matkritt, d'Madame Loschetter wollt am Fong awer och wëssen, wat da genau d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung ass an deem ganzen Dossier.

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, dat war d'Fro.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Mir hunn hei elo e klengen Exposé gehale kritt wat d'Positioun ass vu ganz Europa. Mä wa mer an Zukunft wëllen de Subsidiaritéitsprinzip am nationale Parlament eescht huelen, da musse mer zu allen Dossiere wëssen,…

**M. le Président**.- Jo.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- …wat d'Lëtzebuerger Regierung wëlles huet ze vertrieden. Dat hu mer net gesot kritt.

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Genau dat! Genau.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Also et muss een emol éischtens den Ënnerscheed maachen tëschent deem, wat d'Lëtzebuerger Regierung wëllt, an tëschent deem, wat d'Lëtzebuerger Présidence muss maachen.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Majo, wat ass dat dann?

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Also d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung hunn ech awer op d'mannst zéngmol a verschiddenen Instanze vun der Chamber gesot! Mir si géint den…

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Dann hätt Der se nach eng Kéier hei solle soen! Dat war d'Fro vun eis. Wann dat esou ass.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- D'Fro, Här Bausch, déi d'Leit dobaussen interesséiert, dat ass net wat d'ursprünglech Positioun vun der Regierung ass, mä dat ass wat herno erauskënnt!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President!

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Well wann d'Lëtzebuerger Regierung déck an d'Flilleke klappt an herno bleift den „opt-out“ bestoen, dann hu mer e Problem mam sozialen Europa! An et geet der Lëtzebuerger Présidence drëm fir hei en uerdentlechen Dossier ze maachen!

**Une voix**.- Très bien!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President!

**M. le Président**.- Den Här Bausch nach eng Kéier ganz kuerz an da gëtt déi Fro hei ofgeschloss!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech muss lech soen, wann hei eng Deputéiert vun enger Fraktioun eng Fro stellt, eng ganz prezis Fro stellt, nämlech - an egal wat fir engem Dossier datt dat ass - wat d'Positioun ass vun der Lëtzebuerger Regierung zu engem Dossier x, da mengen ech, datt et normal wär, datt et net um Minister wär ze jugéieren, wat hie mengt wat elo wichteg ass wat een dorop sollt eventuell äntwerten, mä datt e soll prezis op d'Fro äntwerte vun der Deputéiert. Dat schéngt mir awer eng Evidenz ze sinn!

**M. le Président**.- Ech plädéieren dat zanter Méint hei!

***(Hilarité)***

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Maja! Merci, Här President.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wëll nach eng Kéier soen, dass Der lech wierklech d'Saach einfach maacht mat deem doten Dossier, deen e wichtegen ass vum sozialen Europa.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Mä mir hunn näischt gesot! Mir hu just hei…

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Mä mir sinn an enger Présidence! An d'Lëtzebuerger Présidence muss kucken, dass mer uerdentlech erauskommen!

***(Brouhaha général)***

**Une voix**.- Majo! Dat hu mer jo gesot!

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen! Dat hutt Der visiblement net gesot!

**M. le Président**.- Sou, ech mengen elo wär et Zäit, dass mer déi Debatt definitiv ofschléissen.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dir hutt hei versicht, Demagogie ze maachen!

**Plusieurs voix**.- Ooohhh!

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Minister Merci a mir hunn domat dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss, d'Heure de questions. Mir kommen dann zu der Modifikatioun vun eisem Ordre du jour, déi mer haut de Mëtteg décidéiert hunn.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Wann Der lech alleguer berouegt hutt, da komme mer zur Motioun vun der…

***(Interruption)***

…honorabeler Madame Anne Brasseur, déi hei an enger Motioun freet, dass d'Ministesch vun der Éducation nationale soll hir Positioun betreffend d'Hausaufgaben iwwerdenken an eng large Diskussioun mat dem Milieu concerné soll organiséieren.

D'Madame Brasseur huet als Auteur vun der Motioun fënnef Minutten Zäit, an déi aner Fraktiounen alleguerten hu jidderengfënnef Minutten Zäit fir zu der Motioun ze schwätzen, iwwregens och d'DP-Fraktioun. Voilà, Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Motion de Madame Anne Brasseur relative aux devoirs à domicile

**Mme Anne Brasseur** *(DP), auteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Chamber Merci soen, dass se mat der Modifikatioun vum Ordre du jour d'accord war, fir dass mer haut kënnen, wann och nëmme kuerz, awer wéinstens Stellung huelen…

**M. le Président**.- Entschëllegt nach, Madame Brasseur, der Uerdnung halber. D'Motioun ass nach ëmmer nëmmen ënnerschriwwe vun lech. Ass se iwwerhaapt gedroe vu fënnef Leit heibannen?

**Plusieurs voix**.- Oh jo, jo!

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Dann ass et an der Rei. Dann ass d'Motioun recevabel an och d'Diskussioun. D'Madame Brasseur huet d'Wuert. Madame Brasseur!

**Mme Anne Brasseur** *(DP), auteur.*- Nach eng Kéier Merci, Här President.

***(Interruptions)***

**Une voix**.- Schhhhhh!

**Mme Anne Brasseur** *(DP), auteur.*- Der Chamber also Merci fir dass mer d'Méiglechkeet hunn haut iwwert déi Motioun ze debattéieren, well d'Ausso vun der Madame Educatiounsminister Mady Delvaux am Ufank vun hirem Mandat, si wier am Fong géint d'Hausaufgaben, huet fir ganz vill Oppreegung gesuergt.

Si huet zwar déi Ausso, déi se an engem Interview gemaach huet, duerno relativéiert, mä ech muss awer soen, dass, wéi d'Circulaire de printemps erauskoum, eng Circulaire, déi sech un d'Enseignantë wennt an un d'Gemenge fir d'Schoulorganisatioun fir déi nächst Rentrée, dunn d'Onsécherheet an de concernéierte Milieuë vill, vill méi grouss ginn ass, wat wierklech net gutt ass. Dat ass net gutt! Dat féiert zu Onsécherheet bei de Schüler selwer, bei den Elteren an och bei den Enseignanten!

Et ass an onsen Aen ongesond, wann e Kand bei enger Léierin, déi Hausaufgaben an der Klass gëtt, op eemol seet: Meng Mamm huet gesot, d'Hausaufgabe wiere verbueden, mir brauche keng ze maachen. Et ass och ongesond, Här President, wann d'Léierpersonal ugeruff gëtt vun Elteren an da gëtt gefrot: Vu wéini u sinn dann d'Hausaufgabe verbueden? Et ass des Weideren ongesond, wann Eltere bei den Enseignanten intervenéieren a soen: Ma haalt lech dach net un déi Instruktioune vum Minister!

An et ass net gutt wa verschidden Enseignanten driwwer nodenken, wéi se da laanscht déi Circulaire kommen. All dat ass wierklech net gutt fir d'Schoul an also ass et och net gutt fir d'Kanner. Dat also zu der Form.

Wat de Fong awer ubelaangt vun der Problematik vun den Hausaufgaben, esou wëll ech ënnersträichen, dass an onsen Aen d'Approche vun der Madame Minister net déi richteg ass, an dass, och wann et sech haaptsächlech hei ëm kleng Kanner handelt, besonnesch bei deene klenge Kanner d'Hausaufgaben e wichtege Rôle spillen. Den Apprentissage huet nämlech nëmmen Erfolleg, wann een d'Matière fir d'éischt erklärt kritt, se da léiert ze applizéieren an dann übt, an nach eng Kéier übt, an nach eng Kéier übt. An dat kann net nëmme während der Schoulzäit geschéien.

Selbstverständlech mussen d'Kanner vu klengem un dru gewinnt ginn, hir Hausaufgabe selwer ze maachen a selwer ze üben. Mä dat sollen se effektiv vu klengem u léieren, vum éischte Schouljoer un. Ze soen, d'Kanner sollen, wa se am éischten an am zweete Schouljoer sinn, doheem näischt schreiwe mussen, dat ass ganz falsch! Well éischtens sinn d'Kanner an deem Alter nach schrecklech frou dat kënnen ze weisen, wat se geléiert hunn, zweetens ass et enorm wichteg, dass d'Kanner an deem Alter hir Feinmotorik üben, an dat kann eben nëmme geschéien andeem ee ganz vill Übungen och doheem mécht.

Des Weideren ass et esou, dass kleng Kanner, déi nach gären Hausaufgabe maachen, domat d'Elteren och méi abannen andeem se voller Stolz den Elteren dat weisen, wat se bis dohinner geléiert hunn.

D'Léierpersonal muss an onsen Aen och d'Méiglechkeet kréien, an déi meescht hunn dat jo awer elo op eng ganz gutt a verstänneg Aart a Weis gemaach, d'Hausaufgaben un déi reell Besoinë vun de Kanner vun der Klass unzepassen, an dat variéiert vun Dag zu Dag. Dat variéiert vun de Matièren. Dat kann een net virschreiwen!

Dofir si mer der Meenung, dass et net gutt ass, dass ee prezis Virschrëfte mécht, wéini ee wellech Hausaufgaben däerf ginn. Well soss komme mer zu där Situatioun, dass en Enseignant sech méi muss ëm d'Virschrëfte këmmeren, wéi ëm de pedagogesche Sënn vun den Hausaufgaben, an dann hu mer wierklech en Déséquilibre geschaaft.

Mir sinn och der Meenung, dass d'Kanner solle bei den Hausaufgaben Ënnerstëtzung kréien, an dofir froe mer an der Motioun, dass d'Gemenge sollen d'Hausaufgabenhëllefen, déi elo schonn deelweis bestinn, ausbauen.

Ech hunn eng Fro dozou. Et gëtt eng Partie Gemengen, déi hu schonn enorm Efforten do gemaach, an do gëtt et speziell Hausaufgabenhëllef fir kleng Kanner. Wat geschitt elo mat deene Coursen nieft der Schoul? Wat geschitt mat deem Personal, dat jo, wéi mer all wëssen, meeschtens kee festen Aarbechtskontrakt huet? Och dat si Froen, déi do misste gekläert ginn.

D'Madame Delvaux huet de Wee vum deelweis Ofschafe vun den Hausaufgabe gewielt, well se gesot huet, si wier der Meenung, d'Hausaufgabe wieren ongerecht. An dofir wëllt si se dann zum Deel ofschafen. Wat geschitt, wa se ofgeschaaft sinn? Mä just de Contraire vun deem wat d'Madame Delvaux wëllt erreechen!

D'Kanner, déi d'Chance hunn, an engem Milieu opzewuessen, wou d'Elteren sech fir d'Schoul interesséieren, wann do d'Kanner heemkommen a wa se keng Hausaufgab hunn, da gi se gefrot wat se an der Schoul gemaach hunn. Si soen eventuell eppes op, liesen eppes vir oder si schreiwen och eppes. Déi aner Kanner, déi déi Chance net hunn, déi kommen heem, paken de Schoulsak emol net aus, well et ass jo keen deen duerno verlaangt, weisen och net doheem wat se gemaach hunn, an da gëtt den Ënnerscheed tëschent deenen engen an deenen aneren ëmmer méi grouss, an dat au détriment vun deenen…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Madame Brasseur!

**Mme Anne Brasseur** *(DP), auteur*.- Här President, ech huelen och nach Zäit. Ech hu mat menge Kolleege vun der DP-Fraktioun geschwat,…

**M. le Président**.- Ah, très bien.

**Mme Anne Brasseur** *(DP), auteur*.- …dass ech déi Zäit och nach huelen.

Esou dass den Ënnerscheed tëschent deene Kanner, déi d'Chance hunn, an engem Milieu opzewuessen, wou no der Schoul gekuckt gëtt, mat deene Kanner, déi déi Chance net hunn, ëmmer méi grouss gëtt, well déi eng dann awer nach eppes fir d'Schoul maachen ausserhalb vun der Schoulzäit, an déi aner hu leider da Pech, déi maache guer näischt.

An amplaz den Ënnerscheed méi kleng ze maachen, gëtt e méi grouss. Dat fanne mir profund ongerecht! Duerfir soll een Hausaufgabe gutt doséiert fir jiddferee ginn an dat esou applizéiere mat gesondem Mënscheverstand, an och soll ee se esou gi fir dass d'Kanner et fäerdeg bréngen, se eleng ze maachen.

Mir sinn der Meenung, dass een de Kanner vun Ufank un an der Schoul soll bäibréngen, dass ee regelméisseg en Effort muss maachen, an zu deem regelméissegen Effort gehéieren nun d'Hausaufgaben. Dat ass eng Attitüd vis-à-vis vum Apprentissage. Et ass och eng Attitüd vis-à-vis vun der Aarbecht. Et gëtt eng Attitüd, déi ee vu klengem u muss léieren, fir duerno regelméisseg Efforten ze maachen, fir gutt gemaachten Aarbecht ze hunn, fir d'Kanner och op muer virzebereeden.

Well mer der Meenung sinn, dass déi Approche, déi d'Madame Minister gewielt huet iwwert d'Hausaufgaben, net déi richteg ass, hu mer eben an der Motioun gebieden, dass d'Madame Minister soll nach eng Kéier hir Positioun reconsidéréieren, an dass soll eng Diskussioun driwwer gefouert gi mat alle Milieuen, well et resüméiert sech nämlech net nëmmen op d'Hausaufgaben.

Dat ass ee Stéck vun deem Ganzen, a mir géingen ons wënschen, dass e largen Débat kënnt stattfannen, an net dass duerch esou Deklaratioune wéi déi, déi d'Madame Minister gemaach huet, si wier géint d'Hausaufgaben, Opreegung ervirbruecht gëtt, a finalement, dass d'Kanner derbäi déi Leidtragend sinn.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Brasseur. D'Wuert huet gefrot den honorabelen Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, ech wollt fir d'éischt eppes soen zu der Fro, déi ons fir d'éischt beschäftegt, nämlech d'Demande de modification vum Ordre du jour. Mir hunn als LSAP an der Presidentekonferenz géint déi Heure d'actualité geschwat, well mer gemengt hunn, dat wier eng Circulaire ministérielle, eng intern Note vum Ministère, déi un d'Enseignantë geet an un d'kommunal Autoritéiten iwwert den internë Fonctionnement vun der Schoul.

Mir hunn hei an der Chamber nach ni iwwer eng Circulaire de printemps diskutéiert. Do sinn eng ganz Partie spezialiséiert Punkten dran, déi natierlech den internë Fonctionnement vun der Schoul concernéieren, an ech mengen dat ass eppes wat net an der Plénière hei Ulass gëtt fir eng breet Debatt.

Ech hätt et sécher och verstan, wa wierklech elo Onkloerkeeten dra gewiescht wieren, wann déi zoustänneg Leit, déi déi Kloerheet hätte wëllen hunn, an der zoustänneger Kommissioun eng Debatt doriwwer gefrot hätten, och mat der Ministesch am Detail iwwert deen Text ze schwätzen, well wann ech nämlech deen Text liesen, déi Circulaire de printemps, geet net aus deem Text ervir, dass et keng Hausaufgabe méi gëtt.

D'Madame Brasseur huet gesot, d'Hausaufgabe ginn ofgeschaaft. Si ginn net ofgeschaaft an dëser Circulaire!

**Mme Anne Brasseur** *(DP)*.- Neen! Ech hunn d'Madame Delvaux zitéiert!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Ech liesen elo en Text, Madame Brasseur. Ech si kee Schoulexpert wéi Dir, ech probéieren e bëssen d'Schoul ze verstoen,…

***(Interruption et hilarité)***

…dofir hunn ech deen Text intensiv gelies, vu vir bis hannen, an ech hunn net doranner gelies, dass d'Hausaufgaben ofgeschaaft ginn. Ech mengen och, dass mer hei an deem Cas de figure de la part vun der DP an engem Versuch sinn, fir eng Schouldiskussioun, déi sécher bei den Elteren doheem an och bei den Enseignantë vill Intérêt ervirrifft, esou en Débat, fir hir Parteipolitik ze instrumentaliséieren!

***(Interruptions)***

Ech mengen, d'Madame Brasseur muss sech domat offannen, dass se net méi Educatiounsministesch ass, an dass eben am Joer 2004 e Koalitiounsprogramm ofgeseent ginn ass, deen an der Schoul déi Politik, déi si ebe während fënnef Joer konnt maachen, net iwwerholl huet. Ech mengen dat ass och de politesche Fong vun dëser Affär.

Ech menge wat den Débat iwwert d'Schoul ugeet, hu mer hei an dëser Chamber schonn Débate gehat iwwer PISA. Mir wäerten och nach vill Débate kréien iwwert de Projet de loi vum nei Lycée. Mir wäerten de Projet de loi iwwert d'Reform vum Gesetz vun 1912 heihinner kréien, an, Här President, d'Madame Minister vun der Éducation nationale ass amgaangen, eng ganz Partie wesentlech Viraarbecht ze maachen, déi een och schonn éischter hätt kënne maachen, iwwert d'Beschreiwung vun de Kompetenzen, déi mer de Kanner wëllen an der Schoul ginn, iwwert d'Beschreiwung och vun der sproochlecher Situatioun. Dat sinn alles Viraarbechten, déi natierlech hei och am Plenum vun der Chamber Ulass ginn zu enger breeder Debatt.

Dann, Här President, wollt ech just ee Wuert soen iwwert déi Motioun, déi ons hei virläit. Ech wëll wierklech elo net op all Detail agoen. D'Madame Brasseur huet gesot, et soll een den Enseignantë keng prezis Virschrëfte ginn, wéi se sollen déi Hausaufgaben organiséieren. Ech constatéieren, dass an där Circulaire de mai déi eenzeg prezis Virschrëft déi ass, dass een de Kanner am éischten an am zweete Schouljoer keng schrëftlech Hausaufgabe soll ginn, dass soss aner Hausaufgabe selbstverständlech net ausgeschloss sinn.

Ech constatéieren awer, wann ech déi Motioun vun der Madame Brasseur kucken, dass an där Motioun eng Partie ganz prezis imperativ Demandë sinn, déi ech als solch eigentlech net kann novollzéien. Ech mengen, do gi wierklech Saachen dohinner geschriwwen déi, wann een dat esou géif applizéieren an der Schoul, den Enseignanten an den Elteren e ganz zolitte Carcan iwwerzéie géifen, fir eben d'Schoul fonctionnéieren ze dinn.

An ech muss och soen, dass ech eng Partie Kontradiktioune fannen, Här President, an der Motioun vun der DP. Engersäits gëtt op Répétitioun, op indispensabel Aufgaben higewisen, och op Devoirs écrits fir déi Allerklengsten, an da gëtt op där anerer Säit awer gesot, déi Hausaufgaben mussen adaptéiert ginn un den Alter vun de Kanner. D'Kanner mussen se u sech selwer realiséieren, si mussen onofhängeg léiere schaffen - näischt aneschters wéi och iwwregens an där Circulaire de printemps do steet.

Ech mengen déi Circulaire de printemps, wat den Inhalt ugeet, esouwäit wéi ech se als Laie verstinn, ass eng ganz verstänneg Circulaire. Et ass eng Circulaire, déi d'Hausaufgaben net ofschaaft, déi och eng ganz nuancéiert Positioun zu den Hausaufgaben hëlt, an déi eben och den Enseignantë grad wéi den Elteren an de Kanner an der Schoul deen néidege Fräiraum gëtt fir sech ze entwéckelen.

Mir wëllen aus der Schoul keen Thema vu Parteipolitik maachen. Mir wëllen d'Schoul esou reforméieren an entwéckelen zum Wuel vun de Kanner an zum Wuel vun hirer Zukunft.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Freet nach een d'Wuert zu dëser Motioun? Den Här Adam.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech deelen dem Här Fayot seng Meenung net esou ganz, wat déi Circulaire de printemps ugeet. D'Circulaire de printemps huet éischter Verونsécherung bei den Elteren, beim Léierpersonal a bei de Gemengeverantwortlechen ervirgeruff wéi fir Kloerheet gesuergt.

Dofir hu mir och déi Aussoe vun der Madame Minister kritiséiert, ënner anerem och déi wat d'Hausaufgaben ugeet. Déi Gréng sinn der Meenung, dass ee fir d'éischt misst iwwer Schoulprogrammer, Schoulzäiten, eng Redefinitioun vum Schoulmeeschter, d'Structures d'accueil et d'encadrement schwätzen, ier ee sech géing an den Detailer verléieren.

An där Circulaire de printemps stinn awer och nach eng ganz Rei aner Saachen, déi fir eis problematesch sinn. Et geet schonn un, datt vun engem Accompagnement des travaux à domicile geschwat gëtt an ënnerscheet gëtt vun enger Aide aux travaux à domicile. Dat eent fält ënnert d'Kompetenz vum Familljeministère. Dat anert ënnert d'Éducation nationale. Do sinn d'Gemengen da relativ schlecht dru fir erauszefanne wéi se dann elo hir Hëllef sollen nennen; dovunner ofgesinn, datt d'Gemenge sech froen, ob se hir Hëllefen iwwerhaapt solle bäibehalen.

Eng ganz Rei aner Froe sinn opgeworf ginn. Zum Beispill am Précoce, do gëtt gesot: «Il est recommandé aux communes d'augmenter le nombre de plages de fréquentation.» Mä et gëtt awer net ausgeschwat, wéi eng Recommandatioun dass dat da soll sinn. Sollen dat Hallefdeegméiglechkeete sinn oder wéi soll dat ausgesinn?

A vun der zweeter Persoun am Précoce heescht et op eemol nëmme méi, et soll en Éducateur oder eng Éducatrice sinn. Am Plan-cadre steet: «une deuxième personne de préférence». Wat maachen dann elo déi Gemengen, déi zum Beispill en Éducateur gradué agestallt hunn oder einfach eng deuxième personne ouni Qualifikatioun? Déi stellen sech Froen op déi se an der Circulaire keng Äntwert fannen. Et gëtt nach Beispiller. Ech erspueren eis déi.

Mat der Invitatioun vun der Demokratescher Partei un d'Madame Minister, si soll hir Positioun iwwerdenken, do si mir natierlech averstanen. Ech bedaueren et selbstverständlech, datt d'Madame Minister elo net hei ass. Et ass e bësse komesch driwwer ze diskutéieren, fir en Appel u si ze maachen, a si kann net bei eis sinn.

Et ass scho laang a breet iwwer Hausaufgaben diskutéiert ginn. Do si scho vill Diskussioune gefouert ginn. Bis elo ware fir mech d'Konklusiounen ëmmer relativ kloer. D'Hausaufgabe sollen net ze laang sinn. Si solle gutt preparéiert ginn. Wa Schoulmeeschteren oder Léierinnen domadder net esou gutt eens gi wéi se dat missten, da misst och eng Instanz do sinn, déi se drop hiweist datt se hir Praktik missten änneren.

Mir wäerten awer leider d'Motioun vun der Demokratescher Partei net kënne matstëmmen an dat wéinst zwou Formulatiounen, déi an der Motioun stinn. Déi eng fannen ech schrecklech. Do steet: «- convaincue que tout apprentissage ne peut se faire que moyennant des répétitions régulières» Also mam beschte Wëllen, wa mer awer nëmme léieren duerch Répétitioun, do feelt mer awer ganz villes.

Déi zweet Ausso fannen ech och fuerchtbar: «- estimant que les devoirs à domicile sont indispensables pour tout apprentissage dès le plus jeune âge». Also, dat ass awer eng Positioun, déi kann ech mam beschte Wëllen net deelen. Ech sinn och iwwerzeegt, datt ee ganz gutt ka Schoul halen, zumools an engem éischte Schouljoer, ouni mussen Hausaufgaben ze ginn. Also, déi zwou Formulatioune ginn eis eendeiteg ze wäit. Duerfir kënne mer d'Motioun net matstëmmen. Mir wäerten eis dann enthalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet nach den Här Henckes gefrot. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv ass déi Debatt iwwert d'Hausaufgaben eng Debatt, déi fir ganz vill Oprouer gesuergt huet am Land. Ech erënnere mech notamment un den Artikel am „Lëtzebuerger Wort", an deem notamment och vu Säite vum Koalitiounspartner, vun der CSV an notamment vum Fraktiounschef gefuerdert ginn ass, datt déi Circulaire do sollt revidéiert wann net zréckgezu ginn. Esou hat ech et wéinstens verstanen. Ech hat och een Ablack geduecht, datt d'CSV-Fraktioun hei awer och géing dozou Stellung huelen.

**M. le Président**.- Ech ënnerbriechen Iech ee Moment. Gedëllegt Iech mol, dat ass nach alles méiglech.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Ah, kënnt dat nach?! Ech soen dat dofir, normalerweis ass et déi Fraktioun, déi ëmmer esou séier schwätzt an d'CSV schwätzt meeschtens virum ADR. Mä et ass jo awer ëmmer nach gutt, datt si och nolauschtere wëllt wéi mir ons dozou stellen.

Ech wollt nëmmen drop resüméieren, datt et awer wichteg wier, datt d'CSV och géing zu dësem Problem Stellung huelen. Ech hoffen, datt si deen Ablack och déiselwecht Wierder wäert gebrauche wéi déi, déi am „Lëtzebuerger Wort", oder wat jo haut „d'Wort" heescht, komm sinn.

Mir hunn zu dësem Problem ënner anerem och eng Stellungnahm an enger Pressekonferenz geholl. Mir sinn der Meenung, datt et am Prinzip esou muss sinn, datt déi Hausaufgaben - den Ausdruck Hausaufgaben ass u sech vläicht elo falsch, mä et ass awer e Begrëff, deen allgemeng verständlech ass - ee Contrôle vun de Connaissancen sinn an dee soll an der Schoul stattfannen. Dat huet ee fréier d'Silenz genannt.

Mä op jidder Fall soll do d'Méiglechkeet sinn, datt d'Schoulkanner am Prinzip dat an der Schoul maachen, datt si eng Assistance hunn, datt se Leit hunn, déi hinne kënnen op hir Froen äntwerten, an datt dat also am Prinzip an der Schoul soll stattfannen. Quitte datt herno d'Elteren awer och kënnen, wa si et wënschen, soen, datt si sech géingen dorëmmer këmmeren. D'Kanner sollen doheem hir Hausaufgabe maache kënnen, wann dat gewollt ass.

Et ass also éischter fir ze kucken, datt een déi Ongerechtegkeeten, déi mer an onsem System hunn, aus dem Wee raumt, an déi dora bestinn, datt verschidden Elteren net kënnen oder net wëllen sech ëm hir Kanner këmmeren, well do eng Iwwerbelaaschtung heiansdo ass. Dofir ass et wichteg, datt dat soll an der Schoul stattfannen.

Deen zweeten Deel, dee wichteg ass, dat ass, datt d'Gemengen natierlech och mussen déi néideg Hëllef kréien, finanzieller Natur, fir kënnen dat doten ze organiséieren. An dofir menge mer, datt déi Dispositiounen, déi hei an der Motioun vun der Demokratescher Partei ugi sinn, an déi richteg Richtung ginn, an datt ee mat den Elteren zesummen, mä och mat den Enseignanten eng Kéier déi ganz Matière nach eng Kéier nei diskutéiert, an datt ee kuckt fir e Konsens ze fannen.

Wat d'Considéranten ugeet, do si mer mat e puer Saachen net d'accord. An et ass och dowéinst, dass mer wäerten ons bei dëser Motioun enthalen. Mä ech mengen et ass awer wichteg, datt de Problem nach eng Kéier diskutéiert gëtt an datt och déi zoustänneg Chamberkommissioun hiren Avis dozou sollt kënne ginn.

**M. le Président**.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo als leschte Riedner den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéint mech bei ganz villem deem uschléissen, wat den Här Adam am Numm vun der Grénger Fraktioun zum Sujet gesot huet, wat sech och am Wesentlechen net an alle Punkten ënnerscheet vun deem, wat den Här Fayot am Numm vun der LSAP gesot huet.

Dat schéngt mer ee vun de Problemer an der Diskussioun ze sinn, déi mer hei hunn. Nämlech dass déi traditionell Circulaire de printemps, déi zu relativ vill Diskussioun gefouert huet, e manifesten Décalage huet tëschent deem wat d'Deklaratioun no bausse war an dem Contenu, deen no bannen an der Circulaire weider développéiert gëtt. An deem Kontext hu mer als Koalitiounspartner eng Rei vu Froe gestallt, déi mengen ech wichteg sinn, a mir hunn och d'Fro an de Kontext probéiert ze setzen an deem mer gären hätten, datt se diskutéiert gëtt.

Net besonnesch gutt huet eis gefall, muss ech soen, d'Argumentatioun vun der Ministesch, déi se reduzéiert huet op d'Ongläichheet vun de Familljeverhältnisser doheem. Wann een iwwer Ongläichheete schwätzt, an där gëtt et der, där gëtt et der och an de Familljestrukturen doheem, menge mer, dass et eng Rei aner Ongläichheete géif ginn. Et gëtt d'Ongläichheet vum Kand par rapport zum Kand: Dir kënnt an därselwechter Famill mat deemselwechten Engagement vun den Eltere ganz verschidde schoulesch Resultater bei Kanner kréien.

Et ass e manifesten Décalage um Niveau vun deem, wat vun Enseignant zu Enseignant och enseignéiert gëtt; och do besteet net fir all Kand déiselwecht Ausgangspositioun.

An net zulescht - an dat huet den Här Adam och gesot - besteet e relativ groussen Décalage tëschent de Gemengen hei zu Lëtzebuerg, wat dann an a ronderëm, virun allem ronderëm d'Schoul als Support am Fong ugebuede gëtt, fir deene Kanner, ëm déi et eis jo haaptsächlech hei geet, nämlech déi Kanner, déi Léierschwieregkeeten hunn, ze hëllefen, fir déi ze ënnerstëtzen, fir esou wäit wéi méiglech an hirer Schoul ze kommen. Tëschent de Gemengen, déi scho praktesch e „full-fledged" Service niewent der Schoul hunn, an aneren, wou dat praktesch nach net besteet, bestinn extrem grouss Differenzen.

Mir mengen, dass Hausaufgaben dozou sollen déngen, fir Saachen, déi an der Schoul scho behandelt gi sinn, ze verdéiwen, fir se ze widderhuelen, fir se ze üben an dass besonnesch léierschwaach Kanner méi musse widderhuele vläicht wéi Kanner, déi méi séier Saache begräifen.

Duerfir hate mer och gemengt, dass een déi Diskussioun an eng wierklech wichteg Diskussioun soll abannen, nämlech déi iwwert d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Schoul, sou wéi se och am Regierungsprogramm, Här Fayot, definéiert ginn ass. Mir mengen, dass een eng Diskussioun muss doriwwer féieren, wat de Bildungsauftrag vun der Schoul ass, wat d'Moyenë sinn, a virun allem wat d'Zilsetzunge sinn. An dass d'Hausaufgab nëmmen een Deel vun där Diskussioun ass, an dass een déi Fro definitiv eréischt ka beäntwerten, wann ee weess, wéi d'Schoul vun der Zukunft hei zu Lëtzebuerg soll ausgesinn.

Gi mer a Richtung Ganzdagsschoul? Gi mer a Richtung vun net Ganzdagsschoul mat schoulescher Betreiung ronderëm? Gi mer a Richtung vun net Ganzdagsschoul mat schoulescher Betreiung am Kader, à l'intérieur vun der Schoul? Dat sinn Optiounen, déi ee kann huelen, an d'Froe vun der Hausaufgab, vun der Intensitéit an och vun der Répétitioun dovunner, déi stellen sech aneschters an fonction dovun, wéi en fin de compte d'Schoul vun der Zukunft fir muer ausgesäit.

Ech mengen net, dass mer um Fong vun deem wat den Optrag ass a wat eis Erausfuerderung ass eng grouss Differenz hunn, an dofir wëll ech och am Numm vun der CSV-Fraktioun soen, dass mer eis hei net instrumentaliséiere loossen. Mir hu kee Kaméidi mat eisem Koalitiounspartner. Mir sinn am Kader vun deem, wat am Regierungsprogramm besteet, op, a mir hätte souguer gären, dass déi Diskussioun iwwert d'Schoul gefouert gëtt.

Mir hu just bedauert, dass hei en Element vun enger Gesamtdebatt erausgebrach ass, ier mer déi Debatt gefouert hunn. D'Ministesch huet se par ailleurs ugekënnegt, nämlech opgrond vun deenen OECD-Experten hiren Etüden, opgrond vun Etüden, déi se amgaangen ass ze maachen, iwwert d'Finalitéit an d'Objektiver vun der Schoul vu muer.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun, déi nach vun den Häre Grethen, Henckes, Meisch a Wagner ënnerschriwwen ass.

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

***(Négation)***

De Vote électronique ass gefrot. Da maache mer dat.

***Vote***

D'Motioun ass ofgelehnt…

**Plusieurs voix**.- Ooohhh!

**M. le Président**.- …mat 38 Nee-Stëmmen, 10 Jo-Stëmmen an 11 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Lucien Thiel), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marco Schank), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

Domadder ass och dee Punkt vun eisem Ordre du jour erledegt.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5472, verschidden Accorden iwwert d'Besteierung vun den Zënsen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeleucht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch an den Här Fayot. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

## 6. 5472 - Projet de loi portant

### 1. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est des Antilles Néerlandaises des 13 mai 2004 et 27 août 2004;

### 2. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est d'Aruba des 13 mai 2004 et 9 novembre 2004;

### 3. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

### 4. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

### 5. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Ile de Man des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

### 6. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Turks et Caïcos des 23 novembre 2004 et 1er avril 2005;

### 7. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Anguilla des 23 novembre 2004 et 21 janvier 2005;

### 8. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Cayman des 23 novembre 2004 et 31 mars 2005;

### 9. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le territoire d'outre-mer du Royaume-Uni, Montserrat des 23 novembre 2004 et 7 avril 2005;

### 10. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Vierges Britanniques des 23 novembre 2004 et 11 avril 2005;

### 11. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. Lucien Thiel** *(CSV), rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, viru genau siwe Wochen hu mer hei e Gesetz gestëmmt, wat d'Direktiv - mir nennen et Direktiv - iwwert d'Quellesteier, d'Direktiv iwwert d'Besteierung vun de Revenus de l'épargne ëmsetzt an eist Recht.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Deemools ass eng Motioun vu mengem Kolleeg Laurent Mosar ugeholl ginn, déi zwou Saache gefrot huet: Engersäits, et soll opgepasst gi mam Datum, well awer dat hei eng heikel Geschicht ass; an zweetens, et soll opgepasst ginn op all déi Konditiounen, déi notamment vu Lëtzebuerg deemools gestallt gi sinn am Virfeld vun der Direktiv, ob déi och all erfëllt sinn, éier mer lassleeën.

D'Konditioune waren haaptsächlech déi, datt d'Drëttlänner sollten d'selwecht behandelt gi wéi mir. Dat heescht, datt d'Drëttlänner sollten équivalent Mesuren ergräifen, fir datt déi Steierdispositiounen och bei hinne gräifen, an datt do keng steierlech Konkurrenz, also keng Concurrence déloyale entsteet. Dir kennt déi Drëttlänner, dat waren d'Schwäiz, Liechtenstein, Monaco, Andorra a San Marino.

Et war och Amerika. Amerika ass ee Fall à part, do wëlle mer eis net weider doriwwer ausloossen. Mat Amerika huet Lëtzebuerg u sech och en Accord à part, deen anerer och getraff hunn, an do sinn déi do Froen zum Deel geregelt ginn iwwert deen Accord, net tëschent de Staten, mä tëschent der amerikanescher Steierverwaltung an de Finanzopérateuren zu Lëtzebuerg.

Niewent den Drëttlänner - an dat ass déi zweet Konditioun, déi an der Direktiv steet - gëtt et sou genannt ofhängeg Territoiren an associéiert Territoiren. A bei deenen ass gesot ginn, déi mussen déi identesch Moossnamen aféiere wéi d'europäesch Länner. Identesch Moossnamen heescht entweder eng Quellesteier oder awer Kontrollmatdeelung. Do war d'Angscht am gréissten, datt dat net géif klappen, well déi aner Accorde mat den Drëttlänner, déi si gemaach ginn allerguer tëschent Oktober an Dezember, du waren déi schonn ofgeschloss.

Do war net de Problem, mä de Problem war ebe just bei deenen Territoiren, an dat sinn der zéng. Déi sinn an dräi Kategorien opgedeelt: Dat eent sinn déi zwou Inselen, déi vun Holland ofhänken, dat anert sinn déi zwee Territoiren, déi direkt vun England ofhänken, an da sinn et déi associéiert Territoiren, dat ass Jersey, Guernesey, Isle of Man, Turks and Caicos an Anguilla a Cayman Isles.

Wéi si mer elo mat deene verbliwwen an deenen Accorden? Ma, véier vun deene Länner hu sech fir d'Formel vum Échange d'information, vun der Kontroll mat deenen ausgeschwat. Sechs hunn der sech ausgeschwat fir déi Formel, déi mir hunn, mir mat de Belsch a mat den Éisträicher an Drëttlänner, nämlech eng Quellesteier ze erhiewen.

Dat ass de Contenu vun deenen Accorden, déi mir elo sollen hei ratifiéieren, woubäi een natierlech d'Fro ka stellen: Wéisou musse mer eis hei mat Accorde mat Territoires dépendants an associés ofginn, währenddeem mer eis net hu misse mat deenen Accorden ofginn, déi mat den Drëttlänner getraff gi sinn? An do si mer an engem anere Film, well déi Accorde vun der Europäescher Kommissioun getraff gi sinn, währenddeem déi hei op bilateralem Niveau, sous forme d'échange de lettres elo kënnen hei festgehale ginn.

Et si bal déiselwecht Mesuren, hunn ech gesot, déi eng hunn den Échange d'information, déi aner hunn eng Quellesteier. Allerdéngs bei deene sechs Quellesteierlänner, pardon, -territoiren, sinn der dräi, déi net onbedéngt aus der Rei danzen, mä déi e spezielle Regime hunn, an zwar sinn dat d'Cayman Isles, d'Turks and Caicos, an déi dispenséiere Lëtzebuerg dovun eng Quellesteier ze erhiewen.

Elo kënnt Der soen, an der Praxis mécht dat net vill aus. Ech weess net wéi vill Clientë mer vun do hunn, mä op alle Fall gi mer do entbonnen, fir eng Quellesteier ze erhiewen. Dat ass interessant, well genau datselwecht d'Schwäiz och gemaach huet mat de Quellesteierlänner an der Unioun. Also, fir déi brauche mir keng Quellesteier ze erhiewen.

D'Cayman Islands hunn ni gesot, definitiv, dat braucht Dir net ze maachen. D'Turks- an d'Caicos-Inselen hunn dat als eng provisoresch Mesure gemaach, well si selwer keng direkt Steiere kennen, also géif et do och kee Sënn maachen. Souwäit da mat den Drëttlänner, mat den Territoires associés et dépendants.

Elo kënnt awer an deem Text hei op eemol och d'Schwäiz erëm eng Kéier zum Virschäin. Dat muss een explizéieren. Dat huet mat der Quellesteier u sech näischt ze dinn, mä et huet einfach domat ze dinn, datt deen Accord, deen d'Schwäiz mat der Europäescher Unioun geschloss huet, och aner Mesuren nach virgesäit, notamment virgesäit, datt déi europäesch Direktiven iwwert d'Mères/filiales an iwwert d'Intérêten a Redevancë vun der Schwäiz an deem Accord iwwerholl ginn.

Dat huet eng Répercussioun op eis Accorde mat der Schwäiz an op eis Steiergesetzgebung. An dofir musse mir ee Paragraph vun eiser Steiergesetzgebung ännere fir en accord mat deem Accord ze sinn, deen d'Schwäiz mat der Europäescher Unioun getraff huet.

De Statsrot hat weider keng wesentlech Remarquen. En huet op zwou Saache just gehalen. Dat eent war, hien hätt gär gehat, datt d'A-Kraaft-Trieden heivunner soll synchron lafen - an dat ass absolut logesch - mat dem A-Kraaft-Triede vun der Quellesteierëmsetzung.

Dir kënnt Iech erënneren, datt mir do virgesinn haten, datt d'Ëmsetzungsgesetz selwer soll den Dag no deem Mount, wou et am Mémorial erschéngt, a Kraaft trieden. Dat wëllt heeschen, datt d'Regierung sech e bësse Sputt verschaaft huet bis da wierklech och déi lescht Gewëssheet do wier, datt d'Konditiounen all erfëllt wieren. Dee Sputt ass doduerch gewährleescht, an en ass och an dësem Fall hei mat deenen Accorde gewährleescht, sou datt nom 7. Juni dat a Kraaft triede kann.

De 7. Juni ass e wichtegen Dag, well de 7. Juni den Ecofin ass, an um Ecofin de Constat gemaach gëtt, ob d'Konditiounen all erfëllt sinn. Dat heescht nom 7. Juni kann d'Publikatioun gemaach ginn, an da kann d'Quellesteiergesetz den 1. Juli a Kraaft trieden, sou wéi et geplangt war, neierdéngs geplangt war - well et sollt jo virdrun den 1. Januar sinn -, sou wéi et elo geplangt ass a wéi et virgesinn ass. Dofir ass déi Synchronisatioun, ass dee Parallelismus vun deenen zwee Gesetzestexter wichteg.

Dann huet de Statsrot nach ee Wonsch ugemellt, deen e bëssen e formalistesche Charakter huet. Hien huet gesot, e wollt vläicht domadder e bëssen der Chamber entgéintkommen, dat hei sinn elo zéng Accorden, déi getraff ginn, da muss d'Chamber am Fong d'Méiglechkeet hunn déi zéng Accorden individuell ze akzeptéieren, dofir si se dann eenzel opgezielt an dofir si se och am Intitulé eenzel opgezielt. Dofir hu mir wahrscheinlech dee längsten Intitulé vun der Geschicht vun dësem Haus, mä dat entsprécht dann och erëm eng Kéier dem Volume vum Gesetzesprojet. Ech huelen un, datt kee Mënsch hei am Haus de Volume huet, esou déck ass dat Gesetz, obschonn dat nëmmen 19 Zeilen huet; dat anert sinn d'Échanges de lettres.

Also wéi gesot, dat sinn och e puer Besonnechkeete vun dësem Gesetz oder vun dësem Gesetzeswierk, an deem et jo net u Besonderheete gefeelt huet, wat awer meng Fraktioun net wäert dorun hënneren dofir ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Thiel. Den Här Meisch.

***Discussion générale***

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bleift just dem Lucien Thiel als Rapporteur vun dësem Projet de loi villmools Merci ze soen an ze félicitéieren. Hien huet dat ganz explizit erkläert. Ech kéint et bestëmmt net besser maachen. Dofir wëll ech och net nach eng Kéier op den Detail zréckgoen a mech dorop beschränken den Accord vun eiser Fraktioun ze bréngen.

**M. le Président**.- Merci, Här Meisch. Den Här Fayot.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo, Här President, ech wollt och d'Geleeënheet ergräife fir dem Här Lucien Thiel, dee jo wierklech en Insider ass, Merci ze soe fir seng Aarbecht an dësem Kontext vun all deene Gesetzer iwwert d'Quellesteier, d'Fiscalité - loosse mir soe Fiscalité sur l'épargne. Hien huet do wierklech och mat deenen zoustännege Verwaltungen a mat deem zoustännege Ministère ganz gutt Aarbecht geleescht. Hien huet déi Texter prezis analyséiert. Mir kënnen eis selbstverständlech senge Konklusiounen uschléissen, a meng Fraktioun wäert dëst och matstëmmen.

**M. le Président**.- Voilà, dann ass d'Debatt ofgeschloss. Ah, den Här Henckes. Enschëllegt, Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Et ass effektiv een zimlech voluminösen Dossier.

Ech wëll just vun der Geleeënheet profitéiere fir eng Fro un den Här Minister ze stellen. Mir wëssen alleguerten, datt d'Schwäiz eng Ausleeung vun den Accorden a vun hirer Gesetzgebung huet, déi net déiselwecht war wéi déi lëtzebuergesch. Dat war eng Situatioun nach virun e puer Wochen. Anscheinend hätt sech déi Situatioun elo nees verbessert, sou datt Rapprochementer an ähnlech Ausleeunge géinge bestoen, well et ass geféierlech, datt wa Lëtzebuerg sech engagéiert fir d'Quellesteiergesetzgebung an d'Accorden, déi hei leien, änner enger gewëssener Form auszeleeën, ënnert der Kontroll vun der Cour européenne de Justice, an dann d'Schwäiz an aner Länner d'Ausleeunge vun der Gesetzgebung a vun den Accorden aneschters maachen.

Dofir wollt ech froen, ob do Rapprochementer gemaach gi sinn, an ob deene Kritiken a Problemer, déi ech opgeworf hat bei der leschter Debatt iwwert d'Aféierung vun der Quellesteier, scho konnt Rechnung gedroe ginn.

**M. le Président**.- Den Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt just soen, datt ech hei den Accord bréngе vun eiser Fraktioun zu deem Projet.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Dee fir de Budget zoustännegen Här Minister huet d'Wuert. Den Här Frieden!

**M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Volet vun der Zënsbesteierungsdirektiv, déi mir haut hei approuvéieren, nämlech d'Accorde mat den Territoires dépendants et associés, war ee wichtege Volet vun der Négociatiounsstrategie vun der Lëtzebuerger Regierung.

Mir hunn ëmmer gesot - en Argument wat laang vun deenen aneren net akzeptéiert ginn ass -, datt ee misst oppassen, datt wa mir eng Regel an Europa maachen, datt et net zu enger Délocalisatioun vu Kapital ausserhalb vun der Europäescher Unioun kënnt, wat schiedlech wier fir d'Intérête vun de Finanzplazen innerhalb vun der Europäescher Unioun. An dofir hu mir ëmmer eng Drëttstateregelung gefrot, eng Drëttstateregelung, sou wéi de Rapporteur den honorabelen Här Thiel virdru gesot huet, mat zwee Aspekter: Engersäits Accorden téscht der Europäescher Unioun a fënnef Drëttstaten an anerersäits Accorden téscht de Memberstate vun der Europäescher Unioun an enger ganzer Rei vun ofhängegen Territoiren. Et sinn der zéng am Ganzen, déi entweder vun England ofhänken oder vun Holland.

Mir stellen haut mat Satisfaktioun fest, datt mir dës Konditioun duerchgesat kritt hunn, net nëmmen deemools am Conseil vun de Finanzministeren, mä och bis zum Schluss duerchgehalen hunn, well esou wéi eise Wëssensstand um Datum vun haut ass, sinn all d'Konditioune souwuel an den Drëttstate wéi an den ofhängegen Territoiren erfëllt. Dat war beim leschten Ecofin nach net de Fall, mä an Tëschenzäit hunn eng Rei Länner dat nogeholl, sou datt mir elo sécher sinn op Grond vun der Informatioun, déi mir haut hunn, datt d'Konditiounen an deene Finanzzentren och erfëllt sinn.

Dat schléisst och an, datt dës Länner déi nämmlecht Ausleeung maache vun deenen eenzelnen Dispositioune vun der Directiv, y compris déi iwwer verschidde Fongen, déi Objet ware vun Diskussioun am Ecofin den 12. Abrëll. Déi Länner hu schrëftlech confirméiert, datt si déi nämlecht Ausleeung maache wéi déi, déi Lëtzebuerg elo mécht.

Ech ginn dofir dovun aus, nodeem Lëtzebuerg och hei wäert Jo soen zu dësen Accorden, an op Grond vun deene Bréiwer, déi mir als Présidence bis elo kritt hunn - eng Rei Länner wäerten déi Accorde provisoresch uwennen -, datt all Konditiounen erfëllt sinn, fir datt den Eco-fin-Conseil vum 7. Juni kënnt décidéieren, datt d'Direktiv dann och den 1. Juli 2005 géing a Kraaft trieden.

Esouwäit mir haut wëssen, mä wéi gesot den Ecofin-Conseil vum 7. muss dat nach eng Kéier am Detail iwwerpréiwen, schéngen all Konditiounen erfëllt ze sinn. Domadder hu mir dat, wat mir wollten an deem Accord: Prévisibilitéit fir d'Finanzplaz - mir wëssen also, wat déi nächst 20 Joer geschitt - an d'Konkurrenzfäegkeet vun der Finanzplaz ass domat assuréiert, esou datt mer déi Regelen net nëmmen an Europa maachen, mä och ronderëm.

Ech menge mir kënnen eis elo consacréieren un aner inhaltlech Projeten, déi wichteg sinn, fir déi Finanzplaz weider ze développéieren, auszebauen; dat ass d'Zil vun der Regierung. An duerfir sinn ech frou, datt mer dës laang a schwiereg europäesch Debatt iwwert d'Zënsbesteierung och heimadder parlamentaresch zu Lëtzebuerg kënnen ofschléissen.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5472.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5472 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marco Schank), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Op Ufro vun der Regierung féiere mer jo eng Debatt iwwert d'Entwécklung vum Chômage hei zu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell zwee festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes, Bettendorf, Castegnaro, d'Madame Loschetter, den Här Jaerling an den Här Glesener. D'Wuert huet elo fir d'éischt den Här Aarbechtsminister François Biltgen. Här Biltgen!

## 7. Débat de consultation sur l'évolution du chômage au Luxembourg

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, et ass effektiv een Débat de consultation deen ech ugefrot hunn, nodeem mer virun enger Partie Wochen op enger Question avec débat vum Här Castegnaro hei gesot hunn, et soll ee méi oft iwwert de Chômage schwätzen, et soll ee wa méiglech zweemol am Joer schwätzen. Wat ech géif eng ganz gutt Saach fannen, dass een zweemol am Joer géif zesummekomme fir de Point ze maachen. Och well ee feststellt, dass de Chômage dauernd ännert an dauernd nei Aspekter kommen.

Ech wär frou gewiescht wa mer et bëssen éischter am Laf vum Dag gemaach hätten, mä gutt, elo maache mer et. Fir Zäit ze gewannen, Här President, hunn ech eng schrëftlech Introductioun virbereet, dat mer erlaabt net all Ziffer elo hei ze zitéieren, déi Der da fannt an deem schrëftlechen Text, deen ech Iech ginn. An ech géif Iech da bieden, wann dat dra wär, souwuel den Deputéierte wéi och der Press dee schrëftleche Background ze ginn. Dat géif et mir vläicht erlaben, hei an zéng Minutten eens ze ginn, wat wichteg ass.

Dir Dammen an Dir Hären, de Chômage klëmmt weider zu Lëtzebuerg, obwuel och d'Beschäftegung klëmmt. Dat wäert och an Zukunft nach esou weidergoen. De Statec huet ausgerechent, mir bräichte 5% Croissance, fir dass de Chômage automatesch zréckgeet. Dat ass eppes wat ech nennen den Taux de dépendance par rapport zur Croissance.

D'Fro, déi mer eis musse stellen: Ass dat eng Fatalitéit? Solle mer nach just op eng Croissance waarde vu 5%? Wou ech mer wierklech net ka virstellen, dass déi op Dauer bleift, 5%. Mir si mol nach net op 5%, obwuel mer mat der Croissance vill besser si wéi eis Nopeschlänner. Oder ginn et do aner Méiglechkeeten?

Dat gesot, soen ech Iech och, dass fir mech eigentlech, an dofir zitéieren ech elo net vill Zifferen - d'Ziffere fannt Der no -, Zifferen an Taux-de-chômagen an esou weider eigentlech net interesséieren. Ech hat ugefaangen, wéi ech jonken Aarbechtsminister war, am Joer 2000, mat der ADEM all Joer de jährleche Bericht ze maachen iwwert de Chômage. Am Joer 2000 waren dat gutt Zifferen, well do ass et zréckgaang. Do war och manner Opmierksamkeet do, mä och deemools hunn ech gesot, wéi mer op 2,6% waren - haut si mer op 4,6% -, dass vläicht de Wirtschaftsminister do ass fir d'Zifferen ze kommentéieren, mä den Aarbechtsminister gesäit keng Zifferen, dee gesäit d'Mënschen hannendrun.

An esouguer wann net vill Chômage ass, da sinn et déi Leit, déi eng Schaff sichen a gären eng hätten a keng fannen, déi liewen e perséinlecht Drama, an dat soll een einfach gesinn, dass hannert allen Zifferen, ob se erop- oder erofginn, entstinn ëmmer perséinlech Dramen.

Dobäi wëll ech soen, dass vill méi Leit concernéiert si vum Chômage wéi een dat mengt. Mir héieren dann: Jo, elo ass de Chômage vun 9.500 op 9.674 eropgaangen, also sinn der 149 dobäikomm. Wat mer vergiessen, dat ass dass net bei e Stack vu Leit der esou vill dobäikomm sinn, mä dass 1.500 Leit ronn an deem Mount Abrëll sech ageschriwwen hunn a ronn 1.350 Leit an deem Mount erausgaange sinn aus dem Chômage. Dat heescht, de Chômage betrëfft vill méi Leit, wéi een dat am Ufank géif mengen. Jiddferee ka vum Chômage betraff ginn.

Dat gesot, ass de Chômage u sech keng Fatalitéit. Dofir stinn ech prinzipiell ëmmer dofir an, dass mer relativ héich Indemnités de chômage hunn, fir dass een net an ee soziaalt Lach fält an dann nees séier eng Plaz erëmfënnt.

Déi Suerg, déi mer eis musse maachen, ass déi vum Langzäitchômage, wou Leit méi wéi zwielef Méint am Chômage sinn. Well d'Erfahrung weist, wann ee méi wéi zwielef Méint am Chômage ass, dann ass d'Gefor relativ grouss, dass een iwwerhaapt net méi erauskënnt an net just a sozial Systemer oder sozial Lächer fält. Déi Fro musse mer eis stellen.

Nun ass et esou, dass mer nach wie vor Nummer eent sinn an Europa mam Langzäitchômage. Mir sinn déi bescht. Allerdéngs stelle mer fest, wa mer d'Zifferen e bësselche kucken, dass mer do dauernd an d'Luucht kommen; an dat ass fir mech déi Haaptfro, déi mer musse beäntweren. D'Haaptfro ass net: Si mer elo op 4,6 oder 4,7 oder 4,8 oder wéini gi mer erëm erof op 4,4%?. Déi wichtegst Fro ass fir mech: Komme mer vun där Period, wou mer konjunkturell en Opdrift hate vum Chômage, Ufank vun dësem Jorhonnert, zréck, wou et erëm erofgeet, oder hu mer net d'Gefor, dass eng ganz Partie Leit iwwerhaapt net méi matkommen an dass mer déi wierklech laang Zäit behalen? Dat ass d'Fro.

I. D'Ursaache vun dem Opschwonk vum Chômage.

Fir d'éischt solle mer also analyséieren, wou kënnt de Chômage hier, respektiv wou leien d'Risike vum Langzäitchômage, an duerno kucken, wat kënne mer maachen. De Problem ass, dass jo vill Länner kucke fir op der Offer ze schaffen, dat heescht fir d'Leit ze forcéieren, méi op den Aarbechtsmaart ze goen. Dat geet natierlech ëmmer schif aus, wa keng Aarbechtsplaze geschaf ginn. Zu Lëtzebuerg ginn Aarbechtsplaze geschaf. Mir hunn also net dee Problem wéi zum Beispill Däitschland.

1) Trotzdeem hu mer e paradoxale System. Woufir? Majo éischtens mol opgrond vun den Ziffere selwer, déi ee muss hannerfroen. Mir hunn offiziell am Joer 2004 7.000 nei Aarbechtsplaze geschaf.

Nun ass et esou, dass vläicht mol net d'Halschecht vun deenen Aarbechtsplazen dem Arbeitsamt zur Verfügung stounge fir Leit dohinner ze placéieren. Woufir? Majo well e risegen Deel dovunner Interimsplaze waren. Well mer iwwer en neit Gesetz vun den Travailleurs handicapés enger Partie Handicapéierten, déi virdru geschafft hunn, awer näischt kritt hunn, elo e Revenu ginn a se lo och versécheren, wat jo sozial richteg ass; dat eleng si 400 Plazen. 529 Plaze goufe geschaf an den Transports fluviaux. Dat si Schëffer, déi fueren net op der Sauer an net op der Uelzecht an och net op der Musel, déi fueren um Rhein. Dat si Betriber, déi op Lëtzebuerg kommen, well et hei méi interessant ass wéinst der sozialer Sécherheet sech hei nidderzeloossen.

A wa mer vun Delokaliséierunge schwätzen, da muss ee wëssen, dass manner Delokaliséierunge vu Lëtzebuerg fort an d'Ausland geschéien, wéi Delokaliséierunge vum Ausland heihinner; där hu mer der all Dag. Mir hunn also ganz vill,

besonnesch däitsch Betriber, déi komme mit Mann und Maus heihinner, dat si reell Betriber, mä déi deklaréieren natierlech kee Poste bei der ADEM, dat sinn Transferten. Leider kann de Statec eis net soen, wéi vill dat der am Endeffekt sinn.

An dann hu mer effektiv och nach de Problem vun Emplois virtuels, also vu fiktiven Aarbechtsplazen. Där hu mer och. D'Affär Eclipse Airlines, ech zitéieren lech déi just, mä mir kënnen herno nach drop agoen.

Also sinn net déi 7.000 Plazen all bei der ADEM disponibel. Déi kënnen net gemellt ginn. Et gëtt och verschidde Betriber, déi melle keng; do kommen ech herno nach eng Kéier drop zréck.

An da muss ee wëssen, esouguer wa Plaze gemellt ginn, dann ass et oft de „Buschtelefon", deen d'Leit op d'Plaz bréngt. Wann an engem Betrib haaptsächlech Leit vu Grouss-Hetteng zum Beispill schaffen, dann ass d'Chance relativ grouss, dass déi der kennen, déi dohinner kommen. Wann haaptsächlech Leit vun Esch do schaffen, ass d'Chance relativ grouss, dass Escher dohinner kommen. Dat ass eben esou. Esou funktionéiert dat am Liewen a sou funktionéiert dat och an der Aarbechtswelt.

Mir hu just de Problem vum Compartimentage, dass mer ëmmer méi Leit hunn, wou déiselwecht Nationalitéiten oder Dierfer op enger Plaz sinn, an nach just op enger Plaz, an déi aner net. Déi Ziffere kann een all nokucken, déi sinn all bei der Statec. Dir fannt se och erëm am Rapport d'activité vun der ADEM. Dat ass säitens vun der Offer.

2) Bei der Demande, wou ech soen, wou déi meescht drop schaffen. Wou stelle mer fest, wou déi meescht Leit betraff sinn? Dat si véier Kategorien a meeschtens fannen déi véier sech erëm: 1. déi net Qualifizéiert; 2. déi, déi méi wéi 45 Joer hunn; 3. déi Leit, déi gesondheetlech oder sozial Problemer hunn; a 4. d'net Lëtzebuerger.

Déi net Qualifizéiert, dat spillt fir jiddfereen, dat spillt och fir déi Jonk. Déi Jonk hunn am Allgemengen déck Chancen och haut op den Aarbechtsmaart ze kommen, dat stelle mer fest, soulaang se Qualifikatiounen hunn an déi richteg Qualifikatiounen hunn. Mä déi net Qualifizéiert, déi 20%, déi all Joer aus dem Schoulsystem erausfalen, ouni certifizéiert Qualifikatioun, déi hu ganz wéineg Chancen. Och wa mir se a Mesurë stiechen, stelle mer ëmmer erëm fest, dann huele mer se vun enger Mesure an déi aner, herno hu se 30 Joer, da falen se a keng Mesure méi an da si se laangzäitaarbechtslos. Dat ass en Drama fir déi Leit; no deene musse mer kucken.

Mä et sinn net nëmmen déi Jonk, et si ganz vill Leit ëmmer méi, an do kommen ech op déi 45-Jähreg, déi hir Schaff verléieren, oft wéinst Restrukturéierungen. Betriber zu Lëtzebuerg musse restrukturéieren, fir kënne matzehalen an der Kompetitivitéit. Mä do ass d'Gefor, dass, wa Leit dann ausgemustert ginn, besonnesch wa se dann nach gesondheetlech oder sozial Problemer hunn, déi am Chômage bleiwen.

A wann ech vun de sozialen a gesondheetleche Problemer schwätzen, muss een och wëssen, dass mer eng Partie Gesetzer hei gestëmmt hunn, zu deenen ech stinn - ech hoffen Dir och -, déi versicht hunn d'Ziffere méi propper ze maachen. Well et ass nach laang net esou, dass jiddfereen, dee Chômeur ass, also Chômeur am Sens véritable du terme, een dee keng Schaff huet an eng sicht, dass dee bei der ADEM ageschriwwen ass. Et gëtt eng Grauzon. Bei der Jugend zum Beispill gëtt et doudsécher eng Grauzon. Mä och bei deenen anere gouf et eng Grauzon, bei de soziale Fäll.

Wat hu mer gemaach? Mir hunn zwee Gesetzer gestëmmt, dat iwwert d'Handicapéiert an dat iwwert d'Travailleurs à capacité de travail réduite. Mir hunn ausgerechent an der ADEM, dass vum 1. Juni 2004 bis den 30. Abrëll 2005, also emol net grad an engem Joer, 40% vun der Augmentatioun vun den Demandeurs d'emploi zréckzeféiere sinn op d'Gesetz vun den Travailleurs handicapés. Ech hunn lech virdru gesot, beim Emploi hu mer dat gesinn, mä och bei den Demandeurs d'emploi.

Well fir haut déi Indemnité pour travailleurs, pour personnes handicapées ze kréien, muss een ageschriwwe sinn. Also 40% vun der Augmentatioun an engem Joer sinn zréckzeféieren op dat Gesetz, an 20% sinn zréckzeféieren op de Reclassement externe vun eiser neier Invalidepensiounsregelung. 60% sinn also op d'Gesetzer zréckzeféieren.

An dann hunn ech nach guer net geschwat vun deene ronn 1.000 Leit vun deenen 9.500, déi RMG-Empfänger sinn oder ënnert d'RMG-Gesetzgebung falen, wat natierlech och meeschtens Leit sinn, déi ganz vill Problemer hunn. Och déi sinn net einfach ze placéieren.

Da kommen ech op d'net Lëtzebuerger. Vun de Residentë sinn um Aarbechtsmaart 55% Lëtzebuerger, 45% net Lëtzebuerger. Am Chômage ass et ëmgedréint: 35% Lëtzebuerger a 65% net Lëtzebuerger. Déi Distorsioun geet nach weider auserneen. D'portugisesch Communauté, déi eng wichteg Communauté an dësem Land ass, déi ass iwwerrepresentéiert am Chômage: 80% vun deenen hu keng Qualifikatioun.

Dat sinn zum Deel Jonker, déi aus der Schoul kommen a keen uerdentlechen Diplom konnte kréien. Dat sinn awer och Eelerer, déi heihinner komm sinn, déi nëmme Portugisesch, vläicht e bësse Franséisch kënnen, déi vill manuell geschafft hunn an op eemol gesondheetlech Problemer hunn. Déi si ganz schwiereg op den Aarbechtsmaart zréckzeféieren.

Wa mer nach eng Kéier op d'Gesetz zréckgi vun den neien Invalidepensiounsregelungen, Reclassement externe, da kommen eleng 313 Fäll aus dem Bausecteur, dovunner sinn der iwwert d'Halschent, déi méi wéi 50 Joer hunn. Fir déi Leit ass et schwiereg eppes ze fannen.

Wat wëll ech domadder soen? Mä, dass eisen Haaptproblem ass, Leit, déi défavoriséiert sinn? An do geet et eleng net duer, fir dass mer Croissance a Kompetitivitéit kréien. Dat brauche mer souwisou wéinst eiser Wirtschaft. Mä ze mengen, et géif duergoen, Wuesstum ze kréien, méi kompetitiv ze sinn, nei Aarbechtsplazen ze kréien, ännert näischt un deem doten Uwuesse vun eisem Chômage, well et just déi Allerschwaachste vun der Gesellschaft besonnesch betrëfft. Et ass eng Fracture sociale, déi mer kennen, déi riskéiert do nach méi grouss ze ginn. An duerfir musse mer kucke wat mer kënne maachen.

II. Nei Moossnamen

Wat kënne mer maachen? Mir kënne Moossnamen huelen op kuerz Siicht, mir kënnen och Moossnamen huelen op länger Siicht, an ech schloen déi zwee vir.

Fir d'éischt ass, dass mer kucken, dass mer d'Leit, d'Demandeurs d'emploi méi séier aktivéieren. Duerfir hu mer de leschte Freideg eng Partie Moossnamen ugeholl am Regierungsrot, déi dohinner zilen, fir dat ze maachen. Déi hu mer laang mat de Sozialpartner innerhalb vum Comité permanent de l'Emploi diskutéiert. Ech soen lech och, dass Der déi Mesuren nach an Är Chamberkommissioun kritt selbstverständlech, déi gi jo nach op den Instanzewee, déi ginn nach diskutéiert. Et ass also net haut de Mëtteg wou mer dat ofhaken. Ech wollt déi Moossname just de Mëtteg eng Kéier kuerz virstellen.

Déi Moossnamen dinn och eisem Wëlle keen Ofbroch fir eng Etüd ze maachen iwwert d'Effikassitéit vun de Moossnamen, well ee sech och muss d'Fro stellen, ob all Moossnam, déi mer am Fonds pour l'Emploi hunn, och effikass ass. Dat maache mer. Dat leeft. Do geet deemnächst en Optrag eraus. Mä hei si Moossnamen, déi direkt justifizéiert sinn, a wou ech frou wär, wa mer déi och kéinte fir den Hierscht a Kraaft hunn.

1) Wat wëlle mer do virgesinn an deene Punkten? Emol fir d'éischt eis héllefen ze harmoniséieren. Do gesi mer, dass déi eng, déi kritt ee wann een e Kontrakt huet vu 16 Stonnen, een anere vun 20 Stonnen. Mir wëllen alles op 16 Stonne maachen. Mir wëllen och soen, en CDD vun 18 Méint u gëtt considéréiert, an den Délai wou muss d'Demande eraginn, sechs Méint. Dat ass emol eng allgemeng Harmoniséierung. Dat ass elo net dat Grousst.

2) Wat nei ass, dat ass, dass mer wëlle Leit Hëllef gi fir e Betrib ze grënnen. Och dat hate mer bis ewell, mam Problem, dass just déi konnten eng Hëllef kréien, déi eigentlech net capabel waren, e Betrib ze grënnen. Also ech hat ganz wéineg Demanden, déi erakomm sinn a wou mer och konnten herno Jo soen. Bei ganz ville konnte mer net Jo soe respektiv konnten net erakommen.

Mir wëllen also do dat méi grouss opmaachen a mir wëllen och d'Hëllef an d'Luucht setzen, op 25.000 Euro. Mir sinn eis awer och bewosst, dass mer net däerfen de Feeler maachen, deen an anere Länner gemaach gouf, dass do versicht ginn ass, d'Statistike vum Chômage ze berengegen an duerfir méi Failliten ze kréien. Mir wëllen net méi Faillitë kréien. Duerfir hu mer och hei virgesinn, dass ee muss e Betribsplang hunn, an dass dat och vun de Beruffskummeren iwwerwaacht gëtt. Dat hei ass also och eng Saach, déi mer laang a breet an heftegst, soen ech och, mat de Leit vun de Beruffsorganisatiounen duerchdiskutéiert hunn.

3) Drëtt Moossnam, dat wier den Emploi des jeunes. Do wëlle mer effikass ginn, well mer festgestallt hunn, virun allem bei deenen CAT-Leit, déi beim Stat geschafft hunn, dass se sech oft virkomm sinn, wéi wa se geparkt wären a wéi wa se den Härgott mat der décker Zéif hätten. Dat heescht, si ware beim Stat oder bei der Gemeng an da waren se schéin zefridden, an dann hu se och nach heiansdo Hoffnung gemaach kritt, si kéinten duerno gehale ginn, wann e Posten am Numerus clausus fräi wär. Dann ass awer kee Postë komm am Numerus clausus, an da si se erëm zréck an de Chômage komm.

Dat wëlle mer verhënneren, dass mer d'Leit, besonnesch déi Jonk, dauernd vun enger Mesure an déi aner drainéieren. Mir mussen also do méi effikass ginn.

Mir maachen duerfir zwee nei Kontrakter. Fréier hate mer der dräi, elo maache mer der zwee: de Contrat d'aide à l'emploi an de Contrat d'initiation à l'emploi. Den Aide à l'emploi ass fir den öffentleche Secteur an d'Associatiounen, an deen aneren ass fir de Privatsecteur an d'Associatiounen.

4) Dann déi véiert Moossnam: Mir mussen deene 45-Jährege méi entgéintkommen. Mat déi effikasste Mesure ass déi fir dass de Patron d'Sécurité sociale remboursséiert kritt. Déi kritt en elo nëmmen, wann een entweder zwielef Méint ageschriwwen ass oder wann ee méi wéi 50 Joer huet. Mir soen, wann s de 45 Joer hues, da kritt de Patron net méi wéi bis ewell siwe Joer, mä iwwerhaapt bis dass de an d'Pensioun gees d'Cotisation sociale zréckbezuelt, well dat fir eis déi eenzeg richteg Mesure ass, wou de Patron da vläicht bereet ass, éischter en Eeleren anzestellen, wéi iergendwou an d'Ausland e Jonke sichen ze goen.

5) Lescht Moossnam, dat ass eng Formatioun. Mir stelle fest, mir hunn eng Partie Formatiounen, déi mer ubidden. Mir hu schonn de Mëtteg dovunner geschwat. Et gëtt awer och Formatiounen, déi de Leit hëllefen, déi mer net ubidden. Déi konnte mer bis elo net bezuelen. Duerfir hu mer am PAN-3-Gesetz eis eng Base légale ginn, an elo huele mer d'Reglement hei fir dass d'Leit, déi eng spezifesch Formatioun brauchen, déi och kënne bezuelt kréie vun der ADEM. Wa si selwer de Wonsch hunn, dat ze maachen, da mussen se se virstrecken. Wann d'ADEM awer seet, dat doten ass et wou s de muss higoen, dann ass et d'ADEM, déi déi géif virstrecken.

Voilà, dat sinn also fënnef konkret Mesuren, déi Dir och geschéckt kritt hutt, déi mer e Freideg am Regierungsrot haten.

6) Eng sechst betrëfft d'Zesummenaarbecht vun der ADEM mat de Betriber. Do ass et esou, dass villes muss goen, dass mer proaktiv wësse wat geschitt. Mir kënne vläicht herno eng Kéier op d'Diskussioun zréckkomme vun der Goodyear. D'Goodyear ass dee Betrib mat deem mer am beschten zesummeschaffen, dee wierklech Onqualifizéierter nach vun eis astellt a systematesch nëmmen iwwer eis rekrutéiert.

Dat geet awer nëmme wa mer mat Zäite wëssen, wat fir eng Leit si sichen, dass mer déi kënne virbereeden. Do spillen d'Consultanten eng grouss Roll. D'Consultantë goufen am PAN ?98 agefouert. Leider ass déi Base légale net ganz kloer. Mir hunn do Problemer mat eisem Contrôle financier, alt erëm eng Kéier. An duerfir brauche mer eng nei Base légale, well mir wëllen nach méi Consultanten an der Zukunft hunn, wéi mer der ewell hunn.

Drëttens ass et natierlech esou, dass mer och wëllen d'ADEM weider reforméieren. Dee leschten Audit war, mengen ech, 1997. Dunn hu mer eng Partie Saache gemaach, notamment iwwert d'Assistance personnalisée vun de Chômeuren, de Service d'assistance personnalisée, de Club emploi an anerer. Mir hunn am Regierungsprogramm décidéiert, dass mer en Audit maachen. Dee leeft am Hierscht un.

Den Audit, dat wëllt net soen, dass ech der ADEM net trauen, mä ech mengen zënter 1997 ass esou villes geschitt, dass et gutt wär, wann een eis do seet: Fonctionnéiert d'ADEM gutt, respektiv wou fonctionnéiert se net gutt? Et ass bestëmmt net, dass d'ADEM géif insgesamt schlecht fonctionnéieren. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer kënne gutt Iddië kréien, fir de Fonctionnement nach ze verstäerken.

III. Laangfristeg denken

Dat gesot, bréngen déi dote Moossnamen à court terme net all Léisung. Léisunge fanne mer à long terme nëmmen, wa mer eng Gesamtpolitik an d'Wee leeën, wou d'ADEM eleng net duergeet, awer och den Aarbechtsminister net duergeet.

1) Fir d'éischt musse mer also kucken, dass mer d'Wirtschaftspolitik méi no un d'Aarbechtsmaartpolitik erukréien. Et geet net duer, dass mer op där enger Plaz Aarbechtsplaze siche ginn an op där anerer Säit Chômeuren hei hunn. Mir mussen also do kucken, méi no zesummenzeschaffen. Duerfir huet d'Regierung décidéiert, en Aarbechtsgrupp tëschent Wirtschaftsministère an Aarbechtsministère anzesetzen, fir deem dote Punkt entgéintzekommen.

2) Zweetens musse mer kucken, dass manner Leit entlooss ginn. Wat manner Leit entlooss ginn, wat mer der manner am Chômage hunn. Ech hu vun der Restrukturéierung geschwat. Ech hunn dat oft schonn hei gemaach, iwwert de ganze Problem, dass mer haut mussen ewechkomme vun där Iddi Sécurité de l'emploi musse mer kommen op d'Sécurité à l'emploi. Dat heescht, mir kënnen net méi domadder liewen, dass du eng Schaff hues an déi hues du sécher fir d'ganzt Liewen. Mä wat mir musse verhënneren, dat ass, dass een, wann ee seng Schaff verléiert, an d'Précaritéit fält. Mir mussen also kucken Transitiounen ze maache fir op nei Aarbechtsplazen ze kommen.

Ech weess net, wie vun lech d'Geleeënheet hat de leschte Freideg, mengen ech, de Professer Gazier ze lauschtere bei der Chambre des Employés privés, well deem säi ganze Sujet sinn d'Transitiounen. Mir mussen en neie Modèle social maachen an hei maache mer dat. Dofir hunn ech jo och dee Plan „maintien de l'emploi" ausgeschafft, deen ech de Sozialpartner iwwerreecht hunn, wou mer wäerte bis de Juli eis Äntwerten hunn, wou ech véier konkret Moossname proposéiert hunn: Audit social, Outplacement, Prêt temporaire de main-d'oeuvre op enger sektorieller Basis - wou méiglech - a véiertens Aarbechtszäitreduktioun, mä Aarbechtszäitreduktioun mat als Contrepartie Formatioun fir d'Leit méi employabel ze maachen.

Also net Aarbechtszäitreduktioun fir op de Stau ze goen, mä Aarbechtszäitreduktioun fir wierklech erëm ze kucken, soit am Betrib, soit engem anere Betrib erëm kënne seriö ze schaffen.

Ech hu gesot, mir hu fënnef Saachen, also fir d'éischt d'Wirtschaftspolitik méi no un d'Aarbechtsmaartpolitik erunzeféieren, intelligent Restrukturéierungen, d'sozial Responsabilitéit vun de Betriber förderen, véiertens d'Ausbildung förderen a fënneftens eis ëm déi Leit bekëmmeren, déi wäit ewech vum Aarbechtsmaart sinn.

3) Op d'sozial Verantwortung vun de Betriber ginn ech elo net weider an, well ech awer wierklech no 20 Minutte wëll ophalen.

4) Véiertens hunn ech gesot initial Formatioun. Do schaffe mer gutt mam Schoulministère zesummen. Eis läit besonnesch d'Orientation professionnelle um Häerz, déi net klappt, well et oft an de Käpp vun de Leit net klappt, well d'Leit nach ëmmer gär hätten, hir Kanner solle Col blanc ginn, net Col bleu. Mir hunn also net genuch Leit am Apprentissage artisanal. Mir hunn der ze vill am Apprentissage commercial et administratif, fir nëmmen dat Beispill ze huelen.

Mä d'initial Ausbildung geet eleng net duer, well ganz vill Leit zu Lëtzebuerg ni hir initial Ausbildung gemaach hunn an och an Zukunft net maachen. Dofir brauche mer och vill méi staark lifelong learning, notamment fir all déi Eeler, déi hir Schaff verléieren. Et sinn der ganz vill, déi hu keng Qualifikatioun méi, respektiv hunn net méi déi richteg Qualifikatioun. Mir mussen och deenen hëllefen eppes ze maachen. Do hu mer en Accord tëschent de Sozialpartner iwwert den Accès individuel à la formation professionnelle continue. Dee wäert elo deemnächst vun der Regierung „d'obligation générale" erkläert ginn an eng Partie vun den Elementer vun deem wäerten iwwert de Projet de loi, dee schonn déi viregt Regierung op den Instanzewee ginn huet, duerchgesat ginn.

5) Dann de leschte Punkt, dat sinn d'Mesures durables fir déi Leit, déi wäit ewech si vum Aarbechtsmaart. Ech hunn lech virdru gesot, wat fir eng Kategorië betraff sinn. Mir dierfen eis net der Illusioun higinn, mir géifen déi all op de konkurrenziellen Aarbechtsmaart kréien. Mir behalen der. Mir sollen déi awer net an dat soziaalt Lach

fale loossen. Mir sollen deenen och net nëmmen Almose ginn, well Insertioun iwwert d'Aarbecht ass net nëmme wichteg, fir dass d'Leit Revenuë kréien, et ass och wichteg fir iwwerhaapt Leit an eis Gesellschaft ze integréieren.

Wat kënne mer eis do virstellen? Majo, méi soen ech an de Budgetsverhandlungen. Méi Moyenë fir déi Leit perséinlech ze betreien. Zweetens, sollte mer net vläicht kucken Travaux d'intérêt général ze reaktivéieren? Drëttens kënnt do fir mech de Beschäftegungsinitiativen e besonneschen Akzent zou. D'Beschäftegungsinitiativen, déi ech jo wëll reforméieren, wou ech hoffen, dass de Statsrot eng Kéier geschwë säin Avis doriwwer ofgëtt, well ech mengen, dass d'Beschäftegungsinitiativen net sollen do si fir déi, déi souwisou kee Problem hunn, mä si sollen do si fir déi, déi Problemer hunn. Dat war hiren Zweck.

Voilà, Dir Dammen, Dir Hären, dat ass meng Introduktioun. Ech mengen also, dass ee villes soll maachen, ka maachen, mä dass ech mer bewosst sinn, dass et keen Allheilmëttel gëtt. Et gëtt kee Coup de baguette magique. Dofir ass et ze vill komplizéiert, notamment an enger globaler Welt. Mä ech mengen, et ass dach méi wäert, dass mer d'Äerm eropkrempelen an dass mer souwuel kuerzfristeg wéi laangfristeg all eis Kräfte bündelen a kucke fir manner Leit an de Chômage ze kréien, a virun allem manner Leit laang am Chômage ze halen, a fir deene Leit, déi am Chômage sinn, oder déi fäerten an de Chômage ze kommen, eng Perspektiv ze bidden. Och dat ass en Enjeu vum sozialen Europa.

Ech soen lech Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Als éischte Riedner ass ageschriwwen, den Här Ali Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Ali Kaes** *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet ganz kloer aus der Interventioun vun eisem Aarbechtsminister ervir, datt d'Situatioun um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ganz komplex ass. Eleng d'Tatsaach, datt de Chômage stänneg zouhëlt, an dat an engem Kontext, dee gekennzeechent ass duerch e wirtschaftlechen Opschwong, beweist a sech dës Situatioun.

Ech fannen et duerfir - an et ass virdru schonn erwähnt ginn - ganz wichteg, datt mer eis Zäit huelen hei an deem Haus, fir de Problem vum Chômage am Detail ze analyséieren an iwwer méiglech Léisungen nozedenken. Bon, et wier natierlech ze vill schéin, wa mer uschléissend scho fäerdeg Léisungen um Dësch leien hätten.

Erlaabt mer lech an Erënnerung ze ruffen, datt de PIB d'lescht Joer ëm 4,5% an d'Luucht gaangen ass, wat a sech eng gutt Performance ass. Och wann dëse Prozentsaz ënnert deem läit, dee mir ufanks vun dësem Jorzéngt kannt hunn, hate mer am Verglach zu deenen anere Länner vun der Europäescher Unioun eng ganz staark oder eng staark Croissance.

***(M. Jos Scheuer prend la Présidence)***

Nieft dem Wirtschaftswuesstum huet Lëtzebuerg fir d'Joer 2004 och nach en Aarbechtswuesstum vun 2,5% ze verzeechnen. Trotz dëse positive Resultater ass de Chômage d'lescht Joer net erofgaangen. Am Géigendeel, en ass op 4,2% geklommen a läit mëttlerweil bei 4,6%. An Zuelen ausgedréckt sinn dat 9.674 Leit, déi bei der Administration de l'emploi am Abrëll 2005 ageschriwwe waren. Vu datt d'Matière komplex ass, kënnen d'Léisunge vum Problem och keng einfach sinn.

D'Léisung, Dir Dammen an Dir Hären, besteet awer sécher net dodran, och wann een dat vu verschiddene Säiten ëmmer erëm ze héiere kritt, de Mindestloun erofzesetzen, de Kënnegungsschutz opzelockeren oder den Index ofzeschafen.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Ali Kaes** *(CSV)*.- Et muss een eng global Visioun vum Problem hunn an no spezifesche Léisunge fir eist Land sichen, Léisungen, déi nëmmen am Konsens kënne fonnt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et muss ee sech zwou Saache bewosst sinn, wann ee vun der Entwécklung um Aarbechtsmaart an der Evolutioun vum Chômage schwätzt. Déi éischt ass déi, datt et ëmmer Leit wäerte ginn, déi am Chômage sinn. Vollbeschäftegung ass net mat enger Aarbechtslosegkeet vun 0% ze verwiesselen. D'Vollbeschäftegung ass a mengen Aen, wa jiddfereen, deen eng Aarbecht sicht, an enger räsonnabeler Zäit eng qualitativ gutt a vollwäerteg Aarbechtsplaz fënnt.

Déi zweet Saach, déi ee sech virun Aen hale soll, ass déi, datt jiddfereen u sech gefuerdert ass. Net nëmmen d'Politik, mä och d'Betriber an déi Schaffend solle bereet sinn u sech eng gréisser Verantwortung ze iwwerhuelen.

Kuckt ee sech zum Beispill déi vill Restrukturéierungen un, déi dacks mat engem gréisseren Ofbau vun Aarbechtsplaze verbonne sinn, mierkt een zimlech séier, datt d'sozial Verantwortung vun de Betriber just um Pabeier, jo wierklech um Pabeier gutt ausgesäit.

Säitens vun de Salariéë mangelt et awer och ganz dacks, an dat ass ee grousse Problem, un deenen néidege Qualifikatiounen, an et feelt och heiansdo un enger gewësser Portioun Flexibilitéit. Bon, ech wäert nach eng Kéier op dëse Punkt zréckkommen.

Wann een also eng seriö Debatt iwwert d'Situatioun vun eisem Aarbechtsmaart wëllt féieren, ouni duerch populistesch Aussoen, Deelwouerechten a subjektiv Interpretatiounen d'Angscht vun de Leit dobaussen eropzeschwieren, muss een als éischt u sech d'Natur vum Chômage analyséieren, ier een op gëeegent Moossnamen ze schwätze kënnt, well, Dir Dammen an Dir Hären, Chômage ass nun eben net gläich Chômage.

D'Situatioun um Aarbechtsmaart ass u sech duerch verschidden interaktiv Elementer bedéngt: de wirtschaftleche Réckgang um internationalen Niveau, d'Plaz, déi eisen éischter klengen Aarbechtsmaart am Kader vun der Grossregioun anhëlt, d'Restrukturéierung am Finanzberäich, d'Verschwanne vun den net spezialiséierten Aarbechtsplazen a parallell dozou eng Spezialisatioun vun den Aufgaben, esou datt een tëschent verschiddenen Zorte vu Chômage muss ënnerscheeden, déi natierlech verschidden Äntwerten a Solutioune brauchen.

De Chômage zu Lëtzebuerg geet zënter Oktober 2001 an d'Luucht, nodeems e jorelaang erofgaangen ass. Dës Entwécklung spigelt u sech d'wirtschaftlech Lag erëm. No de Boomjoren, Enn vun den 90er Joren, koum ufanks vun dësem Jorzéngt u sech de wirtschaftlechen Abroch. Vill Leit hunn hir Aarbechtsplaz tëschent 2001 an 2003 verluer oder kruten hire Kontrakt net verlängert. Respektiv si se ganz einfach net agestallt, respektiv net ugestallt ginn. Och wa sech déi wirtschaftlech Situatioun am Laf um leschte Joer liicht verbessert huet, klëmmt d'Zuel vun de Leit, déi op der Sich no enger Aarbechtsplaz sinn, weider.

Deelweis hänkt dëst domadder zesummen, datt den Aarbechtsmaart ëmmer mat enger gewësser Verspéidung op wirtschaftlech Ännerunge reagéiert. D'Fro, déi sech haut opdrängt, ass also net déi fir ze wëssen, firwat de Chômage zënter dräi Joer zouhëlt, mä ob d'Leit, déi opgrond vun engem schwieregen, wirtschaftlechen Emfeld hir Plaz verluer hunn, oder net agestallt gi sinn, kuerzfristeg eng Aarbechtsplaz wäerte fannen. An anere Wierder, ob de konjunkturelle Chômage wäert ofhuelen.

Bon, den Experten no soll jo d'Wirtschaft erëm am Joer 2005 méi lues dréinen, wéi dat 2004 nach de Fall war.

Ma dëst huet als Konsequenz, datt de Chômage, y compris de konjunkturelle Chômage, viraussichtlech net wäert an deenen nächste Méint erofgoen, zumindest op jidde Fall net massiv. De Risiko ass also grouss, datt de konjunkturelle Chômage mutéiert an dann zu engem strukturelle Chômage gëtt.

Anescht ausgedréckt: Déi Leit, déi hir Plaz aus wirtschaftleche Grënn verluer hunn, riskéiere ganz einfach Chômeur de longue durée ze ginn. Dat ass awer genau déi Kategorie vu Leit, Dir Dammen an Dir Hären, déi mir perséinlech ganz vill Suerge mécht, well oft eeler Leit an déi Kategorie falen, déi, wéi d'Praxis dat beweist, et schwéier bis bal onméiglech hu fir zréck op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Et si grad déi iwwer 50 Joer, déi nom wirtschaftlechen Ofbroch 2001 entlooss gi sinn an elo net vum wirtschaftlechen Opschwong profitéieren. Tëschent Mäerz 2004 a Mäerz 2005 ass d'Zuel vun deenen iwwer 50 Joer, déi op der Sich no enger Aarbecht woren, eropgaangen. Si stelle 16% vun den Demandeurs d'emploi duer, géint 13,7% e Joer virdrun.

Derbäi kënnt, datt ëmmer méi Leit tëschent 40 a 50 Joer vun der Laangzäitaarbechtslosegkeet betraff sinn. Dës Populatioun stellt ronn 25% vun den Aarbechtssichenden duer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn net déi eeler, mä virun allem déi jonk Leit, déi vun der wirtschaftlecher Reprise d'lescht Joer profitéiert hunn. Wann ee sech nämlech d'Zuele vun der Administration de l'Emploi ukuckt, ma da stellt ee fest, datt d'Zuel vun deene jonken Demandeurs d'emploi d'lescht Joer liicht erofgaangen ass.

Dës Entwécklung, déi kann een u sech als Zeechen ugesinn, datt de strukturelle Chômage an Zukunft weider wäert klammen.

Wéi kann een awer elo virgoen? Wéi kann een de Chômage reduzéieren? Bon, éier ech op d'Moossnamen an d'Achsen ze schwätze kommen, déi den Aarbechtsminister virdru kuerz erwähnt huet, wëll ech kuerz op Solutiounen agoen; Solutiounen, déi sécher keng Solutioune sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Äntwert op de Chômage kann net eleng an der Schafung vun neien Aarbechtsplaze leien. Erënnert lech drun, am Joer 2002 huet Lëtzebuerg trotz Abroch vun der Ekonomie et fäerdeg bruecht, en Aarbechtswuesstum vun 3,2% ze verzeechnen.

Wann et kloer ass, datt nei Aarbechtsplaze musse geschafe ginn, fir datt de Chômage zréckgeet, muss ee sech ëmmer virun Aen halen, datt dësen Automatismus Emploi-Chômage bei engem Wirtschaftswuesstum vu ronn 5%, no deene leschte Berechnunge vum Statec, spille kann.

Or, d'Wirtschaft ass am Duerchschnëtt ëm 4% déi lescht 50 Joer gewuess. Doriwwer eraus soll een net vergiessen, datt eisen Aarbechtsmaart vun der internationaler Konkurrenz geprägt ass.

All Plaz, Dir Dammen an Dir Hären, déi hei am Land geschaf gëtt, gëtt tëschent de Salariéen an engem Konkurrenzkampf an der Grossregioun ausgespillt. An do schneiden, an dat ass nun eben esou, d'Grenzgänger oft besser of.

An deene leschte fënnef Joer sinn hei zu Lëtzebuerg iwwer 51.000 Plaze geschaf ginn. Zwee Drëttel vun dëse Plaze si vu Frontalierë besat ginn.

D'Äntwert op de Chômage kann och net sinn, wéi een dat notamment vum Patronat ëmmer erëm ze héiere kritt, den Index ofzeschafen oder ze bescheneiden. Och wa verschidden auslännesch Experten, déi net mam Standuert Lëtzebuerg vertraut sinn, déiselwecht Iddi vertrieden, esou muss ech lech soen, datt ech dës Meenung absolut net deelen. Ech géif all deene Leit, déi dës Philosophie vertrieden, recommandéieren, d'Positioun vun deenen zwou grousse Gewerkschaften zum Rapport Fontagné ze liesen a sech dodrunner ze inspiréieren, dat ass dat Dokument «Pour un modèle social sans faille». Dat géif esou muncher engem ganz gutt doen, wann e sech e bëssen un deem Text, wéi gesot, géif inspiréieren.

Den Index bedeit d'Kafkraaft vun de Schaffenden, déi gläichzäiteg och Konsument sinn, oprecht ze erhalen. Dofir ass et wichteg, den Index a senger jëtzeger Form bäizebehalen. Mir kréien och net manner Chômeuren zu Lëtzebuerg, wa mer de Mindestloun ofschafen, respektiv wa mer en erofsetzen.

Ech sinn net, a bestëmmte Situatiounen, géint eng méi moderéiert Lounpolitik, wann dat wierklech néideg ass a wann dat eppes bréngt, mä ech mengen d'Gewerkschaften hei an deem Land hunn och nach ëmmer an dësem Punkt eng verantwortungsvoll Positioun ageholl. Et brauch ee jo nëmmen d'Accordë vun deene leschte Joren am Kollektivvertragswiesen ze kucken. D'moderat Lounpolitik kann - an ech betounen, kann - en Instrument si fir vorübergehend dozou bäizedroen, eng gréisser Konkurrenzfäegkeet ze hunn a domadder méi Wuesstum ze schafen.

Mä wann ech gesinn, datt zum Beispill am Joer 2003, wat jo bekanntlech dat schlechtste Joer a puncto wirtschaftlechem Wuesstum soll sinn, verschidde Secteuren, notamment de Finanzsecteur Benefisser gemaach huet, déi fir Verschiddener nawell ganz zolidd ausgefall sinn, op där anerer Säit awer wéinst der schlechter wirtschaftlecher Lag d'Salariéë manner an der Pai haten, hunn ech gréisser Bedenken, wat d'Finalitéit vun enger moderater Lounpolitik soll sinn.

Ech wéilt och nach hei erwähnen, datt am Verglach zu den anere 25 europäesche Länner mir guer net esou héich am Mindestloun leien, wéi een dat à première vue kéint gesinn. Sécher, de Mindestloun bedréit nëmme ronn 145 Euro pro Mount a Litauen, bal 12-mol manner wéi hei am Land, mä d'Liewen ass do awer, an ech mengen dat weess jiddereen, vill méi bëlleg. Doriwwer eraus ass nach ze bemierken, datt Lëtzebuerg eng vun deenen héchste Produktivitéitsraten ze verzeechnen huet.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass och eng Utopie ze mengen, et bräicht ee just de Kënnegungsschutz opzelockeren, fir net ze soen ofzeschafen, fir datt eis Betriber erëm méi Leit géifen astellen. An dëser Hypothees, an ech ginn lech et schrëftlech, schwaarz op wäiss, géif d'Aarbechtslosegkeet net ofhuelen, mä am Géigendeel ganz ferme zouhuelen, a besonnesch betraff wiere ganz sécher nees déi Leit iwwer 50 Joer.

A schlussendlech läit d'Léisung, de Chômage ze reduzéieren, och net doranner d'Indemnité de chômage ze kierzen, esou wéi dat ganz bestëmmte Kräften ëmmer erëm fuerderen a versichen ëmzesetzen. Ech wëll hei nach eng Kéier rappeléieren, datt jo nëmme ronn 50% vun den Demandeurs d'emploi eng Aarbechtslosenënnerstëtzung kréien. Laut der Theorie vun deene bestëmmte Kreesser misste jo dann u sech déi aner 50%, déi jo da keng Indemnitéit kréien, ouni Problem ze placéiere sinn.

Wou läit dann awer elo d'Äntwert op de Chômage? Wéi gesot, d'Aarbechtslosegkeet ass eng komplex Problematik. Et gëtt ganz einfach kee Wonnermëttel. Mir mussen duerfir op verschiddene Plazen den Hiewel usetzen. Fir unzefänken emol an der Schoul.

Och wa besonnesch déi Jonk vum aktuellen Opschwong profitéieren, ma esou ass d'Realitéit dach déi, datt ronn 1.700 jonk Leit an der Administration de l'Emploi als Aarbechtsichend ageschriwwe sinn, ouni déi, déi an enger Beschäftegungsmoossnam sinn, derbäizezielen.

D'Äntwert op d'Aarbechtslosegkeet vun eise Kanner läit virun allem och an hirer Formatioun. Mir musse vill méi staark an d'initial Formatioun vun de Jonken investéieren. A mengen Ae kommen nach ëmmer vill ze vill jonk Leit op den Aarbechtsmaart ouni en Diplom oder eng adequat Formatioun. Ech mengen, spéitstens zënter PISA wësse mer, datt eise Schoulsystem reforméiert muss ginn am Sënn vun enger gréisserer Chancëgläichheet. Eise Schoulsystem soll jiddferengem d'Chance ginn, säi Potenzial ze entfalen.

E Schüler, dee mat 16 Joer aus der Schoul kënnt, an dat ouni Diplom, well en einfach net mam System eens gëtt, ass ganz einfach e potenzielle Kandidat fir d'Administration de l'Emploi. D'Politik muss duerfir am Beräich vun der Ausbildung hirer Verantwortung gerecht ginn andeem se kuckt, datt d'Formatiounen an d'Léiergäng, déi an der Schoul ugebuede ginn, och deem entsprieche wat dobausse vun de Betriber gefrot a gefuerdert gëtt.

Dat geet awer nëmmen, wann d'Patronen an d'Betriber enk mat der Schoul zesummeschaffen. Duerfir musse ganz kloer Synergien entstoen. Et geet nämlech net duer, wéi dat oft de Fall ass, de jonke Leit d'Méiglechkeet unzebidden, an engem Betrib e Stage oder eng Léier ze maachen.

Ech sinn der Meenung, d'Schoulprogrammer misste vun engem gewëssene Moment un an Zesummenaarbecht mat de Betriber ausgeschafft ginn. Nëmmen esou kréie mir Leit forméiert, déi de Besoinë vum Aarbechtsmaart entspriechen. Et mécht net vill Sënn a mengen Aen, Aarbechtsplazen ze schafen, wa mer net déi néideg qualifizéiert Main-d'œuvre hunn. Dat ass genau de wonne Punkt vun eisem Aarbechtsmaart.

Eng vun den Haapterausfuerderunge wäert sinn, d'Inadéquatioun tëschent der Nofro an der Offer um Aarbechtsmaart opzehiewen. Well net jiddfereen, deen um nationalen Aarbechtsmaart ze fannen ass, passt op déi Plaz, déi nun eben dobaussen um Aarbechtsmaart ugebuede gëtt respektiv opsteet. Dat ass e Lëtzebuerger Paradox. Mir mussen et fäerdeg bréngen, datt déi Betriber, déi Plaze schafen, déi gewënschte Leit och um Aarbechtsmaart fannen, ouni mussen op dem Aarbechtsmaart vun eisen Nopeschlänner ze prospektéieren.

D'Äntwert op dëse Problem läit zum Deel an enger besserer Formatioun. Dëst awer net nëmmen zu Gonschte vun eise jonke Leit, mä och zu Gonschte vun deenen eeleren an domadder notamment iwwert de Wee vun enger aarbechtsmaartorientéierter Ausbildung oder Formation continue. Do läit u sech de Schlëssel fir de Chômage effektiv ze bekämpfen, vu datt d'Formatioun e wesentlecht Element ass fir méi effizient géint d'Aarbechtslosegkeet virzegoen.

Ma do froen ech mech, firwat datt d'Administration de l'Emploi net bei wirtschaftleche Missiounen am Ausland representéiert ass? De

Wirtschaftsminister verkeeft de Standort Lëtzebuerg. D'Administration de l'Emploi soll eis Aarbechtskraaft verkafen. Ier datt e Betrib op Lëtzebuerg kënnt, muss schonn à la base gekuckt ginn, ob mer Leit mat deenen néidege Qualifikatiounen hunn, déi kënnte fir déi entstehend Plazen a Fro kommen, respektiv ob mer esou Leit kéinte forméieren. Ech stelle fest, an der Interpretatioun vun eisem Aarbechtsminister virdrun, datt hie sech gewëssermoossen déiselwecht Iwwerleeunge gemaach huet. D'ADEM muss vu vireran op dee ganze Prozess agebonne ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nieft der Onqualifikatioun kann och eng ze staark Spezialisatioun an enger bestëmmtener Branche zu Chômage féieren. D'Informatik ass dat beschte Beispill vun enger Beruffsspart, déi sech duerch beruffflech Iwwerqualifikatioun kennzeechent. A kenger Beruffsspart gëtt et esou vill Leit mat verschiddenen, héich technesche Spezialisatiounen.

Sou kënnt et, datt mer Informatiker am Chômage hunn, déi, wann eng Plaz fräi gëtt oder nei ausgeschriwwe gëtt, net kënne vermëttelt ginn aus deem Grond, datt hir Spezialisatioun net mat där iwwerenee stëmmt wéi déi, déi vum Betrib am Moment gefrot oder erwënscht gëtt. Et ass deemno wichteg, d'initial Formatioun esou auszeriichten, datt eng Reconversioun méiglech ass.

A wann ee vu Reconversioun schwätzt, da muss och d'Formation continue dorobber ausgeriicht sinn, deene Leit déi néideg Mëttelen ze ginn, fir sech ëmzeschoulen a fir sech erëm eng Kéier ze adaptéieren. D'Formatiounen, déi mir ubidden, sinn a mengen Ae vill ze vill generell an net genuch op den Aarbechtsmaart orientéiert. Hei mussen nach eng ganz Rei vun Effortë geschéien.

D'Beschäftegungsmoossnamen, déi mer am Kader vum PAN-Gesetz vun 1999 agefouert hunn, kéinten och hei nach méi geziilt agesat ginn, fir deene Leit, déi hir Aarbechtsplaz verluer hunn, oder déi no laanger Zäit nees erëm wëlle schaffe goen, d'Méiglechkeet unzebidden, eng Formatioun an deene Secteuren ze maachen, wou nun ebe Leit gesicht ginn.

D'ADEM schafft mat enger ganzer Rei vun Entreprisen a verschiddene wirtschaftleche Secteuren zesummen. Do ginn Atelieren organiséiert, Formatiounen a Léiergäng ugebueden, mam Zil, d'Leit an enger gewëssener Beruffsspart auszebilden, wou och Personal gesicht gëtt, an dann deene Leit an där Branche no Méiglechkeet och eng Plaz ze verschafen.

Hei sinn d'Resultater ermonternd, och wann een ervirhiewe muss, datt d'Begeeschterung sech bei verschidde Leit nun eben a Grenzen hält. Et ass eng Fro vu Mobilitéit, vu Flexibilitéit, mä virun allem och vun Akommes. Firwat sech an engem Secteur ausbilde loossen, wou d'Aarbechtskonditioune méi flexibel sinn, oder d'Pai net esou gutt ass wéi déi, déi een an deem Secteur hat wou ee virdru geschafft huet?

Dat hu mer gesi wéi virun e puer Joer d'Iddi do war, d'Leit, déi duerch d'Restrukturéierung am Bankesecteur hir Plaz verluer hunn, an den Horeca-Secteur eriwwerzekréien, well dat e Secteur ass, wou u sech Leit mat Informatik- a Sprooche-Kenntnisser gesicht ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, do sinn net eleng Gesetzer a Moossname gefuerdert, mä do ass och heiansdo e gewëssent Ëmdenken néideg. Ech mengen, datt d'Iddi vun engem Kontrakt tëschent der Administration de l'Emploi an dem Demandeur d'emploi, dee ganz genau d'Rechter an d'Flichte vu béide Säite festhält, keng schlecht Iddi ass. Et ass en Instrument wat sécherlech zur Responsabilitéit och vum Demandeur d'emploi géif bäidroen.

D'inadequat Ausbildung vun de Schaffende spillt eng wesentlech Roll. Mä et stellt een och nach fest, datt vill ze vill oft de Patron guer net méi probéiert, op dem Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ze rekrutéieren. Vill Patrone mellen d'Aarbechtsplazen, déi fräi oder déi geschafe ginn, ganz einfach net méi bei der Administration de l'Emploi un, esou datt d'Leit, déi do ageschriwwe sinn, vu virera ganz einfach ausgeschloss sinn. Ronn nëmmen e Véirel vun deene Entreprisen, déi mer hei am Land hunn, an déi Personal beschäftegen, schaffen u sech mat der Administration de l'Emploi zesummen.

Bon, den Här Minister huet virdrun e Betrib erwähnt, deen dat wierklech à la lettre mécht. Ech wëll dee Betrib och nach eng Kéier hei erwähnen. Effektiv ass et esou, mä et ass net nëmmen dee Betrib eleng, mä grad dee Betrib ass exemplaresch: d'Goodyear. Als Beispill hei sinn zum Beispill an deene leschte Méint vun 133 Kandidaten, déi zréckbehale gi sinn, schlussendlech ronn 60 Leit, fir méi genau ze si 56 Leit, agestallt ginn, u sech onqualifizéiert Leit, nodeems datt se eng ganz prezis Formatioun, déi op d'Goodyear zougeschnidde war, matgemaach haten.

Den Aarbechtsminister huet et scho gesot, dëse Betrib rekrutéiert ausschliesslech an Zesummenaarbecht mat dem Arbeitsamt. Dat ass einfach ze félicitéieren an et muss een och hei eng Kéier kënne vun dëser Plaz aus esou e Betrib félicitéieren an encourageiere weiderzemaachen, an awer och deenen anere Betriber soen, si solle sech dodrun e Beispill huelen.

Mir missten dann awer och méi politesche Courage hunn, an déi Entreprisen, déi systematesch laanscht de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart hir Leit astellen, ganz einfach sanktionéieren. D'Betriber sollen ebenfalls responsabiliséiert ginn. D'Inadéquatioun tëschent der Nofro an der Offer um Aarbechtsmaart soll net e Virwand sinn, fir eng méi bëlleg Aarbechtskraaft am Ausland sichen ze goen.

Do derbäi kënnt de Problem, datt vill Gesellschafte sech hei zu Lëtzebuerg etabléieren, mä net vill Plazen oder zumindest keng Nettoaarbechtsplaze schafen. D'Aarbechter ginn einfach vun anere Länner op Lëtzebuerg transferéiert. Do spillt och ganz sécher de Phenomeen Interim, esou wéi et och scho virdru vum Aarbechtsminister ugeschnidde ginn ass, eng ganz grouss Roll. Nom Statec sinn déi gutt Zuele vum Aarbechtswuesstum am Ufank vun dësem Joer gréisstendeels op d'Performance vum Emploi intérimaire zréckzeféieren.

Et kënnt dann derbäi, datt ganz oft vun enger Entreprise eng Persoun iwwer Interim agestallt gëtt. Déi Persoun gëtt iwwer eng länger Zäit gekuckt, a wann eng definitiv Aarbechtsplaz geschafe gëtt an hiren Interimskontrakt ofleeft, da gëtt déi Persoun dann definitiv agestallt, wat u sech näischt Anormales ass. Or, déi meeschte Leit, déi awer zu Lëtzebuerg an Interim-Agencen ageschriwwe sinn, sinn nun ebe Frontalieren, esou datt erëm eng Kéier och an deem dote Fall laanscht de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart agestallt gëtt. Et misst ee kucken, datt d'Administration de l'Emploi an Zukunft dëse Volet besser ofdeckt.

Bal als eng gewëssen Entschëllegung fir d'Betriber stellt een awer och fest, datt ganz oft d'Betriber net wëssen, wat genau hir Flichte sinn an och vu wat fir enge Moossname si kënnte profitéieren, wa si zum Beispill Leit astellen, déi iwwer 50 Joer al sinn, oder Fraen, wa Fraen an hirem Betrib ënnerrepresentéiert sinn. Mir hunn e ganzen Arsenal vun Instrumenter, déi d'Employabilitéit vu verschiddene Kategorië vu Leit ënnerstëtzen an déi net ugewannt ginn, well se ganz einfach onbekannt sinn. Dës Moossname sinn awer sënnvoll. Si kéinte mat dozou bäidroen, datt de Chômage vun deenen eelere Schaffenden net géif zouhuelen, mä am Géigendeel géif ofhuelen. D'Efforten a Richtung Informatioun vun de Betriber sollen dofir weidergefouert ginn a virun allem no Méiglechkeet nach verbessert ginn.

Mir hu gutt Instrumenter. Et ass schued, datt se net méi an Usproch geholl ginn. Ier datt ee sech u sech Gedanke mécht, wat fir aner Moossnamen - obschonns datt dat selbstverständlech positiv ass - ee kéint huelen, respektiv ier datt een aner Instrumenter schaaft, misst ee kucke wéi déi bestoend Moossnamen an Instrumenter wierken.

An d'Formatioun investéieren, d'Patronë besser iwwer hir Flichten a Rechter informéieren, mä och géint massiv Kënnegunge virgoen - ech mengen dat war och eng Iwwerleeung vum Aarbechtsminister -, do läit u sech de Schlëssel vun der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet.

D'Patronen hu ganz einfach eng sozial Verantwortung, déi se net kënnen esou einfach ofginn, wann déi wirtschaftlech Lag net méi esou gutt ass. Restrukturéierungen, déi een net kann an engem konkurrenzfäege wirtschaftlechen Ëmfeld vermeiden, sollen net egal wéi gefouert ginn.

Nieft de Plans sociaux am Fall vu massiven Entloossungen hunn d'Sozialpartner schonn haut eng Rei vun Instrumenter, wéi se kënnen d'Entloossunge vum Personal vermeiden, zum Beispill de Prêt temporaire de main-d'œuvre oder den Outplacement.

Ech erënneren hei drun, well een dat oft dobaussen net weess oder ganz einfach vergësst: De Stat iwwerhëlt d'Finanzéierung vu Formatioune fir d'Employabilitéit vun de Salariéen ze verbesseren. Domadder kann ee vermeiden, datt Leit vun haut op muer hir Aarbechtsplaz verléiere respektiv et kann een eng Situatioun schafen, wou Leit, déi vun der Restrukturatioun betraff sinn an entlooss solle ginn, nees fit fir den Aarbechtsmaart ginn.

Mä nach mussen, an dat ass ganz wichteg, d'Employeuren sech un d'Spillregelen halen. De Risiko, datt versicht gëtt laanscht d'Plans sociaux ze kommen oder net vun deene bestoende Moossnamen ze profitéieren, well se dach iergendwéi d'Marge de manœuvre vun den Entreprisen aschränken, ass grouss.

A mengen Ae misst ee kucken, wéi een d'Instrumenter, déi schonn existéieren, am Kader vun der Restrukturatioun kéint weider optimiséieren. Et misst een et fäerdeg bréngen besser d'Konsequenze vun Ännerungen um Niveau vun den Entreprisen ze anticipéieren.

Bon, d'Iddi all Joer e sozialen Audit vun den Entreprisë maachen ze loossen, virun allem am Kader vu klengen a mëttlere Betriber, ass u sech e ganz interessante Wee. Esou kann een der Evolutioun vum Personal, der Upassung tëschent de Qualifikatiounen, déi gefrot sinn, an de Kompetenze vun de Salariéë besser Rechnung droen.

Bleift natierlech d'Fro hei vum Finanzement vun esou Auditen. Esou eng Mesure wäert sécherlech nëmme gräifen, wann d'Entreprisen net eleng d'Käschte vun esou engem Audit droen. Do misst iwwer eng eventuell Participatioun nogeduecht ginn. Ech muss awer derbäi soen, datt wann eng Entreprise duerch Restrukturéierung weider Benefisser mécht, zousätzlech Resultater a besser Resultater kritt, ech net gesi wéi ee kéint eng Participatioun an deem Fall rechtfäerdegen.

D'Sozialpartner si ganz sécher awer och gefuerdert, wa mer wëllen de Chômage an de Gréff kréien. D'Gesetz iwwert d'Kollektivverträg vum 30. Juni 2004 gesäit vir, datt de Kollektivvertrag sech ënner anerem op d'Ausbildungspolitik vum Betrib oder op aner Moossname mam Zil beruffflech Insertioun oder Réinsertioun ze verfollege bezéie soll. Dësen Aspekt soll ëmgesat ginn.

D'Salariéë solle gewësse Garantien am Kollektivvertrag unerkannt kréien; wann net d'Garantie och nach an 20 oder 30 Joer am selwechte Betrib ze schaffen, dann zumindest d'Garantie, datt si am Fall vun enger Restrukturéierung d'Méiglechkeet kréien, sech recycléieren ze kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, et gëtt effektiv kee Wonnermëttel fir de Chômage ze bekämpfen. Et muss een op verschiddene Plazen usetzen a jiddereen ass hei gefuerdert. Mä de Chômage ass keng Fatalitéit, där een u sech net entkomme kënnt. Esouguer net fir déi schwéier vermëttelbar, déi opgrond vun engem gesondheetlechen Defizit oder vun enger mangelhafter Qualifikatioun schwéier, wann net esouguer iwwerhaapt net um Aarbechtsmaart ënnerzekréie sinn. Leider Gottes hëlt dës Kategorie vu Leit awer ëmmer méi zou.

Mir hunn als Gesellschaft eng Verflichtung, och dëse Leit eng Aarbecht ze ginn, jo, och dës Leit ze beschäftegen. Hei ginn d'Moossnamen, déi ech virdrun opgezielt hunn, ganz sécher net duer. Dës Leit brauche méi eng enk, intensiv Betreiung a Begleedung, fir hir Chancen um Aarbechtsmaart ze verbesseren. Vill vun hinne wäerten trotzdeem mat grousser Wahrscheinlechkeet keng Plaz méi fannen.

Dofir ass et wichteg, esou wéi den Här Minister et virdru gesot huet, dass de Gesetzesprojet 5144 iwwert de Chômage social, deen en aneren Titel soll kréien an deen d'legal Basis fir d'Beschäftegungsinitiative schaaft, an absehbarer Zukunft gestëmmt soll ginn. Wann den Här Minister wëllt dëse Projet jo a verschiddene Punkten ëmänneren, esou géif ech hien hei opfuerderen, soubal en déi Ëmännerunge fäerdeg huet, der Chamber déi schnellstméiglechst matzedeelen.

Sécher ass, datt all déi Strukture wéi Beschäftegungsinitiativen, déi mer haut scho kennen, ganz sécher hir Daseinsberechtegung hunn an dass dës Instrumenter weider mussen ausgebaut ginn, wa mer verhënnere wëllen, datt d'Zuel vun deene Leit, déi um Rand vun eiser Gesellschaft liewen, weider zouhëlt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Kaes.

Den nächste Riedner ass den Här Bettendorf.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, an der Debatt vun haut beschäftege mer eis mat engem Sujet, dee wuel zu deene Sujete gehéiert, déi d'Leit ganz besonnesch betrëfft an awer och trefft. Dat ass esou, well et ëm de Leit hir Existenz geet, well hir Hoffnungen a Virstellungen, wéi se hiert Liewe bestëmmen, dovunner ofhänken, dass se wierklech och eng Aarbecht hunn.

Ech soen dem Här Minister Merci fir seng schrëftlech Introductioun, déi et erlaabt net sämtlech Chifferen nach eng Kéier ze widderhuelen. Ech wëll just soen, dass vun deene 7.000 nei geschafenen Aarbechtsplazen am leschte Joer der 529 an der Flossschëfffahrt derbäi sinn, wou heibanne gewosst ass, datt vill Leit vun eiser Fraktioun, wann net alleguerten, keng grouss Frënn si vun der Schëfffahrt, vum Pavillon maritime. Mir wëssen nach genau, wéi deen agefouert ginn ass, an déi kommen net wéinst eise schéine Gesiichter op Lëtzebuerg; déi komme wéinst eiser Sécurité sociale op Lëtzebuerg.

Da gëtt mer nach ze bedenken, an deene Chifferen, déi 1.500 nei Aarbechtsplazen, déi an der Santé geschafe gi sinn; mir wëssen, dass der 400 dovunner wierklech op dem Gesetz vun 2003 baséieren, wou 400 Handicapéierter regulariséiert gi sinn, an dat war wichteg. Mä da bleiwen nach 1.100 nei Aarbechtsplaze beim Stat praktesch, déi zejoert geschafe gi sinn. De Stat ass also deen, deen déi meeschten Aarbechtsplazen hei am Land schaaft. Mir musse wëssen, dass dat eis Sécurité sociale an eis Santésbudgeten an der Zukunft och wäert ganz staark belaaschten.

An dann hunn ech nach eng Ziffer, déi net genannt ginn ass. Mir hu momentan Présidence a menges Wëssens hunn iwwer 200 Leit vu Lëtzebuerg an der Présidence eng Aarbecht kritt. Ech weess net, wat geschitt. D'Présidence, déi ass geschwënn eriwwer, an da riskéieren déi 200 och nach erëm hei op den Aarbechtsmaart ze kommen, an do froen ech mech, wéi mer déi erëm alleguerten, dat si jo net déi Éischtbescht, dat sinn der lauter, déi eng gutt Formatioun hunn, mä déi mussen natierlech alleguerten erëm an den Aarbechtsprozess integréiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir probéieren also haut d'Pisten opzezeechnen, wéi mer déi Tendenz vun enger steigender Aarbechtslosegkeet an e positiven Trend ëmwandele kënnen. Dir wësst et, och bei eis wuessen d'Beem net an den Himmel. An dat wësse mer spéitstens säit deem Moment, wou mer dat neit Joerdausend mat engem fir eis Verhältnisser ganz schwaache Wirtschaftswuesstum agelaut hunn. No deene more Jore verzeechne mer elo awer erëm eng Kéier fir 2004 e Wirtschaftswuesstum vu 4,6%. Dat ass net schlecht. Mä am Verglach zu eisen Noperen ass dat trotzdeem excellent, souguer ganz gutt.

De Statec mengt awer, datt mir e Wirtschaftswuesstum vu 5% bräichten, fir d'Aarbechtslosegkeet bei eis an de Gréff ze kréien. Där Meenung kann ee sinn. Mä wann ech d'Situatioun an der Grousregioun kucken, da fäerten ech, datt et och mat engem ganz héije Wirtschaftswuesstum zu Lëtzebuerg net wäert geléngen, de Chômage vun eise Résidenten erofzedrécken. Éischter droe mer dozou bäi, de Chômage an der Grousregioun erofzedrécken.

Eis direkt Noperen hu 600.000 Aarbechtsloser, a maache mer eis näischt vir, dovunner wëllen der mindestens e puer honnertdausend schaffen. Déi si motivéiert an déi riskéieren nach besser ze si wéi mir. Dat ass d'Realitéit an dofir muss schnellstens reagéiert ginn, Här President.

Ech ginn net esou wäit, wéi an der Zeitung „d'Lëtzebuerger Land" ze liese steet, dass déi ganz Beschäftegungspolitik vun der Regierung géing schénge bankrott ze sinn an déi national Beschäftegungspläng an ëmmer nei Gesetzer mat dosende vu Beschäftegungsmoossname géife schéngen ëmsoss gewiescht ze sinn.

Ass dat awer ganz falsch? Mir hunn e ganz äifregen Aarbechtsminister, dee seng Aarbecht seriö hëlt. Mä ech mengen och, datt mir eis mat him och verzettelen an ëmmer neie Gesetzer a Bestëmmungen, wou kee méi weess, wat wierklech wichteg ass.

Och wa mir haut erëm e Pak vu Moossname presentéiert kréien, esou wäerte mer domadder kee

Präis gewannen. Mat alle Moossnamen, déi schonns geholl gi sinn, schéngt d'Resultat éischter moer ze sinn. Et wier un der Zäit Bilan ze zéien, fir ze gesinn, wat wierklech eppes bréngt a wat näischt bréngt.

Mäi Virriedner, den Ali Kaes, huet hei verzielt, oder virgedroen, a bedauert, dass ganz vill vun deene gestëmmtene Moossnamen iwwerhaapt dobaussen net bekannt sinn oder net befollegt ginn. Dat ass och eng vun den Ursaache firwat dass mer soen, dass mer wierklech net ëmmer mussen Neies erfannen, well d'Leit dobausse gi mol net gewuer, wat mir hei stëmmen, an dat ass wierklech schued.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wat ass dann elo wichteg fir de Chômage an de Grëff ze kréien? Ech zielen nëmmen e puer Punkten op, well ech mech och net verzettele wëll.

Eise Schoulsystem muss besser ginn. Net manner léieren, mä méi léieren, muss eis Devis ginn. Zweete Punkt, eisen Invest an d'Zukunft, an d'Fuerschung, muss méi grouss a konsequent ginn. En anere Punkt, d'Motivatioun, fir ze schaffen, muss klappen. Eis Leit musse méi motivéiert gi wéi déi aner, an dee Message, dee musse mer vermëttelt kréien. En anere Punkt, mir brauche Wirtschaftswuesstum. A mir brauchen och eng effikass an eng effizient Administration de l'Emploi.

Här President, ech gesi leider, dass de Konzept vun dëser Regierung, fir datt mer dës Stäerkte kënnen entwéckelen, mir net wäit genuch geet. Mir si wäit ewech vum „séchere Wee" oder „Mir paken et un".

Wou sinn dem Här Wirtschaftsminister seng nei Aarbechtsplazen? Et kënnt een och vläicht d'LSAP froen, firwat datt se zejoert bei de Wahlen eng däitsch Firma geholl huet fir hir Plakater opzepechen. Et kënnt een och froen, firwat déi noutwendeg Wunnengen, déi versprach gi sinn, och net an Ugrëff geholl gi sinn.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer net reagéieren, da kënne mer direkt eis Rieden erëm apaken an heemgoen, da bréngt dësen Exercice net ganz vill. D'lescht Woch sot den Här Minister Biltgen, de Wirtschaftswuesstum wier net alles. Trotz gudde Resultater géif de Chômage leider klammen. Sécherlech ass de Wirtschaftswuesstum net dat Allheelmëttel, mä kommt mir stellen eis d'Fro emol aneschters: Brauche mer Wirtschaftswuesstum?

Ech mengen, d'Äntwert ass do ganz kloer a ganz einfach: Mir brauche Wirtschaftswuesstum, well soss leeft net méi vill hei am Land an och net bei eise Frënn, déi sech och mat Hänn a Féiss géint de Chômage wiere mussen. A mir wësse jo, wou do de Wirtschaftswuesstum erëmkraucht. Also géing ech mengen, datt den Här Minister mat mir d'accord ass fir ze soen, datt d'Grondviraussetzung fir Aarbechtsplazen ze schafen déi ass, datt mer en anstännege Wirtschaftswuesstum hunn.

**Une voix**.- Op jidde Fall!

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Dofir musse mer eis un éischter Plaz d'Fro stellen, wéi mer Wirtschaftswuesstum kréien.

Här President, tëschent 2001 an 2003 louch eise Wirtschaftswuesstum tëschent 1,5 an 2,9%. Jiddferee wosst, och déi deemoleg gréisste Oppositiounspartei huet dat zouginn, datt dee Phenomeen gréisstendeels duerch äusser Afléss ze erkläre war, an net der deemoleger Regierung hir Schold war. Elo zitt eis Ekonomie also nees un. D'Ursaach firwat mer déi Zäit relativ gutt iwwerstane hunn, läit mengen ech och op der Hand. D'Steierreforme vun 2001 an 2002 sinn zum richtegen Zäitpunkt ëmgesat ginn, esou datt dee fräie Fall vun eisem Wirtschaftswuesstum opgefaange konnt ginn. D'DP ass der Meenung, datt mer och weiderhin deen Hiewel vun der Steierpolitik notze sollten, fir eise Wirtschaftswuesstum ze ënnerstëtzen.

D'Steiere sollte fir d'Privatpersounen an d'Betriber op engem niddregen Niveau bleiwen. A mir hu schonns bei de Budgetsdebatte fir de Budget 2005 proposéiert, d'Steiertabell vun de Privatpersounen un d'Inflatioun unzepassen. Och ënnerstraiche mir nach eng Kéier, datt mer nach wéi vor der Meenung sinn, datt eng Retenue à la source libératoire vun 10% op d'Erspuernisser vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, esou schnell wéi méiglech soll agefouert ginn. Gläichzäiteg soll den Impôt sur la fortune ofgeschaaft ginn. D'Chamber huet jo och an deem Sënn majoritär mat der Enthalung vun der LSAP esou eng Motioun ugeholl.

Mech mécht deen Hickhack innerhalb vun der Koalitioun verdréisslech. Net nëmmen ass kee Konzept do, mä si si sech och nach net eens. Wéi wëllt dës Regierung de Problemer, déi op dëst Land duerkommen, begéinen? Eng ënnerstëtzend Steierpolitik ass déi eng Saach, mä mir mussen och onbedéngt dovunner erofkommen, de Secteur vun de Classes moyennes ze iwwerreglementéieren, wat als Konsequenz d'Erstécke vum Esprit d'entreprise huet.

Duerfir si mir als DP der Meenung, et misst een, éier e Gesetz op den Instanzewee bruecht gëtt, analyséieren, wat fir en Impakt en neit Gesetz op d'Entreprisen huet. Loosse mer dach éierlech sinn: Oft huele mer Gesetzer un, déi eng speziell Situatioun regele sollen a guer net d'Majoritéit vun den Entreprisë betreffen, mä awer alleguerten d'Entreprisë forcéieren, sech dëser neier Reglementatioun ze fügen.

Déi nei Regierung huet de Commissaire à la simplification administrative genannt, fir déi administrativ Chargen, mat deenen d'Entreprisen sech ze ploen hunn, erofzesetzen. Eis géing et emol interesséieren, wéi eng Mesuren dee Commissaire da bis elo geholl huet, fir eben den Entreprisen d'Liewe méi einfach ze maachen. Prinzipiell stelle mir eis och d'Fro, ob dee Commissaire net heiansdo oder munnechmol oder oft a Konflikt kënnt mat eisem neie Médiateur.

D'Verwaltunge musse méi op d'Besoinë vun de Betriber lauschteren. D'Verwaltunge solle manner diktéieren a reglementéieren, mä e reellen Uspriechpartner si fir d'Entreprisen, fir datt déi schnell an effikass kënnen ufänke mat schaffen. Dofir mussen och verstäerkt Guichet-uniquen agesat ginn, an de Prinzip, «le silence de l'administration vaut acceptation», soll agefouert ginn.

Här President, wa mer gären eng Ekonomie hätten, déi dréint, da brauche mer Entreprisen. Mir sollen awer net nëmmen op déi auslännesch nei Entreprisen zielen, mä och op déi, déi mir elo schonns hei bei eis doheem hunn. Den Esprit d'entreprise muss weider ënnerstëtzt ginn. Virun engem Joer hunn den Henri Grethen an de Minister vun de Classes moyennes de Plan d'action „entreprendre pour réussir" virgestallt. Eis géing interesséieren, wéi et mat der Ëmsetzung vun deem Plang ausgesäit.

***(Interruptions diverses)***

Deemools ass och e Comité national pour la promotion de l'esprit d'entreprise geschafe ginn. Wéi gesäit en éischte Bilan vun deene Mesuren aus? Dat ass an eisen Ae wichteg fir eventuell Ajustementer virzehuelen, fir d'Effikassitéit vun deene Mesuren ze garantéieren.

Et ass och néideg, eisen Tissu industriel weider ze diversifiéieren. Den aktuelle Wirtschaftsminister wollt an der Oppositioun net wouerhunn, datt et fir Lëtzebuerg méi sënnvoll ass, Entreprisë mat enger héijer Valeur ajoutée ze hunn. D'Regierungsverantwortung huet hien enges Bessere beléiert, an, Dir Dammen an Dir Hären, dat freet eis!

Mir wëssen och, datt et wäert schwéier ginn, nach Betriber, déi 3.000 oder souguer eng Kéier 30.000 Leit beschäftegen, op Lëtzebuerg ze kréien. Mir mussen eis awer bewosst sinn, datt an der Automobilindustrie, an den neien Technologien, am Agroalimentaire, Méiglechkeete bestinn, fir eng héich Valeur ajoutée ze erreechen a gläichzäiteg Aarbechtsplaze geschafe ginn, déi net en allze héijen Niveau vu Formatioun verlaangen. Ee vun eise Problemer ass jo deen, datt mer Problemer hunn, fir Leit mat wéineg Formatioun ënnerdaach ze kréien.

Mir däerfen et och net verpassen, déi Méiglechkeeten, déi am Kader vum Kyoto-Protokoll an den CDMen („clean development mechanism") ze notzen. Den DP-Deputéierten Emile Calmes hat dat schonns a sengem Budgetsrapport vun 2003 ënnerstrach.

D'DP fuerdert d'Regierung op, sou schnell wéi méiglech dat, wat se an hirem Regierungsprogramm ugekënnegt huet, och wouer ze maachen. Allgemeng dierfe mer d'Méiglechkeeten an d'Potenzialitéiten, déi an den erneierbaren Energië stiechen, an och an deem Marché stiechen, net verkennen. Duerfir däerfe mer do net en retrait stoen. Mir fuerderen also d'Regierung op, do virunzefueren, wou déi viregt Regierung wichteg Akzenter gesat huet.

Här President, dat si just, a graffe Linnen, eis Virstellunge fir eis Ekonomie an hire Wuesstum ze ënnerstëtzen. Ech wëll elo iwwergoen zu deem Deel vu menger Interventioun, dee sech méi speziell domadder beschäftegt, wat sech hemmend op d'Schafe vun Aarbechtsplazen auswierkt.

Mir hunn an deene leschte Joren eng Tendenz festgestallt fir ëmmer méi Opfangstrukturen ze schafe fir Leit ouni Aarbecht, fir se spéider erëm an den Aarbechtsmaart ze integréieren. Dat ass wéi et schéint net de gréissten Erfolleg, an et stellt ee sech d'Fro, ob mer domadder de Chômage reell bekämpfen. Mir riskéieren en zweeten Aarbechtsmaart ze schafen. Déi Programmer gi jo zum Deel vun öffentleche Gelder finanzéiert, an notamment vum Fonds pour l'Emploi.

Der Meenung vun der DP no misst een emol feststellen, ob déi eenzel Programmer, och wann hire But ganz luewenswäert ass, net d'Entwécklung vun eiser Ekonomie hemmen, well se jo u sech eng Konkurrenz fir de Privatsecteur duerstellen.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Keng Aarbechtsplaz ze hunn ass schlëmm, mä et soll een de Leit awer och net d'Illusioun ginn, dass si à terme eng Plaz um Aarbechtsmaart fannen, wann dat net esou ass. Dofir ass d'DP der Meenung, et misst eng Etüd gemaach ginn, ob déi Opfangstrukturen tatsächlech dee richtege Moyen sinn, fir d'Leit erëm an den Aarbechtsprozess ze integréieren, oder ob si dozou verdaamt si länger Zäit an deene Strukturen ze bleiwen.

Här President, am Kampf géint de Chômage spillt eis Administration de l'Emploi, d'ADEM, eng ganz wichteg Roll. Si maache menger Meenung no eng gutt Aarbecht, mä ech sinn awer och dovunner iwwerzeegt, dass et net duergeet. Mir kruten elo als Deputéiert vun der ADEM eng ganz Farde geschéckt mat Publicitéiten, déi si erausginn: «Toujours en piste…en tandem avec l'ADEM», «Contactez-nous», «Vos droits et vos devoirs en tandem avec vous», «Votre emploi, votre but», «Direction embauche», «Le BiZ, le centre d'info de l'orientation professionnelle», «Travail et famille en toute sérénité», «Club-emploi», «L'ADEM une équipe en tandem avec vous» an esou weider an esou virun. Dir gesitt, och eis ADEM schafft vill a gutt. Mä dat wat mir geschéckt kritt hunn; ech froe mech awer wierklech, ob dat dobausse bekannt ass.

Mir als Deputéiert, mir kruten dat do elo geschéckt. Ech froe mech, ob mir net missten awer dat Ganzt public maachen. D'éinescht huet den Ali Kaes et gesot, mir kommen net un d'Leit erun, d'Leit wëssen net wat dobausse geschitt, wat et dobausse gëtt. Also, wa mir scho gutt Saache maachen a gutt Saache schaffen, da misst dat jo awer och dobausse public gemaach ginn.

Mäi Kolleeg Claude Meisch hat och schonns während de Budgetsdebatte fir den Exercice 2005 eng Motioun hei an d'Parlament erabruecht, fir eben een Audit vum Fonds pour l'Emploi duerchféieren ze loossen. Leider ass hien domadder op daf Ouere gestouss. Mir géifen dem Minister recommandéieren trotzdeem op dës Motioun anzegoen. Et ka jo en Deputéierte vun der Majoritéit se ofschreiwen a se vläicht nach eng Kéier eraginn.

Mä vläicht war dës Motioun dach net ëmsoss, well de Minister huet elo en aneren Audit an Optrag ginn, an zwar bei der OECD. Dat freet eis als Demokratesch Partei. Wat eis awer do stéiert ass, dass d'OECD schonns direkt gesot kritt, wat si ze maachen huet. De Monopol vun der ADEM als staatlech Verwaltung duerf net a Fro gestallt ginn. Hei gëtt gefaart am Audit kéim erëm eng Kéier dat zum Ausdrock, wat 1997 d'KPMG an hirem Audit proposéiert huet, an zwar eng Privatiséierung vun der ADEM.

Aus dem Courrier, deen un d'OECD gaangen ass, ass erauszeliesen, datt d'Fro vun de Consultants externes soll geklärt ginn. Déi Consultantë sollen d'Entreprisen démarchéieren. Mir stelle bei der ADEM am Fong geholl Manpower-Leit oder Interimsleit an, wat u sech jo e Paradox ass.

Ausser ech hätt mech verkuckt, hunn ech an dem Avant-projet de loi, dee mir als Préparatioun fir dësen Débat geschéckt kritt hunn, festgestallt, dass esou Consultantë schonns aktiv sinn, an elo dee legale Kader dofir muss geschaf ginn. Dat heescht, mir froen elo d'OECD eis en Avis iwwer eppes ofzeginn, wat éischtens elo schonns bei eis gemaach gëtt an zweetens an engem Avant-projet de loi steet. Ech muss soen, dass dat e bëssen droleg ass an et ënnerstraicht och e bëssen d'Hëlleflosegkeet an d'Rotlosegkeet vun eiser Regierung.

***(Interruption)***

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Ech erklären lech dat herno. Ech ënnerbriechen net weider, mä Dir hutt zwou Saache matenee verméscht. Ech erklären dat.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Neen, ech hätt kënnen een Abschnitt maachen a soen, ech zielen dat eent op an dat anert op. Ech hätt kënne vun dem Audit eleng schwätzen an dann och vun de Consultanten, déi an deem Bréif awer och nach mentionnéiert sinn. Ech hätt dat kënnen nach méi trennen, mä Dir expliziéiert eis dat nach eng Kéier.

Mä richteg ass, dass an deem Bréif steet, dass net däerf iwwer eng aner Ausriichtung vun der ADEM geschwat ginn, well mir hei de legale Kader hunn, wou effektiv net dorunner ze rüttelen ass.

Mir als Demokratesch Partei sinn op jiddfer Fall der Meenung, datt eng professionell Konkurrenz der ADEM näischt géif schueden. Elo gi mir bei Consulting-Firme Leit sichen, déi fir d'ADEM Plaze siche goe sollen.

Firwat schafe mir net en neie klore Kader, a firwat schléisse mir direkt aus, datt d'ADEM kéint eng professionell Konkurrenz hunn? Ech wier frou, wann den Här Minister eis dorobber géif äntwerten.

Hei huet een d'Impressioun, datt erëm e bësse Fléckaarbecht gemaach gëtt amplaz richteg ze informéieren. Dat gesäit een och nach mat deenen aneren Dispositiounen, déi an deem Avant-projet de loi virgesi sinn, wéi déi zum Beispill vun de jeunes travailleurs an hirem Statut als Auxiliaires temporaires, wou si elo solle méi a besser encadréiert ginn. Och liest ee vum Outplacement an den Dokumenter vum Minister. Dat ass alles schéin a gutt, a fir d'Gewerkschaften e rout Duch, mä et ass awer och eng Moossnam fir Leit nei kënnen ze placéieren.

Dës Regierung mécht Symptombekämpfung an examinéiert net dee ganze Patient. Dës Regierung huet keng Therapie a kee Rezept fir de Patient ze heelen. Dat ass zedéifst beonrouegend a gëtt engem bestëmmt kee Gefill vu Sécherheet.

Eppes, wat och definitiv net zouträglech ass, fir Aarbechtsplazen ze schafen, an éischter de Contraire bewierkt, dat ass wa Gesetzer geholl ginn, déi ze kompliziéiert sinn oder an der Praxis net duerchféierbar sinn.

Mir wësse jo, wéi et mam Gesetz vum 19. Juli 2004 gaangen ass iwwert den Aménagement communal et urbain. D'DP huet dat Gesetz matgedroen; d'DP huet awer och schonns de leschten Hierscht gesot, datt et mat deem Gesetz géif Problemer ginn, mä et huet keen op eis gelauschtert, an dat aus falschem Stolz.

Et fält kengem Exminister en Zack aus senger Kroun, wann eent vu senge Gesetzer muss nogebessert ginn. Vun do un datt ech an der Chamber sinn, kennen ech mindestens schonn e puer honnert Gesetzer, déi nogebessert hu misse ginn. Wann ee mierkt, dass eppes net klappt, da soll een op de Wee goe fir dat ze verbesseren.

Op jidde Fall ass et esou, dass musse Gesetzer verbessert ginn, wann dat ewéi an dësem Secteur Problemer mat sech bréngt, wou Aarbechtsplazen um Spill stinn, da gëtt et héich Zäit, dass esou ee Gesetz geännert gëtt.

A wat de Bausecteur weider nach ubelaangt, wëllt ech och en Opruff un d'Regierung maachen, fir datt de Plan directeur sectoriel «décharges pour déchets inertes» soll esou schnell ewéi méiglech ugeholl ginn.

Här Minister, mir sinn och der Meenung, dass d'Gemengen eng Roll bei der Aarbechtsbeschafung spille kënnen. Den Här Minister war dobäi, wéi d'Gemeng Déifferdeng hiren Job-Center offiziell agewien huet. Net all Gemeng kann dat maachen. Mä misst net all Gemeng eng, zwou Persounen eng Formation continue ginn, oder déi missten déi kréien, fir iwwerhaapt ze wëssen an hir Bierger kënnen ze beroden, wat et fir Méiglechkeeten gëtt fir an den Aarbechtsmaart kënnen integréiert ze ginn?

Här President, wann ech virdru vun der Ënnerstëtzung fir eis Ekonomie geschwat hunn, da kënnt een och net derlaanscht fir ze ënnerstraichen, datt ee Land muss iwwert déi néideg Infrastrukture verfügen, ebe fir seng Ekonomie an hirer Entwécklung ze ënnerstëtzen. Och dat gehéiert zu enger Strategie, engem Konzept.

Transportinfrastrukture sinn hei indispensabel. An ech denken hei besonnesch un eis Eisebunn. Mat der Libéralisatioun vun der Eise-

bunn am vereenegten Europa stellt sech mat ëmmer méi enger grousser Pertinence d'Fro iwwert d'Zukunft vun eiser Eisebunn.

D'Regierungserklärung, déi eng Tripartite…

Ech muss e Schotz huelen.

*(Interruption et hilarité)*

D'Regierungserklärung hat eng Eisebunnstripartite virgesinn, an déi ass dann elo fir den nächsten Oktober geplangt an domadder huet eis Eisebunnsgesellschaft e ganzt Joer verluer, fir sech op déi nei europäesch Situatioun anzestellen.

D'DP ass der Meenung, dass esou schnell wéi méiglech Neel mat Käpp gemaach ginn, well wa mir gären hätten, dass de gréisste Klient vun eiser Eisebunn am Fretberäich och an der Zukunft hir Servicer an Usproch hëlt, da muss sech eppes bewegen, an dat am léifste scho gëscht.

Här President, d'Liberalisatioun vun der Eisebunn ass nëmmen ee Beispill fir ze weisen, datt mir musse capabel sinn, eis ze adaptéieren. Ech géif mer wënschen, datt den Transportminister Lux deeselwechte Courage hätt wéi säi Virgänger, den Henri Grethen, an dass dem Land an den Eisebunner och hei géif klore Wäin ausgeschenkt ginn.

Mir hu virun e puer Joer kloer virun Ae gefouert kritt, dass Lëtzebuerg keng Insel ass.

D'Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, si meeschtens, a ville Fäll, Filiale vu Maisons mères aus dem Ausland, déi do mat de lokale Contraintë vun der Ekonomie ze kämpfen hunn. Filiale musse gezwongenermoosse Mesuren huelen am Intérêt vun hirem Grupp. Gewerkschafte mussen sech also d'Fro stellen, ob si de richtege Wee ginn, andeems si Restrukturatioune vun den Entreprisë kritiséieren. Déi Entreprisë si gezwongen déi am Intérêt vun hirem Grupp ze huelen, oder well de Marché dat ganz oft esou verlaangt.

Wier et net besser, mir géingen enger Entreprise bei hirer Restrukturatioun Ënnerstëtzung zoukomme loossen, amplaz hinne Bängelen an d'Féiss ze geheien? Sollt ee seng Satisfaktioun net éischter zum Ausdrock bréngen, dass e Grupp och weiderhi bei eis hei zu Lëtzebuerg investéiert?

Opgepasst, hei geet et net drëms de Verloscht vun Aarbechtsplazen hinzehuele wéi wann dat näischt wier. Mä hei geet et eenzeg an alleng drëms festzestellen, datt och duerch aner Entreprisen, nei Entreprisen, nach Aarbechtsplaze kënne geschafe ginn. Déi aner Aarbechtsplaze gi geschafen, well nei Entreprisë kommen, well den Environnement, deen se bei eis virfannen, favorabel ass.

Déi gréisste sozial Komponent ass nämlech déi, datt een eng Aarbecht huet.

Dat wat ech hei gesot hunn, dee Saz ass net vu mir, mä deen ass gëschter op der Televisioun vum Angela Merkel gesot ginn.

*(Interruption)*

D'Entreprisen, an ech si mat der Madame Merkel d'accord, dass et dat Allerwichtegst ass, dass een eng Aarbecht huet. Dat ass dat Allerwichtegst, dat ass den A an O an domadder geet et un.

D'Entreprisë kommen och nëmme bei eis an d'Land, wa se bei eis e favorabelt Ëmfeld virfannen. An iwwerlieften Dogmen ze schwiewen a sech dem Fortschrëtt ze widdersetzen, bréngt eis net weider. Wann een nëmme mauert, dann huet ee geschwënn esou eng Mauer ronderëm eis Leit gezunn, dass kee méi bei eis era wëllt.

E favorabelt Ëmfeld gehéiert och zu engem Konzept. Ob dat Konzept do ass an däser Regierung, dat muss een a Fro stellen.

Entreprisen an hirer Entwécklung stéieren, steieren a bremsen, ass net dee richtege Message. Et kann ee fir oder géint d'Globaliséierung sinn, mä dat wat mer haut schonns gesinn, weist eis, datt mer mussen ëmdenken, ouni awer de sozialen Acquis a Fro ze stellen. Mir mussen eis permament un d'Evolutioun upassen.

Hei spillt d'Formation continue natierlech eng enorm grouss Roll, mä dofir musse mer oppe genuch si fir dat Neit, och oppe genuch si fir sech net zréckzeleeën an eis op deem auszerouen, wat mer kënnen a wëssen. Mir musse permanent no engem neien Défi sichen.

D'Fro, déi ass gestallt: Ass dës Regierung eng oppe Regierung oder verbarrikadéiert se sech léiwer hannert deenen Acquisen, déi mer hunn.

Wa mer oppe sinn, da komme mer och vun der Iddi ewech ze mengen, mir géingen 30 Joer vun eisem aktive Liewen an enger an därselwechter Entreprise schaffen. Da kënne mer och d'Fro vun der Deelzäitaarbecht an der Aarbechtszäitopdeelung aneschters diskutéieren.

Fir mat där Evolutioun matzehalen, musse mer natierlech an d'Recherche investéieren. Si ass am Ufank vum wëssenschaftleche Progrès an domadder och vun deem vun der Mënschheet an der Gesellschaft.

Mir mussen och kënne vu Kompetitivitéit schwätzen, ouni direkt mam Fändel ze wénken an ze soen, et géing een un d'sozial Standardë fréckele goen.

Diskussiounen, wéi déi iwwert de Rapport Fontagné, si wichteg an néideg, an et huet missen en amerikanesche Professer kommen, fir d'Saachen nach e bësse méi kloer ze soen. Eis Kompetitivitéit ass mëttelméisseg. A sech ass eise Wuelstand par rapport zu eiser Kompetitivitéit net gerechtfäerdegt; dat seet den Här Porter.

Déi Indicateuren, déi d'Kompetitivitéit vun eisem Land sollen uginn, wéi de Schoulsystem, d'Uni, d'Fuerschung, sinn alles anescht als gutt. Wou ass d'Konzept vun der Regierung, fir dass mer do kënne mathalen?

Et stellt sech d'Fro ob mer, wa mer d'Hausaufgaben ofschafen, d'Situatioun verbesseren. Neen, mir brauchen e Mentalitéitswandel, dat seet och den Här Porter, an där Meenung si mir als Demokratesch Partei och.

Här President, dee Mentalitéitswandel, dee geet heibannen un. Et kann net méi sinn, datt eng Instanz wéi d'Tripartite sech mat den Dossiere saiséiert, wéi der Kompetitivitéit, an dann d'Etüden an Optrag gëtt. Et ass un de Volleksvertrieder hei am Haus hir Responsabilitéit ze huelen, dat seet och esouguer den Här Reding.

An der Tripartite, wou d'Ligne Maginot tëschent de Sozialpartner verleeft a jiddereen, wann en de Fanger gehuewen huet, erëm schnell a seng Tranchée zréckspréngt, kann net d'Zukunft vun eisem Land décidéiert ginn. D'Weiche fir d'Zukunft vun eisem Land kënnen nëmmen hei an dësem Parlament gestallt ginn. Dat Parlament an déi Leit heibanne sinn déi eenzeg, déi déi Legitimitéit hunn.

D'Chamber kann net d'Caisse enregistreuse vun der Tripartite sinn, genausou wéi se se net méi vu Bréissel wëllt sinn, och wann d'Constitutioun elo e bësse méi wäit fortgeréckelt ass, vläicht esouguer vill méi wäit ewech geréckelt ass.

Ech hoffen awer, datt e Wee fonnt gëtt, fir d'nationaalt Parlament an esou wichtegen Diskussiounen ewéi och där vun der Lissabon-Strategie an Zukunft nach vill méi anzebannen.

Dat wat mer haut an hei diskutéieren, ass e wichtegen Deel vun der Lissabon-Strategie, an déi Diskussioun hätt an dësem Haus schonns vill éischter stattfanne missen, amplaz datt mer an deene Konklusioune vum Fréijorssommet d'Décisioune vum Conseil liesen.

Eng Rei vun deene Saachen, déi ech elo opgezielt hunn, fanne mer elo erëm an de Konklusiounen, wou déi Strategie en neien Elan soll kréien.

Wéi leet sech Lëtzebuerg dann elo un, fir déi Objektiver ze erreechen? Ech wier och do frou, wann den Här Minister Biltgen eis géif eng Äntwert heirobber ginn.

Här President, ech hunn ugefaangen andeems ech gesot hunn, dass de Chômage e Sujet ass, deen d'Leit besonnesch beréiert, well een ouni Aarbecht seng Zukunft net gestalte kann. Et ass eis verdammte Flicht alles ze maachen, fir dass esou vill Leit ewéi méiglech déi Zukunft plange kënnen.

D'Leit wëllen net mat Sloganë wéi „De séchere Wee" oder „Mir paken et un" an d'Ier gefouert ginn. D'Leit hätte gären eng Äntwert op d'Fro: Hu mir och muer eng Aarbecht?

D'Regierung huet leider kee Konzept, huet keng seriö Propositioun iwwer e Wee, dee mer zesummen aschloe kënnen, fir de Leit eng Äntwert heirobber ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir musse leider feststellen, d'Regierung huet hir Hausaufgaben net gemaach. Si hätt awer besser, si géing se maachen, och zum Beispill géint den Avis vun deem engen oder anere Minister oder där enger oder anerer Ministesch.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Bettendorf. Den nächste Riedner ass den Här John Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

**M. John Castegnaro** *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, den 23. Mäerz hunn ech hei bei Geleeënheet vu menger parlamentarescher Fro zur Entwécklung vun der Aarbechtslosegkeet an dësem Land de Wonsch geäussert, dass d'Parlament op d'mannst een-, awer am beschten zweemol am Joer iwwert d'Beschäftegungssituatioun, an domat och iwwert déi noutwendeg politesch Décisiounen informéiert a konsultéiert misst ginn.

Esou eng Prozedur géing bedeiten a bedeit, dass d'Parlament, mä awer och - an ech insistéieren - déi zoustänneg Parlamentskommissioun, méi enk mat abezu muss ginn, an dobäi och a Kenntnis vun der Sachlag selwer Initiative kann ergräifen, respektiv kann hëllefen, noutwendeg legislativ Entscheedungen ze beschleunegen.

Ech begréissen et, dass den Aarbechtsminister schonn den 23. Mäerz seng Zoustëmmung ginn huet an domat déi Debatt haut stattfënnt, an ech hoffen, dass et net déi lescht fir dëst Joer ass an och an den nächste Jore regelméisseg hei diskutéiert gëtt.

Ech hätt mer allerdéngs, ech erlabe mer dat ze soen, gewënscht, dass déi heiteg Konsultatiounsdebatt ënner anere Konditioune stattfonnt hätt, an net déi, dass mer ënner Zäitdrock geroden, well mer d'Dagesuerdnung menger Meenung no net gutt organiséiert hunn. Dat ass net gutt fir d'Bedeitung vun deem Débat, deen hei gefouert muss ginn, an deen dausende vu Leit interesséiert an dausende vu Jugendlechen interesséiert, déi de Risiko lafen, muer och Chômeur ze sinn. An ech soen et: Wéinst der dramatescher Entwécklung op dem Aarbechtsmaart muss diskutéiert ginn, muss gehandelt ginn!

Ech wëll mer awer och eng Stilfro erlaben, déi hei muss gekläert ginn, nämlech déi, dass wierklech d'Parlamentskommissioun, déi zoustänneg ass, vill méi enk a vill méi fréi misst an d'Virbereedung vun esou enger Orientéierungsdebatt mat abezu ginn, an ech fannen et och net onbedéngt gutt, dass wichteg Aussoen am Virfeld vun däser Debatt hei haut schonn an där gréisster, wann och klengster Dageszeitung am Land nozeliese waren. Ech fannen, dass dat net onbedéngt eng Opwäertung vum Parlament bedeit.

Erlaabt mer just och ze ënnersträichen, mäi Frënd Ali Kaes huet eng Rei Saache gesot, déi ech net wëll an net brauch ze widderhuelen, well ech se begleede kann an och akzeptéieren.

Wichteg schéngt mer awer ze sinn: Éischtens, esou regelméisseg Debatten an dësem héijen Haus erméiglechen eng permanent Thematiséierung op héchstem Niveau a sollen d'Thema vun der Aarbechtslosegkeet respektiv d'Erëmhierstelle vun der Vollbeschäftegung zu enger éischter Prioritéit maachen. Regelméisseg Informatioun an Diskussioun am Parlament sollen all déi, déi verantwortlech sinn, motivéieren a responsabiliséieren, fir Weeër aus däser Situatioun ze fannen, a besonnesch Léisunge fir déi betraffe Mënschen, déi sech an enger grausamer an onwierdeger Situatioun befannen.

Zweetens, esou Debatte mussen och däitlech maachen, dass méi wéi jee koordinéiert a concertéiert Virgoe vun allen zoustännege Ministerien a Verwaltungen eng Selbstverständlechkeet misste sinn. Ech erkläre mech: An der Regierung, a laut dem Regierungsprogramm, ass den Aarbechts- an de Beschäftegungsminister den zoustännege Ressortminister. Mä geneesou verantwortlech sinn d'Schoulministerin, de Wirtschaftsminister, d'Familljeministerin, a mam neien Asylantegesetz och an Zukunft den Ausseministerium.

Iwwert de Regierungsprogramm eraus gëllt et, regelméisseg déi bestehend Moossnamen ze iwwerpréiwen an unzepassen, respektiv nei Moossnamen ze entwéckelen. An dat och an Zesummenaarbecht mat de Sozialpartner am Comité permanent de l'Emploi oder an der Tripartite.

Ech begréissen och ausdrécklech, dass de Board of Economic Development, de BED, elo soll erweidert ginn, andeem den Aarbechtsministère an d'ADEM do vertruede sinn, mä mir vergiessen, dass och de Schoul-, de Bildungsminister da misst do derbäi sinn. Wa mer iwwer Aarbechtsplaze schwätzen, iwwer Formatiounen, da muss dee Krees och do zougemaach ginn. An ech wëllt och un eppes erënneren, wat an der Zäit fonctionnéiert huet, nämlech dass op déi wirtschaftlech Prospektiounsreesen och d'Gewerkschafte matgeholl gi sinn. Elo solle mer d'Arbeitsamt mathuelen, ënner Ëmstänn den Aarbechtsministère. D'Gewerkschafte gehéieren och dozou!

Drëttens, mir brauchen natierlech Informatioun an Transparenz. An dat gëllt ganz besonnesch fir dat villt Zuelematerial. Hannert jiddferenger Zuel - an de Minister huet dat och scho gesot - steet e Mënsch, an zwar e Mënsch, deen an Nout ass. Statec an ADEM mussen duerfir eng gemeinsam Methode fannen, well an Zukunft muss verhënnert ginn, dass duerch ënnerschiddlech Methodologië Konfusioun entsteet an domat noutwendeg Schwéierpunkt-Moossname falsch ugewannt ginn.

D'Fro, ob zu Lëtzebuerg den Haaptproblem d'Jugendaarbechtslosegkeet oder awer de Problem vun den eeleren Arbeitnehmer ass, dat ass eng gewësse Konfusioun, déi an der leschter Woch entstanen ass. Déi muss verhënnert ginn, och wëssend, dass dee risegen Arsenal u Moossnamen, déi mer dach an de leschte Joren entwéckelt hunn, jo keen ausschléisst, mä vu Jonk bis Al, wann ech dat esou däerf formuléieren, betreffe kann, an dass mer déi Moossname kënnen asetzen eben, fir d'Aarbechtslosegkeet ze bekämpfen.

Léif Frënn, den Neen zu der EU-Verfassung a Frankräich ass ganz enk verbonne mat der héijer Aarbechtslosegkeet an deem Land, mä och an der EU, an ass ganz enk verbonne mat der Angscht bei deenen, déi eng Aarbechtsplaz hunn, se ze verléieren, verbonne mat der Problematik vun der Delokaliséierung vu Betriber, verbonne mat Sozialofbau, Veraarmung an Ausgrenzung. Europa war jorzéngtelaang en Hoffnungsträger, an dat klappt net méi esou richteg an ass duerfir Waasser op de Mille gewiescht vun deenen, déi aus ville Grënn Neen zu där Verfassung gesot hunn.

Derbäi kënnt, dass d'Lissabon-Strategie vum Joer 2000 wéineg Léisungen, fir net ze soe keng oder bal keng bruecht huet, mä et fäerdeg bruecht huet, Zukunftsängschten ze produzéieren. An do läit dann och d'Bedeitung vun der Relance vun der Lissabon-Strategie. D'Ausaarbechtung vun den nationalen Aktiounspläng bis zum Hierscht 2005, dat soll als Chance genotzt ginn, fir positiv Signaler ze vermëttelen, statt weiderhin Zukunftsängscht ze schüren.

Dat gëllt och am Verbond mat där haut schonn ugesprachener an ugefaangener Kompetitivitéitsdebatt an hirem Ausgangspunkt, dat heescht der sou genannten Fontagné-Etüd. D'Lissabon-Strategie, léif Frënn, an dat soll een ëmmer erëm soen, ass a bleift ëmmer nach Bolkestein, an et bleift och d'Diskussioun, déi mer haut och schonn haten, vun der Aarbechtszäitdirektiv mat villen däischtere Wolleken, déi déi produzéiert.

Déi Debatt vun haut an all déi, déi nokommen, musse kloer an däitlech vermëttelen, dass d'Politik, an dat heescht och d'Parlament, bereet ass, hir voll Responsabilitéit ze iwwerhuelen an net de Sozialpartner eleng d'Laascht iwwerléisst. An duerfir begréissen ech, dass d'Wirtschaftskommissioun hei vun der Chamber, als Géigestéck zum „Monsieur Lisbonne" an der Regierung, d'Koordinatiounsfonctioun iwwerhëlt. De Krees Regierung, Tripartite, Parlament muss fonctionnéieren a muss seng Responsabilitéit op allen Niveauen iwwerhuelen, an dat natierlech verbonne mat enger noutwendeger géigesäiteger Informatioun an der Koordinatioun am Sënn vu grouss Verantwortung a vun Zoustännegkeeten, déi kloer erkennbar musse sinn.

An et däerf net vergiess ginn - och dat ass schonn haut eng Kéier gesot ginn - d'Gemenge spillen eng wesentlech Roll. De Bettendorfs Niki huet onbewosst 250 Aarbechtsplaze geschaaft haut de Mëtteg, andeem e gesot huet, an all Gemeng en Jobcenter mat zwee Leit, déi duerfir ausgebilt ginn, dat ass jo schonn eng positiv Mesure. Mä d'Gemenge musse mat ageschalt ginn. All déi A.s.b.l.en, all déi bénévole Mesuren, déi existéieren, déi gutt Aarbecht geleescht hunn, mussen och an deem Débat derbäi sinn.

Kohärenz am Virgoen, an dat ouni Zäit- a Reiwungsverloscht. Geziilt, muteg an innovativ. Hartz 4 an Däitschland sollt eigentlech fir eis an där Debatt eng Warnung sinn, an deem Sënn, Bewährtes ze erhalen an Neies ze entwéckelen. Duerfir sinn ech och mat villem, wat den Niki Bettendorf gesot huet, net d'accord.

Ech warnen och all déi, déi doriwwer rieden oder dovun dreemen, dass een d'Chômageënnerstëtzung an d'Dauer, während där se bezuelt gëtt, kënnt reduzéieren, dass een Aarbechtsgesetzer kéint dereguléieren. Natierlech kann ee spezifesch Moossnamen zousätzlech entwéckelen. Den Aarbechts-

minister huet dovu geschwat. Och déi mussen dann awer enger Iwwerpréifung ënnerzu ginn, regelméisseg! Mä et däerf een a kengem Fall Moossnamen entwéckelen, déi déi Leit, déi souwisou an der Précaritéit liewen, nach zousätzlech précariséieren.

Et ass och haut an deem Débat, esouwäit wéi e scho stattfonnt huet, villes iwwer e Mangel un Informatioun an Transparenz gesot ginn. Ech sinn d'accord mat deenen, déi gesot hunn, d'Aarbechtslosegkeet ass keng Fatalitéit, mä et ass en Zesummespill vu ville Facteuren an doraus resultéierenden negative Konsequenzen.

Dofir läit jo och d'Bedeitung bei der sozialer Responsabilitéit vun all deenen, déi Entscheedungsträger sinn an der Politik, an der Ekonomie, an de Gewerkschaften. En noutwendegt Mateneen muss entstoen, an statt déi Eegeninteressen an de Vierdergrond ze réckelen, de Profit an de Vierdergrond ze réckelen ass et néideg, dass een der Mënschewierd Prioritéit gëtt an an deem Sënn handelt.

Här President, léif Frënn, ob mer ze vill Moossnamen hunn, dat ass eng iwwerflësseg Fro. Mir hunn der vläicht net genuch an et feelen eis vläicht ëmmer nach bei allem, wat mer entwéckelen, déi richteg.

Informéiere mer genuch oder net genuch? Ech mengen, dass mer vill Efforten an deene leschte Jore gemaach hunn, fir ze informéieren; net nëmmen andeem Broschüre gedréckt gi sinn, mä dass se verdriwwe gi sinn. Ech soen awer kloer aus der Erfahrung, dass vill Patronen déi Broschüren net liesen a sech bewosst net informéieren, well si an hirer Selbstverständlechkeet vu Fräiheet déi Leit wëlle rekrutéieren, déi si geziilt rekrutéieren, a keng aner, an domat un der ADEM laanscht an och un deene geholle Moossnamen laanscht ginn.

Doriwwer ze polemiséiere schaaft och keng Aarbechtsplaz. Doriwwer diskutéiere kann een. Mä et soll een elo net ufänken, nodeem mer ëmmer vum atypeschen Aarbechtsmaart schwätzen, och elo ufänken ze soen, mä et gëtt villes, awer dat meescht ass net bekannt. Een dee sicht, weess och wou e sech informéiert. Een deen hëllefe wëllt, deen Aarbechtsplaze schafe wëllt oder zur Verfügung stellt, dee weess och wou e sech informéiere geet.

Zënter dem Moien, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass bekannt, dass mer an dësem Land an dësem Moment a bei Geleeënheet vun dësen Diskussiounen an enger Situatioun sinn, wou mer scheinbar honnerte vun Interessenten, vu jonke Mënschen hunn, déi eng Léierplaz sichen a keng fannen, well de Patronat net genuch offe Stellen zur Verfügung stellt. Dat ass eigentlech e Skandal an et ass eng Fro vu sozialer Verantwortung vun de Betriber.

Besonnesch a méi schwieregen Zäite misst d'Bereetschaft jo bestoe Léierplazen ze schafen. Dat ass jo alles net gratis. Do kritt ee jo och eppes dofir. Mä et wier eng formidabel Geleeënheet fir jonke Leit elo mol eng Beruffsausbildung, eng éischt Qualifikatioun ze ginn, och wann een hinnen net kann a muss garantéieren se ze beschäftegen, hinnen dach awer eng Chance ze gi sech muer um Aarbechtsmaart erëmzefannen. Dofir soen ech, Rieden halen ass eng Saach. Um Terrain spillen déi Saache sech oft anescht of.

Et ass vun der Goodyear geschwat ginn. Positives. Ech hunn och do näischt dergéint. Ech weess, dass bei der Goodyear bal 800 Kandidate waren, fir der herno 60 anzestellen; an dass der knapp 100 oder wéi vill den Exame bestanen hunn. D'Fro ass gestallt: Firwat sinn esou Examen - ech hunn e viru mer leien - an där Form iwwerhaapt noutwendeg? Wat fir ee Sënn hunn se? An décourageiéren se net? 700 Leit, déi et net fäerdeg bruecht hunn, vläicht fir gewësse Leit einfach Froen, mä fir si schwiereg Froen, kënnen ze beäntwerten. Mä dat ass d'Fro vun der Weiderbildung, vun der Fortbildung an där Saache méi.

An dann TDK, fir dat awer nach eng Kéier ze nennen. D'TDK hätt kënnen e Musterbeispill ginn, ass schlussendlech zu engem Fiasko ginn a war mënscheverabscheuend, well d'trei a laangjähreg Mataarbechter op eng Kéier stëndlech gekënnegt kritt hunn an hinnen den Zougank zum Betrib duerch Privatpolizei verhënnert ginn ass. Firwat ass dat gutt? Zu wat féiert dat? Dat mécht Onrou. Firwat ass net iwwert d'Cellule de maintien de l'emploi als eng Méiglechkeet diskutéiert ginn?

Ech weess, dass de Minister mer dorop äntwert, dass mer eng Chômage-partiel-Législatioun hunn, déi eng gewësse Flexibilitéit erméiglecht. Mä da musse mer déi upassen! Da musse mer déi op déi Situatiounen do och orientéieren, a mir missten och endlech dat Kadergesetz kréie fir iwwert d'Aarbechtszäit mat staatlechen Zouhëllefe kënnen dem Chômage entgéintzewierken.

Et ass einfach noutwendeg, dass mer handelen, geziilt a grousszügeg, an dass mer ëmmer erëm ënnersträichen, dass Sozialofbau an Ofsenkung vu Leeschtunge keng nei Aarbechtsplaze schafen, mä méi Misère. Dat ass déi eigentlech Wourecht.

An ech nennen et e Skandal, dass mer elo scho bal esou wäit sinn ze akzeptéieren, dass dann elo Fraen a Männer ab 45 Joer zu deenen Ale gehéieren, dat heescht de Problemgrupp Nummer eent gi sinn. Dat kann net sinn. Dat ka jo keng Fatalitéit sinn. Duerfir begréisse mer a begréissen ech och déi vum Minister ugemellten nei Moossnamen iwwert d'Sozialbeiträg an iwwer steierlech Vergënschtegungen, an der Hoffnung, dass d'Patronen déi Mesure do akzeptéieren och als eng ënnert dem Numm vun der sozialer Responsabilitéit, an deen Effort maache fir deene Mënschen do eng Chance um Aarbechtsmaart ze ginn.

Här Minister, ech begréissen och ausdrécklech, dass elo en Aarbechtslosen eng finanziell Hëllef soll kréie fir kënne selwer e Betrib ze grënnen. Ech hoffen an et muss een oppassen, dass hei elo net e weideren Aarbechtsmaart entsteet, am Sënn vun deem, wat mer haut schonn eng Kéier vun där vun de Gewerkschafte bekämpfter Aarbechtszäitrichtlinn gesot hunn. Ech vertrauen eisem Minister, dass hien e Freideg dann och do den néidege Kampfgeescht huet, esou wéi hei an der Chamber, dass mer et fäerdeg bréngen…

***(Interruption)***

Ech ginn dovun aus. Soss schwätze mer déi nächst Woch doriwwer.

Déi Aarbechtszäitrichtlinn, déi mécht jo d'Gefor op, dass wann een Einmannbetriber schaaft, dat op eng Kéier en neien Aarbechtsmaart gëtt, deen op den normalen Aarbechtsmaart stéisst an do zur Konkurrenz gëtt, well dat da Männer oder Frae sinn, déi an der Nout oder aus der Nout eraus bereet si 50, 60 a méi Stonnen d'Woch zu niddrege Léin an ouni Zouschléi oder Fräizäitkompenséierung ze schaffen.

Mä awer och kann et net sinn, dass de Wirtschaftsminister zu méi Risikobereetschaft bei der Grënnung vu Betriber oprifft a fuerdert, an och Pleiten a Kaf hëlt, an et kann och net sinn, dass grouss Betriber Milliarden an de Sand setzen an déi Verloschter vun de Steieren ofsetze kënnen, mä dass op där anerer Säit en Aarbechtslosen, deem säin Einmannbetrib dann innerhalb vun deenen éischten zwee Joer „kaputtgeht", forcéiert gëtt déi 25.000 Euro integral zréckzebezuelen. Do fannen ech ginn zweeërlee Mooss a Gewiicht ugewannt an d'Spillregele sollte wann ech gelift och op deem Niveau do déiselwecht sinn.

An erlaabt mer just dat heiten: Et ass gesot ginn, bei där Mesure do géingen d'Beruffschamberen nieft der ADEM ganz enk mat ageschalt ginn. Ech erënneren un d'Guichet-uniquen. Et gëtt een am Norden do uewen. Brauche mer där elo net méi, ebe just fir déi Leit do ze beroden an ze begleeden?

Da geet et ëmmer erëm drëm permanent d'Facilitéite vun der SNCI op hir Effizienz an op hir Accessibilitéit fir Leit, déi Betriber wëlle grënnen, ze iwwerpréiwen an dat och am Sënn vun der Erëmhierstellung vun der Vollbeschäftegung.

Ech begréissen och, dass en neien Audit bei der ADEM virgesinn ass. Dat sollt net als Mësstrauen emfonnt ginn, mä ass fir mech eppes wat noutwendeg ass an och an Zukunft regelméisseg muss virgeholl ginn. Well esou eng Bestandsopnahm an déi domat verbonne Moossnamen dozou féiere mussen a sollen, dass esou eng bedeitend Verwaltung personal- an equipementsméisseg op Tipptopp-Niveau bruecht, respektiv gehale gëtt. Mir hate '97 d'Décisioun vun zwee Auditen. Et ass dofir un der Zäit fir en neien.

Nëmmen zwou Zuelen: Mir hu 26 Placeure bei der ADEM an all eenzelne Placeur muss sech ëm tëschent 800 bis 900 Leit këmmeren. Dir musst Iech dat mol vum Aarbechtsopwand virstellen, an déi néng Consultanten, déi gutt Aarbecht leeschten, déi duerfir och e Statut mussen hunn, déi bréngen jo nach méi Aarbecht; och wa se wäertvoll ass. Et gesäit een also, dass et noutwendeg ass, och hei Kohärenz, Transparenz, Effikassitéit méiglech ze maachen a gläichzäiteg ze innovéieren. Ech begréissen et och. Ech soen nach eng Kéier, dass déi extern Consultanten, déi aus de Betriber kommen, Praxisnähe hunn an Erfahrung hunn. Dass déi net nëmmen d'ADEM verstäerken, mä dass déi Leit Recht op eng legal Basis hunn, fir dass hiert Aarbechtsverhältnis gekläert a geséchert ass.

Innovativ an der ADEM heescht awer och, dass een zousätzlech erfueren a geschult Kräfte brauch, déi fir déi schwéier placéierbar Mënschen zoustänneg sinn an déi hirersäits a ganz enkem Kontakt zum Beispill och mat de Beschäftegungsinitiative musse stoen.

Et gehéiert och derzou, dass een an der ADEM, am Ministère du Travail - an de Minister huet dat an engem Saz de Mëtte gesot -, muss iwwer eng nei Oplag vun den Noutstandsaarbechten nodenken. An ech géing et esou formuléieren, Här Minister, eist Zil muss et eigentlech sinn derfir ze suergen, dass Mënschen, déi als Demandeur, als Chômeur, déi keng Aarbecht hunn, agedroe sinn, a kengem Fall méi wéi sechs Méint ouni Aarbecht sinn. Mä dass een alles muss ënnerhuelen, dass se méiglechst schnell eng Beschäftegung fannen oder an eng Schulung kommen, dass se net dat Gefill vum Chômeur definitiv kréien. Mä dass se als nëtzlech ugesi ginn a behandelt ginn, an och esou eben et muss ronderëm se organiséiert ginn.

Da mengen ech, dass et un der Zäit wier, dass d'ADEM och de Wee vun enger eegener Cellule intérimaire misst begoen. Déi kéint flexibel a schnell op d'Besoinë reagéieren. D'Attraktivitéit vun den Interimfirmen ass jo onëmstridden. Firwat net doraus léieren an dorop reagéieren?

Ech soen awer kloer, entgéint deem wat den Niki Bettendorf gesot huet, de Monopol vun der ADEM muss erhale bleiwen an zu deem Monopol gehéiert eigentlech och den Interimssecteur. A firwat soll se dann do net am Sënn vun engem gesonde liberale Konkurrenzkampf selwer aktiv ginn a weisen, dass een aus Interimsfraen a -männer net nëmme modern Sklave mécht? Dat gëllt net fir all Interimsfirmen, mä fir ganz vill. Dass een also do méi ka maachen an do kéint eigentlech d'ADEM e gutt Beispill sinn.

Ech wollt mengem Frënd Niki soen, deen awer fort ass: Et sinn net déi rout Dicher, déi op eis wierken. Et sinn éischter déi blo, hunn ech haut erëm héieren, déi eis misste méi Gedanke maachen. Mä ech denken awer, dass mer domat eens ginn.

Dann zu der ADEM nach eng aner Bemierkung, déi vun de Profiler vun hiren Aarbechtslosen, vun den Demandeuren, déi ee misst besser kenne léieren. Et kënnt een entspriechend och d'Assignatiounsmethod an deem Sënn verfeineren, dass déi, déi eng Aarbecht sichen, méi geziilt op patronssäiteg ugemellten Jobs geschéckt ginn an dass een domat dee Virworf vu ville Patronë kënnt entkräften, dass d'Arbeitsamt egal wien an egal wat schéckt, déi och nach net ëmmer kommen, mä dann, wa se kommen, net op de Profil passen, dee si sech als Patron virgestallt hunn. Do misst also d'Method verfeinert ginn an dozou gehéiert dann och, dass, wa se méi verfeinert ass, d'Patronen net méi derlaanscht kommen, fir déi Leit dann ze berücksichtegen an anzestellen.

D'Profiler verfeineren heescht, méi prezis den Ausbildungsniveau festzestellen an d'Sproocheproblematik anzekreesen an och do geziilt Leit a Moossnamen ze schécken. An ech stellen d'Fro, Här Minister: Wéi steet et mat de Lëtzebuergesch-Coursen? Mir schwätzen ëmmer erëm bei verschiddene Geleeënheeten iwwert d'Bedeitung, dass ee Lëtzebuergesch-Coursë misst organiséieren. Kommt mir maachen et. Kommt mer diskutéieren driwwer, wien et soll maachen. Kommt mer diskutéieren driwwer, wat et kascht a wéi et finanzéiert gëtt. Mä et ass e wesentleche Bäitrag zu der Beschäftegungspolitik.

Ech wëll nach eng Kéier soen, kommt mir rieden eis net aus de Problemer eraus mat deem Moudewuert zu Lëtzebuerg vum atypeschen Aarbechtsmaart an domat versiche mer ëmmer eng Erklärung fir all Iwwel ze fannen. Mir wëssen, dass dat alles net esou an der Praxis ass. Kommt mir halen also och domat op. Oder kommt mer riede wierklech iwwert d'Nischepolitik. Mir rieden zwar driwwer, mä kee ka se sou richteg definéieren. Kee gesäit esou richteg de Gesamtëmfang, deen déi Nischepolitik do anhëlt. An et muss Kloerheet entstinn, wann ee Kralowetz-Situatioune wëllt verhënneren. Iwwregens e schéine Bonjour vum Kralowetz, et gesäit een ewell ëmmer méi Camionen erëm op den Autobunne fueren. Et gesäit een also wéi vill een däerf stiichten an awer nach däerf weider aktiv sinn!

Mä ech erënneren drun, dass d'Kralowetz-Affär eigentlech den Ausgangspunkt war fir eng Etüd ze maachen iwwert déi virtuell Aarbechtsplazen an iwwert d'Nischenaarbechtsplazen zu Lëtzebuerg. Wann ech gelift, mir brauchen déi, wa mer wëlle seriö doriwwer diskutéieren an dat Zuelewierk ass och noutwendeg. Net nëmme wéinst dem konkreten, korrektenen Iwwerbléck, mä et geet jo och duerch eng richteg Politik a) ëm de gudde Ruff vu Lëtzebuerg; et geet b) drëm deenen Onéierleche méiglechst schnell kënnen d'Handwierk ze leeën an c) geet et awer och drëm trotz allem eng geziilten Nischepolitik am Interesse vun eisem Land ze maachen, mä dat innerhalb vun alle legale Bestëmmungen.

Här Minister, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Problem op eisem Aarbechtsmaart ass jo scheinbar deen, dass mer net genügend nei Aarbechtsplaze schafen. Dat schéngt jo kee Problem ze sinn. Wann ech dat héieren hunn, 7.000 d'lescht Joer. Woubäi mer erëm eng Kéier d'Transparenz an d'Zuelematerial feelt. Et sinn haut eng Rei Zuele genannt ginn. Transparenz géing bedeiten, dass een déi 7.000 genee géing opdeelen. Vun der Qualitéit, vum Ëmfang: Sinn et Aacht-Stonnen-Aarbechtsplazen? Sinn et Deelzäit? Sinn et Engstonnenjobs? Wéi onsécher, wéi sécher si se, fir dass ee weess, dass een net Äppel mat Bire verwiesselt?

A wa mer soen, mir schafen eigentlech nei Aarbechtsplaze genuch, mä mir bréngen et net fäerdeg fir eis Chômeuren op déi nei Aarbechtsplazen ze placéieren, dann hu mer jo do de Problem; wann ech dat richteg verstinn a richteg gesinn. An do gëtt dann d'Erklärung ëmmer benotzt fir ze soen, mä dat hänkt domat zesummen, dass déi meescht vun deenen ageschriwwene Chômeuren net iwwert déi néideg Qualifikatioun verfüge fir kënne vun de Patronen agestallt ze ginn oder vun de Betriber. An do ass vun deene 50% Chômeure geschwat ginn, déi onqualifizéiert sinn, an et ass deen dramatesche Chiffer vun 80% bei de Chômeure genannt ginn, d'portugisesch Nationalitéit, wou den Undeel bei 80% géing leien. Dat muss nodenklech stëmmen.

An duerfir ass et noutwendeg, dass mer an deene Beräicher, wou dat do kann an de Gréff geholl ginn, alles ënnerhuele wat ze ënnerhuelen ass. Mir mussen d'Schoulausbildung - an do geet et un - vun eise Kanner verbesseren. Mir mussen se domat och fir d'Erausfuerderung vum Aarbechtsmaart a fir hir Zukunft eigentlech rüsten. A mir mussen hinnen domat d'Geleeënheet ginn, esou staark ze sinn, dass se an der Konkurrenz mat den Demandeurs d'emploi aus der Groussregioun, aus den Nopeschregioune kënne bestoen.

Mir begréissen als LSAP d'Efforte vun der Unterrechtsministerin mat hire Reformen. Mä mir wëssen, dass mer zu Lëtzebuerg nach wäit ewech vun enger Kultur vun der liewenslaanger Weiderbildung, vum lifelong learning sinn. Déi musse mer och hei réusséieren, well mer d'„employability" vun eise Salariéën op Dauer nëmmen esou garantéiere kënnen. Weiderbildung ass preventiv Aarbechtsmaartpolitik. Duerfir ass et och noutwendeg, dass iwwert deen „congé individuel de formation", deen um Instanzewee ass, och gehandelt gëtt.

Ech weisen op eng Etüd vum René Kollwelter hin, déi seet: Gutt 20% vun de Jugendleche verloossen d'Schoul ouni Diplom. Also musse mer duerfir suergen, dass all Mënsch, a besonnesch déi doten, an dësem Land d'Méiglechkeet kritt, e Schoulabschluss ze erlaangen, an duerfir musse mer den zweete Bildungswee opmaachen.

Mir schwätzen iwwert d'École de la deuxième chance. Kommt, mir realiséieren se onofhängeg dovun, ob mer eis de Moment driwwer eens sinn, ob se als Institutioun am Unterrechtsministerium ugesidelt gëtt, oder ob se an en Établissement public ausgelagert gëtt. Loosse mer endlech ufänken, konkret driwwer ze diskutéieren! Décisiounen drängen sech op.

Ech weess, dass et och an deem Haus hei kee Sträit iwwert d'Bedeitung vun der Schoul-, Aus- a Weiderbildung gëtt, mä mir mussen och do Kloerheet hunn, méi wéi jee, wat, wou, vu wiem organiséiert gëtt. Mir mussen d'Finanzéierungsfro natierlech stellen, mä d'Finanzéierungsfro kann net d'Prioritéit virun enger noutwendeger Bildungspolitik an all hire Formen hunn.

Erlaabt mer just nëmmen an engem Wuert déi Indemnité de formation nach eng Kéier opzewerfen. De Mëtteg ass heiriwwer geschwat ginn, ech wëll duerfir net méi op den Detail agoen. Ech wëll just nëmme soen, dass ech kaum

Verständnis hu fir déi bürokratesch Approche an Interpretatioun. Mir schwätzen engersäits mat vollem Mond vun der Lissabon-Strategie a vun enger Verbesserung vum Taux d'emploi, an anerersäits si mer klengkréimeresch, kleng Épicieren, a stelle fest, dass et net geet, statt duerfir ze suergen, dass et muss goen. Leit, déi sech wëllen nei schoulen, fir dann op den Aarbechtsmaart ze kommen, déi setze mer a Konkurrenz mat Reglementer a Gesetzer, déi anscheinend deene Situatiounen net kënne Rechnung droen.

Mir brauchen duerfir politesch Flexibilitéit a mir brauche mat Sécherheet an all deene Beräicher, iwwert déi mer haut schwätzen, net Spuermoossname fir de Fonds pour l'Emploi ze entlaaschten. Do gëtt et Rumeuren, déi zirkuléieren, déi mengen, dass éischter d'Richtung déi dote wier. Dat wier natierlech eng politesch Entschiedegung, déi hei misst diskutéiert ginn a wou hei misst Kloerheet geschafe ginn. Et kann awer net a Fro kommen, dass dat, wat noutwendeg ass, net kéint finanzéiert ginn.

Da soen ech och, d'Lamentéieren iwwert déi héich Zuel vu Grenzgänger, e gewëssene Sozialnäid, deen do entsteet, dat ass net ubruecht. Mir liewen an der Groussregioun an an Europa an duerfir musse mer, statt ze lamentéieren, eis hausgemaachte Problemer léisen. D'Realiséierung vu ville genannte Moossnamen haut an därer, déi scho bestinn, ka Chancëgläichheet zwësche Résidenten a Grenzgänger schafen. An déi Chancëgläichheet besteet net nëmmen a Lounënnerscheeder oder Gehaltsfuerderungen, déi bei deenen enge méi kleng a bei deenen anere méi héich wieren, mä et ass am Endeffekt ëmmer eng Fro vun der Qualifikatioun, an domat vun der Leeschtung, déi dee Betraffenen, deen agestallt ass, brénge kann.

Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mer wichteg, ëmmer erëm déi gemeinsam Responsabilitéit an dat gemeinsaamt Virgoen ervirzestäichen, statt dat Géinteneen oder statt falsch Krichsschauplätz ze entwéckelen. Verschidde Patronskreesser, mä och politesch Parteien - mir hunn et de Mëtten hei vum Vetrieder vun der DP héieren - stänkere respektiv kritiséieren déi sou genannten „Beschäftegungsinitiativen", déi ëmmerhin 3.500 Mënsche beschäftegen an ouni déi den Taux de chômage géing vun haut op muer erëm iwwer 2% an d'Luucht goen.

Mä et geet jo net duer mat der Kritik! Wann een eppes kritiséiert oder géint eppes ass, da misst een och Alternativen ubidde kënnen, an un deene feelt et dann. Duerfir soen ech awer, et ass richteg, mir brauchen endlech déi legal Basis, an ech soen et och duerfir, well déi Beschäftegungsinitiativen a Beschäftegungsmoossnamen, an dat wëssen d'Kritiker ganz genee, oft déi eenzeg Plaz sinn, wou Mënschen an Nout nach ënnerdaach kommen an eng Beschäftegung kënne fannen, well se op deem sou genannten éischten Aarbechtsmaart keng Chance hunn oder keng Chance kréien.

De „chômage-social"-Projet de loi ass um Instanzewee, läit beim Statsrot. Ech hoffen, dass et deemnächst och hei kann zur Ofstëmmung kommen. Ech wëll just soen: Och elo schonn, mä och da wann dat neit Gesetz do ass, kënnen d'Patronen esou Leit beschäftegen an all déi Hëllefe kréien. Wat soll dat also alles?! Jiddferee kann hei, wann e wëllt Responsabilitéit iwwerhuelen, eng Hand mat upaken.

An och, a besonnesch am Beräich vun der sou genannter Solidarwirtschaft muss légiféréiert ginn. Hei ass laut Regierungsprogramm d'Familljeministerin gefuerdert, mä och hei gëllt et eng gewësse Kohärenz ze garantéieren, well an der Solidarwirtschaft net nëmmen d'Familljeministerin, mä och den Aarbechtsminister an de Wirtschaftsminister mat gefuerdert sinn. D'Solidarwirtschaft ass näischt wat Sozial- oder Wirtschaftsdumping géing méiglech maachen, mä et ass eppes wat och an de Beräich vun enger intelligenter Nischepolitik gehéiert an duerfir gefördert muss ginn, well se héich potenzial Beschäftegungs- an Asazméiglechkeeten erlaabt.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

D'Solidarwirtschaft an de Chômage social, déi kënnen sech ergänzen, eng korrekt Zesummenaarbecht an d'Zesummeliewe mat der Privatwirtschaft ass net ausgeschloss, ass méiglech, wann de Wëllen duerfir do ass. Et soll ee wëssen an drun denken, dass dausende vu Chômeuren engersäits eng Schaff fannen, an dass anerersäits d'feelend sozial Déngschtleeschtungen an dësem Land iwwert dee Wee och kënne besat ginn. Dat gëllt iwwregens och fir den Ëmweltberäich.

Ech wënsche mer, dass eng Rei vun DP-Buergermeeschteren dem Niki Bettendorf seng Aussoen héieren hunn a si wäerten him widderspriechen, well och déi Buergermeeschter sinn déi Lescht, déi op Beschäftegungsinitiative wëlle verzichten an op déi Déngschter, déi se de Bierger an den eenzelne Gemenge leeschten an op déi net méi ze verzichten ass. Wien iwwer eng effikass Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet schwätzt, wien Aarbechtsplazen erhalen an nei erschafe wëllt, muss sech der Vielfalt vun de Moossname bewosst sinn. Awer och d'Bereetschaft zur Solidaritéit wéi d'Finanzéierung vun deene Moossnamen, och däers muss ee sech bewosst sinn.

An der Halschent vun de 70er Joren ass d'Solidaritéitssteier agefouert ginn. Si huet de fréieren Aarbechtslosefong an dem heitege Beschäftegungsfong enorm Finanzmëttel zur Verfügung gestallt, déi net méi duerginn. Duerfir gëtt et budgetär Dotatiounen, mä et sinn och ëmmer nach europäesch Bäihëllefe ginn. Mir musse alleguer zesummen dofir suergen, dass all déi Gesetzer a Regelen, déi et soss nach gëtt an déi dozou bäidroen, den Aarbechtsmaart am Gréff ze hunn oder an de Gréff ze kréien, respektéiert ginn.

Ech denken un d'Bekämpfung vun der Schwaarzaarbecht an déi noutwendeg Reform vun der Gewerbeinspektioun. Ech denken un d'Respektéierung vum Détachementsgesetz, mä och d'Kontroll an d'Respektéiere vun der Aarbechtszäit, sief et déi aus de Kollektivverträg, sief et déi legal. Mir mussen zesumme verhënneren, dass d'Interimärsgesetz an domat och d'sozial Gesetzer mëssbraucht ginn. A mir musse ganz besonnesch duerfir suergen, dass net nëmmen de Regierungsprogramm, mä nach méi muss realiséiert ginn, fir d'Problemer an de Gréff ze kréien.

D'Chômeure si Mënschen, d'Recht op Aarbecht ass e Mënscherecht. Jonk Mënschen, Schoulofgänger hunn e Recht op eng Perspektiv, dat heescht op eng Aarbecht, an däerfen net elo scho mat der Angscht liewen an d'Aarbechtslosegkeet ze geroden. Ech hunn d'Beispill vun de Léierplaze genannt, wat ech schlicht an einfach als e Skandal an e grousse Problem gesinn.

Fraen a Männer, Lëtzebuerger a Résidenten, och d'Grenzgänger, all zesumme sollen net an e falsche Konkurrenzkampf verstréckt ginn. Duerfir muss et gëllen, dass jiddfereen duerch déi beschtméiglech Qualifikatioun Aarbecht an Akommes fënnt.

Mir sollten duerfir de Problem vum Chômage net op blousst Zuelematerial reduzéieren, a mir sollten net ufänken ëmmer erëm vun noutwendege strukturelle Changementer an Entloossungen ze schwätzen, an dat och am Interesse vu méi Profit duerch méi Kompetitivitéit, fir et op all dat doten ze reduzéieren.

Den Niki Bettendorf huet Onrecht, wann e mengt d'Gewerkschaften géingen do direkt sech verkrauchen. D'Gewerkschaften, dat si Frontkämpfer, déi si gewinnt permanent mat esou Themen sech mussen auserneen ze setzen, net theoretesch mä ganz praktesch, an hëllefen an deene Betriber Léisungen ze sichen, wou d'Éierlechkeet d'Basis vun der Diskussioun ass. Och dat soll mol eng Kéier gesot ginn. Et ass net, dass déi sech géingen de Restrukturéierunge verschléissen. Et ass déi al Geschicht: Et mécht een d'Mëllechkou net futti, well dann huet een och keng Mëllech méi. Et weess een also scho wéi een domat ëmzegoen huet, an dat geschitt op deem Niveau ouni Zweifel.

Léif Frënn, mir hunn hei zu Lëtzebuerg, mä och an der Europäescher Unioun eng riseg Responsabilitéit ze droen, an duerfir mussen am Endeffekt déi Entscheedungen, déi mer huelen, zu positive Resultater féieren a mussen déi Entscheedungen och positiv Signaler senden. Et geet do ëm d'Glaubwürdegkeet. Déi ass gefrot! Et geet ëm d'Vertrauenswürdegkeet vun der Politik an den Institutiounen, mä och vun de Betriber an vun de Patronen a vun all Entscheedungsträger op allen Niveauen.

Dat, wat a Frankräich geschitt ass, an et muss een et ëmmer erëm soen, hänkt ganz enk mat där Hoffnungslosegkeet a mat deem Verloscht vu Vertraue an all déi, déi do eppes ze soen hunn, zesummen.

Mir schwätzen an der EU - elo géing ech net soe vill ze vill - iwwert dee Fridden, dee mer elo Jorzéngte konnte garantéieren. Dat ass mat Sécherheet eng formidabel, wann net déi formidabelst Saach. Mä mir mussen eis uwinnen an der Europäescher Unioun ëmmer méi iwwert de soziale Fridden ze diskutéieren. An dee soziale Fridden, déi sozial Fraktur, dat ass déi, déi dat ausléist, wat mer net nëmmen a Frankräich erlieft hunn, mä wat mer och an der Diskussioun zu Lëtzebuerg iwwert d'EU-Verfassung zu Recht oder Onrecht ëmmer erëm ze héiere kréien. D'Leit kucken awer op eis, an ech soen: Loosse mer de soziale Fridden dem Stellewäert entspriechend behandelen, deen en anhëlt.

An erlaabt mer eng allerlescht Bemierkung, déi mat der Angscht vun de Leit zesummenhänkt vis-à-vis vu Privatisierungswellen, déi zënter enger Zäit regelméisseg iwwer eis alleguer hierfalen. Et ass de Mëtteg d'CFL ugeschwat ginn, a scho bal esou gesot ginn: Wa se dann endlech privatiséiert gëtt wéi si et scho längst hätt misse sinn, da wier d'Welt an Uerdnung. Ech gesinn dat net esou. Et gëtt vill ze vill Beispiller, déi weisen, dass déi Privatisierungswell de Contraire vun deem produzéiert.

Ech wëll awer eigentlech soen - an dat haut an hei, well et esou ganz waarm nach ass -: Haut an de Medien ass breet iwwert d'Bilanz-Pressekonferenz vun eiser Post bericht ginn. Ech muss soen: Bravo fir deen Nettogewënn vun 82 respektiv 87 Milliounen. Dat ass de Verdéngscht vun de Salariéë vun der Post, an et ass mat Sécherheet och de Verdéngscht vun der Direktioun.

Mä verschidden Aussoe vu Postverantwortleche stëmme mech par rapport zu deem formidabele Resultat immens traureg, well se och e falscht Signal si vu Säite vun engem Statsbetrib, deen entre Guillemetë seet: „Mir hunn elo nach en décke Benefiss gemaach, mä mir hunn ze héich Personalkäschten an déi wuessen an Zukunft nach. Zweetens, mir verlaange vun eise Mataarbechter nach vill méi Leeschtung, nodeem mir hinne Merci gesot hu fir dat gutt Resultat. Mä mir soen eise Mataarbechter awer elo schonn, dass keng Astellunge virgeholl ginn an dass esouguer net emol Ersetzastellunge virgeholl ginn."

Dat ass liberal Politik, léif Frënn, an dat ass déi mat där mir eis jo net esou gutt kënnen ufrënnen, well déi awer wierklech nëmmen op Wuesstum an op ëmmer méi Profit a guer net méi op Mënschlechkeet an op sozial Verantwortung ausgeriicht ass.

Ech fannen et, an et deet mer Leed fir et esou mussen ze soen, e falscht Signal aus engem vun de gréissten, wann net deem gréisste Lëtzebuerger Betrib an enger Zäit vun Aarbechtslosegkeet, déi wiisst, an an enger Zäit, wou mer am Risiko liewen, dass mer och an dësem Land e permanenten héijen Aarbechtslosesockel riskéieren ze hunn.

Wien nëmme vu Wuesstum a Profit schwätzt, an dat Mënschlecht, déi mënschlech Dimensioun aus den Ae verléiert, dee gëtt leider kee gutt Beispill. Dat misst d'Regierung, déi jo eigentlech den Haaptaktionär an där Post ass, och an deem Sënn un déi erfollegräich Chefetage vermëttelen.

Merci alleguer.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Här Haupert!

**M. Norbert Haupert** *(CSV)*.- Ech wollt just dem Kolleeg Castegnaro eppes soen. En huet elo e puer Mol hei ernimmt, dass net genuch Léierplaze vun de Patronen zur Verfügung stinn, an en huet esouguer gesot, datt et ee Skandal wier. Ech wollt awer him soen - an ech weess och, datt hien dat weess -, datt awer déi lescht zéng Joer praktesch méi Plazen ugebuede gi si wéi der konnte besat ginn. Ech froe mech, ob do net eng Rëtsch vu Patrone verschidde Plazen net méi ugebueden hunn, well se souwisou kee kritt hätten.

Ech sinn iwwerzeegt, dass wann ee mat de Beruffschambere schwätzt déi menger Meenung no déi néideg Plazen och fir dëst Joer kënnen zur Verfügung stellen, fir all déi jonk Leit dann ze beschäftegen.

**M. le Président**.- Dat gesot, si mer elo um nächste Riedner, dat ass déi honorabel Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Debatt iwwert de Chômage hei am Parlament ze féieren ass sécherlech e gudden Exercice, gutt fir d'Politikerinnen, gutt fir d'Politiker an och gutt fir dëst Land.

Ech wëll fir d'éischt emol direkt am Numm vun eiser Fraktioun dem Aarbechtsminister Merci soe fir d'Zoukommeloosse vun enger Rei Dokumenter, déi mer och gefrot haten, well déi eis och erlaabt hu méi spezifesch op dës Debatt anzegoen. Doriwwer eraus, Här President, Här Minister, kënne mer eis Proposen a Kritiken dann och en connaissance de cause hei formuléieren.

Ech géif dann och direkt mat enger allgemenger Kritik ufänken. Déi Dokumentatioun, déi den Aarbechtsminister eis zoukomme gelooss huet, weist, dass sech eigentlech nach eng ganz Rëtsch vu Froe stellen iwwer eng Reorganisatioun an eng Gestioun vum Chômage a vum Emploi. Et ass effektiv e komplexen Dossier, dee sech net unilateral analyséieren a léise léisst. Déi sozialistesch Säit vun der Regierung schéngt agesinn ze hunn, datt et och net duergeet e Ruck duerch d'Gesellschaft ze annoncéieren, fir datt sech eppes um Aarbechtsmaart beweegt.

Mir wënschen eis dann och haut konkret Äntwerten zu dëse Wahlverspriechen, notamment vun der sozialistescher Säit vun der Regierung, zum Beispill a Saachen, an ech zitéieren: «Une meilleure mise en oeuvre du Plan d'action national pour l'emploi doit par ailleurs permettre de diminuer le taux de chômage actuel.» - oder - «La réduction du temps de travail reste en effet un instrument important dans le rétablissement du plein emploi.» - oder - «Un programme de reconversion professionnelle et de réorientation doit être élaboré à court terme.» - oder nach - «Les socialistes introduiront une sixième semaine de congé pour le travail posté et les travaux de force.» - oder - «Les socialistes veulent que les citoyens moins qualifiés…» - hei si mer am Thema - «...soient à même de trouver ou de retrouver un emploi sur le marché luxembourgeois.» A si froen och duerfir eng Loi-cadre iwwert d'Économie solidaire.

Et ass awer och eng ganz wichteg Mesure fir onqualifizéiert Salariéen: «Le LSAP s'engagera pour une distribution de revenu plus équitable, entre autres en offrant le supplément 20% du revenu minimum pour salariés qualifiés aux salariés non qualifiés qui ont au moins dix ans d'expérience professionnelle à leur actif.» Dat ass sécher keng onwichteg Ausso vun der sozialistescher Partei an dëser Diskussioun, well et si grad déi onqualifizéiert, eeler Salariéen, déi mir um Aarbechtsamt erëmfannen, an et sinn déi, déi deem gréisste Risiko ausgeliwwert sinn, Chômeurs de longue durée ze ginn.

Op alle Fall wier et interessant, Här President, Här Minister, ze wëssen, ob d'Regierung gedenkt, eng oder méi vun deene sozialistesche Wahlverspriechen ëmzesetzen, a wéi si dat gedenkt ze maachen, well deemno wéi kéinte mir als gréng Fraktioun méi wéi eng vun dësen Iddië mat ënnerstëtzen, fir datt dann och tatsächlech dee batteren an noutwendege Ruck duerch d'Land stattfënnt.

Wëssend awer, datt den Aarbechtsministère souzesoen ëmmer vun enger eenzeger Partei gefouert ginn ass, säit anno Tubak praktesch, dréit dës Partei - d'CSV - dann och d'Verantwortung fir d'Aarbechtspolitik, zumindest vun deene leschten 30 Joer.

De Problem vum Chômage respektiv vun der Aarbechtsplazerhalung oder Aarbechtsplazschafung ass keen neie Problem. Et ass och net e Problem, dee sech déi lescht zéng Joer gestallt huet, well en eis op eemol esou op de Kapp gefall ass, aus heiterem Himmel. De Chômage ass e Problem, dee sech am Ufank zwar lues, mä sécher, an elo ebe proportionell méi séier entwéckelt huet, deen a sech duerch nei Aspekter beschleunegt ginn ass, ewéi zum Beispill, an et ass scho gesot ginn, d'ekonomesch Situatioun am Land, awer och an Europa an op der Welt, de Problem vun der Groussregioun oder d'Konsequenze vun engem unerkannten Echec an der Bildungspolitik.

An duerfir sinn déi Froen, déi den Aarbechtsminister eis iwwer Courrier matgedeelt huet, Här President, eigentlech Froen, well se eben net nei sinn, wou mir eis eigentlech kloer a proaktiv Äntwerten erwaart haten. Mä fir kloer Äntwerten ze hunn an eng proaktiv Haltung zum Chômage hei zu Lëtzebuerg, hätt ee scho längst missen eng fundamental Reform aféieren. All déi nei Moossnamen, déi ugekënnegt sinn - de Minister huet se virdru kuerz skizzéiert, en hat eis se och gescheckt -, wéi zum Beispill den Audit vum Arbeitsamt oder d'Evaluatioun vun de Mesuren, wat och scho vum Conseil économique et social a sengem Avis 2004 suggéréiert gi war, si ganz sécher begréissenswäert a si sinn och noutwendeg.

Mä, hätt eng Evaluatioun an eng Harmonisatioun vun dëse Mesuren

net schonns missen en Deel vun engem Konzept vun enger Strategie oder vun engem Planning sinn? Hätten d'Mesuren, déi iwwert d'PAN-Gesetz agefouert gi sinn, net deemools scho méi couragéis a méi visionär misse sinn, anstatt duerch eng „Reförmchen" eis europäesch Flicht ofgehaakt ze hunn? An hätt den Aarbechtsministère net schonns misse vill éischter reagéieren an nieft de Partenaires sociaux och mat de concernéierte Ministèren e regelméissegen Dialog féieren?

Et ass schonn ugeklongen, ech denken do un e Ministère de l'Économie, e Ministère de la Formation professionnelle, awer och, an dat ass bis haut nach net gefall an dësem Haus, e Ministère à l'Égalité des chances.

A wier et net primordial gewiescht den Dossier vun der Schafung vun enger reeller Économie solidaire, net dem Familljeministère zouzeschousteren, mä sech e mat dem Wirtschaftsministère ze deelen an innovativ virzegoen?

D'Regierungen, dës an och déi virdrun, hunn déi traureg Traditioun eréischt ze reagéieren, wann de Misère schonn do ass. Dat, wat an eisen Nopeschlänner säit Joren owes an den Noriichte gewise gëtt, ass kee Krimi; dat ass eng Realitéit, déi och Lëtzebuerg betreffe kann an och Lëtzebuerg mëttlerweil betrëfft. An duerfir kann ee beim beschte Wëlle keng Argumenter akzeptéieren, déi drop hiweisen, datt mir hei zu Lëtzebuerg am Verglach zu eisen Nopeschlänner et nach gutt hei hunn a mir nach gutt do stinn, well esou stëmmt dëst och net!

Wann ee Lëtzebuerg mat deene 15 alen EU-Länner vergläicht, sti mir am Verglach zimlech schlecht do. An dëst haaptsächlech bei de strukturellen Ursaache vum Chômage, mä do wëll ech méi spéit a menger Ried nach drop zréckkommen.

Ech géif gären op zwee verschidde Voleten agoen, Här President, Här Minister, fir och eis Virschléi ze bréngen, an zwar den ekonomesche Volet op enger Säit an de strukturelle Volet op där anerer Säit vum Aarbechtsmaart.

An ech géif dann direkt mam ekonomesche Volet ufänken. D'Zil ass ganz kloer, dem Aarbechtsmaart genuch Méiglechkeete gi sech am Bannemaart ze entwéckelen, ouni datt eleng oder haaptsächlech déi reng wirtschaftlech Aspekter den Aarbechtsmaart definéieren. Keen zweifelt drun, datt mir eis Wirtschaft mussen dynamiséieren. Mä et wier haut, mat deem Wëssen, dat mer hunn, an och mat deenen empireschen Informatiounen, déi mer haut hunn, e Crime, déi ekologesch Komponenten, esou wéi fréier, net méi automatesch ze berücksichtegen, oder schlëmmer nach, wéi och fréier, de wirtschaftlechen an de soziale Komponente géintiwwer ze stellen. An ech muss soen, och déi nei Well vu gewerkschaftlechen Usprieсhspartner hunn dëst entre-temps verstanen.

D'Zesummewierken also vun ekonomeschen a soziale mat den ekologesche Komponente soll de Kredo vun enger proaktiver Lëtzebuerger Beschäftegungspolitik sinn. Dat setzt natierlech Teamaarbecht viraus. Net nëmmen tëscht de Ministèren, oder mat de Partenaires sociaux, mä och mat de Gremien aus der Recherche, der Entwécklung, Gremien, déi um Terrain schaffen, an der Aarbechtswelt, an déi de Pragmatismus vun de soziale Komponente vläicht besser kenne wéi déi, déi an de Verwaltunge schaffen.

Dat heescht, et ass och schonn haut ugeklongen, Synergië schafen, Beréierungsängschten ënnerbannen, keng Angscht virun Innovatioun, Kreativitéit a Sammele vun Erfahrungen, well eng vun den Haaptursaache vun eisem schnell steigende Chômage oder Chômagetaux ass précisément déi verpasste Chancen un Innovatioun.

Eenzel Länner, wéi zum Beispill Dänemark, haten et an den 90er Jore fäerdeg bruecht, nei an innovativ Weeër ze goen, wéi bei hinnen eben ufanks den 90er Joren de Chômage eng reell Gefor ginn ass, net nëmme fir d'Wirtschaft oder fir den Aarbechtsmaart, mä och fir d'Cohésion sociale. An et ginn och Beispiller vu Regiounen oder esouguer vu Betriber, déi et fäerdeg bruecht hunn op eng Gefor ze reagéieren, proaktiv ze denken an nei innovativ Weeër ze goen.

Mir hunn hei eng Multitude vun oniwwersiichtlechen an oft net kohärente Mesuren agefouert, fir se och oft dann aus anere Grënn, heiansdo och aus finanzielle Grënn, aus ekonomesche Grënn, erëm ofzeschafen oder ëmzeänneren, ouni richteg ze wëssen, ob se da gegraff hunn oder gegraff hätten. Meeschtens huet et un engem globale Konzept gefeelt. Eng gutt Initiativ ass d'Iddi, dass d'Arbeitsamt mat Consultanten aus de Betriber oder aus de Secteuren zesummeschafft. Dat ass och schonn haut gesot ginn, mir ënnerstëtzen dat och. Et ass eng Politik, déi awer nach ëmmer an de Kannerschong hei ass, hätt awer missen e Bestanddeel vun där Gesamtstrategie sinn.

Den aktuellen an net neie grousse Misère an de Verwaltunge vum Arbeitsamt ass eben de Fait, dass eng kleng Reförmchen enger anerer Mesure d'Klensch an de Grapp dréckt, wat ganz vill Energie kascht, awer ganz wéineg effikass ass. Eng Gesamtstrategie gëtt et eiser Meenung no net oder vläicht nach net um Arbeitsamt. Vläicht kann een nom Audit um Arbeitsamt - nach eng Kéier eng Mesure, déi mer begréissen - herno de Fonctionnement méi effikass maachen, eben duerch eng besser Planifizéierung an duerch e bessert Schafe vu Synergien.

Mir als Gréng ënnerstëtzen och d'Iddi, fir d'Arbeitsamt mat an de Board of Economic Development eranzezéien. Datselwecht zielt och fir d'Iddi vun der Cellule de maintien de l'emploi, déi soll geschafe ginn.

Dat sinn alles gutt Iddien, Här President, Här Minister, mä déi maachen nëmme Sënn a kënnen nëmmen effikass sinn, wa se an engem Plang matenee verbonne sinn a wa se och interagéieren. Well et ass eis wéineg gehollef, wann de Wirtschaftsminister grouss Betriber wéi AOL op Lëtzebuerg bréngt, well si kaum Aarbechtsplaze schafen. An déi Suen, déi mir iwwert d'Fiscalitéit vun esou grousse Boîten erakréien, schafen och keng Aarbechtsplazen. Déi Sue gi vläicht erëm gebraucht fir en Deel an de Fonds pour l'Emploi fléissen ze loossen, oder eventuell d'Lach vun eisem Ofsécherungssystem ze féilen.

Wat mir hei brauchen, dat ass a Kleng- a Mëttelbetriber ze investéieren. An dëst aus ganz villen Ursaachen. Si sinn déi Betriber, déi déi gréisste Stabilitéit an der Wirtschaft bidden, si sinn déi, déi op laang Dauer investéieren, an e groussen existenziellen Intérêt hunn, sech der Zäit an dem Marché unzepassen an dobäi aarbechtskraaftintensiv ze bleiwen. Besser nach, si sinn déi Betriber, déi forméieren an Intérêt hunn, datt d'Beruffsausbildung effikass an adaptéiert ass. Si bleiwen oft mënschlech Betriber.

Onverzeilech ass et awer, datt grad am Secteur vun den erneierbaren Energien, deen zu Lëtzebuerg jo ausschliesslech aus PMEe besteet, einfach kuerzsiichteg d'Planz am Keim erstéckt ginn ass. Contrairement zu eiser Regierung hunn déi Betriber erkannt, datt ee ka mat gréngen Iddië schwaarz Zuele schreiwen.

An Däitschland, wou déi Formë vun Energien net méi ewechzedenke sinn, schaffe mëttlerweil 130.000 Leit am Beräich vun den erneierbaren Energien. Eleng déi däitsch Solarbranche huet 2004 en Ëmsaz vun zwou Milliarden Euro gemaach a 5.000 nei Aarbechtsplaze geschafen. D'Zuel vun de Leit, déi an dësem Domän schaffen, huet scho längst d'Zuele vun de schaffende Leit an de klassesche Energien iwwerholl.

An interessant ass och, dass grad an dësem Domän a contrairement zu der Atomenergie de ganze Spektrum vun Aarbechtskräfte vertrueden ass. Eng verpasste Chance. Mir hunn dat schonns oft hei op dëser Tribün gesot, eng ekonomesch Nisch. Hei ass e Beispill vun enger Nisch, Här Castegnaro, mat onheemlech vill Aarbechtskraaftpotenzial, déi ass futtigetrëppelt gëtt.

Nach ee Beispill, wou mer et verpasst hunn innovativ a proaktiv virzegoen, ass sonner Zweifel d'Économie solidaire. Här President, den Aarbechtsministère beschäftegt sech mat Aarbechtsbeschafungsmoossnamen, sprich de Projet de loi iwwert de Chômage social, a gëtt den Dossier vun der Économie solidaire un de Familljeministère of. Wéi wichteg wier et awer gewiescht, eng national Debatt ze féieren iwwert d'Économie solidaire an hir potenzial Méiglechkeeten, fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft, fir de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, fir d'Lëtzebuerger Beschäftegungspolitik, an zu gudder Lescht och fir d'Lëtzebuerger Cohésion sociale.

Wéi vill Méiglechkeete géing et ginn, wa mer eng nei, eng innovativ Politik iwwert de Wee vun enger Économie solidaire zu engem drëtte Pilier um Aarbechtsmaart géingen ugoen? Lues ewech vun den Aarbechtsbeschafungsmoossnamen, eriwwer zu enger Économie solidaire, déi och anere Leit wéi nëmme Chômeurs de longue durée oder mannerbemëttelte Matmënschen eng Aarbechtsplaz géing offréieren. Wéi vill kascht d'Cohésion sociale eis elo, alles inbegriffen? A wéi vill géing se eis kaschten iwwer en négociéierte Wee vun enger Économie solidaire?

Iwwregens kann een och hei mat sozialen Iddië schwaarz Zuele schreiwen. En eklatant Beispill ass dat vun der Kooperativ Coop an Italien. Dat ass déi éischt am Maart vun den Hypermarchéën. Mat 18% um Marché si si wäit viraus, viru Carrefour, deen et och an Italie gëtt, virun Auchan, wat et och an Italie gëtt, a viru Conad. Si fonctionnéiert nom System vun der Économie solidaire, an zousätzlech ass se spezialiséiert op biologesch an „fair trade"-Produiten.

Och déi europäesch Investitiounsbank huet dëse Créneau vun der Économie solidaire als eng vun hire Prioritéite gesat an ënnerstëtzt op eng privilegéiert Manéier d'Betriber aus der Économie solidaire. Et ass e Marché, deen um Kommen ass an eng interessant Approche, ëmmer verbonne mat adaptéierten an négociéierten Aarbechtsplazen.

Ech kommen elo zum strukturelle Volet. Et ass gewosst - et ass och schonn haut hei gesot ginn -, dass en Taux de croissance, an ech woen ze behaapten och ee vu 5%, wéi esou oft gesot gëtt, net onbedéngt de Chômage hei zu Lëtzebuerg géif erofdrécken. An et ass gewosst, datt nei Aarbechtsplazen och net onbedéngt den Taux de chômage erofdrécken. Op där enger Säit ass d'Zuel vun den neien Aarbechtsplazen net méi esou grouss wéi nach viru fënnef Joer, an op där anerer Säit ginn ëmmer méi, mëttlerweil si mer bei ongeféier 70%, vun den neien Aarbechtsplazen u Frontalieren.

Dat huet verschidden Ursaachen. Eng dovunner ass sécherlech, datt eng Persoun aus der Groussregioun - et ass iwwregens eng Groussregioun, déi ëmmer méi grouss gëtt, déi sech ëmmer méi ausweit - oft besser preparéiert ass. Si ass besser qualifizéiert an huet eng Rei Plus-valuen, déi se matbréngt, wou eng Persoun hei am Land muss passen. Säit kuerzem eréischt gi Stëmme gehéiert, déi ënnerstraichen, dass dat e Problem net nëmme vu Beruffsausbildung ass, mä e Problem vu Bildung en général. Mir sinn dat europäescht Land mam beschte PIB a gläichzäiteg dat europäescht Land mat engem vun deene gréissten Tauxë vun onqualifizéierte Jugendlecher, déi d'Schoul verloossen.

Dat ass leider keen neie Phenomeen. Mä wéi schonn ugeklonge ginn ass, bis PISA eist Land erschüttert huet, ass keng Rücksicht geholl ginn op déi wuessend Zuel vun onqualifizéierte Jugendlechen, déi eis Schoul verloossen. Dat sinn iwwer 20%. Dat ass ee Kand vu fënnef. An et ass net ze verkennen, datt et virun allem déi onqualifizéiert Jugendlecher sinn, déi ganz schwéier eng Aarbecht wäerte fannen. Et sinn déi Jugendlecher, déi mir spéitstens no e puer Joer als Chômeurs de longue durée an de Statistike wäerten erëmfannen; hausgemaachte Chômeurs de longue durée.

Ech hat den Aarbechtsminister an engem Interview héiere soen, datt de Problem vum Chômeur de longue durée deen ass, datt hien net méi u sech gleeft. Et ass awer an der Realitéit esou, datt de Jugendlechen, wann e bis d'Schoul einfach verléisst ouni näischt, schonn dann net méi u sech gleeft. Hien huet an der Schoul versot. Et ass keng Plaz fir hien oder fir hatt, meeschtens ass et en hien, an der Schoul. Et ass keng Plaz fir hien um Aarbechtsmaart, an d'Gefor besteet, dass dëst dozou féiert, dass geschwënn och keng Plaz méi fir hien an eiser Gesellschaft ass. Dat ass sécherlech virun allem e Schoulproblem, mä et ass och e Beruffsausbildungsproblem, et ass en Aarbechtsmaartproblem an et ass e Gesellschaftsproblem.

An d'Jugendlecher hunn och dës Préoccupatioune virun zwou, dräi Wochen, wou de Jugendhearing hei an der Chamber war, vum Jugendchômage hei zimlech staark ausgedréckt. Mir hunn en fait plus ou moins 2.000 Jugendlecher an deem Fall tëschent 15 an 22 Joer, dovunner eng 350 bis 400 Jugendlecher tëschent 15 an 18 Joer, déi ouni Perspektive sinn. Keng Schoul, keen Zertifikat, keng Ausbildung, keng Aarbecht, keen RMG. Op der Pressekonferenz vum Joresbericht vum Arbeitsamt ass de Problem och kuerz genannt ginn. De Jugendchômage klëmmt op 18%, an eng Rei vu Jugendlecher fannen de Wee net bis an d'Arbeitsamt, aus wat fir engen Ursaachen och ëmmer, ass an de Mikro gesot ginn.

Ma, Här President, ech menge grad dat wier eng absolut Prioritéit erauszefannen, aus wat fir engen Ursaachen och ëmmer e Jugendlechen de Wee net fënnt fir an d'Arbeitsamt. Dës Ursaache sinn nämlech de Schlëssel firwat, wann ee Jugendlechen et dann an der Schoul opginn huet, hien och nach wéineg Chancen huet fir eng Upak ze fannen, fir sech konstruktiv ze organiséieren. An et gëtt sécherlech eng Rei vu Mesuren a vun Institutiounen, déi grad dofir do sinn. Si entspriechen awer manifestement net oder net méi de Besoinen, an dat kann ee jo och net soen, well jo keng Evaluatioun gemaach ginn ass.

Tatsaach ass awer, datt se bei wäitem net effikass genuch sinn. Ugefaange bei der Orientéierung an der Schoul, déi sech zum groussen Deel, dat wësse mer elo, iwwert den Echec mécht, iwwert d'Organisatioun, d'Begleedung an d'Evaluatioun vu Stagen an Entreprisen, bis zur Ënnerstëtzung vun der ALJ, Action Locale pour Jeunes, BiZ, Beruffsinformatiounszentrum, an ähnleche Gremien. Et feelt u pragmatescher Visibilitéit. An och déi helle Wull vu Glanzbroschüre vun der ADEM sinn do kee gutt Instrument.

Bei Jugendlecher, déi zum Deel duerch eng ganz Rei vu schlechten Erfahrungen, mä och duerch hire pubertären Alter e komplizéiert Verhalen hunn, musse konkret pedagogesch Moossname priméieren. A virun allem muss eng konsequent Pedagogik a konsequent Moossnamen d'Regel sinn. Dofir mussen déi Synergien tëschent de verschiddene Gremien hiergestallt ginn. Et muss zesummegeschafft ginn an d'Informatioune mussen déiselwecht sinn oder wéinstens sech komplettéieren. D'Zesummenaarbecht an den Dialog mat der Schoul mussen sech och onbedéngt verbesseren, dat ass schonn hei gesot ginn.

En anere Faktor ass och deen, Här President, Här Minister, datt et héich Zäit gëtt, datt och Aussoen, Date gefouert ginn am Beräich vun der Beruffsausbildung. Et gëtt wéineg zouverlässeg Zuelen. Et gëtt keng ventiléiert Daten, wat dann och verhënnert, datt een eng adaptéiert Offer vu Formatioun ka proposéieren. An et ass och schued, datt net méi mat den Employeurë kollaboréiert gëtt, fir Daten iwwert d'Demande vum Aarbechtsmaart ze hunn. D'Feelplanung an der Beruffsorientéierung vun den Handwierksberuffer beweist dëst kloer. Mir hunn op där enger Säit eng Demande an op där anerer Säit eng Offer, an ech mengen, datt grad dee Service um Arbeitsamt, deen dës zwou Offere soll beienee leeën, gefuerdert ass.

Et ass net esou, datt Stageplaze gefrot ginn an dass keng Leit do sinn. Et ass och net sou, dass ze vill Leit do sinn a keng Stageplazen. Et ass e Problem vu Beruffer, vu Beruffstypen. Bei Beruffstypen hu mer méi Patronen, déi eigentlech gäre Léierbouwen hätten, Léiermeedercher hätten, an et si keng do. Ëmgedréint hu mer eng Hällewull vu Léiermeedercher, Léierbouwen a mir fanne keng Stageplaze fir déi Jugendlech.

***(Interruption)***

Sécher.

***(Interruption)***

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ee Jonken, dee wëll an en Apprentissage commercial goen an do keng Apprentissageplaz fënnt, kënne mir net zwéngen op där anerer Säit Steemetzer ze léieren, well do hu mer der nach vill, oder ech kann nach aner Beispiller soen. Dat ass nach ëmmer de fräie Choix. Mir liewen an enger fräier Welt, wou mer leider och kee kënne forcéieren. Ech weess net, wéi et géing ausgoen, wa mer géifen d'Kanner einfach forcéieren: „Du léiers dat an dat."

Wat mer awer, mengen ech, musse maachen, dat ass fir bei verschiddenen Ausbildungen den Numerus clausus anzeféieren. Ech maache mer wierklech Suerge fir den Apprentissage commercial et administratif. Wa mer der elo hunn, déi ginn da bei de Stat. Dat maachen ech dëst Joer net méi - ech hu menge Kolleegen an der Regierung dat gesot -, fir se beim Stat ënnerdaach ze bréngen, well da mengen se, besonnesch wa se da beim Stat ausgebilt ginn, si hätten herno och nach eng Plaz beim Stat. Ech maache mer wierklech Suergen, dass mer déi herno am Chômage hunn.

Mir mussen also bei verschiddenen Ausbildungen an Zukunft den Numerus clausus virgesinn, an dat anert ass fir ze encouragéieren. Ech weess net, wat mer alles maachen, de Schoulministère wéi d'Arbeitsamt a mir. Setzt Iech eng Kéier laang mat Elteren auserneen an erklärt hinnen, dass d'Zukunft an den technesche Beruffer läit. Mä dat ass eng haart Aarbecht.

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här Minister. Et stëmmt wierklech, datt et schwéier ass, dat Ëmdenken an de Käpp, wat eng Beruffsausbildung wäert ass, an dass dat wierklech e schwéiere Facteur ass.

Fir de Rescht bestätegt de Minister eigentlech, datt et wichteg ass d'Leit alleguerten op en Dësch ze kréien an dass ee virun allem och d'Employeurë muss méi an dat Ganzt mat erunzéien.

Nieft de Jugendlechen, déi fir d'Zukunft eben eng wesentlech Roll um Aarbechtsmaart spillen, sinn et awer och d'Fraen, an dat ass wierklech en Deel vun der Populatioun, deen haut nach net ugeschnidde ginn ass, an déi e grousse Potenzial um Aarbechtsmaart duerstellen. E Potenzial, deen nach net genuch ausgeschöpft gëtt, well och net genuch an de Fraenaarbechtsmaart investéiert gëtt. Dëst ass d'autant plus regrettable, well een d'Frae méi séier awer an där Kategorie vun de „working poors" riskéiert erëmzefannen.

Ech erklären. Et gëtt dräi Grënn dofir. Éischtens, mir hunn zu Lëtzebuerg ongeféier een Drëttel Fraen an zwee Drëttel Männer schaffen, wat schonn erëm e schlechten europäesche Pourcentage vun der Fraebedeelegung um Aarbechtsmaart ass. Vun där Bedeelegung si wéineg Fraen a Führungspositiounen, obwuel allgemeng déi jonk Meedecher an déi jonk Frae besser an der Schoul a während de Studien ofschneiden.

Zweetens, vun alle Salariéë kritt ee Mann vu sechs de Mindestloun, awer eng Fra vu véier de Mindestloun; an drëttens, den Taux vu Fraechômage läit bei 46%, do si mer net méi wäit vu fifty-fifty ewech.

Déi dräi Facteuren zesummen, gekoppelt un d'Ambitioune vun der Lissaboner Strategie maachen dann awer kloer, datt et net méi duergeet, den Taux d'emploi vun de Fraen op 60% eropzeschrauwen. Vill méi ass et haut wichteg fir muer ze suergen, an zwar net nëmme fir d'Fraen an der Gesellschaft, mä och fir eis Ekonomie an alt erëm eng Kéier fir eis Cohésion sociale.

Mir begréissen d'Moossnamen, fir de Sexe sous-représenté méi staark ze subventionéieren am Cas vun enger Réembauche. De Comité économique et social huet a sengem Avis vun dësem Mäerz 2005 ervirgehuewen, datt et eng evident vertikal an horizontal Segregatioun vu Fraen um Aarbechtsmaart gëtt. An ech zitéieren aus dem Avis vum Conseil économique et social: «Ainsi, en ce qui concerne l'accès à la profession, l'on observe non seulement qu'à niveau de qualification identique, les femmes ne sont pas seulement moins recrutées aux postes de dirigeant ou de responsabilité supérieure, mais également qu'elles sont de prime abord souvent écartées des postes vacants en raison de la grande probabilité d'interruption du cursus professionnel pour assumer des responsabilités familiales.»

45% vun de Fraen, déi ophale mat schaffen - dat ass eng CES-Etüd -, maachen dëst wéinst de Kanner an 23% scho wéinst dem Mann, wa se bestuet ginn. An de Conseil économique et social proposéiert dann och eng ganz Rei vu Mesuren - net fir d'Männer ze versuergen, mä fir d'Kanner ze versuergen - fir d'Kannerversuergung, woubäi de Conseil économique et social och ausdrécklech ënnersträicht, datt déi qualifizéiert Betreiung onëmgänglech ass an der Kannerversuergung. Hei offréiert de Stat haut eng ronn 10% vun de Kanner eng qualifizéiert Kannerversuergung. Do ass also, an dëst säit laangem schonn, Handlungsbedarf.

De Problem vun de Femmes rentrantes hëlt e bëssen of, mä e bleift bestoen, eben oft produzéiert duerch déi grouss Zuel vu Scheedungen, wou d'Fraen ëmmer déi sinn, déi ebe wéinst der Famill opgehalen hu mat schaffen oder en temps partiel schaffen. De Problem vun de Fraen, déi eng Aarbecht sichen, oder déi, déi eng Aarbecht hunn, se ze behalen, muss e prioritäre Problem vun der Cellule de maintien de l'emploi ginn.

Ech erënneren drun, datt net méi spéit wéi am Februar 2005 d'Lëtzebuerger Présidence a sengem Ministerrot vun der Chancëgläichheet eng Deklaratioun ënnerschriwwen huet, déi genau dës Tatsaachen iwwert de Fraechômage an déi oft prekär Situatioun vun der Fra um Aarbechtsmaart beschreift. Si erkennt all déi Problemer un a si schléit eng Rei Virsätz vir, wéi zum Beispill, an ech zitéieren do nach eng Kéier: «intensifier les efforts afin de lutter contre l'exclusion sociale et de surmonter les obstacles à la participation des femmes au marché de l'emploi» - oder nach eng aner wichteg Mesure - «de développer, parallèlement aux mesures destinées à accroître la compétitivité et la productivité, des stratégies destinées à augmenter le nombre de femmes actives et d'emplois de qualité pour ces dernières, à garantir et à protéger les droits des femmes actives et à supprimer les barrières structurelles».

Här President, ech ginn dovun aus, esou wéi dat an der Regierungsbänk gesot gëtt, datt d'Regierung aus engem Mond schwätzt, an dass, wann d'Chancëgläichheetsministesch esou eng Deklaratioun ënnerschreift, si dëst och mam Aarbechtsminister ofgeschwat huet, an deen eis dann och déi konkret Instrumenter zur Ëmsetzung vun dëser Politik ka virweisen. Dat beinhalt natierlech eng ganz Rei vu Mesuren an eng proaktiv Fraebeschäftegungspolitik.

Mir proposéieren och an dësem Dossier méi mat de bestoende Gremien ze schaffen, mä och méi d'Partenaires sociaux ze sensibiliséieren, notamment mat legislative Mesuren. Frankräich huet virun enger Woch elo just e Projet de loi ofginn, wou d'Gläichheet an de Salairë gesetzlech soll verankert ginn. Et gëtt also vill Méiglechkeeten aus Chancëgläichheet Gläichheet ze schafen an notamment per Gesetz.

An dësem Kontext wier et och wichteg eng Oplëschtung an eng Evaluatioun ze maache vun de Strategien oder vun all de Plans d'action, déi eben den Aarbechtsministère a Kollaboratioun mam Chancëgläichheetsministère gemaach huet oder plangt ze maachen. Vläicht wier et och wichteg an dësem Kontext dem Comité du Travail féminin méi eng grouss Roll ze ginn an och alt erëm eng Kéier Synergië mat bestoenden Institutiounen ze schafen.

Als Konklusioun, Här President, géing ech gäre soen, datt et wichteg a batter noutwendeg ass, éischtens eng grouss a kohärent Form vun der Prise en charge vum Chômage ze maachen; zweetens méi couragéis Weeër ze goen, mat de Leit um Terrain ze schwätzen, d'Innovatioun gutt ze preparéieren, eng Prioritéit draus ze maachen, wat natierlech dann och bedeit, datt ee muss dran investéieren, och finanziell. Et ass also méiglech. Et ass eng Saach vu Prioritéit, mä et ass och eng Saach vun Ëmdenken. An et ass virun allem eng Saach vu politeschem Courage fir Innovatioun.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Loschetter. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sécherlech keen einfacht Thema, wat mer haut hei zur Debatt hunn, mä et ass awer bluttnoutwendeg net nëmmen driwwer ze schwätzen, mä och konkret Mesuren anzeleeden.

De Statec huet d'lescht Joer houfrech eng Croissance vu 4,5% ugekënnegt. De Chômage ass awer am gläichen Zäitpunkt ëm 14,9% geklommen. Wann een awer all Leit berücksichtegt, déi net aus den Zuele vun der ADEM erausginn an awer op der Sich no enger Aarbecht sinn, da geet de Prozentsaz op 30 erop. Dat geet och kloer aus dem Statec sengen Analysen ervir.

Besonnesch bedenklech sinn déi dramatesch Zuele bei der Jugendaarbechtslosegkeet bei deene Jonken tëschent 17 a 24 Joer, wou de Prozentsaz säit dem leschte Joer vun 11,7% op 18,3% geklommen ass.

Festzestellen ass, dass mer eis lues a lues dem europäeschen Niveau upasse wat d'Aarbechtslosegkeet ubelaangt. Mir brauchen also net méi hei vun enger atypescher Aarbechtslosegkeet ze schwätzen. Mir sinn elo an därselwechter Situatioun wéi aner Länner.

All déi, déi gemengt hunn, mir hätten en Aarbechtsloseproblem, dee mer ouni Weideres zu all Moment an de Gréff kéinte kréien, kucken all Dag méi domm aus der Wäsch.

Här President, an dobäi ass et Mëtt d'lescht Joer gutt ugaangen, mat de gudde Virsätz an de Versprie-chen, awer virum Broochmount.

D'LSAP hat grouss op hire Plakaten ugekënnegt „Mir paken et un". Si hunn no de Wahlen d'Méiglechkeet kritt fir d'Saach an d'Hand ze huelen. Et schéngt awer, datt de Chômage esou e glëtschege Problem ass, datt och d'Sozialisten e bis haut nach net ze pake kritt hunn.

Op der CSV hirem „séchere Wee" schéngt et ëmmer méi glëtscheg ze ginn, well och si fale méi wéi oft op d'Nues. An hire Wee ass elo schonn esou glëtscheg, dass d'Aarbechts- an d'Sozialofsécherung ëmmer méi ewechrutscht an dass meeschtens Europa soll d'Schold hunn un där Schmierseef, déi lues a lues Seefeblosen aus eisem sozialen Aarbechtsrecht maachen.

Wat kënne mer iwwerhaapt ënnerhuelen, fir de Chômage ze begrenzen? E Chômage, deen duerch eng ultraliberal Politik an Europa gefördert gëtt, an dës Politik géif mat deem ominöse Verfassungstraité nach staark verschäerft ginn.

De Chômage arrangéiert besonnesch déi, déi gäre bëlleg Aarbechtskräften hätten, an déi kritt een, wann et ëmmer méi Leit gëtt, déi eng Aarbecht sichen. D'Konsequenze vun där neoliberaler Politik do mussen awer déi eenzel Memberstate selwer droen. An déi dinn hei am Land besonnesch wéi, well mer elo feststelle mussen, dass déi atypesch Aarbechtslosegkeet, déi mer ëmmer vun de Regierungen ageriet kritt hunn, eng ganz normal Aarbechtslosegkeet ass. Den Aarbechtslosen, déi en Job sichen, ass et egal, wéi mer déi Aarbechtslosegkeet nennen. Si hätte gären en Job. Si hätte gären dat Recht op Aarbecht, wat hinne vun eiser Verfassung garantéiert gëtt a wat hinnen och glécklecherweis nach erhale bleift, well de Verfassungstraité, deen hinnen nach just d'Recht ze schafe garantéiert hätt, nach net a Kraaft trëtt an och hoffentlech ni a Kraaft triede wäert.

Wou awer musse mer den Hiewel fir d'éischt usetzen? D'Regierungserklärung ass zimlech vague a léisst all Méiglechkeeten op. Do steet an der Introductioun: «Façonner le droit du travail de manière à garantir un équilibre optimal entre les besoins de flexibilité des différents acteurs et de la sécurité des aspirations des salariés».

Eent ass sécher: D'Flexibilitéit, déi ass wäitgehend garantéiert. Garantéiert duerch Deelzäitaarbecht, Deelzäitverträg, duerch flexibel Aarbechtszäiten, duerch Interimsgesellschaften an och duerch Tëleeaarbecht, déi sech ëmmer méi ausbreet. Awer och duerch de POT, de Plan d'Organisation de Travail, deen am Pan-Gesetz agefouert gouf, an duerch verschidde Kollektivverträg, wou d'Iwwerstonnen eréischt bei 195 anstatt bei 173 Stonnen de Mount uginn. A wou am Horaire mobile esouguer d'40-Stonne-Woch am Horecasecteur a Fro gestallt ass.

Dat ass sécherlech d'Flexibilitéit, déi vun der Regierung gemengt ass. A wou dann och nach ugekënnegt gëtt, datt d'Regierung d'Sozialpartner géif ënnerstëtzen, wa se schéi brav an där Richtung weiderfueren, et pour cause.

Här President, wat kënne mer hei am Land awer konkret maachen, fir de Chômage ze reduzéieren? Sollte mer net emol fir d'éischt kucken, déi Saachen an de Gréff ze kréien, déi nei Aarbechtsplaze verhënneren, wéi zum Beispill systematesch geschafften Iwwerstonnen? Wieren do net méi Kontrollen ubruecht? Mä wie kéint déi maachen? Vläicht d'Douane, anstatt op de Grillfester ze kontrolléieren, ob deen een oder deen anere kee Schiertech um Kapp huet.

Oder wéi zum Beispill d'Zréckgräifen op ëmmer méi Zäitverträg. Dat ass och e Problem. Wéi zum Beispill d'Beschäftege vu Schwaarzaarbechter. Oder d'Beschäftege vu Leit, déi an der Pensioun sinn a Plaze besetzen, déi eigentlech fir Jonker missten zur Verfügung gestallt ginn. Oder Plazen, déi besat gi vu Leit mat engem zweeten Job. Ech denken do zum Beispill un de Persounentransport vu Leit, déi an der Pensioun sinn oder schonn en Job hunn, déi beschäftegt gi fir Auslandsreesen ze maachen. Oder am Beräich vun de Sécherheetsfirmen, wou pensionéiert Polizisten a Gendarmen, esouguer aus dem Ausland, beschäftegt ginn, fir Nuetsiwwerwaachungen ze maachen.

Ass et nach normal, datt mer zouloossen, datt déi Leit, déi méi wéi véiermol de Mindestloun verdéngen, nach eng zweet Steierkaart kréien, a wou bei Verschiddenen den Aarbechtsminister och nach muss säin Accord ginn? Oder Leit, déi eng Pensioun hunn, déi iwwer véiermol de Mindestloun erausgeet.

Ech denken awer och un d'Tëleeaarbecht, déi net reguléiert ass an déi ëmmer méi Iwwerhand kritt, wou just d'Aarbecht als Wuer bezuelt gëtt an d'Aarbechtszäit net méi honoréiert gëtt a wou d'Sozialpartner sollen eng Léisung fannen, soss misst de Législateur agräifen.

Et wier wichteg, datt de Législateur direkt mol en Zäitlimit setzt, bis wéini datt d'Sozialpartner sech musse gëeenegt hunn. Well soss geet et wéi bei der Horesca, dann négociéieren se während bal 50 Joer, gi sech dann awer net eens an da gëtt légiféréiert. A wat do erauskomm ass bei der Horesca, dat wësse mer jo elo, wéi et an der Praxis ausgesäit.

A während deem ganze Pallawer sinn et d'Salariéen, déi d'Konsequenze mussen droen. Hei muss direkt Kloertext geschwat ginn an d'Regierung soll direkt hir Verantwortung huelen, awer och d'Parlament, fir dass et keng esou Gesetzer méi zouléisst.

Här President, solle mer net endlech emol konkret Mesuren aféieren, déi et eis erméiglechen deene Leit, déi op eisem Aarbechtsmaart zur Verfügung stinn, eng Prioritéit ze ginn? Anstatt datt mer einfach nokucke wéi ëmmer méi Aarbechtskräften importéiert ginn. A wou d'Interimsgesellschaften zu 80% an de Grenzgebidder recrutéieren an eis ADEM deem net nokënnt. An déi dann déi fest Aarbechtsplaze précariséieren, well et ass jo e gefonnent Friesse fir d'Patronat, wa se kënnen op Interimsgesellschaften an op Leit zréckgräifen, déi se mueres aus dem Bett ruffe wa se se grad brauchen, an da brauchen se keng fest Aarbechtsplaze méi ze schafen.

Dat ass eng Gefor fir eisen normalen Aarbechtsmaart. An et ass e Skandal, wann hei am Land eng nei Mëtteleisestrooss gebaut gëtt op ARBED-Belval an iwwer 200 nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, déi dann importéiert ginn. Während déi Leit, déi bei Arcelor schaffen, an d'Cellule de reclassement versat ginn, déi gréisstendeels vum Stat, also vum Steierzueler finanzéiert gëtt. A mer bal 10.000 Aarbechtsloser op eisem Aarbechtsmaart hunn, wou der sécherlech genuch drënner gewiescht wieren, déi deen Job hätte kënnen iwwerhuelen.

Kommt also wann ech gelift net heihinner soueren, mir kréichen eise Chômage net an de Gréff, wann Der higitt an Der verschenkt Aarbechtsplazen, déi mer hei am Land schafen, schonn am Virfeld un d'Ausland. An dat och nach mat dem préalablen Accord vun de Gewerkschaften.

Mer sollen also kucken, dass mer eis Aarbechtsloser ënnerdaach kréien, an do mussen déi néideg Viraussetzunge gesat ginn. An do brauche mer net méi helleg ze si wéi de Poopst, och wann den Aarbechtsminister aus enger chrëschtlech-sozialer Partei kënnt.

Well eis Nopeschlänner, déi kucken net ëm, wann et ëm hir Interesse geet.

Ech kennen d'Äntwert, déi ech ëmmer erëm dorobber kréien: Mir kënnen dat net maachen. Mir sinn ze vill un Europa gebonnen. Mir mussen déi europäesch Dispositioune respektéieren.

A wéi mer gebonne sinn! Säit dem Traité vu Maastricht huet d'Zuel vun de Mindestlounbezéier hei am Land eng steigend Tendenz. A wann deen neie Verfassungsvertrag géif a Kraaft trieden, da kéinte mer eis drop gefaasst maachen, datt et mam Lounniveau nach méi schnell biergof géif goen.

Dat wär d'Konsequenz, well eben ëmmer méi Leit op eisen Aarbechtsmaart drängen an hir Aarbecht zu ëmmer méi niddrege Präisser ubidden an domadder Aarbechtsplaze besetzen. An dat sinn och Leit, déi mat enger héijer Qualifikatioun och manner qualifizéiert Aarbechtsplazen unhuelen, och dat ass eng grouss Gefor, an domadder eis manner qualifizéiert Leit iwwerhaapt keng Chance méi kréien.

***(Mme Nelly Stein prend la Présidence)***

Dat ass och eng Realitéit, mat där mer konfrontéiert sinn an där mer musse Rechnung droen a wou mer musse Mesurë fannen, fir dass dat ophéiert.

***(Interruption)***

Mat wéi engem Traité?

**Une voix**.- Mam Traité vu Bréissel.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Neen, mam Traité net. E war mat engem Text d'accord an herno ass deen Text do geännert ginn an ëmgebastelt ginn. A wéi mer e richteg gelies haten, a wéi ech en emol eng Kéier haart virgelies hat, do huet e verstanen an do huet en och nee gesot.

**Une voix**.- Ah!

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Madame Presidentin, mer fannen awer och ëmmer méi Beschäftegungsinitiativen…

***(Interruption)***

Wann ech gelift, Här Minister?

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- …, dass Äre Vertrieder iwwerhaapt näischt verstanen huet.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Dach, hien huet dat verstane wat en deemools dohigeleucht kritt huet a mer ware jo och am Ufank net domat d'accord.

***(Interruption)***

An herno si jo awer all déi Ajouté bei deen Traité derbäikomm, déi virdrun net do lougen. An do ass d'Diskussioun komm an do hu mer eng nei Diskussioun gefouert a mir hunn op eisem Kongress ganz kloer nee gesot. An esou einfach wéi et ass...

**Mme la Présidente**.- Här Jaerling, Dir kënnt elo weiderfueren! Loosst lech net ausernee bréngen.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ech si jo amgaang, Madame Presidentin.

**Mme la Présidente**.- Fuert elo an Ärer Ried weider.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ma neen, ech hu mer dat esou opgebaut, dass ech mer fënnef Minutte gelooss hu fir ze äntwerten.

Madame Presidentin, mir fannen awer och ëmmer méi Beschäftegungsinitiativen um parallellen Aarbechtsmaart erëm. Beschäftegungsinitiativen, déi en zweeten Aarbechtsmaart amgaange sinn opzebauen, an déi Aarbechten zougespillt kréien, déi eigentlech missten der Privatwirtschaft zugutt kommen.

Anstatt Ausschreiwungen ze maachen, esou wéi dat am Marché-public-s-Gesetz virgesinn ass, ginn iwwer Konventioune vun de Gemengen Aarbechtsplazen einfach u Beschäftegungsmesuren verdeelt. Den normalen Aarbechtsmaart gëtt doduerch iwwergaangen a konkurrenzéiert. Awer net well déi Beschäftegungsinitiativen d'Realiséierung vun de Projete méi bëlleg ubidden. Loin de là. Mä well einfach déi normal Bedingunge vum Marché-public-s-Gesetz ëmgaange ginn.

An der Regierungserklärung gëtt ugekënnegt, datt e Gesetz soll agefouert ginn, wat de Beschäftegungsorganisatiounen eng legal Basis gëtt, wat soll eng sozial Effizienz garantéieren an eng finanziell Transparenz bei de Beschäftegungsinitiativen. Wann also elo e Gesetz fir finanziell Transparenz soll suergen, da stellt sech awer d'Fro, ob da bis elo keng Transparenz do war. Huet de Stat keng Kontroll iwwert déi Organisatiounen, déi jo awer staark staatlech subventionéiert ginn? Déi Initiative sollen och nëmmen e limitéierten Accès op de Marché public kréien, a gesetzlech Dispositioune sollen all déi déloyal Konkurrenz vis-à-vis vun der Privatwirtschaft verhënneren.

Am Januar…

**M. John Castegnaro** *(LSAP).-* Frënd Jaerling, de Buergermeeschter vu Fréiseng,…

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Madame Presidentin, kënnt Der just mäi Mikro hei ausmaachen.

**M. John Castegnaro** *(LSAP).-* …wann ech dat dierft soen, huet och während zwee, dräi Joer gutt Aarbecht mat Beschäftegungsinitiativen…

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* De Mikro ass nach ëmmer un.

**M. John Castegnaro** *(LSAP).-* …duerchféiere gelooss. An en hat all déi Problemer net mat deene Beschäftegungsinitiativen, déi Dir elo opgezeechent hutt. Och do huet en eppes net richteg gelies oder verstanen, bis Dir em et virgelies hutt, wahrscheinlech.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ech wëll soen, do huet e mech net gebraucht, well en huet aus der Praxis eraus gemierkt, datt déi Initiative seng Gemeng dräimol esou deier géife ginn, wéi wann en et vu Privatentreprisë maache gelooss hätt, an duerfir huet en déi Beschäftegungsinitiativ och net méi bei sech akzeptéiert. Dat ass d'Realitéit. Wann Der schonn en Zwëscheruff maacht, dann ëmfrot lech fir d'éischt!

**M. John Castegnaro** *(LSAP).-* Jo, da maachen ech dat elo. En huet se nämlech net opgeléist, en huet säi Sigle nach ëmmer, en huet e just in Ruhestellung gesat bis no de Gemengerotswahlen. Wann en dann nach d'Chance huet, fiert e sécher weider domat. Et muss een oppasse mat deenen Aussoen.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ech hunn lech just dat gesot, wat d'Realitéit ass. Dat Eenzegt wat ass, dat ass datt et effektiv stëmmt, datt déi Initiativ nach um Site vun der Gemeng Fréiseng dropsteet, mä déi ass guer net méi aktiv, an e wäert se och net méi beschäftegen.

**Mme la Présidente**.- Här Jaerling, wëllt Der elo weiderfueren. Den Här Castegnaro ass scho laang fäerdeg, en hat och net gefrot, mä mir sinn e bësselche méi tolerant elo. Fuert elo weider, Här Jaerling, an ech géif deenen aneren de gudde Rot ginn, net méi ze ënnerbriechen, soss komme mer jo ni hei un d'Enn.

**Une voix**.- Mir schummen eis.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Also, Madame Stein, ech verstinn lech ganz gutt, well ech hunn och d'Pizza geroch.

***(Hilarité)***

Am Januar 2003 huet d'Sozialistesch Partei sech géint de Gesetzesprojet iwwert d'Beschäftegungsinitiativen ausgeschwat an esouguer verlaangt en zréckzezéien. Elo steet en awer an enger Regierungserklärung, déi d'Sozialiste mat ënnerschriwwen hunn. Ass dat op e plötzleche Sënneswandel hinzeféieren, oder spillt hei alt erëm eng Kéier d'Dominanz vun der CSV? Gëtt et iwwerhaapt eppes an der Regierungserklärung wat vun de Sozialiste selwer staamt, oder huet de Jean-Claude den Éischten den Text redigéiert an d'LSAP just mat den Aen zou ënnerschriwwen?

Wat ass sozial Effizienz?

**Une voix**.- Elo provozéiert Der erëm!

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ass dat wann ee mat Steiergelder Beschäftegungsinitiative fördert, déi um normalen Aarbechtsmaart méi futtimaachen, wéi se an hirem Beräich gutt maachen? Wat heescht e limitéierten Accès op de Marché public, fir datt d'Concurrence déloyale ageschränkt gëtt? Och wann nëmmen e limitéierten Accès op de Marché public zougelooss gëtt, esou gëtt et nach ëmmer Moyenë fir iwwer Konventioune mat de Gemengen dat ze ëmgoen.

Et kënnt fir den ADR op kee Fall a Fro, datt déi Beschäftegungsmesuren an deem Rhythmus an op déi Aart a Weis ausgebaut ginn an och nach gesetzlech verankert ginn, fir datt se de Betriber nach méi Konkurrenz kënne maachen. Well d'Konkurrenz trëfft besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber, déi de Gros vun deenen Aarbechte kënnten iwwerhuelen, wa se seriö ausgeschriwwe géife ginn. Wa mer Mesurë brauche fir Leit, déi bal guer net méi um Aarbechtsmaart ënnerdaach ze bréngе sinn, da sollen déi vun der ADEM géréiert ginn.

Besonnesch bei Jonken, déi schlecht qualifizéiert sinn, muss eben dann d'Ausbildung erweidert ginn. Dat bréngt hinne méi wéi wa se an Equipen zesummegeknautscht ginn, an dat bréngt hinnen op jidde Fall méi, wéi wa se vun enger Beschäftegungsmesure an déi aner gehäit ginn.

Méi ideal wier et nach, wa mat de Betriber géifen Ofkommesse getraff ginn, fir se an den normalen Aarbechtsmaart ze integréieren. Ofkommessen, déi misste finanziell begleet ginn, déi awer méi sënnvoll a méi bëlleg wieren, wéi dat wat elo versicht gëtt mat Beschäftegungsinitiativen opzebauschen. Beschäftegungsinitiativen, jo, awer sënnvoller an net zu egal wat fir engem Präis.

Madame Presidentin, da kënnt nach derbäi, an dat gëtt bei verschiddene Gemenge schonn zum Usus, datt se Leit jorelaang beschäftegen iwwer CAT-Kontrakter. Während där gläicher Zäit awer gi Leit agestallt, fir déiselwecht Aarbecht ze maachen, déi déi richteg Parteikaart hunn oder dem richtege Sportsveräin ugehéieren. Och dat sinn Nieweneffekter vu gutt gemengte Beschäftegungsmesuren, déi voll derniewent ginn.

De Betriber gëtt virgehäit, datt se géifen hire Bilan duerch Beschäftegung vu bëllegen Aarbechtskräfte sanéieren. Op där anerer Säit loossen awer déi, déi de Betriber dat virgeheien, et zou, datt op de Gemenge Leit jorelaang an CAT-Kontrakter beschäftegt ginn.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Madame Presidentin, am Zesummenhang mam Beschäftegungsproblem gesäit d'Regierungserklärung ënner anerem vir, en externen Audit bei der ADEM duerchzezéien. Dat schéngt eis eng vernünfteg an noutwendeg Mesure. D'ADEM huet déiselwecht Problemer héchstwahrscheinlech wéi mir alleguer. Si huet de Laascht net esou richteg gesi kommen, gouf awer als Éischt domadder konfrontéiert. An do stellen sech effektiv e puer Froen.

Sinn d'Unzeeche vun enger steigender Aarbechtslosegkeet an eisen Nopeschlänner an an Europa net erkannt ginn, well mer an der Illusioun gelieft hunn, mir kënnten op ëmmer an éiweg 10 bis 15.000 Aarbechtsplazen d'Joer hei am Land schafen? Wéisou ass net fréizäiteg reagéiert ginn, wéi festgestallt ginn ass, datt d'Aarbechtsplazen, déi geschafe gi sinn, haaptsächlech vun importéierten Aarbechtskräfte besat gi sinn? D'ADEM huet Efforté gemaach a puncto Jobdescription a Betreiung vun den Aarbechtslosen. Dat ass ouni Zweifel ze beweisen an dat klappt och. Quitte datt et en neie System ass, kann een awer sech selwer vun der Effikassitéit dovunner iwwerzeegen.

Mä dat geet net duer! Wat mer brauchen ass nach méi eng offensiv Aarbechtsmaartverwaltung, déi esou konzipéiert ass, datt se och genuch Moyenen huet, fir op d'Betriber zouzegoen. A mir brauchen och eng effikass Administratioun, déi sech de Réinsertion professionnelle unhëlt. Et geet net duer, datt mer e Gesetz maachen iwwer en internen an externe Reclassement vun deene Leit, déi aus der Invaliditéit erauskommen, wann d'Begleetmoossnamen net kloer definéiert sinn a wa keng kloer Richtlinne gesat ginn, wéi zum Beispill den interne Reclassement muss geschéien.

Am Gesetz iwwert d'Réinsertion professionnelle steet den interne Reclassement wuel dran, kann awer ouni Problem ëmgaange ginn. A wann dann intern reclasséiert gëtt, dann zum ënneschte Loun, ouni datt déi Betraffen, laut deem bestehende Gesetz, Urecht hunn op eng Indemnité de réemploi, wat jo elo soll glécklecherweis geännert ginn. Déi, déi awer elo während zwee Joer an deem Fall sinn, kréien näischt. Duerfir muss onbedéngt e Reglement dat internt Reclassement klären, fir jiddferengem déiselwecht Chancen ze ginn.

Den Här Minister huet och hei geschwat vum sozialen Engagement vun de Betriber. Mir hunn haut vu villem geschwat, mir hu vu Gläichberechtegung geschwat vun der Fra, mä mir hunn awer eng Kategorie vu Leit vergiess, dat sinn déi Behënnert. D'Gläichberechtegung fir déi Behënnert um Aarbechtsmaart. Mir mussen och emol duerfir suergen, datt d'Betriber de gesetzleche Prozentsaz, dee gefuerdert ass fir Behënnerteplazen ze schafen, dee musse mer awer emol kucken, datt dee respektéiert gëtt, a ganz besonnesch bei de Gemengen an och beim Stat, woubäi bei verschiddene Gemengen dee Prozentsaz ganz wäit hannendrun hippt. Och dat gehéiert zu der Diskussioun iwwert de Chômage, och dat gehéiert zur Diskussioun iwwert d'Chancëgläichheet.

Madame Presidentin, d'Haaptursaach vun eisem Chômage soll anscheinend um Manktum u Qualifikatioun leien, wat effektiv och stëmmt. Et stëmmt zum Deel, werft awer eng Rei vu Froen op. Wie war dann an de leschte Joren zoustänneg fir d'Educatioun? Wat ass versäumt ginn, datt mer esou e Réckstand an eiser Qualifikatioun hunn? Ass et vläicht doduerch, datt all Kéiers wann en neien Educatiounsminister kënnt, dat ganzt Konzept geännert gëtt an iwwerhaapt kee seriöe Suivi méiglech ass, an datt mer dann all Kéiers erëm eng Kéier vu vir ufänken?

Wichteg ass fir eis, datt besonnesch déi Jonk, déi Schwieregkeeten hunn, sech an der normaler Lafzäit ze qualifizéieren, ebe méi laang an der Formatioun kënne bleiwen. Mir haten am Laf vun der Debatt iwwert d'Educatioun eng deementspriechend Motioun deponéiert, déi awer hei ofgelehnt gouf. Engersäits kräischt Der, datt mer net genuch qualifizéiert Leit hunn, anerersäits verwerft Der awer dann eng Propositioun, déi méi e laange Wee virschléit, fir datt méi Leit eng Chance hunn, fir qualifizéiert ze ginn. Et ass ëmmer nach besser, Jugendlecher méi laang an der Schoul ze halen, wéi hinnen als Onqualifizéierten de Chômage ze ginn oder se vun enger Beschäftegungsmesure an déi aner ze geheien.

D'Schoul kann hinnen eng Chance vermëttelen. D'Beschäftegungsmesuren an de Chômage bréngen hinnen net vill, an duerfir wëll ech déi Motioun dann hei nach eng Kéier deponéieren, fir jiddferengem eng Chance ze ginn, säin lertum vun deemools ze revidéieren.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement prévoit en son article 1er que tout enfant âgé de six ans révolus avant le premier septembre recevra pendant neuf années consécutives l'instruction telle que prévue par la loi;*

*- considérant que la France connaît une obligation scolaire jusqu'à l'âge de 16 ans et que la Belgique connaît une obligation scolaire jusqu'à l'âge de 18 ans;*

*- considérant que le niveau de formation est primordial pour l'insertion professionnelle;*

*- considérant qu'aujourd'hui l'obligation scolaire n'a plus la même valeur symbolique et donc le même sens que lors de son instauration en 1912;*

*- considérant qu'il s'agissait alors d'une obligation pesant sur les familles et les contraignant à faire instruire leurs enfants plutôt que d'en exploiter la force de travail;*

*- considérant qu'à l'époque il s'agissait pour la société d'exhausser le niveau global de formation pour développer en chacun ses capacités citoyennes et la possibilité de contribuer au développement économique et social du pays en s'assurant un niveau de vie décent;*

*- considérant qu'aujourd'hui l'obligation scolaire pèse davantage sur les jeunes que sur les familles;*

*- considérant qu'il est manifeste que l'école a bien du mal à prendre en charge un certain nombre de jeunes, surtout quand elle les a engagés, parfois depuis la première primaire, dans la spirale de l'échec, les excluant progressivement en quelque sorte de tout projet scolaire positif;*

*- considérant que dans l'état actuel des choses, sortir les jeunes à 15 ans de l'école revient à les renvoyer à la rue;*

*- considérant qu'une prolongation de l'obligation scolaire permet de former les jeunes à un plus haut niveau de qualification professionnelle;*

*- considérant qu'il est évident que les structures actuelles de l'école sont inadéquates, qu'il est indispensable que l'école fasse œuvre d'invention pour offrir des voies alternatives à un certain nombre de jeunes qui ne peuvent plus entrer dans un projet de scolarisation à temps plein;*

*demande au Gouvernement*

*- de prolonger l'obligation scolaire à 16 ans;*

*- de trouver des manières nouvelles d'accomplir l'obligation scolaire à temps partiel à partir de 13 ans;*

*- d'aboutir à transformer l'obligation scolaire en une obligation de la société d'amener tous les jeunes à un niveau de formation et de qualification minimum facilitant l'insertion professionnelle.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

***(Interruptions)***

Ben, Här Glesener, dat weess ech, d'Majoritéit huet ëmmer eng besser Motioun wéi déi aner, mä wann Är Motioun gutt ass, da stëmmen ech se selbstverständlech och.

**Mme la Présidente**.- Här Jaerling, adresséiert lech un d'Chamber.

***(Hilarité)***

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Da schwätzen ech awer an e leere Raum, Madame Stein, a bal en eidele Raum.

Här President, wat d'Educatioun ubelaangt…

***(Interruptions)***

**Une voix**.- Et ass Madame President.

**Une autre voix**.- Dat ass eng Déformatioun.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Entschëllegt, et kann ee sech och emol iren.

Madame President, wat d'Educatioun ubelaangt, wëll ech hei awer net verfeelen d'Wichtegkeet vum Handwierk ervirzehiewen. Just an deem Beräich, wou Main-d'oeuvre feelt, gëtt net genuch an d'Educatioun investéiert.

D'Beruffsorientéierung muss och dozou déngen, de Jonken d'handwierklech Beruffer erëm schmackhaft an zougänglech ze maachen. An ech géif mengen, do kënne mir alleguerten an ech och mea culpa soen, well mir nom Krich gemengt hunn, eis Kanner dierfte jo dach net hir Fanger knaschtech maache a missten iergendwéi e Beruff oder eng Qualifikatioun kréien, wou se sech net méi brauche knaschtech a midd ze maachen. Mir hunn et gutt gemengt, mä mir gesinn awer wat doraus entstanen ass, dat heescht, dass mer eng falsch Beruffsorientéierung gemaach hunn, net nëmme vun de Schoulen aus, mä och vun den Elteren aus, déi einfach gemengt hunn, hir Kanner missten eppes Besseres gi wéi anerer.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Déi Kanner, déi esou an e falsche Beruff drainéiert gi sinn, dovunner sinn ech iwwerzeegt, sinn net onbedéngt glécklech; se verdénge vläicht méi Geld, mä si sinn net onbedéngt zefridden.

Dofir musse mer eis Beruffsorientéierung e bëssen no der Wirtschaft ausrichten an eis Leit, eis Kanner an déi Beruffer drainéieren, déi d'Betriber brauchen. A just do ginn déi meeschte Plazen nämlech vu Grenzgänger besat.

Mir mussen och duerfir suergen, dass grad am Handwierk net jiddfereen an den öffentlechen Déngscht zitt, an eis d'Fro stellen, wéi mer an Zukunft déi Konkurrenz zum Privatsecteur och kënne limitéieren.

Och wat déi paramedezinesch Beruffer ubelaangt, muss méi investéiert ginn. Och do si mer ze vill op d'Ausland ugewisen, an och do musse mer Méiglechkeete schafen, fir all Beruff hei kënnen am Land selwer auszebilden. Och an deem Beräich schaffen zum Beispill Infirmièren als Aide-soignanten, well hir Diplomer als Infirmière net unerkannt ginn, oder well se net als Infirmière geholl ginn an dann eben deen Job als Aide-soignante akzeptéieren, dee se ugebuede kréien. An do géif ech mengen ass an Zukunft nach vill Potenzial, wou Aarbechtsplaze geschafe ginn, mä wou awer och déi néideg Qualifikatioun muss virbereet ginn.

D'Recht op individuell liewenslaang Formatioun war hei an enger Motioun vun eis gefuerdert ginn an ass leider vun dëser Chamber ofgelehnt ginn. Dat ass bedauerlech. Et ass awer do dernieft erfreelech, dass et awer elo an der Regierungserklärung festgehalen ass, an ech hoffen, dass dat net erëm an der Regierungserklärung ee vun deenen eidele Sloganen ass, déi ni wäerte realiséiert ginn, well d'individuellt Recht op liewenslaang Ausbildung muss e Recht vum Salarié ginn, fir sech selwer kënnen auszebilden, wann eben de Betrib et net wëllt, oder wann e sech wëllt weiderbilde fir en aneren Job ze sichen. Déi Chance muss jiddferengem individuell garantéiert ginn.

Et freet mech, dass den Här Minister eis haut bestätegt huet, dass awer d'Indemnitéit, déi am CNFPC fir d'Ausbildung bezuelt gëtt, net a Fro gestallt ass, an dass déi och iwwert de 15. am Heemount eraus nach weider wäert bezuelt ginn. Dat ass eng erfreelech Nouvelle an déi Leit, déi dat betrëfft, wäerten him och dofir dankbar sinn.

Här President, fir mech ass eent kloer: All Initiativ, déi ouni Ëmweeër agesat gëtt, fir fest Aarbechtsplazen ze schafen, kann ech ënnerstëtzen. All Mesure awer, déi manifest d'Schafe vu festen Aarbechtsplaze verhënnert oder de esouguer a Fro stellt, kann ech net guttheeschen. Fir mech huet de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart eng absolut Prioritéit. Bei all Projet, deen hei am Land realiséiert gëtt, muss versicht ginn iwwer normal Soumissiounen ze fueren, an net iwwer Entreprises générales.

Et kann net méi sinn, datt all grousse Projet un déi zwou oder dräi selwecht grouss auslännesch Boîte verschenkt gëtt an eis Betriber op der Streck bleiwen. Wann ech gesinn, dass um Rond-point zu Steebrécken eng hollännesch Firma Blumme planzt, wärend honnert Meter méi wäit zwee Lëtzebuerger Gäertner hir Gäertnerei hunn, da stellen ech mer awer eeschthaft d'Fro, ob der e puer se hei am Land net méi all beienaner hunn.

Musse mer esou Opträg wierklech esou opbauen, datt se nëmme kënne vun auslännesche Firmen ausgefouert ginn? Mir soen Neen, do muss eng Ännerung kommen.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Aarbecht fir eis Betriber ass Aarbecht fir eis Leit. Ech begréissen och, dass elo den Här Minister hei gesot huet, fir dass Chômeuren sech kënnen als Indépendant etabléieren, géif eng Dier opgemaach ginn a géif och eng Hëllef zustane kommen. Ech sinn net der Meenung, dass déi Leit iergendwéi no zwee Joer einfach Faillite ginn. Ech mengen, wann een d'Méiglechkeet opmécht, da soll een deene Leit eng Chance ginn. Ech sinn awer och der Meenung, dass et net dann esou duerf sinn, wann een oder deen aneren dat net packt, dass en dann déi Sue muss zréckbezuelen.

Mir hu schonn hei an anere Projeten esou vill Milliarden an de Sand gesat, dass mer awer dann net elo dierfen dofir op déi puer Sue kucken, wann elo iergendee klenge Betrib Faillite mécht.

Een anere Problem, deen awer onbedéngt muss ugeschwat gi bei de Betriber, sinn déi onméiglech administrativ Schikanen, iwwert déi och muss geschwat ginn, a wou d'Betriber och Problemer hunn, a wou d'Betriber sech och iwwerleeën, ob se nach weider Leit astellen, well bei all Persoun, déi se weider astellen, ginn d'administrativ Schikane méi grouss. Och do muss e bëssen normaliséiert ginn, an och do muss de Betriber entgéintkomm ginn, fir dass déi Betriber ënnerstëtzt ginn.

Da schwätze mer ëmmer dofir, fir héich technologesch Betriber hei an d'Land ze kréien, déi esou mann polluéiere wéi nëmme méiglech. Dat si gutt Initiativen, déi sinn och ze begréissen, mä mir mussen awer och erëm eng Kéier iergendwéi Betriber hei an d'Land kréien, déi aarbechtsintensiv sinn, an déi och Aarbechtsplazen ubidde fir net esou qualifizéiert Leit. Dat ass dat, wat feelt. An et gehéiert och zur Komplementaritéit vun engem Aarbechtsmaart, vun enger Wirtschaft, dass och Aarbechtsplaze geschafe gi fir Leit, déi net esou qualifizéiert sinn, well där behale mer, egal wat fir een Educatiounssystem mer hunn. Do sollen och Chancë geschafe gi fir déi Leit.

Mir sinn also alleguer gefuerdert fir eisen Aarbechtslosen eng Aarbecht ze verschafen, esou wéi mer hinnen se an eiser Verfassung garantéieren. Wa mer dat net fäerdeg bréngen, da sinn ech der Meenung, datt de Stat hinne soll esou laang de Chômage bezuele bis se eng hunn; dat verbonnen awer mat enger adequater Weiderbildung, fir datt se erëm eng zousätzlech Chance kréie fir op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Dat géif nach vill méi bëlleg gi wéi dee ganze Klimbim, dee mer ronderëm deen normalen Aarbechtsmaart opbauen. An dat géif och déi Verantwortlech aus der Regierung dozou féieren, esou schnell wéi méiglech aktiv ze ginn, wann de Chômage iwwerhand hëlt.

Ech wëll ofschléissend nach bemierken, datt mer fir deen nächsten Débat iwwert d'Aarbechtslosegkeet jo net erëm wäerte musse waarde bis déi nächst Présidence. Et wier awer ze wënschen, datt ënnert dëser Présidence nach eng Rei sozial an aarbechtsrechtlech Akzenter gesat kéinte ginn. Akzenter, déi déi sozial schwaach Länner an Europa sozial virubréngen, ouni awer eis Rechter ze bradéieren, esou wéi dat am Verfassungstraité geschitt wier.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. Als leschte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Marcel Glesener. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu meng Ried, déi ech sollt halen, op menger Plaz leie gelooss. Ech wëll mech da ganz kuerz faassen, éischtens well et scho spéit ass an zweetens well meng Kolleege Virriedner enorm vill Positives hei gesot hunn, mat deem ech zu engem allergréissten Deel kann d'accord sinn.

D'Noutwendegkeet vun dëser Debatt ass ënnerstrach ginn duerch d'Presentatioun, déi de Minister Biltgen hei gemaach huet, virun allem awer och op Grond vun deenen Interventioune vun de Kolleegen aus de Fraktiounen, mä virun allem awer op Grond vun enger dramatescher Situatioun, déi sech hei zu Lëtzebuerg entwéckelt, dat heescht d'Zounahm vun der Aarbechtslosegkeet. Ech mengen, et ass richteg a gutt, datt mer eis hei an der Chamber mat deem Thema ausenaner setzen.

Et ass esou, datt mer net haut een Débat d'actualité, net een Débat d'orientation féieren, soss hätt ee kéinte méi wäit aushuelen a méi zum Wiese vum Chômage schwätzen, mä d'Regierung war der Meenung, datt an dësem Moment et noutwendeg wier fir niewent de Consultatiounen, déi se mat de Sozialpartner amgaang ass duerchzeféieren, och eng Rei konkret Propositioune vun der Chamber, vun den Deputéierten ze héieren, fir dorop dann och ze reagéieren.

Ech weess net, ob den Aarbechtsminister zefridden ass mat deene konkrete Propositiounen, déi haut de Mëtteg hei gemaach gi sinn. Bon, ech waarden dann of, wat de Minister zu all deem ze soen huet, wat haut de Mëtteg hei proposéiert ginn ass.

D'Konklusiounen, déi mer haut awer mussen zéien, ech mengen déi musse mer zéien op der Basis vun dem PAN-Gesetz vun 1999. Doriwwer eraus musse mer och déi Debatt haut, déi Konsultatioun, déi d'Regierung gefrot huet, mat afügen an deen Débat d'orientation sur l'emploi, dee mer am November 1997 hei veranstalt hunn, an deen Débat d'orientation sur le marché de l'emploi den 23. Oktober 2003 an d'Aktualiséierung vum PAN-Gesetz vum 17. Dezember 2003.

Also mir hunn eis scho während deene leschte Joren des Öfteren hei an der Chamber mat der Entwécklung vum Chômage befaasst a mat Propositiounen, déi dozou ubruecht wieren, fir Vollbeschäftegung hei zu Lëtzebuerg hierzestellen.

D'Rieden, déi haut gehale gi sinn, gläiche ganz staark deenen, déi während deene Jore virdrun hei an der Chamber och gehale gi sinn, mat dem Ënnerscheed, datt 2002 mer hei 5.500 Demandeur-d'emploien haten, am Hierscht 2003 hate mer der 7.200, an haut am Abrëll hu mer 9.674 Demandeur-d'emploien. Do gesäit een also, datt d'Zuel sech praktesch verduebelt huet.

Wann ech déi Leit derbäizielen, wéi och schonn hei gesot ginn ass, déi sech an deene sou genannte staatleche Beschäftegungsmoossname befannen, da komme mer op vill méi eng héich Zuel vun ëm 13.000, 14.000 Leit, déi keng fest Aarbechtsplaz hei zu Lëtzebuerg hunn.

Ech wëll kuerz drun erënneren, 1997 hate mer dee groussen Débat hei, deen dann och dozou gefouert huet, datt mer no der Tripartite dat PAN-Gesetz hei duerchdiskutéiert hunn a gestëmmt hunn. D'Zil vum PAN-Gesetz war deemools fir d'Massenaarbechtslosegkeet ze verhënneren a fir enger weiderer Aarbechtslosegkeet virzebeugen. Ech mengen, deemools, 1999, hu mer zu engem gréissten Deel dat Zil erreecht.

Mä vun 1999 u stelle mer fest, datt opgrond vun enger Rei vu Moossnamen, déi awer do elo nach getraff gi sinn, d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg zouhëlt. Dat ass virun allem och drop zréckzeféieren, datt an deene leschten zwee, dräi Joer net méi deen Zouwuess u konkreten Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg vollzu ginn ass, wéi dat kuerz an deene Joren 1999, 2000 an 2001 nach de Fall war.

Duerfir stelle mer fest, an ech mengen dat geet ganz kloer och aus deem ervir, wat de Minister gesot huet a wat déi meescht Kolleegen hei presentéiert hunn, datt et mat dem PAN-Gesetz a mat deene Moossnamen, déi mer hunn, haut net méi duergeet. An duerfir erwaart d'Regierung sech och positiv Virschléi vum Parlament.

Ech wëll e puer positiv Akzenter setzen. Ech fannen et gutt, an am Numm vu menger Fraktioun kann ech dat soen, datt d'Regierung déi lescht Woch en Avant-projet op den Instanzewee ginn huet, wou se virun allem op zwee Aspekter vum Chômage ageet, an zwar ass et de Problem vun der Formatioun - an ech kommen nach dorop zréck -, wou eng Rei Moossnamen, déi ech elo net méi wëll erwähnen - Dir kennt se -, virgesi sinn, an doriwwer eraus virun allem awer och eng Rei Moossname wëllt treffen, fir d'Laangzäitaarbechtslosegkeet an de Gréff ze kréien a virun allem fir deene méi eelere Chômeuren oder de Mënschen, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, eng Chance ze ginn, erëm eng Kéier eng vollwäerteg Aarbechtsplaz ze fannen.

Et ass dramatesch, an de John Castegnaro huet dat gesot, mä et ass eng Realitéit, datt mer eis musse Gedanke maachen, wéi bréngen mer et fäerdeg, nach Leit ab 45 Joer ze beschäftegen. Et ass e Skandal, datt ee mat 45 Joer schonn zu deenen aklasséiert gëtt, déi vläicht ze al si fir den Aarbechtsmaart. Wann et awer eng Realitéit ass, datt déi Leit Problemer hunn, eng Aarbechtsplaz ze fannen, ech mengen dann ass et noutwendeg, datt mer Moossnamen treffen, fir datt déi Leit méi Chancë kréien, erëm eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Duerfir fannen ech et eng gutt Initiativ, déi d'Regierung e Freideg geholl huet an der Rumm vun deem Avant-projet de loi mat deem mer eis wäerten hei an der Chamber och befaassen, fir virun allem dorop hinzewierken, datt déi Leit, déi ab 45 Joer Problemer kréien, datt do speziell Moossnamen zu hire Gonschte presentéiert ginn, fir datt se eng Chance kréien, eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Doriwwer eraus ass et wichteg, datt och de Sozialdialog weider intensivéiert gëtt, an d'Berodunge mat de Sozialpartner sinn eng Konditioun sine qua non fir Lëtzebuerg, wou mer gutt Erfahrunge gemaach hunn, an déi och muss weider ausgedeent an ausgebaut ginn.

Duerfir ass et och gutt, datt d'Regierung dee Froebou un d'Sozialpartner geschéckt huet, fir Äntwert ze kréien - deen nächste Mount am Juli, mengen ech, ass et -, fir esou eng Rei Moossnamen, déi mer 1999 a virdu getraff hunn, ze aktualiséieren an ze versichen, fir déi Moossnamen opgrond vun der heiteger Entwécklung ze verbesseren an doduerch dann d'Méiglechkeeten ze schafen, datt mer dee Problem vun der Aarbechtslosegkeet besser an de Gréff kréien.

Mir hu probéiert - an ech ginn op déi aner Saachen net an, well meng Kolleegen hunn dat virdru schonn zur Genüge hei gemaach -, mir hunn eng Motioun preparéiert wou mer dem Regierungswonsch nokommen an eng Rei konkret Propositioune maachen, déi et méiglech maachen, eiser Meenung no, dee ganze Problem besser an de Gréff ze kréien. Ech ginn elo net op déi Motioun am Detail an, Här President. Ech wëll awer déi Motioun hei am Numm vun de Majoritéitsfraktiounen deponéieren, an ech wëll ganz kuerz e puer Schwéierpunkte vun där Motioun, eis konkret Propositiounen un d'Adress vun der Regierung, hei virdroen.

***Motion 2***

*La Chambre des Députés,*

*constatant:*

*- que malgré une certaine reprise économique au courant de l'année 2004, la situation de l'emploi au Grand-Duché reste préoccupante;*

*- que la croissance économique et son corollaire, la progression de l'emploi salarié, ne se sont pas traduits par une baisse du chômage qui, au contraire, ne cesse d'augmenter depuis octobre 2001;*

*- que le chômage de longue durée, partant le chômage structurel, risque d'augmenter de manière significative, frappant surtout les personnes sans qualifications, les personnes âgées ainsi que les travailleurs à handicaps ou encore à taux de capacité réduite;*

*- que cette corrélation paradoxale entre la croissance de l'emploi et du chômage caractérise notre marché de l'emploi et reflète la complexité de la matière;*

*- qu'en effet, si l'inadéquation entre l'offre et la demande d'emploi s'explique en partie par le manque de qualifications respectivement de qualifications requises des demandeurs d'emploi, d'autres facteurs jouent également un rôle important dans la montée du chômage au Luxembourg tels que l'exiguïté du marché du travail national dans le cadre de la Grande Région, les restructurations, la spécialisation des tâches, la disparition des emplois non ou peu qualifiés ou encore le compartimentage du marché de l'emploi;*

*- que les réponses simplistes pour lutter contre le chômage consistant surtout à démanteler notre protection sociale et à apporter des modifications importantes au niveau du droit du travail ne sauraient à long terme améliorer la situation sur le marché de l'emploi;*

*- que la problématique du chômage nécessite une approche globale le associant les différents acteurs concernés, alors que la politique de l'emploi est un élément de la politique économique, ainsi que de la politique de l'éducation et de la formation;*

*- qu'il est un fait que l'Administration de l'Emploi joue un rôle clé à l'intersection de l'offre et de la demande d'emploi, et qu'il échet d'adapter son fonctionnement aux contraintes actuelles, tant du point de vue personnel qu'organisationnel;*

*invite le Gouvernement*

*- (1) à adopter une approche globale de la politique de l'emploi, notamment:*

*- en associant à celle-ci tous les acteurs concernés et notamment tous les ministères intéressés, à savoir le Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, ainsi que le Ministère de l'Économie et du Commerce extérieur;*

*- en rapprochant le monde économique du marché de l'emploi luxembourgeois respectivement en rapprochant la politique de création d'emploi des politiques de formation et de lutte contre le chômage en veillant*

*(a) à mieux connaître les besoins de l'économie afin d'adapter les profils des salariés, demandeurs d'emplois et chômeurs en conséquence, le tout en mettant en œuvre l'ensemble des moyens législatifs et budgétaires des divers ministères en vue de la formation des personnes concernées;*

*(b) à tenir compte notamment lors de chaque implantation, agrandissement restructuration, etc. d'entreprises au Luxembourg du facteur «impact sur l'emploi», et surtout sur l'emploi résident, respecti-*

*vement de l'aspect «lutte contre le chômage» en associant à un stade précoce des représentants du Ministère du Travail et de l'Emploi ainsi que de l'ADEM à la genèse des décisions économiques;*

*- (2) à améliorer ou étoffer l'arsenal de mesures en faveur du maintien de l'emploi, voire à explorer de nouvelles pistes en la matière, et ce dans l'optique d'une transition du maintien de l'emploi vers le maintien à l'emploi, en réfléchissant entre autres à la mise en place d'un audit social d'une entreprise afin d'anticiper les mutations en matière d'emploi ou au recours à l'outplacement comme outil en faveur de l'emploi, voire à l'opportunité de modifier la législation sur le prêt de main-d'œuvre dans le sens d'un élargissement des possibilités prévues pour recourir à cet instrument;*

*- (3) au niveau de l'ADEM:*

*- à moderniser, en l'adaptant aux contraintes nouvelles, l'organisation et le fonctionnement de l'ADEM en vue de recentrer son rôle vers une stratégie plus axée sur le travail personnalisé avec les demandeurs d'emplois et sur l'activité quotidienne sur le terrain, afin d'optimiser encore davantage ses services en tenant compte, le cas échéant, des recommandations de l'OCDE;*

*- à doter à cette fin l'ADEM de manière prioritaire en personnel qualifié supplémentaire aux fins d'activité de conseil et de placement respectivement de coopération avec les employeurs;*

*- à veiller à la mise en place de formations ciblées en faveur des agents dont la mission consiste dans le travail direct avec les chômeurs et les employeurs;*

*- (4) à mettre en œuvre dans des délais raisonnables les réformes prévues par l'accord de coalition du 4 août 2004 en matière d'éducation et de formation initiale notamment la réforme du Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires dont l'objectif est d'aboutir à une plus grande synergie entre orientation scolaire et orientation professionnelle;*

*- (5) à inciter les entreprises à prendre conscience de leur responsabilité sociale notamment en multipliant les campagnes d'information quant à leurs obligations mais également quant aux nombreuses aides étatiques dont elles peuvent bénéficier;*

*- (6) à activer de manière très précoce les demandeurs d'emploi et à les motiver à s'impliquer encore plus dans leurs projets d'emploi notamment en les responsabilisant davantage p.ex. par le biais d'un contrat entre l'ADEM et le demandeur d'emploi qui fixe les objectifs à atteindre, les droits et obligations de chacune des parties;*

*- (7) à concevoir les moyens pour offrir un travail aux personnes éloignées du marché de l'emploi pour des raisons personnelles, notamment un état de santé déficitaire et à prévoir dans ce cadre un rôle spécifique pour les initiatives sociales pour l'emploi.*

*(s.) Marcel Glesener, John Castegnaro, Ben Fayot, Ali Kaes, Michel Wolter.*

Éischtens emol stelle mer fest, an do beschéinegen ech awer näischt, dass de Chômage net nëmmen zougeholl huet, mä och während deenen nächste Méint a Jore wäert weider zouhuelen, wa mer et net fäerdeg bréngen, de Problem geziilt an de Gréff ze kréien.

Zweetens, fir de Chômage ze bekämpfe soe mer ganz kloer an eendeiteg, datt et net a Fro kënnt, iergendwellechen Ofbau vu sozialrechtleche Bestëmmungen an aarbechtsrechtleche Bestëmmungen als Bekämpfung vum Chômage duerchzezéien. Ech mengen, dee sozialen Niveau, dee mer hunn, déi aarbechtsrechtlech Schutzbestëmmungen, déi mer hunn, un déi gi mer net rüttelen, well dat féiert mat Sécherheet net zu méi Aarbechtsplazen, an dat féiert och net dozou, datt mer Vollbeschäftegung besser kënne realiséieren.

Mir vermëttelen awer der Regierung de Wonsch, an ech huelen un, datt d'Chamber och do derhannert steet, datt et misst zu engem verbesserten a verstäerkten institutionellen Zesummewierken tëschent dräi Ministèren zumindest kommen, an zwar den Travail, d'Economie an d'Educatioun. Eng Rei Kolleegen hunn déi Situatioun bemängelt, well déi net effikass genuch ass. Eh bien, mir ginn der Regierung effektiv de Mandat dat ze maachen, dat institutionellt Zesummewierken.

Da weider Moossnamen treffen am Zesummenhang fir d'Laangzäitaarbechtslosegkeet an de Gréff ze kréien an doriwwer eraus och eng Rei nei Moossnamen an nei institutionell Weeër sichen, fir e verbesserte Formatiounsangebot, deen awer joborientéiert muss sinn - an ech kommen drop zréck -, an Ugréff ze huelen, an dann zesumme mat de Betriber un e Sozialkomponent net nëmmen ze appeléieren, mä och unzereegen, datt d'Betriber net nëmmen eng Missioun hunn, fir an der Wirtschaft sech ze betätegen, mä doriwwer eraus och eng sozial Funktioun hu vis-à-vis vun der Mënschheet.

Virun allem ass et wichteg, datt mer d'Méiglechkeet schafen, datt de Stat iwwer eng verstäerkten ADEM d'Méiglechkeet kritt, de Chômage net nëmme besser ze géréieren, mä virun allem d'Moossnamen ze treffen, fir datt déijéineg, déi keng Aarbecht hunn, méi a besser Méiglechkeete musse kréien, eng Aarbecht ze fannen.

Also keen Ofbau mat Sécherheet vun dem Arbeitsamt, mat Sécherheet keng Privatiséierung vum Arbeitsamt, well et ass d'Aufgab vum Stat, d'Spillregelen an d'Rahmebedingungen ze schafen, dass Vollbeschäftegung net nëmmen e Wonschdenken ass, mä dass Vollbeschäftegung eng Realitéit ass.

Doriwwer eraus wëlle mer och kee privat Konkurrenzunternehmen zur ADEM hei zu Lëtzebuerg schafen, well mer der Meenung sinn, datt, wa Privatinitiativ sech der Aarbechtslosegkeet unhëlt, da mécht se dat net zum Nulltarif, mä da gëtt mat der Aarmut a mat dem Misère vun de Leit och nach versicht Geld ze verdéngen.

Duerfir si mer der Meenung, datt eleng d'Arbeitsamt déi Institutioun ass, déi zoustänneg ass fir net nëmmen ze géréieren, mä fir doriwwer eraus och Aarbechtslosegkeet ze verhënneren, an deementspriechend si mer der Meenung, datt iwwert de Statsbudget méi finanziell Mëttele mussen zur Verfügung gestallt ginn, fir d'Arbeitsamt auszebauen, fir neit Personal anzestellen, fir dat Personal ze forméieren, fir op Grond vun der zunehmender Aarbechtslosegkeet och déi genügend Zuel vu qualifizéierte Leit ze hunn, déi à même si fir deenen Aufgaben nozekommen, déi mer vun enger moderner Administration de l'emploi erwaarden.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat fannt Der an der Motioun erëm. Ech hunn awer nach just zwou Saachen ausserhalb der Motioun, mä an Ulehnung vun der Motioun, a wëll eis konkret Propositiounen hei ënnerbreeden. An der Motioun schwätze mer vun engem institutionellen Zesummewuesse vu verschidde Ministèren, an zwar schwätzen ech vum Travail, Ekonomie an Educatioun - zumindest.

Doriwwer eraus kann et jo net sinn, datt d'Parlament net agebonne gëtt an déi Responsabilitéit. Nun ass et esou, datt mer hei an eisem Parlament net méi déi Struktur hunn, déi all déi grouss vaste Kompetenzen emfaasst. Et geet net méi duer, datt mer, wat de Marché de l'emploi betrëfft, wat den Emploi betrëfft, aarbechtsrechtlech Bestëmmungen diskutéieren, mä et muss eng Plaz an dësem Parlament bestoen, wou Vertrieder aus dem Travail, aus der Ekonomie an aus der Educatioun sech zesummesetzen an zesumme mat deem institutionellen neie Grupp, deen an der Regierung steet, kënnen dialogéieren an och participéieren.

Deementspriechend op Grond vu menger Erfahrung, déi ech hunn, sinn ech der Meenung, datt mer sollen an d'Vergaangenheet kucken e getrei deem, wat mer gemaach hunn 1997, eng Spezialkommissioun PAN asetzen, eng nei Spezialkommissioun sollen hei an der Chamber konstituéieren, eng Spezialkommissioun Marché de l'emploi, wou Deputéierten aus der Commission du Travail sinn, Deputéierten aus der Commission de l'Économie an dem Mëttelstand sinn, an aus der Éducation nationale sinn, fir esou zesumme mat de Sozialpartner an zesumme mat deene Regierungsstellen déi noutwendeg Responsabilitéiten hei am Parlament mat ze iwwerhuelen. Et ass also ee Wonsch, deen ech un eis selwer riichten. Ech hoffen an ech wënsche mer, datt dat och Är Zoustëmmung fënnt.

Eng zweet Propositioun, déi ech maachen, dat ass, wa mer dovun ausginn a soen, eng vun den Ursaache vu Chômage ass ee Mangel u Qualifikatioun - et ass jo dat wat mer scho säit Jore soen -, dann ass dat och net falsch. Wann also d'Qualifikatioun - oder effektiv de Mangel u Qualifikatioun oder net déi richteg Qualifikatioun - eng vun den Ursaachen ass vum Chômage, da musse mer et fäerdeg bréngen eng Qualifikatiounsstrategie ze entwéckelen. Eng Qualifikatiounsstrategie ze entwéckelen, wou mer eng Kéier eis musse kloer ginn, ganz kloer d'Besoinë vun eiser Ekonomie ze identifizéieren, wou mer eng Kéier ganz kloer dozou kommen, fir ze wësse wellech Qualifikatiounen dann noutwendeg sinn, fir datt déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg aus de Schoule kommen, oder hir Aarbechtsplaz verléieren, eng Chance hunn op Grond vun de Besoinë vun der Ekonomie eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Folglech muss een et dann och fäerdeg bréngen ee Formatiounsangebot duerch Léierprogrammer ze erstellen an doriwwer eraus dat Léierangebot duerch eng verstäerkt Méiglechkeet vun der Beruffsorientéierung an der Beruffsplanung an d'Schoul eranzebréngen - dat och am Zesummewierke mat de Beruffschamberen.

Wa mer da schwätze vu Formation professionnelle continue, da solle mer déi esou ausriichten, datt se verbonnen ass mat engem Job. Do gëtt et eng Rei Iddien, déi och déi lescht Zäit hei zu Lëtzebuerg entwéckelt gi sinn. Ech géif instänneg bieden, datt een, wann ee vun neie Konzepter schwätzt vu Formation professionnelle continue, déi verbënnt mat konkreten Joben, mat konkreten Aarbechtsplazen, esou datt mer fir ganz speziell Aarbechtsplazen, déi zur Verfügung stinn oder kommen, déi noutwendeg Qualifikatioun hei zu Lëtzebuerg schafen. Da solle mer een Inventar maachen no enger Rei Joren, wéi datt mer virukomm sinn a wat mer an enger éischter Phas guttgemaach hunn. An zwar kann dat nëmme geschéien op Grond vun engem verstäerkten Zesummewierken tëschent der Aarbecht, der Ekonomie an der Educatioun.

Wann ech dat gesinn, da kommen ech op meng fréier Iddi zréck, déi ech hei eng Kéier virgedroen hunn an déi an der Vergaangenheet och d'Realitéit hei zu Lëtzebuerg war: D'Formation professionnelle an d'Formation professionnelle continue waren a gehéieren ënnert d'Tutelle vun enger politescher Kompetenz an Autorité an zwar där vum Aarbechtsministère. Et ass Emploi, wéi et fréier war!

Ech hu meng Gesellеprüfung gemaach 1955 an aner Kolleegen och. Mäi Gesellendiplom hunn ech ausgestallt kritt vum Aarbechtsminister Nic Biever. Zoustänneg war de Regierungskommissär Gaston Glesener.

***(Interruption)***

Déi Zäit war et evident, datt all zesumme mat de Beruffschamberen, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce eng wesentlech Aufgab ze erfëllen haten, an dat war d'Beruffsausbildung konkret um Terrain ze applizéieren. Dat ass also Emploi. Do gesi mer et, a folglech solle mer erëm eng Kéier dorobber zréckkommen, wat virdrun hei zu Lëtzebuerg de Fall war.

Eng Klamer an nach méi Geschicht: Dat war zu deem Zäitpunkt, wou de Minister Jean Dupong Aarbechtsminister an Erzéiungsminister war. Do war et ënnert der Kompetenz vum Travail. Nodeem datt eng nei Regierung komm ass an een neien Educatiounsminister komm ass, deen net méi Aarbechtsminister war, ass d'Formation professionnelle mat eriwwer gewiesselt an d'Educatioun, wou se net higehéiert.

Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat waren dann elo vu menger Säit aus nach zwou, dräi konkret Propositiounen. De Minister hätt gäre konkret Propositioune vum Parlament gehat. Ech hunn dat probéiert ze maachen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Glesener. Domat ass no iwwer véier Stonnen d'Consultatiounsronn ofgeschloss. Den Aarbechtsminister François Biltgen huet d'Wuert fir eng ofschléissend Bewäertung. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Merci, Här President. Trotzdeem och nach eng Kéier mäi Regret, dass mer eréischt spéit ugefaangen hunn. Ech gesinn, dass kee méi vun der Press schéngt do ze sinn. Ech hätt léiwer direkt um dräi Auer heimadder ugefaangen. Mä et sief dann.

Ech wëll och elo net méi op alles agoen, well soss hunn ech selwer nach fir zwou Stonnen. Ech wëll just fënnef Iwwerleeunge maachen, déi mer wichteg sinn op Grond vun där heiten Debatt, fir déi ech och nach eng Kéier wierklech jiddferengem Merci soen, och wann ech net mat jiddferengem eens sinn, mä ech sinn awer frou, dass mer iwwerhaapt déi Debatt haten. Ech wäert och an Zukunft déi Debatte féieren.

1) Éischtens muss ee wëssen, dass de Chômage déi aner Säit vun der Medail vun eiser wirtschaftlecher Prosperitéit ass. Mir hunn an 20 Joer, well mer innovativ waren, duebel esou vill Aarbechtsplaze geschafe wéi mer der virdrun haten. Déi Aarbechtsplazen, déi eis eenzeg an eleng erlaabt hunn, dass mer konnten e Rentendësch maachen, well ouni déi Verduebelung vun den Aarbechtsplaze kéinte mer net iwwert d'Rente schwätzen. Da misste mer wierklech d'Rente kierzen. Déi Aarbechtsplazen, dei eis erlaabt hunn déi Iwwerschëss ze maachen, fir och kënnen ze investéieren an Zukunft, déi Aarbechtsplaze konnte mer awer nëmme besetzen, well mer an der Groussregioun sinn a well et an der Groussregioun de Leit manner gutt geet.

Wann Der d'Zifferen nokuckt vun der ADEM, stellt Der fest, dass wuel déi däitsch Grenzgänger déi si mat der klengster Zuel, mä och déi sinn, déi am meeschte progresséiert sinn an deene leschte Joren. Woufir? Well et an Däitschland schlecht geet.

***(Interruption)***

Wa mer also vun deem „Taux de dépendance à la croissance" schwätzen, da muss ee wëssen, ech wëll en erofsetzen duerch konkret Moossnamen, déi mir hei maachen. Mä wann et am Ausland erëm besser geet an d'Leit manner gezwonge sinn heihinner ze kommen, da geet deen Taux vu 5% och erëm eng Kéier erof. Mä et ass elo einfach esou, dass aus Däitschland, well et do net geet mat der Wirtschaft, net nëmme Betriber op Lëtzebuerg sech nidderloosse kommen, mä dass immens vill Grenzgänger heihinner kommen. Dat ass natierlech eng Konkurrenz, virun allem fir déi Leit vun eis, déi net qualifizéiert sinn.

Et muss een och wëssen, dass mer net méi an dem industriellen Zäitalter sinn. Am industriellen Zäitalter gouf et kee Chômage. Woufir? Ma et goufen zwee Aarbechtsmodeller. Dat eent, dat war den Aarbechter, deen huet misse staark Aarm hunn, an den anere war de Beamten, de Col blanc, deen huet misse liesen a schreiwen a rechne kënnen.

Haut ass d'Spezialiséierung esou grouss, dass och fir en normalen Industrieaarbechter et net duergeet, dass en zwee staark Aarm huet, mä dee muss eng Onmass net onbedéngt vun Diplomer, mä vu Kompetenzen hunn.

Dat ass also de Problem an do kënnt eppes derbäi, wat de Mëtteg net vill ugeschwat gouf, nämlech de Compartimentage vun eisem Aarbechtsmaart. An der Industrie hu mer liicht manner Aarbechtsplaze wéi virdrun, an der Industrie geet et liicht zréck. Mä wat an der Industrie dramatesch ass, dat ass, dass d'Lëtzebuerger an d'Auslänner zu Lëtzebuerg sech aus der Industrie zréckzéien, well se an d'Préretraite an an d'Retraite ginn, an déi Jonk wëllen net méi an d'Industrie.

Dat bréngt mat sech, dass d'Grenzgänger an d'Industrie drainéieren, an da kënne mir esou vill priedege wéi mer wëllen a mat den Industriebetriber zesummeschaffen - an do sinn der vill, déi gutt mat eis zesummeschaffen, mir hunn ee genannt, mä et gëtt der nach vill -, mä wann d'Leit net méi wëllen, zum Beispill op dräi Schichte schaffen, da kréie mer dat och net. An de Problem ass, wann op där enger Plaz nëmmen déi an enger sinn an op där anerer déi aner, da geet dat net.

Ech ginn Iech nach e Beispill. Ech gi regelméisseg, notamment vu Pappen a Mammen, ugeruff an ugeschwat, déi mer soen: Kanns de näischt fir mäi Fils maachen? An ech kréien ëmmer gesot: Kanns de näischt maachen, fir dass en op Ponts et Chaussées kënnt? Et ass nach ni ee komm, dee mer gesot huet: Kanns de näischt maachen, fir dass e bei dem Baubetrib XY ënnerdaach kënnt?

Nach ee Wuert iwwert d'Croissance. Mir brauche Croissance. Et ass evident, dat stellen ech iwwerhaapt net a Fro, ouni Croissance geet et net. Mä mir mussen och wësse wat fir eng Croissance. Et ass ugeklongen, d'Steiere missten erofgesat ginn. Dat soll een diskutéieren. Ech wëll just soen, dass, wa mer zum Beispill d'Impôts sur le revenu des collectivités nach weider erofsetzen, mengen ech net, dass dat do hëlleft wou mer Kompetitivitéitsproblemer hunn, nämlech an der Industrie. D'Industrie muss oppassen op hir Kompetitivitéit. Hire Problem vun der Kompetitivitéit ass awer bestëmmt net dee vun dem Impôt sur le revenu des collectivités.

An ech soen nach eppes: Notamment fir d'Industrie musse mer vill méi an d'Recherche investéieren. Mir haten déi leschte Kéier nach Comité de conjoncture wou mer just festgestallt hunn, dass d'Betriber, déi Schwieregkeeten hunn, och der sinn déi hir Produkter net weiderentwéckelt hunn. An där glo-

baliséierter Welt, an där mer liewen, mussen d'Produkter dauernd entwéckelt ginn. Also brauche mer méi Recherche!

Net vun ongeféier wollt ech och Recherche-Minister an Enseignement-supérieur-Minister ginn. Ech soen, dass et derwäert ass, well dat hei ugeklongen ass vum Niki Bettendorf, mir brauchen e Plang iwwer Forschung an Universitéit. Mir sinn amgaang drun ze schaffen. Doranner hu mer scho ganz villes gemaach. Ech soen zwar just: Wann Der gären hätt, dass d'Regierung méi Suen an d'Forschung an an d'Universitéit investéiert, jo da brauche mer och nach Suen. Da kann een net ëmmer soen, et komme keng Sue méi eran, da brauche mer och nach Sue fir auszeginn. Dat ass déi éischt Iwwerleeung.

2) Zweet Iwwerleeung: D'ADEM ass nëmmen de Maschinist, wéi eng Kéier de Jean-Claude Juncker op dëser Tribün gesot huet. Et ass falsch ze mengen, d'ADEM kéint alles léisen. Dat ass e grousse Feeler, d'Passivitéit vun deenen engen a vun deenen aneren. D'ADEM ass de Maschinist. Si kann d'Aarbechtsplazen an d'Demandeuré beieneeféieren. Mä dat ass net esou einfach, well eben eise Problem d'Qualifikatioun ass, nach eng Kéier Qualifikatioun an nach eng Kéier Qualifikatioun.

Ech ginn Iech kuerz Ziffere vun der Evolutioun vun den Netqualifizéierten am Chômage an deenen Héichqualifizéierten, Niveau supérieur. Dat wëllt net soen Niveau universitaire. Niveau supérieur dat wëllt soen, du hues d'Première gemaach an du waars vläicht eng Kéier ee Joer oder sechs Méint iergendwou schnupperen. Tëschent Abrëll 2004 an Abrëll 2005 sinn dé Netqualifizéiert vu 4.173 op 4.940 an d'Luucht gaang, währenddeem déi Qualifizéiert vun 1.337 op 1.228 erofgaange sinn. Dat heescht, obwuel de Chômage ëm 1.600 Leit geklommen ass, kommen déi Qualifizéiert aus dem Chômage eraus. Dat ass de ganze Punkt.

Eise Problem ass ee vun Netqualifizéierung, verstäerkt doduerch, dass vill Qualifizéiert aus der Grenzregioun heihinner kommen an zum Deel och bereet sinn, op manner qualifizéierte Posten ze schaffen. Dat heescht de Konkurrenzdrock fir déi Schwaach gëtt ëmmer méi grouss. Mir hunn hei wierklech e Problem vun deene Schwaachen, an dat soll een och net vergiessen. Ech kommen nach eng Kéier drop zréck.

Elo maache mer déi Evaluatioun vun de Mesuren. Woufir maache mer déi Evaluatioun? Ma well mer dat direkt an de Regierungsprogramm geschriwwen haten, opgrond vum Avis vum Wirtschafts- a Sozialrot. Ech sinn och der Meenung, dass mer vill Mesuren hunn, déi gutt kléngen, mä déi net effikass sinn. A wat fir engem Sënn effikass? Fir mech muss eng Mesure op eng Aarbechtsplaz féieren.

Ech hat virdru schonn de Professer Gazier zitéiert, deen de leschte Freideg eng Konferenz hat bei der Chambre des Employés privés. Wat seet deen zum Beispill? Hie seet: Maacht keng Formatioun ouni dass eng Aarbechtsplaz hannendrun hänkt. Wann Der eng Formatioun maacht, dann ass deen Demandeur d'emploi, bis dass d'Formatioun uleeft, net méi interesséiert, eng Schaff ze sichen. Wa se dann ugelaf ass, da sicht en och keng Schaff, well hie wëllt d'Formatioun fäerdeg maachen, wat jo och den Zweck vun der Formatioun ass. An duerno mengt en, e misst méi verdéngen um Aarbechtsmaart. Dat heescht, a mir mierken dat och selwer praktesch, wéini hu mer dat beschte Resultat? Wa mer Formatiounen ubidden, déi direkt op eng Aarbechtsplaz kommen.

Ech kommen op d'Schoul zréck. BTS-Diplomer sinn extrem effikass zu Lëtzebuerg. Woufir? Majo well déi mat der Wirtschaftswelt zesummen ausgeheckt ginn a well se och herno direkt an d'Wirtschaftswelt féieren. Dat ass do wou mer musse kucken an dofir musse mer eng Partie Moossnamen hannerfroen.

Mir dierfen net nëmme reng dat Soziaalt gesinn. Well dat Soziaalt, wa mer just während sechs Méint, engem Joer oder och zwee Joer engem Sue ginn, an duerno fält en erëm an e Lach an dann huet e keng méi, dann hu mer guer näischt geschafft. Also musse mer kucke méi effikass ze ginn, an da muss een och verschidde Moossname kënnen a Fro stellen.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Alles a Fro stellen, mengen ech net.

Ech soen Iech awer wat fir eng déi zwee Modeller zurzäit an Europa sinn, déi déi effikasste si wat den Aarbechtsmaart ubelaangt. Déi, déi wierklech relativ niddreg leien a wou de Chômage erofgeet. Déi meescht, déi niddreg louchen, wéi mir an d'Holländer, ginn erop. Et sinn der Verschiddener, déi méi héich louche wéi mir, mä déi op eisen Niveau erofkommen, dat sinn der zwee Stéck haaptsächlech. Ech schwätzen net vun Éistráich, déi sinn e bëssen entre les deux.

Zwee Modeller sinn extrem effikass: Deen engleschen, deen total alles Soziales ofschaaft a sot, op d'Aarbecht, op d'Aarbecht, op d'Aarbecht, a bëlleg schaffen. D'Haaptsaach ass du schaffs. E Modell, deen ech nu wierklech hei net préconiséiere wëll, mä en ass effikass. Mä et ass awer net dee Modell, deen ech mer virstellen. Ech mengen och net, dass et dee Modell ass, deen Dir Iech kënnt virstellen.

Da gëtt et deen dänesche Modell, deen ähnlech ass wéi eisen, awer nach e puer Ënnerscheeder huet.

**Une voix**.- Dat hutt Der alles an der Zeitung gelies.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Gelift?

**La même voix**.- Dat hutt Der alles an der Zeitung gelies.

***(Hilarité)***

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Majo, ech hunn et jo och scho virdrun an den Texter gelies.

***(Interruptions diverses)***

Mä an Dänemark kritt een nach souguer méi héich Indemnités de chômage wéi bei eis. Déi kënne bis zu véier Joer goen. Dofir gëtt et kee Kënnegungsschutz. An op där anerer Säit ass et esou, dass vill méi hannert de Leit…

***(Interruption)***

Gutt, ech maache méi séier.

…, dass vill méi Leit aktivéiert ginn. Wann een net eng Formatioun matmécht, fält een och erëm eng Kéier do eraus. Dat ass also dee Modell.

Wat kënne mir zu Lëtzebuerg maachen? Mä ech ginn op e puer Saachen hei an, déi virgestallt gi sinn. Ech wollt awer nach ee Beispill nennen, well vun der Goodyear geschwat gouf. D'Goodyear ass extrem gutt. Mir hunn do 84 Leit an engem Joer ënnerdaach kritt. Ech wëll just soen, fir 84 Leit ënnerdaach ze kréien, hu mer der 1.144 convoquéiert, déi d'ADEM zesummegeruff huet, déi konnten a Fro kommen. Dat heescht, Dir gesitt och do, dass een a Zéngtel erauskritt vun deene Leit, déi een huet, och bei enger gudder Moossnam.

Profilen erschaffe vun de Leit, dat ass richteg. Mä de Problem ass, dass der vill och kee Profil hunn. Mä mir schaffen och do weider. Mir hunn nach ëmmer déi Iddi gehat vum ROME-Projet; ech kommen nach op deen.

Sproochen: Do hu mer eppes gemaach an deem Sënn, dass mer 100.000 Euro an eisem Budget hu fir déi Betriber, déi wëllen d'Leit Lëtzebuergesch léieren. Fir de Rescht muss een och sech awer domadder eens fannen, dass Lëtzebuergesch net onbedéngt dee beschte Moyen ass fir eng Plaz ze fannen. Et sinn aner Sproochen, déi méi gefrot sinn. De Sproocheproblem ass am Chômage eppes.

***(Interruptions diverses)***

Et ass vun den Informatiker geschwat ginn. Informatiker ass en typescht Beispill. Mir sichen der dauernd a mir hunn der dauernd am Chômage. Woufir? Well en Informatiker keen Informatiker ass. Mir hunn zum Beispill Informatiker, deenen hunn ech Permis-de-travailë ginn an de Boomjoren, aus Russland zum Beispill, déi nëmme Russesch kënnen, an e Spezialist vun engem spezifesche Programm vun Informatik, deen déi Zäit gebraucht gouf. Jo, wann d'Bank en net méi brauch, da gëtt en entlooss. Et ass natierlech schwéier esou en héich Spezialiséierten, deen och eventuell nëmme Russesch kann, dann erëm iergendwou op eng aner Plaz ënnerdaach ze kréien. Mä dat sinn d'marginal Fäll.

Iwwerqualifikatioun hu mer an Iwwerspezialiséierung. Mä den Haaptproblem ass eigentlech dee vun der Netqualifikatioun. Iwwer Consultantë wëll ech soen, déi hu mer schonn. Dat si Leit - Consultanten, dat ass vläicht e schlechten Term -, déi kommen net vu KPMG an esou weider. Mä dat si Leit, haaptsächlech fréier Personalchefen, déi virun allem iwwert d'Beruffskummere mat eis zesummeschaffen. De Problem war, dass de Contrôle financier eis gesot huet, mir kënnten net méi mat deenen zesummeschaffen, mir missten se fest astellen. Dat wëlle mer awer net, well dat een Element ass, fir mam Privatsecteur zesummenzeschaffen. Ech sinn nach wie vor der Meenung, mir sollen dee Monopol bäibehalen.

Wa mer de Monopol opsplécke loossen, da kommen déi Privatfirmen, déi bekëmmeren sech ëm déi Gutt, an déi, déi Problemer hunn um Aarbechtsmaart, déi bleiwen nach ëmmer bei der ADEM. Dofir sinn ech der Meenung, mir sollen de Monopol bäibehalen, mä mir solle Bréck maache bei de Privatsecteur, an d'Consultanten, dat ass een Element fir déi Bréck ze maachen.

3) Dann „job security", „employment security", déi Transitioun, dat ass dat Wichtegst, dass mer d'Leit…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- E bëssen Opmierksamkeet, wann ech gelift!

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- …net méi an d'Lach fale loossen, mä dass mer aner Saache fir se maachen.

D'TDK. Mir konnte keng Cellule de maintien à l'emploi als Stat matdroen, aus deem ganz einfache Grond, well dat an engem Betrib an deem Moment kee Sënn mécht, wann net garantéiert ass, dass d'Leit och herno kënnen am Betrib bleiwen. Wa se herno awer an de Chômage falen, hu mer näischt geschafft. Mir hunn eng Cellule de maintien à l'emploi, déi gëtt et am TDK, e Plan social.

Mir hunn och als Ministère gesot, mir wiere bereet, déi zum Deel matzedroen. Awer ënnert der Konditioun, dass herno déi Leit net nëmmen elo während engem Joer do matgeschleeft ginn, mä dass et och herno Perspektive fir déi Leit gëtt. Méi war do net dran. Dat misst ee menger Usiicht no éischter op engem sektorielle Plang maachen, wéi op engem vun engem Betrib.

Dobäi gëtt et gutt Beispiller an engem Betrib. Ech ginn Iech dat vun Technofibres. Technofibres ass e Betrib, dee muss en Deel vu senger Produktioun auslageren an d'Tschechei. Einfach fir kompetitiv ze bleiwen. E wëllt awer zu Lëtzebuerg bleiwen. Wat huet dee Betrib gemaach? Hien huet mat senge Sozialpartner, also mat de Gewerkschafte geschwat fir Lounmässegung ze kréien, an en huet mat sengen Aktionäre geschwat, fir Invester ze kréien. Et ginn 42 Leit ofgebaut, mä et gëtt eng nei Linn gebaut, wou déi 42 Leit kënne gehale ginn. An als Stat iwwert de Budgetsartikel, deen ech hunn, dee Maintien à l'emploi heescht, oder Réemploi heescht - en ass zitéiert a mengem Pabeier - bezuele mir d'Formatioun vun deene Leit.

Dat ass fir mech den ideale Fall. Do gëtt restrukturéiert. Et gëtt zum Deel délocaliséiert, fir dass de Betrib hei besser performant ass. An déi Leit, déi elo do sinn, déi kënne mer och nach weider do halen.

Da véiert Iwwerleeung, d'Zesummenaarbecht vun de Ministèren. Déi fonctionnéiert. Zënter dem PAN-Gesetz hu mer de Comité permanent de l'emploi, wou mer zesummesëtzen. Et kann een alles nach verstäerken. Mä mir hunn dat. Notamment mam Ministère de l'Égalité des chances hu mer ganz vill Kollaboratiounen. Notamment Pilotprojeten, wou mer der nach maachen, iwwer Femmes rentrantes.

Een iwwert déi Jonk. Well den Här Jaerling hei geschwat huet vun den Ziffere vun deene Jonken. Ze soen, dat wier dramatesch, do wëll ech just Folgendes soen. Ech hunn et virdru scho gesot, et gëtt eng Grauzon vu Jonk, déi net ageschriwwe sinn. Wéi gesot, de Statec schwätzt vun 2.400 Jonken a mir vun 1.800 am Joer 2004, déi Demandeur d'emploi waren.

Dann ass geschwat gi vum Taux de chômage vun 18%, wou ech awer nach net weess, wou en hierkënnt. Mä den Eurostat schwätzt vun 13%. Och dat ass vill.

Do muss ee just wëssen, dass deen Taux de chômage näischt ausseet bei deene Jonken. Woufir? Well den Taux de chômage gerechent gëtt - ech hunn nämlech an enger Zeitung gelies „Jeder fünfte Jugendliche arbeitslos", an dat ass natierlech Blödsinn -…

***(Interruption)***

Mä wéi gëtt den Taux de chômage ausgerechent? Bei deene Jonke wéi bei deenen aneren? Mir dividéieren d'Zuel vun de Leit, déi en Emploi sichen - ech huelen d'Ziffere vum Statec, déi jo keng reell Chiffere sinn, mä Sondagechiffere-, an de Statec seet, 2.400 Jonker, déi keng Schaff hunn, eng Schaff sichen, dividéiert duerch 11.000 Jonker, déi eng Schaff hunn. Do komme mer op en héijen Taux.

Mir mussen awer wëssen, dass mer 100.000 Jonker hunn. Dovunner sinn et 83.000 Jonker, déi haaptsächlech an der Schoul sinn. Ech soen haaptsächlech, well do ginn et och nach Grauzonen. Mä wann ech d'Chiffere vum Statec huelen, da soen ech, wann ech d'Populatioun vun deene Jonke vergläiche mat deenen, déi um Statec sinn - um Sondage gi jo méi Jonker erageholl, wéi mir der op der ADEM hunn -, dann ass den Taux de chômage vun deene Jonke 4,8%, an net 18%. Dat fannt Der iwwregens och an der Note de conjoncture vum Statec erëm. Et muss een och dat wëssen.

Dat gesot, hu mer de Problem, dass eng Partie Jonker laang an der Schoul bleiwen an trotzdeem ouni Qualifikatioun erauskommen. Dofir, ech ginn net weider an op déi Motioun vum Här Jaerling. Ech wëll just zu där Motioun soen: Fir vu 15 op 16 Joer erzegoen an der Scolarité obligatoire, do ass et éischtens d'Madame Brasseur, déi dat scho virgeschloen hat, an engem Projet de loi steet et dran. Zweetens soen ech, dass dat net de spréngende Punkt ass, an ech kommen op dat zréck, wat ech virdru gesot hu vun deene Jonken: Et geet kee Jonke méi haut mat 15 Joer schaffen.

Eise Problem ass, dass se laang an der Schoul bleiwen, wat u sech gutt ass, mä dass duerno eng Partie, obwuel se bis no 20 Joer an der Schoul bliwwe sinn, herno erauskommen ouni eng Qualifikatioun. Dat ass u sech den Haaptpunkt mat deem mer ze kämpfen hunn. Voilà!

5) Da mäi leschte Punkt: Initiatives sociales pour l'emploi an Économie solidaire. Initiatives sociales pour l'emploi, déi sollen do sinn, fir sech ëm déi Leit ze bekëmmeren, déi Problemer hunn um Aarbechtsmaart. An Économie solidaire, dat ass en Deel vun der Ekonomie, wou ee just muss wëssen, dass, wann et en Deel vun der Ekonomie ass, deen net kann nëmme vun de staatleche Subventioune liewen.

An dat ass e bësselchen dee spréngende Punkt. Ech hu lo leider net méi vill Zäit, well Der all midd sidd an ech dat elo spieren an de Bléker, déi mer hei zougehäit ginn.

***(Hilarité)***

Obwuel Dir all eng Pizza giess hutt an ech net.

Mä de Punkt ass deen, an dofir hu mer dat getrennt - net dass ech näischt méi wollt mat der Économie solidaire ze dinn hunn -, well d'Économie solidaire eng aner Finalitéit huet wéi d'Beschäftegungsinitiativen, obwuel et eng Intersectioun gëtt an deem Dossier. A mir ware scho mat den Associatiounen zesummen. Deen Dossier maachen d'Madame Jacobs an ech nach wie vor zesummen. Mir mussen ebe just kucken, fir dat uerdentlech ze maachen.

Ech schwätzen elo leider net méi laang, mä ech wäert jo nach eng Kéier d'Geleeënheet kréien, iwwert d'Beschäftegungsinitiative méi am Detail ze schwätzen.

Meng Konklusioun ass déi, dass ech awer an där Debatt hei gespuert hunn, dass eng grouss Ännerungen un där Approche komm sinn, wéi se virgestallt gouf, notamment op deene konkrete Mesuren, déi ech elo nach eng Kéier mat lech an der Kommissioun kucken; souwuel d'Reglementer wéi selbstverständlech d'Gesetz.

Ech kann déi Motioun vun der Majoritéitspartei absolut unhuelen, well se mengen ech ganz gutt résuméiert, dass mer fir d'éischt eng allgemeng Approche brauchen tëschent Wirtschaftspolitiken, Aarbechtsmaartpolitiken a Bildungspolitiken. Zweetens, dass mer sollen am Maintien de l'emploi nei Iddië vun Transitiounspolitiken eis afale loossen. Drëttens, dass se seet, dass mer an der ADEM mussen intern Strukturreforme maachen. Véiertens, dass se seet, dass mer mussen d'Bildungspolitik reforméieren. Fënneftens, dass se d'Responsabilité sociale des entreprises ënnerstraicht. Sechstens, dass se seet, wat mer jo och an eise Reglementer hei hunn: D'Demandeurs d'emploi musse mer éischter aktivéieren.

A siwentens, dass se och seet - an dat ass fir mech extrem wichteg -, dass et Leit gëtt, déi ganz wäit ewech si vum Aarbechtsmaart, an dass een nëmme kann eppes fir déi maachen, wann een se mat der Hand hëlt, an dass mer do net einfach drop waarde sollen, dass et vum selwe geet, well et geet net vum selwen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung vun deenen zwou Motiounen, déi abruecht gi sinn.

***Motion 1***

Fir d'éischt d'Motioun, déi den honorabelen Här Jaerling hei deposéiert huet. Mir stëmmen of par vote électronique.

***Vote***

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 49 Nee- a 5 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Norbert Haupert), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Michel Wolter), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par M. Lucien Thiel), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Lydie Err), Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel) et Claude Meisch;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Da komme mer zur Motioun vun der Majoritéit. Do freet d'Madame Loschetter d'Wuert nach eng Kéier.

***Motion 2***

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt proposéieren, ob een net kéint direkt «invite le Gouvernement» am éischte Paragraph bei der Zesummenaarbecht eben aus deene Grënn, déi och den Aarbechtsminister elo just beschriwwen huet, och nach de Chancëgläichheetsministère an de Familljeministère dobäischreiwen?

**M. le Président**.- Dat hei geet jo un d'ganz Regierung, do sinn déi jo dobäi.

***(Interruption)***

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, do steet «à savoir le Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, ainsi que le Ministère de l'Économie et du Commerce extérieur»; an do proposéiere mir fir eventuell de Ministère de la Famille an de Ministère de l'Égalité des chances och nach dobäizeschreiwen.

**M. le Président**.- Wat hält den honorabelen Här Glesener, den Auteur vun der Motioun, dovunner?

***(Interruption)***

D'Regierung akzeptéiert dat.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Mir sinn och domat d'accord. Mir hu se jo awer gestallt d'Motioun.

**M. le Président**.- Da kënnt an den éischten Tiret: «en associant à celle-ci tous les acteurs concernés et notamment tous les ministères intéressés, à savoir le Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le Ministère de l'Économie et du Commerce extérieur», an da setze mer bäi…

***(Interruptions diverses)***

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Entweder «tous les ministères concernés» oder de Familljeministère, well mer jo elo des Öfteren iwwert déi mannerbemëttelt Matmënschen an déi behënnert Matmënsche geschwat hunn. An de Chancëgläichheetsministère, vu dass jo eng excellent Kollaboratioun tëschent dem Aarbechtsministère an dem Chancëgläichheetsministère besteet.

**M. le Président**.- Voilà. An den Héichschoulminister fënnt dat gutt. Hien huet gesot e géif dat unhuelen. Da si mer eis alleguerten eens a mir kommen zur Ofstëmmung.

***Motion 2 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*constatant*

*- que malgré une certaine reprise économique au courant de l'année 2004, la situation de l'emploi au Grand-Duché reste préoccupante;*

*- que la croissance économique et son corollaire, la progression de l'emploi salarié, ne se sont pas traduits par une baisse du chômage qui, au contraire, ne cesse d'augmenter depuis octobre 2001;*

*- que le chômage de longue durée, partant le chômage structurel, risque d'augmenter de manière significative, frappant surtout les personnes sans qualifications, les personnes âgées ainsi que les travailleurs à handicaps ou encore à taux de capacité réduite;*

*- que cette corrélation paradoxale entre la croissance de l'emploi et du chômage caractérise notre marché de l'emploi et reflète la complexité de la matière;*

*- qu'en effet, si l'inadéquation entre l'offre et la demande d'emploi s'explique en partie par le manque de qualifications respectivement de qualifications requises des demandeurs d'emploi, d'autres facteurs jouent également un rôle important dans la montée du chômage au Luxembourg tels que l'exiguïté du marché du travail national dans le cadre de la Grande Région, les restructurations, la spécialisation des tâches, la disparition des emplois non ou peu qualifiés ou encore le compartimentage du marché de l'emploi;*

*- que les réponses simplistes pour lutter contre le chômage consistant surtout à démanteler notre protection sociale et à apporter des modifications importantes au niveau du droit du travail ne sauraient à long terme améliorer la situation sur le marché de l'emploi;*

*- que la problématique du chômage nécessite une approche globale associant les différents acteurs concernés, alors que la politique de l'emploi est un élément de la politique économique, ainsi que de la politique de l'éducation et de la formation;*

*- qu'il est un fait que l'Administration de l'Emploi joue un rôle clé à l'intersection de l'offre et de la demande d'emploi, et qu'il échet d'adapter son fonctionnement aux contraintes actuelles, tant du point de vue personnel qu'organisationnel;*

*invite le Gouvernement*

*- (1) à adopter une approche globale de la politique de l'emploi, notamment:*

*- en associant à celle-ci tous les acteurs concernés et notamment tous les ministères intéressés, à savoir le Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le Ministère de l'Économie et du Commerce extérieur, le Ministère de la Famille et de l'Intégration ainsi que le Ministère de l'Égalité des chances;*

*- en rapprochant le monde économique du marché de l'emploi luxembourgeois respectivement en rapprochant la politique de création d'emploi des politiques de formation et de lutte contre le chômage en veillant*

*(a) à mieux connaître les besoins de l'économie afin d'adapter les profils des salariés, demandeurs d'emplois et chômeurs en conséquence, le tout en mettant en œuvre l'ensemble des moyens législatifs et budgétaires des divers ministères en vue de la formation des personnes concernées;*

*(b) à tenir compte notamment lors de chaque implantation, agrandissement restructuration, etc. d'entreprises au Luxembourg du facteur «impact sur l'emploi», et surtout sur l'emploi résident, respectivement de l'aspect «lutte contre le chômage» en associant à un stade précoce des représentants du Ministère du Travail et de l'Emploi ainsi que de l'ADEM à la genèse des décisions économiques;*

*- (2) à améliorer ou étoffer l'arsenal de mesures en faveur du maintien de l'emploi, voire à explorer de nouvelles pistes en la matière, et ce dans l'optique d'une transition du maintien de l'emploi vers le maintien à l'emploi, en réfléchissant entre autres à la mise en place d'un audit social d'une entreprise afin d'anticiper les mutations en matière d'emploi ou au recours à l'outplacement comme outil en faveur de l'emploi, voire à l'opportunité de modifier la législation sur le prêt de main-d'œuvre dans le sens d'un élargissement des possibilités prévues pour recourir à cet instrument;*

*- (3) au niveau de l'ADEM:*

*- à moderniser, en l'adaptant aux contraintes nouvelles, l'organisation et le fonctionnement de l'ADEM en vue de recentrer son rôle vers une stratégie plus axée sur le travail personnalisé avec les demandeurs d'emplois et sur l'activité quotidienne sur le terrain, afin d'optimiser encore davantage ses services en tenant compte, le cas échéant, des recommandations de l'OCDE;*

*- à doter à cette fin l'ADEM de manière prioritaire en personnel qualifié supplémentaire aux fins d'activité de conseil et de placement respectivement de coopération avec les employeurs;*

*- à veiller à la mise en place de formations ciblées en faveur des agents dont la mission consiste dans le travail direct avec les chômeurs et les employeurs;*

*- (4) à mettre en œuvre dans des délais raisonnables les réformes prévues par l'accord de coalition du 4 août 2004 en matière d'éducation et de formation initiale notamment la réforme du Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires dont l'objectif est d'aboutir à une plus grande synergie entre orientation scolaire et orientation professionnelle;*

*- (5) à inciter les entreprises à prendre conscience de leur responsabilité sociale notamment en multipliant les campagnes d'information quant à leurs obligations mais également quant aux nombreuses aides étatiques dont elles peuvent bénéficier;*

*- (6) à activer de manière très précoce les demandeurs d'emploi et à les motiver à s'impliquer encore plus dans leurs projets d'emploi notamment en les responsabilisant davantage p.ex. par le biais d'un contrat entre l'ADEM et le demandeur d'emploi qui fixe les objectifs à atteindre, les droits et obligations de chacune des parties;*

*- (7) à concevoir les moyens pour offrir un travail aux personnes éloignées du marché de l'emploi pour des raisons personnelles, notamment un état de santé déficitaire et à prévoir dans ce cadre un rôle spécifique pour les initiatives sociales pour l'emploi.*

*(s.) Marcel Glesener, John Castegnaro, Ben Fayot, Ali Kaes, Michel Wolter.*

***Vote***

D'Motion 2 modifiée, déi vum honorabelen Här Glesener déposéiert ginn ass, ass ugeholl mat 50 Jo-Stëmme bei 8 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Norbert Haupert), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par M. Ali Kaes), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Michel Wolter), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par Mme Christine Doerner), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Marc Angel), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Lydie Err), Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par M. Charles Goerens) et Claude Meisch.*

Domadder si mer um Enn vun der Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzung ass mar de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 21.03 heures)***

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu

## Ordre du jour

1. 5275 - Projet de loi portant
   a) fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;
   b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;
   c) modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;
   d) abrogation de la loi du 25 août 1971 portant création de la fonction de professeur de sciences économiques et sociales aux établissements d'enseignement secondaire;
   e) modification de la loi du 22 juin 1989 portant modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;
   f) modification de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;
   g) modification de la loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;
   h) modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

   *(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
2. Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2003 - N°5470

   *(Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Résolution - Vote)*
3. Présentation d'une liste de trois candidats pour le poste de Président de la Cour des Comptes
4. Nomination d'un réviseur d'entreprises pour l'Entreprise des Postes et des Télécommunications
5. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

***(Début de la séance publique à 14.32 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Neen, Här President.

**M. le Président**.- Merci, Madame Delvaux.

Mir kommen dann direkt zur Diskussioun vum Projet de loi 5275 iwwert d'Enseignanten am Secondaire an am Secondaire technique. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeleucht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Gantenbein, d'Madame Brasseur, den Här Scheuer, den Här Adam, den Här Henckes an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich. Här Diederich!

### 1. 5275 - Projet de loi portant

**a) fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;**

**b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;**

**c) modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;**

**d) abrogation de la loi du 25 août 1971 portant création de la fonction de professeur de sciences économiques et sociales aux établissements d'enseignement secondaire;**

**e) modification de la loi du 22 juin 1989 portant modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;**

**f) modification de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;**

**g) modification de la loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;**

**h) modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail**

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle***

**M. Fernand Diederich** *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5275, dee mer haut solle stëmmen, ass de 14. Januar 2004 vun der Madame Anne Brasseur, Ministerin vun der Éducation nationale vun der viregter Regierung, deponéiert ginn.

Nodeem de Conseil d'État säin éischten Avis de 4. Januar 2005 ginn hat, huet d'Kommissioun vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle mech de 15. Februar 2005 als Rapporteur designéiert. An därselwechter Réunioun huet d'Kommissioun de Projet de loi an den Avis vum Statsrot examinéiert an den 1. Mäerz 2005 finaliséiert.

De 16. Mäerz 2005 huet d'Kommissioun eng Serie Amendementer ugeholl. Dës Ännerungsvirschléi sinn den 13. Abrëll 2005 vum Conseil d'État aviséiert ginn. Well den Avis complémentaire vum Statsrot favorabel war, konnt d'Kommissioun dëse Projet de rapport an der Réunioun vum 10. Mee 2005 unhuelen.

De Projet de loi, deen d'Personalkadere vun den Établissements d'enseignement secondaire a secondaire technique fixéiert, verfollegt verschidden Objektiver. An engem kohärenten Text sollen déi verschidde Bestëmmungen, déi d'Kadere vum Personal vun de Lycéeën a Lycée-techniquë betreffen, zesummegeleucht ginn an op deene Punkten harmoniséiert ginn, wou se divergéieren.

D'Personalkadere ginn erweidert duerch d'Schafung vun neie Carrièren an der Verwaltung, an d'Carrièrë vun de Fonctionnairë vun de Services de psychologie et d'orientation scolaires ginn integréiert. Ausserdeem kënnen eng Rei Carrièrë-Problemer geléist ginn, déi sech am Laf vun de leschte Jore gestallt hunn, an déi nëmme kënne geregelt ginn duerch d'Modifikatioun vun anere Gesetzer.

Déi gesetzlech Bestëmmungen, déi d'Kadere vum Personnel enseignant a vum administrativen an technesche Personal vun den Établissements secondaire a secondaire technique regelen, figuréieren nämlech a fënnef verschiddene Gesetzer iwwert den Enseignement secondaire, den Enseignement secondaire technique souwéi d'Services de psychologie et d'orientation scolaires.

Derniewent stelle mer fest, datt den Enseignement secondaire an den Enseignement secondaire technique oft an deselwechten Infrastrukturen an änner enger selwechter Direktioun cohabitéieren, während déi gesetzlech Bestëmmungen dëser Situatioun net Rechnung droen. Vu datt dës Cohabitatioun vun deenen zwee Ordres d'enseignement an den nächste Joren sech wäert weider développéieren - Beispiller sinn de Lycée Aline Mayrisch zu Lëtzebuerg, de Lycée technique Josy-Barthel zu Mamer, Gréiwemaacher kënnt nach, oder de Réidener Lycée, deen amgaangen ass gebaut ze ginn - gëtt eng deementspriechend Upassung vun der Gesetzgebung noutwendeg.

D'Fusioun an engem eenzegen Text vun de gesetzleche Bestëmmungen erlaabt et, d'Lisibilitéit ze verbesseren, awer och eng Rei Modifikatioune virzehuelen. An der Carrière supérieure vun der Administratioun gëtt d'Funktioun vum Psycholog geschaf, an der Carrière moyenne d'Funktioun vum Assistant social a vum Éducateur gradué, an an der Carrière inférieure d'Funktioun vum Éducateur. Et geet drëm, déi gesetzlech Basis ze schafen, fir d'Personal vun de Services de psychologie et d'orientation scolaires an d'Personalkadere vun de Lycéeën ze integréieren. Dëst Personal gehéiert haut zum Personalkader vum Centre de psychologie et d'orientation scolaires.

An der Carrière moyenne vun der Administratioun gëtt d'Funktioun vum Informaticien diplômé geschaf. Den Ausbau vun den neien Informatiounstechnologien erfuerdert ëmmer méi spezialiséiert Personal, och an de Schoulen.

D'Konditioune vun der Nominatioun vun den Direkteren an den Directeurs adjoints an de Lycéeën an an de Lycée-techniquë ginn harmoniséiert. De Projet de loi proposéiert d'Gesetz vum 22. Juni 1963 ze änneren, wat de Regime vun de Statsbeamtegehälter fixéiert, wat d'Bestëmmungen iwwert d'Berechnung vun der Carrière vun de Kandidaten, nom Ofschloss vum Stage, an de Carrières enseignantes vum Enseignement postprimaire ubelaangt. D'Funktioun vum Kandidat ass duerch d'Gesetz vum 21. Mee 1999 agefouert ginn, wat virgesäit, datt d'Carrière vum Kandidat net um Schluss vum Stage pédagogique no 24 Méint reconstituéiert gëtt, mä um Schluss vun der Période de candidature, also eréischt no 24 plus 18 ass 42 Méint Déngscht.

Well awer déi normal Dauer vum Stage anzwëschent fir all Fonctionnairë vu 36 op 24 Méint reduzéiert ginn ass duerch d'Gesetz vum 28. Juli 2000, nom Accord salarial, deen an der Fonction publique ofgeschloss gouf, sinn déi nei Fonctionnairë vum Enseignement postprimaire, déi nom 1. Januar 1999 ugefaangen hunn, désavantagéiert par rapport zu hire Kolleegen aus der Administratioun.

Mat Ausnahm vun e puer Observatiounen, deenen d'Kommissioun gréisstendeels Rechnung gedroen huet, huet de Conseil d'État a sengem Avis festgehalen, datt de Projet de loi d'Objektiver erreecht, déi d'Regierung sech fixéiert huet. A sengem Avis complémentaire vum 13. Abrëll 2005 gëtt de Conseil d'État säin Accord zu alle Propositioune vun der Kommissioun an zum koordinéierten Text vum Projet de loi.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet och e favorabelen Avis zum Projet de loi ofginn. Si huet allerdéngs bedauert, datt d'Funktioun vun engem Administrateur, deen déi vill organisatoresch Tâchen a Management vun der Schoul kënnt iwwerhuelen, zum Beispill een Economiste, net virgesinn ass. D'Propositioun, eng nei Carrière anzeféieren, nämlech déi vum Attaché de direction, ass vun der Kommissioun net zréckbehale ginn. D'Regierung ass der Meenung, datt et den Direktere fräi steet, Attachés à la direction ze bestëmmen, also Enseignanten, déi eng Décharge kréien, fir den Direkteren an hirer Aarbecht kënnen ze assistéieren.

D'Kommissioun vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle huet och iwwert d'Opportunitéit diskutéiert, d'Carrière vum Professeur de formation morale et sociale anzeféieren.

D'Madame Minister huet d'Chamber iwwert d'Schwieregkeeten informéiert, déi de Moment d'Kreatioun vun esou enger Carrière mat sech bréngt. Et ass schwiereg, d'Konditioune vun der Formatioun a vun der Certificatioun ze definéieren, déi d'Kandidate missten erfëllen, fir sech dem Examenconcours fir déi nei Funktioun ze stellen - zum Beispill e Cycle vu véier Joer Universitéitsstudien oder op universitärem Niveau a praktescher Philosophie oder an enger ähnlecher Disziplin -, ouni a Konflikt ze komme mat de Konditiounen, déi d'Kandidate fir déi bestehend Funktioune vum Professeur de lettres mat der Spezialitéit Philosophie erfëlle mussen.

D'Kommissioun huet d'Madame Minister an dësem Räsonnement suivéiert an huet en Amendement ugeholl am Artikel 2. Am Paragraph 1 ass den drëtten Tiret, dee libelléiert war «des professeurs de lettres ou de sciences» ersat ginn duerch déi folgend zwee nei Tireten: «des professeurs de lettres des spécialités suivantes: philosophie et formation morale et sociale, langues ou lettres, histoire, géographie» an «des professeurs de sciences des spécialités suivantes: mathématique, physique, chimie, biologie, géographie».

Den Intitulé «Projet de loi portant fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique» gëtt adaptéiert a komplettéiert mat deene sechs Gesetzer, déi modifizéiert ginn an engem Gesetz, dat abrogéiert gëtt. D'Kommissioun ass nämlech der Meenung, datt d'Opziele vun alle Gesetzer, déi duerch dës Législatioun concernéiert sinn, spéider Recherchen erliichtert.

Den Artikel 1 hält fest, datt déi viséiert Etablissementer d'Lycéeën an d'Lycée-techniquë begräifen, déi eng eenzeg Administratioun bilden.

Den Artikel 2 fixéiert de Kader vum Personal, dat all Lycée an de fënnef opgeféierte Carrièren niewent engem Direkter ka begräifen. An der Carrière supérieure vum Enseignement, an der Carrière moyenne vum Enseignement, an der Carrière supérieure vun der Administratioun - hei sinn d'Fonctionnairë vun der Carrière vum Psycholog opgeféiert. An der Carrière moyenne vun der Administratioun stinn déi nei Funktioune vum Éducateur gradué, dem Assistant social a vum Informaticien diplômé. An der Carrière inférieure vun der Administratioun: Nei ass hei d'Funktioun vum Éducateur.

Niewent den opgeféierte Fonctionnairen, kann de Kader vum Personal vun de Lycéeë Kandidaten an de Carrières enseignantes vum Enseignement postprimaire esou wéi Stagiairë fir déi verschidde Fonctiounen an der administrativer an technescher Funktioun begräifen.

Den Artikel 3, Employés et ouvriers, énuméréiert d'Chargés d'éducation, déi administrativ an technesch Employéen an d'Aarbechter, mat enger ganzer oder partieller Tâche, entweder à durée indéterminée oder à durée déterminée.

Den Artikel 4 fixéiert d'Konditioune vun der Admissioun vum Stage a vun der Nominatioun.

De Conseil d'État huet estiméiert, datt d'Professeurs de lettres et de sciences och am Besëtz vun engem Lëtzebuerger Diplôme de fin d'études secondaires oder secondaires techniques musse sinn, oder vun engem auslänneschen Diplom, deen als équivalent ugesinn ass. Dës Konditioun gëllt fir all déi aner Funktiounen an et ass evident, datt d'Professeurs de lettres ou de sciences se och mussen erfëllen. Dës Dispositioun huet also missen am Artikel 4 bäigesat ginn.

Wat d'Konditioune vun der Admissioun vum Stage ubelaangt, mussen d'Professeurs de lettres ou de sciences d'Homologatioun vun hiren auslänneschen Titren a Graden noweisen.

Mat der Kreatioun vun der Université de Luxembourg muss d'Schafung vun enger Base légale envisagéiert ginn, déi d'Admissioun virgesäit vu Leit, déi am Besëtz si vun engem Lëtzebuerger Diplom, deen universitär Studie vu véier oder méi Joer sanktionéiert. Dofir muss gesot ginn, datt et sech kann ëm Lëtzebuerger Diplomer handelen, oder ëm auslännesch Diplomer, déi homologéiert gi sinn nom Gesetz vum 18. Juni 1969.

Am Alinea 9 gëtt festgehalen, datt d'Schoulmeeschtere vum Enseignement préparatoire rekrutéiert ginn ënnert de Schoulmeeschtere vum Enseignement primaire oder ënnert de Kandidaten, déi admissibel si fir d'Funktioun vum Schoulmeeschter vum Enseignement primaire.

Am Alinea 18 steet, datt d'Fonctionnairë vun der Carrière vum Redakter a vum Expéditionnaire administratif, déi déi administrativ Gestioun an engem Lycée solle maachen, ënnert de Fonctionnairen oder Stagiairë vun deeneselwechte Carrièrë vun der Regierungsverwaltung rekrutéiert an an de Lycée détachéiert ginn.

An all Lycée kann ee Fonctionnaire oder Stagiaire vun der Carrière vum Redakter autoriséiert ginn, den Titel Secrétaire ze droen, ouni datt doduerch weder säi Rang, nach säi Gehalt geännert ginn.

Entgéint dem initialen Text proposéiert am Artikel 5 d'Kommissioun, den Accès zur Funktioun vum Lycéesdirekter net op d'Kandidaten aus der Carrière vum Grade E7 ze limitéieren, mä op all Kandidaten aus der Carrière supérieure vun de Graden E5 bis E7 auszedehnen. D'Kandidate mussen op d'manst fënnef Joer dem Personal vun der Carrière supérieure ugehéiert hunn. An alle Lycéeë kënnen d'Fonctionnairen aus der Carrière supérieure, déi an de Graden E5 bis E7 klasséiert sinn, op d'Funktioun vum Directeur adjoint genannt ginn.

D'Funktioun vum Directeur adjoint ass am Grad E7ter klasséiert, wann den Titulaire ënnert den Enseignanten aus dem Grad E7 rekrutéiert gëtt, am Grad E6ter, respektiv E5ter bei Rekrutéierung aus de Graden E6, respektiv E5.

Den Direkter an den Directeur adjoint gi vum Grand-Duc genannt. Fir d'Direktioun vum Régime préparatoire kann de Lycéesdirekter sech assistéiere loosse vun engem Chargé de direction à tâche partielle ou complète, deen ausgewielt gëtt ënnert de Fonctionnairë vun der Carrière moyenne ou supérieure.

De Chargé de direction gëtt vum Minister genannt. D'Dauer vu sengem Mandat a seng Attributioune ginn duerch Règlement grand-ducal definéiert. Hie kritt während sengem Mandat eng Prime non pensionnable, déi variéiert en fonction vum Volume vu senger Tâche, ouni awer kënne 45 Indexpunkten ze dépasséieren.

Den Artikel 6 begräift eng Rei Modifikatiounen, déi duerch dëst Gesetz an aner Gesetzer virgeholl ginn. Esou gëtt zum Beispill den Artikel 19, Paragraph 1 vum Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert de Regime vun de Gehälter vun de Statsbeamte folgendermoosse geännert:

Um Schluss vum Stage pédagogique ginn d'Stagiairen an deene verschiddene Funktiounen, E2 bis E7, als Kandidate fir déiselwecht Funktioun nominéiert an hir Carrièrë gi reconstituéiert. Während där Zäit vun hirer Kandidatur ginn an hirem Traitement Reduktiounen tëschent 18 an 30 Indexpunkte virgesinn, ouni datt hiren Traitement ënnert dem véierten Échelon vun hirem Grad leie kann. De Kandidat, dee säin Travail de candidature net mat Succès um Enn vun der Kandidaturperiod presentéiert huet, behält seng Nominatioun als Kandidat an d'Reduktioune gi weider applizéiert. Um Schluss vun der Kandidatur gëtt de Kandidat, dee mat Succès ofgeschloss huet, a senger Funktioun nominéiert an d'Reduktioun gëtt suppriméiert.

Den Artikel 17 vum Gesetz vum 5. Juli 1991 gëtt folgendermoosse geännert: D'Contrats à durée déterminée tëschent dem Stat an de Gemengen engersäits, an de Chargés de direction vun enger Klass vum Préscolaire oder vum Primaire, de Chargés d'éducation vun de Lycéeën, den Agents socio-éducatifs, de Chargés de cours du Service de la Formation des Adultes, de Chargés de cours du Service de la Formation professionnelle, de Chargés de cours vum Centre de langues, de Chargés de cours vun dem Service de l'Éducation différenciée an de Chargés de cours vum Centre de logopédie anerersäits, kënne méi wéi zweemol erneiert ginn, souguer fir eng Gesamtdauer, déi iwwer 24 Méint erausgeet.

Den Artikel 7 enthält eng Rei Iwwerganksbestëmmungen. Esou ginn am Alinea 1 d'Funktioune vum Professeur de sciences commerciales, vum Instituteur d'enseignement technique, vun der Institutrice d'enseignement ménager agricole a vum Secrétaire vun den Établissements scolaires oprecht erhalen, am Kader vum Personal vun de Lycéeën, fir Titulairen déi am Déngscht sinn oder am Congé sans traitement, wann dëst Gesetz a Kraaft trëtt. Den Alinea 2 enthält déiselwecht Bestëmmunge fir d'Poste vun de Chargés de cours.

An den Alineaë 5 bis 8 ginn déi perséinlech Situatioune vu véier Enseignanteën aus dem Lycée technique pour professions de santé geregelt, deenen duerch fréier Gesetzer net Rechnung gedroe ginn ass, esou bei der Reorganisatioun vun den öffentlechen a private Schoule fir Infirmièren an Infirmieren. Si kommen heimat an de Genoss vun deeneselwechten Iwwerganksbestëmmunge wéi hir Kolleegen, op der Basis vum Gesetz vum 11. Januar 1995, dat dës Reorganisatioun festleet an d'Kollaboratioun tëschent dem Ministère vun der Éducation nationale an dem Ministère vun der Santé reglementéiert.

Am Alinea 10 geet et ëm een ARBED-Aarbechter, zënter 1997 mat engem CATP als Schräiner am Lycée Michel-Rodange. Hie gëtt an dësem Etablissement zum Stage fir d'Funktioun als Handwierker zougelooss a vum Examen-concours dispenséiert.

Den Alinea 11 leet fest, datt den Aarbechter, dee säit 1992 am Lycée technique agricole zu Ettelbréck beschäftegt ass, als Employé de l'État am selwechte Lycée kann engagéiert ginn. Hie gëtt autoriséiert den Titel Bibliothécaire vum Lycée technique agricole d'Ettelbruck ze droen.

Den Alinea 12 bestëmmt, datt eng Employée de l'État, déi den Diplom als Éducateur gradué huet an am Lycée technique d'Ettelbruck affectéiert ass, op d'Funktioun vum Éducateur gradué ka genannt ginn. Si ass vum Examen-concours, vum Stage a vum definitiven Examen d'admission dispenséiert.

Den Artikel 8 hält fest, datt all gesetzlech Bestëmmungen, déi contraire zu dem neie Gesetz sinn, ofgeschaf sinn, mat Ausnahm vun de grossherzogleche Reglementer, déi a Kraaft bleiwen esoulaang se net duerch Règlements grand-ducaux ersat ginn, déi op Basis vum neie Gesetz geholl goufen.

Am Artikel 9 gëtt festgehalen, datt ënner enger verkierzter Form op d'Gesetz ka Referenz gemaach ginn, andeem nëmmen de Punkt a) aus dem Intitulé gebraucht gëtt: «Projet de loi portant fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique».

Am Artikel 10 proposéiert d'Kommissioun een Datum fir d'Akraafttriedung vum neie Gesetz anzeschreiwen, an zwar fir d'Rentrée scolaire 2005/2006.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech wëll heimat och den Accord vun eiser Partei zum Gesetz ginn.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Diederich. Als éischt Riednerin ass d'Madame Marie-Thérèse Gantenbein ageschriwwen. Madame Gantenbein, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen** *(CSV)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, den Enseignement ass ëmmer erëm ee vun deene grousse Chantieren, eng vun deene groussen Erausfuerderungen, där eng Regierung sech stelle muss. De Projet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass een Deel dovun.

Wann et an dësem Projet och net ëm déif gräifend Schoulinhalter geet, dann ass et awer e wichtege Projet, well et en noutwendege Projet ass, deen eise Lycéeën a Lycée-techniquen eng eenheetlech Visibilitéit a méi eng kloer Lisibilitéit gëtt, déi béid net ze ënnerschätze sinn.

Dëst Gesetz gouf, wéi scho gesot vum Rapporteur, vun der fréierer Ministesch Anne Brasseur déposéiert, vun der jëtzeger Ministesch iwwerholl an amendéiert opgrond vum Avis vum Statsrot an opgrond vu Recommandatiounen a Propositioune vun der parlamentarescher Kommissioun.

Fir d'Alleréischt géif ech awer gären e grousse Merci soen dem Rapporteur vun dëser Gesetzesvirlag, dem honorabele Fernand Diederich. Hien huet eng kompetent Aarbecht geleescht an an der Kommissioun si mer relativ schnell, an zwar an dräi Sëtzungen, duerch dëse wichtegen Text gaangen, deen déi bestehend Législatioun an engem eenheetlechen Text harmoniséiert.

Zum anere ginn eng Rei nei administrativ Carrièren an eise Schoulen an d'Liewe geruff, an d'Fonctionnairen aus dem SPOS ginn an de personelle Kader vun de Schoulen integréiert. Op déi meeschte Froen, déi mer an der Kommissioun gestallt hunn, konnte mer, mengen ech, räsonnabel Léisunge fannen, déi bei de Betraffenen op keng gréisser Oppositioun wäerte stoussen. Zu gudder Lescht bezitt sech den Aspekt vun der Harmonisatioun och nach op vereenzelt Carrièren a verschidde Beruffssparten, déi während Joren an der Loft houngen, an déi duerch den Artikel 7 iwwert d'Dispositions transitoires regulariséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Organisatioun vum Personal, souwuel am Enseignement secondaire wéi am Secondaire technique, ass bis dato duerch eng Rei Gesetzestexter reglementéiert. A muneche Postprimärschoule gëtt haut souwuel den Enseignement secondaire wéi och den Enseignement secondaire technique ugebueden. Si ënnerstinn deemno och därselwechter Direktioun, déi de personelle Kader ze organiséieren huet. An dës Entwécklung geet och nach weider; et gouf och éineschters dorop higewisen.

E Lifting vun der bestehender Législatioun ass also net vu Muttwëll, well d'Schoulorganisatioun no eenheetleche Prozeduren oflafe kann. Meng Fraktioun an ech, mir kënnen eis deemno total hannert d'Zilsetzung vun dëser Gesetzesvirlag stellen.

Et gouf mat dësem Text och dovunner profitéiert fir weider Modifikatiounen un der bestehender Législatioun virzehuelen, déi sech virun allem op verschidde Carrièrë bezéien. Ech entschëllege mech duerfir, wann ech dat eent oder dat anert widderhuelen, mä dat ass nun eemol den Inhalt vun deem Gesetz. Esou sinn an der Carrière supérieure vun der Administratioun d'Fonctioun vum Psycholog, an der Carrière moyenne déi vum Assistant social a vum Éducateur gradué, an der Carrière inférieure d'Carrière vum Éducateur agefouert ginn.

Domadder ass d'Personal vum SPOS, dat bis elo am personelle Kader vum CPOS, dat heescht dem Centre de psychologie et d'orientation scolaires, integréiert war, an de personelle Kader vun eise Lycéeën an eisen technesche Lycéeën integréiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, wat esou reglementaresch kléngt an ausgesäit, an och ass, huet a mengen Aen awer e Stellewäert, op deen ech wëllt kuerz agoen. Eis Schoulpopulatioun huet sech fundamental geännert, well d'Gesellschaft sech geännert huet. An dës Schoulpopulatioun ass de Produkt vun enger Gesellschaft am Wandel an dréit u sech d'Konsequenze vun dësem Wandel a vun dëser Verännerung.

D'Roll vum Psycholog, vum Assistant social, vum Éducateur gradué a vum Éducateur ass eminent wichteg, well d'Schoul ass scho laang net méi nëmmen d'Plaz vun der Wëssensvermëttlung a vun der intellektueller Formatioun vun de Schüler a Studenten. Mir wëssen et, fragiliséiert Familljen; och eng gewëssen Orientéierungslosegkeet mécht sech breet, och e gewëssene Wäerteverfall an eiser Gesellschaft si Barrièrë fir d'Schüler an d'Studenten um Wee vun der Sich no hirer eegener Identitéit. An déi Barrièren hunn eng vermindert oder gestéiert Opnahmefäegkeet am Unterrecht zur Konsequenz.

De Mënsch Schüler an de Mënsch Student als Ganzt ze betruechten an hien net eleng ze loosse mat senge Suergen, senge Problemer, sengen Ängschten, heiansdo mat sengen Existenzängschten, dat ass de Rôle vum Service de psychologie, deem säi Personal elo zum Staff vun all Lycée gehéiert.

Ech weess, villes, fir net ze soen dat meescht an de Schoule leeft gutt. Et ass awer net ze verkennen, datt Problemer wéi Sucht, Drogen, Gewalt a Mobbing Fakten an traureg Realitéiten an eise Lycéeë sinn. Hei kann nëmme mat engem konsequente professionellen a liewensnoen Travail socio-éducatif gehollef ginn. Ech géif mer och wënschen, datt d'Orientation scolaire an eise Lycéeën enger Evaluatioun an enger Redefinitioun ënnerzu géif ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, e Wuert zum Préparatoire, deen zënter 1994 an den Enseignement technique integréiert ass. Mir wëssen, datt et e schwieregt Schoulpflaster ass, deem d'Politik eng besonnesch Opmierksamkeet schëlleg ass: Der Schoulpopulatioun an och dem Personal, deem vill Fangerspëtzegefill, vill Kraaft, vill Ausdauer, vill Motivatioun an och vill Engagement ofverlaangt gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Schoule schaffen ëmmer méi mat der Entwécklung vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, fir eis Schüler op d'Ufuerderunge vun der Zäit an dësem Beräich besser erunzeféieren. Aus dësem Grond gouf d'Carrière vum diploméierten Informatiker och an d'Carrière moyenne vun der Administratioun integréiert.

Den Ëmgank mat den neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien ass haut fir vill Schüler eng Selbstverständlechkeet, well se fréizäiteg, souwuel an der Primärschoul wéi och doheem, un de Computer erugefouert goufen. Si si gewinnt mam Computer ze liewen, de Computer ass en Outil de travail wéi d'Buch oder e Bic.

Et dréint sech hei ëm en ekonomeschen Enjeu, wann eis Schüler sech mat de Standarde vun der elektronescher Dateveraarbechtung beschtens auskennen, fir als kompetitiv Aarbechtskraaft op den Aarbechtsmaart ze gelaangen. Et ass duerfir wichteg, datt eis Schoulen iwwer qualifizéiert Personal verfügen, wat ëmmer op der Plaz ass an zum Staff gehéiert.

Eng lescht wichteg Neierung ass d'Harmonisatioun vun den Nominatiounskonditioune vun den Direkteren an den Directeurs adjoints am Enseignement secondaire a secondaire technique. An dësem Kontext ass ervirzehiewen, datt d'Kommissioun der Meenung war, d'Kandidature fir dës Posten net nëmmen op de Grad E7 ze beschränken, mä och op den E5 an den E6 auszedehnen. Dëse Virschlag huet duerfir och säin Néierschlag am virleienden Text fonnt.

En anere wichtegen Aspekt vun dësem Projet, dee mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, ass deen iwwert d'Opportunitéit fir d'Carrière vum Professeur de formation morale et sociale am Text virzegesinn. A wéi de Rapporteur schonn ausféierlech doriwwer bericht huet, géif ech mer erlaben dat ze iwwergoen a weider nëmmen drop hinzeweisen, dass an der Kommissioun d'Fro gestallt ginn ass, ob d'Professeurs de formation morale et sociale - dat heescht d'Spezialisatioun „Philosophie" gouf duerch d'Formation morale et sociale complétéiert - och kéinten en Direkter- oder en Adjointsposten iwwerhuelen. Do huet d'Ministesch eis verséchert, datt et keen Argument géif gi wat dogéint géif schwätzen, well déi allermeescht jo eng Formatioun an der Philosophie hunn.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 4. Januar 2005 ënner anerem och nach drop higewisen, datt d'Professeren an de Sproochen an an de Sciencen iwwer e Premièresoder Treizièmesdiplom, oder iwwer en équivalenten Diplom, dee se aus dem Ausland kritt hunn an deen zu Lëtzebuerg unerkannt ass, musse verfügen. Doriwwer eraus mussen si hir auslännesch Diplomer no den Dispositiounen aus dem Gesetz vum 18. Juni '69 iwwert den Enseignement supérieur homologéiere loossen. Nei ass, datt och Lëtzebuerger Diplomer duerch d'Uni Lëtzebuerg ausgestallt kënne ginn, déi natierlech och homologéiert musse ginn. Dëse Remarquë konnt sech d'Kommissioun virbehaltslos uschléissen.

Dir Dammen an Dir Hären, e leschte Punkt, dee mer an der Kommissioun op Basis vum Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics duerchdiskutéiert hunn, ass deen iwwert d'Schafung vun engem sou genannten Administrateur en charge des multiples tâches organisationnelles techniques, deen ënnert der Responsabilitéit vun der Direktioun géif agéieren.

Virun allem um Niveau vun de para- a perischouleschen Aktivitéiten huet sech an de leschte Joren an eise Schoule ganz vill gedoen. Fir d'Organisatioun vun dësen Aktivitéite wiere gutt strukturéiert Direktiounen noutwendeg. Déi Déchargen, déi verschidde Proffe géife fir dës Aufgaben zougestane kréien, géife laut der Beamtechamber der Envergure vun der Aufgab net gerecht ginn.

Déi Responsabel aus dem Ministère haten sech an der Kommissioun an enger éischter Phas dofir ausgeschwat, d'Missioun vun esou engem Attaché méi kloer ze definéieren. D'CSV-Membere waren och der Meenung, datt sech de Corps enseignant an deem Fall besser op seng eigentlech Tâche kéint konzentréieren. Dëse Virschlag ass awer finalement net vun der Kommissioun zréckbehale ginn, fir um bestoende System weiderhi festzehalen. Eng Léisung, mat där d'CSV-Fraktioun awer och liewe kann.

Ech perséinlech sinn der Opfaassung, dass d'Direktioun e „Contact épidermique", wéi d'Beamtechamber et nennt, dat heescht en direkte Kontakt mat an zu de Schüler an de Proffe muss hunn. De Bien-être vun de Schüler an de Studenten, de Bien-être vun de Proffen, PISA 1 a PISA 2, d'Gestaltung vun der Schoul vum drëtte Jordausend, och déi spezifesch Identitéit vun de verschiddene Lycéeën, d'Wëssen ëm d'Verantwortung fir d'Formatioun vun den nächste Genera-

tiounen, brauchen Direktiounen, déi Zäit hunn, fir dëser Missioun gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, datt d'Haaptelementer vun dësem Text schonn alleguer duergeluecht goufen. D'CSV-Fraktioun stellt sech hannert d'Zilsetzung vun dësem Text, dee seng Feierprouf bei der nächster Rentrée scolaire wäert hunn an dee virun allem d'Organisatioun vum Personalkader an de Lycéeën, déi souwuel de Classique wéi och den Technique ubidden, wesentlech wäert vereinfachen. An deen dozou bäidréit, dass all eenzelne Lycée e geschlossene schoulesche Liewensraum fir d'Schüler, fir d'Studenten, fir d'Personal a fir d'Direktioun ass.

Mam Accord vu menger Fraktioun schléissen ech of a soen lech Merci fir Är Gedold an Är Opmierksamkeet.

**M. le Président**.- Merci, Madame Gantenbein. Als nächst Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur!

**Mme Anne Brasseur** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, souwuel de Rapporteur, den honorablen Här Diederich, wéi d'Spriecherin vun der CSV, déi honorabel Madame Gantenbein, sinn esou am Detail op dëse Projet de loi agaangen, dass ech dat wierklech net méi muss maachen.

Ech muss lech soen, an dat soen ech à titre personnel, dass et mech freet, dass dëse Projet esou in extenso hei expliziéiert ginn ass. Et ass e Projet de loi, deen am Januar 2004 déposéiert ginn ass, an engem ganze Kader. Nämlech d'lescht Joer ass hei ee Gesetz gestëmmt ginn iwwert de Fonctionnement, iwwert d'Strukturen, iwwert d'Organisatioun vu de Lycéeën an de Lycées techniques, an dat hei ass de Corollaire dozou, fir dass een d'Personalstrukturen och an engem Gesetz huet.

Well, wéi de Rapporteur dat virdrun expliziéiert huet, sinn et ganz vill Gesetzer ginn a si wore souguer zum Deel contradictoire. An et kann dach net sinn, dass mer an engem System, wou et ee Patron gëtt, dat heescht d'Éducation nationale, an engem Type d'enseignement, dat heescht den Enseignement postprimaire, dass mer am Fall sinn, dass, je nodeem wou een d'Nominatioun kritt, d'Referenz op aner Gesetzestexter spillen. An de But dovun, dat wor dat alles an engem Gesetzestext zesummenzebréngen.

Wéi d'Madame Delvaux sech an der Kommissioun ausgedréckt huet, ass dat hei e ganz kompliziéiert Gesetz, well mer hei an d'Personalstrukturen an an d'Definitioun vu verschiddene Carrièren eraginn.

Ech wëll op dëser Plaz all deenen Expertë Merci soen, déi a fënnef Joer mir d'Méiglechkeet ginn hunn, e bësse méi kloer ze gesinn an dëser ganz komplizéierter Matière. An ech mengen et ass och wichteg, dass mer elo déi gesetzlech Basis hei schafen, dass jiddfereen, deen am Enseignement secondaire oder Enseignement secondaire technique schafft, ee Referenzgesetz huet, wou seng Carrière och dann dran definéiert gëtt.

Deen Text hei ass am Januar 2001 déposéiert ginn, an et wor am Fong dru geduecht dee parallell mat deem iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën ze stëmmen. Dat ass awer net gemaach ginn, well den Avis vum Conseil d'État louch net vir; dat ass awer elo nogeholl ginn.

Elo an der Kommissioun sinn eng Rei Ännerungen un deem Projet komm; Ännerungen, mat deenen ech selbstverständlech och d'accord sinn. Besonnesch eng Ännerung, déi ech ganz gutt fannen, dat ass déi, dass mer et e bëssen méi fäerdeg bruecht hunn den Terme vu Professeur de formation morale et sociale eranzebréngen. Dat ass keng Fonctioun beim Stat, well et do keng Ausbildung gëtt, esou wéi d'Madame Gantenbein dat virdrun expliziéiert huet. Mä et ass awer wichteg, dass mer ernimmen, dass et déi Fonctioun gëtt, an dofir hu mer dat un d'Philosophie ugepasst. An ech fannen et wichteg, dass mer och eng Referenz dorop hunn, net nëmmen an de Coursen, mä och op där anerer Säit bei den Enseignanten.

Zur Formation morale et sociale wollt ech nach soen, dass an deene leschte Jore ganz vill Effortë gemaach si ginn, fir Enseignanten auszebilden. Well et geet net duer Philosophie studéiert ze hunn, et muss een och nach d'Fachrichtung „praktische Philosophie" studéiert hunn, wat awer net iwwerall enseignéiert gëtt op den Universitéiten, fir mat där Matière eens ze ginn.

Dofir ass vun enger zoustänneger Kommissioun vu Philosprofesseren e System ausgeschafft ginn, mat Hëllef vun auslänneschen Experten, fir eng ganz gutt Formatioun an deem Domän ze maachen. An ech mengen dat ass och wichteg esou, well dat Fach, dat kritt ëmmer méi Bedeitung, besonnesch an enger Zäit wou déi Wäerter, déi ee siche geet, net méi esou ganz kloer palpabel sinn a wou mer deene Jonke mussen d'Méiglechkeet gi Strukturen ze erkennen, Valeuren ze gesinn a wou se an engem oppene Geescht drun erugeféiert ginn. Dofir sinn ech ganz frou, dass déi Formatioun och elo leeft.

Bei engem Projet de loi wéi deem heiten, Här President, do kéint een natierlech iwwer alles am Schoulwiese schwätzen, am Secondaire oder am Secondaire technique, wéi zum Beispill iwwert de Critère de promotion, wou vill driwwer ze soe wier, wéi beispillsweis iwwer e Règlement de discipline, wou vill driwwer ze soe wier. Ech wäert dat awer net maachen. Ech respektéieren d'Reglement an ech wäert mech un dësen Text halen, fir lech just nach ee Punkt ze relevéieren an dat ass dee vun de Chargés d'éducation am Secondaire an am Secondaire technique. Do huet d'Madame Minister an der Kommissioun gesot, si géing deen och probéieren ze léisen an ee Moment hat se souguer geduecht dee mat dësem Projet ze léisen.

Mir hunn e Problem am Enseignement well mer ëmmer mussen - an d'Organisatioun gëtt dat esou hier - op Leit zréckgräifen, déi keng definitiv Ustellung kréien. Dat war am Primaire esou mat all deene Konsequenzen, déi mer kannt hunn, an duerfir sinn ech frou, dass mer do konnten e Gesetz driwwer stëmmen, fir dat awer an uerdentlech Bunnen ze bréngen, an dass déi Leit, déi dovu betraff waren an déi jorelaang gutt Déngschter am Enseignement geleescht haten, och eng Sécherheet hunn. Et ass natierlech kee Fräifahrtsschäi fir an den Enseignement ze kommen ouni Qualifikatioun. Dat kann et net sinn.

De Problem ass awer am Postprimaire nach net geléist. Ech muss dat zouginn. Ech hätt léiwer gehat, ech wier selwer do e Schratt virukomm. Duerfir sinn ech frou, dass d'Madame Delvaux gesot huet, dass se do un der Elaboratioun vun engem Projet de loi wieren, dee méi kompliziéiert ass wéi dee vum Enseignement primaire, well am Enseignement primaire gëtt et en Enseignant unique, an am Secondaire huet een d'Spezialitéiten, an do ass et vill méi schwiereg, dann d'Attributioun vun de Posten ze maachen. Ech wier frou wann d'Madame Minister ons kënnt soen, wéini si rechent, dass e Projet de loi kënnt op den Instanzewee goen, fir de Problem vun de Chargés d'éducation an dem postprimairen Unterrecht kënnen ze regelen.

Dat sinn déi puer Remarquen, déi ech zu dësem Projet wollt maachen. An ech si frou, dass dat e Projet ass, dee vun där jëtzeger Majoritéit och opgegraff ginn ass, an dass en och d'Approbatioun vu wéinstens der LSAP- a vun der CSV-Fraktioun - déi aner hu mer jo nach net héieren - kritt. Déi aner Fraktioune wäerte mer jo nach héieren. Ech op jiddfer Fall bréngen den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Scheuer.

**Une voix**.- En ass net do.

**M. le Président**.- Den Här Scheuer schéngt net do ze sinn. Da komme mer zum nächste Riedner, dat ass den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hale mech e bësse mat der Madame Brasseur, ech wëll och deene Virriedner Merci soe fir d'Ausféierlechkeet an ech wëll mech och kuerz faassen. Ech gi ganz kuerz an op den Exposé des motifs vun dësem Gesetzestext. Do si fënnef Ziler opgezielt, déi mat dësem Gesetz sollen erreecht ginn.

Éischtens, an engem eenzegen Text sollen déi verschidden Dispositioune zesummegefaasst ginn, déi d'Personalkaderen an de Lycéeën an an de Lycée-techniquë betreffen.

Zweetens, dës verschidden Dispositioune sollen harmoniséiert ginn, well mëttlerweil ëmmer méi Lycéeë souwuel Lycée technique wéi och Lycée classique sinn.

Mir begréissen dës Ziler ausdrécklech a sinn och der Meenung, datt se mat dësem Gesetz erreecht ginn. Mir wënschen eis, datt all Lycée an Zukunft souwuel Schüler vum Lycée technique préparatoire, vum Lycée technique a vum Lycée ophëlt. Nach méi schéi wier et jo, wa mer an den ënneschte Klassen eng Filière unique hätten, mä hei zu Lëtzebuerg schéngt mir jo déi Eenzeg ze sinn, déi net um dräigliddrege Schoulsystem, deen et just am däitsche Sproochraum gëtt, wëlle peche bleiwen.

*(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)*

Déi éischt zwee Ziler sinn an der Rei. Op dat drëtt Zil wëll ech e bësse méi am Detail agoen, duerfir setzen ech dat un de Schluss. Mat dem véierten Zil, d'Leit vum SPOS an de Personalkader vun de Lycéeën ze integréieren, schéngt eis elo och eng iwwerfälleg Mesure geholl ze ginn, a mir stëmmen deem zou. Mir mengen et wier och vläicht eng Geleeënheet driwwer nozedenken, wéi dann de Service de Guidance de l'Enfance an de SREA besser an d'Primärschoul kéinte verankert ginn. An datt mir als fënneft Zil och nach eng Rei Carrièresproblemer léise kënnen, dat ass nun emol den Avantage vun engem klenge Land wou alles méi iwwersiichtlech ass, a mir fannen dat och ganz an der Rei.

Ech kommen nach eng Kéier zréck op dat drëtt Zil, «élargir les cadres du personnel par la création de nouvelles carrières dans l'administration». Do di mir eis e bësselche méi schwéier mat. Grad ewéi d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics si mir der Meenung, datt et dem Gesetz hei e bëssen u Gehalt feelt. Et ass e ganz konservativt Gesetz, dat schonns eng ganz Rei Froen aus der Vergaangenheet zefridde stellend regelt. Eis feelt awer e couragéierte Bléck no vir, d'Aplange vu Besoinen, wou mir elo schonns wëssen, datt si op eis zoukommen.

Dozou gehéiert zum Beispill d'Aféierung am Personalkader vun engem Administrateur, dee sech ëm eng ganz Rei technesch an administrativ Problemer géing këmmeren. D'Statsbeamtekummer freet esou e Posten, an de Statsrot hätt och kee Problem domat. D'Chamberkommissioun mengt, datt d'Lycéesdirektere jo ëmmer d'Méiglechkeet hätten, sech Enseignanten erauszesichen, déi dann eng Décharge kréichen, fir d'Direktioun bei hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen. Dat ass richteg, huet awer och virun allem een Nodeel: E Professer huet net onbedéngt déi néideg Kenntnisser am Management, déi hei verlaangt sinn.

Wa mir eis also eens sinn, a PISA huet et jo bestätegt, datt eis Schoule méi Fräiheet, méi Autonomie brauchen, da musse mir eis och Gedanken driwwer maachen, wéi eng Struktur d'Schoulen eventuell an Zukunft brauchen, fir hir Autonomie och sënnvoll kënnen ze gebrauchen. Dobäi schwätze mer natierlech ëmmer vun enger relativer Autonomie vun de Schoulen, net vun enger totaler Fräiheet.

Ech zitéieren aus engem Buch, „Institutioneller Schulentwicklungsprozess" vum Dalin. Dee mécht de Verglach vun der Fräiheet vun der Schoul mat engem Hond un der Léngt. D'Professeren an d'Professeschen hunn am Prinzip d'fräi Wahl vun hire Methoden a kënnen an all Himmelsrichtunge goen, allerdéngs ëmmer nëmmen esou wäit wéi hire Meeschter, den Direkter oder respektiv de Ministère, se fortloossen.

Anerersäits ass et awer och fir eng Ministesch oder en Direkter praktesch onméiglech, innovatiivt Handelen an Denken ze erzwéngen. Eng Schoul ass ënner anerem och eng öffentlech, net profitorientéiert Organisatioun. Wéi all Organisatioun ass eng Schoul net statesch, mä entwéckelt sech bestänneg weider. Et ass esou, datt kolleegial Kulturen, wou d'Leit offen an zesummeschaffen, der Weiderentwécklung vun de Schoulen am meeschten hëllefen.

Mir mengen et wier duerchaus sënnvoll, den Direktiounen d'Méiglechkeet ze ginn, eng Rei vun hiren administrativen an techneschen Aarbechten u speziell ausgebilte Leit weiderzeginn. D'Direktiounen hätten da méi Zäit, sech ëm hir pedagogesch Aarbecht ze këmmeren, wéi zum Beispill d'Betreiung vun de Proffen an de Schüler, d'Abezéie vun alle Membere vun der Organisatioun Schoul, fir hir zukünfteg Planungen.

Mir sinn der Meenung, datt et gutt gewiescht wier, déi Aufgabe vu Management, déi an Zukunft bestëmmt nach ëmmer méi grouss ginn, méi explizit virzegesinn. Et wier och wahrscheinlech och interessant gewiescht, an der Direktioun Plaz ze maache fir Leit, déi net onbedéngt Enseignantë sinn. Dat géing eventuell fir frësche Wand suergen.

Ofgesi vun dëse Remarquen, menge mir awer, datt d'Gesetz am Grousse a Ganze ganz vill positiv Aspekter huet, an ech bréngen och den Accord vun der gréngen Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, ech wollt lech froen, den Här Mehlen ass och nach ageschriwwen. Kënnt deen och nach?

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Also, Här President, ech wollt meng Membere vun der Fraktioun entschëllegen. Dir wësst, datt onsem Fraktiounschef seng Mamm gestuerwen ass, an doduerch hunn e puer Kolleegen et fir richteg fonnt, fir haut bei deem Begriefnes derbäi ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, wat mer hei virleien hunn, huet de Mérite, datt et eng Harmoniséierung an eng Codificatioun vu bestehende Gesetzgebungen virhëlt, an datt et och verschidden interessant Neierunge mat erabréngt. An deem Sënn kënne mer och mat deem Gesetz d'accord sinn. Mä et sinn e puer Punkten, wou mer awer net domat d'accord sinn.

Een, deen ass vläicht manner wichteg, mä en ass awer hei scho vun e puer Virriedner ugeschwat ginn, dat ass deen, datt mer net d'Geleeënheet genotzt hunn, fir de Postë vum Attaché à la direction à tâche partielle oder complète virzegesinn. D'Chambre des Fonctionnaires huet mat Recht dat gefuerdert. Mir ginn och net midd, dat heiten an der Chamber ze fuerderen, schonn zënter Joren, well et ass wichteg, datt, a jee no der Importenz vun de Gebaier, déi administrativ Tâchen net vun Enseignantë beluecht ginn, déi sech sollte besser op den Enseignement konzentréieren.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, firwat et all Kéiers muss mat Déchargë goen, wann esou Tâchë vun Directeur adjoint an de Lycéeë virgesi sinn. Et misst een och d'Méiglechkeet schafe vun enger Indemnitéit, déi deen Ablack och manner op de Volume vun den Enseignantsstonnen, déi kënnen enseignéiert ginn, géing drécken.

Mä den Haaptpunkt awer, woufir mer net kënne mat deem Gesetz hei d'accord sinn, läit an der Dispositioun déi seet, ech wëll se nach eng Kéier ganz virliesen, fir datt ee ganz genau gesäit, wourëmmer et geet: «Par dérogation à la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail, les contrats à durée déterminée conclus entre l'État ou la commune, d'une part, et le chargé de direction d'une classe de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire, le chargé d'éducation des lycées, l'agent socio-éducatif d'une administration ou service dépendant du département de l'éducation nationale, le chargé de cours du service de la formation des adultes, le chargé de cours du service de la formation professionnelle et le chargé de cours du Centre de langues Luxembourg, le chargé de cours des instituts et services d'éducation différenciée et le chargé de cours du Centre de logopédie d'autre part, peuvent être renouvelés plus de deux fois, même pour une durée totale excédant 24 mois.»

Mir fannen et skandaléis, Madame Minister. Mir hunn hei schonn oft gesot, datt et zweeërlee Regimer fir d'Employés privés gëtt. Mir mengen, datt hei déiselwecht Gesetzgebung misst all Kéiers fir jiddfereen ubruecht ginn. Et ass a mengen Aen esouguer anti-constitutionnel wat hei geschitt, well hei verschidde Leit net déiselwecht Rechter kréien.

An ech hätt gär, Madame Ministerin, datt Der lech am Laf vun der Zäit och dovunner iwwerzeege loosst, datt dës Dispositioun misst geännert ginn. Si ass net richteg, si ass falsch. An dofir wäert Der verstoen, datt mer mat dësem Gesetz net d'accord sinn, well mer dat déi ganzen Zäit gefuerdert hunn. An hei gëtt et just nach ausgeweit.

Dat Zweet, wat een an dësem Kontext och muss soen, dat ass datt all déi Employés privés, déi fir Stat a Gemenge schaffen, natierlech och d'Chargés de cours, och nach keng Rechter hunn um syndikalistesche Plang. Si däerfe weder aktiv nach passiv un den Delegatiounen deelhuele fir d'Personal.

Do huet d'Cour constitutionnelle gesot, dat wier anti-constitutionnel. Dat gëtt vun där leschter Regierung, mä och vun dëser Regierung net bëuecht.

Et ass regrettabel, datt hei vun der Regierung keng kloer Linne kommen an datt net déi néideg Refor-

men duerchkommen. An ech erënneren drun, datt ech eng Propositioun de loi an deem Sënn deposéiert hat. Dat sinn déi Grënn, Madame Ministerin, woufir den ADR géint dëst Gesetz wäert stëmmen.

**M. le Président**.- Et schéngt keen Orateur méi do ze sinn. Dann hätt elo d'Regierung d'Wuert. Madame Minister, wann ech gelift.

**Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt Iech Merci soen, un éischter Plaz dem Rapporteur fir säi Rapport, mä all deenen Intervenantë vun de Mëtteg fir dee feinen Débat an dee largen Accord zu dësem Gesetz. Dat kann ech esou interpretéieren, dass et e Gesetz ass, wat eigentlech net weider iwwer pedagogesch Inhalter handelt, dat och net innovativ ass, mä et ass en nëtzlecht Gesetz.

Et ass e Gesetz wat d'Fonctionnement oder wat d'administrativ Aarbecht sécher méi einfach mécht, well mer jo an engem Text alleguerten d'Dispositiounen iwwert d'Astelle vun dem Personal vun de Lycéeën a vun de Lycée-techniquë sammelen. Dat ass also wierklech en utilen Exercice, well et och Contradictiounen ofschaaft. An dofir denken ech fënnt dat Gesetz och déi breet Zoustëmmung.

Et ass richteg, dass dat Gesetz hei de Corollaire ass vun dem Gesetz, wat am Juni 2004 gestëmmt ginn ass, iwwert d'Organisatioun des lycées. Et ass virdrun déposéiert ginn an et ass also indispensabel, dass mer dat Gesetz hei stëmmen. Besonnesch wat d'SPOSen ugeet, well an deem Gesetz iwwert d'Organisatioun des lycées drasteet, dass de SPOS ënnert der administrativer Tutelle oder ënnert der Hierarchie vum Direkter steet, an ouni dëst Gesetz ass dat eigentlech praktesch net machbar, well heimadder elo d'Personal vun de SPOSen an d'Gesetz an an de Kader vun de Lycéeën transposéiert gëtt.

Dofir wëll ech net all déi gutt Résuméën, déi iwwert dëst Gesetz gemaach gi sinn, nach eng Kéier widderhuelen. Ech wëllt just op déi eenzel Punkten agoen, déi hei vu verschiddene Riedner ervirgehuewe gi sinn.

Dat éischt iwwert d'Professeurs de philosophie, déi elo den Ajout dobäi kréien, dass se och Professeur de philosophie et de formation morale et sociale sinn.

***(Interruption)***

Also ech sinn net President!

***(Hilarité)***

Dat heescht, dass eigentlech d'Philosophiesprofessere rekrutéiert ginn. Wat déi fundamental Ännerung ass, dass domadder déi Leit, déi de Stage organiséiere fir d'Proffen, dass déi en Optrag kréien, dass an déi praktesch Formatioun vum Stage pédagogique dee Volet vun der Formation morale et sociale mat erakënnt, wat mengen ech eng wichteg Aufgab ass, fir de Stellewäert an och d'Qualitéit vun deem Fach ze ënnersträichen.

Dann ass dee leidege Problem vun eise Chargés de cours an de Lycéeën. Ech kann dem Här Henckes säin Opschräi do deelen a soen, et ass eigentlech net an der Rei, dass de Stat sech eng Derogatioun gëtt zum Aarbechtsrecht, andeem e méiglech mécht, dass een e Contrat à durée déterminée méi laang ka verlängeren, fir méi laang wéi de Privatpatron dat kënnen ze maachen.

Déi Dispositioun ass et gi fir sämtlech Lycéeën, dass een also eigentlech kann e Contrat à durée déterminée ëmmer erëm erneiert kréien. Déi eenzeg, déi déi Méiglechkeet net haten, dat war de Centre de langues an d'Formation des adultes, a grad do hu mer riseg Problemer mat Leit, déi ëmmer erëm Kontrakter kréien. Esou dass dat hei Gesetz déi Derogatioun eigentlech einfach nach eng Kéier confirméiert, déi mer schonn haten. Doduerch gëtt se net méi legitim.

Ech wär immens frou wa mer eng Léisung hätten, wou mer net bräichten dorobber zréckzegräifen, also dass mer eng aner Méiglechkeet hätten. Nun ass et awer beim Stat esou, entweder ass een dran oder et ass een eraus. An deem Sënn ënnerscheet dat sech vun engem Privatpatron an duerfir, ouni dass ech glécklech sinn iwwert déi Léisung, sinn ech awer frou, dass mer déi Léisung elo an dësem Gesetz hunn, well mer och an Zukunft a wahrscheinlech ëmmer an de Schoule Leit brauche mat Contrat à durée déterminée, notamment fir ze ersetzen; well mer jo do ëmmer mussen op Leit zréckgräifen.

Ech wëll awer parallell ee Gesetz maache fir d'Chargés de cours am Secondaire - d'Madame Brasseur huet mech gefrot, wéi et domadder wär -, well mer wëllen eng ähnlech Mesure maache wéi déi am Primaire gemaach ginn ass, fir dass mer Leit, déi laang an der Éducation nationale dra sinn an déi ëmmer erëm eng Tâche, oder iwwer eng hallef Tâche hunn, kënnten als Chargé de cours à durée indéterminée astellen.

Ech hat gehofft, mir géifen den Text fäerdeg kréien, fir en als Amendement nach mat heibäi ze bréngen, mä d'Chamber huet jo awer och en Appel u mech lancéiert, dass mer dat hei Gesetz net solle retardéieren duerch Amendementer. Den Text vum Gesetz ass an eisem Ministère fäerdeg an en ass och ofgeschwat gi mat der Fonction publique, esou dass ech e kann an de Regierungsrot weiderginn.

Mir mussen allerdéngs e Règlement grand-ducal dobäileeën, wou mer d'Konditioune vun der Formatioun festleeën. Mir musse soen, et kann een e Contrat à durée indéterminée kréien, wann ee verschidde Konditiounen erfëllt, déi sti jo am Gesetz, a wann een eng Formation complémentaire mécht. Am Primaire waren dat jo 120 Stonne Formatioun, déi déi Leit hu misse maachen, fir dann e feste Kontrakt ze kréien.

Am Postprimaire ass dat elo méi komplizéiert, well mer jo verschidde Formatioune mussen ubidden, well mer verschidden Disciplinëleit hunn. Mir hu Franséisch, mir hunn Däitsch, mir hunn Englesch, mir hu Maîtres de cours pratiques; mir hu vun allem.

***(Interruption)***

Där sinn der manner, mä et si ganz verschidde Spezialitéiten. Dofir gëtt déi Formatioun e bësse méi komplizéiert. Ech wëll d'Gesetz net op den Instanzewee ginn, bis mer de Règlement grand-ducal kënne matginn, fir dass ee sech eng Iddi gëtt. Mä ech sinn awer zouversiichtlech an ech hunn och d'Zouso kritt vun deene Leit, déi op deem Gesetz schaffen, dass mer dat virun der Summervakanz kënnen un de Regierungsrot ginn, sou dass dat Gesetz ganz geschwënn hei an d'Chamber kënnt.

Den Här Adam huet interessant Reflexiounen iwwert d'Struktur vun de Lycéeë gemaach. Ech maache mir déi Reflexiounen och. Mir hunn effektiv e Gesetz gestëmmt, oder Dir hutt e Gesetz gestëmmt, am Summer 2004 iwwert d'Organisatioun des Lycées, wou gesot ginn ass: Elo kréien d'Lycéeë méi eng grouss Autonomie. Et muss een awer gesinn, dass déi Autonomie de Moment relativ begrenzt ass. Si ass finanziell, mä an engem Kader, deen natierlech gestallt ass, mä wat d'Pädagogik ugeet sinn am Fong dräi Stonne Fräiraum gestallt an der Schoul.

Ech denken, dass ee muss weider iwwerleeën, wéi ee méi Autonomie a méi Verantwortung an dann awer och méi Evaluatioun an d'Lycéeën erabréngt. Dat ass en Exercice, deen ech awer wëll mat de Schoulen, mat den Enseignanten, mat den Direktiounen zesumme maachen. Ech mengen och, dass een an deem Kader dann definéiere soll, wat da genau d'Missioune vun enger Direktioun sinn.

Ech hunn e bëssen Angscht, wa mir elo einfach ee Beamte vun der Carrière supérieure administrative an eng Direktioun erasetzen, ouni ze definéieren, wat dann elo wien an der Schoul mécht, dass deen eigentlech e bëssen do doniewent leeft.

Ech mengen, et ass wichteg, a sinn do mam Här Adam d'accord, dass mir eng Équipe an eng Schoul kréien, eng Équipe, déi zesummen e Projet entwéckelt fir d'Schoul, wou souwuel d'Enseignantë wéi d'Direktioun sollen zesummeschaffen. Ech ginn awer d'Hoffnung net op, dass mir do e Schrëtt weiderkommen an dass mir dann op déi Fro do hei géifen zréckkommen, sou dass ech denken, dass ech op all Är Froen a Remarquë geäntwert hunn.

Et bleift mir dann, Iech Merci ze soe fir deen net totalen, mä grousse Konsens zu dësem Gesetz.

Merci, Här President.

**M. le Président**.- Merci, Madame Minister. Domat ass d'Debatt ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par Mme Lydie Err) et Mme Vera Spautz (par M. Jos Scheuer);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert d'Chamberkonte vum Joer 2003. Et ass bis elo just den Här Fayot ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

## 2. Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2003 - N°5470

***Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire***

**M. Henri Grethen** *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Fir mech selwer ass dat hei net eng Première, mä ech muss awer dësem honorabelen Haus soen, dass et fir d'Zweet a mengem Liewen als Parlamentarier ass, dass ech däerf Rapporteur sinn. Dir verstitt also dann…

***(Interruptions diverses)***

Genau, Här President, wéi den Här Huss seet, Dir verstitt jo da meng Nervositéit bei…

***(Interruptions et hilarité)***

**Une voix**.- Très bien!

**M. Henri Grethen** *(DP), rapporteur.*- A wéi, Här President, den Här Goerens richteg bemierkt, dat ass kee liichte Wee, fir dann esou eng wichteg Funktioun hei wouerzehuelen.

Ech wéilt och dofir all deenen, déi mir bei dëser schwiereger Aufgab behëlleflech waren, a besonnesch der Madame Biasini, villmools Merci soe fir déi Ënnerstëtzung, déi ech dobäi krut, an och all deenen anere Mataarbechter vum Greffe. Selbstverständlech soen ech och de Kolleegen aus der Kommissioun Merci.

Eis Aufgab als Kommissioun war desto méi einfach, well mir Ënnerstëtzung hate vun engem Réviseur d'entreprises indépendant, an zwar Mazars, deen och nach hei vun der Chamber bezeechent ginn ass, an deen déi Konten och fir eis nach eng Kéier nogekuckt huet. En ass och zur Konklusioun komm, dass déi Konten, sou wéi si der Chamber haut presentéiert ginn, an der Rei sinn.

D'Chamber hat fir den Exercice 2003 eng Dotation budgétaire kritt vu 25.616.520 Euro. D'Chamber huet ee gewësst Vermëigen an aus deem krute mir 160.735,33 Euro Zënsen, a mir haten eng Rei Produits exceptionnels fir ee Montant vu 17.064,25 Euro, wat en Total vu Recetten ergëtt vu 25.794.319,58 Euro.

Doniewent a wann een dann d'Recettë mat de Chargë konfrontéiert, hate mir Chargë fir 23.863.142,30 Euro, sou dass par rapport zu eise Revenuen en Excédent bliwwen ass vun 1.931.177,28 Euro. Déi Revenuen, oder deen Excédent kënnt da bei d'Excédentë vun deene Joren virdrun dobäi, an déi Excédentë vun deene Jore virdru ware cumuléiert 5.235.851,60 Euro, esou dass um Ufank vum Joer 2004 niewent der Dotation budgétaire vun deem Exercice d'Chamber iwwer Reservë vu 7.167.028,88 Euro verfügt huet. Dat soen ech hei, fir dass d'Kolleege mat enger gewësser Serenitéit deenen nächste Méint nach kënnen entgéintkucken.

Et ass jo ëmmer besser, Här President, et huet een eng kleng Mouk…

***(Hilarité)***

…wéi dass ee vum Budgetsminister absolut ofhängeg ass.

Mir stëmme jo als Chamber eisen eegene Budget. Mir ginn déi Suen och ënner eiser eegener Responsabilitéit aus.

Déi grouss Dépensepostë fir den Exercice 2003 waren déi folgend, ugefaang bei den Indemnitéite vun den Deputéierten, déi alleguer eng gesetzlech Basis hunn, dat war ee Gesamtmontant vun 8.872.568,92 Euro.

Da koumen eis Participatioun an internationale parlamentareschen Institutiounen, Frais de déplacement, awer och Frais de réception hei zu Lëtzebuerg, fir 563.194,39 Euro. An der Présidence ass dat nach méi grouss, ass dee Montant héchstwahrscheinlech nach méi importent, well Lëtzebuerg - an eise President leit dodrënner - bei internationale parlamentaresche Relatiounen am Moment äusserst beléift ass.

Dann hate mir 1.775.666,27 Euro; dat sinn déi Montanten, déi un déi verschidde Fraktioune gaang sinn, jee no der Opschlësselung vun der Fraktiounsstäerkt. Eis Mataarbechter hunn insgesamt 3.800.735,62 Euro un Traitementer an un Indemnitéite kritt.

D'Verwaltung u sech huet 7.607.665,76 Euro kascht, an de Compte rendu 1.243.311,34 Euro, wat eng Gesamtdépense ergëtt vun 23.863.142 Euro an 30 Cents.

An deenen Dépensen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sinn natierlech net d'Amortissementë fir d'Gebailechkeeten an och d'Loyere fir eenzel Gebailechkeeten abegraff. Hei sinn nëmmen d'Frais d'entretien dran, d'Botzen an esou weider, mä net wat de Loyer - entweder en theoreteschen oder e reellen - ugeet. Wann een dëse somptueuxen Hotel kuckt mat sengem Dekor 19e siècle, dann hat dat alles jo e Präis. Wann een dat misst amortiséieren, wat de Virgänger vun eisem aktuelle Greffier hei mat realiséiert huet, da géifen natierlech d'Dépensen nach wesentlech méi héich ginn.

Mä dat ass de Präis, Här President, dee mir fir d'Demokratie bezuelen an et muss een deen an d'Verhältnis setzen zu deenen Ausgaben, déi de Lëtzebuerger Stat insgesamt huet, an dann ass et fir d'Demokratie an d'Fräiheet awer ee ganz räsonnabele Käschtepunkt.

An dofir, Här President, well déi Konten hei vun engem Réviseur indépendant kontrolléiert gi sinn, well si vun der Kontekommissioun vun der Chamber nach eng Kéier kontrolléiert gi sinn a well si scho vun Ufank u richteg opgestallt waren, däerf ech och gudde Gewëssens der Chamber proposéieren, fir déi Konten unzehuelen an eng Resolutioun ze stëmmen, déi Dir op der Säit 18 vum Document parlementaire 5470 fannt, an déi folgende Libellé huet:

***Résolution***

*La Chambre des Députés,*

*vu le rapport de sa Commission des Comptes,*

*approuve les comptes de l'exercice 2003 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.*

Souwäit, Här President, mäi Rapport.

An dann däerf ech och am Numm vu menger Fraktioun eisen Accord zu dëse Konten an zu dëser Resolutioun bréngen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen oder huet sech gemellt, den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter.

***Discussion générale***

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Här President, ech géif Iech den Accord vu menger Fraktioun souwuel zu de Konten, wéi och zur Resolutioun, wéi si elo hei vum honorabelen Deputéierte Grethen presentéiert gi sinn, ginn.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Den Här Fayot.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Jo, Här President, ech wollt selbstverständlech och den Accord vun eiser Fraktioun ginn an zugläich profitéieren, fir deene Leit an der Chamber Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi si sech mat eise Konte maachen, déi Prezisioun mat där si

déi Konte féieren a selbstverständlech och dem Rapporteur a senger Aarbecht als Kontekontroller, dee gewisen huet, wéi gutt dass hien an där Aarbecht ass a fir déi ech him dann natierlech och an Zukunft alles Guddes wënsche fir déi nächst Konte vun der Chamber.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Den Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt mech all deem uschléissen a soen, datt mir natierlech och selbstverständlech déi Konte stëmmen.

**M. le Président**.- Den Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dëse Konte bréngen an dem Rapporteur, dem Här Grethen, félicitéieren, datt hien esou e brillante Rapport virbruecht huet.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

Esou wéi den Artikel 155 vum Chambersreglement et virgesäit, stëmme mir elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontekommissioun virgeschloen huet, déi den Här Grethen virdrun hei virgedroen huet an déi, fir ze rappeléieren, folgende Wuertlaut huet: «La Chambre des Députés, vu le rapport de sa Commission des Comptes, approuve les comptes de l'exercice 2003 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.»

Ass d'Chamber domadder averstane par main levée ofzestëmmen?

***(Assentiment)***

***Vote***

Da géif ech bieden, wien d'accord ass, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Also d'Konte sinn à l'unanimité ugeholl an d'Resolutioun ass domat och à l'unanimité ugeholl a gëtt deementspriechend weidergeleet.

## 3. Présentation d'une liste de trois candidats pour le poste de Président de la Cour des Comptes

Dir Dammen an Dir Hären, da komme mir zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, wou et drëm geet fir eng Lëscht fir dräi Kandidate fir de Postë vum President vun der Cour des Comptes opzestellen. Dës Lëscht, déi mir elo opstelle wäerten, gëtt dann iwwert d'Regierung dem Grand-Duc virgeluecht.

D'Chamberreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Dat heescht, et däerf also net par procuration ofgestëmmt ginn. D'Wahl vum Kandidat erfollegt duerch eng absolut Majoritéit, woubäi déi blank an ongülteg Wahlziedelen net a Betruecht gezu ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolut Majoritéit kritt, kënnt et zum Ballottage, an deem déi zwee Kandidate vertruede sinn, déi am éischten Tour déi meeschte Stëmme kritt hunn.

Bei Stëmmegläichheet am éischten Tour kënnt et zu engem Spezialtour fir d'Kandidate fir de Ballottage ze designéieren. Eng relativ Majoritéit geet dobäi duer.

Bei Stëmmegläichheet am Ballottage kënnt et zu engem zousätzlechen Tour. Bleift et da bei enger Stëmmegläichheet, entscheet d'Lous.

Et gëtt och fir jidder Kandidat eenzel ofgestëmmt.

D'Lëscht vun de Kandidaten, déi d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 26. Mee ugeholl huet, ass un d'Deputéierte verdeelt ginn. Nodeems duerch ee Bréif vum 31. Mee ee vun de Kandidate seng Kandidatur zréckgezunn huet, bleiwen elo nach op der Lëscht als Kandidate folgend Hären: den Här Marc Gengler, den Här Patrick Graffé an den Här Lucien Peters.

***Vote du premier candidat***

Mir wielen elo deen éischte Kandidat. Ech géif bieden d'Wahlziedelen auszedeelen.

**Une voix**.- Dat ass scho geschitt, Här President.

**M. le Président**.- D'Wahlziedele sinn ausgedeelt, da maachen ech den Appel nominal fir d'Wahlziedelen anzesammelen.

***Appel nominal***

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, mir si fäerdeg mam Auszielen.

D'Resultat vum éischte Vote ass folgend:

| | |
|---|---|
| Total vun de Wahlziedelen: | 48 |
| Gülteg Wahlziedelen: | 48 |
| Absolut Majoritéit: | 25 |

D'Stëmme si folgendermoose verdeelt:

| | |
|---|---|
| 1. Här Marc Gengler | 37 |
| 2. Här Patrick Graffé | 11 |
| 3. Här Lucien Peters | 0 |

Domat huet den Här Marc Gengler mat 37 Stëmmen déi absolut Majoritéit erreecht an ass domat als éischte Kandidat gewielt.

* * *

Mir wielen dann elo deen zweete Kandidat.

***Vote du deuxième candidat***

Ech géif bieden d'Wahlziedelen auszedeelen.

Voilà, ech denken, dass all Mënsch ofgestëmmt huet, da géife mir zum Appel nominal kommen.

***Appel nominal***

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, d'Resultat vum zweet Vote ass folgend:

| | |
|---|---|
| Total vun de Wahlziedelen: | 48 |
| Gülteg Wahlziedelen: | 48 |
| Absolut Majoritéit: | 25 |

D'Stëmme si folgendermoose verdeelt:

| | |
|---|---|
| 1. Här Patrick Graffé | 47 |
| 2. Här Lucien Peters | 1 |

Den Här Patrick Graffé huet déi absolut Majoritéit mat 47 Stëmme kritt. Hien ass domat als zweete Kandidat gewielt.

* * *

Mir mussen elo den drëtte Kandidat wielen.

Mir maachen dat duerch e geheime Vote, awer par voie électronique.

***Vote du troisième candidat***

Ech géif bieden ofzestëmmen a kee Vote par procuration ze maachen.

Voilà, huet all Mënsch gestëmmt?

***(Assentiment)***

D'Resultat ass folgend:

42 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm a 4 Abstentiounen.

Den Här Lucien Peters huet also eng absolut Majoritéit kritt a figuréiert deemno als drëtte Kandidat op der Lëscht.

D'Kandidatelëscht, déi dem Grand-Duc duerch d'Regierung ënnerbreet gëtt, presentéiert sech also folgendermoossen:

- éischte Kandidat: den Här Marc Gengler;
- zweete Kandidat: den Här Patrick Graffé;
- drëtte Kandidat: den Här Lucien Peters.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour.

## 4. Nomination d'un réviseur d'entreprises pour l'Entreprise des Postes et des Télécommunications

Den Artikel 22 vum Postgesetz vum 10. August 1992 gesäit vir: «Le ou les réviseurs d'entreprises sont nommés pour un terme ne dépassant pas trois ans par la Chambre des Députés sur proposition du Conseil. Leur mandat est renouvelable.»

Opgrond vun dësem Artikel huet d'Post der Chamber an hirem Bréif vum 29. Abrëll 2005 virgeschloen, d'Mandat vun hirem aktuelle Réviseur, der Firma Pricewaterhouse-Coopers, fir dräi Joer ze verlängeren, an dat vun 2005 bis 2007.

Wéi üblech maache mer doriwwer e Vote secret duerch eise System vum Vote électronique.

***Vote secret***

D'Resultat ass: 48 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun.

D'Propositioun vun der Post ass domat ugeholl.

## 5. Demandes en naturalisation

Als nächste Punkt um Ordre du jour hu mer d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausspriechen.

***(Le huis clos est prononcé à 16.06 heures.)***

* * *

***(Le huis clos est levé à 16.11 heures.)***

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 69 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat véier Ännerunge vun Numm a Virnumm averstanen erklärt.

***Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptée par la Chambre des Députés le 1er juin 2005***

1. AGADJANI Bahman, né le 19 novembre 1952 à Tabriz (Iran), demeurant à Esch-sur-Alzette
2. AKBARIEH Maryam, née le 24 novembre 1954 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
3. ALAOUI BELGHITI Hafid, né le 23 novembre 1964 à Sale (Maroc), demeurant à Syren
4. BAHRA El Houcine, né le 15 décembre 1955 à Taourirt (Maroc), demeurant à Bettembourg
5. CHEN Wenjing, née le 12 août 1963 à Puning/Guangdong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette
6. LI Jing, née le 12 août 1965 à Guangzhou / Guangdong (Chine), demeurant à Esch-sur-Alzette
7. CORREIA COSTA Ana Catarina, née le 1er août 1983 à Oliveira de Azeméis (Portugal), demeurant à Moestroff (Diekirch)

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de CORREIA Anna.
8. DE LEMOS FONSECA Jorge Humberto, né le 22 septembre 1962 à Matosinhos (Portugal), demeurant à Rumelange

   La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de FONSECA Georges.
9. DOS REIS Amarante José, né le 24 janvier 1962 à Sao Joao Baptista/Porto Novo (Cap-Vert), demeurant à Schieren
10. PIRES DOS SANTOS Maria do Rosario de Fatima, née le 2 juillet 1964 à Santo André/Porto Novo (Cap-Vert), demeurant à Schieren

    La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de PIRES Marie.
11. DOS SANTOS Cesaria Maria, née le 1er septembre 1965 à Sao Joao Baptista (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
12. FREVEL Stefan Michael, né le 21 juillet 1948 à Siegen (Allemagne), demeurant à Gonderange
13. SCHORPP Gabriele Hedwig, née le 4 mai 1954 à Karlsruhe (Allemagne), demeurant à Gonderange
14. GARAND Marlène Lina Marguerite, née le 19 octobre 1948 à Bonnert (Belgique), demeurant à Hobscheid
15. GARCIA DOS SANTOS Marco Antonio, né le 26 décembre 1961 à Belem (Brésil), demeurant à Luxembourg
16. GHOLAMIANZADEH Shiva, née le 9 décembre 1964 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
17. GOLOVKO Nicolai, né le 6 juillet 1984 à Moscou (Russie), demeurant à Garnich
18. GOMES CASTELO BARBOSA Ana Maria, née le 22 décembre 1982 à Vilela-Paredes (Portugal), demeurant à Dudelange

    La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de BARBOSA Ana Maria.
19. GORQAJ Valentina, née le 2 avril 1981 à Pec (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Schifflange
20. GRATIA Florentine Marguerite, née le 27 septembre 1952 à Sterpenich (Belgique), demeurant à Steinfort
21. GROSSFELD Arié, né le 1er septembre 1950 à Haïfa (Israël), demeurant à Strassen
22. GUDELJEVIC Dragica, née le 4 juillet 1961 à Tuzla (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
23. HE Weijuan, née le 1er juin 1984 à Kunming/Yunnan (Chine), demeurant à Rollingen
24. HENENFELD Edmund, né le 5 juillet 1946 à Swidnica (Pologne), demeurant à Luxembourg
25. HUBIC Amela, née le 2 mars 1981 à Sarajevo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Dudelange
26. ISMAILI Ilir, né le 13 juillet 1968 à Kavaje (Albanie), demeurant à Kopstal
27. TITE Mimoza, née le 30 novembre 1967 à Fier (Albanie), demeurant à Kopstal
28. ISMAJLI Nuredin, né le 30 mars 1971 à Gjylekare Viti (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Bivange
29. JOLDIC Admir, né le 3 juin 1981 à Zavidovici (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
30. JORISSEN Harold, né le 2 mars 1966 à Köln (Allemagne), demeurant à Mertert
31. KASINATHAN Thambo Purantharan, né le 20 juillet 1969 à Batticaloa (Sri Lanka), demeurant à Luxembourg
32. KLIMA Michael Johannes, né le 1er juin 1969 à Lilienfeld (Autriche), demeurant à Bous
33. KOVACEVIC Zivka, née le 21 novembre 1935 à Nanomir (Yougoslavie), demeurant à Luxembourg
34. LATIC Alen, né le 22 février 1982 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Esch-sur-Alzette
35. LEE Kui Ching, né le 3 octobre 1962 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg
36. CHAN Wai Han, née le 19 février 1968 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg
37. MANUAL Marykutty, née le 3 octobre 1954 à Bharananganam (Inde), demeurant à Rodange
38. MARTY Laurent Bruno Frédéric, né le 28 août 1962 à Casablanca (Maroc), demeurant à Altwies
39. MAXWELL Marilyn Irene, née le 20 septembre 1948 à Melbourne (Australie), demeurant à Heisdorf
40. MÜLLER Peter Aloysius, né le 8 septembre 1947 à Weibern (Allemagne), demeurant à Dillingen
41. MUSLI Sedat, né le 8 mai 1961 à Mitrovica (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Bissen
42. BEJTULLAHI Fikrije, née le 18 mai 1966 à Mitrovica (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Bissen
43. MUSTAFIC Izudin, né le 27 mars 1963 à Kalesija (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
44. NAWOJOWSKA Barbara, née le 4 décembre 1965 à Namyslow (Pologne), demeurant à Luxembourg
45. OSMANDIC Mihrudin, né le 8 mars 1979 à Zavidovici (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Rodange
46. PAUSIC Tonci, né le 3 août 1963 à Split (Croatie), demeurant à Luxembourg
47. PHILIPPE-MOUREY Germaine Lucienne Marguerite, née le 17 décembre 1956 à Ludelange/Tressange (France), demeurant à Ehlerange
48. PIRET Dominique Geneviève Marie Joseph Ghislaine, née le 4 mars 1957 à Wéris (Belgique), demeurant à Esch-sur-Alzette
49. PRIOSTE VITORINO Helena Maria, née le 29 juillet 1963 à Atouguia da Baleia/Peniche (Portugal), demeurant à Luxembourg
50. PROBST Edgar, né le 26 mai 1967 à St. Vith (Belgique), demeurant à Huldange
51. SAVA Gino Adrian, né le 23 mai 1960 à Ploiesti (Roumanie), demeurant à Luxembourg
52. MARIN Anda Mihaela, née le 12 janvier 1962 à Ploiesti (Roumanie), demeurant à Luxembourg
53. SCHEUER Margareta Maria Edith, née le 17 mars 1930 à Bollendorf (Allemagne), demeurant à Esch-sur-Alzette
54. SCHWARZE Rolf, né le 6 juin 1962 à Emden (Allemagne), demeurant à Esch-sur-Alzette
55. NOWOTNAK Friederike Marina, née le 22 septembre 1966 à Südbrookmerland (Allemagne), demeurant à Esch-sur-Alzette
56. SEHIC Sabahudin, né le 13 septembre 1973 à Borovnica

(Bosnie-Herzégovine), demeurant à Luxembourg

57. SEWERYN Katarzyna Krystyna, née le 22 février 1971 à Krakow (Pologne), demeurant à Itzig

58. SIEGEL Martin Clemens, né le 17 juillet 1966 à Münster (Allemagne), demeurant à Findel

59. SPYROPOULOS Anastassios, né le 29 juin 1982 à Athènes (Grèce), demeurant à Capellen

60. TALWAR Mandeep Singh, né le 23 août 1979 à Calcutta (Inde), demeurant à Luxembourg

61. TALWAR Prem Singh, né le 10 juillet 1950 à Thakarwal Hoshiarpur (Inde), demeurant à Luxembourg

62. KAUR Surinder, née le 20 juillet 1954 à Calcutta (Inde), demeurant à Luxembourg

63. TERZIU Petraq, né le 1er janvier 1959 à Kavaja (Albanie), demeurant à Esch-sur-Alzette

64. TIMMERMANS Bernard Maurice, né le 4 juin 1950 à Arlon (Belgique), demeurant à Steinfort

65. TREINEN Hermann Lothar, né le 4 août 1941 à Reinsfeld (Allemagne), demeurant à Bertrange

66. ZINGERLING Agnes Hildegard, née le 3 septembre 1949 à Trier (Allemagne), demeurant à Bertrange

67. TSANG Kin Chung, né le 11 septembre 1948 à Hong Kong (Chine), demeurant à Howald

68. LAU Mun Ling, née le 5 janvier 1953 à Hong Kong (Chine), demeurant à Howald

69. ZEC Silvana, née le 14 novembre 1971 à Slavonski Brod (Croatie), demeurant à Luxembourg

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.12 heures)***

JEUDI, 2 JUIN 2005

# 37E SÉANCE

**Présidence: M. Lucien Weiler, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Question urgente N°463 de M. Aly Jaerling relative à la fermeture du département «Anesthésie-Réanimation» de la Clinique Sainte Marie à Esch-sur-Alzette
2. Débat d'orientation sur la revalorisation des friches industrielles de la région Sud

*(Discussion générale - Motion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.33 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Neen, Här President.

**M. le Président**.- Sou, dann huele mer Akt dovunner.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Här Aly Jaerling huet eng Dréng-lechkeetsfro iwwert d'Reanimatiouns- an d'Intensivstatioun an der Klinik Sainte Marie zu Esch gestallt. De Gesondheetsminister huet sech bereet erkläert, direkt op dës Fro ze äntwerten. Duerfir gëif ech proposéieren, dass mer direkt zu dëser Fro géife kommen, an duerfir ginn ech dem Här Jaerling d'Wuert. Här Jaerling!

### 1. Question urgente N°463 de M. Aly Jaerling relative à la fermeture du département «Anesthésie-Réanimation» de la Clinique Sainte Marie à Esch-sur-Alzette

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Bon, Här President an Här Minister, Merci, dass déi Fro haut direkt ka beäntwert ginn. Si ass nämlech drénglech, besonnesch fir déi Leit, déi an deem Spidol schaffen an déi sech Suerge maachen ëm hir Zukunft.

Aus zouverlässeger Quell gouf mer matgedeelt, dass an der Klinik Sainte Marie zu Esch d'Reanimatiouns- an d'Intensivstatioun riskéiert zougemaach ze ginn. Dëst, well no Verhandlunge mat der UCM déi néideg budgetär Mëttelen net méi garantéiert sinn, fir dat néidegt Personal ze beschäftegen, wat gebraucht gëtt fir dës Statiounen optimal, sécher an am Interesse vun enger qualitativer Fleeg fonctionnéieren ze loossen.

Et wier äusserst bedenklech, wann an dëser Proximitéitsklinik keng Reanimatiouns- an Intensivstatioun méi soll bestoen, déi direkt Hëllefsdéngschter kënnt leeschten. Elo schéngt et mer och net grad sënnvoll, Patienten an enger akuter gesondheetlecher Geforesituatioun hin an hier ze féieren. Duerfir meng Froen un den Här Minister:

- Sinn déi budgetär Mëttele fir d'Klinik Sainte Marie zu Esch gekierzt ginn?

- Wa jo, kann dës Kierzung dozou féieren, dass de Personalbestand an der Reanimatiouns- an Intensivstatioun, deen néideg ass fir eng sécher a qualitativ Betreiung vun de Patienten, dass dës Statiounen zougemaach musse ginn?

- Wier et net eminent wichteg, just an dëser Proximitéitsklinik déi zwou Statiounen oprechtzeerhalen, fir eng direkt Hëllef am Noutfall ze garantéieren, anstatt d'Patiente vun enger Klinik an déi aner ze féieren? Ass et net den Déngscht um Patient, dee misst priméiere viru budgetären Iwwerleeungen?

Ech wär frou wann Der mer, am Interesse vun deene Leit, déi do schaffen, kënnt déi richteg Äntwerte ginn.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. De Gesondheetsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, huet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorabelen Deputéierte Jaerling bezeechent zu Recht d'Klinik Sainte Marie als Proximitéitsspidol a beäntwert domat en Deel vu senge Froe scho selwer. De Plan hospitalier vun 2001 gesäit vir, dass d'Proximitéitsspideeler keng Reanimatiouns- an Intensivstatiounen hunn, well se och keng schwéier Operatioune sollen duerchféieren an och keng schwéier Akutfäll solle behandelen.

Duerfir sollen se awer eng Opwaachstatioun hunn, fir d'Patienten no enger klenger Operatioun optimal kënnen ze iwwerwaachen, ier se dann no enger gewëssener Zäit op hiert Zëmmer kommen. Dat steet zënter véier Joer, zënter der Publikatioun vum Plan hospitalier fest, an et huet och eng Rei vun anere Spideeler betraff. Dëst hunn déi Responsabel vun der Sainte Marie och mat der UCM, mat der Union des Caisses de Maladie, déi zesumme mat de Spideeler iwwert d'Budgete verhandelen, fir de Budget ausgehandelt.

Dës Auswierkunge vum Plan hospitalier sinn och net op finanziell Iwwerleeungen zréckzeféieren, mä si geduecht fir dem Intérêt vum Patient Rechnung ze droen. Et ass net esou, dass engem Service déi noutwendeg Mëttele géife refuséiert ginn, mä et gëtt just de Plan hospitalier appliziéiert.

D'Sainte Marie huet zwar probéiert, iwwer Synergië mat dem Escher Spidol, déi awer duerno opgekënnegt gi sinn, an engem Kooperatiounsvertrag mat dem Déifferdenger Spidol, deen awer ni materialiséiert ginn ass, déi eng oder déi aner Services spécialisés ze behalen. Well déi Accorden net konnte materialiséiert ginn, ass a bleift dat Spidol e Proximitéitsspidol.

D'Grondididdi vun der Opdeelung an Hôpitaux généraux, a Proximitéitsspideeler ass, dass et soll zu enger Opdeelung vun den Aktivitéite kommen an dass net jiddfereen, net all Spidol hei am Land alles soll kënne maachen. Déi méi kleng Spideeler, d'Proximitéitsspideeler, solle keng schwéier Interventioune maachen an och keng Urgencen, also schwéier Noutfäll unhuelen. E Proximitéitsspidol soll eng Médecine de proximité maachen. Nun ass et esou, dass vläicht an deene leschte Jore gehofft ginn ass, dass dat sech net géif materialiséieren. Dat ware falsch Hoffnungen!

Wat elo de Prinzip ugeet, sinn ech an deene leschte Méint, mengen ech, net midd gi fir drop hinzeweisen, dass et zwëschent de Spideeler hei am Land zu enger intelligenter Aufgabendeelung sollt kommen, zu enger Spezialiséierung. Mir hëllefen de Spideeler domat a mir hëllefe virun allem de Patienten domat, wann net jiddfereen alles mécht, mä wann ee sech eng gutt Aufgabendeelung mécht. Et kann een also net méi alles maachen.

Wat awer elo d'Suerge vum Personal ugeet, wat berechtegt Suergen ugeet, lafen Diskussiounen zwëschent der Santé an de Responsabele vun der Klinik Sainte Marie, déi iwwregens och niewebäi gesot déiselwecht Responsabel sinn, wéi déi fir d'Kierchbierger Spidol. Déi sollen drop erauslafen, dass déi Responsabel vun der Klinik Sainte Marie eis Propositioune maachen, fir nei Missioune fir dat Spidol, déi zwee Kritären entspriechen, deem vun der Proximitéit, ganz kloer, an och ganz kloer deem vun de Besoinë vun der Regioun.

Ech wëll déi Leit am Spidol vun Esch an der Sainte Marie net am Onkloere loossen. Et ass e Proximitéitsspidol. Proximitéitsspidol ass ganz kloer am Plan hospitalier definéiert an dobäi soll et och bleiwen. Ech waarden op kloer Propositiounen, déi et erlaben, fir eng Roll fir dat dote Spidol ze behalen, well et ass him net genotzt, wann een em falsch Hoffnunge mécht an engem Beräich, wou keng falsch Hoffnungen ze maache sinn.

Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Erlaabt Der eng kuerz Zousazfro vum honorabelen Här Jaerling?

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Selbstverständlech.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Bon, Här Minister, Dir hutt gesot déi Accorden, déi wieren net zustane komm. Kënnt Der mer da soen, duerch wien dass se net zustane komm sinn? Et muss jo awer eng Ursaach do sinn, wann Accorden net zustane komm sinn, déi am Sënn wieren, dass verschidde Servicer an de Spideeler kënnen erhale bleiwen. U wiem läit dat dann?

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Also do sinn aner Leit heibannen, déi Iech wahrscheinlech besser kënnen informéiere wéi ech selwer. Ech souz net bei deene Verhandlungen derbäi. Ech hunn an der Zeitung gelies, dass et zu esou Accordë komm ass, wéi jiddfereen. Mä ech muss Iech soen, dass et duerno relativ roueg bliwwen ass, an dass déi Accorden, déi Ofmaachungen, déi Aufgabendeelungen, déi ugekënnegt waren, sech ni materialiséiert hunn.

Dat heescht, do sinn Hoffnunge gemaach ginn, déi awer ni materialiséiert gi sinn, an et ass ni zu engem Transfert, jiddefalls net dass ech wéisst, vu wesentlechen Aktivitéite komm. Dat ass jo awer den Inhalt vun Accords de coopération, dass mer net aus eent plus eent dräi maachen, mä dass mer aus eent plus eent e Spidol maachen, wat eng Struktur oder eng Kooperatiounsstruktur huet, wou ee virun allem de Patienten eng Plus-value bréngt.

Ech muss also feststellen, Här Jaerling, dass ouni mäi Verscholden, well déi Zäit war ech nach net derbäi, et zu deenen Accorden zwar um Pabeier komm ass, mä net an der Praxis.

**M. le Président**.- Gutt, domat ass dee Punkt ofgeschloss.

Mir kommen dann zu dem éischten normale Punkt vun eisem Ordre du jour. Op Ufro vun der sozialistescher Fraktioun organiséiere mer haut de Mëtteg eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Industriebroochen am Süde vum Land. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Sunnen, den Här Meisch, den Här Schneider, den Här Braz an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydia Mutsch als Vertriederin vun där Fraktioun, déi d'Debatt ugefrot huet. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

### 2. Débat d'orientation sur la revalorisation des friches industrielles de la région Sud

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, an enger rezenter Broschür vun der Entwécklungsgesellschaft Agora, déi ereischt e puer Deeg fäerdeg ass an déi verdeelt gëtt un all d'Visiteurë vum Site, awer och un d'potenziell Investisseuren, an déi och als «toute-boîtes» geduecht ass fir déi Gemengen, déi ronderëm leien, steet grouss op der éischter Säit: „Belval geet weider"!

Bon, Belval geet weider. Elo si mir alleguerten heibannen, op alle Fall déi meescht vun ies, keng grouss Stratege wat Marketing ubelaangt, mä et weess een awer, dass, wann een esou en Titel schreift, een zweeërlee Aussoen dorunner ka maachen. Éischtens schéngt et e Besoin ze gi fir de grand public an och déi spezifesch Acteuré ronderëm dëse Projet ze informéieren, dass et weidergeet, an zweetens sinn effektiv Upaken do, fir dass een déi Behaaptung kann opstellen.

Sou dass ech wëll probéieren, am Numm vun eiser Fraktioun, déi do Aspekter ze beliichten, wéi et konnt dozou kommen, dass gemengt gëtt, dass ee muss déi, déi sech fir dee Projet interesséieren, rassuréieren, an dass et zum aneren optimistesch Usiichte gëtt, déi de Projet haut zu deem maachen, wéi mir e scho virun e puer Joren ugekënnegt hunn.

Wann een e Réckbléck mécht, wéini et eigentlech lassgaangen ass, da kënne mer feststellen, dass an deenen eppes méi wéi zéng Joer - 1996 ass et jo eigentlech lassgaange mam Groupement d'intérêt économique Ersid, deen aus der Tripartite sidérurgique entstanen ass, bis hin zu haut, 2005, also eelef Joer - hei dräi Regierungen dru geschafft hunn an och grouss Efforté gemaach hunn, fir dass eppes gëtt aus där Iddi, fir Industrieterrainen, déi net méi gebraucht ginn, enger neier Notzung zouzeféieren.

Deemools war vun zéng Standuerte Rieds. Et gouf awer doropshin eng Etüd Agiplan ausgeschafft, wou véier Site-prioritairë genannt gi sinn, an zwar de Site Esch/Belval, Éilereng, Terres Rouges a Rodange. Bon, wann ech hei soen, dass dräi Regierungen Efforté gemaach hunn, fir dëse Projet, oder dës Projeten, zu engem Succès ze maachen, da kann een déi Haaptéchéancierë vläicht kuerz opzielen, fir ze illustréieren, wéi dat gemengt ass.

Am Oktober 2000 ass den deemolege Minister Wolter eng éischte Kéier an d'Chamber komm mat engem Rapport iwwert den «avancement des travaux» op de Frichen, wou en eng Haaptausso gemaach huet, nämlech dass vun deene Site-prioritairen, déi definéiert gi waren, et ee géing ginn, deen de Site prioritaire vun de Site-prioritairë wier, an dat wier de Site Esch/Belval.

Gläichzäiteg ass gesot ginn - an och dat ass interessant hei ze rappeléieren - wuel verstanen am Oktober 2000, dass vun deem Projet prioritaire d'Cité des Sciences de Projet fédérateur vun deem Site

prioritaire wier. Also schonn 2000 ass déi Ausso gemaach ginn.

Et ass och drëttens gesot ginn, dass de Stat, d'ARBED an d'Gemenge géingen zesummeschaffen; an dunn ass jo och kuerz drop d'Agora gegrënnt ginn.

Am Februar 2001, also manner wéi en halleft Joer duerno, koum den deemolege Minister eng zweete Kéier an d'Chamber mat engem «deuxième rapport sur l'avancement des travaux» op de Frichen. An do sinn déi éischt Konklusioune virgestallt ginn an et ass och gesot ginn, dass en „masterplan" géing virleien an dass Groupe-de-travailë géingen en place gesat ginn.

Et goung du relativ schëtzeg weider. Februar 2002 gouf et schonn déi éischt Konklusiounen, et gouf e Concours d'idées gemaach, et gouf en hollännesche Büro beoptraagt, an et gouf d'Ausso virun allem gemaach, dass ee wéilt nei Weeër goen: wunnen a schaffen, öffentlech a privat, léieren a studéieren, Commerce, Fräizäit a Kultur, alles op enger Plaz an no de Kritäre vun der Nohaltegkeet.

Am Mäerz 2003, also eppes méi wéi ee Joer duerno, huet déi deemoleg Regierung hiren Accord ginn, dass d'Regierung sech kéint engagéieren an enger éischter Tranche vun Investitioune vum Stat, an zwar an enger Gesamtenvergure vun 328 Milliounen Euro. An et ass eng Ausso gemaach ginn, dass dëse Projet, oder dës Projeten, op eng Gesamtdauer vun zéng bis 15 Joer ausgeriicht wieren, an dass ee vun engem Gesamtinvest vun enger Milliard Euro auszegoen hätt, eleng um Site prioritaire wéi en definéiert war. Eng Milliard Euro! Et ass seelen an der Geschicht vum Land, dass an ee Projet esou vill Suen investéiert gi sinn. Duerfir lount et sech e bësse méi laang driwwer ze schwätzen.

Et huet sech dunn och relativ schnell konkretiséiert. Am Mee 2003 ass hei de Projet vun der Rockhal ofgestëmmt ginn, den zweeten iwwregens. Am November 2003 gouf ofgestëmmt iwwert de Centre national de Culture industrielle respektiv iwwert d'Stabiliséiere vun eisen Héichiewen. An dunn huet eise Grupp dës Interventioun, dësen Débat ugefrot. Dat heescht am November 2003 ass dësen Débat ugefrot ginn. En ass eréischt haut zum Droe komm.

Firwat grad am November 2003? Majo ganz einfach well et an deem Joer war wou och déi éischt virleefeg Konklusioune gezu gi sinn iwwer eng Degradatioun vun der wirtschaftlecher Situatioun am Land a wat dat fir Répercussiounen op eis budgetär Planung hätt, a well et och iergendwéi net méi esou schnell weidergaangen ass, net méi an deemselwechte Rhythmus, wéi mer et gewinnt waren, an et gouf och bis haut keen drëtte Rapport an der Chamber, wou mer global informéiert gi wieren iwwert d'Démarchë vun der Regierung.

Allerdéngs - an dat wëll ech och gären hei soen, well ech dovunner iwwerzeegt sinn - huet déi nei Regierung hiren Engagement fir d'Frichen, an am Besonneschen fir d'Friche prioritaire Esch/Belval confirméiert an eng ganz Rëtsch vu Projeten an d'Planungsphas geholl. Menge leschten Informatiounen no wäerte mer de 16. Juni de Projet Micheville an der Chamber hunn, an och d'Archive si jo kuerz virun der Fäerdegstellung a kënnen hei an der Chamber ofgestëmmt ginn. Gläichzäiteg sinn och eng ganz Rëtsch vu PAPe scho mat de Gemengen ofgestëmmt ginn.

Dat heescht, vun Ufank un, vun 1996 un, dat heescht wou aus deem Groupement d'intérêt économique tëscht ARBED a Stat eng Eegendynamik entstanen ass ronderëm d'Rekonversioun vun de Frichen, hunn déi dräi Regierungen dorunner geschafft an hir Absicht confirméiert, fir aus dëse Projeten e Succès ze maachen.

Si hunn och eng Ausso confirméiert, déi vun Ufank un dës Projete begleet huet. An zwar ass dat d'Ausso, dass een hei wéilt nei Weeër goen, dass een net Feeler wéilt widderhuelen, wéi se vläicht op anere Plaze gemaach gi wieren, a virun allem dass een och géing probéieren, net - fir hei ee Moment beim prioritäre Site Esch/Belval ze bleiwen - e Wuelstandsîlot an enger Regioun ze implantéieren, mä mat engem Projet, dee sech géing harmonesch un dat Gewuessend, un déi gewuesse Strukture ronderëm, an am Respekt virun de regionale Strukturen, déi elo schonn do sinn, nei Weeër ze goen, fir en ënnert de Kritäre vun der Nohaltegkeet op d'Been ze bréngen.

Net a Konkurrenz zu deene Projeten oder zu deem, wat elo schonn do ass, oder zu deem wat gewuess ass ronderëm, mä komplementar dozou, a virun allem mam Hannergedanken, fir ënnert dem Impuls vun engem Projet phare oder vun engem Modellprojet, wéi Esch/Belval ëmmer genannt ginn ass an och haut nach genannt gëtt, Impulser fir d'Restrukturatioun vun enger ganzer Regioun ze kréien an ze kreéieren.

An där Logik si mer och nach haut, an et ass nach eng aner Logik erakomm, an där mer, souwuel als Regierung wéi och als Acteuren op regionalem an op lokalem Plang, nach net esou vill Experienz haten, awer amgaange sinn, op dee Wee ze goen, wéi iwwregens ganz vill Nopeschlänner vun eis och. Dat ass d'Iddi vun engem „public-private partnership", deen hei vun Ufank un ageschloe ginn ass, well d'Agora finanzéiert zwar wuel ënnert dem Motto vun engem Partenariat, engem finanzielle Partenariat tëscht ARBED a Stat, mat der Abannung vun de Gemengen, awer wuel och no de Regele vun der privater Wirtschaft. Dat ass dat, wat mer „public-private partnership" nennen.

Mir hunn hei an der Chamber schonn eng Rëtsch vu Kéieren iwwert d'Frichë geschwat, am Besonneschen natierlech iwwert de Site prioritaire Esch/Belval. Mä mir hunn awer och hei eng Motioun gestëmmt, déi d'Konklusiounen aus deene Virgespréicher gezunn huet. Do hu mer gesot, dass net nëmmen déi dräi Regierunge sech dofir engagéiert haten, mä dass dat och ausdrécklech eng Fuerderung heibanne war an der Chamber, dass zousätzlech zum Projet phare Esch/Belval och déi aner Siten, déi um Dësch leien, an domat menge mer net nëmmen déi dräi Site-prioritairen Terres rouges, Éilereng a Rodange, mä och déi nei Siten, déi mëttlerweil um Dësch leien, wéi beispillsweis de Crassier Déifferdeng oder och déi nei Friche Diddeleng, mat an d'Diskussiounen eragezu ginn.

Mir sinn also an enger Entwécklung, wou mer eng ganz Rëtsch nei Opportunitéite bäikréien. Als Beispill fir dat erauszehiewen déngt elo Diddeleng, wou jo elo am Oktober 2005 d'Walzwierk schléisst, wou iwwer 200 Aarbechtsplazen am Industriesecteur am Moment op alle Fall verluer ginn. Et gëllt se ze kompenséieren. Als direkt Décisioun vun der Stoltripartite ginn do 30 Hektar vun der Arcelor un de Stat, fir nei Perspektiven opzeweisen a Saache Wunnen, Schaffen, Fräizäit an esou weider, wat sech integréiert an d'Gesamtabsicht vun der Regioun fir nei Impulser ze schafen, fir eng Dynamik an der Regioun ze kréien.

Dofir fanne mer eis haut, an dofir ass dës Debatt och haut esou wichteg, wuel an därselwechter Logik fir eng ganz Regioun en valeur ze setzen, awer och an der Logik fir mat Nodrock ze fuerderen, dass mer ëmfaassend informéiert ginn, och iwwert den Avancement op deenen anere Siten. Mir hunn hei elo haaptsächlech vum Süde geschwat. Mir hunn Déifferdeng, Diddeleng, Rodange oder Éilereng an Terres rouges genannt. Et gëtt awer och an anere Regioune vum

Land eng Rei vu Perspektiven, déi sech doduerch opdinn, dass fréier Industrieflächen net méi genotzt ginn. Och déi gëllt et hei ze nennen. Ech erënnere just un déi zu Wolz, Iechternach oder och zu Veianen, déi och vläicht an engem anere Kader nach wäerte méi staark diskutéiert ginn.

Eis läit et um Häerz, an ech mengen ech schwätzen net fir eis Fraktioun eleng, dass et zu engem troisième rapport géing kommen. Mir haten 2000 e Rapport iwwert den Avancement vun den Aarbechten. Mir haten een 2001. Et sinn eng ganz Rëtsch vu Projeten op den Instanzewee gaangen. Et gëtt op alle Säite geschafft. De fréieren Innenminister huet hei virun zwee Joer d'Ausso gemaach, dass elo aner Ministeren déi aner Ressorten hunn, misste mat eraklammen. Dat ass richteg.

Et misst awer och eng Kéier preziséiert ginn - a vläicht ass jo haut schonn de Moment -, ob et weiderhin de Minister vum Aménagement du Territoire ass, dee fiederféierend ass, respektiv d'Tutelle huet fir d'Koordinatioun vun deenen Aarbechten ze maachen. Well, wuel geet et elo drëm fir d'Mise en oeuvre vun deem dote Projet ze maachen - also ass wuelverstanen de Bauteminister gefuerdert -; wuel geet et drëm fir den öffentlechen Transport an dee Site eranzebréngen an déi elementar Stroosseninfrastrukturen ze bréngen, esou dass dann och logescherweis den Transportminister gefuerdert ass; wuel geet et drëm fir ronderëm déi zukünfteg universitär Strukturen op Esch/Belval de wirtschaftlechen Aspekt mat eranzehuelen, also ass och de Wirtschaftsminister ganz automatesch gefuerdert.

Ouni all déi aner elo hei ze nennen, déi och an deen dote Projet mat erawierken, muss awer wéi an der Vergaangenheet - an dat war nach net esou däitlech an deene leschte Méint, wou déi nei Regierung aktiv ass - hei definéiert gi wéi e Minister d'Tutelle huet fir déi vill Aktivitéiten, déi vill Projeten, déi vill Initiativen, déi vill Pourparleren an déi vill Intérêten, déi um Dësch leien, fir déi ze regroupéieren, se ze koordinéieren a fir och d'Informatiounspolitik do ronderëm déi Projeten an de Grapp ze huelen.

Esou dass eis Recommandatioun déi ass, fir en drëtte Rapport ze maachen an den zoustännege Chamberkommissiounen a Réunion-jointë wéi et an der Vergaangenheet de Fall war, fir, wéi et och deemools geheescht huet, den État d'avancement et perspectives vun deene Siten, an zwar net nëmmen iwwert de Projet Esch/Belval, mä och wuel déi aner, déi elo hei genannt gi sinn, mat anzebezéien a mat Méiglechkeet och e Concept d'ensemble am Kader vun där Presentatioun hei virzeleeën.

Bon, mir haten an der Vergaangenheet Aussoen iwwert déi finanziell Envergure, iwwert d'Prioritéite vum Stat an deem heiten Dossier. Wat waren dat fir Aussoen? Ech hu se zum Deel scho gemaach. Dat war 2003, wou de Regierungsrot am Mäerz 2003 gesot huet, dass déi éischt Tranche vun Investitiounen an engem Gesamtzäitplang vun zéng Joer an enger Gesamtgréisstenuerdnung vu ronn 328 Millioune géing op de Wee geschéckt ginn.

Eis géing haut interesséieren: Gëtt un deem Invest, deen als éischt prioritär Tranche definéiert gi war, mat engem Gesamtinvest vun enger Milliard an engem ausgedehntenen Zäitraum vun zéng op fofzéng Joer - ech mengen dat wier e bësse méi realistesch - festgehalen? Ass dat weiderhin déi Envergure, an där mir eis hei bewegen, an ass d'Regierung nach weider à même mat deene budgetären Donnéeën, déi um Dësch leien, déi doten Engagementer ze huelen?

Rassuréiert hunn eis d'Aussoen am Kader vun de budgetären Debatte vum Budgetsminister, deen eis gesot huet, och wann deen een oder anere Projet vläicht e bësse méi laang dauert wéi mer deemools 2003 et gesot hunn, esou huet d'Regierung awer net wëlles och nëmmen ee vun de Projeten zréckzezéien, fir dass d'Gesamtlogik erhale bleift. Esou dass mir dovunner ausginn - mä et wier vläicht gutt hei eng Ausso dozou ze kréien -, dass déi finanziell Envergure, wéi se definéiert war, och an der Zukunft, quitte dass den Zäitraum e bësse méi breet gëtt, wäert zum Droe kommen.

Wat och interessant war, 2001, wou mer hei an der Chamber driwwer geschwat hunn, an zwee, dräi Méint duerno nodeem mer hei den zweete Rapport diskutéiert hunn, gouf et och eng entspriechend Pressekonferenz vun der deemoleger Kultur- a Bauteministesch an Zesummenaarbecht mam Minister vum Transport a mam Minister vun der Ekonomie, wat awer elo mengen ech deeselwechte war - ech ka mech do iren, mä ech mengen dat war awer esou -, wou d'Ausso gemaach ginn ass, an ech hat se éineschters schonn ugedeit, dass ronderëm de Projet phare Esch/Belval, et een erausragende Projet fédérateur géing ginn, an dat ass d'Realisatioun vun enger Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation a mat der fester Absicht fir ronderëm d'Faculté des Sciences et de la Recherche vun der Uni Lëtzebuerg um Site Esch/Belval en neie Pilier fir de Süden a fir d'Land opzebauen.

2001 waren och Aussoe gemaach ginn aus wat sech déi Cité des Sciences géing zesummesetzen, déi scho relativ prezis waren. An zwar gouf gesot, dass déi Cité des Sciences sechs Beräicher géing emfaassen, éischtens d'Fonctioun Enseignement supérieur et Recherche, mat dem Département Sciences, Études en gestion et informatique, mam Institut Supérieur de Technologie, also dem IST, mat de Centres de recherche Gabriel Lippmann, Henri Tudor, Ceps a Centre de recherche public Santé fir d'Partie biologie moléculaire, an och de Centre virtuel des connaissances sur l'europe - dat fir de Volet Fonction Enseignement supérieur et Recherche -; dann eng zweet Fonctioun Enseignement secondaire am Kader vum Plan sectoriel Lycéen. Do ass et jo geplangt, an dat ass och gutt um Instanzewee mat Concours a wat och ëmmer dozou gehéiert, fir en neie Lycée technique op Belval-Ouest ze integréieren.

Zum Drëtten ass gesot ginn, dass ee parallell zu deenen dote Pläng misst eng Fonction Vie étudiante definéieren an um Site selwer a ronderëm an ënnerschiddleche Gemengen Ënnerbréngungsméiglechkeete fir Studente schafen, fir dass déi béid Saache kéinte matenee koordinéiert ginn.

Et ass véiertens gesot ginn, dass de Gesamtprojet Cité des Sciences et de la Recherche eng Fonction Start-up et entreprises de la nouvelle économie géing emfaassen, wou gesot ginn ass, dass eng Infrastructure d'accueil fir Entreprises Start-up géing implantéiert ginn um Site, e bëssen nom Modell vum Technoport Schlassgaart an dass och géing driwwer nogeduecht gi fir eng Rëtsch vun Entreprisen, déi deem kéinten förderlech sinn oder déi als Zoubréngger-Entreprisen dohinner géinge passen, fir déi och op de Site ze drainéieren.

Et ass fënneftens gesot ginn - an dat ass an der Gesamtlogik vun enger Décentralisatioun vu staatlechen Infrastrukturen -, et géinge Fonctions administratives vum Stat dohinner kommen.

An et ass sechstens dovunner geschwat ginn, dass déi ganz Mémoire industrielle ronderëm d'Héichiewe géing integréiert ginn an de Gesamtprojet Cité des Sciences.

Wann ech elo déi sechs Beräicher kucken, da muss ech objektiv feststellen, dass si praktesch alleguerten ugerullt sinn, an zwar esouwuel den technesche Lycée, deen 2009 soll operationell ginn, wéi och d'Sich vun der Regierung fir Studentenënnerbréngungsméiglechkeeten ze schafen, wéi och d'Start-Upen.

De Ministère de l'Économie hat méi wéi eng Kéier d'Geleeënheet iwwer hire Porte-parole dës Informatiounen, souwuel an d'Chamberskommissioune wéi och an d'Agora eranzedroen, wéi och d'Dezentraliséierung vun de staatlechen Administratiounen, nach à définir wéi eng dat en détail sinn, wéi och d'Héichiewe mat ronderëm lues a lues d'Kreatioun vun engem Centre national de culture industrielle, wou et e bëssen happert.

An do mengen ech war et nëmme fair, dass an der Vergaangenheet dat net esou haart hei gesot ginn ass, well do si mir an ee Retard komm duerch de Stierffall vum Rekter vun der Uni Lëtzebuerg - Ass dat eigentlech den Haaptberäich wou mir Retard accumuléiert hunn? - a wou menger Aschätzung no den Informatiounsbesoin dee gréissten ass, mat der Erklärung, wéi een dat Ganzt zu engem Concept d'ensemble gemaach kritt.

Well ech kann lech soen, nach gëschter Owend war eng gréisser Féierung um Site Belval, wou ech d'Chance hat fir en Deel vun der Presentatioun matzemaachen, a wou souwuel de Vertrieder vun der Agora, wéi och ech selwer Explikatioune ronderëm d'Cité des Sciences ginn hunn - déi wuel net am éischte Peloton vun den Aktivitéite fir déi nächst Jore läit, awer am zweete Peloton direkt hannendrun -, do war onheemlech vill Intérêt an och onheemlech vill Erstaunen, dass et eis tatsächlech wäert geléngen, fir am Kader vun der Uni Lëtzebuerg op engem Site, deen definéiert ass, nämlech Esch-Belval, en Deel vun der Uni hinzebréngen, deen eis wäert erlabe ronderëm dës universitär Aktivitéiten elei e Pilier opzebauen.

Dat interesséiert d'Leit onheemlech, sou dass mir frou waren an der Commission de l'Enseignement supérieur vum zoustännege Minister ze héieren, dass dës Aarbechte gutt viruginn an dass am Moment do an enker Zesummenaarbecht mam Fonds Belval, dee sech als dynamescht Instrument an deene leschte Joren erausgeschielt huet, fir d'Projete vum Stat ëmzesetzen, een amgaang ass d'Programmatioun, net nëmme wat d'Gebailechkeeten ubelaangt, op d'Blat ze bréngen, mä och d'Programmatioun, wat déi inhaltlech Konzeptioun vun der Uni Lëtzebuerg ubelaangt an am besonneschen deen Deel ronderëm d'Sciencen, d'Recherche an d'Innovatioun, deen op Esch-Belval soll implantéiert ginn a fir de ganze Projet esou wichteg ass.

Sou dass mir dofir plädéieren, fir ronderëm deen Thème fédérateur vun der Uni Lëtzebuerg, respektiv de Volet Recherche an Développement économique, um Site Esch-Belval e bësse méi ze héieren a virun allem d'Regierung ze encouragéieren, fir ee Concept d'ensemble virzeleeë fir déi Cité des Sciences mat allem wat dozou gehéiert. Mat deene sechs Punkten, déi ech hei genannt hunn an och mat all deenen Iddien, déi ronderëm de Projet vun enger Uni Esch-Belval dréinen, nämlech déi Iddie ronderëm ee Pilier économique vun deem Emplacement, fir déi mat op den Dësch ze leeën a gläichzäiteg d'Regierung ze encouragéieren, fir dee Pilier économique an hiren Aktivitéite mathëllefen opzebauen.

An da war een Thema - an dat ass de Grond firwat deen och besonnesch muss hei ervirgehuewe ginn -, deen d'Diskussioune mat dominéiert huet, wou mir gesot hunn, mir wëllen een neie Site ënnert de Kritäre vun der Nohaltegkeet déve-

loppéieren a mir wëllen op deem Site nei Weeër goen, an dat war dee vum öffentleche Transport.

Vun Ufank u war gesot ginn, mir sinn hei am Land - net nëmmen am Süden - an enger Schneidstell vun eiser Entwécklung a mir kënnen net esou weidermaache wéi bis elo. A wa mir jeemools wëllen op en nationale Modal split vu 25/75, also 25% zu Gonschte vum öffentlechen Transport, kommen, da geet dat nëmme wa mir op esou grousse Projeten, wéi Esch-Belval, eis aneschters orientéieren an hei ee Modal split virgesinn, dee wäit iwwert dat erausgeet, nämlech 40/60, mat 40% zu Gonschte vum öffentlechen Transport. Dat géing eis dann d'Perspektiv ginn, fir eis vun deenen 12%, déi mir am Moment am Süden hunn, op déi 25% op nationalem Plang hinzebewegen. A mir hu jo och erkläerterweis op alle méiglecher Plazen deementspriechend Aussoe gemaach, fir op déi 25% fir den öffentlechen Transport op nationalem Plang ze kommen. Och dat ass um Instanzewee.

Een éischte Rendez-vous fir ze weisen, dass et eis eescht gemengt ass domadder, wäert den 19. Juni sinn, wou éischt Concerten an der Rockhal sinn a wou den öffentlechen Transport maassgeeblech als Message vun deem éischte Concert mat op de Wee gi gouf a wou déi Jonk an déi manner Jonk, déi wëllen op Esch an op de Site vun der Rockhal kommen encouragéiert ginn, den öffentlechen Transport ze benotzen, wat onheemlech wichteg als symbolesche Message ass, fir deen dote Projet zu enger Réussite ze maachen.

An ech kann lech soen - an ech sti mat menger Meenung net alleng -, wa mir jiddferengem géingen nogin, zum Beispill de privaten Investisseuren, déi sech ëmmer méi staark fir de Projet Esch/Belval interesséieren, da géinge mir op deene Plaze wou nach keen Aménagement oder keng Gebailechkeete stinn oder d'Projeten nach net an een, zwee Joer fäerdeg sinn, iwwerall Parkplaze maache wou der nëmme kënne sinn.

Wa mir an där Logik géinge fueren - a Gott sei Dank ass weder d'Regierung nach d'Agora nach de Fonds Belval an där doter Logik -, da géinge mir herno net méi kënnen ee Redressement maachen, well da géinge mir keng Bereetschaft méi fannen, fir hei nei Akzenter ze maachen an dofir ass déi Politik, déi d'Regierung am Kader vu „mobilité.lu" hei amgaang ass ze maachen, och esou wichteg an esou richteg.

Interessant wier et och fir d'Méiglechkeet - an ech weess, dass dat amgaang ass gemaach ze ginn, well et leien eng ganz Rëtsch vun Etüde schonn um Dësch vun ënnerschiddlechen Acteuren - nach eng Kéier ze préifen, ob mir net awer kënnen d'Konzept vun engem Train-tram um Site realiséieren. Mä souguer wann dat net méiglech wier - wat mir als Gemenge géinge bedaueren -, muss et eis Regel hei sinn, dass mir op den öffentlechen Transport setzen, ob dat Train-tram, ob et Train oder Bus oder wat et och ëmmer als Kombinatioun ass, dat muss eis Richtlinn bleiwen.

Selbstverständlech heescht dat och ëmmer - well soss wiere mir an deem Inseldenken an deem mir net wëlle sinn -, dass et muss zu enger Ubannung vun deem neien öffentlechen Transport, ronderëm beispillsweis d'Gare Belval-Usines, déi mir jo hei als Projet schonn ofgestëmmt hunn an déi elo an engem Provisoire opérationnel ass, um Site kommen, zum Beispill mat deem Projet Belval-Usines an dass mir wëllen dës Infrastrukturen ubannen un déi regional Infrastrukture vum Transport public.

Dann hu mir jo och an zwou Wochen d'Liaison Micheville. Do musse mir natierlech och elo nach eng Solutioun fanne fir den nördlechen Deel, also de Contournement vu Raemerich. Mä vu dass do schonn d'Pourparlerë mat den zoustännege Gemengen entaméiert sinn, gi mir awer dovunner aus, dass dat wäert méiglech sinn, an zumools wou am Kader vum Gesetz iwwert den Tunnel Micheville d'Garantien dra sinn, dass wierklech den zweeten Deel och op den Instanzewee geschéckt gëtt.

Wat eis um Häerz läit - an et kann een et net oft genuch hei widderhuelen, a mir hoffen och, dass dat an de Regionalplang Süde wäert afléissen, als Motto, als Visioun fir eng ganz Regioun -, dat ass, dass mir hei an der Logik si vun engem Développement durable, vun enger Entwécklung wou den Urbanismus mat am Viergergrond steet, wou mir dem öffentlechen Transport eng Chance ginn, wou mir eng Mixitéit vun de Funktioune virgesinn, wunnen a schaffen op engem Site; wou mir dat net als Fatalitéit hinhuelen, dass all Dag zéngdausende vu jonke Leit mussen an den Zentrum fuere fir eng Aarbechtsplaz ze fannen. Mir hoffe selbstverständlech, dass mat deenen heite Projeten, déi um Instanzewee sinn, och eng aner Situatioun um Aarbechtsmaart hei am Land kann entstoen.

An da sinn ech och scho bal un de Schluss ugelaangt, mat engem wichtegen Hiweis, mir hunn eis mëttlerweil ofgewinnt fir a Saache Frichen, ob dat elo de prioritäre Site Esch-Belval oder all déi aner Projeten ubelaangt, fir a Wahl-Echéancieren ze denken. Mir hunn eis och ofgewinnt fir an enger rengen Gemengelogik ze iwwerleeën. Mir fillen eis hei an enger Logik vun interkommunaler Zesummenaarbecht, vun engem Pro-Sud, deen zesummenhält. Mir hunn och opgehalen, fir den Développement vun eise Frichen, deen eng eemoleg Chance fir d'wirtschaftlech Dynamiséierung vun enger Regioun a vum Land duerstellt, a Landesgrenzen ze iwwerleeën. Eis Frichen zéien sech weider iwwer eis Landesgrenzen eraus, virun allem am südlechen Deel, Richtung Frankräich.

An et ass nëmme richteg, dass d'Regierung fréi genuch Pourparlerë mat der franséischer Regierung opgeholl huet, fir dass net op där enger Säit, nämlech op Lëtzebuerger Säit, en nationale Projet besteet, wou nei Orientéierunge fir d'Zukunft vum Land geholl ginn, an op där anerer Säit eng lokal Äntwert no renge gewerblechen a wirtschaftlechen Erwägunge kënnt, wou all déi Qualitéitsufuerderungen, déi mer un eise Site stellen, keng Äntwert op där anerer Säit fannen.

Ech géing dann ofschléissend nach eng Kéier hei mat op de Wee ginn, dass dee Wee vun der géisgesäiteger Consultatioun vun de Gemengen, vun der Chamber, weiderhin dee richtege Wee bleift, ob dat elo deen drëtte Rapport ass, dee mer hei an d'Chamber bréngen, oder ob dat eng breet ugeluechte Consultatioun an Informatioun vum Public ubelaangt.

Do ass nach ëmmer Nohuelbedarf a weider kontinuéierlechen Informatiounsbedarf, fir dass mer dee Message eriwwerkréien, deen eis jo awer hei um Häerz läit: Dass den Développement vun de Frichen am Süde vum Land an op anere Plaze vum Land eng eemoleg Chance ass, fir eis eng nei Orientéierung ze ginn, a fir ze weisen, dass eis dat eescht gemengt ass, wat mer am IVL op de Pabeier bruecht hunn, a wat mer an esou villen aneren Dokumenter, déi elo eng Verbindlechkeet fir eis kréien, probéieren alle méiglechen Acteure mat op de Wee ze ginn.

Sou dass ech dann de Plëséier hunn, eng Motioun hei ze presentéieren, déi signéiert ass vu Vertrieder vun der LSAP, dem Här Castegnaro a mir selwer, dem Här Sunnen als Vertrieder vun der CSV, dem Här Meisch als Vertrieder vun der DP an der Madame Loschetter als Vertriederin vun der grénger Fraktioun, a wou grosso modo drasteet - ech resüméieren et, well soss huet mäi Kolleeg keng Méiglechkeet méi, fir déi puer Ajouten nach ze maachen, wéi mir eis ofgemaach haten zu de Frichen an deenen aneren Deeler vum Land.

Et ass resüméiert

- den drëtte Rapport iwwert d'Frichë mam État d'avancement, dat ass d'Aktualiséierung vun deem Plan pluriannuel, deen eis virläit, mam Abezéie vun den Informatiounen iwwert den Avancement vun de Projeten op deenen anere Frichen;

- et ass d'Presentatioun vun engem Concept d'ensemble fir d'Cité des Sciences mat deem wat drunhänkt, nämlech d'Kreatioun vun engem Wirtschaftspilier fir d'Land ronderëm déi Thematik vun der Innovatioun, vun der Recherche a vun de Sciencen;

- et ass de Respekt vun de Prinzipië vum „masterplan" Esch/Belval, nämlech den Développement urbain durable an d'Mixitéit vun de Funktiounen;

- et ass d'Promotioun vum Transport public, mam Zil, e Modal split vu 25/75 am Land ze kréien a vu 40/60 um Site Esch/Belval;

- et ass d'Reexaminéiere vum Projet Train-tram an deem dote Kontext;

- et ass d'Poursuite vun de Pourparlerë mat de concernéierte Gemenge fir de Contournement vu Raemerech, fir eng Protektioun vun der Ëmwelt a vun der Awunnerschaft virzegesinn;

- et ass dat privilegéiert Elaboréiere vun engem Plan régional Sud, an Zesummenaarbecht mam regionale Syndikat Pro-Sud, fir dëse wichtegen Développement am Süden ze begleeden an e verträglech ze maache mat deem, wat elo schonn am Süden do ass, an natierlech gewuess ass, a fir an der Grande Région d'Pourparleren ze intensivéiere mat eise franséischen Nopere virun allem;

- an zousätzlech dozou natierlech och net ze négligéieren d'Rekonversioun, déi eis erwaart an aneren Deeler vum Land, beispillsweis Wolz, Iechternach oder Veianen, wou an enger méi gréngen Envergure, mä awer trotzdeem geneesou wichteg fir dës Regioun, eng Rekonversioun och um wirtschaftleche Plang néideg ass.

A wann dat mat enger breeder Informatioun vum Public kéint geschéien, da wiere mir ganz zefridden. Ech soen Iech Merci, Här President, dass ech am Numm vu menger Fraktioun d'Méiglechkeet hat, fir dës Debatt hei an der Chamber unzefänken. Merci. An ech géing Iech dës Motioun offiziell déposéieren. Wann ech gelift.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant les efforts des gouvernements successifs dans la mise en oeuvre du projet de reconversion des friches industrielles au sud du pays, dans un esprit de décentralisation sur le plan économique, administratif et culturel;*

*- considérant l'envergure des investissements publics sur le site prioritaire Esch/Belval-Ouest;*

*- soucieuse que les équipements de l'État sur le site Esch/Belval-Ouest puissent se réaliser et s'intégrer dans le respect des structures régionales et locales existantes;*

*- insistant sur la nécessité de poursuivre la mise en place des infrastructures prévues par l'État et la société de développement Agora permettant d'accélérer le développement du projet phare Esch/Belval-Ouest dans un esprit de «public-private-partnership»;*

*- rappelant l'engagement des gouvernements successifs d'entamer également la revalorisation d'autres anciens sites sidérurgiques, à savoir Terres-Rouges, le crassier Ehlerange, la fonderie de Rodange, les crassiers de Differdange et Mondercange, ainsi que le site de Dudelange;*

*invite le Gouvernement*

*- à soumettre à la Chambre des Députés un troisième rapport «Friches industrielles: état d'avancement et perspectives», renseignant sur les projets et investissements de l'État sur Esch/Belval-Ouest et les autres sites prioritaires définis, tout en définissant clairement le ministre de tutelle pour la coordination des dossiers;*

*- à présenter un concept d'ensemble pour les friches existantes avec leurs prolongements éventuels au-delà des frontières;*

*- à actualiser le plan pluriannuel des investissements de l'État sur les friches, avec un échéancier précis, dans un souci de transparence et d'information continue du public et dans le but d'encourager les investisseurs potentiels privés sur Esch/Belval-Ouest et sur les autres friches en voie de revalorisation;*

*- à présenter dans les meilleurs délais un concept d'ensemble pour la mise en œuvre du projet fédérateur de la Cité des sciences, de la recherche et de l'innovation afin de permettre le développement d'un pilier économique et socio-éducatif autour de la faculté des sciences et de la recherche de l'Université de Luxembourg prévue sur le site Esch/Belval-Ouest;*

*- à respecter les principes du masterplan Esch/Belval-Ouest, à savoir le développement urbain durable et la mixité des fonctions;*

*- à poursuivre la promotion du transport public dans le but d'un modal split national de 25/75 (25% transport public) à l'aide de l'introduction d'un modal split 40/60 (40% transport public) pour Esch/Belval-Ouest;*

*- à réexaminer la possibilité d'introduire le concept d'un train-tram à l'enceinte du site Esch/Belval-Ouest permettant l'interconnexion avec les réseaux et moyens de transport public existants;*

*- à poursuivre les pourparlers avec les communes concernées en vue de l'élaboration d'une nouvelle solution pour le contournement de Raemerich, permettant un accès nord du site Esch/Belval-Ouest dans le respect de l'urbanisme, de la protection des habitants et de l'environnement;*

*- à favoriser l'élaboration d'un plan régional Sud en collaboration avec le syndicat régional Pro-Sud dans le souci d'accompagner le développement socio-économique de la région du sud du pays;*

*- à poursuivre et intensifier les contacts et relations avec nos partenaires dans la Grande Région, notamment nos voisins français, ceci dans le souci d'une coopération pour un développement dynamique et durable de nos régions;*

*- à ne pas négliger la reconversion des friches industrielles d'autres régions, comme celle de Wiltz, d'Echternach ou de Vianden, qui ont également, dans des proportions moindres, l'opportunité de recouvrir d'anciennes surfaces industrielles;*

*- à poursuivre une large consultation et information des communes et des milieux concernés et une sensibilisation de la population pour la reconversion des friches et de la chance qu'elle représente pour le développement du pays.*

*(s.) Lydia Mutsch, Félix Braz, John Castegnaro, Viviane Loschetter, Claude Meisch, Fred Sunnen.*

**M. le Président**.- Merci, Madame Mutsch. Als éischte Riedner ass deen honorabelen Här Sunnen ageschriwwen. Här Sunnen!

***Discussion générale***

**M. Fred Sunnen** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'éischt der Interpellantin Merci soe fir hir Initiativ zu dëser Debatt. Si huet eng Partie Iwwerleeungen a Froen an dës Debatt mat erabruecht, a grad ewéi si sinn ech als Buergermeeschter direkt vun dësem grousse Projet betraff, well en ënnerläit och ënner anerem deenen zwou implizéierte Gemengen, fir duerch hir PAPen de Virgaben an den Iddien aus dem „masterplan" gerecht ze ginn.

D'Debatt vun haut de Mëtteg erlaabt eis, de parlamentaresche Suivi iwwert d'Rekonversioun vun de Frichen op Esch/Belval weiderzeféieren, e Suivi, dee mer am Mäerz 1999 op Initiativ vum fréieren Deputéierte vun deene Grénger, Robert Garcia, ugefaang hunn. D'Rekonversioun vun de Frichen huet bekanntlech hiren Ufank 1996 geholl, wéi de Stat zesumme mat der ARBED doriwwer nogeduecht huet, wéi een de Frichen am Minett neit Liewen anhauche kéint. Aus der Agiplan-Etüd 1997 sinn déi véier prioritär Siten definéiert ginn, déi och d'Interpellantin scho genannt huet: Belval-Ouest, Éilereng, Terres Rouges a Rodange, wourauser de Site vun Esch/Belval als éischt Prioritéit ervirgaangen ass.

Deen éischten „masterplan" ass 1999 fäerdeg gestallt ginn, an den Innenministère ass mat der Koordinatioun vun Dossier chargéiert ginn. Am Mee 2000 schreift de fréieren Innenminister a jëtzege Fraktiounspresident vun der CSV a sengem Rapport «Friches industrielles - état d'avancement et perspectives» ënner anerem: «La valorisation des friches industrielles dans le sud du pays constitue sans aucun doute un des défis majeurs de la politique d'aménagement du territoire dans les années à venir», en Dokument, dat de Coup d'envoi zu dësem urbanistesche Mammutprojet ginn huet.

Am Oktober 2000 ass d'Agora an d'Liewe geruff ginn, wou de Stat, d'Arcelor an déi zwou Gemengen Esch/Uelzecht a Bieles dra vertruede sinn, leider nëmme mat Voix consultative. Dës Entwécklungsgesellschaft, déi de Suivi vum Projet assuréiert, huet säit Januar 2005 en neien Direkter an der Persoun vum Här Vincent Delwiche. Déi éischt Projete lafe souwuel vun der staatlecher Säit wéi och duerch privat Investisseuren. Et ass fir eis wichteg, dass d'Agora weiderhin den Equiliber hält a schaaft tëschent den iwwergeuerdnete staatlechen Interessen, déi zweifelsouni bestinn, an den ekonomeschen Interesse vun enger Entreprise, déi um internationale Plang agéiert.

Et leeft also; iwwer Stëllstand kann ee kaum sech bekloen. Ëmsou méi muss een dëse vastë Projet am A behalen, fir dass e keng Eegendynamik entwéckelt, woubäi een ëmmer verschidde Froen am Hannerkapp behale muss, déi sech virun allem op déi urbanistesch, esthetesch a geographesch Ausriichtung, déi ekonomesch Notzung, an op dat zukünftegt Mobilitéitskonzept an de Frichë bezéien. Mä och aner Aspekter konditionéieren de Fortgang vum Projet. Déi prekär ekonomesch Situatioun, déi mer an de leschte Jore kannt hunn, sief hei nëmmen als Beispill ugefouert.

Ech erënneren dorun, dass d'Regierung sech voll a ganz hannert dëse Projet gestallt huet a sech am Kontext vun der Landesplanung ambitiéis Ziler gesat huet: «La reconversion des friches industrielles restera au centre des préoccupations de l'aménagement du territoire.» A méi spéit: «C'est dans ce contexte que la mise en œuvre de la Cité des Sciences, de la recherche et de l'innovation projetée à Belval-Ouest sera activement poursuivie par le Gouvernement.» Oder och: «Le Gouvernement veillera à ce que l'évolution des trois grands pôles de développement nationaux que sont le Kirch-

berg, le Sud-Ouest de l'agglomération de la ville de Luxembourg et Belval-Ouest se fasse de manière complémentaire et non concurrentielle.»

Den nationalen Enjeu vun de Frichë geet aus den Aussoe vum Regierungsprogramm vum August 2005 kloer ervir: Et geet net méi an net manner dorëm, fir den ekonomeschen an administrativen Equiliber vun eisem Land nei ze definéieren. Entschëllegt, et ass den August 2004.

An obwuel sech d'Froestellung vun der Interpellantin ausschliesslech op de Minett bezitt, ass et awer net falsch drun ze erënneren, dass mir och op anere Plazen am Land fréier Industriesiten hunn, déi enger neier Bestëmmung zougefouert musse ginn. Ech denken u Wolz, Diddeleng an un Dummeldeng. Vläicht kann eis de Minister och zu dëse Sitë soen, wat d'Objektiver vun der Regierung sinn.

Här President, d'Interpellatioun vun der Madame Mutsch ass datéiert op de 5. November 2003. Säitdeem huet sech souwuel op der Suessemer Säit wéi och op der Escher Säit ganz vill gedoen. Oft huet een den Androck, et géif sech bei de Frichen nëmmen ëm eng eenzeg gigantesch Baustell handelen. Et ass dofir wichteg fir potenziell nei Investisseuren, datt déi infrastrukturell Viraussetzungen esou séier wéi méiglech geschafe ginn.

D'Projeten op der Suessemer Säit sinn amgaang unzelafen. Déi éischt PAPen iwwer Belval-Nord ginn a 14 Deeg der Gemeng presentéiert. D'Rockhal huet den 19. Juni, d'Madame Mutsch huet et scho gesot, hir éischt Feierprouf ze bestoen, wou virun allem muss op d'Accessibilitéit vun der Rockhal duerch den öffentlechen Transport gekuckt ginn.

Op Belval-Usines gëtt fir de Moment un enger provisorescher Bréck geschafft fir den Zougang iwwert d'Rue de l'Usine hierzestellen. Dexia-BIL als Lokomotiv vun den Investisseuren dréckt dorop fir esou séier wéi méiglech op d'Frichë kënnen ze plënneren. Eng Rei aner Investisseuren, gleeft een de Wierder vum neien Direkter vun der Agora, hunn hiert Interesse schonn ugemellt. Et gëtt geschwat vun zwee holläneschen Immobiliëpromoteuren, vu fënnef lëtzebuergesche Promoteuren, déi am nërdlechen Deel vum Site wëlle Logementer bauen. Dobäi kënnt d'Hotelchaîne Ibis, déi 2006 en Hotel wëllt opriichten, dat 250 Aarbechtsplaze bitt.

Vläicht kann eis den Innenminister dës Aussoe vum neien Agora-Direkter am „Paper Jam" vum Juni elo confirméieren an eis doriwwer opklären, wien an a wat fir engem Mooss sech déi nei Investisseure fir de Site Belval interesséieren.

Niewent de privaten Investisseuren huet och de Stat d'Aufgab säi Bäitrag ze leeschten andeems hie seng Projeten esou schnell ewéi méiglech ëmsetzt. Ech hunn d'Rockhal schonn erwähnt. Dobäi kommen och d'Nationalarchiven. Dësen Dossier gëtt, wann ech richteg ënnerriicht sinn, nach eng Kéier réexaminéiert, well d'Regierung do een Deel vun der Universitéitsbibliothéik ënnerbrénge wëllt, wat am Kader vun der Cité des Sciences a vun de Fakultéite vun der Uni Lëtzebuerg, déi op de Site kommen, net vu Muttwëll ass.

De Projet gëtt erhalen, dee vun deenen zwee Héichiewen ass a senger Realisatiounsphas. Den Architektenconcours fir e Lycée op Esch-Belval ass ugelaf, wougéint d'Pläng vun engem Lycée op dem Site Terres Rouges nach net esou wäit sinn. Den CRP-Gabriel Lippmann huet sengersäits seng Aktivitéiten an de provisoresche Gebailechkeeten opgeholl. Et geet also aus all deem ervir, dass d'Dezentralisatiounsbestriewunge vun der Regierung hir éischt Friichten droen.

D'Interpellantin wërft d'Fro op iwwert de Phasage vum ganze Projet an iwwert den ekonomesche Kontext, deen och sécher seng Implikatiounen op d'Realisatioun vun der Rekonversioun huet. Ee gutt Beispill ass d'Liaison Micheville, wou den Tunnel elo a senger kuerzer Versioun zréckbehale ginn ass, mä wou ech den Diskussiounen an der Chamber net wëll virgräifen.

Ech muss awer soen, dass de Kompromëss zwëschent dem Stat, de betraffene Gemengen an de franséischen Autoritéiten eng akzeptabel Léisung duerstellt, well d'Virgaben an d'Contraintë virun allem um finanzielle Plang respektéiert goufen.

D'Madame Mutsch huet an hirer Froestellung d'Garantien ugeschnidden, déi sech virun allem aus de landesplaneresche Virgaben erginn hunn. En éischten Aspekt ass dee vun der Nohaltegkeet. Ech mengen, datt hei virun allem um Niveau vun de Gemenge vill kann erreecht ginn, wann et dorëms geet eng energiespuersam Bauweis virzeschreiwen. Ech denken hei beispillsweis doru fir déi sou genannten Energiekennwerter an déi eenzel PAPen obligatoresch dran ze setzen.

De Chauffage urbain vum Site kann un d'Escher Kogeneratiounszentral ugebonne ginn. Et ass an deem Kontext virun allem vun der Agora als solch den Nohaltegkeetsaspekt ëmmer am Hannerkapp ze behalen. Et geet an alleréischter Linn dorëm fir ee qualitativ héichwäertegen urbanistesche Projet ze realiséieren, deem och en nohaltegt Verkéierskonzept zu Gronn läit. An do si mir dann och scho beim öffentlechen Transport.

Dir Dammen an Dir Hären, eng erfollegräich Rekonversioun, wou x-dausend Leit schaffen a liewe sollen - eleng um Belval sollen 20.000 Aarbechtsplazen entstoen -, gëtt och a virun allem un der Tatsaach gemooss, wéi een déi grouss Zuel vu Leit all Moien op hir Schaff transportéiert kritt an owes erëm an hir Uertschafte féiert, ouni dass de Verkéier an de Spëtzestonnen zesummebrécht.

Eng Etüd iwwert d'Verkéierskonzept fir d'Friche Belval, déi d'Entwécklungsgesellschaft Agora engem Bureau d'études an Optrag ginn huet, weist ganz däitlech, datt et onméiglech ass déi Bewältegung iwwert den Individualverkéier ofzewéckelen. Et ass also kloer, dass ganz héich Ufuerderungen un déi extern an intern Erschléissung vun der Friche gestallt ginn.

Well gewosst ass, datt d'Leeschtungsfäegkeet vun der momentaner externer Stroossenubannung begrenzt ass, mussen nei an zousätzlech Zoufahrte gebaut ginn, souwuel bei eis wéi och op der franséischer Säit. Ee Liichtbléck an deem Kontext ass de Nordaccès op d'Friche iwwert d'Escher Strooss, deen amgaang ass realiséiert ze ginn.

Den öffentlechen Transport muss e groussen Deel iwwerhuelen. Ideal, sou ass geduecht a gemengt ginn, wier op Belval e Modal split vu 40/60. Et ass gewosst, datt dést méi en héijen Zilwäert ass wéi den Taux, deen um nationale Plang ugepeilt ass mat 25/75. Um Site vun Esch/Belval kéint een dës Objektiver beispillsweis iwwert de Wee vu beschränktem Parkraum erreeche fir d'Leit, déi op de Site komme fir ze schaffen, ze studéieren oder enger Fräizäitaktivitéit nozegoen.

Et muss awer och un deen net motoriséierte Verkéier geduecht ginn. Dofir brauch een e leeschtungsfäegen, attraktive System vu Foussgänger- a Vélosweeër. Momentan läit den öffentleche Verkéier am Süden op ongeféier 13% an ënnert dem Landesduerchschnëtt vu 14%. D'Frontalieren, déi an der Haaptsaach aus dem lothrengesche Beräich kommen, benotze virun allem hir privat Autoen an nëmmen zu 8% den öffentlechen Transport. Ee Grond méi fir d'Rekonversioun vun den Industriebroochen als Chance ze notze fir den öffentlechen Transport ze optiméieren an auszebauen. Dat geet iwwregens jo och aus de Virgabe vum integréierte Verkéiers- a Landesentwécklungskonzept ervir, deen ech spéider nach kuerz wëllt beliichten.

Well d'Zuel vun de Frontalierë stänneg klëmmt, well d'Südgemenge staark wuessen, ass et noutwendeg den öffentlechen Transport, dat heescht den Zuch an de Bus, weider auszebauen, an dat esouwuel um Niveau vum regionale Verkéier wéi um Niveau vum iwwerregionalen an internationale Verkéier. Ech denken hei virun allem un d'Verbindung mat der Stad Lëtzebuerg a mat de Grenzregioune vu Frankräich an der Belsch. D'Schinnennetz spillt an dësem Zeenario d'Haaptroll.

De Bus leescht iwwerall do seng Bäiträg, wou keng Schinne bestinn oder wou hien d'Leit bis op d'Zuch brénge kann. Well awer eng Partie Awunner den Trajet mat hirem eegenen Auto maache mussen, ass et noutwendeg, dass d'Parkinge bei de Garen an de groussen Agglomeratiounen am Süden ausgebaut ginn.

Wat de Belval ugeet, sou muss an enger éischter Phas en Arrêt Belval-Usines un dat bestoend Schinnennetz ugebonne ginn. Spéider soll jo hei eng performant Gare entstoen, déi d'Spectateure fir d'Rockhal op de Site brénge soll. Dës Aménagementer solle komplettéiert ginn duerch eng Verlängerung bei de Lycée an an den Zentrum vun der Uertschaft Bieles, fir e Point d'échange ze schafe mat de regionale Buslinnen a fir den Nordweste vum Site ze bedéngen.

Dës Verlängerung erlaabt dann an enger zweeter Phas mat Hëllef vun engem neien Tunnel, deen och schonn erwähnt ginn ass, deen alen Tunnel vun der ARBED, deen aus Sécherheetsgrënn net kann dénge fir de Persouneverkéier, d'Quartiere Scheierhaff zu Zolwer, de Foussbann zu Déifferdeng an d'Uertschaft Uewerkuer un d'Frichen unzebannen.

Wat den internen Trafic an de Frichë selwer ugeet, sou ginn am Moment eng Rei Etüde gemaach. Bis elo sinn zwee Couloiren Nord-Süd an Ost-West reservéiert, fir den öffentlechen Transport an d'Frichen ze integréieren. D'Gemenge sinn a bleiwen der Meenung, dass en Train-tram-System dohinner gehéiert, och wann dat keng bëlleg Léisung duerstellt. En zousätzleche Schinnestrang ass virgesi fir Raemerich mat Lalleng ze verbannen, soubal sech d'Urbanisatioun an deemno och den Trafic un den ugrenzenden Uertschafte verstäerke wäert. Dat ganzt Konzept gëtt ergänzt duerch Park-and-ride-Parkingen, déi direkt widdert der Eisebunn entstoe sollen. Besonnesch wichteg ass de Rond-point mat entspriechende Parkingen op der franséischer Säit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass higewise ginn op e ganz wichtegen Aspekt an zwar dee vun der Interkonnexioun vun der Rekonversioun vun de Frichen an de landesplaneresche Virgaben, déi sech aus enger Rei politeschen Entscheedungen an Dokumenter erginn hunn.

Den IVL ass d'Richtlinn a Saache Landesplanung un dee mir als CSV-Fraktioun wëlle weider festhalen. Den IVL gesäit an der Südregioun eng Rei Chancen, fir de bestoenden öffentlechen Transport ze verdichten. Als komplementaren Entwécklungsraum zur Agglomeratioun an a ronderëm d'Stad Lëtzebuerg soll eng verstäerkten demographesch Entwécklung, awer och um Niveau vun den Aarbechtsplazen, entstoen. Den IVL gesäit duerfir virun allem an den Industriebroochen een héicht Entwécklungspotenzial woubäi Belval prioritär behandelt soll ginn. Duerch den Ausbau vum Schinneverkéier an der Kombinatioun mat de Siedlungsflächen, déi schonn duerch de bestoenden öffentlechen Transport erschloss sinn, ka generell de Süde revaloriséiert ginn.

Den IVL berout um Usaz, datt déi international Ubannung an d'Ubannung un d'Stad Lëtzebuerg duerch de klassesche Schinnentransport ofgewéckelt soll ginn a fir déi interregional Erschléissung den Traintram soll ageféiert ginn. Ech denken, datt mer dës Debatt vläicht kéinten notzen, fir och op dësen Aspekt anzegoen.

Här President, d'SOTEL-Leitung fir d'Arcelor huet an deene leschten Deeg e puer Welle geschloen, op déi ech net wëllt agoen. Ech wëll awer éischter vun der Geleeënheet profitéieren, fir déi negativ Avisë vun deenen dräi betraffene Gemengen nach eng Kéier ze begrënnen, deen - an do kann ech nëmmen am Numm vu menger Gemeng schwätzen - a kengster Weis géint d'Arcelor geriicht ass. Et geet hei eenzeg an alleng ëm de Projet vu Belval an deemno wëlle mer eis och par rapport zu deenen urbanistesche Konsequenze vun esou enger Leitung op de Site vun de Frichë positionéieren.

Ech erënneren drun, datt fir den Aménagement vum Site eng Héichspannungsleitung muss ewechgeholl ginn, wat sech op e Käschtepunkt vun net manner wéi 2,5 Milliounen Euro beleeft. Déi geplangte Leitung stéiert eis virun allem aus ëmweltschutzrelevante Grënn, well den Tracé duerch en Noerhuelungsgebitt verleeft an deem sech ënner anerem Spadséier- a Vélosweeër befannen.

Eis feelt, op Grond vum Gesetz vum 24. Juli 2000 iwwert den Elektrizitéitsmarché, d'Haaptargument firwat dës Linn iwwerhaapt noutwenneg ass. De Minister vun der Ekonomie huet eng Etüd ugekënnegt iwwer e generellen Impakt vun esou enger Leitung, déi sech u verschidde Kritäre muss halen. Bis haut gouf esou eng Etüd nach net geliwwert, sou datt mer eis Froen iwwer eng alternativ Léisung gestallt hunn. A mir mengen dofir, dass eng permanent Réngleitung SOTEL-Cegedel eng gutt an zefriddestellend Alternativ fir se alleguerte kënnt duerchstellen.

Här President, ech wëllt als leschte Punkt dann nach op en neit Konzept vun deene sou genannte „public green" agoen. E Konzept un deem mir als Gemengeresponsabel wëlle festhalen, well et e flott neit Element ass an der Ausgestaltung vum Site op Esch/Belval. Et ass en Element, dat net ënnert déi 25% fält, déi d'Promoteuren de Gemenge musse ginn. Et ass eng öffentlech Fläch, déi am PAG ageezeechent ass, déi an den Domaine public gehéiert an net an d'Hänn vu Promoteuren oder Copropriétairen.

Ëm wat geet et hei konkret? Et geet drëms, datt um Site méi verdicht gebaut gëtt, wat mat sech brénġt, datt u sech d'Gäert vun den eenzelne Logementer relativ kleng ausfalen. Aus dëser Tatsaach eraus ass d'Iddi entstanen, fir tëschent deenen eenzelne Wunnîlotë Gréngflächen ze aménagéiere fir d'Wunnengsunitéiten opzelackeren. Dës Aart a Weis fir de Site vun de Frichen ze aménagéieren, wier e flott Instrument fir déi dicht bebaute Wunnîloten ze kompenséieren. Dëst wier ëmsou méi eng flott Léisung, well d'Agora scho signaléiert huet, fir de Gemenge beim Ënnerhalt finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.

Här President, d'Rekonversioun vun de Frichë bleift op alle Fall an de kommende Joren e politeschen Dauerbrenner. Et war an et bleift déi richteg Entscheedung fir de Frichen eng nei Bestëmmung ze ginn. Et bougéiert an d'Frichë gi lues a lues awer sécher mat engem neie Liewen erfëllt. Duerch d'Envergure vun dësem urbanistesche Mammutprojet ass et en Dossier vun nationalem Interessi.

Ech denken, dass dëst fir de Moment déi Punkte sinn, déi mir am Kader vun dëser Interpellatioun am wichtegsten erschénge sinn. Dës Debatt ass fir meng Fraktioun a fir mech awer nach net ofgeschloss, mä soll duerch d'Parlament permanent suivéiert ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Sunnen. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Meisch ageschriwwen. Här Meisch!

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg, an do ganz besonnesch och de Süde vum Grand-Duché, ass am Prozess vun engem Strukturwandel. Mir kommen aus der Industriegesellschaft a ginn an d'Déngschtleeschtungsgesellschaft eran an dat mécht sech natierlech ganz besonnesch bemierkbar an där Regioun, wou d'Industrie ganz staark vertruede war an haut Gott sei Dank och nach vertrueden ass an an Zukunft mat Sécherheet och nach wäert vertruede sinn.

Dee Prozess beschränkt sech net op Lëtzebuerg, mir kennen d'Entwécklung vun der Globaliséierung, der Mondialiséierung, der weltwäiter Konkurrenz, déi dozou gefouert huet, datt d'Schwéierindustrie hei am Land an op ganz villen anere Plazen sech huet missen ëmstrukturéieren. Esou datt zum Beispill haut hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer gradesou vill Stol produzéiert gëtt, dat allerdéngs mat vill, vill manner Leit an allerdéngs och op vill, vill manner Plaz.

Dat huet dozou gefouert, datt nodeems d'Héichiewen definitiv zougaange sinn an d'Elektrostoliewen opgaange sinn, also ugefaangen hunn ze produzéieren, mer hei am Land ronn 500 ha Fläch haten, déi fréier vun der Stolindustrie benotzt gi sinn, an déi haut broochleien an deelweis jo - wéi meng Virriedner et scho richteg gesot hunn - schonn net méi alleguerte broochleien, mä wou och deen een oder aneren Hektar schonn nei genotzt gëtt an do dernieft eben och nach 150 ha am Frankräich datselwecht Schicksal haten.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Déi 500 ha hei am Land sinn natierlech en enormt Potenzial fir nei wirtschaftlech Aktivitéiten, fir nei Entwécklungen an där ganzer Regioun, e Potenzial, dat à moyen terme dozou ka bäidroen, fir der ganzer Südregioun vun eisem Land en neit Bild ze ginn. E Bild dat duerch vill Aspekter ka gezeechent sinn, natierlech duerch wirtschaftlech Aktivitéiten awer och duerch Wunnen, duerch Fräizäitaktivitéiten, duerch Naturraumgestaltung, duerch eng aner Aart a Weis, wéi mer vun där enger Plaz op déi aner kommen, etc..

Dat Bild vu gëschter vun där ganzer Regioun war jo éischter dat vun der Industrie, vum Knascht, vum Kaméidi, un dat mer eis och nach oft gären zréckerënneren. Dat Bild haut ass schonn éischter e Bild vum Wandel, also eng Regioun, déi sech beweegt, déi nei Perspektive sicht a probéiert dat Potenzial, dat besteet - an dorënner fale mat Sécherheet déi 500 ha -, beschtméiglechst auszenotzen. An d'Bild vu mar? Jo, do ass natierlech och nach e Fragezeechen hannendrun. Et ass eben dat, wat mer haut hei an der Chamber diskutéieren, wou mer awer och op villen anere Plaze schonn diskutéiert hunn, nämlech och an der Südregioun selwer.

Well déi 500 ha an dee ganze Strukturwandel eng grouss Chance

duerstelle fir déi Regioun, awer net nëmmen eng Chance, well all Chance beinhalt och eng ganz Rei vu Risiken an dofir solle mer eis deene Risiken och bewosst si wa mer un dee Prozess do eruginn. Wichteg ass do zum Beispill, datt mer kohärent plangen, datt mer eis net op déi 500 ha Friches industrielles konzentréieren a soen, wat kënne mer dohinner implantéieren, mä datt mer déi ganz Regioun kucken, d'Besoinë vun der Regioun kucken, d'Chancë vun der Regioun kucken an dat an alle méiglechen Domäner.

Déi ganz Regioun muss also mat agebonne ginn, mir brauchen eis och net nëmmen do a mir däerfen eis net nëmmen do op déi Gemenge beschränken, wou Friches industrielles sinn, mir mussen déi ganz Regioun mat aschléissen, dat Ganzt muss ee Konzept aus engem Goss ginn. Wichteg ass och, datt déi ganz Regioun sech mat deenen eenzelne Projetë vun deenen eenzelne Friche-industriellen identifizéiert.

Ech mengen och, datt dat ëmmer méi de Fall ass. Wann ee kuckt, wéi vill dausende Leit zum Beispill op déi Porte ouverte op Esch/Belval gaange sinn. Dat waren der net nëmmen, déi do an de Stroosse ronderëm wunnen, mä dat waren der aus der ganzer Regioun, an ech wette souguer aus dem ganze Land, déi gekuckt hunn: Ma wat entsteet dann elo hei, wéi gesäit et haut hei aus, nodeems eben hei net méi geschafft gëtt, an éier elo hei de Bagger kënnt, a wou eppes Konkretes, Neies soll entstoen.

Wichteg ass eben och, datt mer ganz vill Acteuren aus der ganzer Regioun an dee Prozess do mat abannen. Acteuren, natierlech, sinn d'Gemengen, dat ass ganz kloer, well se jo och déi Kompetenz hu fir mat ze décidéieren, wat herno dohinner kënnt. Mä Acteur ass awer och de ganze Privatsecteur, Acteure sinn och aner Associatiounen, déi sech ëm d'Wuel vum Süden a vun där Regioun do wëlle këmmeren.

Do si mer dann och ganz schnell beim Rôle vum Pro-Sud, dat heescht vun deem Regionalsyndikat, dat viru ronn zwee Joer an d'Liewe geruff ginn ass, dat eng ganz Rei vu Missiounen huet, wou awer eng vun deene wichtegste Missiounen eben och déi ass, zesummen tëscht all deenen zwielef Membergemengen sech d'Fro ze stellen: Wéi gesäit déi Regioun, an där mer haut wunnen, an där mer haut schaffen, muer aus, a fënnef Joer, an zéng Joer, a 15 Joer? Dat schéngt mir op jidde Fall déi prinzipal Aufgab vun deem Syndikat ze sinn.

Et ass och eng enorm wichteg Aufgab, well wa mer wëssen, datt mer dat grousst Potenzial vun den Industriebroochen hunn, a wa mer dovunner ausginn, datt mer eréischt richteg wëssen, wat mer domadder kënne maachen, wa mer e regionaalt Konzept hunn, wa mer wësse wou déi ganz Regioun a fënnef, an zéng an a 15 Joer soll dru sinn, dann däerfe mer haut keng Zäit verléieren, fir esou e Konzept, e regionaalt Entwécklungskonzept opzestellen.

Duerfir géing ech och e waarmen Appel maachen, fir net déi Aarbecht do rouen ze loossen, wähtenddeems mer déi Diskussioun ëm déi nei territorial Opdeelung vun eisem Land féieren, währenddeems hei an der Chamber an där Spezialkommissioun wahrscheinlech och iwwert d'Missioune vun esou regionale Syndikater geschwat gëtt. Mir brauchen am Süden dat regionaalt Konzept fir domadder ze schaffen, fir eis tëscht de Gemengen ofzeschwätzen. Mir brauchen de Regionalplang, deen als Basis soll déngen fir eis eege Stadentwécklungspläng, fir déi eenzel PAGe vun de Gemengen, a ganz besonnesch och fir d'Erschléissungskonzepter vun deene verschiddene Friche-industriellen.

Esou ee Regionalplang fir de Süde muss virun allem eng Charakteristik hunn, dat ass datt e gemengeniwwergräifend geplangt gëtt, datt d'Gemengen zesumme kucken. An ech wëll do nach eng Kéier ënnersträichen, déi Gemengen, déi Frichen hunn, awer och all déi aner Gemengen, déi op hirem Territoire keng eege Frichen hunn, sollen zesumme kucken, wat se zesumme kënnen ofmaachen, fir déi gemeinsam Entwécklung vun där ganzer Regioun. Eng kohärent Planung ass natierlech do nëmme méiglech, wann d'Kierchtuermpolitik doheem bleift, wa mer op déi verzichten.

Natierlech muss jiddfereen a senger Gemeng kucken, wéi e seng eegen Entwécklung gesäit. Natierlech soll en och déi Perspektiven an déi Wënsch do mat eran an eng regional Diskussioun bréngen. Mä mir mussen awer wëssen, datt mer d'Regioun als Ganzt nëmme kënnen no vir bréngen, wou jiddfereen herno kann dovunner profitéieren, wou all Awunner ka profitéieren, wann och jiddferee primär un déi regional Interessien denkt.

Elo geet et ëm regional Infrastrukturen, an déi meescht Theme si vu menge Virriedner hei schonn opgeworf ginn, ëm Stroosseninfrastrukturen, ëm Infrastrukturen aus dem öffentlechen Transport, ëm d'Méiglechkeet nei Aarbechtsplazen ze schafen, ëm d'Méiglechkeete fir neie Wunnraum ze schafen, ëm d'Zil fir och Fräizäitaktivitéiten an der Regioun kënnen ze halen, ëm d'Méiglechkeet och d'Naturraim ze erhalen an zougänglech ze maachen, ëm d'Méiglechkeet fir déi Naturraim, déi mer hunn, queesch duerch de Süde mateneen ze verbannen, ze vernetzen, ëm d'Méiglechkeet fir nach e besseren öffentlechen Transport ze kréien.

Virun allem elo wou mer d'Chance hunn, nei Quartieren, souzesoen, ze plangen, wou mer direkt kënnen den öffentlechen Transport mat integréieren, ass dat eng gutt Viraussetzung fir eben och an Zukunft op en aneren Modal split ze kommen, dee mer eis landeswäit ëm déi 25% jo alleguerte wënschen.

Wann hei d'Chancë verpasst ginn, a wa mer hei net vu virera mat aplangen, wéi ee vun doheem op d'Aarbecht kënnt, a wéi ee vun der Aarbecht op d'Fräizäitaktivitéiten kënnt, a vun de Fräizäitaktivitéiten erëm heem oder ëmgedréint, da si mer mat Sécherheet deem Zil vun engem Modal split vu 25% e Stéck méi wäit ewech komm. Sou wäit ass mat Sécherheet och jiddfereen d'accord.

Mir mussen allerdéngs och kucken, wien herno wou wunnt a wie wou schafft. Et ass haut ganz oft esou, datt mer jo an der Südregioun ganz vill Aarbechtsplazen hunn, datt et trotzdeem esou ass, datt ganz vill Leit, déi an där Regioun wunnen, awer net déi Aarbechtsplazen do besetzen, datt déi éischter am Zentrum vum Land hirer Aarbecht noginn, datt ganz vill Pendler aus dem Ausland, aus der Wallonie, aus der Lorraine, an d'Südregioun erakommen, all Dag. Mir hunn eng sou genannten duebel Pendlerbewegung, déi do moies an owes spillt, an déi dann och eng ganz Rei vun Transportproblemer mat sech bréngt.

Mir mussen also och kucken, fir, wa mer am Süden Aarbechtsplaze schafen, och Aarbechtsplazen ze schafen, déi besat gi vun deene Leit, déi do wunnen. An deem Sënn, mengen ech, hätte mer emol net nëmmen eppes fir de Modal split gemaach, mä virun allem wär de Besoin un Transportméiglechkeete vu virera vill, vill méi geréng.

An da musse mer bei all deenen Iwwerleeungen do, wann ech soen, mir däerfen net nëmmen op d'Friche-industriellë kucken, mir däerfen net nëmmen op déi Gemenge kucken, déi Frichen hunn, mir musse regional denken, dann däerfe mer och net bei der eegener Grenz vum Land ophalen, mä mir mussen och iwwert d'Grenz ewechkucken, mir mussen an d'Groussregioun goen.

All déi Iwwerleeungen, déi mer maachen, wéi komme mer eng Kéier op d'Schaff, wat fir eng Attraktiounen hu mer op deene Frichen do. Wa mer vun der Rockhal zum Beispill schwätzen, da sinn dat jo net nëmme Leit hei aus dem Land, déi dohinner Concertë lauschtere ginn, mä da kommen déi ganz oft vu ganz, ganz, ganz wäit hier, an duerfir sinn dat Iwwerleeungen, déi net bei der Grenz musse stoe bleiwen, mä mir sollen iwwert d'Grenzen ewechdenken. An natierlech solle mer eis dat och am Hannerkapp behalen, wa mer iwwer e Regionalplang Süde schwätzen, datt mer eis net nëmmen op eis eege Gemenge konzentréieren, mä och iwwert d'Gemengegrenzen eraus.

Et ass gutt, datt viru Joren en éischte Projet phare determinéiert ginn ass, dee jo och scho ganz, ganz wäit virukomm ass. Wann een haut aus der Stad op Esch fiert, da gesäit een hannen op der Friche Esch/Belval d'Krane stoen, do wou geschafft gëtt, wou d'Gebai vun der Dexia héichgezu gëtt, do wou d'Rockhal deemnächst wäert opgoen. An do schéngen se schonn amgaange sinn, d'Instrumenter ze stëmme fir deen éischte Concert, deen elo gläich wäert stattfannen.

Also d'Rekonversioun vun där doter Friche a vun deem éischte Projet phare ass eng Realitéit ginn, an et ass en Zeeche fir de Strukturwandel an der ganzer Regioun. Et ass en Zeechen, dat Hoffnung mécht, net nëmme fir déi concernéiert Gemengen do, mä mat Sécherheet fir déi ganz Regioun. Virun allem Hoffnung mécht, well eng ganz Rei vu Projete jo nach sollen nokommen.

Och do ass et allerdéngs esou - an dat gëllt mat Sécherheet net nëmme fir d'Friche vun Esch/Belval -, datt eng Rei vu Risike bestinn, deene mer eis musse bewosst sinn a wou mer musse kucken, datt mer se évitéiert kréien. Esch/Belval, grad ewéi aner Développementer am Süden oder op anere Plazen am Land, däerf net dozou féieren, datt mer eng nei Stad kréien, déi fir sech ofgeschloss ass, déi a Konkurrenz op eemol trëtt zu anere regionalen Zentren, déi mer an der Regioun hunn.

Mir musse villméi kucken, eng Vernetzung ze kréien, mir musse kucken, datt e Ganzt doraus gëtt, datt mer net elo Aktivitéiten, déi mer am Süden haten, vun där enger Plaz op déi aner Plaz délocaliséieren.

Wann ech do als Déifferdenger Buergermeeschter däerf schwätzen, mir sinn natierlech net frou, wa mer héieren a liesen, datt en Institut wéi den Ceps, iwwert dat mer frou waren, datt et bei eis zu Déifferdeng zënter Joren eng gutt Aarbecht mécht an zur Renommee vun eiser Stad bäidréit, soll elo ewechkommen, fir an e gréissere Projet Esch/Belval mat integréiert ze ginn. Wa mer herno eis do géigesäiteg an der Regioun souzesoe Konkurrenz maachen, da mengen ech hu mer ënnert dem Stréch net vill geschafft, an duerfir solle mer do oppassen, datt mer zesummen do eppes schafen, wat der Regioun e Plus bréngt.

D'Dynamik, déi zu Esch/Belval entsteet an entstanen ass, solle mer alleguerten notzen, an déi symbolträchteg Aktivitéiten a Projeten, déi do amgaange si realiséiert ze ginn, droen och zu enger neier Dynamik an der ganzer Regioun bäi. Mir mussen duerfir och kucken, déi aner Frichen, sief et déi, déi vun der Agora géréiert ginn, sief dat Frichen, déi nach vun der Arcelor oder vun aneren, wou d'Arcelor nach Propriétaire ass, respektiv aner Propriétairen nach d'Hand driwwer halen, datt mer och do lues a lues virukommen, fir Entwécklungskonzepter ze erstellen.

Ech wëll och menger Virriednerin zoustëmmen, wa se gesot huet, datt d'Agora, also eng Form vun Entwécklungsgesellschaft, déi souwuel mat privatem wéi och öffentlechem Kapital gegrënnt ginn ass, ee Projet phare ass an engem neien Thema dat ëmmer méi an d'Diskussioun kënnt, nämlech dat vun der „private-public partnership", wou gekuckt gëtt eben öffentlech Interessen a privat Interessen zesummen ënner een Hutt ze kréien, fir Projeten ze realiséieren, déi wa mer se eleng mat der öffentlecher Hand géinge maachen, sécherlech vill méi schwiereg ze realiséiere wären, och well d'öffentlech Hand net ëmmer deen Knowhow an déi Capacitéite matbréngt, wéi dat punktuell mol de Privatsecteur vläicht mécht.

Wat d'Agora ubelaangt, wär et natierlech interessant ze wëssen - an ech ginn dovunner aus, datt den Här Minister herno eis wäert méi Informatioune bidden -, wou all déi aner Projeten dru sinn. Déi aner Projeten, déi och wichteg si fir déi Regioun, wou notamment och eng ganz Rei vu konkreten Infrastrukturprojetë virgesi sinn, déi d'Regioun brauch, esou zum Beispill d'Lentille Terres Rouges, wou jo geschwat gëtt, datt och Esch do e weidere Lycée soll kréien; Monnerech, wou jo eng Kombinatioun tëscht Bauschuttdeponie a Renaturéierung geplangt ass; d'Fonderie Rodange, do wou an der direkter Ëmgéigend vum sou genannten PED jo och weider Aarbechtsplaze kënne geschafe ginn; de Crassier Éilereng, deen och disponibel soll sinn à moyen terme fir Industriebetriber, fir PMEen.

Dat ass d'ailleurs eppes, wat mer och am Süde brauchen, well wa mer vu Strukturwandel schwätzen, da geet et net duer just ze soen, datt mer d'Industrie haten an an Zukunft wäerte Banken a Fuerschung an Héichschoul hunn. Esou einfach ass et och net! Mir brauchen och ganz besonnesch an där doter Regioun Industriebetriber a Flächen, wou Industriebetriber sech kënnen usiedlen. Mir brauchen och Flächen, wou PMEen sech kënnen usiedlen. An och duerfir mussen déi Friches industrielles kënne genotzt ginn, dat am Verbond mat engem Gesamtkonzept.

Beim Crassier Déifferdeng war ech selwer jo méi involvéiert, well mer doriwwer souwuel mat der Agora schonn diskutéiert hunn, sou wéi mir eis awer och an engem Raumnotzungskonzept Kordall Iddië gemaach hunn, wéi een déi 150 ha do kéint notzen. Se eegnen sech eben ënner anerem och fir d'Usiedlung vun neien Industriebetriber, se eegnen sech awer och ganz besonnesch fir eng gréng Oftrennung ze kréien, dat heescht Natur tëscht d'Wunnen an tëscht d'Industrie ze kréien, wat bis elo virun allem zu Déifferdeng jo net an deem dote Mooss de Fall ass.

Mir hoffen och do, datt mer lues a lues aus de Startbléck erauskommen. Wann ee liest, wéini och déi eenzel aner Frichen nieft dem Projet Esch/Belval sollte realiséiert ginn, also d'Rekonversioun sollt entaméiert ginn, da waren am Ufank do Datummer virgesi vun 2004, 2005, 2006, 2007. Mir kommen also elo an eng Period, wou mer awer ëmmer méi no dorunner kommen, respektiv wou och deen een oder anere Projet scho méi konkret hätt solle sinn.

Duerfir ass et wichteg haut vläicht nach eng Kéier de Bilan ze zéien, Här Minister, wou mer konkret dru sinn, a wat déi nei Perspektive fir all déi aner Frichë sinn.

**Une voix.**- Très bien!

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Wichteg ass, datt d'Gemengen och hirem Rôle gerecht ginn, datt d'Propriétairë vun de Frichen, sief dat d'Agora oder anerer, Partner fannen an de Gemengen, déi konstruktiv matschaffen. D'Gemeng huet jo eng wichteg Kompetenz, dat ass nämlech herno ze kucken, wéi deen Terrain klasséiert gëtt. Dat heescht d'Gemeng - an domadder och d'Populatioun - huet e Matsproocherecht doriwwwer, wat dohinner kënnt. Do kann et natierlech sinn, datt dee Propriétaire vun der Friche aner Vuen huet, mä do muss ee sech eens ginn. Dat ass bis elo, mengen ech, och an deenen allermeeschte Fäll esou geschitt.

Wichteg ass och eben, datt d'Gemengen sech ofschwätzen. Wa mer e Regionalplang bis hunn, dann ass och deen dote Prozess vill méi einfach, well da wësse mer vu vireran, wat fir eng Schwéierpunkte mer op deenen eenzelne Frichen an deenen eenzelne Gemenge wëlle setzen. Dat ass mat Sécherheet och méi transparent a bréngt méi eng grouss Planungssécherheet da fir déi eenzel potenziell Investisseuren, siefen et öffentlech Investisseuren, siefen et privater.

Aner Frichen, vun deene manner oft geschwat gëtt awer och ëmmer erëm méi geschwat gëtt, dat ass mat Sécherheet Diddeleng, wou et wichteg ass, dass och do gekuckt gëtt, wat geschitt mat deenen Terrainen, déi jo awer och ganz no beim Stadkär zu Diddeleng leien. Och do erëm muss d'Gemeng natierlech hirer Verantwortung gerecht ginn a selwer sech och mol Iwwerleeunge maachen, wéi si d'Entwécklung vun hirer Gemeng gesäit. Deen Exercice ass zu Déifferdeng gemaach gi mam Plateau funiculaire, dat zesummen ebe mat engem Privatinvestisseur.

De Plateau funiculaire ass eng Friche industrielle, déi matzen an der Gemeng Déifferdeng läit, tëscht Déifferdeng, Uewerkuer a Fousbann, déi eng Envergure vun 8 ha huet, a wou mer elo zesumme mat engem privaten Investisseur, wéi gesot, e Projet, en Entwécklungskonzept kënne virleeën, wou och deemnächst wäert de PAP agereecht ginn, wou e gemëschtene Quartier wäert entstoen, deen d'Verbindung wäert maachen tëscht deenen eenzelnen Uertschaften. Dee Projet integréiert awer gläichzäiteg aner Projetë mat, wou de Commerce wäert seng Plaz hunn, wou d'Wunne wäert seng Plaz hunn, wou mat Sécherheet awer och Servicer wäerten hir Plaz hunn, wou eng nei gréng Long fir déi ganz Gemeng Déifferdeng wäert entstoen, andeems mer e flotte Parc de la Chiers ronderëm eng renaturéiert Kor wäerten do aménagéieren.

Dat sinn also Projeten, déi deenen eenzelne Gemenge wäerten nei Zukunftsperspektive ginn, och wa se vläicht an der Zuel vun den Hektaren net all Kéiers deem entspriechen, wat zu Esch/Belval, wat op engem Crassier Déifferdeng, wat op anere Plaze méiglech ass. Trotzdeem sinn déi Projeten enorm wichteg fir déi bedeelegt Gemengen.

A wa mer vu Rekonversioun vu Friche-industriellë schwätzen, da geet et heiansdo jo och schonn duer, en aalt Gebai enger neier Affectatioun zouzeféieren. Och do hunn ech selwer materlieft, wat et ebe bréngt, wann am Déifferdenger Schlass net méi d'Arcelor eleng Här a Meeschter ass, mä wa se dat verlount un eng Miami University: Dat bréngt e Plus fir déi ganz Gemeng.

Ech hunn den Ceps zitéiert. Ech sinn och frou, datt am alen Hadir-Direktiounsgebai deemnächst eng ganz Rei vu Betriber vum Grupp Editpress wäerten ënnerkommen. Och dat si wichteg Signaler, déi mer am Süde kennen an déi wichteg si fir déi jeeweileg Stad, fir déi ganz Regioun, datt mer och weisen, datt et mat méi klenge Projetë geet an datt virun allem och Privatinvestisseuren un déi Regioun do gleewen, datt se un d'Zukunft gleewen an haut scho wëllen e Fouss an der Dier behalen.

Ech hunn Iech gesot zu Esch/Belval deet sech ganz, ganz vill. Dat ass gutt esou. Jiddferee gesäit et. D'Rockhal geet deemnächst op. D'Dexia ass amgaang ze bauen. Et ass eng Pépinière d'entreprises geplangt. D'Archive kommen och dohinner, an ech fannen dat richteg, wann de Projet nach eng Kéier iwwerduecht gëtt, fir en ze kombinéiere mat der Universitéitsbibliothéik. De Centre de recherche Gabriel Lippmann ass schonn do, och wann an enger provisorescher Infrastruktur; e wäert och do säin definitiivt Doheem fannen. D'Cité des Sciences gëtt och doduerjer lues a lues Realitéit.

Mä näischtdestotrotz stoungen awer och, a sti vläicht nach ëmmer, eng Rei vu Fragezeichen hannert deem engen oder deem anere Projet. Wat kënnt konkret vun der Uni dohinner, wéini kënnt dat dohinner? Wéi gesäit et effektiv mat deene staatlechen Investitiounen aus? Awéiwäit packen eis budgetär Mëttelen all d'Realisatioun vun deenen ugekënnegte Projeten? Awer och, wéi ass et mat deene private Projeten? Wéi ass et mam Kino? Wéi ass et mam Hotel? Wéi ass et mat dem Commerce? Wéi ass et mat anere staatlechen Administratiounen, déi am Sënn vun enger weiderer Dezentraliséierung an eisem Land och kënnen an de Süden op d'Frichë kommen?

Wat haut wichteg ass, dat ass, datt d'Investisseuren och d'Planungssécherheet kréien, datt se wësse wou se investéieren, datt se wëssen a wat fir engem Environnement se sech mar an iwwermar erëmfannen. Duerfir ass et wichteg, datt mer do eng kloer Sprooch schwätzen.

Frichë gëtt et natierlech net nëmmen am Süde vun eisem Land; Frichë gëtt et op ville Plazen an eisem Land. Mir hu vläicht am Süden eng gewësse Pionéieraarbecht geleescht. Eng Rei vun Erfahrunge si gemaach a wäerten nach gemaach ginn, déi mengen ech och ganz nëtzlech kënne si fir aner Projetë queesch uechtert d'Land.

Ech denken do un Uertschafte wéi Wolz; ech denken un Uertschafte wéi Veianen, wou et eben och noutwendeg ass, datt et duerch eng Rekonversioun an duerch nei Aktivitéiten zu enger neier Notzung kënnt vun Terrainen, déi fréier vun enger Rei vu Betriber genotzt gi sinn an haut do broochleien, datt déi Gemengen an déi Uertschaften och eng nei Dynamik verdéngt hunn an eng nei Dynamik brauchen.

Wichteg ass och do, datt mer Punkt fir Punkt a vläicht Friche fir Friche kucken, wéi mer weiderkommen, wéi de Problem läit, wat een aus den Terrainë ka maachen. Ganz wichteg ass oft den Assainissement, wou mer natierlech oft eng Hürd hunn. Ier een iwwerhaapt mol kann ufänke konkret eppes ze realiséieren oder och nëmmen ze plangen, muss do gekuckt ginn, wéi mer den Assainissement finanzéiert kréien, wat fir een Assainissement noutwendeg ass.

Et ass op jidde Fall keng Solutioun, einfach déi Brooche leien ze loossen, well se verseucht sinn, well se duerch eng deier Sanéierung vläicht deen een oder anere Projet oninteressant maachen. Ech mengen, och do si Gemenge gefuerdert, och do ass de Stat gefuerdert, an natierlech ass do de Propriétaire an de Verursaacher gefuerdert fir eng weider Notzung méiglech ze maachen. Mir sollen net déi Altlasten do eise Kanner esou an deem Zoustand, wéi se haut oft sinn, hannerloossen.

Frichë kréie mer natierlech och nëmme rekonvertéiert, wa mer déi néideg Moyenen hunn - mir maachen et duerch staatlech Investitiounen, mir maachen et och ganz vill duerch privat Investitiounen -, déi wäerte sech natierlech nëmme realiséiere loossen, wa mer dat favorabelt wirtschaftlecht Ëmfeld kënnen halen, wann d'Betriber hei kompetitiv bleiwen, dann investéieren se weider.

Mir hunn haut e Wirtschaftswuesstum vu 4%, dat heescht eis Ekonomie expandéiert. Expandéiere kann, mä muss haut net ëmmer nëmmen heeschen, datt eis Ekonomie méi Fläch brauch, mä kann awer och dat heeschen an an deem Sënn ass et allemol méi wichteg a méi interessant fréier Industriegebidder ze rekonvertéieren, wéi nei op der gréngER Wiss ze bauen. D'Frichë ginn also gebraucht. Si gi virun allem och gebraucht fir eiser Ekonomie eng nei Dynamik anzehauchen. An Iwwerleeungen, wéi se vun eise Kolleegen hei vum ADR virun e puer Joer gemaach gi sinn, mer sollen déi ganz Frichendiskussioun mol einfach lénks leie loossen an doduerjer de Wirtschaftswuesstum e bësse bremsen, mengen ech, dass se haut net méi esou géinge gemaach ginn, well mer haut jo leider an enger anerer Situatioun sinn. Mä dat weist, wéi schnell d'Meenunge sech heiansdo änneren hei am Haus an op anere Plazen; an dat zu ganz ville Sujeten.

Hei hoffen ech, datt mer eis alleguerten eens sinn, datt mer weider mussen un der Rekonversioun vun den Industriebrooche schaffen, dat am Süden, dann op anere Plaze vun eisem Land an dat zum Wuel fir d'Zukunft vun eisem Land. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Meisch. Ech hunn als nächste Riedner den Här Schneider hei stoen. Vu dass hien nach net heibannen ass…

***(Interruption)***

Elo ass hien heibannen an da soen ech, Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

***(Brouhaha général)***

Alles mat der Rou.

**Une voix**.- Ah!

**M. Romain Schneider** *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Revaloriséierung vun den Industriebroochen am Süde vum Land ass net nëmmen eng wirtschaftlech a gesellschaftlech positiv nohalteg Entwécklung fir de Süden, mä wäert de Motor an d'Visioun gi fir d'Zukunft vum Lëtzebuerger Land am 21. Jorhonnert. Do wou de Räichtum vun eisem Land entstanen ass leie Fläche brooch, déi eiser Landesplanung nei Perspektiven eröffnen. Interessant sinn a wäerten d'Ausféierunge vun deenen eenzelne Riedner sinn an et kommen der nach; hoffentlech wäerten nach méi interessanter kommen.

Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer och an dësem Kontext d'Regierung un de Regierungsprogramm ze erënneren, wou am Deel vum Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire steet: «La reconversion des friches industrielles restera au centre des préoccupations de l'aménagement du territoire. Les sites de Dudelange, de Dommeldange et de Wiltz seront pris en considération dans ce contexte en plus des friches industrielles situées dans le Sud du pays.»

Ganz am Geescht vum Programme directeur d'aménagement du territoire si Grondzentren ausgewise ginn, déi niewent den Haapt- a Mëttelzentren all wichteg Versuergungsfunktiounen erfëlle sollen. Am IVL gëtt konkret de Projet vun der strategescher Entwécklung a Vermaartung vu gewerblecher Flächen, an hei konkret d'Industriebrooche Wolz, genannt.

Och de Mëtteg scho goufe méi dacks déi eenzel aner Industriefrichen opgezielt. An erlaabt mer an dësem Zesummenhang fir aus deem Gesamtkonzept och e Ganzt ze maachen a kuerz e puer Informatiounen iwwert dës Broochen ze soen.

D'Industriebrooche Wolz, en Areal mat 10 ha, sinn e wichtegt Element an der Entwécklung vun enger ganzer Regioun. D'Schafe vun neien Aarbechtsplazen, neien Aktivitéiten, kënnen eng nei Dynamik am ländleche Raum ausléisen. Esou wéi och am IVL d'Dokument vum Januar 2004 et virgesäit, sollen d'Aarbechtsplazen an der Regioun Nordwesten, dat heescht d'Kantone Réiden a Wolz, vun ablécklech 7.450 op 10.960 bis an d'Joer 2020 uwuessen. An dësem Kontext ass d'Revaloriséierung vun den Industriebrooche vu Wolz mat der Kreatioun vun iwwer 700 Aarbechtsplazen e wichtegt Element.

Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer kuerz op den Dossier Industriebrooche Wolz weider anzegoen, wat den Assainissement ubetrëfft, e komplizéierten Dossier souwuel an technescher wéi a finanzieller Hisiicht. An op dëser Plaz wëll ech dem fréieren Ëmweltminister Charles Goerens Merci soe fir seng onkomplizéiert Ënnerstëtzung an dësem schwieregen Dossier.

Mat deemselwechte Geescht huet den neien Ëmweltminister Lucien Lux sech dem Dossier ugeholl a wäert probéieren d'Sanéierungsprozeduren zügeg virunzedreiwen. Een Assainissement, deen ëm déi zéng Milliounen Euro geschat gëtt; dovunner 25% fir de leschte Betrib a 74% fir d'Main publique (Stat a Gemeng).

D'Ausschaffe vun der Kommodo-Prozedur ass an der Endphas a wäert no der Etüd hydrogéologique, déi elo gemaach gëtt, an zwielef Méint kënnen ofgeschloss ginn.

Fir datt d'Viabilisatioun vum Site awer kann zügeg virugedriwwe ginn, wann d'Oplage vun der Ëmweltverwaltung bekannt sinn, huet de Wolzer Schäfferot e spezialiséierte Büro beoptraagt e Masterplang ze erstellen. Duerch d'finanziell Ënnerstëtzung säitens dem Wirtschaftsminister Jeannot Krecké konnten d'Käschte fir d'Gemeng a Grenze gehale ginn. Dëse Masterplang gëtt als Propositioun vum Schäfferot der Ëffentlechkeet an deenen nächste Woche presentéiert an duerno mam lokale Gemengerot, de Gemengen aus dem Kanton an den zoustännege Ministèren - Intérieur, Environnement an Ekonomie - ausdiskutéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen, a senger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro iwwert d'Brooche Wolz vun den Deputéiertekolleege Kaes, Schaaf a Schank, äntwert den Innenminister Jean-Marie Halsdorf interessant a fir de Projet mat wichtegen Detailer.

Hie seet kloer, datt de Projet de Rayonnement vun der Stad Wolz dépasséiert a muss mat de Gemengen aus dem Kanton Wolz zesumme realiséiert ginn. Hie weist op d'Wichtegkeet hi vum Projet am Kader vun der Realisatioun vun den Objektiver am Programme directeur an invitéiert d'Ministèren déi néideg finanziell Moyenen am Statsbudget ze débloquéieren, fir bei der Realisatioun eng kräfteg Hand an der Finanzéierung unzepaken. Et ass gewosst, datt souwuel den Assainissement mat zéng Milliounen, sou wéi d'Viabilisatioun vum Site mat etleche weider Millioune d'finanziell Rumm vun enger Gemeng an der Gréissenuerdnung vun der Stad Wolz bei wäitem sprengen.

D'Koordinatioun vun den Aarbechte soll laut Minister an engem Comité de pilotage ënnert der Leedung vum Ministère de l'Intérieur lafen. Eng Iddi, déi och scho säi Virgänger, den Innenminister Michel Wolter, am Oktober 2003 lancéiert hat. Bis haut gouf kee Comité de pilotage an d'Liewe geruff a keng Sitzung ofgehalen. Ech hoffen, den Innenminister kann eis de Mëtteg Opschloss doriwwer ginn.

Et wier wichteg, dass dës richteg Initiativ sou schnell wéi méiglech kënnt aktivéiert ginn, fir dem Dossier och säitens de Ministèren den néidegen Impakt ze ginn.

Niewent der Aktivéierung vun dësem Comité de pilotage ass et awer absolut noutwenneg ee Regionalfonds fir d'Entwécklung vun der Regioun ze schafen. Dëse Fonds soll erlaben d'Entwécklung vun der Regioun aktiv ze steieren an d'Diversifizéierung vun den Aarbechtsplazen ze förderen.

Déi nei national Raumplanung gesäit jo wichteg Ännerungen an dësem Beräich vir an dës Ännerunge kënnen net ouni déi néideg finanziell Moyenen an Ugréff geholl ginn. An dësem Kontext ass d'Viabilisatioun vun den Industriebrooche Wolz ee wichtege Facteur. D'Beispill Fonds de Belval huet bewisen, wéi effikass an noutwenneg esou eng Struktur ass. De Succès vun dësem Projet ass awer haaptsächlech och niewent de finanzielle Mëttelen op den Asaz vu professionellem Personal zréckzeféieren. Dëse Wee muss och bei der Viabilisatioun vun den Industriebrooche Wolz gemaach ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech si sécher, datt niewent dëser fruchtbarer Debatt iwwert d'Industriebrooche Süden d'Chamber déi ganz Diskussioun iwwert d'Broochen als ee Ganzt gesäit an eis Regierung och déi aner Siten, wéi Diddeleng, Dummeldeng a Wolz wäert schnellstméiglech an Ugréff huelen. Et sinn dat wichteg Schrëtt fir eng nohalteg an diversifizéiert Landesplanung.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Schneider. Den nächste Riedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi Debatt, déi mer haut féieren, ass jo scho méi laang ugefrot gewiescht, scho vun Enn 2003 un. Mir mengen awer, dass et net vun Nodeel ass, dass se haut eréischt op den Ordre du jour kënnt, well et der neier Regierung d'Geleeënheet gëtt, sech doriwwer ze prononcéieren, méi wéi dat, wat am Koalitiounsofkommes steet. Mir mengen, dass dat méi interessant ass wéi wann ee vun der viregter Regierung, déi ausgetrueden ass, nach eng Kéier, eng leschte Kéier confirméiert kritt hätt, dass se déi Jore virdrun net esou schlecht geschafft hätt op deem heiten Dossier. Duerfir si mer frou, dass déi Diskussioun haut gefouert gëtt.

Et hunn eng Partie Kolleege schonn drop opmierksam gemaach, dass et sech beim Dossier vun de Frichen net nëmmen ëm e lokale Problem vu Suessem respektiv Bieles oder Esch handelt, mä dass et sech ëm e regionale Projet vum Süden handelt a wäit doriwwer eraus. Och am Zentrum, och am Norden - de Kolleeg Schneider huet drop opmierksam gemaach - sinn där Terrainen.

Et besteet e Konsens an der Chamber, an och géing soen d'une façon générale an der Politik doriwwer, dass et Sënn mécht, Frichen ze erschléissen, dass et Sënn mécht, déi doten Terrainen, déi mer hunn, als Éischt enger neier Affectatioun zouzeféieren, ier mer aner Terrainen op der gréngER Wiss géinge probéieren enger neier Affectatioun zouzeféieren. Bei esou vill Konsens mengen ech, dass et Sënn mécht, drop opmierksam ze maachen,…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…dass et sech bei dësem komplexe Sujet net nëmmen, wéi gesot, ëm e lokalen oder regionale Problem oder en nationale Problem handelt, mä et ass eiser Meenung no och eng national Erausfuerderung an och en nationalen Testfall.

Et ass eng national Erausfuerderung, a mir mengen, dass et elo, wou de Projet Belval-Ouest schonn eng ganz Partie Joren amgaangen ass entwéckelt ze ginn, géing Sënn maachen, unhand vun deem praktesche Beispill do e klenge Bilan ze maachen, ob mer et fäerdeg bréngen, deen nationalen Testfall an déi national Erausfuerderungen, déi sech stellen, tatsächlech esou ze beäntwerten, wéi se misste beäntwert ginn.

Ech wëll ufänke mam Stéchwuert vun der Erausfuerderung. D'Erausfuerderung, déi sech gestallt huet bei deem Dossier vun der Entwécklung vu Belval-Ouest, stellvertriedend fir déi Frichen, déi nach solle kommen, ass eigentlech déi vum Strukturwandel. Well de Strukturwandel, dee mat deem Projet sollt agelaut ginn, ass am Fong näischt anescht wéi den Ofschloss eréischt vun der Stolkris.

Mir hunn zënter der Stolkris an där Regioun vum Land constatéiert, dass d'Aarbechtsplazen an där Regioun réckleefeg waren, dass mer virun allem déi Aarbechtsplazen, déi méi Qualifikatioun beinhalten, tatsächlech praktesch just nach am Zentrum vum Land, ronderëm d'Stad erëmfannen, an do gëtt et eng ganz däitlech Wanderbewegung all Dag moies aus dem Süde Richtung Stad Lëtzebuerg an owes nees zréck.

Dat ass eng Entwécklung, déi net nëmmen eng ganz Partie Froen opwerft am Beräich vun der Verkéiersproblematik, mä déi virun allem däitlech mécht, dass zënter dem Enn oder dem Ufank vun der Stolkris an an deene Joren, déi duerno komm sinn, de Strukturwandel am Süden nach ëmmer net fäerdeg bruecht ginn ass, bis haut!

De Projet vun der Revitaliséierung vun de Frichen ass am Fong geholl, doduerch dass mer déi Terrainen, déi schonn eng Kéier zum Räichtum vum Land bäigedroen hunn, elo enger neier Affectatioun zouféieren, mat der Hoffnung, eng zweete Kéier fir de Räichtum vum Land ze suergen, eigentlech eréischt den Ofschloss vun der Stolkris an där Regioun vum Land.

Mir mengen och, dass et eréischt elo zum Ofschloss vun der Stolkris, och an de Käpp vun de Leit, kënnt, elo wou se gesinn, dass se dat, wat se eng Kéier hu mussen délaisséieren, elo kënnen nei valoriséieren, an dass et kann nei Entwécklung an en neie Räichtum fir déi Géigenden do bréngen.

Dat gëtt och doduerch dokumentéiert, dass eng ganz bestëmmten Affectatioun fir déi Terrainë virgesinn ass am Beräich vun der Science, Stéchwuert Uni Lëtzebuerg, am Beräich vun der Science a vun der Recherche, Stéchwuert nei Technologien op deem Site, Stéchwuert och Ëmwelttechnologien. Dat si wichteg Aspekter, well et och vläicht gutt wier, wann et nees mëttel an héich qualifizéiert Aarbechtsplazen an där Géigend vum Land géing ginn. Vläicht géingen dann och nees d'Lëtzebuerger net wëllen all nëmme bei de Stat schaffe goen. Vläicht géing et och erëm eng Kéier interessant gi fir Leit hei aus dem Land mat enger méi héijer Qualifikatioun, sech am Privatsecteur ëmzekucken no enger Schaff. Eng Entwécklung, déi een déi lescht Joren hei am Land vermësst, an déi scho bal mëttlerweil karikatural Zich ugeholl huet.

Et geet och doréms, déi Aarbechtsplazen, déi do am Süde sollen entstoen, och ze versi mat deem néidege Wunnraum, deen dozougehéiert. Och dat ënnert dem Motto Strukturwandel: net nëmmen nees schaffen am Süden, mä och nees wunnen am Süden. An déi zwee Stéchwierder zesummenzebréngen, ass och eng Aufgab, déi an deene Projeten do probéiert gëtt mat ze bewältegen. Dat sinn, wéi gesot, eiser Meenung no, déi Haapterausfuerderungen, déi sech mat der Entwécklung vum Testfall Belval-Ouest, vum Projet pilote Belval-Ouest gestallt hunn.

Et ass awer och aus engem zweete Grond en Testfall, well mer probéieren unhand vun deem Strukturwandel och dem Stéchwuert Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg déi éischte Kéier eng konkret a komplett Bedeitung ze ginn unhand vun engem gréissere Projet. An net nëmme sektoriell oder punktuell op dësem oder deem Aspekt vun engem Projet, mä hei gëtt en Terrain vun 120 ha entwéckelt, am Gesamtusproch op all senge Beräicher dem Begrëff vun der Nohaltegkeet gerecht ze ginn, an domadder och en Impuls ze setzen iwwert d'Grenze vum Site eraus.

Dat ass de Fall beispillsweis bei der Mobilitéit. Wou mer bei der Mobilitéit wëssen, dass mer eis jo als nationaalt Zil gesat hunn, an enger éischter Phas de Modal split vu 25/75 ze erreechen, wat bedéngt, dass op Belval-Ouest de Modal split minimum 40/60 muss sinn. Där Meenung ass och jiddfereen. Dat ass séier gesot, 40/60. Do fënnt een d'Leit séier dran erëm. An der Praxis, am Konkreten, Dag fir Dag, Woch fir Woch, Projet fir Projet, Ouverture fir Ouverture, ass dat awer net ëmmer datselwecht. Well et ass jo liicht ze argumentéieren, d'accord mat 40/60, mä wa mer esou wäit sinn. Insgesamt maache mer och punktuell a praktesch gäre mat.

Esou kann dat natierlech net lafen. Dat ass en Effort vum éischten Dag un, an all Démarchen, déi een ënnerhëlt an déi dote Richtung, mussen novollzéibar an unenaner gereit, Pärel fir Pärel un där Ketten, zu deem Zil do féieren, an et ka kee sech méi hannendru verstoppen, dass anerer sollen ufänken, dass anerer sollen d'Virleeschtung bréngen, a wann et dann esou wäit wier, mécht och dee Leschten an der Rei nach gäre mat. Dat muss wierklech eng Erausfuerderung sinn, där ee sech stellt, an dat ass net ëmmer liicht. Dat ass och ustrengend, well ee ganz vill mat ville Leit iwwert déi Saachen do ze diskutéiere kritt. Mä bis elo si mer nach, an den Absichten zumindest, op där doter Schinn, an dat ass och wichteg.

Fir dass mer dat awer erreechen, musse méi Mobilitéite seriö geholl ginn, net nëmme Mobilitéit mam Auto, net nëmme Mobilitéit mam Zuch. Och de Foussgänger, och de Vëlo si Stéchwierder, déi bei deenen doten Entwécklunge primordial sinn, a besonnesch primordial ass d'Entwécklung beim Stéchwuert vun der Schinn. Déi Gemengen, déi betraff sinn am Kader vum Projet Belval-Ouest, weisen drop hin, dass ee muss eng zentral Ubannung vun der Friche Belval-Ouest mat der Schinn erreechen. Dat hu mer haut nach net. Mir hunn haut eng Ubannung um Süde vun der Friche Belval-Ouest, an et ass eng vun de Fuerderungen a vun de Virschléi vu ganz villen, dass déi Schinn op dee Site misst eropkommen. Esou wäit si mer leider nach net.

D'Gemengen hu wuel déi Trassen an hire PAGe fräi gehalen, an et gëtt do argumentéiert mam Käschtepunkt am Wesentlechen, well gesot gëtt, dat ass relativ deier wa mer musse vun den CFL-Schinnen eriwwer op de Site kommen, an Ostwest-Richtung fueren an duerno nees op déi aktuell Schinnen erofkommen. De Käschtepunkt, deen invoquéiert gëtt, ass een ëm 20 Millioune Euro fir zwee Fly-overen ze bauen. Dat ass e Käschtepunkt, deen natierlech net négligeable ass, deen net geréng ass, deen awer am Kontext vun de Gesamtentwécklungskäschte vun deem Site relativ geréng ass.

Ech rappeléiere just nach eng Kéier, dass de Stat, eleng fir déi öffentlech Projeten, ëm eng Milliard Euro bereet ass op den Dësch ze leeën, ouni d'Geld vun de Privatinvestisseuren, ouni d'Geld vun der Entwécklungsgesellschaft, esou dass mer mengen, dass dee Käschtepunkt do relativ geréng ass am Zesummenhang vum Développement vun deem Site, dass dat awer en Investissement wier wat wesentlech wier, wann ee wéilt an der ganzer Regioun duerfir suergen, dass tatsächlech déi Entwécklung do an der Haaptsaach op der Schinn stattfënnt.

An dat ass net nëmme relevant a richteg fir de Site Belval-Ouest, mä fir praktesch sämtlech Frichen am Süden. Déi Frichen, déi genannt ginn, ech widderhuelen se elo net, hunn eng Gemeinsamkeet: Et sinn ARBEDs-Terrainen. An déi waren nach ëmmer mat der Schinn ënnerenaner verbonnen. A wann ee sech d'Entwécklung vun deene Siten, och vum Point de vue vun der Mobilitéit hier, wëllt virhuelen, da soll ee sech och d'Liewen do net kompliziéiert maachen. Da soll een déi Infrastrukturen, déi een huet, och benotzen. An déi éischt a souguer déi eenzeg Infrastruktur, déi déi Siten alleguer matenee verbënnt, dat ass d'Schinn. Dat sinn net anerer, déi nach misse geschafe ginn. Dat wier d'Schinn.

Duerfir wier et absolut noutwendeg, eiser Meenung no, dass ee sech géing mat där dote Fro beschäftegen an enger Logik vu Péiteng eriwwer bis op Diddeleng. Dat net nëmme wéinst de Frichen, mä och wéinst de Frichen, där Mobilitéit, déi et am Süde gëtt; a praktesch an Drëttel vu sämtlechen Déplacementer pro Dag fannen am Süde statt, hunn hiren Ursprong, hir Quell an hiert Zil an der Südregioun.

Dat am Kontext vum Développement vun de Frichë misst eis dozou bréngen, dass mer probéieren déi Infrastruktur, déi et scho gëtt, déi historesch gewuess ass, déi haut awer eng Aktualitéit kritt, déi enorm ass, dass mer déi géinge konsequent notzen a konsequent ausbauen, och doduerch dass mer probéieren Déplacementer op d'Friche ouni Ëmklamme méiglech ze maachen. Well mer wëssen alleguerten, dass all Ëmklammen dat Transportmëttel ëm esou vill Prozent manner attraktiv mécht.

Hei hu mer déi historesch Chance, wierklech dofir ze suergen, dass et an déi dote Richtung geet. Sécher si mer am Moment an där doter Logik. Mir bewegen eis politesch an déi dote Richtung. De Kärpunkt ass awer wierklech deen, dass een dofir suergt, dass et ouni ëmklamme muss kënne fonctionnéieren, net nëmme fir Belval-Ouest, mä duerch de ganze Süden an Ostwest-Rchtung an eben och laanscht all d'Frichen, wou d'Schinne scho leien, déi Qualitéit do hierzestellen. Dat ass d'Stéchwuert vum Train-tram.

Mir wëssen, dass den Transportminister amgaang ass eng Etüd opstellen ze loossen oder amgaang ass ze préiwen, ob et net méiglech wär déi Schinne vun der ARBED am Süde vun der Friche Belval ze kräizen, fir also net mussen driwwer ze fueren, dann hätte mer deen Ouvrage an dat Geld gespuert. Mir hoffen natierlech, dass déi Etüd positiv ass, well dat mécht d'Saach méi liicht. Mir mengen awer och, dass, esouguer wann déi Etüd negativ wier, all déi aner Argumenter nach ëmmer richteg sinn an et iergendwann eng Kéier noutwendeg ass, dass ee sech mat där Fro an deenen Terme beschäftegt.

Mir musse kënnen all déi Terrainen ënnertenee verbannen, ouni ëmklammen ze musse vun der Schinn op en anert Transportmëttel. Ouni dat ass dee Modal split vu 40/60, an doriwwer eraus vu 25/75 fir d'ganzt Land eiser Meenung no illusoresch. An et geet net duer prinzipiell dofir ze sinn, et muss een och tatsächlech praktesch dofir sinn a sengen Décisiounen an an deem wat ee mécht.

Dofir kritt och d'Ouverture vun der Rockhal den 19. Juni eng ganz speziell Bedeitung. Och dat ass net einfach, well d'Ouverture vun der Rockhal fënnt statt op engem Chantier. Et ass net hiren eegenen, mä dee ronderëm. Och do ass et net evident sech virzestellen, dass dat scho vum éischten Dag u ka mat Liewe gefëllt ginn.

Den Usproch ass awer, dass dat fäerdeg bruecht gëtt - an all d'Effortë lafen am Moment, wou mer elo schwätzen, ganz däitlech an déi dote Richtung -, dass wierklech probéiert gëtt deen Dag massiv, mat der Ënnerstëtzung vun all de Partner vum Ministère, vun der CFL, an déi dote Richtung ze goen. Dat ass och e Punkt wou mer hoffen, dass dat sech bis den 19. Juni an déi dote Richtung confirméiert. Soss hätte mer och do erëm eng Kéier de Rendez-vous verpasst an da wieren eis Deklaratiounen an Zukunft op deem dote Punkt vill manner wäert, wéi de Professer Brändli, deen hei scho méi oft zitéiert ginn ass, gesot huet: „Alles, wat am IVL steet, ass richteg a gutt." Mä wann Der dat, wat Belval-Ouest betrëfft, an deem Konzept net fäerdeg bréngt ze realiséieren, da braucht Der iwwert de Rescht net méi ze schwätzen.

Esou einfach ass de Match ëm deen et geet. Esou einfach ass en den Enjeu an esou einfach wäert et och sinn, eis kollektivpolitesch Leeschtung an enger relativ kuerzer Zäit ze moossen an ze jugéieren.

En zweete wesentlechen Aspekt, wou en Testfall stattfënnt, dat ass de Volet vun der Energie. Och do ass et wichteg, dass ee bei dësem Site probéiert dat Machbaart erauszeschloen: verbrauchssäiteg, op Säite vun de Gebaier, déi realiséiert ginn, awer och alimentatiounssäiteg.

Och do hunn d'Saachen sech net vum selwen agestallt. Och do hunn notamment d'Gemengen e ganz wesentleche Rôle gespillt fir dofir ze suergen, dass mer haut Energiekennwerter hunn, déi lafend kënnen adaptéiert ginn, déi haut zu deene strengsten zielen, déi am Land iwwerhaapt ugewannt ginn. An d'Gemengen hunn och wesentlech dozou bäigedroen, dass et elo zum Dépôt vun engem Projet de loi komm ass fir d'Kreatioun vun enger Société SUDCAL, déi sech domadder beschäftegt d'Hëtzt vun der TGV vu Rammerech auszekoppelen an domadder net nëmmen de Site Belval-Ouest ze alimentéiere mat Hëtzt, mä och nach eng ganz Partie Siten do ronderëm, fir dass mer dem Usproch vun der Energie gerecht ginn.

D'drëtt Stéchwuert, dat ass de Kontext vum IVL. Dat Konzept ass e wichtegt Konzept, well et déi éischte Kéier probéiert der Politik an der Landesplanung e Stellewäert ze ginn, dee wichteg ass an dee gewiichteg ass par rapport zu der Dynamik an zu den Intérêtë vun den eenzelnen Investisseuren, déi et am Land ka ginn.

Et ass awer wichteg, wann ee kuckt wéi vill am Moment op de Frichë muss entstoe fir se kënnen ze revitaliséieren, dass ee gläichzäiteg op anere Projeten eventuell méi lues mécht. Do ass d'Regierung gefuerdert insgesamt, speziell natierlech den Innenminister, fir dofir ze suergen, dass net parallell zwee, dräi, véier grouss Projeten op zéng, 15, 20 Kilometer Loftlinn vunenaner stattfannen. Besonnesch wann ee weess, wéi deier d'Entwécklung vun de Frichen ass. Dat sinn Terrainen au départ, déi déi Course untriede mat engem klenge Retard, well bis déi Terrainë vun de Frichen viabiliséiert sinn, muss scho ganz vill Geld investéiert ginn. Et ass e Coût, dee sech iergendwann eng Kéier muss an de gesamte Coûten an an de Gesamtpräisser erëmfannen.

A wann een da weess wéi deier déi Terrainen do ginn, da muss d'Regierung dofir suergen, dass aner gläich oder ähnlech gelagert Projeten, déi net op Frichë stattfannen, net kënnen esou séier virugoen.

Mir kënnen net gläichzäiteg behaapten, am Geescht vum IVL, mir wëllen d'Frichen développéieren aus enger ganzer Rei vu gudden a gedeelte Grënn heibannen, a gläichzäiteg aner gréisser Entwécklungsprojeten, déi direkt Konkurrente kënne sinn, och nach ënnerstëtzen. Da geet déi Rechnung net op an do ass d'Politik gefuerdert. Grad esou wéi se gefuerdert ass, fir dass den IVL eng Kéier Realitéit gëtt.

Et ass eng politesch Fro, wou de politesche Wëlle muss zielen, wou de politesche Wëlle muss bewise ginn, well soss ass d'Konzept IVL Makulatur. A wa mer de politesche Wëllen net dofir hunn, hei elo dofir ze suergen, dass d'Konkurrenzbedingunge fir d'Frichë korrekt sinn, da kann een och elo scho behaapten, dass de Projet IVL selwer dem Echec vouéiert ass. Well béides gläichzäiteg ze maachen, d'Frichë revitaliséieren an där dote Gréissenuerdnung, ech schwätze vun insgesamt 600 ha, a gläichzäiteg op der grénger Wiss Entwécklungen toleréieren, dat geet net op. A wann een de Leit eppes anescht zielt, dann zielt een de Leit ganz einfach eppes wat net stëmmt.

E lescht Stéchwuert ënnert der Iwwerschrëft Testfall, dat ass, dass déi Frichen och engem aneren Usproch nach musse gerecht ginn. Nämlech deem, datt se mussen un déi Gemenge ronderëm ugebonne ginn. Déi Zäiten, wou déi Terrainen extraterritorial waren, hu mer laang genuch kannt. Déi ARBEDs-Terrainë waren ëmmer Terrainen, déi net deene Gemenge gehéiert hunn an och net vun deene Gemenge kontrolléiert gi sinn op där hirem Territoire se eigentlech louchen.

D'Gemengen hunn oft an deene Jorzéngten entdeckt, wat op den Terrainë vun der ARBED gebaut ginn ass, wa Loftopnahme gemaach gi si vum Kadaster. Wann een dann d'Fotoen niewentenaner geluecht huet, dann huet ee gesinn, oh hei, do sinn erëm dräi Hale bäikomm, do ass erëm eppes bäikomm, obwuel am Prinzip och op den ARBEDs-Terrainen d'Bautereglementer vun de Gemengen ze gëllen hätten. Alles wat gebaut gëtt, muss genehmegt ginn. Mä wann Der kuckt wat op den Terrainë vun der ARBED an deene Jorzéngte gebaut ginn ass, dann ass d'Äntwert ganz einfach esou, dass dat do net de Fall war.

Déi Extraterritorialitéit vun den Terrainë vun der ARBED muss elo der Vergaangenheet ugehéieren. An dofir ass et wichteg, dass sämtlech Frichen net nëmmen entwéckelt ginn…

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Dir hutt d'Wuert, Här Braz. Ech géif déi aner Kolleege bieden, e bësse roueg ze sinn.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Dofir ass et wichteg, dass déi Terrainen, déi do entwéckelt ginn, net nëmmen entwéckelt ginn zu der Zefriddenheet vun den Investisseuren an zu der Zefriddenheet vun de Vendeure vun deenen Terrainen, mä och zu der Zefriddenheet vun de Gemengen, déi d'Gléck hunn, hoffentlech an Zukunft, nieft deenen Terrainen do ze leien. Dat heescht dass also d'Ubannung vun deene Gemengen un déi Siten do eng ganz wesentlech Fro ass.

An dat ass eng Fro, déi net nëmmen déi Gemengen, déi betraff sinn, ze léisen hunn. Ech huelen och do d'Beispill vu Belval-Ouest. Mir wëssen, dass am Transportministère zënter laangem de Kritär applizéiert gëtt, dass eng Ënnerstëtzung vun der Regierung fir Buslinnen nëmmen dann accordéiert gëtt, wa se zumindest iwwer eng Gemengegrenz erausfiert an also doduerch e regionale Charakter kritt. Eng Buslinn, déi vun enger Gemeng reng op hirem Territoire agesat gëtt, ass an der Definitioun vum Ministère e lokale Problem. Sou wäit, sou gutt.

Wann een awer elo sech de Projet vu Belval-Ouest beispillsweis ukuckt, wou de Stat eleng, wéi gesot, fir seng Projeten 1 Milliard Euro investéiert, wou dagsiwwer an Zukunft 20.000 Leit sech sollen ophalen, wann dann d'Gemeng Suessem oder d'Stad Esch op de Gedanke kéim, dee Site wëlle mat hirem historesch gewuessene Kär ze verbannen, vun der Escher Säit eriwwer a vun der Friche op Esch-Centre, da kréiche mer geäntwert vum Transportministère: Wann Dir wëllt bannent Ärer Gemeng e Citybus lafen hunn, da bezuelt en och.

Dat mécht awer definitiv spéitstens bei dëse Beispiller elo kee Sënn méi. Dat mécht kee Sënn, well et selbstverständlech kee kommunale Projet ass, wat do entwéckelt gëtt. Et ass e Projet vun nationaler Bedeitung. Och vun de Käschten hier, och vu sengen Implikatiounen a vu sengen Hoffnungen hier, déi e suscitéiert, ass et en nationale Projet.

A spéitstens elo misst och um Niveau vun der Regierung am Beräich vun den Ënnerstëtzunge vum öffentlechen Transport do vläicht en Ëmdenke kommen an déi Kritäre missten e bësse méi flexibiliséiert ginn, e bësse méi nuancéiert ginn. Dat heescht, dass vläicht net méi dee geographesche Kritär eleng deen ass, dee betruecht gëtt, mä dass den tatsächleche Rôle, d'Bedeitung vun enger Linn dat ass wat gekuckt gëtt bei de Kritären, ob se da soll finanziell ënnerstëtzt ginn oder net.

Well et kann absolut net sinn, dass eng Gemeng wéi Suessem dat muss als Citybus considéréieren, wa se Belvaux-Mairie wëllt mat der Friche ubannen oder ëmgedréint, fir d'Stad Esch och, an a fortiori an Zukunft fir all déi aner Gemengen, déi drukommen, déi betraff sinn, déi Frichen op hirem Territoire hunn. Och do muss en Ëmdenke kommen, soss bleiwe mir an der Logik, dass dat, wat eng Kéier extraterritorial war, och soll extraterritorial bleiwen. An och dorauser, aus där Insellogik, wollte mir jo alleguerte mat dësem Projet erausklammen.

Drëtt Stéchwuert, wat een och hei muss ënnersträichen, dat ass, datt déi ganz Entwécklung vun de Frichen net nëmmen en nationale Problem ass, mä och fir d'Gemengen eng nei Erausfuerderung duerstellt, eng Erausfuerderung, fir déi keng Gemeng bis elo Unhaltspunkter an Erfahrungswäerter hat. Déi Gemengen, déi bei Belval-Ouest participéieren, hunn och do eng ganz Partie Saache misse léieren. Och vun der Gréissenuerdnung, vun der Envergure hier ass dat fir kommunal Déngschter net evident.

Dofir menge mir och, dass et absolut noutwendeg ass, dass dat wat elo zënter enger Zäitchen am Käim besteet, nämlech dat Syndikat Pro-Sud, dass dat Syndikat ganz séier méi staark gëtt, dass dat Syndikat ganz séier méi aktiv gëtt, dass all d'Gemengen sech dofir interesséieren, wat am Süde geschitt op de Frichen, well d'Stäerkt an d'Réckrat, wat d'Gemengen hu par rapport zu den Investisseuren a par rapport zum Stat, dat ass a priori e Match, deen net gewonnen ass. Et brauch ganz vill Kompetenz fir do matzehalen.

Wann ee kuckt wat d'Agora, d'Entwécklungsgesellschaft vun de Frichen, haut fir ee Staff huet, wéi déi équipéiert si mat Leit, wéi déi zougeschafft kréie vun de Ministèren, wat do ee geballtenen Know-how an eng geballte Kompetenz hannendru steet, fir dat virunzedreiwen, da sinn d'Gemenge gefuerdert fir do matzehalen an och nach par moment driwwer ze tranchéieren, doduerch datt si d'Genehmegungen ausstellen. D'Gemenge musse jo iergendwann eng Kéier kënnen dat, wat do gesot gëtt, appréciéieren a jugéieren an iergendwann eng Kéier eng Genehmegung erdeelen oder refuséieren.

Dat kann net funktionéieren, wann d'Gemengen do eleng fir sech schaffen. Mir hunn d'Erfahrung gemaach, och do um Beispill vu Belval-Ouest, wou mengen ech eent vun de Kärelementer dat ass, datt béid Gemengen zesummeschaffen au point, dass effektiv keen Zigaretteblietche praktesch méi dotëschent passt.

Dat huet ganz villes dozou bäigedroen, dass dee Projet vu Gemengesäit esou gutt konnt begleet ginn, dass d'Gemengen ënner sech wierklech an engem neie Geescht vu regionaler Planung zesummegeschafft hunn, eppes wat vu vireran net acquis war, well et ass een dat net gewinnt esou als Gemengen zesummenzeschaffen. Dat ass hei geléiert ginn.

Mir kënnen dat Beispill wierklech nëmme recommandéieren a weiderginn un aner Gemengen, Fréiseng zum Beispill, wa si eng Frichë hätten. Da wier dat och vläicht fir de Kolleeg vum ADR méi interessant wéi dat am Moment de Fall schéngt ze sinn.

Dat ass och e bësse lästeg, wann een dat ëmmer am lénken Ouer esou huet.

***(Interruptions)***

Ee Wuert nach zu dem Volet kommunal Zesummenaarbecht, fir ze preziséieren, dass och hei um Beispill vun Esch a Suessem eng Partie Saachen elo an d'Diskussioun komm sinn, wat ee sech am Ufank och net esou hätt kënne virstellen. Wou mir am Ufank nëmmen iwwer e PAG geschwat hunn, sou si mir mëttlerweil esou wäit, dass mir iwwert d'Gemengegrenzen an iwwer Froe vu kommunalen Taxen diskutéieren, well einfach gespuert gëtt, dass d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen déi beschten Äntwert ass fir kënnen engem staarken Investisseur wéi der Agora ze begéinen.

Et weess een, wou déi Zesummenaarbecht tëschent Esch a Suessem ugefaangen huet, et weess een net, wou si wäert endegen. Verschiddener schwätzen dovun, dass et eng gutt Iddi käint sinn, dass Esch a Suessem iergendwann eng Kéier fusionéieren. Ech halen dat e bësse fir Zukunftsmusek, mä och Zukunftsmusek ass eng Weis, op déi ee kann danzen, a - wie weess - aus deem Bal gëtt nach vläicht eppes.

Lescht Stéchwuert ass dat vun der Erausfuerderung iwwert d'national Grenzen eraus. Dat ass vläicht dee Volet, wou mir am Moment nach am meeschten hannendrun hippen. Mir hunn tëscht de Gemengen eng excellent Kooperatioun, d'Zesummenaarbecht mat den Investisseuren ass eng gutt, d'Zesummenaarbecht mat der Regierung ass eng gutt, mä et huet een d'Gefill, dass, an dat ass och eng Fro un d'Adress vun der Regierung, d'Zesummenaarbecht mat der franséischer Säit nach net esou gutt ass wéi se kéint sinn.

Wëssend dass dat net einfach ass - a Frankräich geet alles bis erop op Paräis an déi sinn am Moment vill beschäftegt -, ass et awer trotzdeem noutwendeg, dass een déi Kooperatioun um Regierungsniveau vläicht nach e bësse méi verdéift wéi dat elo de Fall ass, well eng vun de Geforen a vun de Suergen, déi jo déi Gemengen hunn, déi betraff sinn, ass déi, datt mir op eiser Säit vun der Grenz eis mat ganz vill Opwand a ganz vill Energie dorëms bekëmmeren héich Qualitéiten ze kréie fir de Strukturwandel fäerdeg ze bréngen, dass mir kéinten honnert Meter niewendrun déi aner Säit vun der Grenz genau dat kréien, wat mir net wollten, nämlech eppes wat wesentlech méi „low budget" ass, wat awer do Potenzial eraussuckele geet, an dann hätte mir am Fong geholl net sou vill geschafft, wéi mir eis virgeholl haten.

Mir mengen, dass d'franséisch Säit kann dovunner iwwerzeegt ginn, dass och si kënnen un deene Projetë vun engem héijen Niveau en Intérêt hunn. Och hir Säit, déi aner Säit vun der Grenz, huet déi lescht 30 Joer enorm ënnert der Stolkris gelidden. Och si bräichten eppes, wat méi an de Beräich geet vum héijen Niveau. Mir héieren och an der Lescht, dass et do op franséischer Säit Effortë gëtt an déi dote Richtung, mä mir mengen, déi misste vu Regierungssäit aus nach intensivéiert ginn, fir dass dee gesamte Projet op béide Säite vun de Grenzen déi Qualitéite kritt, déi mir eis haut virgeholl hunn.

Dat gesot, bréngen ech och domadder d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu där Motioun. Ech hu si och selwer fir déi Gréng mat ënnerschriwwen.

Da soen ech Merci all deenen, déi nogelauschtert hunn.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här Jaerling ageschriwwen. Här Jaerling, elo kënnt Dir Är Stëmm no baussen drénge loossen.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och Merci der Madame Interpellantin, dass mir hei nach eng Kéier kënnen d'Diskussioun iwwert d'Broochen opfrëschen.

Ech wëll am Virfeld awer eppes kloerstellen, wat den Här Meisch hei gesot huet, nämlech dass den ADR dogéint gewiescht wier, fir d'Frichen ze rekonverséieren. Ech mengen, hien huet eppes aus engem Kontext do erausgerappt, wat an enger anerer Diskussioun stattfonnt huet, nämlech beim 700.000-Awunner-Stat, wou déi Diskussioun war, wou mir als ADR gesot hunn, dass mir mussen e Choix de société doriwwer treffen, wat mir eigentlech wëllen, ob mir déi Croissance do nach wëllen op Käschte vun der Liewensqualitéit, oder ob mir net en anere Choix mussen treffen a méi lues optrieden.

Dat war dat, wat mir deemools gemengt hunn. Do ware selbstverständlech d'Frichë mat an der Diskussioun. Mä ech fannen dat awer net…

**Une voix**.- …en réserve.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- …en réserve halen.

Ech fannen dat awer net korrekt, wann een dann aus engem Kontext eppes erausrappt an dann dat wëllt duerstellen, wéi wann den ADR géint d'Rekonversioun vun de Frichë wier. Dat stëmmt net an dofir wollt ech dat awer hei kloerstellen.

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Här President, mir hunn heibanne schonn des öfteren iwwert d'Frichen am Süden debattéiert. Wat elo deen neien Ament soll sinn, deen dësen Débat d'orientation erfuerdert, kann ech aus der Ufro vun der LSAP net erausliesen an och net kloer aus den Erklärunge vum Spriecher vun der LSAP. Et sollt also vläit emol erëm eng Kéier ee Bilan intermédiaire gezu ginn.

All Parteien heibannen haten d'Rekonversioun vun den Industriebroochen als grouss Chance fir de Süde bewäert. Däitlech Ënnerscheeder gouf et awer an der Fro „Eng Chance fir wat?", a wéi déi Chance soll ugepaakt ginn.

Wat den ADR als iewescht Gesetz an der Rekonversioun gesinn huet a weider gesäit an alle Projeten, dat ass d'Liewensqualitéit, d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi haut am Ëmfeld vun de Frichë liewen, mä och d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi eng Kéier op den Industriebrooche wunnen a schaffe wäerten. Doweinst wëll ech direkt d'Tribün hei benotze fir d'Regierungsparteien dovir ze warnen, aus Käschtegrënn Aschnëtter a puncto Liewensqualitéit um urspréngleche Pilotprojet vum Site Belval virzehuelen.

Eis Fuerderung ass kloer: D'Liaison de Micheville huet integral realiséiert ze ginn. Et handelt sech hei en fait ëm eng Ëmgehungsstrooss fir Esch a fir Suessem. De geplangten Tunnel muss a senger initialer laanger Versioun vun 1.200 Meter realiséiert ginn, an dat am Intérêt vun der Liewensqualitéit vun deene Leit, déi spéider um Site Belval liewe wäerten. E kierzen, dat wier ee Verbriechen un der Liewensqualitéit vun den Nopere vun deem Site.

Ech wëll dofir och emol hei agoen op deen Hin-an-hier-Sprong, dee Verschiddener gemaach hunn besonnesch am Escher Gemengerot, wou eng Motioun presentéiert ginn ass, déi sech eestëmmeg ganz kloer fir den initiale Micheville-Tunnel ausgeschwat huet. Wou si dann awer eng Kéier hei an d'Stad gepilgert komm sinn an eng Kommissioun a wéi si dann do erëmkomm sinn, do ass dräi Wochen drop eng aner Motioun presentéiert ginn, wou d'Majoritéit dann an eng ganz aner Richtung gaangen ass. Dann ass och op eemol eng fënneft Versioun opgetaucht vun deem Tunnel, déi an der Diskussioun soll stoen.

Ech kann der Bautekommissioun vun der Chamber, déi momentan mat deem Projet befaasst ass a wou entspriechend Tendenze bestinn, fir deen Tunnel ze manipuléieren, nëmme wäermstens un d'Häerz leeën, datt si net um initiale Projet fréckele soll goen.

Käschtegrënn, dat ass dat Lescht, wat ziele muss, wann et ëm d'Liewensqualitéit vun de Leit geet. Dofir bedaueren ech och, dass d'Majoritéit am Escher Gemengerot hir Meenung esou geännert huet.

D'CSV huet sech jo kierzlech erëm an enger Pressekonferenz fir déi gesond Finanzsituatioun hei am Stat gelueft an erëm en Iwwerschoss am Statsbudget annoncéiert. D'Geld ass also do. D'Fro ass also just: Firwat notze mir et, fir d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger oder fir gréissewahnsinneg Projeten, wéi Militärfligeren an esou weider oder déi zeg milliouneschwéier Restauratioun vun zwee verraschtenen Héichiewen an esou weider? An ech géif soen, wa mir do e bësse Gedold hätten, da géif dee Problem sech vu selwem léisen, well d'nächst Joer falen se souwisou zesummen.

Da schwätze mir och nach vun der Rockhal. Et ass traureg, dass mir elo musse feststelle, dass wa mer déi Rockhal elo termingeméiss wëllen un d'Goe kréien, dass mer dann nach musse Waasser bei d'Arcelor kafe goen, fir kënnen déi Rockhal un d'Goen ze kréien a wou och déi Transportinfrastrukturen, déi sollten am Virfeld do sinn ier iwwerhaapt d'Rockhal sollt fäerdeg sinn, och nach net do sinn. Also dass hei am Fong geplangt gëtt wéi ech weess net wat, an ech géif mengen, dass dat an Zukunft awer net soll esou weidergoen an dass och muss dofir gesuergt ginn, dass elo net aus Käschtegrënn eng Rei vu wichtegen Transportinfrastrukturen hei a Fro gestallt ginn, einfach well d'Projete gestreckt ginn.

Iwwerhaapt insistéiere mir drop, datt prioritär d'Verkéiersproblematik am ganze Süden ugepaakt gëtt. Den ADR war déi éischt Partei, déi heifir ee Gesamtkonzept presentéiert huet.

***(Hilarité et interruption)***

Déi éischt Partei, déi am Süden ee Gesamtkonzept presentéiert huet…

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Däerf ech lech eng Froe stellen, Här Jaerling?

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Jo selbstverständlech, Här Braz.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Den Här Robert Garcia ass jo mëttlerweil am Intérêt vum Land anerwäerts beschäftegt an ass jo net méi Gréngen-Deputéierten. Ech misst mech ieren, mä ech mengen hie war, wéi gesot, bei deene Gréngen, well hie war deen Éischten, deen dat gesot huet, an dat war net den ADR. Ausser Dir corrigéiert mech an Dir sot den Här Garcia wier en Deputéierte vum ADR gewiescht.

***(Interruption)***

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Fuerderen an e konkrete Plang virleeë sinn zwou verschidde Saachen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Mir hunn et gemaach!

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Fuerdere kann een alles.

***(Interruptions)***

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Hien huet eng Proposition de loi déposéiert, Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här Braz, ech wëll lech just drun erënnere wat Dir an der Oppositioun zu Esch alles gefuerdert hutt a wat Dir spéider an der Majoritéit fäerdeg bruecht hutt ze realiséieren,…

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Genee datselwecht!

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- …wa mir awer eng Kéier doriwwer schwätzen!

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Also dee Luxus wäert Dir lech ni kënne leeschten, Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Ma do loosst lech emol iwwerraschen.

***(Hilarité)***

Op jidde Fall hu wesentlech Elementer vun eisem Konzept Agang fonnt an d'„Mobilitéit.lu"-Konzept vun der viregter Regierung, et wäert jo elo net och ee probéieren eis dat falsch ze maachen.

Mir maachen den Appel, datt déi Aarbechten accéléréiert ginn. Geld ass laut Finanz- a Budgetsminister jo do. Déi wichteg Dezentraliséierung, fir dass och am Süden emol konkret staatlech Projete realiséiert ginn, duerfen also net aus finanzielle Grënn gestreckt oder ganz gebremst ginn.

Op de Frichë selwer muss eng performant Verkéiersinfrastruktur stoen, ier datt d'Broochen sech erëm mat Liewe féllen. Ech denken hei un éischter Linn u grenziwwerschreidenden öffentlechen Transport a Park-and-riden op de Grenzen. Et kann een net zum Beispill op de Brooche vu Belval bis zu 20.000 nei Bewunner op ee Site drainéieren, ouni dass am Virfeld dee Verkéiersproblem fir déi betraffe Gemenge ronderëm geléist ass. D'Brooche mussen organesch mat hirem lokalen Ëmfeld weiderentwéckelt ginn, sou dass mat den existéierenden Uertschaften a Quartieren am Ëmkrees en harmonescht Ganzt entsteet. Heifir huet den ADR och an deene betreffende Gemengereit entspriechend Fuerderungen a Virschléi presentéiert. Och zu Diddeleng; do ass bis haut nach kee Fortschrëtt an deem Dossier ze gesinn.

An dofir meng Froen: Wéi steet et mat deem Dossier vum Laminoir de Dudelange? Wat geschitt mat deenen Terrainë wann d'Schmelz zou ass? Gehéieren déi Terrainen herno dem Stat oder der Gemeng Diddeleng oder missten se net fir richteg de Pensiounskeesen zougestane ginn aus deene jo d'Sue geklaut gi fir d'Préretraite, duerch déi den Aarbechtsplazofbau vun der Arcelor finanzéiert gëtt?

Wéi gëtt de Sanéierungsproblem geléist? Wat geschitt zum Beispill mam Frankelach, wou sou vill gréisser Projete jo scho sollten higoen a wou et nach ëmmer kee Millimeter weidergaangen ass? Kippe mir do och erëm alles op een hermetesch isoléierte Koup, wéi um Plateau du Saint-Esprit zu Esch-Belval, fir eng weider ökologesch Bomm ze provozéieren? Froen, déi sou schnell wéi méiglech musse beäntwert ginn. Sou wéi och eng Äntwert muss kommen, wat an Zukunft mat deenen Terrainë geschitt a wien zoustäneg ass, fir dat, wat soll drop kommen.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Här President, d'Liewensqualitéit steet bei all Projet fir den ADR op der éischter Plaz. Ee wichtegt Element vu Liewensqualitéit am Summer an eise Stied a besonnesch fir déi Matbierger, déi sech keng Vakanz um Mier oder um Bodensee leeschte kënnen, stellen d'oppe Schwemmen duer. An deem Kontext ass et ee Skandal, datt eng Aarbechterstad wéi Esch schonns zënter Jore keng oppe Schwemm méi huet, an awer och et am ganze Süden un oppe Schwemme mangelt.

Mat aller Vehemenz appeléieren ech hei, déi Chance hei och endlech ze notzen an op der Brooch vun den Terres Rouges erëm eng Schwemm ze installéieren. An der Zäit gouf et hei d'ERA, eng Plaz fir Erhuelung a Liewensfreed. D'ERA ass zougemaach ginn, well déi Verantwortlech vun der Escher Gemeng versäumt hate beim Département de la Moselle déi néideg Autorisatiounen unzefroen. Den neie Schäfferot huet a sengem Koalitiounsprogramm viru fënnef Joer dichteg ugekënnegt d'ERA erëm opzemaachen. Bis haut ass awer nach net ee Fanger kromm gemaach gi fir dat an d'Weeër ze leeën; d'Méiglechkeete wieren awer do.

Besonnesch well et ee grenziwwerschreidende Projet géif ginn, dee mat Gelder aus den europäesche Strukturfonge kéint finanzéiert ginn. Et géif ee regionalen Naturerhuelungszenter ginn, deen d'Liewensqualitéit vum Bassin minier bis eriwwer an eist Grenzgebitt kéint wesentlech verbesseren. Well, wéi gesot, de Süden ass jo net méi grad geseent mat oppene Schwemmen. Ech wonn elo kierzlech erëm - no méi wéi engem Jorzéngt! - déi vu Rodange opgaang ass.

Wann ech scho beim Site Terres Rouges sinn, da wëll ech nach eppes net vergiessen, dat ass d'Liaisoun tëschent Esch an Audun, déi Eisbunnsliaisoun, déi ganz wichteg ass, mä déi eiser Usiicht no awer direkt hätt misse vu vireran ënnerierdesch verluecht ginn. Dat hätt net nëmmen dem Site Terres Rouges eng Revalorisatioun bruecht, mä et hätt och d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi do zu Esch an deem Quartier wunnen, ganz grouss opgewäert. An et hätt och dee Quartier, deen niewendru läit, net eng dosemol am Dag vun deenen aneren Escher Quartieren ofgeschnidden.

Här President, am Sënn vun enger beschtméiglecher Liewensqualitéit ass et och eminent wichteg, datt op alle Frichen e seriöt Sanéierungskonzept duerchgezu gëtt. Maache mir eis näischt vir, d'Industriebroochen, dat sinn op ville Plazen héichgradeg verseuchte Biedem, wann och duerch Scheinanalysen oder duerch Buerungen iergendwéi eppes anescht soll vermëttelt ginn. Mir mussen onbedéngt unhand vun Analysen a Buerungen d'Frichë kloer definéieren an no hirem Belaaschtungsgrad klasséieren an da virun allem och seriö entsuergen.

Wéi dee Problem bis elo an eisem Pilotprojet Belval versicht ginn ass ze léisen, ka mech wierklech net iwwerzeegen. Virun allem muss an Zukunft ee kloren Zäitkader definéiert gi bis wéini dass d'Arcelor hir jeeweileg Frichë sanéiert ze hunn huet.

Liewensqualitéit, dat heescht fir den ADR awer virun allem och bezuelbare Wunnraum. Mat de Broo-

chen deet sech eng gewalteg Baulandreserv op - 600 ha -, déi et ugesiichts der Explosioun vun den Terrainspräisser séier ze erschléisse géllt. D'Terrainë si knapp a mir sinn et de jonke Famillje schëlleg Bauland zu bezuelbare Präisser ze erschléissen.

Et duerf einfach net méi sinn, datt mir ëmmer méi Leit zu Grenzgänger maachen, well si sech hei am Land mat engem normale Revenu keen Eegenheem an och keng Mietwunneng méi leeschte kënnen. E Land an deem ee méi wéi een Drëttel vun engem normale Revenu muss fir ee Loyer bezuelen, dat ass e krankt Land; a Lëtzebuerg läit an deem Kontext scho praktesch an der Agonie.

D'Frichë sinn eng eemoleg Chance, fir deem Trend entgéint ze wierken a wierklech erschwingbar Bau- a Wunnland unzebidden. Dofir musse vun der Politik awer déi néideg Viraussetzunge gesat ginn. Et kann net sinn, datt eng Agora ka schalten a walte wéi si wëllen an déi betraffe Gemengen nëmmen als Observateuren zougelooss ginn a gewéinlech d'Sëtzunge mat laange Gesiichter verloossen. D'Agora gëtt den Toun un an ass deemno och den Haaptbénéficiaire vun deem ganze Projet.

Do derniewent gëtt et nach eng Konventioun tëschent Stat an Arcelor, wou sech de Benefiss vun den Terrainë gedeelt gëtt. Arcelor kasséiert seng Halschent netto, de Stat muss iwwert d'Gemengen awer de Gros vun den Infrastrukture vun der Urbaniséierung droen. Arcelor muss d'Sanéierung nëmmen droen, wa se hir net ze deier gëtt, soss stierft all Projet. Dat ass esou am Gesetz festgehalen an dat muss geännert ginn, fir dass wierklech eng Chance besteet ,dass déi Terrainen zäitgerecht awer och seriö sanéiert ginn.

Esou kann ee keng seriö Planung vun deene ganze Sitë realiséieren an dofir gëtt och de Syndikat Pro-Sud zum Matleefer degradéiert. De Stat keeft der Arcelor d'Halschent vun den Terrainen of, gëtt si als Apport en nature an d'Agora eran an natierlech wäert och de Stat dann zukünfteg verdéngen un der Kommerzialiséierung vun deenen Terrainen. An och wann Terrainë fir staatlech Strukture méi bëlleg ugebuede ginn, bleift de Präis awer ze héich wann d'Sanéierung net seriö vun deem garantéiert gëtt, deen se verscholt huet, a wann de Stat nach ëmmer fir d'Begleitstrukturen zoustänneg ass.

Als ADR hale mer drop, dass d'Industriebroochen eng Prioritéit kréien, eng Prioritéit fir nei Industrien, awer och eng Prioritéit fir Wunnengsbau, an dat ier mer higinn an nach neien, onverbrauchte Buedem versigelen. Dat muss och de Gemenge kloer sinn. Dofir musse vu staatlecher Säit awer och aus den europäesche Strukturfongen déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir datt d'Gemengen dëser Erausfuerderung kënne gerecht ginn.

Et huet kee Sënn, wa mer periodesch hei héich philosophesch Discoursen halen, wat alles kënnt geschéien, wann net konkret Schrëtt a Richtung Realiséierung gemaach ginn. Mir hunn eng Chance fir nei Weeër ze goen. Loosse mer et zesummen upaken am Interesse vun enger Regioun, déi eng grouss Kris hanneru sech huet an neien Opschwong brauch, fir eng Zukunft mat grousser Liewensqualitéit.

Wat elo d'Motioun ubelaangt, ier ech schléissen, bon, esou feelt mer am Fong an der Motioun ee Passus, ausser deen ass am Alinea 5 mat dran, nämlech dee Passus, dass mer d'Regierung opfuerderen, dass soll deen initialë Projet vun der Micheville-Liaisoun bäibehale ginn. Wann dat awer elo esou ass, dass am Alinea 5, «à respecter les principes du masterplan Esch/Belval-Ouest, à savoir le développement urbain durable et la mixité des fonctions», déi ursprünglech Versioun vun der Liaisoun Micheville mat dra gemengt ass, dass dat do an deem Passus mat dran ass, da kënne mer dës Motioun stëmmen.

Wann dat net soll de Fall sinn, da géif ech virschloen, e Passus bäizefügen: «à réaliser la version initiale de la liaison Micheville». Dat hätte mer gär da mat dran. Wann dat net sollt de Fall sinn, da kënne mer se leider, trotz deenen anere gudde Punkten, déi an där Motioun do dra sinn, net matstëmmen, da wäerte mer eis enthalen.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen. Domat ass…

*(Interruptions et hilarité)*

Pardon, Här Jaerling! Dat ass well den Här Gibéryen sech zu Wuert gemellt hat. Här Jaerling, Merci. An dann ass d'Wuert un der Regierung. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut an hei vu Revalorisatioun vun den Industriebrooche schwätzen, dann ass dat keen Exercice, deen eng Fin en soi wär, et ass villméi e konsequent an e gutt iwwerluechte Bestriewen, eist Land mat sengen 2.586 km² territorial esou global an optimal ze organiséieren, andeem mer eis um Programme directeur de l'aménagement du Territoire vun 2003 an och um IVL vun 2004 orientéieren, ouni awer d'Spillregelen an d'Instrumenter vun engem Aménagéieren a Fro ze stellen. Dës Instrumenter, dat ass de Plan sectoriel, dat ass de Plan régional, dat ass de Plan d'occupation du sol an och d'Gesetz vum Aménagement communal.

D'Industriebroochen hunn eng Schlësselpositioun fir eist Land am Sënn vun enger wirtschaftlecher, enger sozialer an enger territorialer Kohesioun. Si hëllefen eis, déi wirtschaftlech, sozial an territorial Entwécklungen op eisem Territoire ze rééquilibréieren, an droen och derzou bäi, d'Weiderentwécklung vun der Südregioun ze garantéieren.

Landesplaneresch gesinn, muss dës Regioun e Géigegewiicht kréie par rapport zur Haaptstad, well d'Haaptstad ass zentral an attraktiv, an d'Tatsaache beleeën dat och. An der Stad Lëtzebuerg wunnen 80.000 Awunner an am Ganzen hu mer do 125.000 Aarbechtsplazen. Dergéint am Süden hu mer 134.000 Awunner an 51.500 Aarbechtsplaze laut IVL. Déi eng Aarbechtsplaze sinn anescht wéi déi aner, déi eng si méi attraktiv wéi déi aner. Vergläicher hei ze maachen ass net wichteg an och net richteg an och vläicht net absolut, well de Süden huet trotzdeem eng industriell Vergaangenheet.

D'Haaptstad huet awer d'Haaptpotenzial vun den Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg. Ech géif bal soen, si erstéckt förmlech an hirem Succès, am Verkéier vun de Résidenten a vun de Grenzgänger. Duerfir brauche mer also eng Dynamiséierung vum Süden an duerfir musse mer och am Süden héichwäerteg Aarbechtsplazen an der Industrie an am Déngschtleeschtungssecteur aféieren.

Dat Ganzt bedeit net nëmmen eng Chance fir de Süden, mä och eng Chance fir d'Stad Lëtzebuerg, fir se eben ze entlaaschten, an esou kréie mer dann déi Terminologie, déi oft benotzt gëtt, eng „déconcentration concentrée". Dat kënnt Der an der Regierungserklärung oder och an aneren Dokumenter noliesen.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer vill Frichë mat och vill Zwäng, an zwar duerch déi industriell Vergaangenheet, duerch en noutwendege regionale Cadrage, dee mer hei brauchen, an och duerch d'Ofstëmmung an d'Zesummenaarbecht tëschent Ministerien, tëschent Gemengen, tëschent dem Stat an de Gemengen, an och tëschent Ëffentlech a Privat. Mir hu vill Exigenzen, an hei soll een dee Prinzip «qui trop embrasse mal étreint» wierklech wouerhuelen, ëmsou méi déi budgetär Mëttelen net méi esou sinn, wéi nach an de Joren 1999 an 2000.

Mir brauchen also eng kohärent Strategie tëschent de Brooche par rapport zur ganzer Regioun, jo souguer par rapport zum ganze Land, mat Prioritéiten, mat enger genereller Koordinatioun an engem Suivi, wat jo elo och schonn hei ugeklongen ass. Well vun deem wat realiséiert ginn ass, dee Suivi ass och ganz wichteg, an deen ass jo och an där Motioun, déi d'Madame Mutsch déposéiert huet.

Haut geet et also drëm de Punkt ze maachen, am Fong geholl ëmfaassend Informatioun ze ginn, dat huet d'Madame Mutsch jo gefuerdert, ze kucken, wéi et weidergeet, awer och d'Zwäng ze analyséieren, oder deenen, déi mer hunn, Rechnung ze droen.

Ech wollt also kuerz en historesche Réckbléck maachen. Déi ganz Problematik iwwert d'Frichen ass schonn an de 70er Joren ugaangen. Du goufen et éischt Restrukturéierungen am Kader vun den industriellen Aktivitéiten. Ech erënneren un d'al Tannerië vu Wolz, oder och un Iechternach, u Monsanto. 1981 huet och schonn de Stat e puer honnert Hektar vun der ARBED opkaaft, fir nei Industrien dohinner ze setzen. Dat war am Raum Beetebuerg/Diddeleng, am Raum Déifferdeng/Suessem, an och am Raum Rodange, wou d'MMRA jo net méi fabrizéiert huet, op deene 87,1 ha, an do ass jo 1985 de PED entstanen, deen eng Valorisatioun vun de Frichen iwwert d'Grenzen eraus sollt bréngen. Haut hu mer do siwen Industrien a 750 Aarbechtsplazen.

An den 90er Joren hu mer nach eng Kéier eng aner Entwécklung kritt an eisem Land, duerch d'Elektrohéichiewen, déi ageféiert gi sinn. Doduerch ass dat soziaalt Ëmfeld am Süden nees markéiert ginn, an 1996 hunn de Stat an d'ARBED an d'Syndikater sech zesummen an der Tripartite géeenegt fir eng Etüd ze maachen, fir ze kucken, wéi kënnen d'Territoiren, déi betraff sinn, ekonomesch a sozial nei belieft ginn op Basis vun den Entwécklungspotenzialer vun dësen alen industrielle Siten.

Doraus ass dunn den GIE-ERSID entstanen, dat war am September 1996, an deemools ass dunn déi Agiplan-Etüd gemaach ginn, oder dat Dokument, dat Enn 1998 am ganze 650 Hektar opgewisen huet, mat zéng Siten, wouvu véier Sitë virrangeg behandelt sollte ginn. An esou ass déi Geschicht weidergaangen. De Conseil de Gouvernement huet - et war November 1999 - de Ministère de l'Aménagement du Territoire mat dësem Dossier chargéiert. Also säit deem Datum ass den Innenminister a Landesplanungsminister mat dësem Dossier befaasst.

D'Madame Mutsch hat scho vun deem Rapport geschwat, deen am Joer 2000 hei an der Chamber vum fréieren Innenminister Michel Wolter gemaach ginn ass, deen d'Konklusioune vun där Etüd confirméiert huet, an och d'Prioritéit fir de Site Belval-Ouest festgehalen huet. An där Zäit gouf et och vill regional Konferenzen, et goufe vill öffentlech Sitzungen zu Suessem, zu Esch. De Motto war deemools: Informatioun a Sensibiliséierung vun der Bevölkerung fir Suggestiounen ze kréien, d'Bedierfnesser an d'Ängschte vun de Leit ze verstoen. An deemools ass och dann d'Agora gegrënnt ginn.

Déi Situatioun vun deemools huet dozou geféiert, dass déi Acteuren an déi Gestiounsorganen, déi mer haut hunn, dass et mengen ech derwäert wier, eng Kéier kuerz och op si zréckzekucken. Ech hat gesot, de Landesplanungsminister huet säit November 1999 d'Koordinatioun vun den Industriebroochen. Duerfir brauche mer dat och net méi, Madame Mutsch, an d'Motioun ze schreiwen. Dass de Ministère de l'Aménagement du Territoire d'Koordinatioun huet, dat ass evident. An ech géif och herno proposéieren, dat ewechzeloossen.

Deemools sinn d'Objektiver festgehale ginn, wéi mer musse virgoen. Et ass en neie Wee gewiescht, et ass festgestallt ginn, dass e Gesamtkonzept an engem regionale Kader misst opgestallt ginn. Dernieft huet missen d'Complémentaritéit vun deenen eenzelnen Aarbechte garantéiert ginn, wat net einfach war. Et hu missen adequat Entwécklungs-, Entscheedungs- a Begleedungsstrukture geschafe ginn. D'Gemenge sinn an dee ganzen Entwécklungsprozess agebonne ginn. De Projet Belval-Ouest, wéi ech et scho gesot hunn, ass virrangeg behandelt ginn, an et hunn och missen Zukunftsperspektive geschafe ginn.

An deemools - et ass haut schonn e puermol ugeklongen - ass och gesot ginn, hei ass eng eemoleg Chance fir déi Regiounen, wou déi Brooche sinn, an dat gëllt dann haut a besonnesch fir de Süden, well relativ vill Broochen am Süde vum Land sinn. Esou sollt dann eng aner Notzung vun den Arealer gemaach ginn, déi sech no nohaltege Kritären, dat heescht wirtschaftlechen, ekologeschen a soziale Kritären orientéiert. Dëse ganz komplexe Prozess war net einfach, well vill Verhandlunge stattfonnt hunn an et hu misse reglementaresch Texter opgestallt ginn.

Deemools ass dann och scho festgehale ginn, wa mer wëllen eng effikass Gestioun kréien, da muss dat Ganzt integréiert ginn an eis Landesplanung. Dat geschitt jo am Süden - et ass och haut scho méi wéi eemol gesot ginn - iwwert de Plan régional Sud. D'Verhandlunge mat der ARBED hu misse gemaach gi fir Terrainen ze kréien, dat ass jo och gelongen. Et huet missen eng Entwécklung gemaach ginn, géif ech soen, no engem integrative Schema vum Transport, an zwar an der Grossregioun hei zu Lëtzebuerg an och an der Regioun Süden. An et ass och gefuerdert ginn, dass de Stat misst direkt interveneieren an den Infrastrukturaarbechten, fir ze garantéieren, dass d'Erschléissung vun den Terrainë kéint 100%eg geléngen.

An een anert Haaptobjektiv, wat sech deemools gesat gi war, dat war dat fir d'Dezentralisatioun konkret ëmzesetzen, an ech menge mir sinn och do um richtege Wee. Déi betraffe Gemenge sinn an d'Entwécklungsprozesser ageschloss ginn. Dat ass och gutt gelongen, géif ech haut soen. An et ass och gekuckt ginn no potenzielle Partner am Privatsecteur fir konkret Projeten ze realiséieren, an där kann ech lech haut e puer nennen. Et sinn der och schonn e puer virdrun ugeklongen.

Et muss een also feststellen, dass mer hei en neie Wee gaange sinn, deen net einfach war. Well hei hu missen de Stat, d'Regioun an d'Gemengen zesummen iwwert e Plan régional eng Opwäertung vun de Siten, déi am Agiplan waren, virhuelen, an dat mat enger Prioritéit, wéi et scho puermol haut ugeklongen ass, fir Belval-West, awer och mat enger schneller Realisatioun vun den Infrastrukturen. Dat war also eng Equatioun, déi net einfach ass.

An haut musse mer feststellen, dass säitdeem d'Saache gutt weidergaange sinn, an dat och am Respekt vun de Prinzipien, déi festgehale goufen, wann ech zum Beispill vu Belval-West schwätzen, och wann net all Objektiver - an dat muss ee kloer soen - erreecht goufen. Ech wäert och herno op eenzel Aspekter agoen.

Säit der Schafung vun der Agora, also am Oktober 2000, huet de Ministère de l'Aménagement du Territoire d'Missioun vun enger politescher Koordinatioun an der Ëmgestaltung vun den Industriebroochen, an dëst, an dat muss een ëmmer nees widderhuelen, an engem regionale Kontext. D'Agora bekëmmert sech ëm d'Ëmgestaltung vun de Broochen, déi als solch um Site selwer, also sinn d'Missioune ganz kloer opgedeelt. Mä de Ministère de l'Aménagement du Territoire brauch och d'Mathëllef vun deenen anere Ministèren, déi ganz wichteg Acteure sinn.

Ech wëll hei zum Beispill den Ekonomieminister nennen, deen eng historesch Virreiderroll gespillt huet am Aménagement du Territoire. Hie géréiert haut jo och nach déi wirtschaftlech Aktivitéitszonen. Ech muss de Minister vun den öffentleche Bauten, deen och hei ass, de Claude Wiseler hei nennen, well hie spillt eng éischt Gei, géif ech soen, bei der Ëmsetzung vun de Konzepter an hie garantéiert am Fong geholl, dass d'Frichen un dat öffentlecht Stroossennetz ugebonne ginn. Och beim Realiséiere vun den öffentleche Baute spillt en eng éischtklassesch Roll. An datselwecht gëllt och fir de Lucien Lux, deen och hei ass, als Transportminister. Hie soll u sech de Garant si fir de 25/75 Modal split, eng politesch Haaptzilsetzung, déi mer eis ginn hunn, fir déi ëmzesetzen. An dat heescht jo, dass mer op de Frichë mussen e 40/60 Modal split kréien.

Et kéint ee soen, den Dossier Industriebrooche kann nëmmen eng „success story" ginn, wa mer horizontal an och ganz gutt Zesummenaarbecht kréien tëschent alle Ministèren, déi betraff sinn, awer och muncher, déi nëmme punktuell gebraucht ginn, wéi zum Beispill d'Ëmwelt an d'Kultur, déi mussen hei agebonne ginn.

Een aneren Acteur, deen net ze ënnerschätzen ass an dee ganz wichteg ass, ass de Regionalsyndikat Pro-Sud. Hie gouf jo '99 vun 12 Gemengen an d'Weeër geleet, iwwer eng Déclaration d'intention fir e Plan régional ze maachen, op Basis vum Landesplanungsgesetz vun '99. Deemools sinn och regional Konferenze gemaach ginn, Versammlunge gemaach ginn, an dee ganze Syndikat, géif ech soen, fonctionnéiert ganz gutt. Et sinn zwee Delegéierter vum Pro-Sud, déi sinn am Koordinatiounscomité Belval-West. Dat sinn d'Buergermeeschtere vu Suessem a vun Esch, mä si sinn awer do dran als Vertrieder vum Pro-Sud.

D'Objektiv war och hei, eng Opwäertung an eng Promotioun vun der Identitéit vun der Regioun Süden, an zwar am Kader nees, wéi ech et schonn eng Kéier gesot hunn, vun enger nohalteger Entwécklung. A wann ech dat da global kucken, gesinn ech, dass de Regionalsyndikat Pro-Sud eng virrangeg Roll muss spillen am Prozess vun der Ëmgestaltung vun den Industriebroochen hei am Süden. An dat ass och scho geschitt, zum Beispill bei der Zukunftskonferenz, déi mer d'lescht Joer haten, wat eng flott Initiativ war.

D'Agora, si spillt dee Rôle, dass si déi Siten aménagéiert an entwéckelt a kommerzialiséiert, déi hir zougesprach goufen am Agiplan. An d'Gemengen, déi spillen och eng ganz wichteg Roll ausserhalb vum Pro-Sud. D'Gemenge mussen, an dat ass ganz wichteg, ech géif mengen dat wär vu wesentlecher Bedeitung, sech ganz a voll mat der Ëmgestaltung vun de Broochen identifizéieren. Dat kann natierlech dozou féieren, datt interkommunal oder regional Iwwerleeungen afléissen, déi iwwert déi eege kommunal Interessen erausginn. Dann ergëtt sech natierlech alt emol, dass déi strikt Eegeninte-

resse vun de Gemenge musse relativ zréckgestallt ginn, zum Beispill regional Konstellatioune mussen a Betruecht gezu ginn.

Et ass also noutwendeg, dass d'Gemenge realiséieren, datt de Stat am Fong geholl hir Interessen an och déi regional Interesse muss betruechten. Et kënnten natierlech och Situatiounen entstoen, dat wëll ech och emol hei eng Kéier op dëser Plaz soen, déi vläicht lokal wéidinn, dofir awer zu enger regionaler an nationaler Solidaritéit bäidroen.

De Stat muss awer doriwwer eraus och de Subsidiaritéitsprinzip respektéieren. Dat heescht, wat den Impakt vun der Ëmgestaltung vun de Brooche méi e grousse lokalen Afloss huet, wat d'Gemenge méi mussen d'Méiglechkeet kréien, fir an der Ëmgestaltung matzeschwätzen. An dëse Prinzip, mengen ech, deen zielt besonnesch fir déi kleng Broochen, där mer e puer am Süden hunn, wou nämmen eng Gemeng am Spill ass, dat ass d'Lentille Terres Rouges zu Esch, dat ass d'Gemeng Diddeleng, déi nei Brooch zu Diddeleng, an och de Funiculaire zu Déifferdeng.

Ofschléissend géif ech gär soen, egal wéi et och ass, d'Gemenge mussen ëmmer agebonne ginn, mä et däerf ni vergiess ginn, dass d'Entwécklungspotenzialer regional an interkommunal och spillen.

Ech wollt kuerz op déi eenzel Frichen agoen. Fir d'éischt emol d'Friche Belval, wou jo vill schonn haut de Mëtten driwwer diskutéiert ginn ass. Si ass d'Priorité des priorités. 120 ha op de Gemengen Esch a Suessem. 1,3 Millioune m². Hei solle Wunnen, Déngschtleeschtung, Commerce, Handwierk an Accueil vu mëttelstännege Betriber gemaach ginn. Wann een zréckkuckt, da gesäit ee ganz kloer, dass déi Engagementer, déi geholl gi sinn, stinn. An duerfir, déi Ängschten, déi d'Madame Mutsch hat, do kann ech soen, wat d'Cité des Sciences ugeet, do gouf de 15. Juni 2001 décidéiert, e Kaderprogramm gouf do opgesat vu 426.000 m² mat engem Invest vun enger Milliard Euro, iwwer eng Entwécklungperiod zwësche 15 an 20 Joer, an haut steet d'Regierung och nach dozou.

De 25. Juni 2002 gouf d'Gesetz iwwert d'Kreatioun vum Fonds Belval gestëmmt, mat der Missioun dass dësen Établissement public soll fir de Stat op den Terrainë bauen, déi dem Stat gehéieren. Och do ass eng kloer Linn. An de 6. Mäerz 2003 huet de Conseil de Gouvernement och eng Lëscht opgestallt mat Prioritéite vun aacht Projeten, déi vum Fonds Belval solle realiséiert ginn an iwwer eenzel Gesetzer finanzéiert ginn, mat enger Globalausgab, et ass schonn de Mëtten ugeklong, vun 327.400.000 Euro.

Hei kann ech och nëmme kloer soen, datt d'Regierung zu dësem Engagement steet, an ech weess, dass de Claude Wiseler versicht dësen Engagement esou ze tätegen, dass e méi bëlleg ka bauen. E Souci, dee mer och an anere Beräicher als Stat scho versichen ëmzesetzen.

Wann ech d'Aktivitéite vun 2000-2004 kucken, stellen ech fest, dass den Ëmbau vum Site 2001 ugelaf ass. Duerno sinn d'Schinnen ëmgeluecht ginn, et sinn Démolitiounsaarbechte gemaach ginn, de Masterplan vum Jo Coenen hu mer de Moment, an dee fonctionnéiert a gëtt respektéiert, d'PAGë sinn ëmgeännert ginn, et sinn zwee PAPen adoptéiert ginn a säit dem 18. Juli 2003 hu mer och eng Konventioun tëschent der Agora, der Gemeng Esch an der Gemeng Suessem.

Privatinvestisseuren, et ass schonn ugeklongen, si present. D'Dexia, 35.000 m² an der éischter Phas, duerno sollen zwou Phase komme mat 25.000 respektiv 20.000 m². De Belval-Square, do soll en Accor-Hotel dohinner kommen, den Hotel IBIS vum Grupp Accor. An dann och, de Fred Sunnen hat et virdrun ugeschwat, 250 Wunnengen op Belval-Nord, an an enger zweeter Phas nach eng Kéier 300 Wunnengen dobäi.

An de Stat steet och, dat wëll ech ganz kloer soen, zu sengen ëffentlechen Investen: Rockhal, Centre de recherche public Lippmann, d'Héichiewen, d'Statsarchiven, de Lycée technique, d'Cité des Sciences an och dat administratiivt Gebai.

Mä et sinn awer och nach aner Haaptelementer, déi de Stat an dësem Dossier muss a Betruecht zéien. Ech wëll fir d'éischt mol do lech d'Gesetz vum 1. August 2001 zitéieren, wat déi finanziell Interventioune vum Stat fir d'Entwécklungsgesellschaft erméiglecht. D'Gesetz vum 25. Juli 2002 wat de Fonds Belval an d'Liewe geruff huet. D'Gesetz vum 15. Mee 2003 iwwert de Bau vun der Rockhal, wou 29 Milliounen Euro verschafft ginn. De Juli 2003 gouf och d'Décisioun geholl, fir d'Faculté des Sciences op Belval ze setzen. An deen éischte Schrëtt ass do geholl ginn; dat war d'Implantatioun vum Centre de recherche public Gabriel Lippmann op dem Site. Am November 2003 gouf d'Gesetz iwwer e Centre national de la culture industrielle gestëmmt. An den 18. Abrëll 2004 gouf d'Ënnerschrëft gemaach ënnert d'Konventioun, iwwert déi de Stat Terrainen akeeft. Et geet hei ëm den Transfert vu 27,3 ha, déi fir 85 Milliounen Euro an Tranchë bis 2008 eriwwerginn.

Iwwert d'Grenzen eraus gouf och de 6. Mee 2004 en Accord de coopération ënnerschriwwen. Hei ginn d'Grenzen anescht geluecht tëschent Frankräich a Lëtzebuerg, ebe fir ëffentlech Equipementer, an dësem Fall ass et d'Gare an de Park and Ride, ze erméiglechen, fir dass de Site och fonctionnéiere kann.

Déi aktuell Situatioun an d'Perspektiven, wann een déi esou kuckt, da gesäit een, dass säit dem Joer 2005, dem Ufank vun dësem Joer, dass do och d'Stroosseninfrastrukturen um Site ugefaangen hunn. Mer haten do en dueblen Objektiv. Den Accès vun der Rockhal huet misse garantéiert ginn, well d'Aweiung, déi fënnt jo am September dëst Joer statt.

An och d'Dexia soll bis den Oktober 2006 d'Dieren opmaachen. Ech mengen dëse Pari wier eis gegléckt. De Stahlhofplatz, dee soll bei der Dexia entstoen, do leien d'Resultater vum Concours vir an d'Aarbechte sollen och hei 2006 am Ufank vum Joer ufänken, an da kréie mer also eng Verbindung zwëschent dem Dexia-Gebai an der zukünfteger Gare.

Wat d'Privatinvestisseuren ugeet, do muss een dräi Elementer a Betruecht zéien.

Éischtens - ech hat et scho gesot -, Belval-Nord 250 Wunnengen, hei ass de Bau-Ufank fir Enn 2005, also Enn vun dësem Joer, an d'Ënnerschrëft vun de Verkafskontrakter mat fënnef Investisseuren, déi no engem Workshop Logement aus dem Joer 2004 sélectionnéiert goufen, si gemaach. De Projet de PAP soll dësen 10. Juni op der Gemeng Suessem deponéiert ginn - also dat ass net méi laang, Här Sunnen, dat wäert an deenen nächsten Deeg sinn.

Et gouf och eng Ënnerschrëft gemaach ënner ee Contrat de développement mat engem hollännesche Grupp Multiplan, dee wëllt eng Mixstruktur vun 30.000 m² bauen op den Horizont 2009-2010; hei solle Fräizäitspektakelen, Déngschtleeschtungen a Commerce an der Complémentaritéit zur Rockhal entstoen.

Et gouf och eng Ënnerschrëft gemaach ënner ee Contrat de développement mat dem hollännesche Grupp Condor, iwwer 45.000 m² op den Terrassë vun den Héichiewen an och mat engem Horizont 2009-2010. Dëst geschitt dann nieft der Dexia an och hei muss Mixitéit entstoen: Déngschtleeschtung, Commerce a Wunnengen. Mir gesinn also, dass deen Dossier weidergeet.

A wat sinn dann elo am Fong geholl d'Aarbechte vum Fonds Belval an dësem Dossier, well si spille jo och eng wichteg Roll?

Déi éischt Aarbecht, mat där si befaasst waren, dat war de Grousbau vun der Rockhal, vum Centre de musique amplifiée. Dëse Chantier ass ugaangen am Juni 2003 - a mir hunn et schonn e puermol haut héieren - an den éischte Concert ass den 19. Juni dëst Joer.

D'Gesetz iwwert d'Stabilisatiounsaarbechte vun den Héichiewen an der éischter Phas gouf jo de 15. Oktober 2003 gestëmmt. Hei sinn och schonn éischt Hëllefsaarbechte gemaach gi fir dat Ganzt ze stabiliséieren.

De Projet de loi iwwert d'Nationalarchiven an de Projet iwwert d'Cité des Sciences sinn de 7. Juni 2004 an der Chamber déposéiert ginn. An zwee aner Projete sinn och ganz gutt weidergaangen: an zwar dee vum éischten administrative Gebai an och dee vun där sou genannter Pépinière d'entreprises, si wäerten deemnächst an der Chamber als Projet de loi déposéiert ginn.

2004 gouf och e provisorescht Gebai gebaut fir de Centre de recherche public Gabriel Lippmann. Hei gëtt jo och scho geschafft. Och eng Angscht, déi d'Madame Mutsch ausgedréckt hat, d'Gesamtstudien iwwert d'Cité des Sciences sinn amgaangen a sinn och um richtege Wee, sou dass mer also och do keng Ängschte brauchen ze hunn.

Wat de Lycée technique vu Belval ugeet, do leien d'Resultater vum Architekteconcours vir, déi ginn den 18. Juni proklaméiert.

Dann nach e ganz wichtege Punkt an deem ganzen Dossier, iwwert dee mer och scho vill an dem Regierungsrot an hei an der Chamber diskutéiert hunn, dat ass d'Liaison Micheville, déi soll jo - hat ech virdrun héieren - de 16. Juni hei an der Chamber diskutéiert ginn. Dës Liaison Micheville ass d'Réckgrad vum Stroossennetz vum Site Belval-West. Si soll am Fong geholl déi franséisch Grenzregioun mat dem Lëtzebuerger Stroossennetz verbannen. De Prinzip vun der Realisatioun gouf schonn - dat wësse vill Leit net méi - am November 2001 um Sommet vun der Grande Région geholl.

D'Trass geet jo ënnert dem Site duerch an do entsteet e flotte städtesche Boulevard am lokale Stroossennetz vum Site, deen an de Contournement vu Raemerich erageet. D'Regierung hält och drop, dass d'Verkéiersverbindungen um Site schnellstens assuréiert ginn an duerfir gëtt d'Liaison Micheville iwwer zwou parlamentaresch Etappen an der Chamber realiséiert.

Déi éischt also dëse 16. Juni limitéiert sech op de Bau vum Tunnel an der städtescher Zon vum Site an och op den Accès-Sud, deen iwwer e provisoreschen Uschloss un den CR 168 gemaach gëtt. Deen zweeten Deel bréngt am Fong geholl de Passage ënnert der Eisebunnsnetz an op der franséischer Säit. Hei ginn och Elementer vun der spezieller Technik vum Tunnel mat gestëmmt, d'Ëmgehung vu Raemerich an déi nei Echangeurë vun Éilereng a Lankels. Fir dësen zweete Projet insistéieren ech drop fir ze soen, dass wann dee realiséiert gëtt, muss sech ganz enk mat de concernéierte Gemengen ofgestëmmt ginn, dat ass jo och e Souci, deen an der Motioun herno erëmkënnt.

E puer Wierder zu deenen anere Siten oder deenen anere Broochen, déi mer nach am Land hunn. Nach eng Kéier fir unzefänke Rodange PED, ech hat et scho gesot, 27 ha, bis 1999 war do Stolproduktioun, hei si 40 ha industriellen Zwecken zougeféiert, de Rescht gëllt Ekologie a Fräizäit. De Moment sinn e bësse méi wéi 30 ha besat mat siwen Entreprisen - ech hat et schonn eng Kéier gesot - a 750 Aarbechtsplazen.

Déi aktuell Situatioun ass esou, dass op der östlecher Extremitéit den LTMA am Bau ass, et ass och e Kommodo amgaangen, an et muss een elo ofwaarden, wéi sech d'Contraintë vun der Ëmweltverwaltung, déi sech op dëse Site bezéien, do auswierken.

Da kommen ech zum Site Rodange Fonderie, dat sinn 11,5 ha op der belscher Grenz vum PED. Hei gouf 2002 eng Machbarkeetsstudie gemaach, dat soll eng Zone d'activité gi fir mëttelstännege Betriber a Commerce. D'Modifikatioune vum PAG 2004 si scho geschitt. D'Erschléissungsaarbechte sollen Ufank 2006 ufänken. Säit 2002 ass och gewosst, dass déi Europäesch Kommissioun heihinner wëllt en Data-Center bauen op den Horizont 2008. Hei sinn och vill Demanden um Dësch fir sech op dësem Site ze implantéieren.

Wéi ass déi aktuell Situatioun?

Den Ëmweltministère imposéiert hei am Kader vum PAG verschidde Konditiounen, déi d'Machbarkeet vum Projet a Fro stelle kënnen. Deen eenzegen Accès soll effektiv déplacéiert ginn an et sollen nei Schutzgréngzonen dobäikommen.

Ech kommen zum Terrain Terres Rouges, dat sinn 11 ha Lentille an 80 ha Crassier, dovun 2/3 a Frankräich. Hei gouf d'Machbarkeetsstudie 2003 lancéiert, hei soll am Fong geholl dat globaalt Konzept, déi städtesch Agglomeratioun erlaben sech u Belval unzeschléissen. Hei sinn d'Territoirë vun Esch, Russange an Audun-le-Tiche betraff, hei brauche mer och eng Mixitéit: Gréngflächen, Wunnen, Déngschtleeschtung, Handwierk, Commerce, ëffentlech Equipementer. Déi éischt Phas, déi virrangeg ass, ass déi vum Bau vum Lycée Hubert Clement. Hei gouf och e Projet gemaach wou de Lycée soll lokaliséiert ginn an dat ass gemaach gi mam Accord mat der Stad Esch.

Wéi ass de Moment déi aktuell Situatioun?

Ma déi Machbarkeetsstudie op der Lentille gouf just finaliséiert vun de Bâtiments publics. Et gëtt ee gemeinsamen Accord tëscht der Agora an der Stad Esch, dass de Lëtzebuerger Stat d'Terrainen direkt keeft an dass Bâtiments publics de Lycée bauen. Et ginn ongeféier 50% vum Areal oder vun der Fläch benotzt. De Ministère du Logement gouf och kierzlech domat befaasst oder gouf kontaktéiert, fir ze analyséieren, ob et hei méiglech ass op der Reschtfläch Wunnengen ze bauen; dat muss een elo kucken.

Well wat geschitt op där Plaz, wann eng Kéier de Crassier net méi do ass? An iwwerhaapt muss ee sech d'Fro stellen - déi Fro ass un d'Buergermeeschtesch vun Esch gericht -, wann dee Lycée do steet, hätte mer zu Esch fënnef Lycéeën a fënnef Plazen, wéi een dat hikritt, esou fënnef Sitë fir fënnef Lycéeën, dat muss een herno kucken.

De Crassier vun Éilereng, dat sinn 93 ha. Hei ass och eng Machbarkeetsstudie 2003 gemaach ginn. De Wirtschaftministère huet mat der Arcelor en Accord fonnt, fir un de Stat ze verkafen. Fir d'Zukunft vun dësem Site ass virgesinn, dass deen am Fong geholl soll eng Baureserv gi fir Hightech-Technologie-Aktivitéiten unzesidelen, an dat an der Symbios mat der Cité des Sciences vu Belval-West.

Op Basis vun enger Etüd 2002 huet de Wirtschaftsminister en neit Konzept vun enger Zone d'activité nationale op 40 ha dégagéiert, wat qualitativ héichwäerteg Aktivitéitë mam Stadraum Esch a Suessem an Aklang bréngt. Dëst ass natierlech wënschenswäert, well mir sinn nëmme 400 Meter vum Site Belval ewech an esou gëllt et och d'Verbindung iwwert den ëffentlechen Transport esou ze optimiséieren a bereet ze si maximalistesch Léisungen ze sichen, fir datt mer op e Modal split vu 40/60 hei kommen; dee brauche mer an dichtbesiedeltem Raum, soss kréie mer net deen ugestriewtene 25/75 aus dem IVL an eisem Land.

Diddeleng, hei gouf am Kader vum Plang Lux 2006, deen d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Stolindustrie soll eropschrauwen, décidéiert fir Kalwalzwierk zouzemaachen. D'Resultat ass hei eng nei Brooch an 220 Aarbechtsplaze manner, dofir wëllt de Stat an Arcelor gemeinsam Efforté maachen, fir weider nei Aktivitéiten an esou Aarbechtsplazen am Raum Diddeleng-Beetebuerg ze schafen.

De 24. Juni 2004 goufen an engem Accord tripartite de Prinzip fir Terrainen un de Stat ze transferéiere festgehalen. Hei soll e Masterplan vun der Regierung gemaach ginn. Déi eenzel Ministèren, déi betraff sinn, sollen natierlech an d'Planunge mat ageschalt ginn an zesumme mat der Gemeng Diddeleng e Konzept ausschaffen.

D'Zilsetzung ass hei wunnen, Fräizäit, Aarbechtsplazen.

Wunnen a Fräizäit: dësen Areal läit direkt beim Zentrum vun Diddeleng. Hei muss städteplanneresch geduecht ginn, well den Areal ass grouss genuch fir en neie Quartier. Am neie PAG ass och eng Zone à étude virgesinn. A mir hunn hei zu Diddeleng eng speziell Situatioun, well d'Aktivitéiten um Site u sech sinn nach net gestoppt an op där anerer Säit ass d'Entwécklung awer éischter eng, déi e lokale Charakter huet.

Diddeleng ass awer e Centre de développement régional direkt un der Grenz. Hei mussen also beim Urbaniséieren, d'lokal Schwächten a Stäerkten an dësen iwwerlokale Kontext gesat ginn, fir dass Diddeleng mar déi wichteg Roll, déi et spille muss, och iwwert d'Grenzen ewech wouerhuele kann, fir dass d'Diddelenger Zesummenaarbecht mat der Groussregioun eng positiv Connotatioun kritt.

Hei mussen e puer Zeenarioen an engem Masterplan studéiert ginn, déi sech un der heiteger Notzung orientéieren an déi fir d'Zukunft fundamental Orientéierungen duerstelle sollen.

Verschidde Projeten, déi an der Maach sinn, also scho konkret sinn an direkt dobäi leien, mussen och iwwerduecht ginn. Ech denken hei zum Beispill un e Projet vum Fonds du Logement, e grousse Projet, deen ee muss iwwerdenken.

An och den CNA an de Waassertuerm kommen an en neie Quartier vun engem neien Zentrum, dee jo iwwert d'Schinn ze erreechen ass. Duerfir sinn ech och der Meenung, dass dësen zentrale Schinnentracé duerch Diddeleng muss iwwerduecht ginn an dat a Fonctioun vun der Organisatioun vun dëser neier Brooch.

Ech hat gesot Aarbechtsplazen, well zu Diddeleng si säit den 80er Joren 2.500 Aarbechtsplazen ofgebaut ginn an net ganz komplett récupéréiert ginn. Op dëse Site kënne mer keng Schwéierindustrie setzen, well den Accès ass schwiereg fir schwéier Camionen duerch den Zentrum vun Diddeleng, dat ass net evident. Et kéint een awer Aarbechtsplaze schafen andeem ee géif eng Zone d'activité am Norde vun Diddeleng bei der Autobunn kreéieren. Dëst misst natierlech interkommunal a regional organiséiert ginn.

Déi nächst Friche, déi ech wollt uschwätzen, ass déi vun Déifferdeng-Suessem, an dat am Kontext

vun der Etüd Kordall. De Crassier Déifferdeng ass och ee vun deenen zéng Siten, deen d'Agora geréiert. Hei gouf och 2003 eng Machbarkeetsstudië gemaach. Hei gouf den Akzent op wirtschaftlech Aspekter geluecht. Et si verschidden Zeenarioë gemaach ginn, ouni awer de generelle Kontext a Betruecht ze zéien.

Mir hunn awer aus den Erfahrunge geléiert vun Esch/Belval, vun Éilereng, an och vun der Lentille Terres Rouges, dass een am Fong geholl, wann ee wëllt wierklech optimal schaffen, méi e groussen a regionale Kontext brauch. Duerfir huet de fréieren Innenminister e Raumentwécklungskonzept fir de Kordall ausschaffe gelooss, an esou gëtt de Crassier net méi a sengem lokale Kontext, mä am Kontext vun enger ekonomescher Restrukturéierung an am Kontext vun enger Rekonversioun vum Süden analyséiert. Wou sinn hei Potenzialer? Wou sinn hei Defiziter? Wou ass Spillraum? Wou ass keen?

D'Realitéit ass jo déi, dass déi eenzel Gemengen hir eege Méiglechkeeten hunn, fir op hirem Territoire ze plangen. Hei geet et am Fong geholl drëm, déi eenzel Potenzialer, déi mer hunn, openeen ofzestëmmen, fir esou e Basiskonzept fir dës Regioun ze kréien, och géif soen eng Aart Plan régional fir de Kordall. Am Fong geholl en informellt Instrument, wat awer kommunal, interkommunal a regional Plangen an engem generellen an héijere Kontext erméiglecht, ouni déi lokal Zwäng ze négligéieren.

Iwwert de PAG konnt festgestallt ginn, dass et ee groussen Defizit gëtt an der Kommunikatioun an an der Koordinatioun am Kordall. Hei ass also iwwert d'Brooch eraus geplangt ginn, an et gëtt och elo an deem Eck Iwwerleeungen, jo ech géif soe Bestriewungen, fir déi Zone-d'activitéën am Kordall global ze kucken an openeen ofzestëmmen.

Et ass och e Zoom gemaach ginn op d'Friche Déifferdeng-Suessem, well iwwert dëse Site gouf et scho vill Iwwerleeungen, Iwwerleeungen iwwert d'Natur, iwwert d'Ëmwelt, iwwert d'Landschaft, iwwert d'Wirtschaft, iwwert den Transport, iwwert d'Fräizäit. An dëse Zoom gëtt eis d'Méiglechkeet, spezifesch Perspektiven ze entwéckelen. D'Konzept fir dëse Site ass wierklech net einfach, well en ass am Fong geholl isoléiert zum Rescht vun der Regioun. Wéi kann een dësen Areal esou aschléissen, esou dass en am Fong geholl en homogeent Landschaftsbild ergëtt?

Dëser Deeg, ech mengen et ass den 12. Juni, kënnt de Boris Sieverts an et kann een an engem vum Ministère de l'Aménagement du Territoire organiséierten Tréppeltour, géif ech bal soen, an deem Eck do sech déi Landschaft ukucke goen. Et ass nämlech e Projet SAUL, dee soll am Süden den Ëmgang vun de Stadlandschafte verbesseren oder méi kohärent maachen. An dësem Kontext also ass esou en Tréppeltour do, a fir déi Politiker, déi interesséiert sinn, den 12. Juni kënnen se sech zu Déifferdeng treffen.

Hei sinn also an dësem Projet éischt Schlussfolgerunge gezu ginn. De graffe Schéma directeur gouf opgestallt, an ech mengen, elo sinn d'Jalonë gesat fir kohärent Landschaftsvernetzung am Kordall an doriwwer eraus ze kréien. Et däerf een awer net vergiessen, wann ee vun dësem Site schwätzt, dass de Stat 33 ha kaaft huet, een Deel gehéiert nämlech zum Crassier Déifferdeng, fir hei eng Extensioun vun enger nationaler Industriezon am Pafewee ze plangen.

Nach e puer Wierder iwwert de Plateau funiculaire, d'Seelebunn vun Déifferdeng. Och dëse Plateau huet gewisen am Kader vun der Etüd Kordall, dass een aus Déifferdeng, wann ee sech konform zum Programme directeur mécht, e Centre de développement régional ka maachen, mat engem Kärstéck, wou dëse Funiculaire eng wichteg Roll spillt. Well d'Lag vun Déifferdeng ass jo geographesch net einfach fir sech auszedehnen, a vill Arealer gehéieren der Arcelor, stellen awer trotzdeem realistesch Potenzialer duer.

Hei gëtt also de fréiere Plateau vun der Seelebunn de Moment privat erschloss, an e wäert urbanistesch wäertvoll fir dës Uertschaft ginn, well et gëtt sech am Fong geholl un de Recommandatiounë vun der Etüd Kordall orientéiert. Heiduerch gëtt d'Verbindung mat Déifferdeng, mam Zentrum, mam Foussbann an och mat Uewerkuer erméiglecht, a mir kréien do an den Zentrum vun Déifferdeng e flotten öffentleche Park. Mir kréien eng zentral Lag. Et ass also e Plus fir d'Uertschaft oder fir d'Stad Déifferdeng.

Wéi solle mer elo weidergoe mat dësen Operatiounen? Mir mussen e Bilan maachen. Deen ass haut deelweis gemaach ginn, well et ass an deene leschte Joren - Dir hutt et gesinn, ech hunn elo während 30 Minutte schonn driwwer geschwat - vill gemaach ginn. Et bleift awer nach villes ze maachen. Duerfir gëtt et och Grënn, well mir hu vill Frichen, mir hu vill Zwäng vun alen Industrieanlagen, mir hunn e regionale Cadrage, dee muss gemaach ginn, an d'Ofstëmmung an d'Zesummenaarbecht tëschent de Ministèren, tëschent de Gemengen, tëschent dem Stat an de Gemengen, tëschent Öffentlechen a Privaten, ass net einfach. Ech muss och nach eng Kéier de Käschtepunkt vum Statsbudget ervirhiewen.

Et muss een awer och feststellen, dass d'regional Planung, déi wesentlech ass fir e Gesamtprojet fir Landesplanung ze maachen, net esou gutt weidergaangen ass, wéi mer eis dat hätte kënne wënschen. Mir hu festgestallt, dass d'Ëmsetze vum IVL eis vill Zäit ewechhëlt, an dass et och do u Leit feelt, fir déi Aufgaben, déi ustinn, alleguerten an Ugrëff ze huelen. Hei besteet also e manifeste Risiko, däers si mer eis bewosst, dass d'Entwécklung vun de Frichen sech vun der Entwécklung vun der Gesamtregioun léist.

Duerfir musse kuerz- bis mëttelfristeg Planifikatiounen iwwert de Perimeter vun de Frichen eraus, also vun de Broochen eraus geduecht ginn, fir hei de Risque ze minimiséieren. Parallell dozou hu mer eis virgeholl, de Plan régional ze realiséiere bis an d'Joer 2007. Bis dohinner hätte mer gär e Projet de plan directeur régional fir de Süden. Dat geet awer nëmme wann all Acteure matmaachen a wa mer déi néideg budgetär Mëttelen zur Verfügung kréien.

Iwwerhaapt musse Stat a Gemengen sech an eng kohärent Démarche eraginn a sech op e puer Prioritéite fixéieren, hir Kräfte konzentréieren, dass mer keng Zäit verléieren, well zum Beispill bei der Uni Lëtzebuerg si mer net esou gutt weiderkomm, wéi mer dat geduecht hunn, well oft do Recteur gewiesselt huet. Mä déi Dossiere musse mer schnellstens weiderféieren.

Mir mussen also Prioritéiten definéieren, ech hunn et gesot, an doraus ergëtt sech dann dee Phasage, deen haut schonn ugeschwat ginn ass, dee mer onbedéngt brauchen, de Phasage tëschent dem Süden, dem Site Kierchbierg, dem Südweste vun der Stad Lëtzebuerg an der Nordstad. Mir mussen hei eng gewësse Rou an d'Land kréien, an déi dräi Haaptentwécklungspolen, déi ech elo genannt hunn, mussen och kohärent wuessen. Duerfir proposéiere mer jo och an der Réforme territoriale, fir Communauté-urbainen op dëse Plazen ze schafen, fir eng besser territorial Ofstëmmung an dëse Raim ze kréien.

Iwwerhaapt ass et wichteg a global gekuckt wesentlech, eng gutt Koordinatioun ze hunn. Déi hu mer och gréisstendeels. Déi Leit, déi Acteuren um Terrain, d'Agora, hunn alleguerte vill Mériten. Mä et gouf awer och spezifesch Situatiounen an de leschte Joren, wou d'Interesselagen ausernee gaange sinn. Doduerch sinn d'Prozesser gehemmt ginn, dat ass net gutt. Mir brauche vill ze vill Zäit, an duerfir brauche mer fir d'Zukunft e proaktiivt Denke vun alle Bedeelegten.

D'Regierung hëlt hei an dëser Problematik hir Responsabilitéit. Mir weisen nach eng Kéier op de prioritäre Charakter vun deenen eenzelne Projeten hin, a mir wëllen déi intern an extern Koordinatioun och optimiséieren. Ech hunn dat och schonn am Conseil de concertation Belval-Ouest an och am Conseil de coordination pour la mise en oeuvre vum IVL ervirgestrach. Hei ass et wichteg, dass mer richteg koordinéieren.

D'Prioritéiten nach eng Kéier kuerz skizzéiert: Belval-Ouest ass d'Priorité des priorités. Bei der Lentille Terres Rouges, wou de Lycée e wichtege Rôle spillt, mä awer och par rapport zur Stad Esch muss een hei kohärent virgoen. Rodange gëtt duerch den Data Center op den Horizont 2008 konditionéiert. Fir Diddeleng hu mer en Accord tripartite, deen eis bënnt, a bei Déifferdeng an Éilereng geet et drëm, e Link ze kréien, e Parallellismus ze kréien, op déi Aktivitéiten, déi wirtschaftlech Aktivitéiten, déi industriell Aktivitéiten, déi op dëse Siten Déifferdeng an Éilereng geplangt ginn.

Ech wëll och kuerz zwee Wierder soen zu deenen anere supralokale Frichen am Land, déi sollt een net vergiessen. Haut ass et net ëm si gaangen. Do kéint een Dummeldeng huelen, do kéint ee Wolz huelen. Ech hu gesinn, Dir hutt nach lechternach,…

**Une voix**.- Veianen!

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- …Veianen a sou weider. D'Question parlementaire vun den Häre Schank, Schaaf a Kaes ass ugeschwat ginn. Ech hunn eng Question avec débat kritt vum Marco Schank. Ech si gär gewëllt, nach virun der Summerpaus, wa konkret Elementer um Dësch leien, déi nach unzeschwätzen. Mä an deem Dossier muss ee realistesch bleiwen: Et ass eng Fro vu Gelder an et ass och eng Fro vu Leit am Ministère de l'Aménagement du Territoire.

D'Integratioun vun de Siten an der Regioun ass eminent wichteg. Et gëtt net einfach, de Plan directeur régional zesumme mat deene véier Plan-sectorielen hinzekréien an esou integrativ mateneen ze verbannen, dass se dem IVL gerecht ginn. Duerfir musse mer exigent bleiwen. D'Regioun Süde muss sech mat hirer Vergaangenheet par rapport zu deenen anere Géigende vum Land, also och der Haaptstad, positionéieren. Hei spillt d'Ëmorientéierung vun den Industriebroochen eng wesentlech Roll. Qualitativ Objektiver realiséieren heescht hei, e gesonde Kompromëss vu Käschten - aus Urbanismus, ekologeschen Ufuerderungen, landschaftlechen Exigenzen an öffentlechem Transport - an dat op enger schnell genucher Zäitschinn.

Hei gëtt et also eng Situatioun, déi net einfach ass, och fir d'Agora. Si huet och verschidden Dilemmen. Si huet d'Qual der Wahl, géif ech soen: Soll se eng deier puristesch Modellrekonversioun wielen oder awer eng Approche, wou kompetitiv Elementer par rapport zu anere Siten afléissen, well jo beim Aménagement net nëmmen urbanistesch Kritäre spillen, mä och geographesch Argumenter an Avantagë spillen, wéi zum Beispill d'Proximitéit zur Haaptstad, an och wëssend, dass d'Privatpromoteuren hir Investissementer gäre séier monnayéieren.

Hei mengen ech musse mer e realistesche Kompromëss kréien, wou Qualitéitsfacteure par rapport zum Ausland spille mussen. Et muss een och considéréieren, dass eis Gemengen an de leschte Jore schnell gewuess sinn an och weider wäerte wuessen. Doduerch entstinn zousätzlech Chargen, an och hei mussen d'Gemengen hir Responsabilitéit huelen. Den allgemengen Interesse muss hei spillen, an duerfir sollen si och kompromëssfäeg sinn, wann et zum Beispill ëm d'Cessioun vun Terrainë geet.

Den Zäitfacteur sollt een och net ënnerschätzen an dësem komplexen Dossier, wou et ëm grouss Arealen an ëm vill Zwäng geet. Et ass wierklech net einfach kuerzfristeg ze spieren, wat mëttelfristeg geplangt gëtt a sech laangfristeg realiséiert. An de leschte fënnef Joer gouf vill realiséiert an et bleift nach vill ze maachen, an esou kënnen néideg Kurskorrekture virgeholl ginn.

D'Dimensioun iwwert d'Grenzen eraus, kritt leider net déi Plaz, déi se brauch. Mir sinn eis dees bewosst. Mä d'Fro stellt sech: Wéi kann een esou e Prozess undreiwe mat den aktuelle Strukturen? Besonnesch mat eise franséischen Noperen ass dat net ganz einfach. Mir hunn dat och am Februar dëst Joer gesinn, wou mer eng Visite hate vum Här Saint-Sernin, de franséische Statssekretär fir den Aménagement du Territoire.

Hei drängen sech also ganz kloer nei Weeër op. Hei muss een en aneren Niveau vu Planifikatioun iwwert d'Grenzen eraus kréien. Dat ass och de Mëtte schonn ugeklongen. Den Dossier IKEA weist eis, wéi d'Situatioun ass a wou d'Limitë sinn. Duerfir brauche mer am Ministère de l'Aménagement du Territoire méi Leit, well ee Wee dee vläicht kéint sinn, fir iwwer eng Reorganisatioun vun der Maison de la Grande Région op der Lëtzebuerger Säit eis Moyenen ze ginn, fir méi aktiv iwwert d'Grenze Kontakter ze kréien a Presenz ze weisen.

Ofschléissend, Här President, géif ech nach eng Kéier soen, mir musse kritesch nodenken iwwert d'Acquisen. Mir brauchen eng besser Ofstëmmung an der Regioun Süden, awer net nëmmen do. Mir brauchen eng Koordinatioun tëschent de Gemengen an tëschent de Ministèren. Si muss am Mëttelpunkt stoe vun den eenzelnen Démarchen. Nëmmen esou kréie mer wierklech eng équilibréiert Entwécklung vun eisem Land. Nëmmen esou entsteet ee konstruktive Kompromëss tëschent alle Bedeelegten am Interesse vun eiser Landesplanung, am Geescht an am Wonsch vun engem IVL-konforme Lëtzebuerger Land.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

***(Interruption)***

**M. le Président**.- Eng ganz kuerz Fro.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Entschëllegt, Här Minister. Ech hätt eng ganz kuerz Fro, déi ech scho gestallt hunn, déi Der mer net beäntwert hutt, an dat ass déi: D'Zesummespill vun der Entwécklung vun de Frichë mat aneren Entwécklungen am Land ausserhalb vun de Frichen.

Wéi wëllt Dir als Innenminister dofir suergen, dass net an anere Géigende vum Land mat anere grousse Projeten deene souwisou scho méi deiere Projete vun de Frichë Konkurrenz gemaach gëtt? Wéi wëllt Der dat am Geescht vum IVL léisen? Well wann Der béides genehmegt, Entwécklung op de Frichen an och an anere bestehenden Industriezonen an och an neien Industriezonen, da gëtt dat näischt. Wéi wëllt Der als Innenministère domadder ëmgoen? Dat ass eng ganz wesentlech Fro.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- D'Instrumenter, fir dat doten an de Grëff ze kréien, kënnen net nëmme landesplaneresch Instrumenter sinn. Dat sinn déi sou genannte Plans régionaux, wou mer versichen eng gewësse Kohärenz an dat ganzt Land eranzekréien. Am Süde si mer relativ wäit fortgeschratt. An den anere Géigenden ass dat net onbedéngt de Fall. Mä et ass nëmmen iwwert déi Schinn wou mer dat Ganzt kënnen hikréien. Ech gesi keng aner Moyenë fir am Fong geholl do eng gewësse Kohärenz dranzekréien.

Mir mussen, wéi géif ech soen, eng kloer Informatioun an eng global Visioun vun eisem Land hunn. Dofir wëlle mer jo och zum Beispill déi Réforme territoriale, déi mer ustriewen, fir ze gesi wéi eist Land wiisst. Dofir wëlle mer jo och eist Land iwwert dee Programme directeur, dee mer eis ginn hunn am Joer 2003, als Ganzt gesinn an och esou kënne mer dat nëmmen hikréien. Wéi dat am Detail ausgesäit, ass relativ schwiereg dat elo kuerzfristeg ze beäntwerten, well déi eenzel Acteuren, déi do eng Roll spillen, net onbedéngt hei elo am Detail bekannt sinn. Mä et geet nëmmen, wa mer eng global Visioun vun eisem Land hunn a global analyséieren.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kommen dann zur Motioun, déi déposéiert ginn ass vun der Madame Mutsch.

***(Interruptions)***

Pardon, den Här Minister Lux an den Här Minister Wiseler mellen sech zu Wuert. Wéi wëllt d'Wuert fir d'éischt vun deenen Hären? Den Här Ëmweltminister Lux.

**M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports*.- Neen, den Här Transportminister. Här President, ech verspieren net de Besoin, op déi transportpolitesch Elementer anzegoen, well ech mengen, dass mer de Mëtten do e relativ grousse Konsens gespuert hunn an deem wat d'Chamber denkt an an deem wat d'Regierung amgaangen ass op deem Gebitt ze realiséieren.

Dat Eenzegt, wat ech Iech wollt proposéieren, ass an der Motioun op der zweeter Säit den éischten Tiret. Bei der Fro vun der Realiséierung vum Konzept vum Train-tram mengen ech, dass déi Formulatioun hei e bëssen ze vill wäit opmécht, déi Fro vum Prinzip vum Train-tram. Hei huet een d'Gefill, wéi wa mer erëm géingen de Prinzip examinéieren oder réexaminéieren.

Ech mengen, dass mer eis iwwert de Prinzip eens waren an dass eenzel Riedner drop higewisen hunn, dass mer u sech elo amgaange sinn ze kucken, déi technesch Realiséierung, wou mer eng Rei vu Problemer hunn - dat wësse mer -, ze examinéieren an dann, wann dat méiglech ass, technesch dann och ze kucken, an deem wat och déi viregt Regierung schonn als Prinzip zréckbehalen huet a mat de Gemengen ofgemaach hat.

Dofir géif ech Iech proposéieren déi Formulatioun vun «à réexaminer» bis bei «site Esch/Belval-Ouest» ze sträichen an ze ersetzen duerch de folgenden Tiret: «à finaliser l'étude sur la faisabilité technique d'un croisement des rails Arcelor à la hauteur de Belval-Sud, afin de permettre le passage du train-tram sur le site de la friche de Belval-Ouest», an da weiderzefueren, «permettant l'interconnexion avec les réseaux et les moyens de transport public existant». Ech mengen, dass dat méi déi Realitéit géif erëmginn, an där mer am Moment amgaang sinn ze schaffen.

**M. le Président**.- Ech gesinn, datt grousse Accord do ass fir déi Modifikatioun, déi den Här Minister proposéiert. Ech géif awer bieden,

dass mer deen Text hei eropkréichen, well d'Servicer vum Greffe, déi sinn net esou schnell, fir dat do notéiert ze kréien.

*(Hilarité)*

Den Här Minister vun der Fonction publique, deen a senger Qualitéit als Minister vun den Travaux publics wahrscheinlech d'Wuert wëllt ergräifen.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics.*- Merci, Här President. Ech wëll u sech och soen, dass ech deem näischt zouzefügen hu wat den Innenminister gesot huet iwwer all déi Moossnamen, ob dat elo vum Déifbau ass. Do war den Exposé vum Här Halsdorf komplett.

Ech wéilt just och op een Tiret vun der Motioun zréckkommen, dee mer net onwichteg erschéngt. An zwar deen op der zweeter Säit, den zweeten Tiret, well ech mengen an der Formulatioun, esou wéi se hei ass, awer eng Konfusioun kann entstoen.

**M. le Président**.- Entschëllegt emol, Här Minister, hutt Der Äre Mikro un?

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics.*- Deen ass zwar un. Ech kréien en och net an d'Luucht gehuewen.

*(Interruption)*

Ech kann awer méi haart schwätzen, wann dat besser ass.

**Plusieurs voix**.- Ah!

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics.*- Fir am zweeten Tiret op der zweeter Säit dann eng Konfusioun ze evitéieren, géing ech proposéieren, datt een deen Deel, deen hei heescht «pour le contournement de Raemerich, permettant un accès nord du site Esch/Belval-Ouest» anescht formuléiert, well u sech de Contournement Raemerich op där enger Säit an den Accès nord zwou ganz verschidde Saache sinn. An d'Iddi, déi hei expriméiert gëtt, ass absolut richteg.

Dofir géing ech proposéieren ze soen: «en vue d'une élaboration d'une nouvelle solution permettant de réaliser un contournement de Raemerich dans le respect de l'urbanisme, de la protection des habitants et de l'environnement».

An da wëll ech dozou soen, well den Här Jaerling eng Rei Remarquë gemaach huet iwwert de Projet vun der Liaison Micheville, datt et do kloer ass, wat d'Regierung wëllt. Datt mer e Projet hei an der Chamber déposéiert hunn, dee kloer an däitlech seet zu wat fir ee Projet mer wëllen higoen. A fir eis ass et wesentlech, datt dee Projet relativ schnell weidergeet. Dee Projet ass esou gemaach ginn aus enger ganzer Rei technesche Grënn, och aus finanzielle Grënn, dat huet den Här Halsdorf scho virdru kloer an däitlech preziséiert. Fir eis ass et wichteg, datt de Projet schnell geet. Dofir sinn ech ganz frou, datt d'Commission des Travaux publics konnt virun zwee Deeg de Rapport unhuelen an datt dee Projet fir de 16. um Ordre du jour steet.

Firwat muss et schnell goen? Mä ganz einfach, well mer an dësem Kader mussen déi Engagementer, déi mer als Stat geholl hunn, och esou schnell wéi méiglech op dem Terrain ëmsetzen, einfach fir ze weisen, datt et fir eis e wichtege Projet ass, dee weidergeet, an och par rapport zu Privatinvestisseuren, fir d'Engagementer vum Stat kloer an däitlech ze confirméieren. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass dat wat d'Madame Mutsch och scho ganz kloer gesot huet. Dee Projet, dee mer vu Micheville déposéiert hunn, ass e Projet an zwou Etappen. An déi zwou Etappe sinn och wichteg. Déi éischt Etapp ass elo just den Tunnel, dee mer wëlle maachen, wou mer just d'Carcasse dohinner setzen, deen also net funktiounsfäeg ass ouni déi zweet Etapp, déi an dem éischte Projet scho kloer beschriwwen ass an e Contournement vu Raemerich matverlaangt.

An dat Drëtt wat ech wollt soen, dat ass dat wat hei och an der Motioun expriméiert ass, wat fir mech och e wesentleche Punkt ass, dat ass u sech déi Froestellung, déi d'Gemengen Esch an d'Gemeng Suessem nach allenzwou berechtegterweis hunn, dat heescht wéi dee Contournement vu Raemerich am Detail gemaach gëtt, fir datt en och deene Leit, déi do wunnen, eng Rei Garantië ka ginn.

Do hu mer eng Rei Diskussioune mat deenen zwou Gemengen ugefaangen, wäerten och déi Diskussioune weiderféieren an hunn an Zwëschenzäit eng Rei Etüden an Optrag ginn iwwert den Trafic, iwwert d'Geräicher. Mir wëllen och an Zukunft nach d'Integratioun an de Paysage kucken, ganz einfach fir Solutiounen ze fannen, déi technesch okay sinn, déi fir eis an der Rei sinn, mä déi och de Gemengen an de Leit sur place kënnen entspriechen.

Voilà.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Dann nach eng Kéier den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Merci, Här President. Ech wollt och e puer Remarquë maachen zu dëser Motioun.

Ech hat schonn ugekënnegt, dass an deem éischten Alinea no «invite le Gouvernement» ee sollt ewechloossen: «tout en définissant clairement le ministre de tutelle pour la coordination des dossiers».

Et ass kloer an däitlech, et sollt een dat ewechloossen. Wéi den Här Weiler géif soen, et ass superfétatoire fir dat dranzeschreiwen.

Am zweeten Alinea, do steet: «à présenter un concept d'ensemble pour les friches existantes avec leurs prolongements éventuels audelà des frontières». Ech géif do hannendrunner schreiwen «parallèlement à la finalisation du plan directeur régional». Et ass wichteg, dass wann een esou e Konzept mécht, dass een dat parallell mécht zum Plan directeur régional. Inhaltlech ass dat jo datselwecht, dofir wier ech frou, wann een dat kéint dohinner setzen.

Am drëtten Alinea steet: «actualiser le plan pluriannuel» a sou weider. An der drëtter Rei steet «information continue du public et dans le but d'encourager les investisseurs potentiels privés sur Esch/Belval-Ouest et sur les autres friches en voie de revalorisation». Do géif ech beim leschten «et» schreiwen «et dans la mesure du possible sur les autres friches en voie de revalorisation», fir do eng gewësse Latitude ze behalen.

Dann nach e leschte Punkt. Op der zweeter Säit hom drëtten Tiret steet: «à favoriser l'élaboration d'un plan régional Sud en collaboration avec le syndicat régional Pro-Sud dans le souci d'accompagner le développement socioéconomique de la région du sud du pays». Dat ass ganz richteg. Mä et ass eng vun den Aufgaben. Et sinn awer nach aner Aufgaben, dofir hätt ech léiwer et géif een doranner schreiwen «dans le souci notamment d'accompagner le développement socioéconomique de la région du sud du pays». Da wier dat och okay.

An dann nach e leschte Punkt. Dir schreift hei…

*(Brouhaha général)*

**M. le Président**.- Här Minister, entschëllegt mol. Ech denken, dass Der zum leschte Punkt net méi braucht ze kommen. Esou kënne mer net fueren. Wann d'Regierung wëllt hei eng nei Motioun schreiwen, da soll se der Chamber den Text eraginn, da kucke mer, wat mer domat maachen.

Wéi solle mer da mat all deene Propositiounen, déi vun dräi Ministeren hei gemaach gi sinn, wéi solle mer dann domat eens ginn a wat soll d'Chamber dann hei ofstëmmen? Wann een esou vill Ännerungen ze proposéieren huet, da muss ee mam Auteur vun der Propositioun am Virfeld kucken, dass een dat korrekt réviséiert kritt an datt d'Chamber en Text virleie kritt, fir dass se weess, wat se ofstëmmt.

Ech géif proposéieren, dass d'Regierung hir Propositiounen, déi se ze maachen huet, mat den Auteurë vun der Motioun ofstëmmt, dass mer fir déi nächst Woch e propren Text, dee komplett ass, hei virleie kréien, wou dann d'Regierung an d'Majoritéit a vläicht dann d'Chamber sech eens sinn an da stëmme mer iwwer eppes of, wat mer kennen.

Jo, Madame Mutsch.

*(Interruptions)*

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Här President, ech wéilt gären eppes dozou soen, well ech den Auteur vun där Motioun sinn, déi elo hei virläit. Et ass ganz flott, wann d'Regierung sech esou vill domadder ausenaner setzt. Déi meescht Remarquen, déi hei komm sinn, emfannen ech och als sënnvoll Ergänzung vun där heiter Motioun, déi hei kënnen afléissen.

Et war just de Schluss, wou siwen textuell Ännerunge komm si vum Minister, déi mengen ech keng Opbesserung bréngen, wann een zum Beispill schreift «et si possible» an dann nach all eenzelne Saz ëmschreiwe geet. Wann Der d'accord wiert, géing ech hei resüméieren, vu wéi enge Punkten ech mengen, dass se kéinten hei ouni Problemer integréiert ginn.

Wann de Wonsch vun der Regierung doriwwer erausgeet, fir nach zousätzlech zu där heiter Motioun e Schreiwes an d'Chamber eranzeginn, da ka se dat jo maachen. Mä ech mengen, dass ech awer dem Gros vun hinne kéint Satisfaktioun ginn, zemools wou mir awer déi heite Motioun mat den eenzelne Fraktiounen ofgestëmmt haten a si och d'Signaturen net nëmme vun der Sozialistescher Fraktioun dréit, mä och vun deenen aneren, déi sech mat hei engagéiert hunn. Dat heescht eigentlech mussen d'Signatairë vun där heite Motioun och mat deenen Ännerungen d'accord sinn.

*(Interruption)*

Jo?

**M. le Président**.- Ech muss soen, wann Dir elo mat all deene Propositiounen, déi bis elo gemaach gi sinn, wann Dir déi alleguerten elo schonn integréiert hutt an den Text, da kann ech mer dat net virstellen. Mir mussen awer en Text hei virleien hunn, wou mer wëssen iwwer wat mer ofstëmmen. Ech muss dann och soen, wann Dir sot, mir kënnen dat awer elo maachen, da géif ech awer dem Innenminister d'Wuert gi fir och seng Propositiounen alleguerten definitiv virzebréngen.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Ech kann déi Punkten hei resüméieren, déi ech notéiert hunn an déi fir mech an der Rei sinn.

*(Brouhaha général)*

**M. le Président**.- Mä da ginn ech fir d'éischt mol dem Här Innenminister d'Wuert, datt hie seng Ausféierunge ka fäerdeg maachen, well ech hat hien ënnerbrach.

*(Brouhaha général)*

Den Här Innenminister huet d'Wuert.

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, dee leschte Punkt, deen ech hei uschwätzen, ass ganz konstruktiv. Dir schreift «à ne pas négliger la reconversion des friches industrielles d'autres régions, comme celle de Wiltz ou d'Echternach». Da stellen ech mer d'Fro: Ass Iechternach wierklech eng?

*(Interruption)*

Maja.

An da steet Veianen do; dat ass okay.

Wéi ass et da mat Dummeldeng? Dummeldeng ass och eng. Dofir wann, da misst een dann awer och dat esou maachen, dass een se all dran hätt. Dat ass konstruktiv. Dat ass net, dass mir hei wëllen eppes kromm béien. Et ass dofir, datt ech dat wollt soen. Also kéint een hei och Dummeldeng dobäisëtzen. Dat ass eng Suggestioun, déi ech hei ënnerbreeden.

**M. le Président**.- Also, ech resüméieren nach eng Kéier. Mir hunn eng Motioun virleien, zu där vum Här Lux, vum Här Wiseler a virun allem vum Här Innenminister Halsdorf e ganze Koup vu Modifikatioune proposéiert gi sinn.

D'Fro ass also: Kënne mir elo haut nach déi Modifikatiounen - a Madame Mutsch wann Dir dat kënnt, da ginn ech lech d'Wuert - esou integréieren an esou resüméieren, dass mer awer en Text hunn, iwwert dee mer wierklech kënnen ofstëmmen?

Ech wëll net, dass mer hei iwwer een Text ofstëmmen, dee mer net kennen.

*(Interruptions)*

D'Madame Mutsch ass Auteur vun där Motioun hei an huet d'Recht elo mol Stellung ze huelen zu deem, wat d'Membere vun der Regierung gesot hunn.

*(Interruption)*

Mä, Här Braz, da gedëllegt lech ee Moment. Wann et un lech ass, da kritt Der d'Wuert. Fir d'éischt d'Madame Mutsch.

*(Hilarité)*

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Här President, ech hunn eigentlech éineschters meng Meenung gesot. Dir hutt mech just ënnerbrach. Ech ka se awer nach eng Kéier soen. Meng Meenung war déi, dass déi fënnef Tireten, déi mer hei festgehalen hunn, erafléisse kënnen, well se novollzéibar sinn an eng Valoriséierung vun deem Text sinn. Déi aner, déi ech net kann novollzéien, well se vum Text hier keng Clarificatioun vun där heiter Motioun bréngen, sollen net afléissen.

Ech sinn och bereet déi fënnef ze nennen, wann dat gewënscht ass. Mä ech hunn awer och gesot, dass ech déi Motioun hei zwar als Auteur presentéiert hunn, mä dass awer nach anerer se mat ënnerschriwwen hunn. Ech géing lech deemno encouragéiere fir deenen aneren och d'Wuert ze ginn. Well wann ech eleng der Meenung sinn, dass déi fënnef Ajoutë kënnen afléissen, dann notzt et näischt, well dann hu mer herno keng fënnef Signaturë méi drop.

**M. le Président**.- Da kritt fir d'éischt den Här Jaerling d'Wuert, duerno den Här Braz.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Ech géif mengen, Här President, aus deem Kuddelmuddel elo kënnt kee Mënsch méi eraus. Ech kann lech nëmme Recht ginn, wann Der sot, dass mer iwwert déi Motioun haut net kënnen ofstëmmen. Well dat doten ass jo awer, wéi wann d'Regierung der Chamber elo virschreift, zu wat d'Chamber si soll opfuerderen. Ech mengen, dat ass jo awer net den Zweck dovunner.

Dofir géif ech soen, also wa keng kloer Motioun hei virläit mat kloren Texter, wou mer eis kënnen drop beruffen, da solle mer déi Motioun zrécksetzen an dann déi nächst Woch stëmmen, wann e propperen Text do ass oder e kloren Text.

**M. le Président**.- Här Jaerling, ech hunn dat net esou verstanen, wéi wann d'Regierung der Chamber eppes géif wëlle virschreiwen. Mä d'Regierung huet Propositiounen an Iddiën entwéckelt, wéi déi Motioun kéint méi kloer sinn. Et ass un eis fir dat unzehuelen oder net unzehuelen.

Den Här Braz!

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass eigentlech elo alles gesot. Mir hu jo net dee Schlamassel hei provozéiert, da mengen ech sollen déi Leit dat och riichtbéien. Mä ech fannen et e bësse frustrant, dass wann ee sech d'Méi gemaach huet, dass et zu enger Motioun kënnt, déi mat der Fraktioun ofgeschwat ginn ass, dann d'Regierung zum Schluss d'Wuert hëlt.

D'Motioun ass ganz fréi verdeelt ginn nom Dépôt vun der Madame Mutsch. De Minimum wier gewiescht, dass ee vu Regierungssäit sech dann och d'Méi mécht déi Saach zu Pabeier ze bréngen. Mir hunn elo dräi Stonnen an eng hallef praktesch doriwwer diskutéiert. Et wier ouni Problem méiglech gewiescht dat hei op den Dësch ze leeën. Et ass also frustrant, dass mer eng Debatt am Parlament iwwert d'Zukunft vun de Frichë féieren, dass mer um sechs Auer opstinn, eiser Wee ginn, an ausser dass mer matenee geschwat hunn ass näischt geschitt.

An et kann een natierlech elo soen - ech ginn lech net Onrecht -, au point où on en est ass dat eenzegt Sënnvollt fir dat ëm eng Woch ze verschieben. Mä et soll ee vläicht eng Léier draus zéien, well dat doten ass frustrant an eigentlech net seriö.

**M. le Président**.- Freet nach een d'Wuert? Den Här Kaes.

**M. Ali Kaes** *(CSV)*.- Jo, ech wëll am Numm vun eiser Fraktioun soen, datt mir der Meenung sinn, dass et besser ass fir déi Motioun elo net ze stëmmen, eng Kéier driwwer ze kucken an dann d'nächst Woch déi Motioun nach eng Kéier op den Ordre du jour ze huelen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Här Mehlen!

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Här President, ech weess net, ob d'Leit dobaussen nach verstinn, wat hei ofgeet. Mir sinn d'Parlament, mir adresséieren eis normalerweis un d'Regierung fir eppes ze maachen. Elo kënnt d'Regierung a si wëllt der Chamber effektiv da Propositioune maachen zu wat mir si sollen opfuerderen, wéi mäi Kolleeg Jaerling elo grad gesot huet. Ech fannen einfach, dat passt dach net an de Parlamentarissem eran.

Wann déi Hären Nostalgie emfanne fir erëm eng Kéier däerfen als Parlamentarier hei an Aktioun ze trieden, dann hunn ech dofir ganz vill Verständnis,…

*(Hilarité)*

…mä dat hei ass den Inversement vun eise Rollen. Herno versteet jo kee Mënsch méi, wat hei ofgeet. Mir sollen si zu deem opfuerderen, wat mir fir richteg fannen, a wa si doriwwer eraus nach wëllen an Aktioun trieden, do huet bestëmmt kee Mënsch eppes dergéint.

**M. le Président**.- Ech wëll soen, Här Mehlen, dass et jo awer esou ass, datt et normal ass, datt d'Regierung hir Meenung seet zu enger Motioun.

**Une voix**.- Awer net hei.

**M. le Président**.- Wann den Här Lux, den Här Wiseler an den Här Halsdorf soen, datt an där Motioun déi eng oder aner Formulatioun hinnen net kloer genuch ass, datt si se gär preziséiert hätten, dann ass dat hiert gutt Recht. Et ass jo eist Recht fir domadder ze maachen, wat mer wëllen. Dofir loosse mer schéi jiddferee bei senger Roll bleiwen.

Den Här Transportminister Lux huet d'Wuert gefrot.

**M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports*.- Ech wollt just hei soen, dass ech iwwerhaapt keng Nostalgie verspieren.

***(Interruption)***

Mä ech fannen et dann awer ëmsou frustréierend och fir d'Regierung, déi de Mëtten hei eng Motioun virgeluecht kritt huet, déi se haut fir d'éischt gesinn huet, dass se net d'Recht soll hu fir zu där Motioun, zu Punkte vun deenen se wierklech mengt, dass een inhaltlech eng Verbesserung ka maachen - net zu Stilfroen, mä zu inhaltleche Froen -, kënnen Ännerungsvirschléi hei ze maachen.

Ech hunn déi Propositioun, déi ech gemaach hunn, mat deene véier Fraktiounen, déi hei ënnerschriwwen hunn, während dem Débat ofgeschwat an deenen déi proposéiert, genee esou wéi den Här Braz et gär gehat hätt, a si waren alle véier d'accord, dass dat eng Verbesserung vum Text wär. Deementspriechend hunn ech se gemaach, ech weess net, wat dorunner frustréierend soll sinn.

**M. le Président**.- Sou, ech denken, dass mer kee kloren an däitlechen Text elo virleien hunn, à moins datt d'Majoritéit oder d'Chamber wëllt bei där Motioun bleiwen esou wéi mer se hunn. Wa mer dat wëlle maachen, da kënne mer driwwer ofstëmmen. Wa mer Modifikatiounen un där Motioun wëlle maachen, da géif ech proposéieren, dass mer se dann d'nächst Woch op den Orde du jour huelen.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Voilà, ech gesinn et ass eng Unanimitéit an der Chamber an dann diskutéiere mer dat d'nächst Woch.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.54 heures)***

MERCREDI, 8 JUIN 2005

# 38E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

## Ordre du jour

1. Communications
2. 5480 - Proposition de loi de Monsieur Ben Fayot portant modification
   a) de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
   b) de la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectifs

   *(Déclaration de recevabilité)*
3. Ordre du jour et dépôt d'une résolution par M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution sur l'Europe
4. Résolution de M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe

   *(Discussion générale - Vote)*
5. 5454 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire

   *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
6. 5416 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine en vue de l'exemption réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune dans le domaine de l'exploitation d'aéronefs en trafic international, signée à Luxembourg, le 24 juin 2004

   *(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
7. 5334 - Projet de loi modifiant
   1. la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle
   2. le Code des assurances sociales
   3. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail
   4. la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'emploi
   5. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet
   6. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs

   *(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Votes et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.32 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Ech kann d'Regierung net froen, ob se eis eng Kommunikatioun ze maachen huet, well se de Moment nach net vertrueden ass. Dann huele mer dat spéider no.

### 1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

a) **5481** Projet de règlement grand-ducal instituant un régime d'aides pour les personnes physiques en ce qui concerne la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des sources d'énergie renouvelable

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 06.06.2005

b) **5482** Projet de règlement grand-ducal instituant une prime d'encouragement écologique pour l'électricité produite à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, de la biomasse et du biogaz

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 06.06.2005

3) La pétition N°267 pour l'abolition des décomptes de loyers a été remise en date du 31 mai 2005 par des représentants du Syndicat national du Logement social. Les pétitionnaires réclament la réforme du règlement grand-ducal du 16 novembre 1998 fixant les mesures d'exécution relatives aux logements locatifs.

### 2. 5480 - Proposition de loi de Monsieur Ben Fayot portant modification

#### a) de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

#### b) de la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectifs

***Déclaration de recevabilité***

An hirer Réunioun vum 2. Juni huet d'Presidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Propositioun de loi 5480 iwwert d'Organismes de placement collectif ausgeschwat, déi den Här Ben Fayot den 31. Mee déposéiert hat. Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

### 3. Ordre du jour et dépôt d'une résolution par M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution sur l'Europe

Wat eis Sitzunge vun dëser Woch ubelaangt huet d'Presidentekonferenz folgenden Ordre du jour virgeschloen: Op der Dagesuerdnung vun haut stinn de Projet de loi iwwert d'Organisation judiciaire; de Projet de loi 5416, e Steierofkommes tëscht Lëtzebuerg an Argentinien, an dann de Projet de loi iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle.

Op Grond vu substanziellen Ännerungen um Text vun der Motioun iwwert d'Industriebroochen, déi d'Madame Lydia Mutsch an der Sitzung vum 2. Juni déposéiert hat, ass nom Débat virgeschloe ginn de Vote iwwert dës Motioun op dës Woch ze vertagen, an d'Presidentekonferenz hat virgeschloen, dat haut ze maachen. Ech géif awer proposéieren, dass mer dat géifen op den Ordre du jour vu mar de mëtte setzen, um Ufank vun der Sitzung, wéinst der Disponibilitéit vum Här Innenminister.

En Donneschden, den 9. Juni hu mer eng Konventioun iwwert de Schutz vun de Walen, dann e Protokoll zur Konventioun EUROCONTROL. Bei dësem Projet ass eng qualifizéiert Majoritéit erfuerdert an ech géif bieden Akt dovunner ze huelen. Dann de Projet de loi iwwert d'Homologatioun vun de Gefierer; de Projet de loi iwwert d'Partenariat tëscht de Gemengesyndikater an dem Stat an da schlussendlech de Projet de loi iwwert de Site Höhenhof. Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

Den Här Ben Fayot freet d'Wuert zum Ordre du jour.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo, Här President.

Zum Ordre du jour wollt ech proposéieren, dass mer ufanks dëser Sitzung, also haut Mëttwoch virun deenen anere Punkte vum Ordre du jour, eng Resolutioun géife virleeë respektiv diskutéieren an unhuelen, fir kloerzestellen, wat mer mam Referendum an dëser Chamber maachen.

Ech wëll déi dann um Dësch vum Haus déposéieren.

***Résolution***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'elle procédera le 28 juin 2005 au premier vote du projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe;*

*- considérant que ce Traité sera soumis à référendum le 10 juillet 2005;*

*- soucieuse de respecter la volonté populaire telle qu'elle s'exprimera dans cette consultation,*

*décide de ne procéder au second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe.*

*(s.) Ben Fayot, François Bausch, Henri Grethen, Jacques-Yves Henckes, Michel Wolter.*

**M. le Président**.- Ass d'Chamber domat averstanen, dass mer esou eng Resolutioun elo op den Ordre du jour huelen an direkt am Ufank vun dëser Sitzung diskutéieren?

**Plusieurs voix**.- Jo.

**M. le Président**.- Ech gesinn allgemeng Zoustëmmung dozou. Da musse mer eis nach eens ginn iwwert d'Riedezäit fir dës Resolutioun. Et ass mer suggéréiert ginn d'Riedezäit op zéng Minutte pro Fraktioun ze fixéieren. Ass d'Chamber och mat där Propositioun d'accord?

**Plusieurs voix**.- Jo.

**M. le Président**.- Dann ass dat esou décidéiert. Da fänke mer also eis Sitzung u mat der Debatt iwwer eng Resolutioun an ech géif dem Här Fayot d'Wuert gi fir d'Resolutioun ze déposéieren a se och virzestellen. Här Fayot.

### 4. Résolution de M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, mir hu leschte Méinden an der aussepolitescher an europäescher Kommissioun vun dëser Chamber e Rapport ugeholl iwwert den Traité constitutionnel, deen den 10. Juli zum Referendum virgeluecht gëtt. Mir hunn och scho festgehalen, dass mer den 28. Juni 2005 an dëser Chamber en éischte Vote maache fir d'Ratifikatioun vun deem Gesetzesprojet, dee sech mat der Approbatioun vum Traité constitutionnel befaasst.

Mir hunn dann den 10. Juli de Referendum, a mir wollten haut eng Resolutioun, also eng Opfuerderung un d'Chamber, erabréngen, fir

och vis-à-vis vum Publikum dobaussen, vis-à-vis vun de Biergerinnen an de Bierger, de Wielerinnen an de Wieler kloerzemaachen, wéi d'Prozedur an der Chamber mat dem Referendum dobausse soll goen.

Mir hunn ons elo virgeholl hei als Chamber virun dem Referendum kloer ons Meenung zu dësem Traité constitutionnel ze soen. Mir hunn ons awer zougläich verflicht a mir wëllen ons och mat dëser Resolutioun formal kloer verflichten, dass mer dee Referendum vum 10. Juli a sengem Resultat akzeptéieren an och deemno agéieren.

Dat heescht, wann dee Referendum mat Jo ausgeet, da mécht dës Chamber no deem éischte Vote, dee mer den 28. Juni maachen, dräi Méint duerno respektiv ufanks Oktober en zweete Vote, fir dann d'Ratification parlementaire op déi Manéier ofzeschléissen. Wann dee Referendum mat Neen ausgeet, da maache mer deen zweete Vote, deen néideg ass fir d'Ratification parlementaire, net, an dann ass deen Traité constitutionnel zu Lëtzebuerg net ugeholl. Et gëtt also da keng Ratifikatioun.

Déi Resolutioun, déi ech hei wëll virleeën, gëtt vun deene fënnef Fraktiounschefe respektiv fënnef Fraktiounsvertrieder ënnerschriwwen. Et ass also eng Resolutioun, déi d'breet Zoustëmmung vun dëser Chamber fënnt. An dëser Resolutioun soe mer fir d'éischt Mol, dass mer also den 28. Juni zu deem éischte Vote wäerte schreiden. Da soe mer och, dass de Referendum kënnt, a mir ënnersträichen, dass mer de Wëlle vun de Wielerinnen an de Wieler wëlle respektéieren.

Mir wësse jo och, dass dee Referendum reng verfassungsméisseg e konsultative Referendum ass, well mer an der Logik vun onser Verfassung eng parlamentaresch Ratifikatioun musse maachen. Et ass also e konsultative Referendum, dee mir als Chamber als politisch bindend hei unerkennen an duerfir soe mer dann och, dass dës Chamber décidéiert, wa se dës Resolutioun unhëlt, dass se deen zweete Vote constitutionnel, deen also virgesinn ass fir déi Ratifikatioun, nëmme mécht, wann de Referendum positiv ausgeet, dat heescht, wann am Referendum dës Constitutioun ugeholl gëtt.

Ech mengen, am Kloertext heescht dat jo dann, dass d'Wielerinnen an d'Wieler dat lescht Wuert hunn. Dat muss ee ganz kloer no bausse soen. Egal wat dann elo hei dat Resultat den 28. Juni an der Chamber ass, sinn d'Wielerinnen an d'Wieler déi, déi bestëmmen, wat mat dëser Verfassung geschitt. Et ass also wichteg, dass mer an deenen nächste Wochen och als Chamber, wéi mer dat scho gemaach hunn, mat de Wielerinnen an de Wieler dobausse schwätzen, dass mer hinnen explizéieren, dass mer se informéieren iwwert den Enjeu vun dëser Verfassung an dass mer op déi Manéier hinnen och weisen, wéi wichteg dass dës Verfassung fir Europa an domat och fir Lëtzebuerg ass.

Ech mengen, dat ass dat, wat an dëser Resolutioun gesot gëtt, net méi an net manner: e politeschen Engagement vun der Chamber fir d'Resultat vum Referendum ze respektéieren, wat d'Approbatioun oder d'Netapprobatioun vum Vertrag iwwer eng Verfassung fir Europa ugeet. Dat ass also de Sënn vun dëser Resolutioun.

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Ech hu bis elo eng Wuertmeldung zu dëser Resolutioun. Et ass déi vum Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng hunn hinsichtlech vum Referendum vum 10. Juli op hirem Kongress Enn Januar eng kloer Linn festgeluecht. Déi kloer Linn, déi huet aus zwee Elementer bestanen.

Dat Éischt ass, datt mer mat enger ganz grousser Majoritéit op dem Kongress de Feu vert kritt hunn, fir en engagéierte sachlechen Asaz ze weisen an deene sechs, siwe Méint duerno, fir datt méiglechst vill Leit hei zu Lëtzebuerg Jo zu dëser Verfassung soen.

An deen zweeten Deel, dee mer do décidéiert hunn, dat war, datt fir eis de Referendum vum 10. Juli an d'Resultat, wat do eraus kënnt, onofhängeg vun der Meenung vun der gréngen Partei oder vun iergendenger anerer Partei hei am Land, misst absolut respektéiert ginn. Dat heescht, datt wann den 10. Juli - wat mir hoffen - d'Lëtzebuerger Jo soen zu dësem Text, dann ass et kloer, datt dëst Parlament dësen Text soll ratifizéieren, respektiv wann d'Wieler - wat mer net hoffen - Nee soen zu dësem Text, dann hu mir dat ze respektéieren an da kann och d'Chamber dësen Text an där Form net ratifizéieren.

An deem Sënn ass et gutt, datt mer haut dat Signal hei ginn, dat Signal no bausse gi fir ze soen, et ass net d'Chamber, déi an deem heite Fall d'leschte Wuert huet, ob Lëtzebuerg deen Text do wäert ratifizéieren, mä et sinn déi eenzel Bierger an déi eenzel Biergerinnen hei am Land, déi den 10. Juli an der Wahlkabinn iwwert d'Schicksal vum Traité am Sënn fir Lëtzebuerg décidéieren.

Dat heescht, duerch dat wat mer de Mëtteg hei maachen, maache mer och dobaussen de Leit kloer, wat fir eng grouss Responsabilitéit se den 10. Juli hunn, wa se wäerte wiele goen. Ech mengen, et huet och elo kee Wäert, datt mer hei eis amuséieren de Mëtteg. Ech weess, datt eng Fraktioun heibannen dat elo nach prozedural e bëssen aneschters gesäit a mengt, et misst een awer dann nach duerno eng zweete Kéier och mat Neen drécken hei an der Chamber. Ech mengen, dat ass alles politesch Gespills. Dat ass där Fraktioun hiert Recht dat ze maachen, et ass awer net dat, wat d'Leit dobaussen, menger Meenung no, interesséiert.

D'Bierger an d'Biergerinnen am Land hätte gären, d'Lëtzebuerger hätte gären e kloert Signal vun dëser Chamber, datt d'Chamber sech net iwwer hire Wëllen ewechsetzt, an dat gëtt de Mëtteg mam Stëmme vun dëser Resolutioun hei gemaach.

Här President, eigentlech kënnt ech elo ophalen a mech sëtze goen, mä ech mengen, datt et un der Zäit wär, datt mer och vun dësem Haus aus eng Kéier emol géingen e kloert Signal ginn no bausse par rapport zu där, et kann ee wierklech soen entre-temps Kakofonie, déi verbreet gëtt vu verschiddenste Politiker vun deene verschiddenste Parteien iwwert den Enjeu vum 10. Juli. Dat heescht, wou op eemol an den 10. Juli Enjeuen dran interpretéiert ginn, déi eigentlech net dra sinn.

Den 10. Juli fuerdere mer d'Leit net op fir ze décidéieren, ob se de Politiker X oder d'Politikerin Y besonnesch sympathesch fannen; mir fuerderen d'Leit och net op ze froen, ob se d'Chambersresultat vum 13. Juni 2004 nach eng Kéier wëlle validéieren. Mir fuerderen d'Leit just op, Stellung ze bezéien zu dem Traité constitutionnel, a wa se do eng Décisioun geholl hunn, dann ass et un dëser Chamber fir dat ze respektéieren. Net méi an net manner steet deen Dag um Ordre du jour.

Ech muss och duerfir soen, Här President, datt et eis als gréng Fraktioun ufänkt onwahrscheinlech op d'Nerven ze goen, all déi Deklaratiounen, déi een de Moment dorurechter héiert, de part et d'autre: Bal demissionéiert een eleng, bal demissionéiert déi aner Halschent vun der Regierung, dann demissionéiert een Deel vun der Oppositioun! Ech weess net, op wat fir eng phantasieräich a glorräich Iddië verschidde Leit nach wäerte kommen an deenen nächste Wochen. Ech hoffen awer, datt dat endlech domadder ophéiert, well et ass fir eis als Gréng ganz kloer: Den 10. Juli hu mir just dat Resultat ze respektéieren, wat do erauskënnt, a méi net.

Mä ech soen awer och gradsou däitlech: Wann et Leit hei an dëser Chamber gëtt, ob se an der Oppositioun sinn oder an der Majoritéit, déi mengen duerno, den 11. Juli oder de 15. Oktober oder den 13. Januar 2006, misste se demissionéiere vun hiren Ämter, well se midd sinn ze regéieren, respektiv well se keng Loscht méi hunn, hiert Mandat auszeüben, dat heescht, datt mer dann eng Regierungskris géinge kréien, oder souguer doriwwer eraus en Deel vun der Oppositioun sech där Kris da géing uschléissen, dann hu mer kee Problem domadder, wat gewielt gëtt hei am Land, hei zu Lëtzebuerg, mä da wiele mer net iwwert den Traité constitutionnel, da wiele mer iwwert de Bilan vun där Regierung, déi dat Joer am Amt war, mat hirer Politik, déi se gemaach huet, respektiv mir décidéieren iwwert de Fait, datt och een Deel vun der Oppositioun anscheinend keng Loscht méi huet, Mandater auszeüben, an da sollen d'Wieler dann och doriwwer tranchéieren.

Den 10. Juli stëmme mer also of iwwert de Referendum, a wann an deene sechs Méint duerno, oder an deenen dräi Joer duerno, d'Regierung wëllt demissionéieren, oder och aner Leit hir Mandater wëllen ofginn, da solle mer Neiwahle maachen, mä dann entscheede mer dann iwwert déi Leit, déi déi Kris provozéiert hunn, an net iwwert den Traité constitutionnel.

Mir als Gréng sinn der fester Iwwerzeegung, datt d'Leit gäre fräi décidéieren den 10. Juli, wéi si et gär hätten oder wéi si et richteg fannen, wat si zu deem Text do ze soen hunn. A mir mengen awer gradsou kloer, datt d'Leit den 10. Juli net an d'Wahlkabinne ginn, fir duerno Neiwahlen ze provozéieren. All déijeeneg, déi domadder spillen, solle wann ech gelift domadder ophalen! Kommt mir profitéieren duerfir déi nächst véier Wochen, fir iwwert dat ze diskutéieren, wat usteet, nämlech iwwert déi wichteg Verfassung fir Europa.

**Plusieurs voix**.- Très bien! Bravo!

**M. le Président**.- Merci, Här Bausch. Als nächste Riedner huet sech den honorabelen Här Gibéryen gemellt. Här Gibéryen!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zënter laangem gëtt hei am Haus diskutéiert, datt d'Chamber sech géif dem Vote, deen d'Wieler den 10. Juli beim Referendum zum Ausdrock bréngen, ralliéieren. Mat der Resolutioun, déi mer haut hei wahrscheinlech eestëmmeg wäerte stëmmen, gëtt am Fong deen Ausdrock, dee Wonsch, deen hei ëmmer geäussert ginn ass, domadder officialiséiert an och domadder ofgeschloss.

Ech wëll drun erënneren, datt mir als ADR ëmmer verlaangt hunn, datt, wann een e Referendum mécht, dat misst e Référendum décisionnel sinn. Eis Constitutioun gesäit dat net esou vir. Et hätt also bedéngt, datt mer eng Ännerung vun onser Constitutioun hätte missе virhuelen, fir dat kënnen esou ëmzesetzen. Mir haten och duerfir als ADR eng Propositioun gemaach, fir d'Constitutioun an deem Sënn ze änneren. Et ass awer keng Majoritéit hei am Haus fonnt ginn, déi bereet war, fir déi Ännerung ze maachen. Et ass gesot ginn, et wier ze vill kuerzfristeg.

Mir hunn awer an deemselwechten Zäitraum eis Constitutioun geännert, wat zwar nëmmen eng Botz vun enger Artikelsnummer ass, wou mer elo d'nächst Woch, de 16. Juni, den zweete Vote constitutionnel huelen, fir eben déi Verfassungsännerung kënne virzehuelen, déi muss virgeholl ginn, ier d'Chamber kann deen Traité hei ratifizéieren. Et ass awer genausou kloer, datt d'Chamber net misst hiren éischte Vote virum Referendum huelen. Dat huet och de Conseil d'État a sengem Avis esou festgehalen.

D'Chamber stëmmt elo awer den 28. Juni an engem éischte Vote iwwert dësen Text of, zwielef Deeg virum Referendum, well gesot ginn ass, wéi och elo de Kolleeg Fränz Bausch an den Här Fayot virdru gesot hunn, fir eben no baussen e Message ze ginn, wou d'Politik oder déi politesch Parteie vis-à-vis vun deem Traité dostinn a wéi se sech äusseren.

An ech kommen duerfir op dat, wat de Kolleeg Bausch elo grad hei gesot huet, wa verschidde Leit elo soen, si géifen zrécktrieden, oder d'Regierung misst zréckttrieden, oder d'Parlament misst zréckttrieden, datt ech dat awer net esou kann deelen, wéi den Här Bausch dat hei elo esou gesot huet, well eben d'Parlament virum Referendum e Vote hëlt. Dat ass nämlech ausschlaggebend!

Wann d'Parlament kee Vote geholl hätt virum Referendum a gesot hätt, mir loossen d'Leit driwwer décidéieren a mir akzeptéieren dat, wat d'Leit décidéieren, wier d'Parlament net engagéiert gewiescht. Mä wann d'Parlament elo higeet an hëlt e Vote virdrun, an et géif duerch en Nee vum Vollek désavouéiert ginn, da misst och dat Parlament seng Konsequenzen zéien, well et dann ebe mat enger anscheinend grousser Majoritéit e Vote geholl huet, deen net vun der Majoritéit vun de Leit hei am Land gedroe gëtt.

Dann ass et désavouéiert an enger wesentlecher Fro, an dann ass et och konsequent, datt dat Parlament da seet: Mir stoungen aneschters do wéi eist Vollek dostoung, an duerfir demissionéiert dann oder léist dëst Parlament sech op. Et ass also d'Konsequenz vun engem Vote, deen ee virun dem Referendum hëlt. An duerfir hu mir ëmmer gesot, kommt mir loossen d'Leit ofstëmmen a mir ralliéieren eis dann - wa mer et net fäerdeg bréngen, d'Constitutioun ze änneren, datt et e Referendum décisionnel ass, - no dem Referendum dem Vote vun dem Resultat vum Referendum.

Dat heescht, mir hätten am Fong kéinten haut scho soen, ma mir leeën en Datum fest. Den 10. Juli stëmmen d'Leit of. Dënschdes, den 12. Juli, hätt d'Parlament dat schonn hei kéinten op den Ordre du jour setzen an dann e Vote huelen, deen dat erëmginn hätt, wat d'Leit am Referendum gemaach hunn.

Mä nach eng Kéier: Wann dat Parlament sech hei virun dem Referendum engagéiert mat dem durchsiichtegen Argument, datt dat just ass fir de Wieler ze beaflossen den 10. Juli, an déi Beaflossung gëllt net, an de Wieler géif se net akzeptéieren, da muss dat Parlament, wann et sech nach seriö hëlt, noutgedrongen duerno demissionéieren!

Vun der Resolutioun…

***(Interruptions diverses)***

**Une voix**.- Jau, jau, jauu!

**M. le Président**.- Roueg!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här Spautz, ech weess, datt et Leit gëtt, déi Angscht virun Neiwahlen hunn! Dat verstinn ech!

***(Brouhaha général)***

Dat verstinn ech! Awer Dir musst dat net esou kloer hei zum Ausdrock bréngen!

***(Interruptions)***

Also, et huet nach déi leschte Kéier en eminenten CSV-Politiker zu mir gesot, also bei hinnen an der Rei géif awer och elo wierklech keen drun denken, fir Neiwahlen ze kréien, souguer déi Allerlescht an der Rei net. Also, duerfir verstinn ech dat, datt…

***(Brouhaha général)***

…verschidde Leit elo do e bëssen nervös ginn, well se eben elo mengen, datt et ebe kéint hei och aneschters ausgoen, wéi se sech dat erhofft hunn.

Här President, nach e Wuert awer zu der Prozedur. Mir hätten och léiwer gesinn, déi Resolutioun hei hätt hannen, wou mer décidéieren, eng aner Formuléierung gehat. An zwar wiere mir der Meenung gewiescht, datt, egal ob d'Leit Jo oder Nee stëmmen am Referendum, an alle Fäll d'Parlament hätt missen ofstëmmen. Et ass sech elo hei limitéiert ginn, datt d'Parlament nëmmen ofstëmmt, wann e Jo beim Referendum erauskënnt. Dat ass awer dat Wesentlecht. An duerfir konnte mir och mat där Formuléierung hei d'accord sinn, well nëmmen an engem Fall vun engem Jo gëtt hei am Parlament och en zweete Vote geholl an den Text ratifizéiert.

Et wier awer méi fair gewiescht, menge mir, fir och wann et en Nee gi wier, wann d'Parlament dann an engem zweete Vote Nee gesot hätt. Wat iwwregens bei den Holläner och an deem Sënn gemaach gëtt, déi elo an engem Gesetz am Parlament mat Nee stëmmen.

Wat awer wichteg ass, dat ass, wéi gesot, datt nëmme bei engem Jo hei d'Parlament nach eng Kéier stëmmt.

Ech wëll awer drun erënneren, datt eise Statsminister, op europäeschem Plang, elo mat senge Kolleege Stats- a Regierungschefe wëll an deenen nächsten Deeg am Fong weider drop insistéieren, datt an alle Länner d'Ratifizéierungsprozedur bis un d'Enn duerchgefouert gëtt.

An deem Sënn muss ee sech d'Fro stellen, ob mir d'Prozedur bis un d'Enn duerchgefouert hunn, am Fall wou et en Nee géif ginn hei zu Lëtzebuerg, wann d'Parlament duerno net méi stëmmt.

Well et ass jo laut eiser Constitutioun, an do si mer eis heibannen eens, nëmmen d'Parlament wat ka Jo oder Nee soen. Ass dat e Refus, wann d'Parlament seet, ma mir äusseren eis, quasi, kéint ech soen, net méi driwwer? Ass dat als eng Oflehnung unzegesinn oder muss d'Parlament e Jo soen?

Den Här Minister dohannen néckt mam Kapp zou. Hie seet, dat wier, wann ech elo dee Message do gutt verstanen hunn, eng Oflehnung wann d'Parlament seet, et war Neen am Referendum, mir befannen net méi driwwer, dann ass et Schluss.

Dat heescht an anere Wierder, wann d'Englänner hir Prozedur elo op Äis geluecht hunn a se soen, mir befannen net méi driwwer, dann ass dat an där doter Logik jo och och elo en Nee vun den Englänner, well déi gesot hunn, mir maache kee Referendum. Déi gi mol net méi esou wäit. Dat heescht an där Logik, wann een also net muss bis zum Schluss ofstëmmen a wann ech de Message vum Här Justizminister elo richteg interpretéieren, dann hunn d'Englänner am Fong mat hirem Refus, fir e Referendum ze maachen, och elo d'Prozedur ofgeschloss a gesot, ma et ass refuséiert an England.

Duerfir, Här President, mir kënne mat där Formuléierung do liewen, mä mir hätte léiwer gesinn, wann d'Parlament och bei engem Nee dat nach hei officialiséiert hätt mat engem Nee-Vote hei am Parlament.

Duerfir wäerte mir och an deenen nächste véier Wochen, déi bleiwen, eis engagéieren an där ganzer Debatt iwwert de Referendum, fir de Leit e Maximum vun Informatiounen zoukommen ze loossen. Mir als ADR respektéiere selbstverständlech de Vote, egal wéi en ausgeet. Mir ralliéieren eis och deem Vote, an duerfir kënne mir och dëser Resolutioun zoustëmmen, och wa mer wëssen, datt dat, wouriwwer mer den 10. Juli ofstëmmen, egal wéi et ausgeet, ni wäert a Kraaft trieden.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen. Ech hunn elo vu Säite vum Parlament keng Wuertmeldung méi. Den Här Minister Frieden mellt sech nach zu Wuert.

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice*.- Här President, ech wëll just op deen ee Saz vum Här Gibéryen reagéieren a Bezuch op England. D'englesch Regierung huet net gesot, datt et ni zu engem Referendum oder zu enger Ratifikatioun géing kommen.

D'englesch Regierung huet gesot, mir fixéieren elo keen Datum, notamment waarde mer op d'Entscheedung an op d'Diskussioune vum Europäesche Conseil vum 16. a 17. Juni. Et dierf een also heibannen net soen, d'Engländer hätte gesot, et kéim ni zu engem Referendum. Den engleschen Ausseminister huet am Parlament zu London gesot, hie géing elo keen Datum fixéieren. Just, datt dat kloer ass, well dorausser kann een aner Konklusiounen zéie wéi déi, déi den Här Gibéryen gezunn huet.

**M. le Président**.- Voilà, vu datt keng Wuertmeldung méi do ass...

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här President, ech wollt just nach dem Minister eng Fro stellen, zousätzlech dozou.

**M. le Président**.- Da maache mer dat. Jo, da stellt se direkt.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wollt just soen, Här President, dem Här Minister, datt dat jo awer un en Délai gebonne ginn ass, bis wéini datt d'Länner musse ratifizéiert hunn. Dat heescht, datt d'Engländer dann och misste virun deem Datum hire Referendum gehalen hunn, soss wiere mer an deem Zeenario, datt et ofgelehnt wier.

**M. le Président**.- Gutt. Elo bleiwe mer mol bei der Diskussioun vun der Resolutioun an den Här Goerens huet elo d'Wuert. Här Goerens.

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt et mol virauschécken: Et ass net d'Chamber, déi ratifizéiert, et ass de Grand-Duc, dee ratifizéiert.

Mir sinn an der Procédure de ratification dran. Mir hunn e wichtege Rôle ze spillen, an duerch déi Gesetzesännerung, déi mer virgeholl hu viru kuerzem, schalte mer och d'Lëtzebuerger Vollek an, wat sech jo da ka majoritär zu där enger Säit oder zu där anerer Säit schloen.

Déi Resolutioun, déi hei virläit, ass eng Nécessitéit opgrond vun deenen Diskussiounen, déi mer dobausse féieren. Well vill Leit froe sech: „Huet et iwwerhaapt e Wäert, datt mer stëmme ginn, well Dir maacht…" - esou kréie mer et ënnerstallt - „jo souwisou duerno wéi Der wëllt?" An da kënne mer ëmmer erëm soen: Mir maachen net, wéi mer wëllen; mir maachen, wéi Dir wëllt. Wann Dir den 10. Juli, wat mer net wënschen, géingt mat Nee stëmmen, da géife mer déi zweet Lecture net maachen. Wann Dir awer mat Jo stëmmt, da gëtt déi zweet Lecture gemaach. An dës Resolutioun, déi schreift dat elo schrëftlech fest, wat mer mëndlech iwwerall versprach hunn. De Ben Fayot huet dat gesot.

Déi Resolutioun hei huet och en zweeten Avantage, datt se eis erlaabt souwuel hei am Land vis-à-vis vum Wieler ze existéieren, wéi och international ze existéieren. Well ech wëll nach op d'Deklaratioun Nummer 30 aus dem Acte final vun dem Traité constitutionnel hiweisen, déi seet: «La Conférence note que, si à l'issue d'un délai de deux ans à compter de la signature du traité établissant une Constitution pour l'Europe, les quatre cinquièmes des États membres ont ratifié ledit traité et qu'un ou plusieurs États membres ont rencontré des difficultés pour procéder à ladite ratification, le Conseil européen se saisit de la question.»

Dat wat d'Engländer gemaach hunn, ass och konform zum Esprit an zu der Lettre vun dësem Text vun der Deklaratioun Nummer 30. An et ass kee Land, wat wierklech elo bereet ass schonn d'Décisioun ze huelen, definitiv den Traité ze begruewen.

Dës Resolutioun léisst also d'Méiglechkeet op, fir datt d'Vollek en définitiivt Jo ka soen an dann d'Parlament och en définitive dat duerch säi Vote an der zweeter Lecture kann entérinéieren.

Politesch gi mer duerch dës Resolutioun am Fong dem Wieler - politesch, soen ech - un pouvoir de dernier mot. Formal huet de Grand-Duc un pouvoir de dernier mot. Mä politesch gesinn net, an dat ass ganz wichteg, an duerfir beléie mer d'Leit net, mä mir soen hinne ganz kloer, wat mer wëllen, wéi eisen Understanding ass vun dem demokratesche Gebaren hei am Land. Fir eis huet op déi Manéier och politesch de Votum vum 10. Juli eng Obligation de résultat.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier soen, datt d'Demokratesch Partei ohne Wenn und Aber fir deen Traité hei ass. An ob den Här Souwisou oder d'Madame Déngenskierchen dës oder déi Konsequenze wëll duerno zéien: Mir wäerten net midd gi virun de Wahlen, no de Wahlen, virum Referendum, no de Wahlen, ëmmer erëm drop ze insistéieren, datt den europäeschen Integratiounsprozess fir dëst Land absolut vital ass, a wann eppes zu de Liewensgrondlage vun dësem Land gehéiert, dann ass et de Fait, datt alleguer déi aner Länner an der Europäescher Unioun säit 1950 oder säit 1952 bereet sinn, eng Partie Regelen ze akzeptéieren, déi net nëmme gëlle fir déi Grouss an net nëmme gëlle fir déi Kleng, mä fir se alleguer.

Et ass op esou enger Toile de fond, dass dëst Land konnt zu engem onwahrscheinleche Wuelstand an enger Sécherheet verhollef kréien, déi mer net wëllen duerch eng Politique politicienne op d'Spill setzen. Duerfir menge mer ass dat hei wuel eng Gratwanderung - well et ass nach näischt décidéiert - bei där mir an der Chamber an alleguer déi, déi um Intérêt vum Land interesséiert sinn, alles musse ginn, jusqu'à leur dernier souffle, fir datt dëst Land déi schwéier Epreuve, an där mer dra sinn, honorablement besteet. An duerfir gi mer och eise Jo zu dëser Resolutioun.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Goerens. Als leschte Riedner huet sech den honorablen Här Michel Wolter gemellt. Den Här Wolter huet d'Wuert.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net ze leegnen, dass den europäeschen Entwécklungsprozess sech zurzäit an enger delikater Situatioun befënnt. No dem Neen a Frankräich an an Holland huet sech d'Veronsécherung queesch duerch Europa vergréissert. A wat eis guer net gefall huet a wat eis muss interpelléieren, dat ass, dass an der leschter Woch duerch deen Neen a vläicht och op Grond vun deem Nee Leit, Tendenzen a Stréimunge queesch duerch Europa mengen nees missen iwwerhand ze kréien, déi absolut net an déi Richtung schwätze wéi mir Lëtzebuerg an Europa, a wéi mir Europa an hir Entwécklung gesinn.

Mir mussen also hei zu Lëtzebuerg mat klorem Kapp verschidden Tendenzen, verschidden Entwécklungen an Nopeschlänner gesinn. Mir musse si analyséieren; mir däerfen hinnen awer net nolafen, mä mir musse kucken, wat eis Positioun dozou ass, wat eis Intérêten dobäi sinn, a wou d'Erausfuerderunge leien an d'Potenzialer fir eist Land an deem Ratifizéierungsprozess, deen elo amgaangen ass.

Mir sinn där Meenung, dass mir als Lëtzebuerger objektiv am meeschten ze verléieren hätten, wann Europa an eng Kris géif kommen. Souwuel wirtschaftspolitesch wéi sozialpolitesch kann e Land, wat viru 50 Joer dat äermste Land war vu sechs, déi deemools Europa geschafen hunn, an entre-temps dat räichst ass vu 25, déi an deem Europa dra sinn, nëmme verléieren, wann dee Processus an d'Stocke kënnt.

Mir wollten eng Diskussioun iwwer Europa, mir hu si kritt. Zu Lëtzebuerg an an Europa. Déi Diskussioun an déi Debatt, déi d'Leit mat eis féieren, geet zur Zäit net grad esou wéi mir si vläicht gäre gehat hätten. Well d'Leit mat eis iwwer villes aneschters diskutéiere wéi grad just iwwert deen Traité, iwwert déi Ratifikatioun. Si schwätze mat eis iwwer hir Ängschten, iwwer hir Aart a Weis wéi si Europa gesinn, iwwert déi Aart a Weis wéi Europa sech an deene leschte Joren entwéckelt huet an iwwert déi Aart a Weis wéi si gären hätten, dass dat Europa sech an deenen nächste Jore soll weiderentwéckelen.

Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, ee staarke Message, dat ass ee Message, dee méi staark ass wéi vill vun eis dee sech erwaart hunn. An op dee staarke Message musse mir als Politiker och ee staarke Message dogéintsetzen, e staarke Message an der Diskussioun mat eise Leit iwwer Argumenter, iwwer Zilsetzungen, déi mir eis an deem Europa vu mar wëlle ginn.

Et muss een de Leit soen, dass de Jo sech op eppes kount eenegen, dass de Jo, och wann hie vu ganz villen Tendenze geprägt war, an engem Kompromis en Text op den Dësch geluecht huet, deen Europa virubréngt. An ech mengen, dass een och de Leit muss d'Fro stellen, ob si der Meenung sinn, dass deen Nee, dee si elo héieren, europawäit, an och zum Deel hei zu Lëtzebuerg, ob deen Neen dann Europa méi wäit ka bréngen wéi dee Jo, dee sech an deem Traité, iwwert dee mir den 10. Juli iwwer Referendum sollen ofstëmmen, erausgeschielt huet.

Et gëtt da Leit an Europa, och hei zu Lëtzebuerg - et héiert ee si elo manner haart -, déi mol der Meenung waren, et soll een dee Processus elo am Fong op Äis leeën. Et soll ee sech eng Denkpaus ginn, et soll een net virufueren, an et soll een op engem spéideren Datum op déi Froen zréckkommen. Mir sinn net der Meenung, dass een dat soll maachen. Mir sinn an engem Processus dran; mir sinn an enger Diskussioun dran; mir spieren den Intérêt vun de Leit hei zu Lëtzebuerg fir mat eis iwwer Europa ze diskutéieren, a mir sollen dat zum Deel och als eng Chance gesinn, dass mir zu engem Sujet, wou mir soss an eise Versammlunge knapps 20 Leit sëtzen hate fir mat hinnen iwwer eppes ze diskutéieren, haut alt 200 an 250 Leit hunn, déi bei eis komme fir mat eis doriwwer ze diskutéieren.

Mir sollen eis och eppes aneschters net virmaachen, nämlech dass Europa net géif op Lëtzebuerg den 10. Juli kucken. A ganz Europa an iwwer Europa eraus wäert op Grond vun der rezenter Entwécklung, déi sech gemaach huet, op Lëtzebuerg gekuckt ginn. Meng perséinlech intim Convictioun ass et, dass wa mir den 10. Juli als Lëtzebuerger, wat e souveräne Choix ass vun eis alleguerten, mat Nee stëmmen, den europäeschen Integratiouns- an Entwécklungsprozess zum Stoppe wäert kommen.

Ech weess net, ob wa mir Lëtzebuerger den 10. Juli Jo stëmmen, mir definitiv um Enn vum November vum Joer 2006 wäerten op dat kommen, wat mir gären hätten, mä ech si fest dovunner iwwerzeegt, datt wann den 10. Juli aus Lëtzebuerg de Message erauskënnt, dass och d'Lëtzebuerger, déi vu ganz ville Leit trotzdeem als en Idealbild oder Virbild och fir d'europäesch Integratioun gesi ginn, an enger Majoritéit dogéint gestëmmt hunn, dass dann e Message wäert erausgoen, deen am Cumul da vun dräi Grënnungslänner, Frankräich, Holland a Lëtzebuerg, am Fong wäert zu engem Stopp vun dem Processus féieren.

Dir Dammen an Dir Hären, all Parteien, déi haut an der Chamber sëtzen, hu sech virun de leschte Wahle fir e Referendum ausgeschwat. All Parteien, déi an dëser Chamber sëtzen, hunn an hire Wahlprogrammer vum leschte Joer an hiren Europawahlprogrammer dofir plädéiert den Traité unzehuelen.

An dofir ass déi Diskussioun vum 28. Juni och an dëser Chamber eng wichteg Diskussioun, fir de Point ze maachen, ob déi fënnef Fraktiounen, déi an d'Wahle gaange sinn am Juni 2004, nach ëmmer op deem Punkt stinn, wou si am Juni 2004 stoungen a mat deem si an d'Wahle gaange sinn, oder ob déi eng oder déi aner entre-temps eng aner Meenung kritt hu par rapport zu där, déi si de Wieler d'leschte Joer gesot hunn.

Mir sollen, an och dat ass fir eis dee wesentleche Message vum 28. Juni, de Wieler en préparation vum 10. Juli kloer an däitlech soen, wat mir denken, wat eis Meenung ass, firwat och bei alle Schwieregkeeten, déi deen een oder deen anere vläicht mat deem engen oder deem anere Punkt kann hunn, mir zur Iwwerzeegung komm sinn, dass et fir eist Land wichteg ass, dass mir deen Traité do stëmmen, an net wëllen, dass mir deen Traité do net stëmmen.

Dorauser allerdéngs dann dat ze maachen, wat ech elo de Mëtteg nees héieren hunn, a wat ech usazweis op anere Plaze gemengt hunn der Deeg ze héieren, nämlech dorauser een national-politesche Vote wëllen ze konstruéieren, eng Ubannung Vote 28. Juni - Vote vum 10. Juli, do ginn ech dem Här Bausch total Recht a sengem Raisonnement, dat ass ee Raisonnement, dee mir net wëlle féieren. Mir wëllen de Leit net soen, wéi si et musse maachen. Mir respektéieren, dat hu mir alleguer gesot an dat ass och de Sënn vun der Resolutioun, de Vote, deen d'Leit souverän soen zu där doter Fro - awer och nëmmen zu där doter Fro.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn iwwerzeegt dovun, dass wa mir an engem rouegen, op d'Saach orientéierte Gespréich mat eise Leit an deem nächste Mount eis Leit dovu kënnen iwwerzeegen, dass fir Lëtzebuerg souwuel an der Sozialpolitik, an der Wirtschaftspolitik, an der Sécherheets- an Asylpolitik, an der Verteidegungs- an Aussepolitik, an der Stäerkung vum Rôle vun den nationale Parlamenter an am Schafe vun engem institutionelle Kader, deen et erlaabt een Europa vu 25 iwwerhaapt ze géréieren, déi wesentlech Elementer leien, déi fir eist Land sollen ausschlaggebend sinn, fir dass eis Leit den 10. Juli positiv op déi Verfassung do sollen hir Äntwert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen elo zum Vote vun der Resolutioun, déi vum Här Fayot hei déposéiert ginn ass. Ass e Vote électronique verlaangt?

***(Assentiment)***

De Vote électronique ass verlaangt, da maache mir dat.

D'Resolutioun ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par Mme Marie-Josée Frank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5454 iwwert d'Organisation judiciaire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeleeuckt. Et si bis elo ageschriwwen den Här Bettel, d'Madame Err an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer, wann ech gelift.

## 5. 5454 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire

***Rapport de la Commission juridique***

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Suerg fir eng méi biergerno Justiz, déi d'Litigë méi séier evakuéiert, ass net nei. Schonn 1912 hunn zwee eminent franséisch Auteuren dat heite geschriwwen: «Une justice lente et coûteuse n'est pas celle que l'État doit aux citoyens.» Ech menge souguer, datt dëse Passus nach eng ganz Rëtsch vu Joren zu Lëtzebuerg an och an alle Länner vun der Welt wäert eng gewëssen Aktualitéit bäibehalen.

D'Justiz muss esou organiséiert ginn, datt d'Affären, also d'Prozesser, an engem Délai raisonnable kënne mat engem Uerteel ofgeschloss ginn. Dat gëtt eis vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun an och vum Europäesche Verfassungsvertrag operluecht, a wann dat och net esou wier, da wär déi Obligatioun vum Délai raisonnable awer eng Selbstverständlechkeet. Et ass enger moderner Justiz net wierdeg, wa Litigë Joren a Joren daueren, ouni datt iergendeppes am Dossier geschitt oder ënnerholl gëtt.

Mam Projet de loi 5454 gëtt eng Opstockung vum Personal vun der Justiz op fënnef Joer programméiert. An engem Gesetz vum 24. Juli 2001 hate mir schonn en Astellungsprogramm fir d'Period 2001-2005 gestëmmt. Haut stëmme mir also den zweete Programme pluriannuel fir d'Joren 2005-2009.

An deene Jore ginn am Ganzen 21 nei Riichteren agestallt, sechs Leit fir de Service Central d'Assistance Sociale an 20 Leit administratiivt Personal. Vun deenen 21 Riichtere ginn et dräi nei Conseilleren op der Cour d'appel, siwe Riichteren um Bezierksgeriicht Lëtzebuerg, zwee um Bezierksgeriicht Dikrech an ee Jugendriichter an der Stad. De Parquet général an de Parquet vun Dikrech kréie jee ee Member bäi an de Parquet vu Lëtzebuerg kritt sechs nei Substituten. Ausser zwee Riichtere vun deene siwen, déi op d'Bezierksgeriicht Lëtzebuerg kommen an déi sech méi speziell mat de Faillitë wäerten ausernee setzen, an dem Jugendriichter, wäerten all déi aner nei agestellte Riichtere sech méi mat strofrechtlechen Affären ofginn. Beim SCAS ginn ee Psycholog a fënnef Agents de probation agestallt - an deem Gesetz vun 2001 woren et zwee Leit vun der Carrière supérieure a véier Agents de probation.

D'Effektiver si vum Procureur général d'État opgestallt ginn. De Procureur général d'État hat dofir mat de Chefs de corps vun der Magistratur, dem Greffe, dem Parquet an dem Direkter vum Service Central d'Assistance Sociale Récksprooch geholl.

Dat war och d'Virgoensweis beim éischte Programme pluriannuel gewiescht, dofir sinn déi zwee Texter, ausser wat d'Zuelen ugeet, vun der Schréftweis identesch. A wann een deemools näischt gefrot huet, da krut een och näischt, an da soll een elo net kloe kommen, et hätt een näischt kritt.

Ech ka verstoen, datt een, obwuel een dat Personal, wat ee gefrot huet, kritt huet, e bëssen enttäuscht ka sinn, wann dat Personal net direkt, mä nëmmen am Laf vun deem Programme pluriannuel, also am Laf vun deene fënnef Joer, agestallt gëtt. De Procureur général d''État huet de Rhythmus, wéini agestallt gëtt, esou proposéiert. Et muss natierlech hei mat a Betruecht gezu ginn, datt net nëmmen d'Zuel vun de Kandidaten oder vun den nei geschafene Poste muss berücksichtegt ginn, mä datt och d'Qualitéit an d'Kompetenz vun deenen nei anzestellende Riichteren ausschlaggebend sinn.

***(M. Laurent Mosar prend la Présidence)***

Eng lescht Remarque fir bei de Personalfroen ze bleiwen: Datt d'Zuel vun de strofrechtlechen Affären an de leschte Jore stänneg geklommen ass - an dat léisst sech och un der Zuel vun den Häftlingen, déi am Prison zu Schraasseg sinn, novollzéien -, huet e manifeste Lien mat där no der Fusioun vu Police a Gendarmerie 1999 systematesch duerchgefouerte Verstäerkung vun der Police. Am September ginn nach weider 50 Leit fir d'Carrière vum Inspecteur agestallt.

Mä och op där anerer Säit vun der Chaîne pénale, also am Strofvollzuch, ginn 32 nei Plazen zu Schraasseg geschafen. Alles huet also ee Lien, d'Police, d'Justizautoritéiten an de Strofvollzuch. Déi eng nëmmen ze respektéieren an do méi Leit anzestellen an déi aner net a Considératioun ze huelen, wier eng falsch Politik. Well d'Zesummegräife vun deene verschiddene Corpsen esou ass, dass, wann op där enger Säit méi Personal astellt gëtt, och op där anerer Säit muss méi Personal agestallt ginn.

Ech wollt awer hei eng Klammer opmaachen: Ech hu gesot, et geet net nëmmen duer eng bestëmmten Zuel vu Riichteren, Polizisten, Gardienen zu Schraasseg ze hunn, mä wat hannert den Zuelen nach méi wichteg ass, ass d'Qualitéit, d'Effikassitéit, also d'Kompetenz vun deene Leit, déi agestallt ginn. Dat ass bestëmmt besonnesch wichteg an deene Secteure vun der Criminalité économique. Hei handelt et sech ëm ganz komplex Fäll, wou - fir déi Kriminell do stellen ze kënnen - musse Leit mat enger spezieller Qualifikatioun, mä och mat enger grousser Erfahrung agestallt ginn, an déi Erfahrung kann een och - esou stellen ech mir dat vir - ausserhalb vun der Police gesammelt hunn, also am Secteur privé; dat fir d'Klammer zouzemaachen.

D'Opstockung duerch dëse Projet vum Justizpersonal ass mol eng Saach, mä et gëtt natierlech och d'Opstockung vun deenen aneren zwee Corpsen, déi an der Justiz am grousse Ganzen au sens large du terme ze dinn hunn, also d'Police an de Strofvollzuch.

Mä eng effikass Justiz, Här President, ass net nëmmen drop zréckzeféieren, datt een d'Personal nei astellt. D'Justiz brauch och déi juristesch Moyenen, fir d'Affären a deem vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun operluechten Délai raisonnabel iwwert d'Bühn ze kréien.

An deenen zivilen Affären hu mir 1996 e Gesetz gestëmmt, wat 1998 a Kraaft getrueden ass, wat d'Prozedur vun der Mise en état agefouert huet a wat zu substanzielle Verkierzunge vun deenen Délaien an deenen zivilen Affäre gefouert huet. Et kéint ee sech och virstellen, datt déi Procédure de mise en état och op kommerziell Affäre ausgeweit gëtt.

Et bleiwen awer nach ëmmer Grënn, fir och bei zivilen Affären d'Prozesser an d'Längt ze zéien: Expertisen, déi daueren an daueren an daueren an nı färdeg ginn, well souguer Expertë stierwen an nei Experten agestallt musse ginn, Incidents de procédure, wou dann Appel gemaach gëtt, déi dann erëm zréck an d'éischt Instanz kommen an da gëtt awer erëm Appel gemaach. Mä ech mengen am zivilen Deel kann een am grousse Ganzen mam System zefridde sinn.

Awer grad bei strofrechtlechen Affäre muss den Délai raisonnabel agehale ginn - an hei kënnen d'Affäre ganz laang daueren. Sou hunn ech zum Beispill gelies am Rapport vum Justizminister, datt 2004 eng Affär gesprach ginn ass, wou d'Faiten op 1989 zréckgaange sinn. Et geet also hei net duer fir Riichteren anzestellen, mä et geet dorëms fir de Justizautoritéiten d'Moyenen ze ginn, fir Affäre séier ze spriechen.

Zum Beispill kann ee méi op d'Ordonnance pénale zréckgräifen an alle Fäll, wou Alkohol um Steier oder ze séier Vitesse de Fall ass. D'ordonnance pénale ass déi Prozedur, wou Dir vun engem Riichter per Post een Uerteel mat der Strof zougestallt kritt, a wann Dir domadder net averstane sidd, da kënnt Dir nach ëmmer an d'Sëtzung kommen, dat heescht an e Prozess am eigentleche Sënn vum Wuert, mä da kann natierlech d'Strof vill méi héich ausfalen.

Mir hunn och de Moien an der Commission juridique an engem Projet iwwert d'Instruction pénale accélérée geschwat, wat och dozou féieren ka fir datt strofrechtlech Affäre méi séier kënne gesprach ginn. Eng Datebank mat Empruntes génétiques kann och zu méi kuerzen Délaie féieren, och wann hei nach keen Avis vum Statsrot virläit.

Här President, bei de strofrechtlechen Affäre bleift och eng Ursaach vun deene laangen Délaien, nämlech datt déi Affären dacks en internationale Charakter hunn. Et ass net ëmmer einfach fir eng Commission rogatoire internationale an engem Délai raisonnable aus engem anere Land zréckzekréien. Do wäert och den eurpäesche Mandat fir d'Beweiser - dat ass wéi de Mandat d'arrêt européen, just op der Basis vun de Beweiser -, sou hoffen ech, déi néideg Verbesserunge mat sech bréngen.

Wéi laang och d'Instruktioun dauert, déijéineg, déi eng Klo ageréecht hunn, also meeschtens d'Victimen, mussen informéiert ginn, wat mat hirer Klo geschitt ass, respektiv wou d'Instruktioun drun ass. Och wann de Projet de loi iwwert den Afferschutz nach net vum Statsrot aviséiert ginn ass, wäerte mer eis esou séier wéi méiglech an der Commission juridique mat dësem Projet de loi befaassen.

Här President, et muss een natierlech sech ëmmer d'Fro stellen, ob all Affär, all Litige, deen een huet, wat fir enger Natur och ëmmer, muss virun de Riichter bruecht ginn. D'Mediatioun a strofrechtlechen Affären hu mer scho säit 1999! Et weess just kee Mënsch et. Et muss do méi Publicitéit gemaach ginn; et muss méi dorop zréckgegraff ginn.

D'Mediatioun an administrativen Affäre mam Knoutermann oder Ombudsmann, wéi hien dacks genannt gëtt, - wat en awer net ass, en ass e Médiateur,…

**Une voix**.- Très bien.

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- …schéint ze lafen. Mir hunn och Texter virleien, ënner anerem eng Proposition de loi vun der Madame Err, iwwert d'Mediatioun an zivilen a kommerziellen Affären. Dat sinn och Schinnen, déi ee muss examinéieren. Bei all Affär ass et menger Meenung no net noutwendeg, datt et zu engem richtege Prozess virun engem Riichter kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi bréngt och nach verschidden Adaptatiounen zum Statut vun de Riichteren. Zum Beispill gëtt an den Incompatibilitéiten och eng Referenz op d'Partenariatsgesetz vum leschte Joer gemaach, wat bis elo net de Fall ass. Ech mengen, wann e Riichter net an enger Affär däerf sëtzen, wou säi Mann oder seng Fra Affekot oder Partei ass, da soll dat och gëllen, wann ee Partenaire ass au sens vum Gesetz vum Juli 2004.

De Statsrot hat e puer redaktionell Virschléi gemaach, déi mer dann och iwwerholl hunn an deem Kader. Den Accord an der Kommissioun zu dësem Projet war unanime, an den Accord vun der CSV zu dësem Projet ass et och.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass bestëmmt e wichtege Projet, dee mer stëmmen, well et gëtt eng ganz Rëtsch vun neie Riichteren agestallt. A wann ee kuckt wéi de Malaise bei de Leit ass, wa se kucke wéi laang ee brauch fir iwwerhaapt en Uerteel ze kréien an enger Affär wou een iwwerzeegt ass, dass ee Recht huet am zivile Beräich, oder am Pénale, wou een Angscht huet, well een net weess wéi et ausgeet, sinn d'Délaien, déi virdrun zitéiert gi si vum Här Rapporteur - deem ech och elo direkt wëll Merci soe fir säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport, soss hunn ech et vergiess -, e Problem, dass déi Leit an der Inquiétude an an der Incertitude sinn, an dat ass bestëmmt keng gutt Situatioun.

Erlaabt mer awer, dass ech elo net iwwer aner grouss Punkten oder vläicht elo ganz kuerz se just abordéieren, mä, wéi den Här Rapporteur scho gesot huet, d'Ordonnance pénale. Selbstverständlech, dat huet elo näischt direkt mat deem heite Projet ze dinn, mä et wier wichteg eng Kéier driwwer ze diskutéieren, ob et méiglech ass, verschidden Affären, kleng Affären iwwer Ordonnance-pénalen geregelt ze kréien.

Et gesäit een heiansdo, dass d'Leit zitéiert ginn op d'Geriicht mat 0,9 Promill amplaz 0,8 Promill. Dat heescht, do muss zitéiert ginn, dat si Käschten, an et gëtt souwisou e Protokoll vun 250 Euro meeschtens. Dat heescht et wier vill méi einfach, et géif een de Leit direkt soen, et kascht esou deier, da géif de Stat och Sue spueren. Virun allem bei 0,9.

Da gëtt et nach eng aner Méiglechkeet, déi do ass, dat ass dat, wat een eng Comparution immédiate nennt. Déi gëtt et zum Beispill a Frankräich, wéi Der elo gehéiert hutt, wéi déi Violencë waren. Wa se d'Leit fannen, da kënne se déi Leit och direkt virun de Riichter stellen, an da kann ee bannent e puer Deeg schonn en Uerteel hunn um Pénale. Wann een zum Beispill Aveuën huet oder am Flagrant délit geholl ginn ass, ech mengen do soll een net laang Prozedure maachen an d'Leit net een, zwee, oder ech kenne verschidde Fäll, wou d'Leit schonn iwwert dräi Joer an Untersuchungshaft sëtzen, wat ech net ganz normal fannen, dass een esou laang an Untersuchungshaft soll sëtzen.

**Une voix**.- Lauschtert gutt no!

***(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)***

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Jo, jo, ma neen, ech wollt just dat ausféieren.

**M. le Président**.- Kommt, lauschtert dem Här Bettel no!

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Merci, Här President.

***(Interruptions)***

**Une voix**.- Majo, mir maachen dat!

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Här President, wann ech elo op de Punkt selwer komme vum Projet de loi. Ech kann zielen, am Artikel 5 steet do, dass 2009 d'Tribunal d'arrondissement, wann een dat Ganzt zesummerechent, 113 Riichteren am Ganzen huet, an den Tribunal d'arrondissement vun Dikrech zéng. Här President, erlaabt mer ze soen: Entweder mir wëllen zu Dikrech eng besser Justice de paix, an da solle mer d'Tribunal ofschafen, oder et soll een zu Dikrech en anstännegt Tribunal mat deene Moyenen, déi en Tribunal brauch fir ze schaffen, och ginn.

Här President,…

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Si kruten dat och.

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Da lauschtert elo emol, Här Rapporteur! Oh, si kruten dat! 2009 kréie se ee Riichter bäi, sot net et wier elo direkt! Wann Der bedenkt, dass se haut zu aacht, a wann Der déi zwee jo ewechhuelt, zu aacht d'ganz Magistratur solle sinn. Zu aacht! Also wann Der scho vun lech zu Dikrech waren, do musst Der dat gesinn! Da sëtzt de President an der Mëtt, da sëtzt riets a lénks en aneren Affekot, deen da Riichter spillt, deen also net spillt, mä da Riichter ass, e Juge suppléant…

***(Hilarité)***

…déi dräi sëtzen dann uewen, an Dir hutt en Affekot, deen änne plädéiert.

***(Interruption)***

Duerno, wann dee fäerdeg ass mat plädéieren, gëtt eng Interruption d'audience gemaach. Da geet deen, deen uewen do souz als zweete Riichter, erof seng Affär plädéieren, an deen, deen änne plädéiert huet, dee geet erop als Riichter sëtzen! Do verstinn d'Leit et net! D'Leit verstinn net wéi dat ka sinn, dass deen op eng Kéier, deem säin Affekot Riichter ginn ass vun där nächster Affär. Dat ass schwiereg ze erklären!

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Mir verstinn et.

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Wéi bréngt Der et färdeg… Ma do ass de Problem! Dir wësst et jo, an enger Affaire pénale, Dir hutt een Untersuchungsriichter. Dir hutt eng Chambre du conseil, dat sinn der schonn dräi. An Dir hutt dann nach dräi Riichtere fir de Fong, dat heescht Dir sidd zu siwen, a si hunn nëmmen aacht Riichteren am Moment! Dat heescht, wann ee krank ass, da wësse si schonn net méi, wien se als Riichter mussen hunn!

Dat heescht, wann ee kuckt, 2009, Här Santer sot Dir, da wiere se zefridden. Da si se zu zéng. Si waren eben net esou guermanzech, si hunn eben net méi gefrot.

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Här Bettel!

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Mä d'Stad huet der 113! Sot mer net, dass d'Stad Lëtzebuerg zéngmol méi Dossieren huet wéi zu Dikrech.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Här Bettel, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Santer?

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Also, zwou Froe souguer. Also, et kéint ee souguer soen, wann Der déi Affären, d'Proportionalitéit tëschent zéngmol méi Riichteren, da kënnt Der och d'Proportionalitéit bei den Affekote kucken: Wéi vill Affekote sinn zu Dikrech a wéi vill Affekoten an der Stad?

Mä dovunner ofgesinn, ech wëll lech nach dorun erënneren, dass an deem éischte Plan pluriannuel 2001-2005 d'Bezierksgeriicht vun Dikrech iwwerhaapt kee Riichter gefrot huet, obwuel se opgefuerdert gi sinn: Wéi vill Riichtere wëllt Der nei agestallt kréien? Si hunn net geäntwert, also krute se och keng.

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- A si hunn awer duerno eng Pressekonferenz gemaach…

**M. le Président**.- Ech wëll soen, Här Santer, wéi war Är Fro?

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Ah jo, pardon.

***(Hilarité)***

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Här President, ech wollt den Här Bettel froen, wéi hie sech dat ka virstellen, dass een elo kloe kënnt, et hätt ee keng Riichtere bäikritt an deem éischte Programme pluriannuel, wann een iwwerhaapt keng nei Riichtere gefrot huet?

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Här President, ech si ganz frou, dass den Här Santer mer déi Fro stellt.

**Une voix**.- Ah!

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Well nämlech fir d'éischt hu mer elo emol de Rapport vum Procureur général kritt!

**M. le Président**.- Jo dann äntwert och elo op d'Fro!

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Dee mécht dat… Ech sinn amgaang drop ze äntwerten, Här President.

*(Hilarité et interruptions diverses)*

Den Här Procureur général, dee proposéiert dem Minister eppes, wat mer ni ze gesi kritt hunn! Et ass fir d'éischt, Här Santer, wou mir iwwerhaapt gesinn, wie wat freet. Dir sot hei, dass 1999, dat heescht 2000 oder 2001, wéi de leschte Programm komm ass, dass de President vum Bezierksgeriicht Dikrech keng Leit ugefrot huet. Ech weess dat net!

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur.*- Et steet am Rapport!

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Et steet am Rapport, mä et steet net am Rapport vum Procureur général vum Joer 2000, deen ech net kritt hunn, Här Santer!

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur.*- Mir hunn d'Gesetz gestëmmt 2001!

*(Interruptions diverses)*

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Da lauschtert, Här Santer, da musst Dir mir erkläre wéi et da méiglech ass, dass den Här Konsbruck an den Här Bourg op dem Neijoersdagsempfang zu Dikrech e puer Méint drop soen: Mir sinn nees vergiess ginn. Da musst Der mech entschëlegen, da verstinn ech et och net. Mä si hunn et op jidde Fall offiziell gesot. Et stoung an enger Press, si hunn et offiziell gesot um Neijoersdagsempfang, si wieren am Stach gelooss ginn.

Ech zitéiere just dat, wat ech esou liesen, Här Santer. Ech weess net, wat den Här Procureur général a sengem Rapport geschriwwen huet. Sorry. Ech sinn elo frou, an dofir soen ech dem Här Minister och Merci, dass mer dee Rapport ze gesi kritt hunn, dat heescht, dass mer wëssen iwwerhaapt, wéi en dozou kënnt, fir déi Zuel vu Riichteren anzestellen.

Wéi gesot also zu Dikrech mat zéng, an dat dann nach 2009, ech zitéieren elo net. Dëst Joer kréie se emol keen. Ech hat geduecht, et hätt ee kënnen direkt dëst Joer en Zeeche markéieren an da vum 16. September 2005 u soen, dass een zu Dikrech e Riichter méi géif hunn. Ech wollt awer keen Amendement hei proposéieren, well ech verschidde Leit sécher an eng delikat Situatioun bruecht hätt, an ech wollt dat net. Här President, Dir verstitt, et muss een awer zu Dikrech eppes maachen, an ech si frou, dass elo eppes geschitt.

Dann hunn ech nach e puer Punkten, déi ech wëll zitéieren. Bon, on n'est jamais mieux servi que par soi-même: Vun 29 Riichteren, déi agestallt ginn, kritt de Parquet der aacht. Dat sinn der och vill, wann ee kuckt, dass déi aner, dass den Tribunal seet, si géifen der nach brauchen, oder zum Beispill Dikrech der nach brauch.

An Dikrech, erlaabt mer awer just ze soen, Här Santer, dat wësse mer jo, dat geet jo aus dem Rapport eraus, Dikrech kritt jo dem Text no en neie Substitut bäi, «un substitut pour le parquet du tribunal d'arrondissement de Diekirch». Firwat kee Premier substitut oder firwat kee Substitut principal?

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur.*- Déi gëtt et eng Kéier vläicht.

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Jo, mä et kéint ee sech jo déi Fro stellen. Wann ee jo aner Plazen opmécht, da kéint een déi op jidde Fall och opmaachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass d'Chambre du conseil. D'Chambre du conseil huet eng wierklech immens grouss Aarbecht. D'Chambre du conseil, dat ass déi, wann eng Affär zou ass, déi dann de Renvoi muss sprieche virun enger Chambre de juridiction, déi Commission-rogatoirë nach muss maachen an dann nach dräimol d'Woch Audienzen huet fir d'Liberté-provisoirë vun den Détenuen. Dräimol d'Woch! An ech kann lech et soen, dat si keng zwou oder dräi Libertéiten, dat sinn der zéng. Do muss een all Kéiers dann nach Uerteeler, also Ordonnancë schreiwe bei deenen. Si kréien elo e Rouleur bäi. Mä wéi gesot, et wier vläicht opportun gewiescht, ech hat et och deemools an der Kommissioun gesot, dofir erlaben ech mer et hei nach eng Kéier ze widderhuelen op der öffentlecher Tribün, der Chambre du conseil ee méi ze ginn.

E grousse Prinzip awer, bei deem ee sech misst d'Fro stellen, dat hate mer och an der Kommissioun an der Diskussioun, dat ass de Problem mat der Police. Et huet kee Wäert en décke Kapp ze hunn, dass d'Justiz en décken, décke Kapp huet, mä dass keng Äerm do sinn, dass si ganz vill iwwerleeën, ganz vill Décisiounen huelen, mä dass kee se kann exekutéieren.

Wann der héiert, dass fir eng Perquisitioun heiansdo d'Police Méint brauch fir se kënnen ze maachen, wann den Här Biever, dee mir manner no steet wéi lech, Här Santer, awer behaapt, datt se d'Failliten net poursuivéiere kënnen, well se net Leit hunn an dass déi verjäert ginn, bei Banqueroute-frauduleusen. Dat erfannen ech net, Här President, dat huet alles den Här Biever op der Tëlee gesot. An ech mengen dat sinn alles Punkten, déi awer wichteg sinn.

**M. le Président.**- Här Bettel, erlaabt Der eng Tëschefro vum Här Mehlen?

**M. Robert Mehlen** *(ADR).*- Här Bettel, ech lauschteren lech mat vill Interesse no. Wat wollt Der domat soen, wéi Der dem Här Rapporteur gesot hutt, den Här Procureur d'État hei zu Lëtzebuerg, dee stéing him vläicht méi no wéi lech?

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Wësst Der, ech maache ganz vill Strofrecht, dann ass een oft a Konflikt mam Ministère public. Dat musst Der esou verstoen. Ech hat geduecht, Dir hätt et vläicht anescht verstanen?

*(Interruptions)*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et elo just virdru gesot, d'Police brauch och Leit. D'Police brauch Leit. Mä d'Police brauch virun allem och eng Formation continue.

Wann Dir Polizisten hutt an déi sëtzen eng Kéier op engem Büro, 20 Joer duerno sinn d'Systemer bestëmmt net déiselwecht wéi virun 20 Joer. Et ass och ganz, ganz wichteg, an d'Madame Brasseur huet jo dodrop insistéiert, wéi se Minister vun der Formation continue war, vun der Formation professionnelle justement, dass de „lifelong learning" eng Prioritéit muss sinn, an dat zielt iwwerall. Bei de Riichteren och. Bei der Police och. Et geet net duer haut en Examen ze packen an da 40 Joer op därselwechter Plaz ze bleiwen ouni Formatioun ze hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da gëtt et nach eppes, wat mer um Häerz läit, dat ass de Problem vum Suivi. Mir bekloen eis, mir hätten ze vill Détenuen an dofir bräichte mer nei Chambres correctionnelles. Dat ass normal. Wann Dir haut an de Prisong kommt, da gitt Der an de Prisong gesat an da gëtt d'Zell zougespaart an et ass guer kee Suivi do. Wann Dir en Toxico sidd, Dir gitt an de Bing gesat, Dir kritt do nach wa méiglech, an dat behaapte jo all d'Détenuen, Drogen ze kafen, déi Der soss néierens ze kafe kritt, dat heescht, d'Boucle ass zou.

Wann Der bis eng Kéier dobanne sidd, hutt Der scho bal eng Memberskaart à vie. Et ass ganz rar, dass een, deen dobanne war, net erëmkënnt. Mir hunn ee vun deenen héchsten Taux de récidive an Europa. Firwat? Well de Suivi null ass.

Wann een zu Schraasseg eng fest Prisongsstrof kritt, da kritt ee gesot - oder Dir gitt expulséiert, wann Der wëllt den Artikel 100 kréien, da gitt Der eraus an dann dierft Der net méi heihinner kommen, an da kucke se, dass se awer nees kommen, a wa se net gepëtzt ginn, dann ass jo alles an der Rei. Oder et kritt een d'Dier opgemaach an dann ass een dobaussen a Punkt basta.

D'Leit wëssen net no sechs Méint Prisong wouhin. Zum Beispill en Toxico: Wou soll e schlofe goen, seng Eltere wëlle kee Kontakt méi hunn? Wou geet en nees? Op d'Gare bei seng Kolleegen an da keeft e sech seng Wick a seng Sprëtz an dann ass nees d'Boucle zou. Den Dag drop huet en nees keng Suen. Déi 50 Euro, déi e gespuert hat am Prisong, si fort. An da geet en nees abriechen oder iergendeng Dommheet maachen oder Droge verkafen.

Dat heescht, wann de Suivi vun engem Détenu schlecht ass, ass en automatesch réabonnéiert nees fir op Schraasseg ze landen. Dofir wier et och ganz wichteg op jiddfer Fall, e Suivi ze maachen.

*(Interruption)*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach e leschte Punkt, deen awer mat deem heite Projet eppes ze dinn huet, dat ass d'Personal beim Geriicht. D'Personal beim Geriicht, wat agestallt gëtt. D'Regierung huet ganz vill Appel op DATë gemaach. Ech kritiséiere bestëmmt keng DATen, mä de Problem ass, wa se bis verstanen hu wat eng Situatioun ass, wéi se déi musse schécken, wie se musse ruffen, da si se meeschtens scho fort. An da kënnt deen neien, dat heescht, bis deen Neien et nees verstanen huet, an dat geet déi ganzen Zäit esou. Déi si jo do fir dräi, véier Méint.

An den anere Punkt ass och mat den DATen, wou de Problem ass, dat ass de Suivi, de Secret vun den Dossieren. Ech mengen, Dir hutt Accès do zu Dossieren, wou et awer ëm perséinlech Saache geet, wou et Leit betrëfft. Ech weess net, ob et den opportun ass e Manège vu Personal ze hunn, well dee méi bëlleg gëtt wéi fest Personal anzestellen. Dat heescht, komm mir kucken eis eng Kéier riicht an de Spigel a mir soen eis, et muss een ebe Suen investéieren an d'Personal och gi fir d'Justizwiesen.

Wéi gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no all deene Kritiken, déi ech awer mer erlaabt hunn, an och deene Recommandatiounen, déi ech dem Här Justizminister awer op de Wee ginn hunn, ass et wichteg, d'Magistratur ze verstäerken an neit Personal ze hunn, fir de Justizapparat ze verbesseren. Dofir bréngen ech och den Accord vun eiser Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass d'Madame Err ageschriwwen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydie Err** *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'europäesch Mënscherechtskonventioun schreift vir, dass et e Mënscherecht wier fir e faire Prozess ze hunn an engem raisonnabelen Délai. Dat ass net ëmmer de Fall. Dat ass e Recht, a vill Länner sinn - an do hate mer bis elo nach Chance - schonn öfters um Strossbuerger Geriichtshaff dowéinst condamnéiert ginn, datt se net à même waren deen Artikel vun der Mënscherechtskonventioun anzehalen.

Fir derfir ze suergen, dass net och eis dat blitt, gëtt et zu Lëtzebuerg de Programme pluriannuel fir d'Organisatioun judiciaire, d'Riichteren opzestocken, an dat hei ass dann ee Gesetz vun där Zort.

Ech mengen, dass een net méi brauch drop anzegoen, wat alles hei virgesinn ass. Ech mengen, et ass ervirzesträichen, dass eng Logik an deem ganze Konzept ass: Eng gewëssen Zuel Riichtere verbonne mat enger gewëssener Zuel Greffieren, Assistant-socialen, a vläicht kéint een och nach d'Personal aus dem Prisong derbäizielen, dat an engem anere Gesetzesprojet agefloss ass, well och dat am Zesummenhank ze gesinn ass mat der Gestioun vun de Konflikter, vun den Affären op de Lëtzebuerger Geriichter.

Et ass also wichteg, dass mer Personal a genügender Zuel hunn an, wéi meng Virriedner hei gesot hunn, dat och gutt ausgebilt ass. Wichteg ass och, an dat wier eng Fro, Här Minister, dass déi Leit, déi dann do solle schaffen, an eisem Geriichtswiesen, a Lokaler sinn, déi adaptéiert sinn, an dass déi Lokaler esou équipéiert sinn, dass se net deene moderne Problemer mat Moyenen aus dem leschte Jorhonnert sollen nokommen. An et schéngt es, wéi wann um Niveau Equipement munches net an der Rei wier.

Mir hoffen, dass dat deemnächst mat der, wéi soll ech soen, Mise en fonctionnement vun der neier Cité judiciaire da generell besser geet. Vläicht kënnt Der eis en passant soen, ob mer entre-temps Délaien hunn oder en Datum hunn, wéini déi Saachen do sollen utilisabel sinn.

Dem Här Rapporteur wollt ech just eng Remarque maachen, wat d'Mise en état en matière commerciale betrëfft. Dat war eng Suggestioun sengersäits. Ech mengen net, dass en matière commerciale, wou et keng Procédure écrite gëtt, mä wou mëndlech am Fong alles nach bis zur leschter Minutt kann opgeworf ginn, d'Mise en état do deeselwechten Zweck hätt, wéi dat de Fall ass en matière civile. Mä et kann een et du moins analyséieren. Wann et näischt déngt, kann et bestëmmt näischt schueden.

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur.*- Ass et noutwendeg? Dat war meng Fro. Ass et noutwendeg, datt een an den Affaires commerciales nach eng Procédure purement orale bäibehält, wou ee weess, datt bei kommerziellen Affären, déi e bësse méi komplex sinn, och eng Note écrite échangéiert gëtt? Dat war meng Fro.

**Mme Lydie Err** *(LSAP).*- Jo, mä vu dass keng Délaien do festgesat sinn, wéi déi Schrëftwierker do solle sinn, mengen ech net, dass et wichteg wier. Mir kënnen et natierlech änneren. Mä ech mengen net, dass et een Avantage wier an dass d'Affäre géife méi schnell weidergoen, wa mer en matière commerciale, wou mer eng Procédure orale hunn, elo op eemol géifen eng Procédure écrite afléieren.

Ech mengen, dass dat vläicht d'Riichtere kënnt arrangéieren, sécherlech, mä et awer net dozou géif bäidroen, dass d'Fristen, an deenen déi Affären iwwert d'Ronne ginn, géife méi kuerz ginn.

Zum Gesetz selwer, mengen ech, ass vläicht nach ze soen, dass et sech areit an eng ganz Série vun aneren Initiativen, mat deene mer probéiert hunn d'Délaië vun den Affären op de Geriichter erofzesetzen, dass do nach verschidden aner Projeten ënnerwee sinn, wéi notamment e Projet, dat mer haut de Moien an der Commission juridique ugefaangen hunn, eng Reform vum Code d'instruction criminelle notamment iwwert d'Wee vun enger Instruction simplifiée; de Projet 5354, den Opferschutz, wou mer - a vläicht ass dat heite jo eng Geleeënheet, fir dass dee Projet weidergeet - zënter zwee Joer nach näischt vum Statsrot héieren hunn; dréttens eng Proposition de loi mengersäits, déi ech besonnesch der Madame Doerner géif un d'Häerz leeën, well si mat der Reform vum Gesetz iwwert den Divorce Rapporteur genannt ginn ass, a well ech op dësem Wee wëll formell d'Jonction froe vu menger Proposition de loi iwwert d'Médiation civile et commerciale en matière judiciaire zesumme mat deem Gesetz iwwert den Divorce. An ech erkläre mech och ganz kuerz firwat.

Am Gesetz, am Projet de loi iwwert den Divorce ass ee Wuert iwwert d'Mediatioun dran; et steet op enger gewëssener Plaz dran. D'Riichteren um Tribunal, déi kënne gegebenefalls eng Mediatioun ordonnéieren. Et steet net dran, op wat fir engem Niveau vun der Prozedur. Et steet net dran, a wat fir enge Konditiounen. Et steet näischt dran iwwert d'Prise en charge, notamment iwwert d'Assistance judicaire; et steet net dran, wéi laang se kann daueren, etc. Esou dass et am Fong dee Moyen, deen et géing erlabe ganz vill Affäre vun de Geriichter ewechzekréien, net verbessert, wann net déi Modalitéiten, déi noutwendeg si fir et an d'Praxis ëmzesetzen, derbäikommen. Déi Modalitéiten iwwert d'Procédure, iwwert d'Formatioun, iwwert den Agrément sinn am Gesetz net mol ugeschwat, während meng Proposition de loi net nëmmen en matière de divorce, mä och en matière de divorce genau ëm déi Detailer geet, déi et géife méiglech maachen dat an d'Praxis ëmzesetzen. Ech géif dem Rapporteur Merci soen, dass och hien evidenterweis dee Projet am Kontext vun dësem Gesetzesprojet gesäit.

Et geet net duer fir Riichtere bäizekréien, wa mer wëssen, dass mer ëmmer méi Affäre kréien, dass mer iwwert déi Tatsaach, dass bal jiddfereen haut Rechtschutz huet, méi Affären op d'Geriichter kréien an dass mer domadder automatesch am Fong d'Leit géifen aus hirer Eegeverantwortung entloossen, sech selwer ëm déi Problemer ze këmmeren, déi si uginn.

Dofir mengen ech wier d'Mediatioun net nëmmen e Moyen fir d'Geriichter ze désengorgéieren oder fir där chronescher Verstoppung op eise Geriichter ofzehëllefen, mä virun allem och fir eng nei Konfliktkultur zu Lëtzebuerg anzeféieren, déi domadder verbonne wier, dass Leit déi Problemer, déi se hunn an an deene si jo selwer och en Deel Eegeverantwortung hunn, och an Eegeregie géife probéieren aus der Welt ze schafen. Net eleng mat engem Riichter, deen hinne vun uewen eppes imposéiert, mä mat Hëllef vun engem Drëtten, engem onofhängegen Drëtten, deen de Médiateur wier, dee speziell dozou ausgebilt ass an deen an engem confidentielle Prozess géing d'Leit dozou bréngen eegen Äntwerten zu hiren eegene Problemer ze fannen.

Ech mengen, dass dat wierklech e Fortschrëtt wier, wat eis Konfliktkultur géif ubelaangen, well jiddfereen ass Expert a senger eegener Affär. Et ass net ëmmer en droit, wou Problemer kënne geléist ginn. Au contraire, heiansdo gëtt duerch eng Affär, déi um Geriicht héichgejubelt gëtt, d'Athmosphär nach vill méi schlecht. Beispillsweis am Fall vum Nopeschsträit - fir nëmmen deen ze nennen.

Wann d'Leit geléiert ginn iwwert de Wee vun der Mediatioun sech selwer ëm hir Problemer ze këmmeren, dann hätte mer net nëmmen d'Affäre vum Geriicht ewech. Mir hätten och den Avantage, dass d'Leit geléiert hunn anescht selwer mat hire Problemer eens ze ginn, a mir hätten eventuell och eppes doduerjer gemaach um Niveau vum Lien social ënnert de Leit, dee jo och an eiser Gesellschaft öfters ze wënschen iwwreg léisst.

De Rapporteur huet hei d'Gesetz iwwert d'Médiation pénale ugeschwat. Ech profitéieren da vun deem Stéchwuert fir op e puer Saachen hinzeweisen, déi an deem

Gesetz iwwert d'Médiation pénale dozou féieren, dass et ganz wéineg net nëmme bekannt ass, mä och ganz wéineg applizéiert gëtt, dass Lacunen an deem Gesetz sinn, déi missten onbedéngt opgehuewe ginn, notamment op verschiddene Punkten.

Éischtens ass d'Médiation pénale nëmme virgesinn als Alternativ zum Classement. Dat heescht, et kann een net virgesinn, datt eng Affär instruéiert gëtt an d'Mediatioun, an dann eventuell, wann déi Mediatioun deelweis gelongen ass, en Deelaspekt vun engem Prozess nach kënnt gefouert ginn. Et ass also och kee formellen Ofschloss vun enger Affär, déi iwwer Médiation pénale virgesinn ass an eisem Gesetz, esou dass een net weess, wat passéiert, wann een, deen eng Kéier eng gestiecht huet, deen eng Kéier mam Gesetz a Konflikt war, deen eng Médiation pénale duerchlaf huet, deen an e puer Méint erëm eng Kéier kënnt mat engem klenge Problem, dann ass et esou, vu dass et kee Casier gëtt mat enger Mediatioun, wou eng Mediatioun dra mentionnéiert ass, vu dass et keen Uerteel gëtt, dass et keng Trace dovunner gëtt, esou dass keng Indikatiounen do si fir eng eventuell Récidive. Et ass keng Dispositioun dran iwwert de Casier.

Last but not least sinn och déi Dispositiounen iwwert d'Bezuelen an deem Gesetz iwwert d'Médiation pénale totalement inadaptéiert. Si sinn nach méi niddreg wéi am Kader vun der Assistance judiciaire, an och dat dréit net dozou bäi, dass et ganz interessant wier fir Leit fir sech ëm dee Genre Affären hei ze këmmeren.

Et bleift also op dësem Gebitt och no dësem Projet nach vill ze maachen, och wann dee Projet hei sécherlech e Schrëtt an déi richteg Richtung ass.

Eng Fro, déi ech mer gestallt hunn um Fong, ass déi: De Projet de loi baséiert op engem Avis vum Procureur général. Ech huele jo un, dass deen do virdru mat all senge Leit geschwat huet. Ech froe mech, ob et net ubruecht wier fir Leit do anzestellen, oder fir Leit do ze befroen, loosse mer mol soen, mat deenen Demanden, déi do sinn, fir déi Revendicatiounen ze kucken, déi vun deenen eenzelne Geriichtsbarkeeten erakomm sinn, a wat fir eng Leit méi oder manner adaptéiert sinn.

Ech denken net, dass et onbedéngt d'Charge muss si vun engem ganz héije Magistrat fir déi Managerqualitéiten do opzeweisen, fir dat Personal, wat bäikënnt, wierklech op déi richteg Plazen ze setzen. Ech denken net, dass do eng Incompétence steet. Ech menge just, dass et net déi Fonctioune sinn, déi do exklusiv verlaangt ginn.

Ech denken duerfir, dass ee sech och kéint iwwerleeën, ob ee fir deen nächste Plan pluriannuel an dëser Matière sech vun engem Expert vu bausse kënnt en Avis froen, fir zesumme mat deene concernéierte Riichteren op deene verschiddene Geriichter a mam Parquet général ze kucken, dass déi Leit da wierklech op déi Plaze kommen, wou se am meeschte gebraucht ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Err. Als nächste Riedner ass dann den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Ech hunn dat elo zweemol scho bei him vergiess ze maachen. Dofir maachen ech et dës Kéier direkt am Ufank, da braucht Der herno net béis mat mer ze sinn, dass ech dat erëm eng Kéier vergiess hätt.

**M. le Président**.- En ass seele béis.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, hie gëtt net esou séier béis, dat ass wouer.

Dat gesot, Här President, mir wenden eis mat deem heite Projet de loi no enger Partie Méint, wou mer an der Öffentlechkeet zum Thema Prisong iwwer méi oder manner wichteg Saache geschwat hunn, eis elo erëm, wat de Prisong betrëfft, deene méi wesentleche Froen zou.

Mir bedaueren, wann an der Öffentlechkeet vill iwwert de Prisong muss geschwat ginn, well dat oft mat Saachen ze dinn huet, déi als Haaptauswierkung schlussendlech hunn, datt se vum Wesentlechen, vun de wesentleche Problemer vum Prisong en fin de compte méi oflenke wéi datt se géinge bäisteieren, fir dass de Prisong all déi Funktiounen, déi en eigentlech ze erfëllen hätt, och tatsächlech géing erfëllen. Mat dësem Projet de loi wäerte mer och eng ganz Partie Problemer net uschwätzen.

Et ass fir d'Zweet, wou e pluriannuele Plang gemaach gëtt am Beräich vum Rekrutement vun der Justice. Et ass wuel net ze bestreiden, dass dat noutwendeg ass. Wann een d'Zuele vun den Affäre kuckt, da kënnt keen op de Gedanken ze soen, dass dat net richteg a korrekt wier, dass an der Justice méi rekrutéiert gëtt. Mä dat ass awer en fin de compte nach ëmmer nëmmen eng Personalfro, eng quantitativ Personalfro, déi beäntwert gëtt. Aner Problemer ginn duerch dëse Gesetzestext hei net berouert.

Mir hu ganz am Ufank, wou de Projet virgestallt ginn ass, eng Kritik formuléiert, déi vun de Kolleege vun der DP haut net widderholl ginn ass, obwuel se déi jo och opbruecht haten, an zwar déi vun der Form, wéi hei rekrutéiert gëtt. D'Regierung stellt eis e pluriannuele Plang vir, e Programm, deen awer duerch de Vote vun engem Gesetz, also duerch ee Vote komplett ka realiséiert ginn. Et ass, anescht ausgedréckt, eng Ausnahm zum Numerus clausus, déi de Justizminister iwwert dëse Wee vun engem Vote unique zougestane kritt.

Wuel ginn déi Leit net alleguerten an engem Joer agestallt. Dat zitt sech iwwer fënnef Joer hin. Mä et ass awer eng Prozedur, déi ee gutt kann heeschen, wann ee gesäit, dass d'Justice Leit bäikritt, awer déi een trotzdeem kann och mol eng Kéier kritesch hannerfroen. Aner Verwaltungen hunn déi dote Méiglechkeet bis elo net kritt, fir sech iwwer e pluriannuele Programm an engem Vote unique eng substanziell Verbesserung vun der Personalsituatioun ze stëmmen.

Mir sinn net géint eng pluriannuel Planung, au contraire. Mir sinn der Meenung, dass ee fir sämtlech Verwaltungen op dëse Wee hei kéint goen, dass sech mat e bësse méi Wäitbléck géing domadder beschäftegt ginn op Grond vun den Entwécklungen. Wou si Leit noutwendeg ? Wou gi Leit gebraucht? An dat wat hei gemaach gëtt, kann am Prinzip fir all Verwaltunge beim Stat och gemaach ginn. Et wier positiv, wann et och fir aner Verwaltunge beim Stat géing gemaach ginn, fir dass ee wierklech aus där Diskussioun Joer fir Joer erauskënnt an dass ee wierklech mat engem gewëssene Wäitbléck probéiert Problemer, déi strukturell Personalproblemer an enger Diskussioun ze regroupéieren.

Wat hei awer geschitt, dat ass, dass dann dee pluriannuele Plang fir fënnef Joer scho gestëmmt gëtt. Dat menge mir ass problematesch, a wa mer och déi Dokumenter liesen, déi zu dëser Form vu pluriannueler Planung gefouert hunn, do zielt notamment een Avis vum Statsrot dozou, dann huet de Statsrot eigentlech net dat heite bezweckt. De Statsrot huet viru Joren a sengem Avis bemängelt, dass keng Planung am Rekrutement vun der Justiz besteet. Hien huet domadder awer ni dofir plädéiert gehat, dass ee soll duerch ee Vote unique iwwer fënnef oder sechs Joer Leit rekrutéieren. Et geet ëm d'Planung, déi pluriannuel muss sinn, de Rekrutement soll awer no de Regele vum Rekrutement bei der Fonction publique am Prinzip all Joers nees stattfannen.

Dofir fanne mer, dass mer, och wa mer d'accord si mat deene Leit, déi rekrutéiert solle ginn - mir menge souguer, dass dat der zumindest an engem Beräich oder zwee Beräicher sécher net genuch sinn -, awer vläicht nach eng Kéier iwwert dëse Mechanismus hei missten nodenken. Och am Kontext mat anere Verwaltungen, well dat hei ka keng ofschléissend Äntwert sinn op d'Rekrutementspolitik vum Stat, och wa se elo selbstverständlech de Leit am Beräich vun der Justiz entgéintkënnt; doriwwer solle mer eis och freeën a mir maachen dat och domat.

Ee vun deene Beräicher, deen eiser Meenung no beim Rekrutement net gutt genuch ewechkomm ass, sinn d'Servicer vum SCAS. Wann ee kuckt, wat vun Eenzelne gefrot gi war, muss ee soen, dass mat dësem Fënnefjoresprogramm d'une façon générale de Wënsch méi oder wéineger konnt Rechnung gedroe ginn. Et verhält sech awer do anescht - dat hu mer an der Kommissioun gesot kritt - mat de Servicer vum SCAS, déi 27 zousätzlech Leit gefrot haten an déi schlussendlech musse mat sechs Leit zefridde sinn.

De Volet vun der Aarbecht am Beräich vun der Justiz, dee vum SCAS erfëllt gëtt, ass awer ee vun deene wesentlechen. Besonnesch wa mer eis mat deene Froe beschäftegen duerno, wéi Resozialiséierung, wéi den Entourage vun den Auteure vu kriminellen Akten, wéi d'Affer dovunner. Do ass wierklech eng Cellule, déi hei am Land eng extrem wesentlech Aufgab spillt, och am Beräich vun den Droits des victimes, déi eiser Meenung no mat méi engem héije Rekrutement hätt musse bedéngt ginn. An dofir brauch een och nëmmen d'Zuel vun den Aarbechten ze kucken, déi aus deene Berichter vum SCAS erausgeet; de SCAS huet jo insgesamt siwe Servicer, ech huele just d'Zuele vun dräi Servicer.

Bei engem ganz wesentlechen, dem Service de protection de la jeunesse bei den Enquêtes sociales, ass zum Beispill 2002-2003 d'Zuel bei 524 Enquêtë gewiescht, déi insgesamt 792 Kanner betraff hunn. Ee Joer méi spéit läit déi Zuel bei 648 Enquêten, bal ee Véirel méi, mat 969 Kanner, déi betraff sinn. Bei den Assistances éducatives ass et datselwecht Bild: 2002-2003 ware 516 Mineuren aus 328 Familljen dovunner betraff, an am leschte Joer, 2003-2004, waren dat scho 657 Mineuren aus 399 Familljen, déi betraff waren. An en drëtt Beispill, bei dem Service vun de Sanctions et mesures appliquées dans la communauté, méi prezis dem Volet vun de Sursis probatoires, waren och 2002-2003 ronn 220 Persounen dovunner betraff, mat 63 neien Dossieren, an dat Joer drop, 2003-2004, waren et 266 Persoune scho mat insgesamt 99 neien Dossieren, déi hu mussen opgemaach ginn.

Dofir menge mer, dass deen dote Service am Rekrutement mat Sécherheet ënnerbewäert ginn ass. Do wier vun der Regierung, eiser Meenung no, en zousätzlechen Effort ze liwweren, dee mir als Gréng och bereet sinn ze stëmmen, well mer mengen, dass déi Aufgab, déi vun deem Service iwwerholl gëtt, net héich genuch ka bewäert ginn an e wesentleche Maillon ass, wann een de Justizapparat als en Apparat gesäit, dee Gerechtegkeet soll produzéieren an net nëmmen Décisiounë soll produzéieren.

En zweete Service, deen eiser Meenung no och mat dësem Plan pluriannuel de recrutement net gutt genuch ewechkënnt, dat ass de Volet vun der Police judiciaire vun der Section économique et financière. Och doriwwer ass scho munchmol diskutéiert ginn. Mir wëssen, wat haut d'Situatioun an deem dote Service ass - an net nëmmen haut, och scho méi laang. Et ass tatsächlech esou, dass am Beräich vun de Failliten, vun de Faillites frauduleuses, a méi generell am Beräich vun der Wirtschaftskriminalitéit, ee mat Momenter an enger Situation de non-droit ass, doduerch, well een de fait d'Sanktioun net méi brauch ze fäerten, se kann mol praktesch net méi theoretesch applizéiert ginn.

Déi Ëmstänn a Méssstänn sinn zënter laangem vun der Regierung bekannt - och vun der viregter Regierung - an et ginn ëmmer nees Problemer invoquéiert fir adequat Leit ze fannen, well selbstverständlech Leit, déi an deem Service do solle schaffen, eng ganz héich Qualifikatioun mussen hunn. Déi mussen déi Rouagë beherrschen, déi musse wëssen, wat dobausse lass ass am Beräich vun der Wirtschaft, notamment an deem Beräich vun der Wirtschaft, wou et net esou ofleeft, wéi et de Gesetzer no misst oflafen.

Et ass sécher net einfach esou Leit ze rekrutéieren, well Leit mat deene Capacitéiten natierlech och an der Privatwirtschaft kënnen hir Qualitéiten, wat d'Pai betrëfft, anescht ëmsetze wéi vläicht an enger normaler Carrière beim Stat. Mä et geet awer och iergendwann eng Kéier net méi duer ëmmer nees ze widderhuelen, dass een déi Problemer do huet, dass een déi Problemer och nach ka mam Numm benennen an dass een et net dofir suergt, dass eng Léisung fir déi Problemer fonnt gëtt.

Dofir menge mer, dass och am Beräich vum Renforcement vun der Section économique et financière vun der Police judiciaire mussen Neel mat Käpp gemaach ginn. Mir fuerderen och dofir d'Regierung op, fir e konkreten a spezifesche Plan de recrutement opzestellen, dee souwuel den Noutwendegkeete vun Erfahrung wéi vu Kompetenzen, déi d'Leit solle matbréngen, soll gerecht ginn, och wann dat beinhalt, dass um Niveau vum Finanzement vun deem dote Service Effortë musse gemaach ginn.

Och do si mir als Gréng bereet d'Regierung ze ënnerstëtzen, wa se do wëllt Konkretes op den Dësch leeën, well soss ass et och an dësem Beräich wéi an aneren esou, dass et net vill hëlleft, dass mer um Niveau vun der Justiz, vun der Magistratur a vum Parquet Leit bäikréien, wa mer ënnen, um operationellen Niveau déi Agenten net hunn, déi kënnen de Riichteren an de Juges d'instruction déi Dossierë preparéieren an zesummeleeën, déi si brauchen, fir hir Décisioune kënnen ze huelen.

Dat ass am Moment mat Sécherheet net de Fall am Beräich vun der Criminalité économique - an dat ass net nei. Dat ass e Volet, wou de Justizminister, dee scho méi laang déi Fonctioun huet, sou lues un de Punkt kënnt, wou seng Verantwortung engagéiert ass a wou hien net méi kann nach weiderhin drop verweisen, wéi schwiereg et ass an deem Beräich ze rekrutéieren, mä wou hien da muss Äntwerten op den Dësch leeë wéi et da muss anescht sinn, fir dass mer déi Leit kréien, déi mer brauchen. Soss muss een ee fir allemol soen: Mir wëllen dat net, dass an deem Service genuch Leit schaffen, mir toleréieren dat an déi Duldung huet bei eis System. Eng drëtt Äntwert gëtt et - no all deene Joren, wou Dir d'Verantwortung hutt an deem Dossier - eiser Meenung no sou lues net méi.

E lescht Wuert, fir och ze soen, dass mer och do, Här Minister, un Är Verantwortung als Gréng rappeléieren, well Der dee Ressort schonn esou laang ënner Ärer Responsabilitéit hutt. Et gëtt elo och Zäit, dass an anere Beräicher Neel mat Käpp gemaach ginn.

Mir hunn de Moien an der Commission juridique e Projet gehat, dee sech mat Detailfroe beschäftegt, déi wierklech net onwesentlech sinn, fir an der Praxis an am Alldag vun der Justiz kënne Verbesserungen ze maachen. Mir mengen awer och, dass Der op enger ganzer Partie wichtegen Theme vill Äntwerte schëlleg bliwwe sidd a wou Der och esou lues, eiser Meenung no, gefuerdert sidd fir ze reagéieren.

Dat ass eben am Beräich vun de Rechter vum Justiciable, deen zu Recht wëll, dass d'Justiz rapid a performant ass; och am Beräich vun de Verbesserunge vun den Droits de la défense, wou mer och do op e Korpus berouen, dee mëttlerweil schonn eng ganz Partie Joren um Bockel huet, wat grondsätzlech keng Kritik ass, dat soll scho stabel sinn, mä wou mer eis awer elo erëm eng Kéier misste mat enger neier Couche Reformen och an deem dote Beräich méi seriö beschäftegen; am Beräich vum Afferschutz, am Beräich vun de Rechter vun den Affer, Stéchwuert «Protection des témoins», wouriwwer ee ka gedeelter Meenung sinn, mä wou awer eng seriö Diskussioun nach muss gefouert ginn. Och wann de Minister an engem Bréif un de Statsrot schonn deen dote Volet aus engem Gesetzesprojet wollt erausëhuelen, si mir der Meenung, dass een déi Diskussioun awer muss als Parlament féieren.

Mir mengen och, dass de gesamte Volet vum Suivi vun de Condamnéierte muss e bësse méi seriö diskutéiert gi wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, Stéchwuert Bracelet électronique, Stéchwuert neit Prisongsgebai, well mir wëssen och, dass ouni adequat Raimlechkeeten all Konzepter, déi an engem Prisong musse wierken, fir dass den Effort de resocialisation ka funktionéieren, Makulatur bleiwen.

Och do sinn Aussoe vun der Regierung mëttlerweil dréngend noutwendeg. Dofir menge mer, dass mer mat dësem Projet hei wuel en noutwendege Projet maachen, an dofir bréngen ech och d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Text, mä dass dat heiten awer just deen éischte Volet ass vun enger Politik, déi am Beräich vun der Justiz nach muss mat Sënn a mat Liewe gefëllt ginn, a wou d'Zäit mëttlerweil géint d'Regierung spillt, well schonn ze vill Zäit an deem Dossier do verluer gaang ass.

Mat dëse Wierder soen ech nach eng Kéier Merci fir Är Opmierksamkeet a si gespaant op dem Här Minister seng Äntwerten.

**M. le Président**.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass agechriwwen den honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et gesäit een, datt, wann de Justizminister mam Budgetsminister schwätzt, et dann heiansdo ganz positiv Resultater ka ginn. Et ass evident, datt d'Justiz muss méi Leit hunn, datt muss also méi dran investéiert ginn, well mer gesinn, datt dee ganzen Apparat schwéierfälleg ginn ass, datt en dee Volume vun Affären net méi packt, an dat huet e puer Ursaachen.

Déi eng Ursaachen, déi leie beim Personal. Duerfir ass och ze begréissen, datt een op de Wee geet, fir zousätzlech Riichteren ze kréien. Mä et ass net nuren eng Affär vum Personal um Niveau Riichteren; et ass och eng Affär vu Prozeduren, déi musse reforméiert ginn, a vu

Gesetzer, déi musse kommen. An och vu Personal wat niewent de Riichtere gebraucht gëtt, sief et um Niveau vum Greffe, sief et um Niveau vun dem SCAS oder vun anere Begleedungsmoossnamen, vun der Police an esou weider. Et ass en Ensemble, wat muss geléist ginn.

Wat de Rekrutement ugeet, esou wäert sech de Stat an nächster Zäit - an ech mengen, datt dat scho misst am Laf vum nächste Joer sinn, - Gedanke maachen, op wat fir engem Niveau universitaire mer nach rekrutéieren. Bis elo si véier Joer Universitéit gefrot ginn, mä et gesäit een, datt, en vue vun de Reformen, déi um Niveau universitaire geschéien an Europa, mer do op fënnef Joer Universitéit musse goen a wäerte goen, datt dat schonn amgaangen ass, an datt deen Ablack d'Verwaltung, déi staatlech an déi Gemengeverwaltungen allegueren an och bien entendu d'Justiz, muss hei Adaptatioune kréien an en héijere Rekrutement froen.

Bien entendu mussen et och do Iwwergangsléisunge gi fir déi Leit, déi elo scho kënne Riichter ginn an déi an de Konditioune leien. Mä och do wier ech frou, wann d'Regierung endlech géing Neel mat Käpp maachen a kloer soen, wéi déi Besoinen, wéi déi Evolutioun soll an Zukunft stattfannen. Well et ass kloer, wann ee Joer méi gefrot gëtt, datt dat herno och e Retard vun engem Joer an de Rekrutementer gëtt, à tous les niveaux, an doduerjer wäerten dann zousätzlech Engpäss kommen. Duerfir ass et scho richteg, datt elo an enger éischter Phas e Plang vu Rekrutement zréckbehale ginn ass.

Nach muss ee festhalen, datt sech nach aner Problemer um Niveau vum Personal stellen an de Geriichter. Dat ass deen, ganz kloer an evident, vum Greffe. Et ass net an der Rei, datt lauter Leit mat engem DAT oder mat ähnlechen Zäitverträg a semi-chômage-ähnleche Prozedure leien. Déi Leit si motivéiert fir dohinner ze kommen, fir eng Formatioun ze maachen, an esou laang wéi se kënnen an deem Service bleiwen, maache se och eng gutt Aarbecht.

Wa se héieren, datt et net zu enger definitiver Ustellung kënnt, da geet natierlech d'Aarbechtsmoral erof, wat mënschlech verständlech ass. Et kommen Iertemmer; dee ville Changement, och nach an dem Personal, zitt mat sech, datt beim Parquet periodesch Plaintë kommen, well ganz Dossierë verluer gaange sinn, oder well kee méi weess, wou den Dossier dann an enger Prozedur stécht. Ech mengen, dat sinn Dysfonctionnementer, déi net gutt sinn.

Deen zweeten Dysfonctionnement, deen ee wierklech kann upranggeren, dat ass, datt duerch d'Evolutioun vun den Affären, notamment a Matière économique - Failliten, Banquerouten - do eng ganz Mass vun Infractions économiques a vu Plaintë gemaach gi sinn, datt enorm Plaintë gemaach gi sinn, déi keng Effetë kréien. Wann Der haut eng Plainte eragitt wéinst enger Banqueroute frauduleuse oder enger Escroquerie, an Dir kritt da vun der Police judiciaire geäntwert, si géingen an e puer Joer drun denken a kucke fir kënnen d'Enquête unzefänken, dann ass iergendeppes faul, da muss sech iergendeppes änneren.

An et ass begréissenswäert natierlech, datt mer elo méi Leit bei der Police deelweis erageholl hunn. Et ass och begréissenswäert, datt mer méi Leit am Personal kréien um Niveau vun de Riichteren. Mä et bleift e Problem vun Arriéréën opschaffen. An doduerjer ginn ech net midd ze widderhuelen, datt ee muss zwou wesentlech Reforme virhuelen, um Niveau vun de Faillite fir d'éischt.

Dat eent ass, datt een, prioritär, professionell Curateuren asetzt fir déi Affären, déi méi komplex sinn, an datt een déi natierlech och uerdentlech rémunéréiert, wat abléckech net de Fall ass, a wou et natierlech zu Lenteurë féiert, wann en Affekot déi Aarbecht vum Curateur niewebäi muss maachen, niewent senger ordentlecher Aarbecht, a sech net voll op komplex Prozeduren a Matières pour faillites ka konzentréieren.

Wann dann en Affekot am Laf vu sengen Investigatiounen a vu sengen Aarbechten um Niveau Curateur schafft an e fënnt eraus, datt d'Méiglechkeet wier fir eng penal Plainte ze maachen um Niveau vu Banqueroute oder vu soss enger strofrechtlecher Aktivitéit, mécht en alles fir datt et net dozou kënnt. Woufir? Well e weess, wann dann nach eng Kéier véier Joer muss instruéiert ginn, kritt deen nach eng Kéier während véier oder fënnef Joer den Dossier vu senger Faillite net zougemaach.

An dat bréngt jo ganz vill lerger bei de Leit dobaussen, déi Victime si vun Escrocen, a wou een och gesäit, datt een, deen normalerweis misst am Prisong sëtzen, well e wirtschaftlech kriminell gehandelt huet, dann nees kuerz Zäit drop erëm kann ënner enger anerer Form eng Autorisation de faire le commerce hunn an nees weiderfueren, wat mat enger Matière pénale net méiglech wier.

Et muss een och bedaueren, datt mer keng Reform virhuele vun dem Banqueroutesgesetz, dat heescht, datt wann een ee Fait pénal bewisen huet, deen Ablack d'Banqueroute etabléiert wier. Am Ablack ass et esou, datt, wa siwen oder aacht Punkte mussen etabléiert ginn, da muss d'ganz Aarbecht fir déi siwen oder aacht Punkte gemaach ginn, ier d'Enquête vun der Banqueroute etabléiert ass a kann duerchgezu ginn.

Do bréngt dat natierlech vill méi Aarbecht, souwuel um Niveau vun der Police judiciaire wéi um Niveau vun de Riichteren, vun den Affekoten, an dat zitt d'ganz Prozeduren an d'Längt, a wa mer wëllen den Arriéré opschaffen, da muss hei eng Reform kommen um Niveau vu professionelle Curateuren an um Niveau vun de Konditiounen, ënnert deenen eng Banqueroute frauduleuse kann etabléiert ginn.

Da si mer amgaangen an der Commission juridique, an dat begréisse mer, verschidde Prozedurreformen ze diskutéieren, notamment d'Matière criminelle.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Ech bieden ëm Opmierksamkeet an ech bieden och drëm fir dobaussen ze telefonéieren, net heibannen. Fuert virun, Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Merci, Här President.

Dat féiert och dozou, datt mer manifestement, wann déi Gesetzgebungen elo duerchkommen, an dat begréisse mer och, wäerten zu enger Accéléraioun vu e puer Prozedure kommen. Nach muss een ëmmer kucken, wéi dat an der Praxis sech auswierkt, mä dat Wichtegst ass, datt mir op jidde Fall am Parlament ons Aarbechte musse maachen.

En drëtte Punkt, deen ons wichteg schéngt, dat ass, datt ee sech iwwerleet, ob een net verschidde Procédure-judiciairen, wéi d'Ordonnance de paiement an Ähnleches, soll op d'Voie électronique bréngen. Mir gesinn, datt dat an der Belsch, a Frankräich, an Däitschland, geet, datt iwwert dee Wee eng Justice électronique méiglech ass, datt dat schonn iwwert d'Joer fonctionnéiert, datt et gutt fonctionnéiert, an datt dat en heeden Opwand fir kleng Affäre ganz staark vereinfacht a méi effikass gemaach huet.

Här Minister, Dir wësst oder Dir wäert et gewuer ginn, datt ech an deem Sënn och un Iech eng Question parlementaire stellen, fir ze kucken, ob een net soll op dee Wee goen, esou wéi d'Ausland ons et virgezeechent huet.

Dat sinn déi wesentlech Reformen, déi musse kommen um Niveau vum Personal, vun der Prozedur, an um Niveau vun deenen eenzelne Komponenten, déi sech verschiddenen Infraktiounen oder Gesetzgebungen unhuelen, déi manifestement zäitraubend sinn an déi net vill Konkretes bréngen.

Da wëll ech, well dat jo och hei an der Debatt komm ass, begréissen, Här Justizminister, datt Der en Enn gesat hutt där Iddi vum anonymen Denunziantentum. Ech mengen, dat wier e Wee gewiescht, dee mer garantéiert mat Iech net gaange wieren, wou een och gesinn huet bei ganz villen Affekoten, dass dee Wee op jiddfer Fall dee falsche Wee gewiescht wier, an duerfir wëlle mer Iech och félicitéieren, datt Der als Regierung décidéiert hutt, dee Wee do opzeginn.

Dat gesot, Här Minister, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen, well et en Zeechen ass an déi gutt Richtung, mä et geet mat dësem engen Zeechen net duer. Et mussen nach e puer anerer nofollegen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Domat ass d'Debatt ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären dem Rapporteur, dem Här Patrick Santer, Merci soe fir dee Rapport, deen, wéi ech hei konnt feststellen, eng ganz breet Zoustëmmung an dësem Parlament kritt.

Selbstverständlech wann ee Leit de Servicer bäigëtt, dann ass dat am Fong eppes, wat vun alle Säite misst Zoustëmmung fannen. Ech soen awer ëmmer erëm: Et ass einfach Leit ze fuerderen. Et muss een dat ëmmer an engem globalen Kontext gesinn, well quasi all staatlech Servicer froen, et feelen nach Leit, an duerfir muss een ab engem gewëssene Moment natierlech ëmmer tranchéieren.

Ech hätt och gären, wéi déi Gréng, dem SCAS nach méi Leit bäiginn. Mir mussen awer drop hiweisen, datt mer an deene leschten zéng Joer grad dee Service enorm ausgebaut hunn. Datt déi nach méi Leit brauchen, dat ass richteg, mä ech soen nach eng Kéier, an ech gesinn dat och elo erëm, wou d'Demandë fir den Numerus clausus kommen: Et ginn Honnerte vun zousätzleche Beamte ganz iwwert de Stat gefrot, an duerfir muss een da Prioritéite setzen.

Dir gesitt an dësem Projet de loi, datt mer versicht hunn hei fir d'zweete Kéier mat engem pluriannuele Programm d'Personal vun de Geriichter substanziell opzestocken. An ech héieren ëmmer erëm: „Et leeft jo näischt während der Présidence." Mir stelle fest, datt mer hei fir d'Justizwiesen och während der europäescher Présidence eis drëm bekëmmert hunn an hinnen op enger substanzieller Aart a Weis hei ënnert d'Äerm gegraff hunn.

Et muss een d'Chiffere mol kucken. Et gëtt geschwat vum nächste Programme pluriannuel, mä mir hu viru fënnef Joer fir d'éischte Kéier mol déi Iddi vun engem Programme pluriannuel gemaach, a wann ech kucken, wéi vill Riichtere mer 1994 haten, an ech kucken um Enn vun deem Programme pluriannuel, deen Dir héchstwahrscheinlech haut stëmmt, da geet d'Zuel vun de Riichteren zu Lëtzebuerg an där Zäitspan, 1994 bis 2009 - et sinn also dräi Legislaturperioden - ëm 65% erop. Ech soen et nach eng Kéier: ëm 65% erop.

Wat fir eng Statsverwaltung krut esou vill Leit? Dat ass, well déi sukzessiv Regierungen, an deenen ech Justizminister war, dach eppes gemaach hunn. Dat soen ech och dem Här Braz, dee seet, et wier näischt geschitt: Do sinn also 65% an där Zäitspan u Personal bäikomm.

Derniewent sinn eng ganz Rei aner Elementer komm, well ech mengen, an ech hunn dat ëmmer erëm gesot, an ech deelen déi Meenung, déi vu villen Deputéierten hei gesot ginn ass, datt et selbstverständlech net duer geet mam Personal. Ech hunn intensiv Diskussioune mat der Magistratur, mat der Polizei gehat. Duerfir war et och gutt, datt een déi zwou Kompetenzen zesummegeluecht huet, fir ze kucken, datt mer zesummen nach méi effikass schaffen, grad och am Beräich vun der Wirtschaftskriminalitéit. An do wäert et och ëmmer esou sinn, datt trotz enorme Renforcementer an enormen Effortë fir e Concept de police judiciaire ze hunn, wou och haut Parquet, Untersuchungsriichter a Police vill besser zesummeschaffen, datt och an Zukunft eng Rei vun deenen Affären an der Wirtschaftskriminalitéit wäerte laang daueren, bis se kënnen opgekläert ginn, well et an der Natur vun deenen Affäre läit, déi esou komplex sinn, datt dat enorm kompliziéiert ass an och d'Äntwert dorobber net nëmmen ass méi Leit bäizesetzen.

Ech mierken hei, och grad aus deenen Aussoe vun deene Gréngen, datt eng ganz grouss Onkenntnis schéngt do ze sinn oder schlecht Informatioun vun eiser Säit iwwert dat, wat um Terrain do leeft. Duerfir invitéieren ech se ganz häerzlech, fir datt mer eng Kéier zesumme bei d'Police judiciaire ginn, zesumme bei de Parquet ginn, datt se mol kënne gesinn, wéi vill Stonnen a Stonnen ech an deene leschte Jore grad doranner investéiert hunn a wéi positiv och d'Resultater sinn.

Ech hunn net méi spéit wéi gëschter Moien um 9 Auer eng Entrevue gehat mat Parquet a Police judiciaire, fir de Point ze maachen iwwert d'Ëmsetzung vun deem, wat mer an där viregter Regierung décidéiert hunn: déi besser Zesummenaarbecht tëscht deenen zwee an d'Prioritisatioun vun den Affären. An deen éischte Bilan ass positiv, mä et bleift ganz vill ze maachen. An ech mengen, et gëtt ni eng Situatioun, wou all déi Affäre kënne gekläert ginn, well och am Ausland d'Komplexitéit esou ass a ganz oft d'grenziwwerschreidend Aspekter esou sinn, datt et ganz schwiereg ass, all déi Elementer kënnen op eng absolut zefridde stellend Aart a Weis iwwert d'Bühn ze kréien.

Ech stellen hei fest, datt mer d'Personal vun der Magistratur enorm renforcéiert hunn. Dat muss zesummegoe mat enger besserer Organisatioun vun de Geriichtsbarkeeten, wou d'Geriichtsbarkeete selwer natierlech och hiren Deel musse bäidroen, an zesummegoe mat prozeduralen Elementer. An och do akzeptéieren ech duerfir net de Reproche, datt näischt geschitt wär, well Dir hutt selwer gesinn, an duerfir och d'Kontradiktioun vu verschiddene Leit heibannen, wéi vill Projet-de-loië mer deposéiert hunn, déi grad d'Prozedure solle verbesseren. Een hu mer de Moien nach an der Commission juridique beschwat, an ech sinn och frou hei gemierkt ze hunn, datt vill Leit dat ënnerstëtzen, wat ech an deem Kontext gemaach hunn.

Mä mir brauchen net nëmmen eng méi einfach Instructioun, mir brauchen och Gesetzgebungen, wéi zum Beispill am Beräich vun der DNA-Analys an der Datebank, well mer soss a grenziwwerschreidender Kriminalitéit iwwerhaapt net kënnen effikass matschaffen. Mir mussen eng ganz Rei vun aneren Instrumenter, déi ech schonn oft exposéiert hunn, maachen, well nëmmen da kréie mer eng besser Kriminalitéitsbekämpfung, méi Sécherheet an domadder méi Fräiheet.

An ech mengen, wa mer de Bilan maache vun deem, wat an deene leschte Jore geschitt ass, da gesi mer, datt substanziell Progrèsë geschitt sinn. D'Leit mierken dat, och wa mer international Vergläicher maachen an der Kriminalitéitsbekämpfung, an der Sécherheetssituatioun bei eis an am Ausland. Duerfir sinn ech frou, datt mer fir dëse Projet, wat wéi gesot een Element vu villen ass, hei kënnen de Mëtte mat breeder Zoustëmmung hoffentlech d'Approbatioun fannen. An da mussen déi Leit agestallt ginn.

Et huet jo och kee Sënn, ze vill Leit ab engem gewëssene Moment anzestellen, well et muss een och nach Leit kréien, déi mat Engagement a mat Qualitéit déi Aarbecht kënne maachen. Duerfir, mengen ech, ass et gutt och op de pluriannuele Wee ze goen, fir all Joers e puer gutt Juriste kënnen an der Magistratur derbäizesetzen, fir eng Aarbecht, déi net einfach ass, an déi eis Unerkennung ganz oft verlaangt. Well et komme ganz vill Affäre virun d'Geriichter, an ech mengen, dat héiere mer jo och an de Medien, mä dat ass nach nëmmen een Deel dervun, well dat ass just d'Strofrecht. Et gëtt vill aner Beräicher, an deenen enorm vill geschitt a wou ech frou wär, wann och d'Commission juridique sech géing déi Chifferen ukucke vun den Uerteeler, déi vun deenen eenzelne Juridictiounen am Land gesprach ginn, an da gesäit ee wéi vill Aarbecht ufält, wéi vill Aarbecht evakuéiert gëtt an da kënne mer gären iwwer Problemer diskutéieren.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5454 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5416, e Steierofkommes tëscht Lëtzebuerg an Argentinien. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Thiel. Här Thiel.

### 6. 5416 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine en vue de l'exemption réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune dans le domaine de l'exploitation d'aéronefs en trafic international, signée à Luxembourg, le 24 juin 2004

***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. Lucien Thiel** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, mir sollen elo hei eisen Accord ginn zu engem sou genannten Duebelbesteierungsofkommes; deen Terme ass natierlech falsch. Et sinn Ofkommesse fir d'Duebelbesteierung ze évitéieren. Mä et huet sech esou agebiergert, datt een dat Duebelbesteierungsofkommes nennt.

Wat ass hire But? Ech brauch et net laang ze erklären. Et ass fir ze évitéieren, datt wann eng Firma - et kënnten natierlech och privat Persoune sinn - an zwee Länner zu gläich aktiv ass, an deem enge Land hir Residenz huet an an engem anere Geschäfter mécht, datt se net zweemol zur Oder gelooss gëtt vum Fisc.

Dat erklärt lech och firwat déi Duebelbesteierungsofkommessen, déi Lëtzebuerg bis elo ofgeschloss huet, ëmmer iergendwéi als Background eng vun deene grousse Lëtzebuerger Multinationalen hat. Dobäi hu mer der net extra vill, mä mir hunn der e puer, an deemno wou déi aktiv wollte ginn, an ech schwätzen do da besonnesch vun der ARBED an der Vergaangenheet a Paul Wurth, an entre-temps och nach aneren Entreprisen, wéi zum Beispill Cargolux, sinn déi op esou Duebelbesteierungsofkommes ugewisen.

Mir hunn der am Moment 46, déi am Lafe sinn. Et sinn der nach dräi ënnerwee: Lettland, Litauen an Israel sinn am Tube, also déi wäerte mer deemnächst och nach hei op den Dësch kréien, an elo hu mer Argentinien. Mä Argentinie gëtt net dee 47. Accord, well deen Accord mat Argentinien ass e bësse speziell. Et ass e limitéierten Accord. Déi 46, déi mer bis elo lafen hunn, si global Accorden, déi bezéie sech op d'ganz Ekonomie, op all Beräicher vun der Ekonomie, währenddeem deen, iwwert dee mer haut schwätzen, nëmmen op een Domän beschränkt ass, an dat ass d'Aviatioun. Et ass vläicht e bësse besonnesch, datt et e limitéierten Accord ass. Et ass awer allerdéngs keng Première, well mir hate schonn an der Vergaangenheet zwee- oder dräimol esou limitéiert Accorden, déi sinn awer ëmmer duerno ausgedehnt ginn an zu globalen Accorden erweidert ginn. An et ass net ausgeschloss, datt deen, iwwert dee mer elo schwätzen, och deemnächst „globaliséiert" gëtt - zwësche Gänseféiercher -, wat op alle Fall mol duerchbléckе gelooss ginn ass vun der argentinescher Säit.

Op wat limitéiert den Accord sech dann? Mä engersäits op d'Besteierung vun de Benefissen an der internationaler Fligerei, an dat impliziéiert souwuel d'Locatioun, déi verschidde Locatioune vu Fligeren; et impliziéiert och - an do gesitt Der schonn direkt, ëm wéi eng Firma et hei geet - d'Utilisatioun, d'Locatioun vu Frachtcontaineren. Dann impliziéiert et sech op d'Bezeule vu Leit, déi an de Fligere schaffen, wou déi hir Steiere bezuelen, a selbstverständlech dee Moment laut dësem Accord hei zu Lëtzebuerg. Da gëtt och behandelt, wa Fligere verkaf ginn an et gëtt e Benefiss realiséiert, wou dee versteiert gëtt, an da schliisslech och nach déi Verméigenssteier, déi sech op de Besëtz vun deene Gesellschaften, an dësem Fall also op d'Avionen, bezitt.

Et war de Wonsch vun den Argentinier, wéi gesot, dat ze limitéieren. Et ass awer net ausgeschloss, datt do eng Erweiderung kënnt. A wa mer soen, et ass limitéiert op d'Aviatioun, da wësse mer schonn, wien deen eigentlechen, oder fir de Moment eenzege Benefizient dovunner ass: Dat ass d'Cargolux. D'Cargolux operéiert an Argentinien, a fir d'Cargolux ass dat hei e wichtegen Accord, iwwert dee mer haut hei ze befannen hunn.

De Statsrot hat weider keng Kommentaren ze maachen zum Accord. En huet awer just eng Remarque gemaach, an déi ass e bëssen eegenaarteg. En huet gesot, oder en huet ugemahnt, datt hei net en Accord, net en Duebelbesteierungsofkommes géif traitéiert gi vun der Chamber, ouni datt d'Regierung den Avis vun der Chambre de Commerce gefrot hätt. En huet dobäi gesot, well et geet jo schliisslech awer hei ëm eng Gesellschaft, déi zu de Ressortissantë vun der Chambre de Commerce gehéiert. Dat ass eng Iwwerleeung, déi ee ka gëlle loossen.

Et kann ee sech awer och froen, wéisou da bei all deenen aneren Accorden, déi global Accordë sinn, och ni en Avis vun de Chambres professionnelles gefrot ginn ass. Wéi gesot, dat ass e Punkt, iwwert deen ee sech eng Kéier kann en marge vun dësem Accord ënnerhalen.

Well wahrscheinlech, wa se gefrot gi wär, d'Chambre de Commerce och mat d'accord gewiescht wär mat dësem Accord, well en och eiser Ekonomie oder op d'mannst engem Deel vun der Ekonomie zegutt kënnt kann ech och hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech hoffen, datt d'Chamber sech deem uschléisst an ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Thiel. An d'Wuert huet den éischte Riedner, den Här Goerens.

***Discussion générale***

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- Här President, ech hunn den Ausféierunge vum Här Thiel näischt méi bäizefügen, an ech géing den Accord vu menger Fraktioun fir deen excellente Projet bréngen.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Negri.

**M. Roger Negri** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Rapporteur Merci soe fir seng excellent Aarbecht a ginn heimadder och den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

**M. le Président**.- Gutt, domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Regierung schéngt d'Wuert net wëllen ze ergräifen. Da komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Fernand Diederich), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M Charles Goerens), Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum leschte Projet de loi fir haut. Et ass de Projet 5334 iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle. Et si bis elo ageschriwwen d'Madame Martine Stein-Mergen, den Här Wagner, den Här Huss an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Romain Schneider.

### 7. 5334 - Projet de loi modifiant

### 1. la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle

### 2. le Code des assurances sociales

### 3. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

### 4. la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'emploi

### 5. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet

### 6. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

**M. Romain Schneider** *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5334 ass e Projet, deen den 28. Abrëll 2004 vum deemolege Minister vun der Gesondheet an der Sécurité sociale Carlo Wagner déposéiert gouf. E war néideg gi fir eng Rei vun Ännerungen, sprich Verbesserunge vum Gesetz vum 25. Juli 2002 virzehuelen. D'Ausféierunge vun deem Gesetz hunn an der Praxis eng Rei Problemer opgewisen.

Virun allem d'Beschleunegung vun de Prozeduren, déi duerch dëst Gesetz sollte kommen, konnt net agehale ginn, mä au contraire, d'Situatioun huet sech deels verschlechtert. Dëst war deels och dorobber zréckzeféieren, datt déi Verwaltung, déi d'Gérance vun den Décisioune vun der Commission mixte sollt maachen, dat heescht d'ADEM, net dat néidegt Personal hat, fir dëser neier Missioun nozekommen.

Doniewent war de Fait, datt eng Persoun, déi an den Zyklus vun der Réinsertioun sollt kommen, fir d'éischt huet missen eng Demande fir eng Pension d'invalidité stellen, sech als net glécklech erwisen.

Am Projet de loi 5334 gouf also elo probéiert dës Mëssstänn ze verbesseren. Dobäi koum den 21. Dezember 2004 dat neit Gesetz iwwert d'Modifikatioun vum Code des assurances sociales, dee fréiere Projet de loi 5322.

Souwuel d'Gesetz vum 21. Dezember 2004 wéi de Projet de loi 5334 si jo am Kontext ze gesi vun de Moossnamen, déi am Comité de coordination tripartite geholl goufen, fir dem Defizit vun de Krankekeesen entgéintzewierken. An zur Erënnerung, dëst Gesetz vum 21. Dezember 2004 huet jo grondleeënd Ännerungen am Code vun den Assurances sociales bruecht, zum Beispill datt no zéng Woche Krankmeldung an enger Période de référence vun 20 Wochen, een Avis motivé vum Médecin traitant gefrot gëtt, dee sou genannten R4-Formulaire.

Dësen R4 muss dem Contrôle médical vun der Sécurité sociale erlaben, den Assuré op dee System ze orientéieren, dee fir hien adaptéiert ass, entweder weider Krankmeldung oder d'Invalidepensioun oder eng Réinsertion professionnelle. A grad bei enger Incapacité de travail, fir dee leschte Posten, spillen d'Mesuren, déi an dësem Projet de loi, dee mer elo diskutéieren, virgesi sinn, an op déi wäert ech elo e bësse méi am Detail agoen.

Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wollt ech der Presidentin an de Membere vun der Kommissioun an dem Sekretär vun dëser Kommissioun e grousse Merci soe fir hir gutt an effikass Mataarbecht bei der Analys vun dësem Projet an déi excellent Rapporten; derniewent dem Minister a senge Mataarbechter fir hiert oppent Ouer an hir kompetent Begleedung.

Merci wollt ech och deenen eenzelne Chamberen a Gewerkschaften soen, souwuel dem Salariat wéi dem Patronat fir hir Gespréicher a schrëftlech Stellungnahmen. Och wann d'Bemierkungen net all konnte berücksichtegt ginn, war et wichteg e konstruktiven Austausch ze maachen, fir d'Gesetz esou gutt wéi méiglech ze maachen. An der Zukunft wäerten, jo musse mer op dës Remarquë mat Sécherheet nach agoen.

Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer elo de Projet Artikel fir Artikel duerchzegoen. Niewent mengen Ausféierungen, mengen ech, ass et wichteg, datt Dir op de Schema, deen am Rapport läit, eng Kéier kuckt, well deen am Prinzip déi eenzel Fäll ganz kloer duerstellt a beschreift. An ech ginn eng Kéier kuerz op de Schema an: Dir hutt also eng Persoun, déi an enger Krankmeldung ass, déi kritt no der sechster Woch dee sou genannten R4-Formulaire, deen ech zitéiert hunn, geschéckt. Dëse Formulaire geet spéitstens no der zéngter Woch zréck un den CMSS, also de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, an et kënnt an deem Moment een Avis vun dësem Contrôle médical de la sécurité sociale.

Da gëtt et véier Méiglechkeeten. Déi éischt Méiglechkeet ass déi: Ass den Assuré net méi krank, an deem Moment hält d'Krankegeld op, ass den Assuré nach ëmmer krank, geet d'Krankegeld virun, ass den Assuré invalide fir de ganze Marché général de l'emploi, an deem Moment geet den Dossier virun, et gëtt een Antrag op eng Invalidepensioun gestallt an den Dossier kënnt bei eng Décisioun vun der Caisse de pension.

Dann de véierte Fall - deen, dee mir de Mëtteg diskutéieren -, ass den Assuré incapabel fir säi leschte Posten auszeüben, an deem Moment geet den Dossier mam Accord vum Assuré virun un d'Commission mixte. D'Commission mixte saiséiert an deem Moment de Médecin du travail, dee gëtt en Avis, an dee Moment kënnt den Dossier zréck an d'Commission mixte an déi décidéiert dann iwwer e Reclassement interne oder externe.

Dat kuerz zum Schema, e Schema, mengen ech, dee kloer Weeër weist, déi am Prinzip kënne lafen, déi véier Méiglechkeeten, an do dertëschent natierlech eng Rei Interferenzen, déi kënnen tëschent deenen eenzelne Schemae bestoen.

Doniewent awer, mengen ech, géif een och déi eenzel Artikelen eng Kéier opféieren an hei déi Neierungen, déi an deenen Artikele sinn, nach eng Kéier eraussträichen.

Den Artikel 1 gesäit vir, datt den Aarbechter muss een Aarbechtskontrakt hunn an deem Moment wou festgestallt gëtt, datt hien eng Incapacitéit huet fir säi leschten Aarbechtsposten ze maachen a säin Zoustand net deen ass, fir eng Invalidepensioun ze kréien. Et kënnen nach vun engem Reclassement profitéieren: éischtens, déi Persounen, deenen d'Invalidepensioun entzu gouf, dat laut Artikel 193 vum Code des assurances sociales, an déi Persounen, déi Krankegeld kruten, a wou de Kontrakt no 26 Wochen opgeléist gouf oder wou de Kontrakt opgehal huet indépendamment vun hirem Wëllen.

De Reclassement interne am Privatsecteur ass e Reclassement innerhalb vum Betrib während am Secteur public ass et e Reclassement innerhalb vun der Administratioun oder vum Service public d'origine.

Bei engem Reclassement interne mat enger Reduktioun vun der Aarbechtszäit dierf dës Reduktioun net méi wéi 50% iwwersteigen ausser enger Décisioun, déi de Comité mixte a speziellen Ausnahme kann huelen an da maximal 75% ka bedroen.

De Reclassement externe besteet an engem Reclassement um nationalen Aarbechtsmarché.

Ass gezwongen den Aarbechter ze reclasséieren, dee Patron, dee méi wéi 25 Salariéë beschäftegt an net den Taux vu Salariéë beschäftegt, déi virgesi sinn am Gesetz vum 12. September 2003 iwwert d'Personnes handicapées.

Wann et bei engem Reclassement interne zu enger Diminutioun vum Salaire kënnt, huet de Salarié Recht op eng Indemnité compensatoire, déi den Ënnerscheed duerstellt vu sengem ale Loun op deen neie Loun, an dat no enger Rei vu Prinzipien, déi an dësem Projet de loi beschriwwe sinn. D'Adaptatioun gëtt net nëmme gemaach op den Index, mä och op den Ajustement wann een Amendement vun der Kommissioun nodréglech agefriicht gouf. D'Indemnitéit bleift och bestoe beim Wiessel an een anere Betrib an d'Indemnitéit gëtt doniewent och verrechent wa Chômage duerno spillt, sou wéi och bei der Préretraite.

Op Grond vun engem Avis motivé kann ee Patron och dispenséiert ginn e Reclassement interne ze maachen, hie muss dem Salarié dann natierlech déi gesetzlech festgeluechten Indemnitéite bezuelen.

Dës Bestëmmunge fir de Reclassement interne säitens vum Patron gi vun engem Beamte vun der ADEM kontrolléiert.

Ass e Reclassement interne net méiglech, décidéiert d'Commission mixte e Reclassement externe. Dat heescht, d'Persoun ass d'office als Arbeitssuchende bei der ADEM ageschriwwen, deen Dag no der Notifikatioun vun der Décisioun vun der Commission mixte. Fënnt d'Persoun eng nei Aarbecht, ass natierlech d'Indemnité compensatoire och geschëllt wann d'Persoun vun de Servicer vun der ADEM offiziell op eng Plaz assignéiert gouf.

Déi Leit, déi keng Plaz fannen, hunn Urecht eng Demande fir Chômage ze stellen. Huet dës Persoun elo no 365 Chômage plus eng Verlängerung vu sechs, néng, zwielef Méint - déi dräi Datume kenne mir vu Verlängerungen, déi méiglech sinn - keng Plaz fonnt, sou kritt si eng Indemnité d'attente, déi deem entsprécht wat si als Invalidepensioun kéint kréien.

D'Persoun bleift an deem Moment och weider bei der ADEM ageschriwwen a muss och virun sech de Mesuren, déi vun der Verwaltung presentéiert ginn, ënnerwerfen a se akzeptéieren.

Och d'Frontaliere kënne viru vun deem Reclassement souwuel intern wéi extern profitéieren, allerdéngs bleift d'Indemnité de chômage esou laang en suspens wéi eng auslännesch Prestatioun besteet.

Eng weider Ännerung an dësem Projet de loi ass de Fonctionnement vun der Commission mixte. Et ass nei, datt et fir all Member ee Suppléant gëtt. D'Commission mixte gëtt assistéiert vu Fonctionnairë vun der ADEM aus dem Service des travailleurs à capacité réduite. D'Kommissioun kann hinnen och Kompetenze ginn. De Sekretär gëtt vum Aarbechtsminister bestëmmt, deen duerch ee Secrétaire adjoint ersat ka ginn. Déi aner Detailer an de Fonctionnement gi vun engem Règlement grand-ducal determinéiert.

Op dëser Plaz soll een och eng Kéier de Wee vun enger Saisie beschreiwen. Wann den CMSS mengt, eng Persoun hätt eng Incapacitéit, fir säi leschte Posten ze maachen, saiséiert hien d'Commission mixte mam Averständnis vun dem Betraffenen. Den CMSS informéiert de Patron duerch eng Kopie vun der Saisie.

Erfëllt de Betraffenen d'Konditioune fir e Reclassement interne oder externe, saiséiert d'Kommissioun den Aarbechtsdokter. Dëse convoquéiert de Betraffene banne 15 Deeg. Wann den Aarbechtsdokter feststellt, datt d'Persoun eng Incapacitéit huet, geet den Dossier un d'Commission mixte, déi d'Form vum Reclassement bestëmmt, entweder e Reclassement externe oder e Reclassement interne, an dat an engem Zäitraum, deen net 40 Deeg duerf dépasséieren.

Gëtt bei der Persoun keng Incapacitéit festgestallt geet den Dossier un den CMSS zréck an als Kopie un d'Kommissioun.

Am Artikel 20 gëtt dann nach präziséiert, datt deen Employeur de Contrat de travail net dierf opléisen tëschent der Saisie an der Notifikatioun vun der Décisioun vun der Commission mixte.

Am Artikel II fanne mir Modifikatiounen erëm, déi de Projet mécht wat d'Statute vum CMSS ubetrëfft; an hei ganz wichteg Ännerungen, déi och zousätzlech zum Projet de loi erakoumen, an dat virun allem och op Grond vun der Motioun, déi mir de 15. Dezember 2004 hei an dëser Chamber am Kader vum Projet de loi 5322 gestëmmt hunn.

Hei goufe säitens der Kommissioun - wéi ech gesot hunn - eng Rei vun Amendementer gemaach, fir schwiereg Situatioune bei der Applikatioun virun allem vum Gesetz vum 21. Dezember 2004 ze maachen. Dëst also ganz no der Motioun, wéi si deemools hei ofgestëmmt gouf.

Et gëtt d'Méiglechkeet geschaf an Häertefäll déi virgesinne Referenzperioden ze adaptéieren, sou wéi d'échéance ze reportéieren, dëst souwuel bei der Period vun zéng Wochen, wéi och bei der Period vun den 104 Wochen, wéi am Gesetz virgesinn.

Den Artikel präziséiert och, datt an Zukunft d'Krankegeld duerch Virement ausbezuelt gëtt. Exceptiounen duerch Assignatioune per Post bleiwen awer viru méiglech.

Am Artikel IV gëtt d'Carrière bei der ADEM vum Médecin du Travail geschafen, esou wéi d'Konditiounen an d'Fonctiounen determinéiert.

Am Artikel V ginn d'Konditioune festgehale fir eng Persoun, déi een oder zwee Kontrakter à temps partiel hat. Dës Persoun muss eng Plaz verluer hu wou si op d'mannst 16 Stonne geschafft huet.

Doniewent gëtt festgehalen, datt och Travailleurs indépendants kënne vun dësem Gesetz profitéieren.

Am Artikel VI fanne mir d'Dispositioun erëm, datt e Patron eng Bonification d'impôts sur le revenu och da ka kréien, wann hien eng Persoun astellt iwwer e Reclassement externe, och wann dës Persoun net, wéi am Gesetz virgesinn, dräi Méint ageschriwwe war.

Den Artikel VII gesäit schlussendlech vir, datt der ADEM zousätzlecht Personal zougesprach gëtt, mat dem Médecin du Travail sinn dat siwe Leit, déi zousätzlech wäerten affektéiert ginn; dëst ass e Minimum fir d'Applikatioune vun dësem Gesetz kënnen ëmzesetzen.

Schlussendlech soll d'Gesetz a Kraaft triede laut dem Droit commun, sou datt et méiglech ass d'Implikatioune vum Gesetz vum 21. Dezember 2004 och ze traitéieren, e Gesetz dat den 1. Mee a Kraaft getrueden ass a wou am Laf vum Mount Juli éischt Beispiller wäerte kommen.

Dat esou wäit zu mengem Rapport. Erlaabt mir och elo am Numm vun eiser Fraktioun nach e puer Iwwerleeungen ze maachen.

Dëse Projet de loi 5334 muss een zesumme mam Gesetz vum 21. Dezember 2004 gesinn. Dofir ass et och wichteg, datt mer de Mëtteg dëse Projet stëmmen an esou d'Implikatioune vum Gesetz vum Dezember 2004 och kënnen traitéieren, ee Gesetz, dat, wéi ech scho gesot hunn, den 1. Mee 2005 a Kraaft getrueden ass a wou déi éischt Fäll elo am Laf vum Mount Juli wäerten optauchen.

Dëst Gesetz gëtt ville Leit eng nei Motivatioun an en Challenge fir trotz enger Capacité de travail réduite dach nach sënnvoll eng gutt Aarbecht ze leeschte laut hire verbliwwene Fäegkeeten. Et ass dat en immens wichtegt Element, fir d'Moral an d'Zukunft vun all dëse Salariéën och ze garantéieren.

Wat d'Envergure vun dëse Mesures de reclassement ubetrëfft, sou erlaabt mer, lech e puer Zuelen ze nennen. Säit dem Akraafttriede vum Gesetz vum 25. Juli 2002 bis den 30. Abrëll 2005 goufen 1.491 Reclassements externes décidéiert. An därselwechter Zäit goufe 723 Reclassements internes décidéiert, woubäi a 423 Fäll eng Indemnité compensatoire bezuelt gouf. Interessant ass och ze bemierken, datt am Kader vum Reclassement externe 403 Dossiere vu Frontalieren, déi als Demandeurs d'emploi ageschriwwe si bei der ADEM, figuréieren.

Dir gesitt also den Impakt vun dëse Bestëmmungen, souwuel wat de finanzielle Volet ubetrëfft wéi och den Impakt um Uklamme vun den Aarbechtslosenzuelen hei zu Lëtzebuerg. Ëmmerhi sinn 1.107 Persounen duerch dës Moossnam méi ageschriwwe wéi virdrun.

Positiv ass och, datt 110 Persounen an der Tëschenzäit konnte vun der ADEM vermëttelt ginn an e Kontrakt bei engem Patron hei zu Lëtzebuerg kruten. 152 Dossiere si weidergaang no der Erschöpfung vun de Rechter vum Chômage, déi ech virdrun opgezielt hunn, a si virugeleet ginn un d'Pensiounskeess fir eng Indemnité d'attente ze kréien.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn d'lescht Woch iwwert de Chômage zu Lëtzebuerg debattéiert. Mir hunn och vu mengem Parteikolleeg John Castegnaro héieren, datt e Placeur vun der ADEM bis zu 800 Leit ze betreien huet. Och d'Leit aus dem Reclassement externe gehéieren dozou, genau ewéi déi, déi am Kader vum Gesetz iwwer Travail handicapé musse bei der ADEM ageschriwwe sinn. Mir sinn eis bewosst, datt grad déi Leit, déi ech elo zitéiert hunn, eng speziell a minutiéis Betreiung musse kréien. De Placeur, deen dann iwwer 700 Leit ze betreien huet an um Aarbechtsmaart muss vermëttelen, huet dës Zäit net esou wéi hien dat wëllt a muss maachen, fir dëse Leit eng nei Orientéierung ze proposéieren.

Ech géing also virschloen, datt beim Audit, deen iwwert d'ADEM gemaach gëtt, dës Iwwerleeunge mat ze berücksichtege sinn, a vläicht eng nei Cellule ze schafen, fir all dës Leit nach besser a geziilter kënnen ze betreien. Eppes ass kloer: Och wann ee sech an dësem Projet de loi déi beschten Iwwerleeunge gemaach huet an ee beschten Austausch probéiert gouf mat alle Parteien ze maachen, wäerte mer och an Zukunft an der Praxis eng Rei negativ Elementer mussen eliminéieren.

D'Amendementer, déi kuerz virun dem Vote vun der Kommissioun vun der Chamber erakoumen, hu sécherlech gewisen, datt et eng ënnerschiddlech Interpretatioun vun deenen eenzelnen Artikele ka ginn. Duerfir verweisen ech mat Nodrock nach eng Kéier op déi Motioun, déi hei de 15. Dezember 2004 vun der Chamber gestëmmt gouf, an där et heescht, datt am Kader vum Gesetz vum 21. Dezember wéi och bei dësem Projet muss e Bilan no zwee Joer gezu ginn.

Ech rappeléieren op dësen Text massiv nach eng Kéier dës Motioun, datt dat och gemaach gëtt, datt mer souwuel beim Gesetz vum 21. Dezember 2004 wéi och bei dësem Projet de loi respektiv Gesetz dat mussen no zwee Joer maachen, fir ze kucken, wou mer effektiv nach Bëtz an dësem Gesetz eventuell hunn, trotz alle Kontakter, déi mer haten, trotz aller Verbesserung, trotz allen Amendementer, déi an dësem Projet de loi eragereecht goufen.

Här President, zum Schluss wëll ech män Accord a selbstverständlech dee vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi elo schonn ausschwätzen. Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Schneider. Als éischt Riednerin ass d'Madame Stein-Mergen agedroen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Martine Stein-Mergen** *(CSV)*.- Merci fir d'Wuert, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann ech haut dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, dann ass dat keng Floskel. Aus menger berufflecher Praxis, aus der Lecture vun den Dokumenter an aus deene Gespréicher, déi mer gefouert hunn, weess ech wéi komplizéiert dës Matière ass a wéi vill verschidde Meenungen et grad och an den Detailfroe gëtt. Eng excellent Aarbecht also, trotz nach zum Deel ganz rezenten Awänn vun alle Säiten.

Eemol muss awer Schluss si mat den Diskussiounen. Och wa mer vläicht net perfekt sinn, gëtt et elo Zäit, dass mer an dëser Saach e Schlussstréch zéien, och wann en nëmme vläicht, oder och net, provisoresch ass oder nëmme fir eng Zäit gutt ass. Mä dorop wëll ech zum Schluss nach zréckkommen.

De Projet de loi iwwerschafft dat Gesetz, dat säit 2002 de gesetzleche Kader an d'Konditioune vun der Protektioun vun invaliden Aarbechtsnehmer duerstellt. Et geet konkret ëm d'Koordinatioun vu Beschäftegungsmoossnamen an anere Leeschtunge vun der Sécurité sociale fir déi Leit, déi aus gesondheetleche Grënn hirer Aarbecht vu bis elo net méi nogoe kënnen. D'Gesetz gesäit also Prozedure vir, fir dass si net mussen d'Bengele bei d'Tromm leeën, mä dass si nach kënnen dat schaffen, wat si nach kënne schaffen, entweder fir hiren ale Patron oder op enger neier, u si adaptéierter Aarbechtsplaz.

Ech wëll elo emol méi wäit no hanne goen an an de Geschichtsbicher vun der Législatioun am Beräich vun der Aarbechtsonfäegkeet bliederen. Bis zum Gesetz vun 2002 gouf et d'Konzept vun der Invalidité professionnelle nach net. Bis 1996 war den Artikel 187 aus dem Code des assurances sociales onproblematesch, dee besot huet, invalid ass deen, deen «par suite de maladie prolongée, d'infirmité ou d'usure a subi une perte de sa capacité de travail telle qu'il est empêché d'exercer la profession qu'il a exercée en dernier lieu ou une autre occupation correspondant à ses forces et aptitudes».

Et gouf dann awer Problemer mat enger Jurisprudenz, deem berühmten Uerteel Thill géint d'AVI vum 28. November 1996. Hei gouf zréckbehalen, datt d'Invaliditéit sech net nëmmen op déi Plaz bezitt, déi een hat, mä am Rapport zu deem ganzen Aarbechtsmaart ze kucken ass. Dat war eng grouss Neierung, an ech kann lech aus menger berufflecher Praxis ee Lidd dovu sangen. Si huet dozou gefouert, dass d'Demanden op d'Invaliditéit vill méi restriktiv ënnersicht gi sinn. Wann no enger Zäit vun 52 Wochen nach keng Décisioun geholl war, da sinn d'Leit duerch d'soziaalt Netz gefall.

Si waren net invalid, well se zwar op hirer leschter Plaz net méi konnte schaffen, mä vill vun hinne wieren awer am Stand gewiescht, anzwouch anescht unzetrieden, a krute keng Invaliderent. Si waren incapabel ze schaffen, well si haten e Certificat vum Dokter. Si krute kee Krankegeld méi. Si konnten sech och net bei der ADEM disponibel fir den Aarbechtsmaart mellen, well se jo krankgeschriwwe waren, an domadder kruten si och kee Chômagegeld. Dat war deemools d'Situatioun. Si war onméiglech fir all Betraffen, an et war evident, dass d'Législatioun sech huet missen un dës nei Situatioun upassen.

An der Tripartite gouf no laange Verhandlungen dunn am Juni 2001 en Avant-projet de loi ausgeschafft, deen herno mat e puer klengen Änerungen dat Gesetz vum 25. Juli 2002 gouf, dat mer elo hei solle verbesseren. Patiente mat gesondheetleche Problemer ware besser geschützt. Et war Moossname virgesinn, fir déi Salariéën erëm an den Aarbechtsprozess anzegliddaren, déi net méi capabel sinn, op hirem leschten Aarbechtsposten ze schaffen, oder net méi Vollzäit do ze schaffen, oder net méi op där, mä op enger anerer Plaz kéinte schaffen. D'Commission mixte, déi dës Fäll tranchéiert, ass dobäi agefouert ginn, si tranchéiert iwwert d'Reclassementer.

D'Gesetz huet deemools no der Pensiounsreform, deem faméise Rentendësch, eng weider bedeitend sozialpolitesch Verbesserung duergestallt. Mä „nobody is perfect". Dat gëllt och fir gutt gemengte Gesetzer. De 25. November 2003 war et schonn erëm um Ordre du jour vun der Chamber bei Geleeënheet vun enger Question avec débat vum fréieren Deputéierte Serge Urbany. En fait nämlech ass déi Saach net esou reibungslos gelaf, an dat haten déi deemoleg Gesondheets- an Aarbechtsministeren och festgestallt, wéi een an der Äntwert vun hinnen zwee konnt noliesen.

Här President, wann een sech d'Erfahrunge vum 2002er Gesetz an d'Statistiken ukuckt, stellt ee fest, datt haaptsächlech Aarbechter vun Invaliditéit betraff sinn, wat och kee Wonner ass, well si kierperlech schaffen an domadder engem méi héije Risiko ausgesat sinn. Si maache ronn 75% vun den Dossieren aus, déi bis elo duerch d'Commission mixte traitéiert goufen.

Betraff ass des Weidere virun allem d'Alterskategorie iwwer 50 Joer. Si maachen 41% vun den Demanden aus, wat jo och eigentlech normal ass, well Krankheet a besonnesch Verschleiss jo normalerweis a Gott sei Dank eng Saach vum Alter ass.

Frae maache 34% vun allen Demanden aus.

Et gouf awer festgestallt, dass d'Mesures de reclassement net richteg gegraff hunn. D'Laangzäitkrankheetsfäll hunn net esou ofgeholl wéi d'Auteure vum Gesetz vun 2002 sech dat erhofft haten. De Rapporteur huet scho mentionnéiert u wat et louch, dass d'Prozedure vum Reclassement net esou funktionéiert hu wéi dat geduecht war, an huet och opgewisen, wéi dësen neie Projet punktuell wëllt virgoen, fir dëse Mängelen entgéintzewierken. Et gouf also an der Tripartite décidéiert fir d'Beruffsonfäegkeetsgesetz nach eng Kéier op de Leescht ze huelen, wat dunn och mam virleiende Projet geschitt ass.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den honorabelen Här Schneider huet de Projet an allen Detailer presentéiert. Mir haten an der Kommissioun vill Diskussiounen driwwer an ech wëll och net méi drop zréckkommen, ob a wéini ee kann iwwer Abusën oder awer Ongerechtegkeeten an dësem Projet schwätzen. Et geet hei drëm en neien a bessere gesetzleche Kader ze kreéieren, dee géif d'Strooss halen. Ech menge gradewéi meng Kolleegen aus der CSV-Fraktioun, dass een dësem Gesetz a senge Prozedure sollt eng Chance ginn. Déi allernächsten Zäit wäert weisen, ob si wierklech d'Strooss halen.

Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, dass mir ons den Zäitkader selwer gesat hate mat där Motioun, déi mer de 15. Dezember hei gestëmmt hunn an déi den Här Schneider schonn ugeschwat huet. Et goung jo drëm, dass de Parallelissem tëschent dem 5322 an dësem Projet respektéiert gëtt; dass d'Massnahmen elo kënnen zäitgläich, oder plus ou moins, a Kraaft trieden, fir Härtefäll op Basis vun der Applikatioun vum 5322er Gesetz ze verhënneren.

Deem war d'Regierung dunn och mat engem Amendement nokomm, deen d'Mise en vigueur vum virleiende Projet de loi op den 1. Mäerz fixéiert hat. Leider geet dat mat der Gesetzgebung awer net ëmmer esou séier wéi gehofft, sou dass de Projet also eréischt haut, den 8. Juni, zur Ofstëmmung kënnt.

Fir net mat der gudder juristescher Regel vun der Non-rétroactivité vun engem Gesetz a Konflikt ze kommen, hu mer du missen op Urode vum Statsrot op dësen Amendement verzichten.

Den zweete Punkt aus der Motioun, deen ech wéilt ernimmen, well en esou wichteg ass, ass deen, dass esoubal wéi dës Moossname Wierkung weisen, si och mussen am A behale ginn. Dass mer also spéitstens no zwee Joer e Bilan zéien, ob alles esou leeft, wéi mer ons dat erwaarden.

Här President, virun dräi Joer beim Débat zum Vote zu deem Virgängergesetz vun däsem Gesetz, huet mäi Fraktiounskolleeg Marcel Glesener dat heite gesot: „Dee virleiende Reformprojet ass d'Resultat vun engem schwéier zustane kommende Kompromëss an der Tripartite. (…) De Kompromëss ass fragile, mä en ass onverzichtbar."

Eng Rei Bemierkungen, déi vu verschiddene Beruffschambre gemaach goufen, si konsequent. Mir hunn an der CSV awer gemengt, dass et wéineg wahrscheinlech wier, dass si praktesch Konsequenzen hätten.

Mir mussen an der Praxis kucken, ob een eng Réévaluation périodique vun den Invaliditéitsgrade muss virgesinn, wann esou Fäll antrieden. Mir mussen ebenfalls an der Praxis gesinn, ob wierklech Patienten, déi an enger Procédure de reclassement sinn, eng Faute grave op hirer Aarbecht maachen; wat zwar denkbar, awer terribel wéineg wahrscheinlech ass.

Deen heitegen Text stellt also erëm eng Kéier e Kompromëss duer, dee mir als CSV mengen awer matdroen ze kënnen a sollen. Mir wäerten awer, wéi gesot, d'Entwécklung am A behalen a ganz sécher net déi Echéance vu spéitstens zwee Joer vergiessen.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

**M. Carlo Wagner** *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt virop direkt dem Rapporteur, dem honorablen Här Romain Schneider, Merci soen a félicitéiere fir deen excellenten an objektive Rapport, dat souwuel verbal wéi och schrëftlech. Ech mengen, et kann ee soen, dass ënnert senger Féierung an der Kommissioun an deem ganz komplexen Dossier hei excellent Aarbecht geleescht ginn ass.

Wéi gesot, de Projet de loi 5334, deen haut zur Debatt steet, ass scho virun enger ganzer Zäit, virun engem décke Joer déposéiert ginn, den 28.04.04, a stellt en fait d'Revisioun duer vum Gesetz vum 25. Juli 2002.

Deemools hat sech eng dramatesch Situatioun erginn, wéi gesot, no der Jurisprudence vun 1996, wou op eemol net méi, wat d'Invaliditéit ubelaangt huet, jugéiert ginn ass par rapport au dernier poste, mä par rapport au marché du travail en général, wat natierlech ganz vill Leit Schwieregkeete gemaach huet. Et war deemools och esou, dass déi meescht Leit dee Moment 52 Woche krankgeschriwwe waren, an der Hoffnung si géifen d'Invaliditéit kréien. Wann herno awer déi Invalidité refuséiert ginn ass, well se, wéi gesot, nach apte ware fir de Marché du travail en général, dee Moment sinn déi Leit duerch d'soziaalt Netz gefall. Si ware praktesch, wéi ech ëmmer gesot hunn, um Trottoir gelant a waren, kann een och soen, op den RMG ugewisen.

Ech mengen also, dass dat Gesetz vum 25. Juli 2002 ganz ville Leit aus prekäre Situatiounen erausgehollef huet. Et ass jo esou, dee Projet de loi hei, wéi och dat viregt Gesetz, ass selbstverständlech federführend vum Ministère de la Sécurité sociale preparéiert ginn, mä dat awer och mat der effikasser Mathëllef vum Ministère du Travail, well och ganz vill aarbechtsrechtlech Elementer dra sinn. Ech mengen op alle Fall, dass een dee Moment och misst dem Ministère du Travail Merci soen, och fir déi Kollaboratioun, déi op där Säit fonnt ginn ass.

Wéi gesot, dat Gesetz vu virdrun huet ville Leit gehollef, mä esou wéi déi zwee Ministèren och schonn 2002 gesot hunn: Bei esou engem komplexe Gesetz muss een en Etat de situation maachen no enger gewëssener Zäit. Et war deemools gesot ginn, ongeféier zwee Joer duerno. An et huet sech an der Praxis effectivement erausgestallt, dass dat Gesetz net perfekt wär, mä dass et eng Rei vu Mängel hätt.

Et ass doropshin an am Kader vun der Tripartite vum November 2003 geschwat gi fir dat Gesetz ze revidéieren, dat awer zesummen och mat deem Gesetz vum 21. Dezember 2004 iwwert de Changement vum CAS, vum Code des Assurances Sociales. Also déi zwee Gesetzer zesummen.

Wann ee kuckt elo, ech hu gesot et wier ee gutt Gesetz gewiescht wat mer gestëmmt hunn, mä mat verschidde Lacunen. Eng vun den Haaptlacunen, an ech wëll se net alleguerten opzielen, mä just déi Haaptlacunen, dat war ouni Zweifel déi, dass entgéint deem, wou d'Auteure vun deem Gesetz - an ech mengen alleguerten déi Leit, déi dat Gesetz deemools hei an der Chamber approuvéiert hunn - net domat gerechent haten, dat ass, vu déi gutt Opportunitéiten, déi offréiert gi sinn, fir un d'Invaliditéit ze kommen, d'Leit awer, dat heescht d'Salariéen, et nach ëmmer léiwer haten sech 52 Woche krankschreiwen ze loossen. Dat heescht, si hunn dee Moment de volle Loun kritt, an net nëmmen ee Prozentsaz vun deem Loun. No 52 Woche waren se an därselwechter Situatioun wéi virum 2002er Gesetz, dat heescht ganz oft war hire Kontrakt scho résiliéiert an, wéi gesot, se stoungen nees mat eidelen Hänn do.

Duerch déi heite Mesuren an, wéi gesot, nach eng Kéier am Kader vum Gesetz vum 21. Dezember 2004, och an deemselwechte Kontext, ass dat elo net méi méiglech. Well ebe wéi gesot de Contrôle médical no zéng Woche kann iwwert deen Avis motivé, dee sou genannte Formulaire R4, dee Moment d'Leit scho guidéieren, wa se net méi apte si fir deen dernier poste de travail. Dee kann se guidéieren an d'Commission mixte fir e Reclassement, sou zwar dass déi Leit dee Moment op alle Fall kënne reclasséiert ginn.

Et muss een awer och soen, dass mer festgestallt hunn, duerch d'Experienz, dass bei deem viregte Gesetz eng Rei vu Leit laanscht dat Gesetz gelaf sinn. Dat ware beispillsweis déi Leit, déi nëmmen eng Invalidité temporaire haten. Wann déi Invaliditéit opgehuewe ginn ass, war och schonn oft de Contrat de travail résiliéiert, sou zwar dass déi Leit net ënnert d'Gesetz gefall sinn. D'selwecht och wéi aner Salariéen, wou eben och de Kontrakt résiliéiert gi war, meeschtens duerch eng Raison indépendante de leur volonté.

Elo op alle Fall ass an deenen doten zwee Fäll zwar selbstverständlech de Reclassement interne net méiglech, mä awer, si kënnen extern reclasséiert ginn.

Een drëtte Punkt, dee selbstverständlech och effectivement eis ganz vill ze schaffe ginn huet, an de Rapporteur huet dat och richteg hei widderginn, dat ass eben dat, dass d'ADEM net déi néideg Moyenen hat, fir zur Genüge, géif ech soen, no deene Leit ze kucken. Zousätzlech huet sech och nach d'Situatioun um Aarbechtsmaart verschlechtert, sou zwar dass d'ADEM ganz einfach iwwerfuerdert war. Wat derzou gefouert huet, dass zwar, esou wéi mer et gesinn hunn, 110 Leit konnte reclasséiert ginn, mä dat geet awer net duer. Elo op alle Fall, mam Schafe vun deene siwe Postes supplémentaires, misst d'ADEM gewappnet sinn, fir där doter Situatioun entgéintzewierken.

Dat Gesetz hei huet nach eng Rei aner Changementer, op déi ech awer net wëll am Detail agoen, well de Rapporteur dat scho gemaach huet. Sou beispillsweis den Ajustement un den Niveau de vie, oder awer dass d'Nécessitéit muss si vun enger bestehender Relation de travail, oder awer och dass beispillsweis d'Indépendanten elo Droit op Chômage hunn no enger Period vu fënnef Joer Cotisatioun an obligatorescher Cotisatioun bei de Pensiounskeesen. Wéi gesot de Rapporteur huet déi Saach excellent presentéiert.

Wat d'Avisë vun de Chambre-professionnellen ubelaangt, muss ech soen, dass déi am Allgemenge vu sämtleche Säiten aus éischter konstruktiv waren, quitte dass - ech mengen, et ass eng Selbstverständlechkeet, et versteet jiddfereen dat - suivant ob se d'Intérêtë vun de Salariéen oder vun den Employeurë verteidegt hunn, déi Avisën heiansdo liicht divergent waren. Ech wëllt mer hei just erlabe fir vläicht dräi Kommentaren dozou ze maachen.

Dat eent ass déi Kritik, déi komm ass vun der Chambre des Métiers an och vun der Chambre de Commerce, dass mer d'Réductioun vun der Durée de travail op 50% limitéiert hunn an an exceptionellë Fäll op 75%. Ech mengen awer, dass déi Beruffskummeren an däsem Fall net Recht hunn, well mir hu festgestallt, dass a munche Fäll regelrecht Abusë virkomm sinn. Esou kann ech lech rapportéieren, dass mer Fäll kennen, wou beispillsweis d'Leit nach just zwou Stonnen d'Woch, dat heescht aacht, néng Stonnen am Mount schaffe gaange sinn. Mir mengen, dass dat net serió ass. E Mënsch, deen net ka méi wéi zwou Stonnen d'Woch schaffen, ass a mengen Aen een, deen onbedéngt misst d'Invaliditéit zougesprach kréien.

En zweete Fall, an och doriwwer kann een diskutéieren, dat ass dee vun der Abolitioun vun der Méiglechkeet fir den Employeur fir de Kontrakt ze résiliéieren am Fall vu Faute-graven. D'Kommissioun huet doriwwer décidéiert. Ech hat och eng Interventioun oder zwou Interventiounen an der Kommissioun gemaach. Majoritairement ass awer zréckbehale gi fir déi Abolitioun bäizebehalen.

Ech muss soen, dass d'Saach vläicht net dramatesch ass, ech gleewen net, dass dat zu engem sou genannte Blankoscheck géif ginn an a munche Fäll zu Abusë géif féieren. Ech mengen do kënnen héchstens Exceptiounsfäll virkommen, ass et dach esou, dass beispillsweis alleguerten déi Leit, déi e Krankeschäin hunn, absolut net an déi dote Situatioun kënne kommen. Ech mengen hei wier op alle Fall d'Kommissioun vun der Chamber an de responsabele Minister och gutt berode fir déi Situatioun de près ze suivéieren, fir ze kucken ob effectivement där Fäll do virkommen.

Deen drëtte Kommentar vläicht nach ganz kuerz, dat ass dee vum Consentement éclairé, dee muss sinn wann de Contrôle médical d'Commission mixte wëllt saiséieren. Do hu mer an der Kommissioun dovunner geschwat, wat am Fall ass, wou dee Moment déi betreffend Persoun, dat heescht de Salarié säin Accord net dozou gëtt. Do ware mer awer geschlossener Meenung an der Kommissioun, dass an deem Fall, wann de Salarié dee Consentement refuséiert, dass da selbstverständlech e Reclassement interne an och externe net méi méiglech wier, esou zwar dass et am Intérêt vum Salarié ass, dass e géif säi Consentement zu där Saach ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Finalitéit muss ech soen, ass dat heiten - trotz där Reserv, déi ech ugemellt hu bei der Abolitioun vum Droit de résiliation pour faute grave - ouni Zweifel e gutt Gesetz, en excellent Gesetz, wat awer net wëllt soen, dass et perfekt ass. Dofir kann ech mech honnertprozenteg dem Rapporteur uschléissen, dass indépendamment de la bonne volonté vun all deene Leit, déi zu deem Gesetz hei bäigedroen hunn, dass ee muss wéi gesot nees d'Evolutioun an deenen nächste Jore suivéieren an dass ee vläicht nach eng Kéier soll de Point an engem Délai vun zwee Joer maachen, fir ze gesinn effectivement, wat dee Moment nach misst behuewe ginn.

Ech wëll och mäi Bedenken soen an där schwéierer ekonomescher Situatioun oder där schwéierer Situatioun um Marché du travail, wou mer de Moment sinn, a wëll och drop hiweisen, dass ouni Zweifel d'Reclassement-externen och an nächster Zäit relativ schwiereg wäerte ginn. Mä ech mengen, dat ass eng Situatioun, déi kënne mer net gesetzlech hei behiewen.

Ech géif also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vu menger Fraktioun vun der Demokratescher Partei den Accord zu däsem Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer am Numm vun de Gréngen och e puer Wuert ze soen zu däsem Projet de loi iwwert d'Incapacité de travail an iwwert d'Réinsertion professionnelle, woubäi ech fir d'éischt natierlech och eisem Rapporteur vun däsem Gesetz wëll Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Hien huet déi puer Ännerungen un där bisheregen Gesetzgebung, déi elo virgeholl ginn, am Detail hei virgedroen an och d'Begrënnung fir dës Ännerung, esou dass ech hei als véierte Riedner deen Exercice net brauch nach eng Kéier am Detail ze widderhuelen.

Et geet grosso modo bei deenen heitege gesetzlechen Ännerungen dorëmmer, d'Prise en charge vun der Beruffsonfäegkeet um leschten Aarbechtsposten an an deem Kontext eng beruflech Réinsertioun vum Betraffenen, esou wéi dat am Gesetz vum 25. Juli 2002 virgesi war, punktuell ze adaptéieren an ze verbesseren. Et schéngt eis, wéi wann dat mat den Dispositioune vun däsem neien Text insgesamt kéint geléngen, och wann ee selbstverständlech an deem engen oder anere Punkt eng méi kritesch Meenung kann hunn.

Eent vun den Ziler vum bis haut appliziéierte Gesetz vun 2002 war et bekanntlech ze versichen dobäi sou genannte Cas-de-rigueuren, also sozial Härtefäll, ze vermeiden. Aus enger Rei vu Grënn, déi hei op der Tribün schonns erwähnt goufen, war dat an deene vergaangen zwee, dräi Joer awer net ganz gelongen. Den honorabelen Här Schneider, Rapporteur vun däsem Gesetz, huet dës Grënn hei op der Tribün am Detail erkläert.

Dofir kann ech och nëmmen averstane sinn domadder, datt elo endlech d'ADEM zousätzlecht Personal, zousätzlech Postë soll kréien, fir besser a méi schnell Prozedure vun eventuelle Reclassementer kënnen duerchzezéien. An et ass sécherlech och e positive Schrëtt, fir d'Gesetz vun 2002 esou ze verbesseren, datt d'Entaméiere vun der Prozedur vun der berufflecher Réinsertioun elo lassgekoppelt gëtt vun der Obligatioun, virdrun d'Invaliditéit ugefrot ze hunn. Dës zwou elo zitéiert Mesurë ginn ouni Zweifel an eng richteg Richtung a si wäerten zumindest deelweis dozou bäidroe fir déi aktuell Situatioun ze verbesseren.

Bei esou engem Problem, wou et op där enger Säit ëm déi beschtméiglech sozial Léisung am Intérêt vum betraffene Salarié geet, an ëmgekéiert awer och ëm legitim Intérêtë vun där betraffener Entreprise, ass et natierlech nëmme logesch, datt et zum Deel ënnerschiddlech Vuen a Points de vue gëtt par rapport zu eenzelnen Dispositioune vun esou engem Gesetz. Dat gëllt hei natierlech virun allem bei den Dispositiounen iwwert de Reclassement interne, dat heescht deen am Betrib selwer.

D'Patronatssäit, dat heescht d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn an hiren Avisën eng Rei vun Awänn formuléiert, virun allem par rapport zum Reclassement interne, ënner anerem datt de Betrib dozou gezwonge wier, ausser de Patron kéint noweisen, datt e Préjudice grave him dat géif onméiglech maachen.

Nun, de Prinzip vum Reclassement interne ass vun engem soziale Point de vue hier allerdéngs absolut ze verteidegen, well an eisen Aen d'Entreprisen net nëmmen do si fir Benefiss ze maachen, mä si hunn an eisen Aen och eng sozial Verantwortung vis-à-vis vun hire Beschäftegten, déi bis zu hirer Krankheet oder deelweiser Invaliditéit jo och zur Entwécklung vun der Firma bäigedroen hunn. En aneren Awand bezitt sech dorobber, datt déi virgesinnen Aarbechtszäitreduktioune vu 50% an an Ausnahmefäll 75% bei interne Reclassementer ze rigide, ze onflexibel wieren, fir dem Intérêt vu béide Säiten entgéintzekommen, well d'Krankheetsgeschéien sech mat der Zäit kéint esou negativ oder ëmgekéiert heiansdo och positiv entwéckelen, an dann déi virgesinnen Aarbechtszäiten net méi adaptéiert wieren.

Dësen Awand schéngt eis net ganz vun der Hand ze weisen ze sinn. Et wier op jiddfer Fall gutt, wann an der kommender Entwécklung op deem Punkt géing no besser adaptéierte Léisunge gesicht ginn.

Op de Problem vun der Faute grave wéilt ech hei nëmme kuerz agoen, fir ze soen, datt dat aus der Vue vum Patronat psychologesch gesi sécherlech ze verstoen ass, mä d'Experten an der Kommissioun konnten eis awer glafwierdeg rassuréieren, datt déi Risiken dobäi absolut onwahrscheinlech wieren oder souguer reng hypotheetesch. Op e weideren Awand vun dëse Chambren, d'Prozedure géingen ze laang daueren, gouf eis an der Kommissioun assuréiert d'Sekretariat vun der Commission mixte géif elo d'Instruktioun kréien, fir direkt vun Ufank u vun der Prozedur schonn den Aarbechtsmedeziner anzeschalten.

Och d'Chambren, déi d'Salariatssäit vertrieden, d'Chambre de Travail an d'Chambre des Métiers, haten d'Entwécklung vun däsem Gesetz ganz aktiv begleet. Et ass hinne gelongen eng Partie vun hiren Haaptfuerderungen am neie Gesetz ze verankeren. Sécherlech bleift och vu Salariatssäit gesinn deen een oder anere Punkt nach onkloer oder net zefridde stellend geléist, mä insgesamt mengen ech awer, datt déi nei Dispositioune vun däsem Gesetz zumindest deelweis Verbesserungen an der Praxis wäerte mat sech bréngen.

A wa sech sollt erginn, datt trotzdeem nach gréisser Problemer sollte weiderbestoen oder eventuell neier optauchen, dann hënnert näischt eis dorunner ze reagéieren, schnell ze reagéieren an eventuell nach déi eng oder aner Adaptatioun iwwert d'Gesetz virzehuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zum Ofschloss awer nach kuerz méi allgemeng Bemierkunge maachen zur Problematik vu Beruffsonfäegkeet an Invaliditéit insgesamt. Am Zentrum vun däsem Gesetz steet, wat d'Décisiounen ubetrëfft, déi sou genannte Commission mixte, an déi soll sech be-

ruffen op medezinesch Avisë vum Médecin traitant a vun der Aarbechtsmedezin, fir d'Beruffsfäegkeet beziehungsweis -onfäegkeet deelweis oder ganz anzeschätzen oder ze beuerteelen.

Wéi krank, wéi invalid ass de Beschäftegten op sengem Aarbechtsposten am Betrib? Et sollt een dobäi net blauäugeg sinn an ëmmer eesäiteg dem Salarié alles gleewen, well et natierlech a munche Situatioune sécherlech och deen een oder anere Simulant ka ginn. Insgesamt gesi mengen ech awer, datt de Gros vun de Salariéen, déi iwwerwältegend Mehrheet vun hinnen, hir Aarbecht seriö wëllt maachen an datt wann d'Gesondheet net méi ganz matmécht, hinnen déi beschtméiglech Solutioune mussen ugebuede kënne ginn.

De Problem vun esou Krankheetsentwécklunge vun deelweisen oder méi wäitgehenden Incapacités de travail besteet a mengen Ae kloer doranner, datt trotz enger Partie vun Efforten, déi am Beräich vun Aarbechtsschutz an der Médecine du travail an deene vergaangene Joren an de Betriber gemaach goufen, nach ëmmer net wéineg Beruffskrankheeten an Invaliditéiten op inadequat oder schlecht Aarbechtsbedéngungen an engem Deel vun eise Betriber zréckzeféiere sinn.

An dofir, Här Minister, missten a mengen Aen zwou Entwécklungen an deenen nächste Joren absolut Prioritéit kréien. Éischtens, d'Uwenung vum Principe de précaution an d'Preventioun vu beruffsbedéngten Erkrankunge grad och an de Betriber, an zweetens eng Verstäerkung, personnel a qualitativ, vun der Division de Médecine du travail a vun der aarbechtsmedezinescher Iwwerwaachung vun de Betriber.

Zum éischte Punkt. De Principe de précaution an d'Preventioun däerfen an eisen Aen net virun der Dier vun de Betriber ophalen. Et sinn zwar bis haut schonn Efforten an deem Sënn gemaach ginn, zum Beispill eng Beruffsrisikoanalys, eng sou genannte Préétude, mat 260 Betriber a 16.900 Salariéen, mä dat geet bei wäitem net duer.

An Ärem Rapport d'activité iwwert d'Santé au travail, gëtt op de Säite 85 a 86 - ech schwätze vum Rapport d'activité 2004 - op d'Resultater vun där Préétude higewisen, an doranner op déi ganz vill Muskel- a Réckeproblemer bei de beruffflechen Erkrankungen, woubäi ëmgekéiert dann awer opfält, datt zum Beispill Gehéierschied duerch Kaméidi oder virun allem Krankheeten duerch chronesch chemesch Belaaschtungen zueleméisseg oder prozentual zimlech niddereg leien.

An dës niddereg Zuele stinn awer zum Beispill am Widdersproch mat internationalen Etüden, zum Beispill och an enger rezenter Enquête ënnert dem Numm „Sumer" an eisem Nopeschland Frankräich mat 50.000 Salariéen, wou zum Beispill gesot gëtt als Konklusioun: «Les ouvriers et les employés» an et ass net gemengt just déi aus der chemescher Industrie, mä les ouvriers et les employés en général «sont de plus en plus exposés aux produits chimiques» an do gëtt geschwat vun 38% vun de Salariéen, déi do op eng problematesch Aart a Weis exposéiert wieren.

Mir schéngt et also net nëmmen, datt d'Risques toxiques bei eis nach ëmmer ënnerschat ginn, mä virun allem wat déi chronesch Awierkung vu chemesche Schadstoffer op d'Gesondheet vun de Beschäftegten ubetrëfft, a wa sech dorauser da Beruffskrankheeten oder souguer Invaliditéiten entwéckelen, da ginn hir schadstoffbedéngten Ursaache ganz oft oder meeschtens net mol erkannt oder unerkannt. An deem Sënn also bräichte mer nach vill méi Preventioun fir esou Krankheeten oder Invaliditéiten op der Aarbechtsplaz souwäit wéi méiglech ze verhënneren.

Am Kontext vu menger Interpellatioun iwwer „Reach" den 29. Juni hei am Sall wäert ech nach eng Kéier op dësen aarbechtsschutzrechtlechen Aspekt zréckkommen.

E leschte Punkt nach ganz kuerz, wat déi zentral Roll vun der Aarbechtsmedezin an de Prozedure vun dësem Projet de loi ubetrëfft. Am Avis vun der Chambre de Travail gëtt zum Beispill jo och d'Fro opgeworf, wien da géing entscheede bei ënnerschiddlechen Avisë vum Contrôle médical a vum Service de Santé au travail. Natierlech läit et dann un der Commission mixte fir ze tranchéieren, mä d'Fro bleift awer am Raum, wéisou Dokteren aus ënnerschiddleche Gremien zu ënnerschiddlechen Aschätzunge vum Krankheetszoustand oder vum Invaliditéitszoustand vun engem Salarié kënne kommen.

Hei kéint den ënnerschiddlechen Ausbildungs- oder Weiderbildungscharakter vum Medeziner eng wichteg Roll spille bei der Unerkennung, Deelunerkennung oder Netunerkennung vu Krankheeten. An do geet et bei chemeschen oder physikalesche Risiken op der Aarbechtsplaz haut net méi duer, sech just op meeschtens vill ze vill héich Aarbechtsplazgrenzwäerter ze verloossen, well och d'chronesch Expositioun op der Aarbechtsplaz vis-à-vis vun esou Stoffer oder Substanzgemëscher kënnen noweisbar krankmaachen oder an d'Invaliditéit féieren. A grad dat kéint een duerch eng adequat betriblech Informatiouns- a Preventiounspolitik wäitgehend verhënneren an iwwert dee Wee och natierlech Sue spueren.

Wat d'Médecine du travail ubetrëfft, sou bräichte mer also net nëmmen eng personell Verstäerkung. An Ärem Rapport d'activité, Här Minister, gëtt op der Säit 86 gesot: «Une pénurie persiste», dat heescht et gëtt also nach ëmmer net genuch Aarbechtsmedeziner. Mä mir bräichten och eng verbessert Aus- a Weiderbildung vun eisen Aarbechtsmedeziner iwwert déi klassesch Toxikologie an iwwert déi klassesch Epidemiologie eraus, fir och chronesch Nidderег-Dosis-Wierkunge vu Chemikalie méiglech fréizäiteg kënnen ze erkennen an effikass Risikominderungen op der Aarbechtsplaz kënne preventiv duerchzesetzen.

Op der europäescher Konferenz iwwer Ëmwelt a Gesondheet an Ëmweltmedezin, déi Dir déi kommend Woch am Kader vun Ärer Présidence um Kierchbierg organiséiert, wäerten déi neiste wëssenschaftlech a medezinesch Donnéeën iwwer esou krankmaachend Belaaschtungen duergestallt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. De Projet de loi selwer hei mat sengen neien Dispositioune schéngt eis Gréngen an déi richteg Richtung ze goen. Et sinn eng Rei vu Verbesserungen, déi wahrscheinlech kënnen d'Situatioun an deenen nächste Jore verbesseren; domat hu mir also kee Problem. Mir kënnen dëse Projet de loi also ouni Problem matstëmmen, mä nach eng Kéier zum Schluss en Appel a Richtung Preventioun, wierklech Preventioun op der Aarbechtsplaz, fir datt manner Leit beruffskrank ginn an datt manner Leit an d'Beruffsinvaliditéit erakommen.

Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als leschte Riedner ass den Här Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop och dem Här Rapporteur Merci fir säin explizite Rapport, och wann den Inhalt net ganz meng Zoustëmmung fënnt. Mä trotz allem och alleguerten deene Merci, déi awer versicht hu mat deem leschte Gesetz an elo mat dësem Gesetz eng Rei vu Situatioune vu Leit, déi a Précaritéit gerode sinn, ze verbesseren.

Den Ursprong vum Gesetz vum 25. am Heemount 2002 an och vun dësem Projet haut war eng nei a fir mech onsozial Ausleeung vum Artikel 187 vum Code des assurances sociales, deen duerch eng Jurisprudence vun der Cour de Cassatioun den 28. am Wantermount 1996 gesprach ginn ass. Virun dëser neier Versioun vun der Invaliditéit krut een Urecht op d'Invaliderent wann een déi Aarbecht, déi ee gemaach huet, net méi konnt ausféieren. Nom Uerteel vun der Cour de Cassation krut een d'Urecht op d'Invaliderent nëmme wann ee seng lescht Aarbecht net méi konnt maachen an och keng aner Aarbecht méi, déi engem seng physesch Capacitéite kënnen zouloossen.

Dat huet mat sech bruecht, datt säitdeem d'Zuel vun den Invaliderentner drastesch zréckgaangen ass a ganz sécher och nach weider wäert zréckgoen. D'Zuel vun deenen, déi awer duerch dëst Gesetz an de Misère gerode sinn, ass awer drastesch gestiegen, ëmmer méi krank Leit stounge virum näischt.

Engersäits well se keen Urecht op d'Krankegeld méi haten. Anersäits well se trotzdeem aarbechtsonfäeg waren, awer d'Invaliderent net zougesprach kritt hunn an och no 18 Méint kee Recht méi op Chômage haten a guer näischt méi haten. An drëttens well hire Schutz virun Entloossungen ofgelaf war an dofir hire leschte Patron net verflicht war se erëm anzestellen.

Här President, wann ech och kann domat d'accord sinn, datt ee muss versichen Abusë wäitgehend ze verhënneren, esou schéngt mer awer eppes hei flagrant ze sinn, d'Uerteel vun der Cour de Cassation ass komescherweis komm nodeem d'EU ugefaangen huet eis de béise Fanger ze weisen iwwer eisen Altersduerchschnëtt am aktiven Aarbechtsrecht. D'EU, de BIT awer och de Wirtschafts- a Sozialrot hu recommandéiert Moyenen ze sichen, fir datt d'Leit méi laang am aktiven Aarbechtsprozess solle bleiwen. A wupps hate mer kuerz drop eng Jurisprudence do leien, déi eist Invalidegesetz total op d'Kopp gestallt huet, fir just nach nëmme Leit d'Invaliderent zouzegestoen, déi scho bal mam Kapp ënnert dem Aarm virum Contrôle médical virspriechen.

Et huet deemno eppes misse geschéien an déi viregt Regierung huet e Projet virgeluecht, deen zum Zil hat déi sozial Härtefäll opzefänken, fir dass kee méi ouni Revenu bleift; dat och wann ee kee Krankegeld, keng Invaliderent a kee Chômage kritt a wann een trotzdeem net méi an den Aarbechtsmaart ze integréieren ass.

Eng vun den Neierungen an deem Gesetz war folgend: wann eng Persoun op Grond vun hirem gesondheetlechen Zoustand hir Aarbecht op hirer leschter Aarbechtsplaz net méi ausübe kann, sou gëtt schnellstméiglech versicht, datt se an hirem Betrib eng aner Aarbecht kritt, déi hire Capacitéiten entsprécht, an dëst ouni Lounverloscht. Ech betounen: an hirem Betrib eng aner Aarbecht kritt ouni Lounverloscht!

Dat huet den honorabelen Här Marcel Glesener als Rapporteur vun deem Gesetz den 10. am Heemount 2002 hei matgedeelt. Dat war och de soziale Grondgedanke vun dëser Dispositioun, just dass d'Ausleeung vun deem Gesetz an der Praxis dat awer net zougelooss huet. Déi Leit, déi erëm an hire Betrib agestallt ginn, ginn öfters an hirer ënneschter Carrière klasséiert; och déi Leit, déi praktesch schonn 30 Joer an engem Betrib schaffen.

Ech wëll elo keen Numm vun engem Betrib nenne wou dat Usus ass, soss mengt erëm deen oder deen aneren ech hätt eppes géint d'Arcelor. Do si Leit, déi iwwer 30 Joer an deem Betrib geschafft hunn an déi de Pech haten zäitweileg an d'Invaliderent ze falen, erëm agestallt gi mat deem klengste Loun, an dat obwuel en internt Reglement, wat am Comité mixte vun där Gesellschaft ofgeseent gouf, dem Invaliderentner d'Recht op seng initial Plaz oder eng aner Plaz zougesteet, an dat ouni Lounverloscht.

Fir d'éischt wollten se iwwerhaapt kee méi erëmhuelen. Elo profitéieren se vun enger mega-flexibler Ausleeung vun deem Gesetz a reclasséieren déi, déi se erëmhuelen, an déi ënnescht Lounklass. Wann déi Leit, déi esou lounméisseg reclasséiert ginn, awer d'Indemnité de réemploi ufroen, gëtt déi verweigert. Déi Leit falen net ënnert d'Dispositioune vun der Indemnité de réemploi, well se bei hiren initialë Patron zréckgaange sinn. Well d'Indemnité de réemploi ass bis elo nëmmen ausbezuelt ginn, wann een de Patron wiesselt an do manner verdéngt.

Dat heescht also, dat wat hei an deem Gesetz vun 2002 virgesi war, wat den Här Rapporteur och hei nach eng Kéier betount huet, dat gëtt net an d'Praxis ëmgesat, well et en anert Gesetz gëtt, wat eben dat verhënnert.

An ech hunn och deenen zwee Här Ministere verschidde Fäll dohinner geluecht, wou dat hei effektiv de Fall ass, a wou dann déi Leit e Bréif kréien, dass se net kéinten déi Indemnité de réemploi ufroen, dass se net ënnert d'Dispositioune vun deem Gesetz falen, mä ënnert d'Dispositioune vum PAN-Gesetz. Ech géif mengen, dass awer do misst versicht ginn, zwëschent deenen zwee Ministèren emol eng Koordinatioun ze fannen, wann zwee Gesetzer sech widdersprechen a wann doduerjer d'Salariéën e Schued erleiden.

An dësem Gesetz gëtt dat jo elo geännert. Och déi Leit, déi bei hiren initialë Patron zréckkommen, hunn elo Urecht op d'Indemnité de réemploi, wat och eng gutt Saach ass. Wat awer och en zweeschneidegt Schwert ass, wëll ech awer och hei betounen, well hei ginn d'Betriber aus hirer sozialer Verantwortung entlooss, op Käschte vun de Steierzueler. Et incitéiert d'Betriber regelrecht, déi Leit, déi se aus der Invaliderent erëm zréckhuelen, am ënneschte Loun ze klasséieren. Do muss déi zoustänneg Kommissioun e wachsaamt A drop halen, well och wann d'Indemnité de réemploi während véier Joer ausbezuelt gëtt, esou ass awer kloer, dass keen innerhalb vun där Zäit kann op säin normale Loun erëm zréckkommen. Déi Leidtragend sinn alt erëm déiselwecht, déi Leit, déi de Pech hate krank ze ginn.

Eng Gesellschaft, déi esou eppes zouléisst, déi ass och krank. An eng Regierung oder eng Majoritéit an der Chamber, déi et zouléisst, dass d'Employeuren aus hirer sozialer Verantwortung entlooss ginn, déi ass nach méi krank. Et ass kloer bewisen, dass Salariéë ganz oft krank ginn duerch déi jorelaang Belaaschtung, déi se op hirer Aarbechtsplaz mussen erleiden. Et tauchen ëmmer méi Beruffskrankheeten op, déi mer soss net kannt hunn, well mer net d'Moyenen haten, verschidde Krankheetserreger ze detektéieren, oder well mer einfach och heiansdo d'Aen zougemaach hunn a se net wollte wouerhunn.

D'Ergonomie op der Aarbechtsplaz ass ëmmer zweetrangeg behandelt ginn, huet awer dozou bäigedroen, dass ëmmer méi Leit doduerch Schued erlidden hunn. Muerks a Stress, Mobbing an Angscht ëm d'Aarbechtsplaz si psychesch Krankheetsphenomeener, wou mer d'Ausmooss haut eréischt ufänken ze erkennen. D'Employeuren hunn also och eng sozial Responsabilitéit ze droe visà-vis vun hire Mataarbechter an och vis-à-vis vun der Gesellschaft.

Ech verstinn net, firwat dass se elo och nach solle staatlech Ënnerstëtzunge kréien, wa se ehemoleg krank Mataarbechter erëm astellen? Et misst hir verdammte Flicht a Schëllegkeet sinn, fir Mataarbechter, déi hir Gesondheet am Interesse vum Betrib geaffert hunn, erëm ënnerdaach ze huelen, an dat mat vollem Loun.

D'Gesetz vum 25. am Broochmount 2002 sollt also den initialë Revenu garantéieren, wéi dat och esou vum deemolegen Här Rapporteur hei betount ginn ass. Da musse mer awer och duerfir suergen, dass all déi Leit, déi net hiren initialë Loun erëm zougestane kruten, d'Indemnité de réemploi mussen zougestane kréien. Dat ass awer duerch déi aktuell gesetzlech Bestëmmungen ascheinend net méiglech, esou wéi ech virdrun zitéiert hunn. Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, kann och net réckwierkend an deem Sënn ugewannt ginn. Da muss ebe gekuckt ginn, fir deene Betraffenen, déi elo während deenen zwee Joer Schued erlidden hunn, iwwer en anere Wee en Ausgläich zoukommen ze loossen.

An deem Sënn wëll ech och hei eng Motioun deponéieren, déi d'Regierung opfuerdert, all Fäll vun internem Reclassement, déi aus dem Gesetz vum 25. am Heemount 2002 resultéieren, ze analyséieren, fir am Fall vu Lounverloscht oder Aklasséierungen a méi klenge Léin oder an Ufanksléin kënnen iergenden Ausgläich zouzegestoen.

***Motion 1***

*D'Volleksvertriederkummer,*

*- beméit, de Grondgedanke vum Gesetz vum 25. am Heemount 2002 iwwer Beruffsonfäegkeet an d'Rëmaféieren an den Aarbechtsmaart Rechnung ze droen;*

*- feststellend, datt beim interne Reclassement eng Rei Persounen, déi aus der Invaliditéit erëm op hir Aarbecht zréckfonnt hunn, an déi nidderegst Lounklass zréckgestuuft goufen;*

*- bedauernd, datt d'Ausleeung vum Gesetz vum 25. am Heemount 2002 de Betraffene keng „indemnité de réemploi" erméiglecht, obwuel dat awer am Rapport vun der zoustänneger Kommissioun erwënscht war;*

*- besuergt, fir all déi sozial Härtefäll ze redresséieren;*

*fuerdert d'Regierung op*

*- all Fäll vun internem Reclassement ze analyséieren op déi nei Lounbedingungen, an eng Léisung ze sichen, fir deenen, déi Lounverloschter hunn, och e Lounausgläich iwwert de Fonds pour l'Emploi zouzegestoen;*

*- duerfir ze suergen, datt d'internt Reclassement net en Instrument gëtt, wat zu automateschem Loundumping inzitéiert.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Här President, wat elo den interne Reclassement weider ubelaangt, esou gëtt et awer nach eppes ze bemierken. Am Projet, deen hei virläit, ass virgesinn, dass iwwer e Règlement grand-ducal kënnen d'Modalitéite vum interne Reclassement festgeluecht ginn. Kënnen, ass gesot ginn. Ech sinn der Meenung, dass dat groussherzoglecht Reglement direkt muss d'Modalitéite vum interne Reclassement festleeë fir kloer ze sinn. Grad ebe fir ze verhënneren, dass dat internt Reclassement zum interne Lounreclassement degradéiert gëtt.

De But vun dësem Projet soll jo sinn, fir déi krank Leit erëm an den Aarbechtsmaart zréckzeféieren. Da mussen och déi néideg Moossname getraff ginn, fir d'Leit bei hirer Reintegratioun ze schützen. Da geet et net duer, dass een an d'Gesetz schreift, et kann e groussher-

zoglecht Reglement verfaasst ginn, dat den interne Reclassement regelt. Da muss een en internt Reglement maachen.

Duerfir wëll ech och zu deem Punkt en Amendement hei déposéieren, fir dass den Artikel I, Punkt 1, virleschten Alinea, erëm esou ëmgeännert gëtt, dass e groussherzoglecht Reglement muss am Zesummenhang mam interne Reclassement verfaasst ginn.

***Amendement 1***

*L'article I point 1 avant-dernier paragraphe prend la teneur suivante:*

*«Un règlement grand-ducal détermine les modalités du reclassement interne.»*

*Commentaire:*

*Afin d'éviter toute ambiguïté il est indispensable qu'un règlement grand-ducal détermine les modalités du reclassement interne dès l'entrée en vigueur des nouvelles dispositions.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Här President, de Projet, dee mer hei virleien hunn, huet de Mérite, dass e versicht enger ganzer Rei sozialer Précaritéiten entgéintzewierken. Dat muss een och unerkennen, an dat maache mer als ADR, och wa mer scho beim Gesetz vum 25. am Heemount 2002 op eng ganz Rei vu Mëssstänn higewisen haten, wou awer de Stopp an den Ouere vun der Regierung eréischt zwee Joer méi spéit opgaangen ass.

Et gëtt awer Verschiddenes, wat an deem urspréngleche Gesetz net vertrietbar war an awer an dësem Gesetz monter weidergefouert gëtt. An zwar d'Zilsetzung fir esou mann wéi méiglech Invaliderenten ze accordéieren, coûte que coûte. Mir hätten iwwerhaapt keng nei Gesetzgebung iwwert d'Invaliderent gebraucht, wann net eng bestallte Jurisprudenz alles op d'Kopp gehäit hätt, wat virdru gutt a richteg war. Mir hätte just den Artikel 187 misse weider bestoe loossen. Dann hätte mer de béise Fanger gewise kritt vun auswäerts, well mer anscheinend ze vill Invaliderentner kritt hätten, mä et hätt keng Sozialfäll geschaf, wéi elo während deenen zwee Joer a virdrun.

Et ass op jidde Fall eng Farce, wann ee Leit, déi 30 bis 35 Joer an engem Betrib geschafft hunn an hire Beruff net méi kënnen ausféieren, an e Reclassement externe verfracht. Dat well säi Patron him keng Aarbecht méi wëllt ubidden, déi senge Capacitéiten entsprécht. An et ass nach méi eng Farce - an där Fäll gëtt et -, jo souguer e Skandal, wann een eng krank Fra vun 63 Joer an e Reclassement externe gehäit - ech géif mengen, dat seet genuch aus iwwert déi sozial Ausriichtung vun dësem Gesetz -, fir dass se nëmmen net d'Statistike vun den Invaliderente belaascht.

Här President, wat un dësem Gesetz gutt ass, dat ass, dass elo kee méi ouni Revenu bleift. Ech mengen dat war jo eiser aller Zilsetzung a mir schéngen där Zilsetzung elo méi no ze sinn. Wou awer muss onbedéngt drop geuecht ginn, dat ass, dass d'Ausbezuele vun deene verschiddenen Hëllefen, déi virgesi sinn, a vernünftegen Délaië geschitt. Wann den Employeur en invalide Salarié net méi wëllt erëmhuelen, da kënnt en an d'Mesure de reclassement externe. Da kritt en Urecht op Chômage bis zum legale Maximum.

Déi meeschte Leit, déi vum Reclassement externe betraff sinn, sinn an engem Alter wou se net méi um Aarbechtsmaart erwënscht sinn, an dat am Alter vu 45 Joer opwäerts, och wa se net krank sinn. Ech mengen dat ass jo schonn eleng u sech e Skandal, et ass eng Aarmsäilegkeet fir e Land wéi Lëtzebuerg. Dat bréngt mat - sech, dass déi Krank nach méi schlecht Kaarten hunn, fir erëm an den Aarbechtsmaart zréckzefannen, wou dann dat initiaalt Gesetz, an dëse Projet och, eng Begleetmoossnam virgesäit, déi nom Chômage a Kraaft trëtt, an zwar d'Indemnité d'attente.

Eng Indemnité d'attente, déi an der Héicht vun där zu deem Zäitpunkt geschëllter Invaliderent ausbezuelt gëtt. Dat bréngt zumindest mat sech, dass kee méi ouni Revenu bleift, wat och de But vum initialë Gesetz war an dësem Projet ass.

Dës Indemnité d'attente soll een, laut Artikel I, Punkt 10, zougestane kréien, nom Enn vum Ausbezuele vum Chômage. Dass an deem Artikel steet, dass d'Indemnité d'attente eréischt nom Enn vum Ausbezuele vum Chômage a Kraaft trëtt, riskéiert eng Rei Häertefäll ze provozéieren. Et gëtt Leit, déi sech wéinst dem Reclassement externe an de Chômage aschreiwen oder d'office ageschriwwe ginn, awer duerch iergendee Grond keen ausbezuelt kréien; déi ginn hei ausgeschloss.

Duerfir proposéiert den ADR den Artikel I, Punkt 10 ëmzeänneren, andeem drastoe kënnt, dass een nom Recht op Chômage d'Indemnité d'attente zegutt huet, an net nom Enn vum Ausbezuelen.

***Amendement 2***

*L'article I point 10 prend la teneur suivante:*

*L'article 5, paragraphe (2), alinéa 1er, est modifié comme suit:*

*«Si, au terme de la durée légale du droit à l'indemnité de chômage y compris la durée de prolongation, le travailleur visé à l'article 1er n'a pu être reclassé sur le marché du travail, il bénéficie d'une indemnité d'attente, dont le montant correspond à la pension d'invalidité à laquelle il aurait eu droit. L'indemnité d'attente est à charge du fonds pour l'emploi.»*

*Commentaire:*

*La première modification incluse dans cet amendement fixe la détermination du point de départ de l'indemnité d'attente après la durée légale du droit à l'indemnité de chômage. Cet amendement permet d'éviter toute ambiguïté en ce qui concerne l'attribution d'une indemnité d'attente dans les cas où la personne concernée bien qu'étant au chômage n'a pas droit au paiement de l'indemnité de chômage. Cette hypothèse concerne par exemple des personnes ayant été occupées à temps partiel à raison de 16 heures/semaine au moins.*

*La deuxième modification incluse dans cet amendement détermine que l'indemnité d'attente sera payée par le fonds pour l'emploi et non par la caisse de pension. Le droit à l'indemnité d'attente étant lié à l'obligation de rester disponible pour le marché du travail ce droit est à considérer comme une prolongation de l'indemnité de chômage. En tant que telle il incombe au fonds pour l'emploi de porter la charge de l'indemnité d'attente et non à la caisse de pension.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Här President, dës Indemnité d'attente ass also weder als Chômage nach als Invaliderent ze betruechten. Et ass awer kloer, dass et eng beschäftegungspolitesch Mesure bleift. A well et eng beschäftegungspolitesch Mesure ass, muss se och integral vum Fonds pour l'Emploi gedroe ginn. Well déi betraffe Persoune mussen dem Aarbechtsmaart zur Verfügung bleiwen, mussen an der ADEM ageschriwwe bleiwen, a kënnen deemno zu all Moment erëm an den Aarbechtsmaart integréiert ginn.

Et ass duerfir einfach skandaléis, datt am initiale Gesetz an och an dësem Projet hei festgeluecht gëtt, dass d'Pensiounskeese mussen d'Indemnité d'attente bezuelen. Dat hu mer als ADR beim initiale Gesetz net matgemaach an dat maache mer als ADR och bei dësem Projet net mat.

Et ass ee Skandal, dass dës Regierung an och schonn déi virdrun ëmmer erëm d'Reserve vun de Pensiounskeesen als Self-service ugesinn, well se net capabel sinn déi néideg Moyenen ze fanne fir verschiddenen aarbechts- a maartpoliteschen Aflëss, déi vun der liberaler Wirtschaftsentwécklung provozéiert ginn, entgéintzetrieden.

Säit 1993 sinn ëm déi 12 Milliarden aler Frang aus de Pensiounskeese geklaut gi fir d'Préretraite ze bezuelen. Eng Préretraite, wat eng reng beschäftegungspolitesch Mesure ass, déi haaptsächlech dozou gedéngt huet, Arcelor an anere Multien hiren Aarbechtsplazofbau ze begleeden.

Den ADR huet dogéint eng Proposition de loi hei deponéiert, fir déi Ausbeutung vun de Pensiounskeesen do ze ënnerbannen. Dës Gesetzesinitiativ wäert, ewéi scho vill anerer, am ronnen Dossier verschwonne sinn. Well d'Statskeess fänkt esou lues un eidel ze ginn.

D'Automate vun der Regierung hirem Pensiounskeesebankomat, zu deenen se sech selwer eng „golden card" ausgestallt huet, mussen Dag an Nuecht fonctionnéieren.

130 Milliounen Euro sinn dann och nach aus de Pensiounskeese geklaut ginn, fir de Krankendefizit ze decken. Do hunn awer nach anerer matgehollef, déi och haut hei wäerte mathëllefe mat dësem Gesetz de Renteklau weider ze legaliséieren.

Den Defizit vun de Krankekeese war nämlech nëmmen 80 Milliounen, esou datt déi reschtlech 50 Milliounen och nach als Virschoss op zukünfteg Defiziter erausgekroopt goufen. Defiziter, déi natierlech net wäerten ausbleiwen, dat wäerte mer nach gesinn. An och wann een déi Gesondheetspolitik verfollegt, déi am Moment hei am Land praktizéiert gëtt.

A mat dësem Projet schloen d'Raubritter aus der Regierung, mat der Ënnerstëtzung vun de Knappen aus hiren Ënnerregimenter, alt erëm eng Kéier erbarmungslos zou. Alt erëm eng Kéier gëtt eng Beschäftegungsmesure aus de Pensiounskeese bezuelt. Alt erëm eng Kéier a Concubinage mat deenen, déi missten duerfir suergen, datt hiren Affiliéierten hir Pensiounsrechter misste geschützt ginn.

Hei si Leit, déi hu bei der Mammerent richtegerweis dergéint protestéiert, dass d'Suen net aus de Pensiounskeesen dierfte bezuelt ginn. Dat war mat Recht geschitt, dat huet den ADR och ënnerstëtzt, a genee déiselwecht Leit, déi wäerten awer haut bei dësem Projet hei matstëmmen, dass de Renteklau an de Pensiounskeese weidergeet. Do muss ee sech mol Gedanke maachen iwwert déi Kursännerung a mat wat fir engen Argumenter dass se heihinner kommen an elo da vertrieden, dass awer Suen aus de Pensiounskeese kënnen erausgeholl gi fir weider Beschäftegungsmesuren ze huelen. An dat, soen ech lech, muss ophéieren. A mir wäerten och alles dofir maachen, dass dat ophéiert.

Dofir wëll ech och nach en Amendement hei areechen, wat den Artikel I, Punkt 10 esou ausriicht, dass d'Indemnité d'attente aus dem Fonds pour l'Emploi bezuelt gëtt, fir deene Leit, déi bei der Mammerent gemengt hunn, se missten d'Pensiounskeese schützen, hei nach eng Chance ze ginn, fir hir Meenung ze änneren, an och matzehëllefen d'Pensiounskeesen ze schütze virun deem Renteklau hei.

Här President, ech ginn d'Gefill net lass, datt beim Aféiere vun der Indemnité d'attente eng gewëssen Hannerlëschtegkeet matspillt. Engersäits tauchen déi Betraffen net méi an de Chômagestatistiken op, sinn awer Chômeuren, well se dem Aarbechtsmaart mussen zur Verfügung stoen. Et sinn awer och keng Invaliderentner, well se jo disponibel musse bleiwe fir den Aarbechtsmaart, och wann duerch d'Ausbezuele vun der Indemnité d'attente duerch d'Pensiounskeesen eppes anescht soll vermëttelt ginn.

De But ass also sécherlech, datt mer vis-à-vis vun auswäerts erëm solle propper do stoen. Mer hu manner Chômeuren a mer hu manner Invaliderentner, an dat laangfristeg gesinn. Well déi Leit, déi zum Beispill am Alter vu 45 Joer an déi Prozedur do erafalen, kréie schwéier nach eng Chance. Déi bleiwen also an der Procédure d'attente, well keng Limite festgesat ass, wéi laang een an der Procédure d'attente duerf bleiwen. Dat feelt hei an dësem Gesetz, respektiv wéi laang dass een Urecht huet op déi definitiv Invaliderent, wann de Stat net capabel ass eng Aarbechtsplaz ze vermëttelen.

Ech emfannen et als aarmséileg wann eng Regierung muss Statistiken op déi Aart a Weis manipuléieren, fir no bausse schéin do ze stoen.

A wann eng Gesellschaft hir krank Leit, déi hiert Liewe laang geschafft hunn, nach mat aarmséilege Mesuren dirängele muss, anstatt hinnen dat zouzegestoe wat hinne mënschlech misst zoukommen, nämlech eng Invaliderent.

Här President, beim Gesetz vum 25. am Broochmount 2002 hat ech schonn eng Rei Bedenken erabruecht, ënner anerem déi, déi ech elo grad zitéiert hunn. Ech hat och op eng Rei negativ Konsequenzen higewisen, déi dat Gesetz kënnt mat sech bréngen an déi och agetraff sinn.

Dëse Projet huet de Mérite, datt e versicht dës negativ Aspekter aus der Welt ze schafen. Leider hält d'Regierung awer un enger Rei vun negative Mesurë fest, an zwar d'Weiderféiere vum Renteklau duerch d'Bezuele vun der Indemnité d'attente duerch d'Pensiounskeesen.

Den ADR begréisst déi positiv Aspekter, déi dëst Gesetz mat sech bréngt. Mir félicitéieren och déi, déi während zeg Sëtzungen an der Kommissioun eng Sisyphusaarbecht geleescht hunn, fir hei ee Schratt virunzekommen, fir dëst Gesetz am Interesse vun de kranke Leit zumindest ze redigéieren.

Mir condamnéieren awer d'Majoritéit an dëser Regierung, well se de Renteklau zu hirem alldeeglechen Hobby mécht an och weider mécht. Mir wäerten op jidde Fall dat doten net mat akzeptéieren an och iwwerhaapt net méi akzeptéieren.

Wéi gesot, dëst Gesetz huet gutt Aspekter, mä duerch deen doranner integréierte Renteklau kënne mer et net a senger Integralitéit guttheeschen. Mir wäerten eis enthalen, sollt eisen Amendementer keng Rechnung gedroe ginn.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo de Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Merci virun allem dem Rapporteur an dem Gros vun de Kolleegen, déi de Mëtten intervenéiert sinn, fir déi gutt Duerstellung vun der Problematik.

Op déi Kolleegen, déi ech an dat Luef net mat aschléissen, wäert ech nach zréckkommen. Well et muss ee bei deem heite Gesetz wéi bei aneren sech derfir décidéieren, ob een derfir oder dergéint ass. Et kann een net ëmmer positiv Elementer eraushiewen an da seng Ënnerschrëft hallefhäerzeg drënner setzen an dann herno behaapten, wann de Wiederhinnchen sech eng Kéier gedréint huet, dass een awer net esou richteg domat d'accord ass. Déi, déi betraff sinn, déi wäerte wëssen, wat ech domat mengen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen dass dat heite Gesetz d'Resultat ass vun engem gudden Teamwork. Et sinn zwou Regierunge bedeelegt, et sinn zwee Ministere bedeelegt, et sinn d'Sozialpartnere bedeelegt, déi mat positiv a konstruktiv dru geschafft hunn. Et sinn an der jëtzeger Regierung zwee Ministeren, déi un deem Projet konstruktiv matgeschafft hunn. Mäi Kolleeg den Aarbechtsminister François Biltgen, deen elo just erakomm ass, an de Sozialminister, deen ech sinn. Et sinn eng Rei vu Verwaltungen, déi hiert Bescht gemaach hunn, fir dass dat Gesetz hei d'Waasser hält an d'Riicht behält. Et ass d'Administration de l'Emploi, et ass d'Santé au travail, et ass de Contrôle médical, et ass de Ministère de la Sécurité sociale mat der IGSS, an net ze vergiessen och d'Betriber, déi mer brauchen an der praktescher Applikatioun vun dësem Projet.

De Projet ass e bësse simplistesch duergestallt ginn als Reaktioun op d'Krankekeesendefiziter. Dat ass een Element vum Projet, mä sécher nëmmen een. Richteg ass, datt mat dësem Gesetz Laangzäit-Krankmeldunge méi nuancéiert behandelt ginn an d'Leit, déi betraff sinn, besser guidéiert ginn.

Et muss een awer kloer soen, dass d'Haaptzil vun dësem Projet dat ass, fir dee Projet vun 2002 iwwert d'Réinsertion professionnelle an d'Invaliditéit weider ze verbesseren, fir den Instrumentarium ze affinéieren, fir d'Prise en charge vun de Salariéen un déi jeeweileg Situatioun vun de Salariéë beschtméiglech ze adaptéieren an dozou bäizedroen, dass déi eenzel Rieder optimal anenee gräifen. Fir dass deen, dee krank ass, säi Recht op d'Kranksinn behält. Fir dass deen, deen net méi à même ass fir déi lescht Aarbechtsplaz ze assuméieren, awer duerchaus nach ka weider schaffen; weider däerf schaffen op enger adaptéierter Aarbechtsplaz, fir dass deen, deen invalid ass, seng Invaliderent kritt.

Well et ass net esou, dass een engem e Gefale mécht, doduerch dass een engem d'Recht refuséiert op senger Aarbechtsplaz nach kënnen ze sinn an en an eng Invaliditéit guidéiert. Mä deen, deen also duerchaus bereet ass nach ze schaffen deem säi Recht kann erhale bleiwen. Dat heescht also e Perfectionnement vun dem Instrumentarium, dat mer 2002 geschafen hunn duerch déi gutt Reform vun der Incapacité professionnelle an der Réinsertion professionnelle.

Mir hu festgestallt bei där gudder Ausriichtung vun deem Gesetz, dass et op eenzelne Plaze geklemmt huet. Fir dat mol esou salopp auszedrécken, dass et zu Staue komm ass, dass iwwerlaang Prozeduren doduerjer entstan sinn, dass ee fir de Reclassement huet fir d'éischt missen duerch d'Prozedur vun der Invaliditéit goen, an dass een huet eng Invaliditéit misse refuséiert kréie fir éligibel ze gi fir e Reclassement professionnel, entweder intern an deem beschte Fall, oder extern.

Et huet een och festgestallt, dass bei dem Projet, dee mer 2002 gestëmmt hunn, eng Rei vun Onkloerheeten do waren. Ech huelen eng eraus: Wann ee keen Aarbechtskontrakt méi hat, bei wat fir een aarbechtsmedezinesche Service ass een dann higaangen? Dat war en Hin an Hier, wou eng Rei vun Demandë stieche bliwwe sinn, a wou mer probéiert hu praktesch Solutiounen ze fannen an enger Iwwergangsphas a wou mer d'Regelung elo definitiv an dësem Projet wäerte fannen.

Dat heescht also deen heite Projet ass un éischter Stell geduecht, fir

d'Protektioun vum Salarié, fir d'Prise en charge vum Salarié an deene verschiddenste Situatiounen ze optimiséieren. Als Nieweprodukt, wann dat heite richteg gräift, gëtt et och eng Entlaaschtung vun de Krankekeesen.

Et ass awer net esou, dass et neutral gëtt, well déi, déi een net méi bei de Krankekeesen erëmfënnt, déi fënnt een an anere Beräicher. Am beschte Fall, wann ee seng Aarbecht viru ka maachen, dann ass een an engem Aarbechtsverhältnis an et gëtt ee fir seng Aarbecht bezuelt. Wann et nëmmen nach deelweis de Fall ass, da kritt een en Deel Loun weider an et kritt een eng Indemnité compensatoire, déi och bezuelt muss ginn. A wann et net esou gutt geet, da kënnt een iwwergangsméisseg awer ofgesëchert am Chômage, ageschriwwen am Chômage, an net friséiert an de Chômagestatistiken, offiziell also als Demandeur d'emploi, oder et kënnt een an d'Invaliditéit eran. An dann ass et och net esou, dass een an allen Hisiichte spuert, mä et ass dann eng Verlagerung vun den Ausgaben.

Et huet awer den Avantage, dass de Salarié op där Plaz ass, wou en higehéiert, well et soll een net unhuelen, dass een engem Salarié e Gefale géif maachen, wann een e falsch guidéiert oder iwwer Méint am Krankeschäin hält, wann een net krank ass, mä eng reduzéiert Aarbechtscapacitéit huet.

Een, dee wëllt weider schaffen an deen eigentlech incitéiert gëtt fir weider krankgeschriwwen ze ginn, well et keng aner Filière gëtt, deem ass kee Gefale gemaach. Een an d'Invaliditéit ze schécken, deen awer duerchaus e Reschtpotenzial huet, a wann et nëmme 25% sinn, wat jo de Minimum ass, wat an dësem Gesetz elo virgeschriwwen ass - iwwregens eng Verbesserung zu deem, wat mer fréier haten, bis elo war 50% de Maximum, wou ee konnt fräigestallt ginn, elo sinn et am Ausnahmefall 75 -, deen also eng Reschtkapazitéit vu 25% huet a weider wëllt schaffe goen, deem soll een dat erlaben, well et ass him kee Gefale gemaach, wann en 10, 15, 20 Joer, wann e wëllt schaffen, net méi däerf schaffen. Dat ass also ee vun deene wesentlechen Elementer vun dësem Projet.

Ech mengen, et ass virdru richteg ënnerstrach ginn, dass et keen einfache Projet war, dass et och e Projet war, deen zesumme mat deem vum Dezember 2004 enk verbonne ginn ass, an dass et méi animéiert Diskussioune bei deem vun 2004 gi sinn. Ech kann lech awer soen, dass ech als deemools nach neie Minister schnell bäigeléiert hunn an deenen Diskussiounen, déi ech mat de Sozialpartner ze féieren hat. Et ass nach ni e Meeschter vum Himmel gefall. Och do, mengen ech, waren déi Diskussiounen, déi mer am Dezember haten, ganz positiv, well do Problemer eraus isoléiert gi sinn a mer an deenen Diskussiounen, déi mer an deene Méint duerno gefouert hunn, eng ganz Rei vun deene Problemer, déi mer eraus isoléiert haten, elo zum gudden Deel konnte léisen an der Diskussioun, am Konsens an an der Meenung, dass mer e gudden Text hei gemaach hunn.

En Text ass ëmmer perfektibel, an och Ministere sinn ëmmer perfektibel. Dat ass awer net weider schlëmm, wa se bereet sinn ze léieren. Ech mengen, mir hunn deemools kloer gemaach, dass déi zwee Projeten zesummegehéieren an dass deen een de Relais vun deem anere soll iwwerhuelen.

Mir haten eis deemools verflicht, dass mer de Projet géifen den 1. Mee a Kraaft setzen. An deenen Diskussiounen, déi mer haten, huet sech erwisen, dass mer de Choix haten, entweder den Délai vum 1. Mee ze respektéieren oder d'Gesetz weider ze perfektionéieren. Mir hunn eis fir de Perfektionnement vum Gesetz entscheet an dat ëmsou méi liicht, well et kee Problem ass, well dat viregt Gesetz vun dem Dezember 2004 eréischt voll effektiv gëtt ab Juli, an doduerch och keng Period vun Ënnercouverture entstanen ass.

Et ass virdrun drop higewise ginn, wat déi wesentlech Verbesserunge vum Projet sinn. Ech wëll just op eng Rei vu Saachen insistéieren, déi awer extrem wichteg sinn. Den direkte Wee, deen elo méiglech ass fir an de Reclassement eranzegoen, an den Détour, dee verhënnert gëtt iwwert d'Invaliditéit, ass ee vun de wesentleche Punkte vun dësem Gesetz.

Et gëtt den direkte Wee iwwert de Contrôle médical, d'Commission mixte, Aarbechtsmedeziner geholl fir kënnen e Reclassement ze maachen. Dat ass gutt, well ech hu selwer eenzel Fäll erlieft vu Leit, déi eigentlech e Reclassement wollte kréien, dunn eng Invaliditéit ugefrot hunn, d'Invaliditéit refuséiert kritt hunn an net parallell matgedeelt kritt hunn, dass se dann eng weider Prozedur misste maachen, an dat war relativ schwéier verständlech fir déi Leit. An ech mengen, et war och net dee richtege Wee. Deen hei méi direkte Wee ass ganz wichteg.

Mir wëllen also d'Prozedure verkierzen. Wa mer d'Prozedure wëlle verkierzen, musse mer och deenen Administratiounen, déi dat musse géréieren, dat Personal ginn, dat se brauchen. Dofir ass virgesinn, dass d'ADEM, déi fir d'Commission mixte eng Rei vun Aarbechte mécht, verstäerkt gëtt. Dat ass sécher dee richtege Wee. Mir sinn och mat der Demande konfrontéiert vun den Aarbechtsgeriichter, déi kënnen an deenen heiten Diskussioune mat ageschalt ginn, dass déi och gläichzäiteg verstäerkt ginn, mä dat ass da fir mar.

Ganz vill ass am Rahme vum Perfektionnement vum Instrumentarium diskutéiert ginn iwwer méiglech Härtefäll, déi weiderbestinn. Et ass duerchaus méiglech, dass bei Gesetzer Härtefäll entstinn. Mä an dem jëtzege Stadium, fir all eenzelnen Härtefall ze diskutéieren an ze isoléieren, ze identifizéieren an en dann an d'Gesetz eranzesetzen, dat ass ein Ding der Unmöglichkeit. Et war kee vun eis a même fir all déi méiglech Cas-de-figuren opzezeechnen, déi sech kéinte presentéieren.

Duerfir si mer eis eens ginn iwwer eng Regelung, déi an eisen Aen am Moment déi bescht ass. Dat ass, dass mer d'Härtefällregelungen, soufern se am Geescht vum Gesetz sinn, de Statute vun de Krankekeesen iwwerloossen, de Statute vun de Keesen, woumat mer, mengen ech, och eppes Rechnung droen, wat d'Sozialpartner ëmmer gefuerdert hunn.

Ech wëll dat just eng Kéier an Erënnerung ruffen. D'Sozialpartner hunn ëmmer insistéiert, dass se eng gewësse Flexibilitéit behalen an dass se méi staark hir Responsabilitéit kënne bei der Diskussioun iwwert d'Statuten iwwerhuelen. Mir mengen, dass dat eng gutt Approche ass an dass de Législateur net all eenzel Fall ka regelen, mä dass d'Sozialpartner vläicht besser placéiert sinn, fir dat ze maachen. Mir si wierklech fundamental iwwerzeegt, dass dat doten dee richtege Wee ass an ech sécheren hei och de Sozialpartner, wa se op esou Fäll treffen, déi noutwendeg Ënnerstëtzung zou, da wann d'Regierung kann ënnerstëtzend matwierken.

Dass mer och de Relais huele beim Retrait vun der Invalidité provisoire, ass ganz wichteg, well do sinn heiansdo schlëmm Härtefäll entstan, déi keng Ofsécherung méi haten. Wichteg ass, dass mer, wa fréizäiteg no der 26. Woch en Aarbechtsvertrag gekënnegt gëtt während der Krankheet, och do kënnen de Relais huelen. Wichteg ass - an ech mengen dat gëtt vun deenen, déi ze vill liicht Skandal jäizen a gläichzäiteg awer soen, et wär e gutt Gesetz, heiansdo vergiess -, dass mer an deem heite Gesetz virgesinn hunn, fir de Revenu beim Reclassement dynamesch ze halen, doduerch dass mer déi Rémunération de base ajustéieren an dass mer se indexéieren, wat mengen ech immens wichteg ass.

Dann hu mer eis och - an dat geet elo net esou direkt aus dem Gesetzestext ervir - ëm de Fonctionnement vun der Commission mixte gekëmmert, wat e wesentlecht Element ass, an ech menge wann déi Commission mixte gutt funktionéiert, dann ass dat hei eng ganz grouss Tromp fir d'Applikatioun vun dësem Gesetz.

Wann ech elo kucke wat am leschte Joer erauskomm ass vu Reclassementer, da muss ech soen, dass d'Kommissioun vill besser geschafft huet wéi dat heiansdo d'Impressioun konnt sinn, well, am Joer 2004 hunn insgesamt 1.000 Leit, eppes iwwer 1.000 Leit, vum Reclassement externe an interne profitéiert. 1.000 Leit an engem Joer, déi vun där heiter Prozedur profitéiert hunn, dat sinn 1.000 Leit, déi soss entweder an der Krankheet hänke bliwwe wären oder an d'Invaliditéit guidéiert gi wären, oder awer iwwerhaapt näischt gehat hätten an an eent vun deene berühmte Lächer an eisem Sozialnetz eragefall wären. Dat muss een sech awer eng Kéier virhalen, dat si ganz vill Leit, déi vun - an eisen Aen - engem gudde Gesetz profitéieren.

An den Interventioune vun de Kolleegen hei bei der Diskussioun vun dësem Gesetz sinn eng Rei vu Saachen, wou ech ganz kuerz wëll drop agoen. Ganz kloer ass d'Bilanzéierung no zwee Joer, an de Carlo Wagner huet et gesot. Bei där leschte Kéier hu mer et an deem Rhythmus gemaach a mir hu festgestallt, dass och bei engem gudde Gesetz, wéi dat och deemols schonn an der Diskussioun gesot ginn ass, eng Rei vu Schéinheetsfeeler bestinn, déi een awer eréischt da gesäit, wann et an der Praxis applizéiert gëtt.

Hei zéie mer elo no, an et wäert och doudsécher net déi leschte Kéier sinn, wou mer Adaptatioune musse maachen. Dass mer déi eenzel Elementer am A musse behalen, wéi se sech an der Praxis auswierken, wéi d'Martine Stein-Mergen gesot huet, ass eng Selbstverständlechkeet.

Zu deenen Explikatiounen, déi de Carlo Wagner ginn huet, dass mer Diskussiounen iwwer eenzel Elementer haten, wou eis vläicht Nuancë getrennt hunn, ob ee sech op d'Säit vun deem engen oder op d'Säit vun deem anere bei méiglechen Abusë stellt, dat ass eng Affaire d'appréciation. Mir hu gemengt, dass mer richteg gedoen hätte bei der Klausel fir d'Entloossung wéinst Faute grave, dass mer eis op d'Säit vun deem Schwächere stellen. Dat ass eng éischter hypotheetesch Diskussioun, déi mer gefouert hunn, mä bon, et konnt een esou oder esou décidéieren. Mir hunn an dësem Fall fir de Salarié décidéiert.

Dem Jean Huss seng Iwwerleeungen zu de Problemer wéi se sech a Saache Gesondheet, Sécherheet op der Aarbechtsplaz stellen, kann ech ënnerschreiwen, an ech mengen et ass och net fir näischt, dass den Aarbechtsminister an de Gesondheetsminister amgaang sinn, e kohärent Konzept ze entwéckelen, fir d'Sécherheet, fir d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz. Dass se dat awer net eleng maachen, mä dass se dat am Teamwork maache mat de Betriber, wou sech och an der Zwëschenzäit d'Iwwerzeegung duerchgesat huet, dass, wann een an d'Sécherheet an an d'Gesondheet investéiert, dat och gutt a positiv Retombéeë fir de Betrib huet.

Esou kann een sech zum Beispill op eng gutt Aart a Weis mat dem Problem Krankheet an den Ursaache vun der Krankheet ausenaner setzen, wann een an de Betriber eng eege Kultur, sief dat eng Sécherheetskultur, sief dat eng Gesondheetskultur, sief dat och eng Solidaritéit kann entwéckelen, ee vis-à-vis vun deem aneren, a wann deen een op deen anere kann agoen, ouni dass een ëmmer muss mam béise Fanger een op deen anere weisen, dann ass dat gutt! Do ass e ganze Koup ze maachen.

Eist Gesetz iwwert d'Invaliditéit, iwwert d'Réinsertion professionnelle, ass d'Reaktioun op bestehend Problemer an de Betriber. Et ass also eng Reaktioun. Eng Aktioun fir déi Problemer ze verhënneren, déi herno zu engem Reclassement musse féieren, ass gradsou sënnvoll. Aarbechtsaccidenter, déi ee verhënnert, oder Krankheetsfäll, déi ee verhënnert, déi évitéieren herno och, dass ee muss a Reclassementer oder an d'Invaliditéit eragoen, an do gi mer eis Méi fir dat ze maachen.

Ee Wuert just zu den Interventioune vum honorabelen Aly Jaerling. Ech hunn d'Impressioun wéi wann e schrecklech gedeelt ass. Hie seet, de Projet ass gutt, mä gläichzäiteg awer jäizt e Skandal. An dat ass eppes wat net…

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Hien ass e Massendénger.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Eben.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass wéi mat der Europäescher Verfassung!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Majo, et ass dat wat ech am Ufank gesot hunn…

**Une voix**.- Ëmmer op déi Kleng!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dat ass dat wat ech am Ufank gesot hunn, Här Gira. Wann ee seng Ënnerschrëft ënner en Text setzt an dann awer seet, et wär just gewiescht fir ze weisen, dass een do war, bon, dann ass dat eng nei Interpretatioun, déi vläicht Schoul mécht, mä ech weess awer net, an ech hu bis elo nach kee begéint, dee mer gesot hätt, dass en déi Seeche gleeft …

***(Interruption)***

Ech hu just op eng Zwëschebemierkung vum Här Gira reagéiert.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Loosst lech net hei duerchernee bréngen!

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Ech wéisst gären, ob Der géift…

***(Interruption)***

Jo, loosst den Här Minister elo schwätzen, an ech wëll de Minister froen, ob en eng Zwëschefro vum Här Jaerling zouléisst.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Selbstverständlech.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här Minister, wëllt Der domadder soen, dass Der mir elo wëllt d'Recht ofspriechen, hei meng Meenung ze soen? Ech hunn hei ganz kloer…

**Plusieurs voix**.- Ooohhh!

**M. le Président**.- Jo, Dir hutt eng Fro gestallt, Här Jaerling, den Här Minister äntwert lech elo drop. Här Minister!

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Jo, ech hunn hei ganz kloer meng Meenung virbruecht, an ech hu ganz kloer déi Artikelen zitéiert, wou ech net domat d'accord sinn, a fir de Rescht vum Gesetz wëll ech lech dann awer och emol soen, dass net Dir eleng oder Dir als zwee Ministere maassgebend dru bedeelegt waart, fir dat Gesetz do ze änneren, an da kënnt Der den Här Biltgen froen, mä dass ech lech och eng Rei Elementer bruecht hunn,…

**Plusieurs voix**.- Ooohhh!

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- …fir lech ze weisen, wéi schlecht dass dat Gesetz an der Praxis funktionéiert. Da sot dat wann ech gelift och éierlechkeetshalber hei.

**M. le Président**.- Här Jaerling, wéi war dann elo Är Fro?

***(Hilarité)***

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Hien hat déi als éischt gestallt.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Ech hu meng Fro fir d'éischt gestallt. De Minister huet d'Fro verstan…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Här Minister, fuert virun a schléisst of, well Är Zäit ass ofgelaf.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Selbstverständlech.

***(Interruption)***

Ech hu laang dorop gewaart, dass Der mer dat géift soen, Här President, mä op déi konkret Fro vum Här Jaerling, ob hien eng eege Meenung däerf hunn, soen ech: Jo! Ech soen awer gradsou, dass dat net meng Meenung ass, an och net d'Meenung vu ville Leit an dëser Chamber.

Zu der Motioun vum Här Jaerling wëll ech soen, dass d'Regierung déi net akzeptéiert, well mer e gudden Deel dovu souwisou maachen, an en aneren Deel net realiséierbar ass.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Dat ass dach net wouer!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Zu den Amendementen huet d'Regierung hir Meenung an der Kommissioun gesot, an der Kommissioun ass doriwwer ofgestëmmt ginn. D'Regierung gesäit kee Grond fir vun hirer Meenung ofzewäichen.

Als Konklusioun, Här President, wëll ech nach eng Kéier insistéieren, dass mer mat dësem Projet, grad ewéi mat sengem Virgänger an och mam Projet vum Dezember 2004, nei Weeër ginn, nei Prozeduren aleeden, nei Gewunnechte schafen, déi heiansdo e bësse méi schwiereg si fir ze realiséieren. Dofir brauche mer de gudde Wëlle vun alle Partner, fir déi nei Prozeduren an déi nei Weeër ze beschreiden. Et si Prozeduren, déi sollen dozou bäidroen, dass jiddfereen, deen an enger spezieller Situatioun, ob dat Krankheet, Invaliditéit, Deelinvaliditéit ass, op déi Plaz kënnt, wou en higehéiert, an net dass mer an eng Richtung ginn, wou mer mengen, dass mer Leit misste Gefale maachen, wat awer a Wierklechkeet kee Gefalen ass.

Mir mengen, dass déi Instrumenter am Beräich vun der Sécurité sociale elo weider ausgebaut ginn, an dass mer och vill méi Flexibilitéit hunn, dass mer Leit dohi kënne féieren, wou se higehéieren. Ech wëll jiddferengem Merci soen, dee konstruktiv hei matdiskutéiert huet, an ech wëll jiddfereen invitéieren, fir konstruktiv matzeschaffen, fir dass dëse Projet zu engem Erfolleg gëtt.

Villmools Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Den Här Jaerling huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot.

***(Brouhaha général)***

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Ma ech ginn lech esou laang op d'Nerve bis Der bekäppt, wat ech mengen.

***(Hilarité)***

Här President, ech wëll awer elo eppes kloerstelle wat den Här Minister hei gesot huet, dee gesot huet, d'Regierung géif déi Motioun net unhuelen, well si dat souwisou géif maache wat hei drasteet.

Här Minister, hei sot Der net d'Wourecht!

Hei sot Der net d'Wourecht, well déi meescht Leit, déi hei am Fall sinn, kréien ee Bréif vun lech geschriwwe vum Ministère du Travail, dass se keen Urecht op d'Indemnité de réemploi ginn hunn, well se net ënnert d'Dispositioune vun deem Gesetz falen.

Kommt also net elo heihinner a maacht, wéi wann Der géift eppes fir déi Leit maachen. Dir maacht guer näischt!

An déi Motioun hei, déi huet hir Berechtegung, an ech géif lech dann emol biede mir déi Fäll ze weisen, wou Dir Leit eng Indemnité de réemploi ginn hutt, opgrond vun der Indemnité.

Et deet mer awer elo Leed, Här Minister, also lo sidd Der heihinner komm, elo hutt Der net d'Wourecht gesot, an dat geet awer net. Dat geet awer net! Dir kënnt hei net Geschichten erziele kommen.

Ech kennen d'Praxis. Et wär mol vläicht net schlecht, wann Der eng Kéier géift an d'Praxis kucke goen.

**M. le Président**.- Här Jaerling, emportéiert lech elo net.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Also ech wëll, Här President, just mat dem Sprachwuert äntweren, dass «tout ce qui est excessif est insignifiant».

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer selbstverständlech, an dat ass de Principal vun dëser Motioun, derfir suergen, dass d'internt Reclassement net een Instrument gëtt, wat zu automateschem Loundumping féiert. Ech wëll drop insistéieren, dass domat e gudden Deel vun der Motioun vun der Regierung souwisou an der Praxis respektéiert gëtt an dass se dofir sans objet ass.

Merci.

**M. le Président**.- Dir mengt also, wann ech lech richteg verstinn, se wär superfétatoire.

***(Brouhaha général)***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir dréckt lech e bësse méi kompliziéiert aus, an dat ass an dësen Zäiten net esou gutt.

***(Interruption)***

**M. le Président**.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zu den Ofstëmmungen. Mir stëmme fir d'éischt iwwert d'Amendementen of, déi den Här Jaerling abruecht huet.

***Amendement 1***

Fir d'éischt den Amendement Nummer 1, wou et ëm den Artikel I, Punkt 1 vum zweetleschte Paragraph geet.

***Vote***

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 48 Nee-Stëmme géint 12 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Fernand Diederich), Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Marc Angel), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par Mme Lydia Mutsch) et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner.*

***Amendement 2***

Dann den Amendement Nummer 2, wou et ëm den Artikel 1, Punkt 10 geet.

***Vote***

Den Amendement 2 ass ofgelehnt mat 53 Nee-Stëmme géint 5 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Marc Angel), Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Alex Bodry), Jos Scheuer et Romain Schneider;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Mir kommen dann zum Vote iwwert de ganze Projet de loi 5334.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5334 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein (par M. Fernand Diederich), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Alex Bodry), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par Mme Lydie Err) et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

**Chambre des Députés**

**Compte rendu officiel**

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
**Chamber TV**
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Motioun, déi den Här Jaerling agereecht huet.

***Motion 1***

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

***(Négation)***

De Vote électronique ass verlaangt.

***Vote***

Dem honorabelen Här Jaerling seng Motioun ass ofgelehnt mat 54 Nee-Stëmme bei 5 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. John Castegnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm.

***(Brouhaha général)***

Wann Der nogelauschtert hätt am Ufank vun der Sitzung, wou mer den Ordre du jour festgeluecht hunn, do hu mer décidéiert, datt déi Motioun mar de Mëtteg am Ufank vun der Sitzung drukënnt an net haut. Voilà.

***(Interruptions)***

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.10 heures)***

## Sommaire des séances publiques


Communications pages 376-377

Ordre du jour et dépôt d'une motion page 377

Dépôt d'une proposition de loi page 377

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°43 du 31 mai 2005 de Madame Marie-Josée Frank relative au remboursement par les caisses de maladie des substituts nicotiniques et du bupropion utilisés dans le cadre du sevrage tabagique, adressée au Ministre de la Santé pages 377-378

- Question N°44 du 31 mai 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à la création d'un statut pour les «assistants éducatifs à domicile», adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration page 378

- Question N°45 du 30 mai 2005 de Monsieur Marc Angel relative aux domiciliations de secours, adressée au Ministre de la Famille et de l'Intégration page 378

- Question N°47 du 31 mai 2005 de Madame Lydia Mutsch relative aux mesures décidées dans le cadre de l'assemblée générale de l'UCM en novembre 2004, adressée au Ministre de la Sécurité sociale pages 378-379

- Question N°46 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative aux «enseignants vacataires» décrits dans l'article 39 de la loi du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg, adressée au Ministre de l'Égalité des chances page 379

- Question N°48 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative au paiement des indemnités auprès du Centre national de formation professionnelle continue, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi pages 379-380

- Question N°50 du 31 mai 2005 de Monsieur Aly Jaerling relative à l'indemnité de réemploi, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi page 380

- Question N°49 du 30 mai 2005 de Madame Viviane Loschetter relative à la proposition de directive concernant l'aménagement du temps de travail, adressée au Ministre du Travail et de l'Emploi pages 380-381

Motion de Madame Anne Brasseur relative aux devoirs à domicile pages 381-383

5472 - Projet de loi portant

1. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est des Antilles Néerlandaises des 13 mai 2004 et 27 août 2004;

2. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas pour ce qui est d'Aruba des 13 mai 2004 et 9 novembre 2004;

3. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

4. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

5. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Ile de Man des 13 mai 2004 et 19 novembre 2004;

6. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Turks et Caïcos des 23 novembre 2004 et 1er avril 2005;

7. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et Anguilla des 23 novembre 2004 et 21 janvier 2005;

8. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Cayman des 23 novembre 2004 et 31 mars 2005;

9. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et le territoire d'outre-mer du Royaume-Uni, Montserrat des 23 novembre 2004 et 7 avril 2005;

10. approbation de l'Accord sous forme d'échange de lettres relatif à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Iles Vierges Britanniques des 23 novembre 2004 et 11 avril 2005;

11. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu pages 383-384

Débat de consultation sur l'évolution du chômage au Luxembourg pages 384-398

5275 - Projet de loi portant

a) fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

c) modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;

d) abrogation de la loi du 25 août 1971 portant création de la fonction de professeur de sciences économiques et sociales aux établissements d'enseignement secondaire;

e) modification de la loi du 22 juin 1989 portant modification de la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement;

f) modification de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

g) modification de la loi du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

h) modification de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail pages 399-402

Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2003 - N°5470 pages 402-403

Présentation d'une liste de trois candidats pour le poste de Président de la Cour des Comptes page 403

Nomination d'un réviseur d'entreprises pour l'Entreprise des Postes et des Télécommunications page 403

Demandes en naturalisation pages 403-404

Question urgente N°463 de M. Aly Jaerling relative à la fermeture du département «Anesthésie-Réanimation» de la Clinique Sainte Marie à Esch-sur-Alzette page 404

Débat d'orientation sur la revalorisation des friches industrielles de la région Sud pages 404-416

Communications page 416

5480 - Proposition de loi de Monsieur Ben Fayot portant modification

a) de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif et modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

b) de la loi modifiée du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectifs

(Déclaration de recevabilité) page 416

Ordre du jour et dépôt d'une résolution par M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution sur l'Europe page 416

Résolution de M. Ben Fayot sur la décision de ne procéder à un second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe pages 416-418

5454 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire pages 418-422

5416 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine en vue de l'exemption réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune dans le domaine de l'exploitation d'aéronefs en trafic international, signée à Luxembourg, le 24 juin 2004 page 423

5334 - Projet de loi modifiant

1. la loi du 25 juillet 2002 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle

2. le Code des assurances sociales

3. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

4. la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'emploi

5. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds de chômage; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet

6. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs pages 423-430

## Sommaire des questions parlementaires



| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 0381 cf. 0382 | M. Xavier Bettel | Effectifs des brigades motorisées de l'Administration des Douanes et Accises |
| 0382 cf. 0381 | M. Xavier Bettel | Implantation d'un bureau de recette D de l'Administration des Douanes et Accises au sein de la station de contrôle technique de Sandweiler |
| 0396 | M. Robert Mehlen | Vacances scolaires |
| 0397 | Mme Colette Flesch | Pérennisation du compromis d'août 2003 au sein de l'Organisation Mondiale du Commerce sur l'accès des pays pauvres aux médicaments génériques |
| 0399 | M. Robert Mehlen | Auberge de la jeunesse à Grevenmacher |
| 0400 | M. Marcel Oberweis et M. Lucien Thiel | Ancienne décharge industrielle à Dommeldange |
| 0401 | M. Xavier Bettel | Admissibilité aux examens dans les carrières de l'inspecteur et du brigadier policier |
| 0402 | M. Aly Jaerling | Prime d'apprentissage |
| 0405 | M. Claude Adam | Signature d'un contrat de coopération entre le Centre de Logopédie et l'Université de Cologne |
| 0413 | M. Xavier Bettel | Avis du Comité consultatif des Droits de l'Homme relatif à la procédure d'asile |
| 0415 | M. Carlo Wagner | Administrateur délégué de l'Entente touristique de la Moselle luxembourgeoise a.s.b.l. |
| 0416 | Mme Françoise Hetto-Gaasch | Formation des enseignants de l'enseignement préscolaire et primaire |



**Question 0381** (29.3.2005) de **M. Xavier Bettel** *(DP)* concernant les **effectifs des brigades motorisées de l'Administration des Douanes et Accises:**

Il me revient que les brigades motorisées de l'Administration des Douanes et Accises comptent actuellement un effectif de 55 agents. Par la loi du 27 juillet 1993 de nouvelles compétences ont été conférées à l'Administration des Douanes et Accises. À l'époque il a été préconisé de créer onze brigades, chaque brigade comptant neuf agents.

Cependant, ces brigades totalisent aujourd'hui qu'un effectif de 55 agents au lieu de 99 agents. Il semblerait que l'effectif actuel ne permettrait pas aux brigades motorisées de remplir leurs missions de façon adéquate.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Finances:

- Est-ce que Monsieur le Ministre a connaissance des faits relatés ci-dessus?
- Est-ce que Monsieur le Ministre peut me dire comment il entend remédier à la situation?

**Question 0382** (29.3.2005) de **M. Xavier Bettel** *(DP)* concernant l'**implantation d'un bureau de recette D de l'Administration des Douanes et Accises au sein de la station de contrôle technique de Sandweiler:**

À une question parlementaire du Député Gusty Graas datant du 3 février 2004 concernant l'implantation d'un bureau de recette D de l'Administration des Douanes et Accises au sein de la station de contrôle technique de Sandweiler (cf. compte rendu N°12/2003-2004 - question parlementaire N°2615), Monsieur le Ministre avait répondu qu'il avait chargé ses services à étudier cette question, ceci au regard, à la fois de la loi actuelle, en refonte, ainsi que des ressources humaines disponibles à court et moyen terme pour doter un tel bureau de façon adéquate. Par ailleurs, Monsieur le Ministre estimait également qu'une telle implantation devait être étudiée plus en avant au vu du nombre de voitures importées annuellement.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Finances:

- Est-ce que Monsieur le Ministre peut me dire si les études relatives à l'implantation d'un bureau de recette D au sein de la station de contrôle technique de Sandweiler ont abouti?
- Dans l'affirmative, est-ce que Monsieur le Ministre peut me renseigner sur les conclusions qui ont été tirées de ces études?

**Réponse** (13.5.2005) de **M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre des Finances:*

Les deux questions parlementaires de Monsieur le Député, tout en ne traitant que de certains aspects particuliers des missions de l'Administration des Douanes et Accises, ont cependant un lien direct avec l'organisation générale de cette administration. En effet, aussi bien la question de l'opportunité de l'installation d'un bureau douanier dans l'enceinte de la Station de contrôle à Sandweiler que celle de l'augmentation des effectifs des brigades motorisées doivent être analysées en relation avec l'effectif disponible au niveau de toute l'administration pour arriver à une définition des besoins prioritaires de l'administration.

Cette analyse se fait en pratique par la procédure dite «du numerus clausus» qui, annuellement, recense les besoins des administrations dans le cadre des dispositions prévues par la loi budgétaire en matière d'engagement de personnel. Je viens de transmettre les propositions de l'Administration des Douanes et Accises pour l'exercice 2006 à la Commission d'Économies et de Rationalisation, l'organe chargé d'émettre un avis à l'intention du Gouvernement sur les propositions introduites.

Je ne manquerai pas d'évoquer devant cette commission, dans le cadre de l'analyse des propositions introduites par les administrations dépendant du Ministère des Finances, dont l'Administration des Douanes et Accises, les sujets prémentionnés.

**Question 0396** (11.4.2005) de **M. Robert Mehlen** *(ADR)* concernant les **vacances scolaires:**

Am Ministerialreglement vum 5. Juli 2004 sinn d'Schoulvakanzen fir d'Jore 2004/2005, 2005/2006 an 2006/2007 festgeluecht. D'Ouschtervakanz 2005 fänkt deemno de Samschdeg, 26. Mäerz, un an dauert bis de Sonndeg, 10. Abrëll.

Dës Regelung gëtt awer scho laang net méi respektéiert, well déi lescht dräi Deeg vum Léierpersonal mat Sëtzunge vun de „Conseils de classe" verbruecht ginn. Wann een dann nach a Betruecht zitt, datt déi zwéin éischter Deeg vun där Woch meeschtens och net méi vill leeft, da ginn eleng op dës Manéier dräi Woche wäertvoll Schoulzäit verluer, ofgesinn vun deenen Ausfäll, déi ënner anerem duerch Schivakanzen an der Schoulzäit verursaacht ginn.

Well déi deemoleg Unterrechtsministesch mer op eng entsprechend Fro de 26. Januar 1998 eng onbefriddegend Äntwert ginn hat, wëll ech lech dozou folgend Froe stellen:

1. Fannt Dir net och, datt déi am Laf vun de Joren am sou genannten Interessi vun de Schüler ëmmer weider reduzéiert Schoulzäit net wéinstens misst voll ausgenotzt ginn, fir esou den zäitlechen Drock, deen op der Schoul laascht, ofzebauen?
2. Wann Dir dës Meenung deelt, sidd Dir bereet, entspriechend Mesuren ze ergräifen, a wa jo, wat fir eng?
3. Ass et, virum Hannergrond vun eise grousse Problemer am Enseignement, net un der Zäit, fir d'Zuel vun de Schoulstonnen, déi pro Schouljoer an deenen eenzelne Filière misste gehale ginn, reglementaresch festzeleeën, verbonne mat der Konditioun, datt net däerf un dëser Stonnenzuel gefréckelt ginn?

**Réponse** (9.5.2005) de **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:*

Zum Punkt 1:

Am Artikel 1 vum Règlement grand-ducal vum 30. Juli 2002 iwwert d'Promotioun vun de Schüler am Enseignement secondaire steet: «À la fin du premier et du deuxième trimestre, le conseil de classe se réunit pour délibérer sur la situation générale des classes ainsi que sur l'application et les progrès des élèves. Il arrête les observations et les recommandations qu'il y a lieu d'adresser à l'élève ainsi qu'à la personne qui a la charge de l'enfant.»

Den Artikel 4 vum Règlement grand-ducal vum 10. Juli 2003 iwwert d'Evaluatioun an d'Promotioun vun de Schüler am Cycle inférieur an am Régime préparatoire vum Enseignement secondaire technique souwéi iwwert d'Opnahmbedéngungen op d'Klasse vun deene verschiddene Regimer vum Cycle moyen seet:

«Le conseil de classe a les attributions suivantes:

À la fin des 1[er] et 2[e] trimestres, il délibère sur les progrès des élèves en matière de connaissances, leur attitude face au travail et leur comportement. Il décide des mesures appropriées. Il en informe les élèves et les parents;

à la fin du 3[e] trimestre il décide de la promotion des élèves;

en 9[e] à la fin du 3[e] trimestre, il émet pour chaque élève un avis d'orientation qui précise les formations qui correspondent aux capacités des élèves; (...)».

Den Artikel 3 vum Règlement grand-ducal vum 10. Juli 2003 iwwert d'Evaluatioun an d'Promotioun vun de Schüler am Cycle moyen a supérieur vum Régime technique a vum Régime vun der Formatioun vum Techniker vum Enseignement secondaire technique huet fir déi zwee éischt Punkte quasi deen nämlechte Wuertlaut.

A jiddferengem vun dësen Texter gëtt d'Wichtegkeet vum Conseil de classe fir d'Orientatioun an de Suivi vum Schüler beschriwwen. Et ass primordial, dass d'Enseignanten an d'Direktioun sech déi Zäit huelen, fir kënnen op all Schüler anzegoen, fir eventuell Problemer an Hëllefsmoossnamen ze beschwätzen a fir de Schüler an och seng Elteren en connaissance de cause bei der weiderer Orientatioun kënnen ze beroden.

Déi Texter soen och, dass de Conseil de classe um Enn vum Trimester zesummekënnt, net nom Enn vum Trimester.

D'Presenz vun all Titulaire am Conseil de classe ass net nëmmen erwënscht, mä si ass obligatoresch. Well d'Titulairen awer net zugläich Schoul halen an um Conseil de classe deelhuele kënnen, ass et organisatoresch net anescht méiglech wéi de Klasse während där Zäit fräizeginn.

Wat déi zwee lescht Schouldeeg vun all Trimester ugeet (méindes an dënschdes), insistéieren ech drop, dass nach an de Klasse geschafft gëtt.

D'Classes de neige, déi Dir uschwätzt, si keng Schivakanzen, mä Aktivitéiten, wou moies Schoul ass an d'Schüler mëttes d'Geleeënheet hunn, Schi fueren ze léieren. D'Classes de neige ginn iwwregens de Schüler aus manner favoriséierte Milieuen d'Méiglechkeet, dës sportlech Aktivitéit ze léieren.

Zum Punkt 2:

Ech si mer es bewosst, dass den zäitlechen Drock, deen op der Schoul laascht, grouss ass. Viru kuerzem hunn ech dofir e Gesetzesprojet iwwer e Lycée pilote déposéiert. An dësem Lycée, deen a Form vun enger Ganzdagsschoul fonctionnéiere soll, kënnen d'Schoulstonnen iwwert de ganzen Dag verdeelt ginn, am Wiessel mat sportlechen oder kreativen Aktivitéiten, oder Stonnen, deenen hiren Zweck et ass, dem Schüler et ze erlaben, seng Kenntnisser méi ze verdéiwen.

Zum Punkt 3:

De Règlement grand-ducal vum 31. Juli 1980, deen d'Schoulvakanze fixéiert, leet genee fest, wéini d'Schoulvakanze sinn a wéi laang se daueren. D'Zuel vun de Wochestonne pro Fach ass an de „Grilles horaires" och per Règlement grand-ducal fixéiert, esou dass reglementaresch festgeluecht ass, wéi vill Stonne pro Schouljoer an deenen eenzelne Filièrë musse gehale ginn.

**Question 0397** (11.4.2005) de **Mme Colette Flesch** *(DP)* concernant la **pérennisation du compromis d'août 2003 au sein de l'Organisation Mondiale du Commerce sur l'accès des pays pauvres aux médicaments génériques:**

Quelle est l'attitude du Luxembourg au sujet de la pérennisation du compromis d'août 2003 au sein de l'Organisation Mondiale du Commerce sur l'accès des pays pauvres aux médicaments génériques?

En sa qualité de Présidence du Conseil de l'Union européenne, le Luxembourg entend-il relancer les négociations au sein de l'OMC pour aboutir à une pérennisation dudit compromis?

Si tel n'est pas le cas, quelles en sont les raisons?

**Réponse commune** (13.5.2005) de **M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration* et de **M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur:*

La question parlementaire de l'honorable Députée se réfère à la décision de l'Organisation Mondiale du Commerce du 30 août 2003 relative à la mise en œuvre du paragraphe 6 de la Déclaration de Doha sur l'Accord sur les aspects des droits de propriété intellectuelle qui touchent au commerce (ADPIC) et la santé publique. Celle-ci vise à permettre aux pays en développement d'importer plus facilement des médicaments génériques fabriqués dans le cadre de licences obligatoires s'ils ne sont pas en mesure d'en fabriquer eux-mêmes.

La décision permet aux pays de déroger à leurs obligations au titre d'une disposition de l'accord de l'OMC sur la propriété intellectuelle. L'article 31f) ADPIC prévoit que la production dans le cadre de licences obligatoires doit être principalement destinée au marché intérieur, limitant ainsi en fait la capacité des pays qui ne peuvent pas fabriquer des produits pharmaceutiques d'importer des génériques meilleur marchés depuis des pays où les produits pharmaceutiques sont brevetés.

La décision du 3 août 2003 concerne les produits brevetés ou produits fabriqués au moyen de procédés brevetés dans le secteur pharmaceutique, y compris les principes actifs et les kits de diagnostic. Elle est destinée à traiter les problèmes de santé publique visés au paragraphe 1 de la Déclaration de Doha sur l'ADPIC et la santé publique, qui indique que les Ministres de l'OMC «reconnaissent la gravité des problèmes de santé publique qui touchent de nombreux pays en développement et pays les moins avancés, en particulier ceux qui résultent du VIH/SIDA, de la tuberculose, du paludisme et d'autres épidémies».

La décision prend la forme d'une dérogation provisoire qui permet aux pays fabriquant des copies génériques de produits brevetés dans le cadre de licences obligatoires d'exporter les produits vers les pays importateurs admissibles. La dérogation est applicable jusqu'à ce que l'ADPIC soit modifié.

Jusqu'à présent les travaux en cours à l'OMC pour amender l'article 31f) ADPIC n'ont pas abouti. L'UE, par la voie de la Commission qui négocie à l'OMC, continue à participer très activement aux discussions en cours avec l'objectif de parvenir à un accord favorable aux pays en développement. Le Luxembourg soutient des efforts dans les enceintes du Conseil qui suivent ces négociations.

Une proposition de règlement de la Commission pour transposer la décision du 3 août 2003 dans le droit communautaire est actuellement discutée par les instances compétentes du Parlement européen et du Conseil.

Enfin, l'UE encourage l'industrie pharmaceutique à fournir des médicaments à prix fortement réduits aux pays en développement. Afin d'éviter que des médicaments fournis à des prix très réduits soient réexportés vers les marchés des pays industrialisés, le Conseil a adopté en mai 2003 le règlement 953/2003 «visant à éviter le détournement vers des pays de l'Union européenne de certains médicaments essentiels».

**Question 0399** (13.4.2005) de **M. Robert Mehlen** *(ADR)* concernant l'**auberge de jeunesse à Grevenmacher:**

An der Gemengerotssëtzung vum 7. Abrëll 2005 huet de Buergermeeschter vu Gréiwemaacher confirméiert, datt d'Jugendherberg hir Dieren zougemaach huet. Eng Restauratioun vun de Gebailechkeete wär opgrond vun dem viraussiichtlech héije finanziellen Opwand net an d'A gefaasst ginn.

Dee schlechten Zoustand vun der Jugendherberg zu Gréiwemaacher war allerdéngs schonns säit laangem bekannt. Esou figuréiert am Rapport d'activité vum Ministère des Classes moyennes et du Tourisme vun 1998 ënnert dem Punkt «programme de l'infrastructure touristique … projets à réaliser par les communes … susceptibles d'être subventionnés par l'État en exécution de la loi du 3 août 1998 ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un sixième plan quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique» d'Jugendherberg vu Gréiwemaacher mat der Remarque «modernisation de l'auberge de jeunesse».

Och am siwenten «plan quinquennal» vum 17. Mäerz 2003 ass bei Gréiwemaacher d'«construction d'une auberge de jeunesse» virgesinn. Ëmsou méi enttäuschend ass elo d'Ausso vum Buergermeeschter, datt de Moment ascheinend iwwerhaapt näischt virgesinn ass.

An dësem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

Sinn an de vergaangene Jore Gespréicher tëschent dem Tourismusminister an der Gemeng Gréiwemaacher iwwert d'Zukunft vun der Jugendherberg gefouert ginn? Wa jo, mat wéi engem Resultat? Woufir ass aus där geplangter Erneierung näischt ginn?

Wat ass an Zukunft am Zesummenhang mat der Jugendherberg zu Gréiwemaacher geplangt? Wéi héich sinn déi staatlech Hëllefen, déi gegebenenfalls accordéiert géifen?

**Réponse** (13.5.2005) de **M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*

1) Déi lescht finanziell Interventioun vum Tourismusministère zugonschte vun der Jugendherberg vu Gréiwemaacher geet zréck op d'Joer 1995. Deemools huet de Ministère 1,8 Millioune LUF, dat heescht 50% vun de Käschten iwwerholl fir Reparatur- a Moderniséierungsaarbechten.

Och wann am sechste Fënnefjoresplang d'Moderniséierung an am siwenten de Bau vun enger neier Jugendherberg ageschriwwe waren, sou war dat net méi wéi eng «déclaration d'intention» säitens der Gemeng, an déi prinzipiell Zouso vum Ministère, fir sech am Fall vun enger Realisatioun finanziell ze bedeelegen. De Ministère krut allerdéngs ni eng formell Demande vun der Gemeng, an et hunn och keng Gespréicher an deem Sënn stattfonnt.

2) Am Joer 2003 huet d'Jugendherbergszentral am Einvernehme mat der Gemeng décidéiert fir den 31. Dezember 2005 de Betrib anzestellen, an der Hoffnung, dass mëttelfristeg eng Verbesserung vun der finanzieller Situatioun vun der Gemeng de Bau vun enger neier Jugendherberg kënnt erméiglechen.

Vu dass de Projet nach ëmmer op der Lëscht vum siwente Fënnefjoresplang steet, wier eng Participatioun vu Säite vum Ministère vu bis zu 50% bis 2007 méiglech, virausgesat, d'Gemeng ännert hir Meenung a géing sech entscheeden, awer eng nei Jugendherberg ze bauen.

**Question 0400** (13.4.2005) de **MM. Marcel Oberweis** et **Lucien Thiel** *(CSV)* concernant l'**ancienne décharge industrielle à Dommeldange:**

Durant les dernières semaines, de nombreux arbres ont été abattus sur l'ancienne décharge industrielle exploitée par la S.A. Arcelor située aux abords de la RN7 entre Beggen et Dommeldange. Après sa fermeture définitive, cette dernière a été recouverte par une couche imperméable afin de limiter une contamination éventuelle des sols et des eaux souterraines. Malgré les efforts déployés, cette couche n'est aujourd'hui plus complètement étanche et laisse pénétrer les eaux de pluie qui sont recueillies dans une cuve de récupération spécialement aménagée à cet effet. Les liquides collectés sont par la suite évacués par camion-citerne pour traitement dans la station d'épuration de Beggen.

Conscient du développement durable et de la nécessité de protéger notre environnement et les ressources naturelles, nous aurions aimé poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Environnement:

Quelles ont été les raisons du déboisage?

Quelle est la nature exacte des liquides récupérés?

Les liquides sont-ils régulièrement analysés avant d'être traités dans la station d'épuration de Beggen?

Dans la négative, n'existe-t-il pas le risque d'une atteinte à l'environnement?

Monsieur le Ministre peut-il nous confirmer qu'en cas de saturation de la station d'épuration, les liquides sont directement versés dans l'Alzette?

Ne devrait-on pas songer à moyen terme d'aplanir cette décharge et d'assainir en profondeur le terrain pour revaloriser ce site d'une étendue totale de quelque quatre hectares en vue entre autres de la construction de logements?

**Réponse** (19.5.2005) de **M. Lucien Lux,** *Ministre de l'Environnement:*

Les honorables Députés s'interrogent sur des travaux en relation avec l'ancienne décharge CASA à Beggen.

Il y a d'abord lieu de préciser que cette décharge, qui contient d'une part des scories de l'ancienne aciérie de Dommeldange et des boues en provenance de l'exploitation CASA, nécessite un assainissement afin de sécuriser le site et de réduire substantiellement voire d'arrêter ses impacts négatifs sur l'environnement humain et naturel.

Un projet d'assainissement a été élaboré par la société ARBED en concertation avec les services respectifs de l'Administration de l'Environnement et de l'Administration des Eaux et Forêts. Ce projet a fait l'objet d'une enquête publique conformément à la législation en matière d'établissements classés. L'autorisation ministérielle a été émise en date du 22 mars 2005.

Le concept d'assainissement prévoit un reprofilage de la décharge en vue de créer des pentes des talus garantissant la stabilité d'un système d'étanchement superficiel et la mise en place de ce système d'étanchement. Ce recouvrement a comme objectif d'éviter la pénétration des eaux de percolation dans la décharge et de ce fait la lixiviation des substances dangereuses qui y sont contenues.

Les travaux de déboisement s'inscrivent dans le contexte de cet assainissement. En effet, préalablement à la mise en place d'un système d'étanchement qualifié, les haies, buissons et arbres qui ont poussé sur la décharge au cours des dernières décennies doivent être enlevés.

Actuellement et faute d'un étanchement, les précipitations peuvent s'infiltrer dans le corps de la décharge et y lessiver les substances dangereuses. Il s'agit notamment de pollutions aux métaux lourds tels que le chrome, le vanadium et le molybdène. Ces contaminations se retrouvent dans les eaux souterraines en aval de l'ancienne décharge. Afin d'éviter un impact de ces eaux sur le milieu naturel dont plus particulièrement l'Alzette, des drainages ont été installés au pied de la décharge. Les eaux ainsi recueillies ne sont pas déversées dans la canalisation publique pour être traitées ensuite à la station d'épuration de Beggen, mais elles sont transférées vers le site de l'ancienne usine CASA où une installation de traitement spécifique à ces eaux est opérationnelle. Ce n'est qu'après épuration dans cette installation que les eaux sont déversées dans la canalisation publique.

Etant donné que les eaux de percolation ne sont pas déversées directement dans la station d'épuration, il n'y a par ce biais pas d'atteinte à l'environnement, ni en cas de fonctionnement normal de la station d'épuration, ni en cas de sa saturation. Il est cependant évident que le système de drainage ne donne pas de garanties que toutes les eaux de percolation soient recueillies. Il ne peut donc pas être exclu que des eaux contaminées ne pénètrent directement ou indirectement dans l'Alzette. D'où l'intérêt de l'assainissement de la décharge et plus particulièrement de son étanchement.

La proposition des honorables Députés d'aplanir la décharge et d'assainir le sol en profondeur ne peut pas être retenue comme une solution réaliste. En effet, un tel assainissement nécessiterait l'enlèvement de quelque 330.000 $m^3$ de déchets dont une grande partie (150.000 Mg) est constituée de boues problématiques. Outre le trafic énorme que ces déplacements créeraient, l'envol de poussières par le chargement des boues risquerait de créer un impact non négligeable sur les populations avoisinantes. À ceci s'ajoute qu'une partie de la décharge a déjà été confinée par des membranes synthétiques. L'enlèvement de cette partie nécessiterait l'ouverture d'une sécurisation déjà existante.

L'enlèvement des dépôts nécessiterait également leur élimination conforme en un autre endroit. Faute de telles possibilités au Luxembourg, elles devraient forcément être recherchées à l'étranger. L'envergure du transfert vers ces destinations, mais également le coût engendré sont des arguments en défaveur de la proposition faite.

**Question 0401** (13.4.2005) de **M. Xavier Bettel** *(DP)* concernant l'**admissibilité aux examens dans les carrières de l'inspecteur et du brigadier policier:**

En date du 7 mars 2005 le Syndicat national de la Police grand-ducale a fait part à Monsieur le Ministre de la Justice du problème concernant la non-admissibilité aux examens dans les carrières de l'inspecteur et du brigadier policier de certains candidats.

En effet, les dispositions transitoires instaurées par la loi du 19 mai 2003 modifiant la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État concernant cet examen permettent à ces candidats de passer cette épreuve dans un délai de deux ans. Cependant, du fait de la Présidence luxembourgeoise du Conseil de l'Union européenne il a été décidé de remettre la session des épreuves du mois de mai 2005 au mois d'octobre 2005. Ainsi, six candidats ne peuvent plus participer à cet examen étant donné qu'ils ne remplissent plus les critères du délai de deux ans. Toutefois, ces critères auraient pu être remplis si ces examens avaient été organisés au mois de mai. De plus est que ces six candidats n'ont pas été informés de cette décision au préalable et de ce fait ne sont pas présentés aux examens 2004.

Dans sa réponse du 22 mars 2005 (annexe à consulter au Greffe de la Chambre des Députés), Monsieur le Ministre explique que «ces épreuves ont dû être reportées au mois d'octobre et au mois de novembre prochains, au regard du surplus de travail qu'engendre actuellement la Présidence ... plaçant les candidats dans l'impossibilité de préparer maintenant l'examen de promotion. Cette mesure, dictée par l'intérêt du service, a malheureusement pour corollaire que les six personnes susvisées ne remplissent plus les conditions légales pour se présenter aux prochaines épreuves de l'examen de promotion.»

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Justice:

- Est-ce que Monsieur le Ministre peut me confirmer que ces six candidats ne pourront pas participer aux épreuves de promotion 2005?
- Dans l'affirmative, est-ce que Monsieur le Ministre peut me confirmer que la Présidence luxembourgeoise du Conseil de l'Union européenne constitue l'unique raison empêchant ces candidats de participer à ces examens de promotion?
- Enfin, est-ce que Monsieur le Ministre ne pense pas qu'il serait opportun de prolonger cette mesure transitoire pour permettre à ces six candidats de participer à la session d'octobre 2005?

**Réponse** (13.5.2005) de **M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice:*

Les innombrables missions incombant à la police durant la Présidence ne permettent pas à cette dernière, ni aux candidats, à préparer et organiser les examens de promotion dans les carrières de l'inspecteur et du brigadier policier.

Ainsi, six personnes, qui ont déjà connu deux échecs à l'examen de promotion, ne peuvent pas se présenter à une troisième épreuve avant le mois de juillet 2005, puisque aucune épreuve n'est prévue au 1er semestre 2005.

Comme j'ai pu l'expliquer aux syndicats, ma réponse était la seule possible en l'état actuel de notre législation.

Comme le Ministre de la Fonction publique et moi-même l'ont indiqué au syndicat, le Gouvernement va proposer à la Chambre de modifier la disposition en question pour que les six candidats ne soient pas lésés et puissent se présenter lors des épreuves ayant lieu en automne.

**Question 0402** (13.4.2005) de **M. Aly Jaerling** *(ADR)* concernant la **prime d'apprentissage:**

D'groussherzoglecht Reglement vum 29. am Karschnatz 1988 huet a sengem Artikel 3 all Léierbouf oder -meedchen eng Promotiounsprime vu 1.500 LUF pro absolvéiertem Léiermount zougestanen.

D'groussherzoglecht Reglement vum 6. am Haartmount 2000 huet a sengem Artikel 7 dëst ëmgeännert an déi Léierjongen a -meedecher, déi sech fir Bürosberuffer entscheet hunn, vun dëser Prime ausgeschloss.

D'groussherzoglecht Reglement vum 12. am Broochmount 2004 huet dann a sengem Artikel 2 dës Restriktioun erëm opgehuewen a gesteet al Léiermeedchen a -jong eng Promotiounsprime vun 117 Euro pro Léiermount zou.

Dat bréngt mat sech, datt just d'Léierjongen an d'Léiermeedecher aus de Bürosberuffer vun de Joren 2001-2002 an 2002-2003 eidel ausgaange sinn a keng Promotiounsprime zougestane kruten, wat eng Ongerechtegkeet ass.

Well d'Philosophie vum PAN-Gesetz, a besonnesch d'Mesuren, fir déi Jonk ze ënnerstëtzen, keng Ausnahme virgesinn, missten och déi virzitéiert Joergäng d'Promotiounsprime, déi fir d'Léierméint zougestane gëtt, zegutt hunn.

Duerfir folgend Froen:

1. Géing et net an der Logik vun der Chancëgläichheet respektiv vun der sozialer Gerechtegkeet leien, datt och d'Joergäng 2001-2002 an 2002-2003 vun de Bürosberuffer eng Promotiounsprime fir hir Léierméint zougestane kréichen?
2. Kënnen dëi zoustänneg Ministere mer erklären, firwat datt fir déi virzitéiert Joergäng d'Bürosléierbouwen a -meedecher vun der Promotiounsprime ausgeschloss gi sinn?
3. Wat gedenken déi zoustänneg Ministeren ze ënnerhuelen, fir datt och déi virzitéiert Joergäng an de Bénéfice vun der genannter Promotiounsprime komme kënnen?

**Réponse** (27.4.2005) de **M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi:*

Als Äntwert op Är Fro iwwert d'Primen an der Léier muss ech lech matdeelen, dass och d'groussherzoglecht Reglement vum 29. vum Karschnatz 1988 a sengem Artikel 7 d'Leiermeedecher a -jongen, déi sech fir de Bürosberuff entscheet hunn, vun dëser Prime ausgeschloss huet.

Et ass eréischt säit dem groussherzogleche Reglement vum 12. am Broochmount 2004, dass dës Léiermeedecher a -jongen iwwerhaapt an de Genoss vun dëser Prime kommen, an dat op Propositioun vun der Nationaler Beschäftegungskommissioun.

**Question 0405** (14.4.2005) de **M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)* concernant la **signature d'un contrat de coopération entre le Centre de Logopédie et l'Université de Cologne:**

Le Centre de Logopédie a signé un contrat de collaboration avec l'Université de Cologne durant l'été 2004.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre:

- Quel est l'objectif de cette collaboration?
- S'agit-il d'évaluer les activités du Centre de Logopédie?
- Quelle est l'importance des moyens budgétaires mis à disposition pour cette collaboration?
- Quels sont les postes budgétaires où ces dépenses seront affectées?

**Réponse** (19.5.2005) de **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:*

1. Le contrat stipule que le Centre de Logopédie devient école partenaire de l'Université de Cologne pour ce qui est des domaines de la déficience auditive et des troubles du langage oral et écrit. Dans le contexte de travaux de recherche et de développement, l'Université de Cologne participe à l'élaboration de méthodes pédagogiques avec l'école partenaire. Le Centre de Logopédie soutient des travaux de mémoires d'étudiants du point de vue pratique, l'Université de Cologne assure l'encadrement scientifique.

L'Université de Cologne propose et organise des formations continues pour l'école partenaire.

Les étudiants luxembourgeois qui font des études de «Sonderpädagogik» à l'Université de Cologne, peuvent faire leurs stages au Centre de Logopédie. Les étudiants étrangers qui poursuivent les mêmes études à l'Université de Cologne ont aussi la possibilité, après accord préalable, de faire leurs stages au Centre de Logopédie.

Le Centre peut participer à des travaux de recherche scientifique de l'Université de Cologne.

2. Une évaluation ou un audit des activités du Centre ne sont pas prévus.

3. L'investissement budgétaire pour 2005 s'élève à 10.000 euros. Néanmoins, comme un certain nombre de projets sont en préparation, les moyens budgétaires nécessaires seront à prévoir au budget de l'exercice 2006, en fonction de l'importance de ces projets.

4. Le financement dépend de la nature du projet et les dépenses sont affectées par conséquent aux postes budgétaires du SCRIPT, selon qu'il s'agit de formation continue ou d'innovation pédagogie.

**Question 0413** (21.4.2005) de **M. Xavier Bettel** *(DP)* concernant l'**avis du Comité consultatif des Droits de l'Homme relatif à la procédure d'asile:**

Il s'avère que le Comité consultatif des Droits de l'Homme aurait informé le Gouvernement que certaines dispositions de la nouvelle loi déposée par l'actuel Gouvernement concernant la procédure d'asile seraient contraires à certaines conventions internationales dont la convention de Genève.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration:

- Si Monsieur le Ministre peut me confirmer cette information?
- Dans l'affirmative si Monsieur le Ministre peut me faire part de la volonté du Gouvernement de faire droit aux remarques du Comité consultatif des Droits de l'Homme?

**Réponse** (10.5.2005) de **M. Nicolas Schmit,** *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration:*

La Commission consultative des Droits de l'Homme vient de donner son avis sur le projet de loi N°5437 relatif au droit d'asile et à des formes complémentaires de protection. La Chambre des Députés dispose également de cet avis.

Étant donné qu'à l'heure actuelle, la Chambre des Députés a largement entamé l'analyse du projet de loi précité, et que le Conseil d'État est en train de rédiger son avis, il paraît prématuré de se prononcer sur les suites à réserver à l'avis de la Commission consultative des droits de l'homme.

**Question 0415** (22.4.2005) de **M. Carlo Wagner** *(DP)* concernant l'**Administrateur délégué de l'Entente touristique de la Moselle luxembourgeoise a.s.b.l.:**

Il s'avère que lors d'une réunion du Conseil d'administration de l'Entente touristique de la Moselle luxembourgeoise a.s.b.l., pendant laquelle les membres du Conseil étaient appelés à voter un nouvel Administrateur délégué, un représentant du Ministère du Tourisme aurait précisé que ce poste serait incompatible avec l'acceptation d'un éventuel mandat politique communal par un des candidats.

Cette affirmation m'amène à poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:

- Monsieur le Ministre partage-t-il les vues du représentant du Ministère du Tourisme selon lesquelles le poste d'Administrateur délégué de l'Entente touristique de la Moselle luxembourgeoise a.s.b.l. serait incompatible avec l'acceptation d'un mandat politique communal par un des candidats?
- Dans l'affirmative, quelle en est la base légale exacte?
- Est-ce que le représentant du Ministère du Tourisme avait obtenu un mandat formel de Monsieur le Ministre pour formuler cette position lors de la réunion dudit Conseil d'administration?

**Réponse** (24.5.2005) de **M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:*

La question parlementaire posée par l'honorable Monsieur Carlo Wagner a trait au vote d'un nouvel Administrateur délégué de l'Entente touristique de la Moselle.

Les différentes questions soulevées appellent les réponses suivantes:

Il y a lieu tout d'abord de rappeler qu'au début des années quatre-vingt l'Entente touristique de la Moselle a connu de sérieux problèmes financiers. Étant dans l'impossibilité de rembourser ses dettes, le Ministère du Tourisme s'était engagé à couvrir une grande partie des dettes de l'Entente sur une période de cinq ans. Cette aide permettait à l'époque à l'Entente de poursuivre ses activités. C'est également à partir de cette date que le Ministère était représenté tant dans le comité de gérance que dans le conseil d'administration de l'Entente. L'essor qu'a connu dès lors l'Entente touristique de la Moselle est le fruit de cette très étroite collaboration et du soutien financier étatique substantiel.

Lors de la dernière réunion du Conseil d'administration dans lequel le Ministère du Tourisme est représenté d'office par un délégué, conformément à l'article 22 des statuts de l'Entente touristique de la Moselle, celui-ci était très étonné de sa quasi-éviction de la procédure de la sélection des candidats (au nombre de 30) pour la désignation d'un nouvel Administrateur délégué.

Celui-ci a également soulevé la question de principe du risque d'un éventuel conflit d'intérêt pouvant résulter d'un cumul de postes entre un employé rémunéré dans une structure à caractère intercommunal et celle d'une fonction politique dans une des communes membres.

En effet, l'article 194 (2) de la loi électorale du 21 février 2003 précise que «…ne peuvent faire partie du conseil communal d'une commune déterminée toute personne qui reçoit rémunération, fixe ou variable, de la commune ou d'un établissement subordonné à l'administration de la commune ou d'un syndicat intercommunal dont la commune fait partie».

Même si ce texte ne fait pas expressis verbis référence aux associations sans but lucratif dont font partie les communes, il n'en reste pas moins que d'un point de vue déontologique un cumul de fonctions de contrôlé et de contrôleur est contestable.

L'intervention du délégué du Ministère du Tourisme, à laquelle j'avais marqué mon accord, visait à rendre attentif les responsables de l'Entente touristique de la Moselle de la possibilité d'une éventuelle incompatibilité concernant le cumul de ces deux postes. Une telle incompatibilité, si elle devait s'avérer exister ultérieurement, risque d'avoir des répercussions négatives pour l'Entente touristique de la Moselle.

Je tiens à rappeler que dans le passé l'Entente touristique n'a pas été traitée comme un promoteur privé lors des investissements qu'elle a réalisés dans le passé et qu'elle profite de surcroît d'un statut privilégié dans d'autres domaines. Il y a lieu d'éviter de fournir des arguments à ceux qui contestent cet état des choses très favorable à l'Entente.

À côté d'une éventuelle incompatibilité sur base de l'article 194 (2) de la loi électorale se pose aussi la question de l'opportunité d'un cumul de mandats, notamment lorsqu'il s'agit de postes à haute responsabilité.

C'est dans ce contexte qu'il y a lieu de rappeler également la loi communale du 13 décembre 1988 qui dans son article 20 «interdit à tout membre du corps communal, secrétaire et receveur: 1. d'être présent aux délibérations du conseil communal et du collège des bourgmestre et échevins sur des objets auxquels il a un intérêt direct, soit personnellement, soit comme chargé d'affaires ou fondé de pouvoir… Cette interdiction s'applique tant aux discussions qu'au vote.»

Je suis et reste convaincu qu'une séparation claire et nette de la fonction d'Administrateur délégué de l'Entente et de mandataire politique d'une de ses communes membres est dans l'intérêt du bon fonctionnement de l'Entente.

**Question 0416** (25.4.2005) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)* concernant la **formation des enseignants de l'enseignement préscolaire et primaire:**

Il n'est pas nouveau que le phénomène de l'obésité prend de plus en plus d'ampleur chez les enfants avec des effets négatifs considérables à moyen et surtout à long terme. Un des moyens de lutter efficacement contre la prise de poids est la pratique d'une activité sportive dont les bases doivent être établies dès le plus jeune âge. Malheureusement l'importance de l'éducation physique et sportive à l'école est souvent sous-estimée et se doit dès lors d'être revalorisée.

À cet effet l'accord de coalition prévoit que: «Le développement physique des enfants et des jeunes sera une préoccupation constante du Gouvernement. Dans ce contexte et afin de souligner l'importance des activités physiques et sportives dans le processus éducatif des jeunes, le Gouvernement s'orientera sur les voies de réflexion et d'action suivantes:

- assurer des conditions adéquates pour l'apprentissage et la pratique du sport, notamment du point de vue des programmes scolaires, des infrastructures et d'une organisation scolaire adaptée aux besoins spécifiques de l'éducation physique et sportive;

- insister sur la nécessité d'un encadrement pédagogique de haute qualité;…»

Il n'en reste pas moins que l'éducation physique et sportive ne joue à mon avis qu'un rôle secondaire dans la formation des futurs enseignants à l'Université du Luxembourg. Vu qu'il est également prévu d'introduire l'éducation sportive dans l'éducation précoce, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:

- Existe-t-il à la Faculté des Lettres, des Sciences humaines, des Arts et des Sciences de l'Éducation une formation spécifique en éducation physique adaptée aux besoins des enfants?
- Dans la négative, est-il prévu à moyen terme d'offrir une telle formation aux futurs enseignants?
- Quels sont les efforts entrepris par le Ministère en la matière?

**Réponse** (26.5.2005) de **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle:*

Le problème de l'inactivité physique d'une partie de nos enfants et celui des cas d'obésité de plus en plus nombreux me préoccupent hautement. Je vous rejoins lorsque vous affirmez que la pratique d'une activité sportive est un des moyens les plus efficaces de lutter contre l'obésité des jeunes enfants et je puis vous assurer que je soutiens toutes les initiatives destinées à promouvoir le développement de la motricité des enfants.

La lettre circulaire de printemps 2005 insiste particulièrement sur le développement de la motricité dès le préscolaire en précisant que chaque demi-journée doit comporter un moment où le mouvement est sollicité. Concernant l'enseignement primaire les autorités communales sont invitées à mieux répartir les leçons d'éducation physique sur trois jours différents et à diversifier les activités proposées afin que les élèves puissent pleinement profiter du temps réservé au sport.

Jusqu'à présent, la formation des enseignants à l'ISERP a toujours tenu compte de l'importance que l'éducation sportive revêt dans le curriculum. 120 heures de pédagogie sportive figurent au programme des étudiants. La formation en pédagogie des conduites motrices dans l'éducation préscolaire, qui vise les futurs enseignants des classes préscolaires et des groupes d'éducation précoce, comprend même un total de 180 heures. S'y ajoute un cours sur les éléments de rééducation motrice de 15 heures à l'intention de tous les étudiants.

Ce n'est donc pas un rôle secondaire que l'éducation physique et sportive joue dans la formation des étudiants de l'Université de Luxembourg.

Comme cette formation est assez performante pour assurer un enseignement de qualité en éducation physique et sportive il n'y a pas lieu de le changer. L'Université qui fixe les programmes de formation m'informe qu'elle gardera ce volume de leçons en pédagogie sportive.


# «Chamber aktuell»

*Depuis le 21 janvier 2005, Chamber TV vous propose tous les* ***vendredis*** *à* ***19.00 heures*** *un* ***résumé*** *de l'activité parlementaire de la semaine.*

*L'émission est* ***rediffusée*** *le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures.*

# Chamber TV

**an der Stad**
*um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)*

**zu Esch**
*um Kanal S40 (455.25 MHz)*

**zu Déifferdeng**
*um Kanal S 29*

**zu Diddeleng**
*um Kanal S 32*

**an der Gemeng Nidderaanwen**
*um Kanal S 29*